CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen


| Actualité parlementaire | Nouvelles lois | Séances publiques n^os 35 et 36 | Questions au Gouvernement |
|---|---|---|---|
| p. 03-05 | p. 06 | p. 07-82 | p. 82-99 |





2022-2023

N°12




## Sommaire

Actualité parlementaire .................. p. 03-05

Nouvelles lois .................................... p. 06

Séances ....................................... p. 07-82

35e séance du mardi 7 mars 2023 p. 07-60

36e séance du mercredi 8 mars 2023 p. 60-82

Questions au Gouvernement .......... p. 82-99

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966-1

**Concept et layout :**
brain&more
agence en communication,
Luxembourg

**Impression :**
Imprimerie Heintz
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**
17/07/2023

PRINTED IN LUXEMBOURG

## Akraafttriede vun der reviséierter Verfassung

# „Den 1. Juli 2023 geet an d'Geschicht an"




*De Grand-Duc huet eng Gedenktafel devoiléiert, déi am Sëtzungsgebai hir definitiv Plaz fanne wäert.*

**„Lëtzebuerg huet elo eng vun de modernste Verfassungen an Europa a mir kënnen houfereg dorop sinn", huet de Chamberpresident beim Akraafttriede vum neien Text gesot. Den 1. Juli 2023 hu sech d'Haaptacteure vum Staat an déi, déi derzou bäigedroen hunn, den neien Text vum Grondgesetz zum Ofschloss ze bréngen, fir e feierlechen Akt um Parvis vun der Chamber zesummefonnt, dorënner de Grand-Duc, de Chamberpresident, déi véier Corapporteuren an eng Rei Bierger.**

„Haut ass en historeschen Dag. Den 1. Juli 2023 geet an d'Geschicht an, well haut dat wichtegst Gesetz, wat eist Land huet [...], a senger ëmgeännerter Form a Kraaft trëtt", huet de Fernand Etgen direkt am Ufank gesot. „Mir kënnen houfereg dorop sinn", sot de Chamberpresident weider als Eréffnung fir d'Zeremonie um Krautmaart virun der Chamber a Presenz vum Grand-Duc a vu ronn 130 Éieregäscht. Dorënner ware Vertrieder vu verschiddenen Institutioune vum Staat, vun der Regierung a vun der Justice, Deputéierter, Ambassadeuren a Bierger, déi duerch Textvirschléi un der Ausschaffung vum neien Text bedeelegt waren.

Fir symbolesch d'Akraafttriede vun dëser Verfassungsrevisioun ze markéieren, där déifgräifendster säit 175 Joer, huet de Grand-Duc eng Gedenktafel devoiléiert, déi am Sëtzungsgebai hir definitiv Plaz fanne wäert. „Si soll eis [...] an den nächste Méint a Joren un eis Verantwortung erënneren, eis Constitutioun ëmzesetzen, ze respektéieren an héichzehalen", huet den Här Fernand Etgen ënnerstrach.

D'Plaz vum feierlechen Akt wier genee esou symbolesch, huet de President vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle, den Här Mars Di Bartolomeo, ënnerstrach: „Mir feieren [...] ënner fräiem Himmel. Dës Plaz, de Krautmaart, verbënnt eis wichteg Institutiounen [...] mateneen." A senger Ried huet de Mars Di Bartolomeo allen Acteure Merci gesot, déi an de leschten 20 Joer um Ausschaffe vum neien Text bedeelegt waren, dorënner seng Virgänger un der Spëtzt vun der parlamentarescher Kommissioun, déi mat der Verfassungsrevisioun betraut war, déi zwee eeëmoleg Deputéiert Paul-Henri Meyers an Alex Bodry, a seng Corapporteure Simone Beissel, Léon Gloden a Charles Margue.

Den Här Di Bartolomeo huet un d'Zil vun der Revisioun erënnert, d'Grondgesetz un de Fonctionnement vun enger moderner Demokratie unzepassen. „Deen neien Text ass keng Revolutioun, kee Broch mam bisheeregen Text, mee eng ganz staark Evolutioun am Respekt vun deem, wat sech bewäert huet", huet hien ugemierkt. Bal d'Hallschent vum neien Text iwwerhëlt d'Verfassung, wéi se bis elo a Kraaft war. Den neien Text bereet, laut dem Mars Di Bartolomeo, d'Zukunft vir.

De President vun der Commission parlementaire des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet och op gewësse Kriticke geäntwert, déi mam Revisiounsprozess komm sinn: „Mir kruten och virgeworf, datt bei eiser iwwerschaffter Verfassung d'Biergerbedeelegung net wäit genuch gaange wier. Wuel ass et net zum ugekënnegte Referendum komm, mee iwwer Foren, iwwer d'Initiativ ‚Är Virschléi' an Auditioune gouf den Text, deen haut a Kraaft trëtt, weesentlech beaflosst."

Wat d'Biergerbedeelegung ugeet, esou gesäit den Text vun der iwwerschaffter Verfassung en neit Instrument vir, mat deem 125 Wieler eng Gesetzesinitiativ bei der Chamber deposéiere kënnen. Dës „propositions motivées aux fins de légiférer" kënnen um Site www.propositions.lu deposéiert ginn, deen och den 1. Juli lancéiert gouf.



*Vu lénks no riets: den Här Léon Gloden, den Här Paul-Henri Meyers, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Fernand Etgen, den Här Alex Bodry, d'Madamm Simone Beissel an den Här Charles Margue*

# De Grand-Duc op Visitt an der Chamber



Am Kader vun de Festivitéite fir déi reviséiert Verfassung gouf de Grand-Duc offiziell am Parlament empfaangen. Als symboleschen Akt huet de Staatschef sech an d'Gëllent Buch vun der Chamber agedroen.

Et ass éischter exzeptionell, dass Seng Exzellenz an d'Chamber kënnt. Dem Grand-Duc seng Visitte beschränke sech am Allgemengen op grouss symbolesch Momenter.

Session plénière de l'Assemblée interparlementaire Benelux

# Renforcement du devoir de diligence des entreprises



*De gauche à droite : M. Gusty Graas, Vice-Président du Parlement Benelux, Mme Lydia Mutsch, membre de la délégation, Mme Cécile Hemmen, Présidente de la délégation luxembourgeoise, Mme Josée Lorsché, Mme Diane Adehm et M. Jeff Engelen, membres de la délégation*

Les membres du Parlement Benelux se sont réunis les 16 et 17 juin 2023 en session plénière à Maastricht. Les débats ont notamment porté sur la responsabilité sociale des entreprises et la criminalité transfrontalière liée à la drogue.

Le thème de la responsabilité sociale des entreprises a été introduit par des messages vidéo du Commissaire européen à la Justice, M. Didier Reynders, et de la Ministre néerlandaise du Commerce extérieur et de la Coopération au développement, Mme Liesje Schreinemacher.

Le devoir de vigilance des entreprises est actuellement régi par les principes directeurs de l'OSCE que les États membres se sont engagés à promouvoir. Pour combler un vide juridique, l'Union européenne a pris l'initiative, l'année dernière, de définir dans une directive le devoir de vigilance des États membres.

Ce nouvel instrument vise à obliger les entreprises à respecter les droits de l'homme et l'environnement dans le cadre de leurs activités commerciales et tout au long de leur chaîne de création de valeur. Cette obligation, qui incitera les entreprises non seulement à identifier les impacts négatifs, mais « à prendre des mesures appropriées pour prévenir et atténuer ces impacts négatifs », représente un véritable changement de paradigme, comme l'a souligné Mme Lara Wolters, rapportrice de la directive au Parlement européen.

Les présentations des experts, dont celle de Dr Başak Bağlayan, Secrétaire générale du point de contact national de l'OCDE auprès du Ministère de l'Économie luxembourgeois, ont montré que la réglementation de l'UE était très attendue et que le maintien d'un « level playing field » pour les entreprises était une préoccupation majeure.

Dans une recommandation qui a été adoptée en séance plénière, les trois pays membres du Parlement Benelux demandent à ce que les principes directeurs de l'OCDE servent de base à un système harmonisé au sein de l'UE « afin d'atteindre un impact significatif pour l'homme et l'environnement dans les pays producteurs ». En outre, les trois pays plaident en faveur de la mise en place d'un système de sanctions pour les entreprises qui ne respecteraient pas les engagements pris.

Un deuxième débat thématique était consacré à la criminalité transfrontalière liée à la drogue. Mme Dilan Yeşilgöz-Zegerius, Ministre de la Justice et de la Sécurité (Pays-Bas), et M. Vincent Van Quickenborne, Vice-Premier Ministre et Ministre de la Justice (Belgique), ont fait état des problèmes rencontrés à cet égard au sein du Benelux. Les discussions ont montré que le problème de la drogue est toujours d'actualité.

Les experts se sont accordés à dire que, malgré quelques progrès, la coopération transfrontalière peut encore être améliorée. Sur le terrain, les gens attendent la mise en œuvre du traité de police Benelux. L'amélioration de la coopération judiciaire a également été évoquée par les participants. Les députés du Parlement Benelux formuleront une recommandation sur la criminalité transfrontalière liée à la drogue dans les mois à venir.

# Assermentation de Mme Barbara Agostino

Mme Barbara Agostino a été assermentée lors de la séance publique du 27 juin 2023. La députée du groupe politique DP remplace M. Max Hahn, qui a renoncé à son mandat de député pour remplacer Mme Corinne Cahen en tant que Ministre de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région à partir du 15 juin 2023.

L'entrepreneure était arrivée 7e dans la circonscription Sud lors des élections législatives de 2018. Elle est par ailleurs membre du Conseil communal de Pétange depuis les élections communales du 11 juin 2023.



Session d'été de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE)

# « Engagés pour un Bélarus libre »




© Council of Europe

*M. Paul Galles lors de la présentation de son rapport en séance plénière*

La délégation parlementaire luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE) s'est rendue du 19 au 23 juin 2023 à Strasbourg dans le cadre de la session d'été de l'Assemblée.

Un débat conjoint d'urgence sur les conséquences politiques de l'agression de la Russie contre l'Ukraine et sur la participation des athlètes russes et bélarussiens aux Jeux olympiques et paralympiques de Paris 2024, ainsi qu'un débat d'urgence sur l'accès libre et sûr du Haut-Karabakh par le corridor de Latchine, ont figuré à l'ordre du jour.

Par ailleurs, les priorités budgétaires du Conseil de l'Europe pour la période pluriannuelle 2024-2027 ainsi que les dépenses pour le prochain exercice biennal ont été discutées par les membres de l'Assemblée.

### Le sort des Bélarussiens contraints à l'exil

Le Volny Chor, un ensemble de musiciens du Bélarus manifestant de manière artistique contre le régime en place à Minsk, a ouvert la deuxième journée de séance plénière. M. Paul Galles a pu par la suite présenter son rapport intitulé « Relever les défis spécifiques auxquels sont confrontés les Bélarussiens en exil ». Les initiatives reprises dans ce document seront accueillies par le peuple bélarussien en exil et la résolution en découlant a été jugée de « visionnaire » par Mme Svetlana Tsikhanovskaïa, cheffe de l'opposition démocratique bélarussienne, qui était également présente.

Saluant le travail remarquable effectué par la Lituanie et la Pologne en matière d'accueil de réfugiés en provenance du Bélarus, le député luxembourgeois a mis l'accent sur les pratiques destinées à faciliter l'obtention de visas de manière à régulariser le séjour des Bélarussiens en exil. La reconnaissance par la Commission européenne et les États membres de l'UE de passeports émis par une autorité exilée enverrait un message fort de désapprobation du régime d'Alexandre Loukachenko. « La renaissance de la culture et de la langue bélarussiennes sont des éléments vitaux de la souveraineté du pays et la société civile est un acteur clé pour y parvenir », a souligné M. Galles lors de la présentation de son rapport. Pour ce faire, l'utilisation d'une translittération correcte de la terminologie touchant à l'identité nationale est primordiale. Trop souvent assimilés au régime en place, il est décisif d'établir le distinguo le plus clair possible entre les Bélarussiens et les autorités de Minsk, a-t-il ajouté.

La commission des questions politiques et de la démocratie prépare déjà un prochain rapport consacré au Bélarus, plus précisément dédié au « processus national de réforme politique ». Mme Svetlana Tsikhanovskaïa s'est réjouie de la solidification des relations entre l'APCE et les forces démocratiques du Bélarus. Elle a cependant déploré l'ingérence publique des autorités russes dans les affaires intérieures de son pays et les emprisonnements arbitraires pour des raisons politiques qui se chiffrent à une dizaine par jour.

Pour concrétiser davantage la coopération entre son mouvement et l'Assemblée, la cheffe de l'opposition démocratique bélarussienne a proposé d'attribuer le statut d'observateur aux partis politiques bélarussiens non reconnus dans leur pays d'origine. D'autres pistes consisteraient à responsabiliser les politiciens pour leurs actes « criminels », selon Mme Tsikhanovskaïa, ou encore à revendiquer un accès aux centres pénitentiaires pour les organisations non gouvernementales telles que le CICR.

### Soutien de la Chambre des Députés pour un Bélarus démocratique et indépendant

En marge de la session, la délégation luxembourgeoise a pu s'échanger avec la cheffe de l'opposition démocratique bélarussienne. L'occasion a été saisie pour lui remettre en mains propres le texte de la résolution qui a été adoptée par la Chambre des Députés en séance publique le 13 juin 2023 sur le soutien aux volontaires et partisans bélarussiens qui luttent pour un Bélarus démocratique et indépendant.

Le Parlement luxembourgeois s'est par ailleurs engagé à parrainer des prisonniers politiques du régime de Minsk. Une enveloppe budgétaire volontaire a également été octroyée par la Chambre au projet « Renforcement du dialogue politique avec les forces démocratiques du Bélarus ».



*La Chambre des Députés était représentée par M. Max Hengel et Mme Josée Lorsché, membres de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas, Président de la délégation, ainsi que Mme Octavie Modert et M. Paul Galles, membres de la délégation (de gauche à droite).*

## L'Administration parlementaire recrute :

**un administrateur de commissions parlementaires (m/f/d) pour les besoins du service des commissions, titulaire d'un master en droit et du certificat de formation complémentaire en droit luxembourgeois (CCDL), sous le régime du fonctionnaire (par la voie du changement d'administration)**

**En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant : https://www.chd.lu/fr/offres_emploi**

## Mesures d'éloignement

**7954 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**

L'objectif principal du projet de loi consiste à structurer de manière claire et cohérente les différentes catégories de mesures d'éloignement en vue d'une meilleure gestion du phénomène du séjour irrégulier des ressortissants de pays tiers sur le territoire luxembourgeois. Le projet de loi crée encore une définition générique du terme « éloignement ». En outre, il est proposé d'introduire les notions de décision de départ et de décision de renvoi dans la loi, tout en recadrant la décision de retour notamment dans le but de tenir compte du principe de non-refoulement à l'égard des ressortissants de pays tiers bénéficiant d'une protection internationale dans un autre État membre. Finalement, le projet de loi vise encore à modifier le régime de rétention afin, d'une part, de tenir compte des changements opérés au niveau des prédites catégories de mesures d'éloignement, et d'autre part, de prévoir le placement en rétention des citoyens de l'Union ainsi que des membres de leurs familles frappés d'une décision d'éloignement du territoire.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 19/01/2022
Rapporteur : M. Yves Cruchten

---

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile
(Président : M. Yves Cruchten) :

| | |
|---|---|
| 24/10/2022 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 24/01/2023 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Vote en séance publique : 08/03/2023
Loi du 21 avril 2023
Mémorial A : 2023, n° 228, page 1

## Introduction d'une circonstance aggravante au Code pénal

**8032 – Projet de loi complétant le Code pénal par l'introduction d'une circonstance aggravante générale pour les crimes, délits et contraventions commis en raison d'un mobile fondé sur un ou plusieurs des éléments visés à l'article 454 du Code pénal**

Le présent projet de loi a pour objet d'introduire dans le Code pénal une circonstance aggravante pour les crimes, délits et contraventions commis en raison d'un mobile fondé sur un ou plusieurs des éléments visés à l'article 454 du Code pénal, à savoir en raison d'une distinction opérée entre les personnes physiques en raison de leur origine, de leur couleur de peau, de leur sexe, de leur orientation sexuelle, de leur changement de sexe, de leur identité de genre, de leur situation de famille, de leur âge, de leur état de santé, de leur handicap, de leurs mœurs, de leurs opinions politiques ou philosophiques, de leurs activités syndicales, de leur appartenance ou de leur non-appartenance, vraie ou supposée, à une ethnie, une nation, une race ou une religion déterminée.

Par l'introduction de cet article dans la législation pénale luxembourgeoise, le législateur fait suite aux différentes recommandations formulées par les instances européennes et internationales.

L'institution d'une circonstance aggravante pour toute infraction commise avec une motivation raciste avait été recommandée par la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI) du Conseil de l'Europe dans son rapport sur le Luxembourg de 2016. Il est toutefois à noter que cette recommandation ne date pas de 2016, mais a fait partie des recommandations de l'ECRI depuis son second rapport sur le Luxembourg adopté en 2002.

L'introduction de la circonstance aggravante généralisée fait également suite à la décision-cadre 2008/913/JAI du Conseil de l'Union européenne de 2008. Enfin, le Comité pour l'élimination de la discrimination raciale (CERD) des Nations Unies a également eu l'occasion de la recommander, et ce depuis 2005.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 20/06/2022
Rapporteur : M. Charles Margue

---

Travaux de la Commission de la Justice
(Président : M. Charles Margue) :

| | |
|---|---|
| 22/06/2022 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 30/11/2022 | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| | Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 22/02/2023 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 01/03/2023 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Vote en séance publique : 08/03/2023
Loi du 28 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 185, page 1

## Prix d'approvisionnement en chaleur

**8111 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix d'approvisionnement en chaleur pour certains clients raccordés à un réseau de chauffage urbain**

Le projet de loi n° 8111 met en œuvre une des mesures de l'accord tripartite (« Solidaritéitspak 2.0 ») conclu entre le Gouvernement, l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) et les organisations syndicales OGB-L, LCGB et CGFP le 28 septembre 2022 et introduit une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix d'approvisionnement en chaleur pour certains clients raccordés à un réseau de chauffage urbain afin d'atténuer les coûts liés au chauffage par un tel réseau.

Considérant que les structures de prix de chaleur facturés aux clients finaux des réseaux de chauffage urbain varient fortement selon l'énergie primaire utilisée pour la production de chaleur, le présent projet de loi prévoit une réduction d'un montant fixe maximal de 0,09 euro hors taxes par kilowattheure de chaleur consommée. Cette compensation financière se présente sous forme de remise sur la composante variable du prix de fourniture de chaleur qui ne peut être appliquée qu'à concurrence de la différence positive entre le prix variable contractuel que devrait payer le client et le prix de référence. Afin d'éviter que la composante variable chez certains clients finals soit en dessous du niveau des prix moyens de septembre 2022, la composante variable du prix final de fourniture facturé ne peut pas être en dessous de 0,10 euro par kilowattheure. Tenant compte que chaque bâtiment dispose en règle générale d'un seul raccordement et afin de n'exclure aucun ménage, la réduction de prix sera appliquée à tout bâtiment comprenant au moins une unité d'habitation. Les raccordements de bâtiments exclusivement non résidentiels ne bénéficient pas de la mesure. Cette contribution financière de l'État sera d'application du 1er octobre 2022 au 31 décembre 2023.

Afin de pouvoir bénéficier de la compensation financière, les fournisseurs de chaleur doivent adresser une demande d'inscription à un registre tenu par le ministre ayant l'Énergie dans ses attributions, moyennant un formulaire spécifique, accompagnée des informations et pièces justificatives avec des critères d'éligibilité, mis à disposition par ce dernier. Les fournisseurs de chaleur inscrits au registre appliquent obligatoirement la contribution étatique sous forme de réduction sur le prix variable contractuel facturé aux clients finals par kilowattheure de chaleur consommée.

Concernant l'impact financier, une enveloppe globale de 45.000.000 euros pour les dépenses liées à l'introduction de la compensation financière est prévue afin de couvrir les frais relatifs à la contribution financière étatique à l'approvisionnement en chaleur à certains clients finals raccordés à un réseau de chauffage urbain. Ce montant est déterminé en fonction des prix escomptés par les fournisseurs de chaleur pour la fin de l'année 2022 et pour 2023, réparti selon une estimation de 10.000.000 euros entre le 1er octobre et le 31 décembre 2022 et de 35.000.000 euros pour l'année 2023, imputé au budget de l'État.

Dépôt par M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 02/12/2022
Rapportrice : Mme Josée Lorsché

---

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »
(Président : M. Gilles Baum) :

| | |
|---|---|
| 07/12/2022 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 12/01/2023 | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 20/01/2023 | Adoption d'un amendement parlementaire |
| 08/02/2023 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 03/03/2023 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Vote en séance publique : 08/03/2023
Loi du 17 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 151, page 1

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 08
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Décision à prendre par la Chambre des Députés sur la demande formulée par Mme le Procureur général d'État dans son courrier daté du 21 avril 2022** p. 08
   M. Fernand Etgen, Président
3. **Communications** p. 08
   M. Fernand Etgen, Président
4. **Changement de composition d'une commission parlementaire** p. 10
   M. Fernand Etgen, Président
5. **Ordre du jour** p. 10
   M. Fernand Etgen, Président
6. **Déclaration gouvernementale relative à l'accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) et les organisations syndicales OGB-L, LCGB et CGFP à l'issue de la réunion du Comité de coordination tripartite du 3 mars 2023, suivie d'un débat** p. 10
   Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
   Débat : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum (dépôt de la motion 1) (intervention de M. Gilles Roth) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État) | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Sven Clement, M. Dan Kersch et M. Fernand Kartheiser) | M. Sven Clement (interventions de M. Yves Cruchten)
   Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Sven Clement (parole après ministre) (intervention de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État) | M. Gilles Roth (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes | M. Gilles Roth (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes | M. le Premier Ministre Xavier Bettel (intervention de M. Gilles Roth) | M. Gilles Roth (parole après ministre)
   Motion 1 : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum | M. Sven Clement
   Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
7. **Heure de questions au Gouvernement** p. 24
   **Question n° 410 du 7 mars 2023 de M. Max Hengel relative à la composition du comité de pilotage qui est chargé de l'élaboration du plan national de la santé mentale, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 24
   M. Max Hengel | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Max Hengel)
   **Question n° 411 du 7 mars 2023 de Mme Carole Hartmann relative à l'échange d'informations au niveau européen concernant l'autorisation d'exercer des médecins, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 25
   Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
   **Question n° 412 du 7 mars 2023 de M. Fred Keup relative à la passerelle Cents-Neudorf, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** p. 25
   M. Fred Keup | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
   **Question n° 413 du 6 mars 2023 de Mme Cécile Hemmen relative au ramassage des déchets verts résultant de la taille des haies et buissons, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** p. 26
   Mme Cécile Hemmen | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
   **Question n° 414 du 7 mars 2023 de Mme Myriam Cecchetti relative à l'ampleur et l'impact des importations de GNL russe au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Énergie et à M. le Ministre de l'Aménagement du Territoire** p. 26
   Mme Myriam Cecchetti | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
   **Question n° 415 du 7 mars 2023 de Mme Djuna Bernard relative à l'évaluation de la loi du 4 juin 2020 portant modification du Code du travail en vue d'introduire un régime de stages pour élèves et étudiants, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** p. 27
   Mme Djuna Bernard | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
   **Question n° 416 du 7 mars 2023 de M. Laurent Mosar relative à la conduite de véhicules sous influence de drogues, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 28
   M. Laurent Mosar | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice
   **Question n° 417 du 7 mars 2023 de M. Marc Goergen relative à la participation des résidents étrangers aux élections communales, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration** p. 28
   M. Marc Goergen | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
   **Question n° 418 du 7 mars 2023 de M. Paul Galles relative aux substances per- et polyfluoroalkylées, également connues sous le nom de PFAS, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** p. 29
   M. Paul Galles | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
   **Question n° 419 du 7 mars 2023 de M. Jeff Engelen relative à la participation de Taiwan à l'Assemblée mondiale de la santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 30
   M. Jeff Engelen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
8. **Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la politique luxembourgeoise de protection internationale voire de protection subsidiaire ou temporaire** p. 30
   M. Fernand Etgen, Président
9. **Heure de questions au Gouvernement (suite)** p. 30
   **Question n° 410 du 7 mars 2023 de M. Max Hengel relative à la composition du comité de pilotage qui est chargé de l'élaboration du plan national de la santé mentale, adressée à Mme la Ministre de la Santé (suite)** p. 30
   Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
10. **Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la politique luxembourgeoise de protection internationale voire de protection subsidiaire ou temporaire (suite)** p. 30
    Exposé : M. Marc Spautz
    Débat : Mme Carole Hartmann | M. Yves Cruchten | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Marc Spautz) | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
    Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
11. **Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet des défis de la Police grand-ducale** p. 36
    Exposé : M. Fernand Kartheiser (dépôt des motions 1 à 9)
    Débat : M. Léon Gloden (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Claude Lamberty (interventions de M. Léon Gloden) | M. Dan Biancalana | Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Jean-Marie Halsdorf, M. Charles Margue, M. Marc Goergen et M. Gilles Roth) | Mme Nathalie Oberweis (dépôt de la motion 10) | M. Fernand Kartheiser | M. Marc Goergen (interventions de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (intervention de Sven Clement) | M. Marc Goergen (parole pour fait personnel) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Marc Goergen et M. Sven Clement)
    Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure
    Motion 1 : Mme Stéphanie Empain | M. Léon Gloden | M. Marc Goergen (intervention de Mme Stéphanie Empain) | M. Fernand Kartheiser (interventions de Mme Stéphanie Empain)
    Vote sur la motion 1 (interventions de M. Sven Clement, M. Marc Goergen et M. Fernand Kartheiser) (rejetée)
    Motion 2 : Mme Stéphanie Empain
    Vote sur la motion 2 (rejetée)
    Motion 3 : Mme Stéphanie Empain
    Vote sur la motion 3 (rejetée)
    Motion 4 : Mme Stéphanie Empain | M. Marc Goergen | M. Fernand Kartheiser
    Vote sur la motion 4 modifiée (rejetée)
    Motion 5 : Mme Stéphanie Empain
    Vote sur la motion 5 (rejetée)

Motion 6 : Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Gilles Roth, M. Sven Clement et M. Mars Di Bartolomeo)
Vote sur la motion 6 (rejetée)
Motion 7 : Mme Stéphanie Empain | M. Marc Goergen
Vote sur la motion 7 (rejetée)
Motion 8 : Mme Stéphanie Empain | M. Léon Gloden
Vote sur la motion 8 (rejetée)
Motion 9 : Mme Stéphanie Empain | Mme Nathalie Oberweis
Vote sur la motion 9 (rejetée)
Motion 10 : Mme Stéphanie Empain | M. Marc Goergen | M. Fernand Kartheiser | M. Léon Gloden
Vote sur la motion 10 (adoptée)

**12. Ordre du jour (suite)** **p. 59**
M. Fernand Etgen, Président

**13. Institution d'une commission spéciale** **p. 59**
M. Fernand Etgen, Président
Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Sven Clement) | M. Dan Kersch

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, M. Henri Kox, M. Georges Engel, Mme Yuriko Backes et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. Décision à prendre par la Chambre des Députés sur la demande formulée par Mme le Procureur général d'État dans son courrier daté du 21 avril 2022

Opgrond vum Artikel 82 vun der Verfassung souwéi vum Artikel 4 (1) vum Gesetz vum 3. Mäerz 2023 iwwert déi penal Responsabilitéit vun de Regierungsmemberen, dat zënter haut a Kraaft ass, muss d'Chamber eng Decisioun iwwert d'Demande vun der Madame le Procureur général d'État huelen, déi si an hirem Courrier vum 21. Abréll 2022 formuléiert huet.

Laut dem Artikel 4 (2) vun deem selwechte Gesetz muss d'Chamber iwwert déi Decisioun an enger net ëffentlecher Sitzung befannen, dat, fir de Secret de l'enquête an de Secret de l'instruction ze garantéieren, sou wéi se am Artikel 8 vum Code de procédure pénale virgesi sinn. Opgrond vum Artikel 61 vun der Verfassung dierf d'Chamber an enger net ëffentlecher Sitzung zesummekommen.

Ass d'Chamber averstanen, den Artikel 46 (1) vum Chambersreglement ze applizéieren an eng net ëffentlech Sitzung opzemaachen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

Ier mer déi net ëffentlech Sitzung ufänken, wollt ech drop hiweisen, datt déi ëffentlech Sitzung um 14.30 Auer weidergeet.

*(Le huis clos est prononcé à 14.03 heures.)*

* * *

*(Le huis clos est levé à 14.09 heures.)*

* * *

*(La séance publique est reprise à 14.30 heures.)*

Mir fuere mat eiser ëffentlecher Sitzung weider.

## 3. Communications

D'Chamber ass derzou opgeruff ginn, hir constitutionnel Prerogativen auszeüben, an huet an deem Sënn, laut den Artikele 4 (1) a 4 (2) vum Gesetz vum 3. Mäerz 2023, dat zënter haut a Kraaft ass iwwert déi penal Responsabilitéit vun de Regierungsmemberen, eng Resolutioun an enger net ëffentlecher Sitzung ugeholl.

Iwwert dës Resolutioun huet d'Chamber hir Decisioun iwwert d'Demande vun der Madame le Procureur général d'État, déi am Courrier vum 21. Abréll 2022 formuléiert ginn ass, aktéiert. Andeems d'Chamber an enger net ëffentlecher Sëtzung déi Resolutioun ugeholl huet, sinn d'Geheimnis vun der Enquête a vun den Ermëttlungen, sou wéi den Artikel 8 vum Code de procédure pénale se virgesäit, respektéiert ginn. All d'Membere vun der Chamber souwéi déi vun der parlamentarescher Administratioun ënnerleien dem Enquêten- an Ermëttlungsgeheimnis.

Den Artikel 8 vum Gesetz vum 3. Mäerz 2023 seet, datt de Secret de l'enquête an de Secret de l'instruction net verhënneren, datt d'Chamber iwwert hir Decisioun kommunizéiert. Dës Kommunikatioun gëtt vum Chamberpresident gemaach.

An an deem Sënn wollt ech Iech informéieren, datt d'Resolutioun, déi d'Chamber an hirer net ëffentlecher Sitzung ugeholl huet, der Madame le Procureur d'État vum Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg d'Autorisatioun gëtt, géintiwwer der Madamm Carole Dieschbourg, fréier Ministesch fir Ëmwelt, Klima an Nohaltegkeet, all néideg Mesüre kënnen ze huelen, fir d'Wourecht ervirzebréngen, dat am Kader vun der Enquête préliminaire an der sougenannter „Gaardenhaischen-Affär".

Dës Mesüre kënnen eng perséinlech Auditioun, eng Perquisitioun bei hir doheem, eng Expertismesür, déi hir perséinlech Participatioun brauch, oder eng Instruction préparatoire sinn.

Des Weideren hält d'Resolutioun fest, datt d'Resolutioun vum Chamberspresident un d'Madame le Procureur général d'État weidergeleet gëtt, wat och haut nach wäert geschéien.

Dës Resolutioun ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentioun ugeholl ginn.

D'Resolutioun souwéi de Bulletin de vote sinn och elo public.

***Résolution***

*La Chambre des Députés,*

*– vu le courrier de Madame le Procureur général d'État daté du 21 avril 2022 et le dossier y joint (Not. 27317/19/CD) en relation avec l'enquête préliminaire menée par Monsieur le Procureur d'État près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg relatif à la procédure d'autorisation des travaux réalisés sur l'abri de jardin de Monsieur R. T. transmis à Monsieur le Président de la Chambre des Députés dans le cadre de l'affaire dite « Gaardenhaischen » ;*

*– constatant que Madame Carole Dieschbourg est susceptible d'avoir engagé sa responsabilité pénale en raison de faits commis dans l'exercice de ses anciennes fonctions en tant que membre du Gouvernement luxembourgeois ;*

*– réaffirmant qu'un membre ou ancien membre du Gouvernement jouit, à l'instar de chaque citoyen, du droit à un procès équitable, des droits de la défense et de la présomption d'innocence en application de l'article 6 de la Convention européenne des droits de l'homme ;*

*– rappelant l'origine historique des dispositions constitutionnelles actuellement en vigueur, destinées à garantir le bon fonctionnement du Gouvernement ;*

*– considérant que le cadre juridique relatif à la responsabilité pénale des membres du Gouvernement est actuellement régi par les articles 82 et 116 de la Constitution ;*

*– considérant la loi sur la responsabilité pénale des membres du Gouvernement du 3 mars 2023 portant mise en œuvre partielle de l'article 82 de la Constitution ;*

*– considérant le vote à l'unanimité par la Chambre des Députés de la loi sur la responsabilité pénale des membres du Gouvernement lors de sa séance publique du 7 février 2023, la Chambre des Députés ayant réitéré sa volonté de respecter le principe de la séparation des pouvoirs ;*

*– considérant l'article 3 (1) de ladite loi qui dispose que la procédure d'enquête, d'instruction, de poursuite et de jugement dirigé, à l'initiative du Procureur d'État contre un membre du Gouvernement est soumise aux dispositions ordinaires de la procédure pénale, sous la seule réserve des dispositions dérogatoires, des articles 4 à 8 de la loi précitée ;*

*– vu l'article 4 (1) de la loi du 3 mars 2023 disposant que les mesures visant un membre du Gouvernement qui prennent la forme de son audition personnelle, d'une perquisition à son domicile ou d'une mesure d'expertise nécessitant sa participation personnelle, ainsi que l'ouverture d'une instruction contre une personne dénommée visant un membre du Gouvernement, sont subordonnées à l'obtention par le Procureur d'État d'une autorisation de la Chambre des Députés,*

*décide*

*– d'autoriser Monsieur le Procureur d'État près du tribunal d'arrondissement de Luxembourg à procéder à l'égard de Madame Carole Dieschbourg, ancienne Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, à toutes les mesures utiles à la manifestation de lavérité pouvant prendre la forme d'une audition personnelle, d'une perquisition à son domicile ou d'une mesure d'expertise nécessitant sa participation personnelle, ainsi qu'à l'ouverture d'une instruction préparatoire en application de l'article 4 (1) de la loi du 3 mars 2023 ;*

*– de charger le Président de la Chambre des Députés de transmettre la présente résolution au Procureur général d'État par voie de courrier.*

*(s.) Fernand Etgen.*

***Résultat du vote sur la résolution adoptée en séance non publique***

*La résolution a été adoptée à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen,*

*MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Wat déi weider Kommunikatiounen ugeet, hunn ech Follgendes matzedeelen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

***Communications du Président – séance publique du 7 mars 2023***

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets de loi et la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :*

*8148 – Projet de loi relative à la rétention des données à caractère personnel et portant modification :*
*1° du Code de procédure pénale ;*
*2° de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques ; et*
*3° de la loi modifiée du 5 juillet 2016 portant réorganisation du Service de renseignement de l'État*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08/02/2023*

*8150 – Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

*Dépôt : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 09/02/2023*

*8151 – Projet de de loi portant modification des livres Ier et III du Code de la sécurité sociale*

*Dépôt : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale, le 09/02/2023*

*8152 – Projet de loi portant modification de l'article L. 231-6 du Code du travail*

*Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 09/02/2023*

*8153 – Projet de loi portant modification du Chapitre III du titre Premier du livre V du Code du travail*

*Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 09/02/2023*

*8154 – Projet de loi relatif à l'acquisition de parts dans la copropriété de l'immeuble K22 à Luxembourg-Kirchberg*

*Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 15/02/2023*

*8155 – Projet de loi relative au vivre-ensemble interculturel et modifiant la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise*

*Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 20/02/2023*

*8156 – Projet de loi relatif aux contrôles officiels des denrées alimentaires et aux matériaux et objets destinés à entrer en contact avec des denrées alimentaires*

*Dépôt : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 21/02/2023*

*8157 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer le programme « Medium Earth Orbit Global Services » (MGS)*

*Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 21/02/2023*

*8158 – Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2021/2101 du Parlement européen et du Conseil du 24 novembre 2021 modifiant la directive 2013/31/UE en ce qui concerne la communication, par certaines entreprises et succursales, d'informations relatives à l'impôt sur les revenus des sociétés et portant modification :*
*1° de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;*
*2° de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 24/02/2023*

*8159 – Projet de loi portant approbation de l'Avenant, fait à Bruxelles, le 7 novembre 2022, à la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française en vue d'éviter les doubles impositions et de prévenir l'évasion et la fraude fiscales en matière d'impôts sur le revenu et la fortune, et le Protocole y relatif, faits à Paris, le 20 mars 2018, tels que modifiés par l'Avenant, fait à Luxembourg, le 10 octobre 2019*

*Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24/02/2023*

*8160 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume-Uni de Grande Bretagne et d'Irlande du Nord pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Londres, le 7 juin 2022*

*Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24/02/2023*

*8161 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection des informations classifiées, fait à Paris, le 1er juillet 2022*

*Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24/02/2023*

*8162 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Bruxelles, le 7 décembre 2020*

*Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24/02/2023*

*8163 – Projet de loi fixant la tâche du personnel éducatif et psycho-social des services et administrations de l'Éducation nationale et modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental*

*Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 27/02/2023*

*8164 – Projet de loi portant*
*1° modification de la loi du 30 novembre 2022 relative à la concurrence ;*
*2° mise en œuvre du règlement (UE) 2022/1925 du Parlement européen et du Conseil du 14 septembre 2022 relatif aux marchés contestables et équitables dans le secteur numérique et modifiant les directives (UE) 2019/1937 et (UE) 2020/1828 ;*
*3° mise en œuvre du règlement (UE) 2022/2560 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2022 relatif aux subventions étrangères faussant le marché intérieur*

*Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 27/02/2023*

*8165 – Projet de loi portant mise en œuvre des points 3, 4 et 11 de l'accord salarial dans la Fonction publique du 9 décembre 2022 et portant modification : 1° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; et 2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État*

*Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 27/02/2023*

*8166 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'Ombudsman et au Conseil national de la justice*

*Dépôt : M. Roy Reding, Député, le 01/03/2023*

*8167 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition, l'opération et la maintenance d'environnements cloud spécialisés, dénommés « Luxembourg Cyber Defence Cloud », ainsi que ses composantes et services connexes*

*Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 02/03/2023*

*8168 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*

*Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation, le 02/03/2023*

*8169 – Projet de loi portant*
*1. modification de :*
*1° de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées ;*
*2° de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant organisation du centre de psycho-social et d'accompagnement scolaires ;*
*3° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;*
*4° de la loi du 20 juillet 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire ;*
*2. abrogation de la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers*

*Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 03/03/2023*

*3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

*2628 – Demande de pétition publique : Une option végétale pour les crèches publiques*

*Dépôt : Mme Miriam Agat, le 07/02/2023*

*2629 – Demande de pétition publique : Pétition pour toutes les personnes qui habitent à la frontière, qui ont des moyens de se déplacer uniquement par transport public,*

*d'introduire des transports publics les dimanches au moins une fois par heure, même si c'est payant, afin qu'elles puissent se déplacer vers le Luxembourg, comme, pour la plupart des personnes qui habitent à la frontière, c'est pour pouvoir payer son loyer*

*Dépôt : Mme Kirsy Reyes, le 07/02/2023*

*2630 – Demande de pétition publique : Erweiderung vun de gesetzleche Lëtzebuerger Feierdeeg / Élargissement du nombre de jours fériés légaux luxembourgeois*

*Dépôt : M. Edoardo Tiberi, le 08/02/2023*

*2631 – Demande de pétition publique : Interdiction totale de la fumée secondaire dans les espaces publics*

*Dépôt : M. Abner Andrey Martinez Zamudio, le 08/02/2023*

*2632 – Demande de pétition publique : Autoriser à un membre familial de signer des documents administratifs d'une personne majeure atteinte d'une maladie mentale*

*Dépôt : Mme Ana Paula Martins épouse Welter, le 10/02/2023*

*2633 – Demande de pétition publique : Améliorer la santé de l'homme afin de permettre à ce dernier d'atteindre la même espérance de vie que les femmes au Luxembourg*

*Dépôt : M. Patrick Spielmann, le 10/02/2023*

*2634 – Demande de pétition publique : Pendant les 3 années de DAP faire connaissance de la langue luxembourgeoise et changer la formation appelée « Éducation à la citoyenneté », une classe qui peut avoir la même valeur légale que la formation « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg »*

*Dépôt : M. Ricardo Da Conceicao Pereira, le 11/02/2023*

*2635 – Demande de pétition publique : Contre le financement de la guerre en Ukraine et pour un arragement diplomatique*

*Dépôt : M. Steve Schmitz, le 11/02/2023*

*2636 – Demande de pétition publique : Retrait et refonte du projet de loi sur le bail à loyer (7642)*

*Dépôt : M. Vladimir Cauville, le 12/02/2023*

*2637 – Demande de pétition publique : Inégalité : Pourquoi faire payer l'assurance dépendance aux frontaliers ?*

*Dépôt : M. Cédric Renauld, le 14/02/2023*

*2638 – Demande de pétition publique : Pour une décision plus équitable du parcours de formation supérieure*

*Dépôt : M. Emmanuele Frontuto, le 14/02/2023*

*2639 – Demande de pétition publique : Géint d'Verbuet vum Verbrennungsmotor ab 2035*

*Dépôt : M. Eric Derume, le 15/02/2023*

*2640 – Demande de pétition publique : Fin des masques chirurgicaux dans le domaine des soins*

*Dépôt : Mme Cindy Nunes Martins, le 15/02/2023*

*2641 – Demande de pétition publique : Plan d'aménagement général des communes – Conflit du complexe hôtelier et wellness Rodange-Doihl / la zone Natura 2000 LU0001028*

*Dépôt : M. Eric Lambert, le 17/02/2023*

*2642 – Demande de pétition publique : Excuses officielles de la part du gouvernement pour avoir interdit les visites dans les maisons de retraites et hôpitaux durant la pandémie*

*Dépôt : Mme Muriel Wampach, le 17/02/2023*

*2643 – Demande de pétition publique : Kannerklinik am Norden*

*Dépôt : Mme Christina Pereira Martins, le 17/02/2023*

*2644 – Demande de pétition publique : Wehrpflicht*

*Dépôt : M. Sam Britz, le 17/02/2023*

*2645 – Demande de pétition publique : Remboursement du lait artificiel par la CNS*

*Dépôt : Mme Alexandra Raquel Alves Teixeira, le 18/02/2023*

*2646 – Demande de pétition publique: Nouvelle ligne de bus*

*Dépôt : M. Christian Porfiri, le 19/02/2023*

*2647 – Demande de pétition publique : Dissolution de la Chambre des Députés et démission du Gouvernement sans retour des candidats actuels. / Opléisung vum Parlament an Demissioun vun der Regierung, ouni datt déi aktuell Kandidaten nach eng Kéier untrieden*

*Dépôt : M. Peter Wilhelm Freitag, le 20/02/2023*

*2648 – Demande de pétition publique : Pour une semaine de 35 heures de travail à temps plein*

*Dépôt : M. Loup Hoffmann, le 20/02/2023*

*2649 – Demande de pétition publique : Abschaffung des Schwimmunterrichtes ab dem 10. Schuljahr*

*Dépôt : M. Genis Diederich, le 21/02/2023*

*2650 – Demande de pétition publique : Valorisation des produits bio nationaux et européens et promotion d'une alimentation saine et respectueuse de l'environnement*

*Dépôt : M. João Paulo Ferreira, le 21/02/2023*

*2651 – Demande de pétition publique : Amélioration du transport vers l'Université du Luxembourg sur le campus Belval par la mise en place de lignes de bus dédiées / Verbesserung des Transports zum Universitätsgelände in Belval durch die Einrichtung von mehr Buslinien / Improved transport to the university in Belval through the introduction of dedicated bus routes*

*Dépôt : Mme Aline Scheffen, le 21/02/2023*

*2652 – Demande de pétition publique : Congé fir een Elterendeel an de Schoulvakanzen an der Primärschoul*

*Dépôt : M. René Thill, le 22/02/2023*

*2653 – Demande de pétition publique : Spezielle Kennzeichnung (gut sichtbar auf der Vorderseite der Verpackungen) von allen Lebensmitteln, die Insektenmehl oder Öle aus Hausgrillen, Mehlwürmern, Wanderheuschrecken, Getreideschimmelkäfern usw. enthalten.*

*Dépôt : Mme Sylvie Philipp, le 22/02/2023*

*2654 – Demande de pétition publique : Congé pour raisons familiales pour un enfant jusqu'à 15 ans au lieu de 12 ans*

*Dépôt : Mme Vanessa Barbé, le 23/02/2023*

*2655 – Demande de pétition publique : Remboursement des verres de lunettes*

*Dépôt : M. Robert Brandenburger, le 23/02/2023*

*2656 – Demande de pétition publique : Neinstimmen bei Wahlen erlauben / Introduire un vote négatif lors des élections*

*Dépôt : M. Alfred Groff, le 23/02/2023*

*2657 – Demande de pétition publique : Parke vun Betribscamionnetten op privaten Terrainen*

*Dépôt : M. Lars Santbergen, le 25/02/2023*

*2658 – Demande de pétition publique : Stop à l'interdiction prévue en 2035 dans l'UE des ventes de voitures thermiques neuves. Stop au massacre de nos industries automobiles et de nos emplois en UE. Stop à ce suicide de notre savoir-faire européen. Stop au favoritisme de l'industrie chinoise au détriment des nôtres*

*Dépôt : M. Amodio Fusco, le 26/02/2023*

*2659 – Demande de pétition publique : Erschafe vum 13te Mount beim private Bussecteur oder eng Prime Congé maladie*

*Dépôt : M. Florian Reuter, le 27/02/2023*

*2660 – Demande de pétition publique : Annuler la TVA sur les aliments indispensables à une vie saine suivant les critères de l'OMS*

*Dépôt : M. Baudouin Michel Simon Schinker, le 27/02/2023*

*2661 – Demande de pétition publique : Un appareil de bancomat permettant le retrait ainsi que le dépôt de billets et qui est accessible 12h/24h obligatoire par commune*

*Dépôt : M. Alain Ripp, le 27/02/2023*

*2662 – Demande de pétition publique : Urlaub aus familiären Gründen bei Krankheit von Kindern / Augmenter les congés pour raisons familiales en cas de maladie des enfants*

*Dépôt : Mme Maria Tzanidakis, le 27/02/2023*

*2663 – Demande de pétition publique : Congé menstruel rémunéré pour les femmes / Paid menstrual leave for women*

*Dépôt : Mme Nidhi Mehta, le 28/02/2023*

*2664 – Demande de pétition publique : Prévention et protection des enfants contre le cyber-harcèlement*

*Dépôt : Mme Nabila Fiouane, le 28/02/2023*

*2665 – Demande de pétition publique : Interdiction de rouler à vélo sur les routes de campagne et routes principales*

*Dépôt : M. Max Stephany, le 28/02/2023*

*N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité.*

*(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)*

## 4. Changement de composition d'une commission parlementaire

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission du Règlement ugeet, huet d'Fraktioun vun déi gréng ugefrot, datt den Här Charles Margue d'Madamm Stéphanie Empain all Kéier fir de Punkt iwwert d'Proposition de modification vum Chambersreglement Nummer 8166 iwwert den Ombudsman an de Conseil national de la justice ersetzt, an dat bis zum Enn vun der Prozedur vun dëser Proposition de loi.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 5. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 6. Déclaration gouvernementale relative à l'accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) et les organisations syndicales OGB-L, LCGB et CGFP à l'issue de la réunion du Comité de coordination tripartite du 3 mars 2023, suivie d'un débat

Mir héieren haut de Mëtteg eng Deklaratioun vun der Regierung iwwert d'Resultater vun den

Tripartitt-Verhandlunge mat de Sozialpartner. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt, bei där all Fraktioun a Sensibilitéit zéng Minutten zegutt huet. D'Wuert huet elo den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

***Déclaration***

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e grousse Merci, dass Der och déi Flexibilitéit beweist, dass mer haut de Mëtteg och kënnen dësen Accord presentéieren. Dir wësst, dass et e Reflex vun dëser Regierung ass, soubal wichteg Informatioune sinn, dëst héicht Haus ze informéieren, an ech sinn och ganz frou, Iech kënnen am Numm vun der Regierung matzedeelen, datt mir haut de Moien nämlech den Accord och mat de Sozialpartner ënnerschriwwen hunn, de Solidaritéitspak 3.0. An dofir, den normale Wee wäert elo d'Prozedur och ugoen, déi legislativ Prozedur, mee et war eis wichteg, awer d'Resultater vun dëser Tripartitt hei matzedeelen.

Wéi den Numm et scho seet, Här President, ass et deen drëtten Accord innerhalb vun zwielef Méint, déi drëtt Tripartitt, déi mer erfollegräich och ofschléisse kënnen. Domat hu mer et fäerdegbruecht, och no engem Joer Energiekris an och Präisdeierecht ons zu dräi am Sozialdialog kënnen eens ze ginn!

Ech sinn houfreg, dass d'Regierung, ech sinn houfreg, dass d'Gewerkschaften, an ech sinn houfreg och, dass d'Patronat an dëser schwéierer Kris nach ëmmer bereet sinn, zesummen – ech insistéieren op deem Wuert „zesummen" – Verantwortung ze iwwerhuelen! Ech soen dofir och de Gewerkschaften an och dem Patronat ausdrécklech heifir Merci.

De Sozialdialog gëtt ganz oft ënnerschat an ass a bleift, Här President, nach ëmmer eng Trompkaart vu Lëtzebuerg, vun onsem Grand-Duché, a Krisenzäite virun allem. D'Tripartitt funktionéiert, den Indexsystem bleift integral erhalen, d'Leit an d'Betriber kréie weider gehollef, och iwwert dëst Joer eraus! Domat stäerke mir net nëmmen d'Kafkraaft vun de Leit, mir sécheren och Aarbechtsplazen of, andeems mir ons Betriber a schwieregen Zäiten och stäipe kënnen.

Mat all erfollegräicher Tripartitt garantéiere mir och eppes, wat ganz, ganz wichteg ass, dat ass de soziale Fridden, Här President. De soziale Fridden, dee mer hei zu Lëtzebuerg erliewen dierfen, ass keng Selbstverständlechkeet! An ech géif Iech just invitéieren, eng Kéier ze kucken, wéi et iwwert de Grenze bei eisen Nopeschlänner ass. Do gesi mir d'Alternativ zum Sozialdialog an zu engem automatesche Lounausgläich; mir gesi Groussstreiken, mat Zéngdausende Leit op de Stroossen, déi hir Aarbecht néierleeën an esou dat ëffentlecht Liewen och massiv impaktéieren. An déi Situatioune bleiwen eis hei am Grand-Duché awer erspuert, well mir iwwert de Sozialdialog mam Index a mat zousätzlechen Hëllefen de Kafkraaftverloscht vun de Leit ausgläichen.

Schonn an de leschten zwou Tripartitten hu mir déi néideg an déi richteg Mesüre fir déi jeeweileg Zäit och ergraff. Mir hunn zweemol wéinst der héijer Inflatioun an den héijen Energiepräisser esouwuel d'Bierger wéi och d'Betriber däitlech entlaascht. Mir hunn déi néideg Mesüre geholl, Mesüren, déi sech och als richteg erwisen hunn. An ech wëll just drun erënneren, un d'Debaten, déi no der leschter Tripartitt komm sinn, wou gefrot ginn ass: „Ass dat dat Richtegt oder net?"

D'Zuele weisen et, Här President: Mir stinn haut besser do wéi am leschte September, besser, wéi mir et iwwerhaapt nach fir méiglech gehalen hunn, ech wëll dat och eng Kéier hei ervirsträichen! A wann een am Eurozoneverglach d'Situatioun kuckt vun der Inflatioun an de 27 Länner, hu mir mat deen niddregsten Taux an Europa; mat 5,8 hu mir deen niddregste vun den EU-Eurolänner, wou eeben d'Inflatioun och esou héich ass – mat 5,8. Dat weist, Här President, dass ons Mesüre wierken! Jo, mir hu souguer och e klenge Wuesstum an onser Ekonomie an den Defizit am Staatsbudget ass manner grouss wéi erwaart.

Jo, et geet besser, Här President, wéi mer geduecht hunn oder wéi mer éischter och gefaart hunn. An awer bestëmme mir hei zu Lëtzebuerg net déi geopolitesch Entwécklungen, dat muss jiddwerengem kloer sinn. Dee schreckleche Krich an der Ukrain ass leider net eriwwer. Mir sinn nach ëmmer an enger Energiekris a si konfrontéiert mat der Präisdeierecht, och wa se am Verglach zu den Nopeschlänner hei éischter gutt gemeeschtert ginn ass.

Fir datt d'Leit an d'Betriber hei am Land och an Zukunft gutt duerch dës Kris kommen, war et ons wichteg, hinnen déi néideg Sécherheeten ze ginn. Dofir hu mer, wéi schonn am Accord vum September ugekënnegt – dass mer eng nei Tripartitt géife maachen, wann e „choc inflationniste" géif kommen, an eng drëtt Indextranche géif kommen –, och déi Tripartitt organiséiert. A mir hunn dofir, eebe fir eng gewësse Previsibilitéit an dësen Zäiten och ze hunn, iwwert de Phasing-out vun den Hëllefen iwwert d'Enn vum Joer och eraus diskutéiert, mam Resultat, datt mir d'Mesüren och bei den Energiepräisser integral op zwielef Méint bis den 31. Dezember 2024 verlängeren.

Dat bedeit, dass mer bannent weideren zwielef Méint d'Präisdeckelen op der Energie – also um Stroum an um Gas – integral weiderlafe loossen an domat fir de Consommateur och asprangen. Mir wëssen haut schonn, dass d'Stroumpräisser dat nächst Joer däitlech klamme wäerten an dass de Gasmarché nach ëmmer ganz volatill och ass. De Lëtzebuerger Consommateur brauch sech dofir awer net déi gréisste Suergen ze maachen, well seng Rechnung wäert och d'nächst Joer net iwwert deem leien, wat en och haut bezilt.

Nonobstant wëll ech awer och de Bierger Merci soen, well déi Campagne, wou mer gesot hunn, et misst een awer och spueren ... Et ass net, well een Hëllefe mécht, dass net jiddwereen och en Afloss op seng eege Stroumrechnung kann hunn. Ech hunn eng Rëtsch vu Leit, déi mech och déi lescht Deeg kontaktéiert hu fir ze soen, dass se d'Dekonte kritt hunn an dass se souguer manner bezuelen, well se et fäerdegbruecht hunn, erofzegoe mat hirer Consommatioun vis-à-vis vun den Akkonten, déi se virdru bezuelt hunn. Dat heescht, jiddweree kann och nach en Impakt op seng eege Rechnung hunn, andeem e manner consomméiert!

Bei deenen Hëllefen ass selbstverständlech och un de Masutt an och un d'Pellets geduecht ginn, déi och ëm zwielef Méint verlängert wäerte ginn.

Dës Mesüre kommen dem Bierger direkt zegutt, Här President, well de Staat direkt jo och bei der Rechnung agräift, also d'Leit keng ëmständlech Hëllefe musse lénks a riets ufroen oder op där anerer Säit och nach op hir Sue musse waarden, nee, d'Leit hunn déi Suen direkt an hirem Portmonni!

Mir ënnerstëtzen domadder d'Kafkraaft, halen d'Inflatioun weiderhin niddreg a ginn de Bierger a Biergerinnen déi néideg Previsibilitéit fir déi nächst 21 Méint. A sou wéi et och den Här Dury op der Pressekonferenz gesot huet, de President vum LCGB: Et gëtt am Fong Previsibilitéit an där imprevisibelster Zäit!

D'Previsioune soen, dass duerch dës Mesüren d'Inflatioun 2024 am Fong vu 4,8 % ouni Mesüren op 2,8 % wäert zréckgoen. Déi éischt grouss Annonce, déi ech also ka maachen, ass, dass den Antiinflatiounspak a Form vun Energiemesüren och dat nächst Joer wäert gräifen.

Déi zweet grouss Annonce ass net manner wichteg: Den Indexsystem bleift weiderhin integral erhalen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | All Indextranche, déi erfält, wäert eent zu eent un d'Leit ausbezuelt ginn. Dat war fir ons eng Conditio sine qua non!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Fir den Impakt vum Index op d'Betriber ofzefiederen a wéi am Solidaritéitspak 2.0 (veuillez lire: am Solidaritéitspak 3.0) festgehale gëtt, wäert d'Regierung d'Kompensatioun vun der Indextranche, déi am véierten Trimester 2023 erfält, integral iwwerhuelen, an dat iwwer eng Adaptatioun vum Taux de cotisation bei der Mutualité des employeurs. Dat hate mer jo och schonn an deem leschten Accord festgehalen. Dës Adaptatioun vum Taux gëtt de Betriber nämlech da fir d'Joer 2024 verrechent an Héicht vun deene Méint, wou dann effektiv 2023 kompenséiert och gëtt.

Mir sinn ons och eens ginn, fir de Betriber och d'Indextranche vum Mount Januar 2024 ze kompenséieren. Domadder ënnerstëtze mer net nëmmen d'Kafkraaft vun de Bierger a Biergerinnen, mir entlaaschten och d'Betriber an dëse schwieregen Zäiten.

Mir sinn also op gesond Betriber ugewisen, dat solle mer net an ni vergiessen, well ouni gesond Betriber ginn et och keng Aarbechtsplazen!

Déi drëtt grouss Annonce betrëfft d'Steierbelaaschtung vun de Leit, déi mat all Indextranche méi grouss och gëtt. Mir sinn ons däers bewosst. An d'Regierung hat jo och schonn ugekënnegt, d'Leit entlaaschten ze wëllen.

Ech si frou, datt mir ons mat de Sozialpartner op eng responsabel Léisung eenege konnten, déi souwuel d'Leit direkt entlaascht a gläichzäiteg ons Staatsfinanzen net aus dem Rudder lafe léisst.

D'Steiertabell gëtt fir d'nächst Joer ugepasst, fir den Impakt vun 2,5 Indextranchen op d'Steierlaascht vun de Leit ze kompenséieren. Fir datt mir de Steierzueler awer schonn dëst Joer och réckwierkend entlaaschte kënnen, wäerte mir e Crédit d'impôt aféieren, deen eng Upassung vun der Steiertabell ëm zwou Indextranchen uviséiere wäert. Dëse Kreditt wäert réckwierkend op den 1. Januar 2023 gëllen, an dat fir e ganzt Joer, soubal d'Chamber dat néidegt Gesetz och gestëmmt huet.

Domat hu mir den Indexsystem net nëmmen ofgeséchert, mee och säin Impakt op d'Steierlaascht vun de Stéit ofgefiedert. Dëst bedeit nämlech nach méi Kafkraaft fir d'Mënschen hei zu Lëtzebuerg.

Déi véiert grouss Annonce, Här President, betrëfft en anere Beräich, dee ville Leit nieft der Präisdeierecht Suerge mécht, dat ass de Logement, well mer wëssen, dass d'Präisser um Immobiliemarché d'Leit dobaussen och staark belaaschten. Dofir wäerte mer de bëllegen Akt vun 20.000 Euro op 30.000 Euro erhéijen. Och dës Mesüre leeft un, soubal se gestëmmt ass, a stellt am Fong eng strukturell Upassung duer, wéi mer se grad bei engem systeemesche Problem wéi dem Logement och hei am Grand-Duché brauchen.

Déijéineg, déi scho kaf hunn an e Prêt zréckzebezuelen hunn, kämpfen am Moment och ganz géint héich Tauxen – dat wësse mer och alleguerten – bei

den Zënsen. Dofir passe mer och de Montant un, vun deem un een d'Zënsen um Immobilieprêt kann ofsetzen. Hei geet de Plaffong ëm 50 % an d'Luucht, vun 2.000 op 3.000 Euro erop.

Bei der Location sociale klëmmt de steierlech exoneréierte Montant och vu 50 % op 75 % erop. Och dat ass wichteg an et ass och indispensabel, dass mer et maachen, well dës Regierung sech derfir asetzt, fir d'Lounen och méi attraktiv an och méi abordabel gestalten ze kënnen.

Well ons d'Klima awer um Häerz läit, Här President, an och an dëse schwéieren Zäiten net dierf vergiess ginn – well ganz oft vergiesse mer, dass mer do och nach eng Kris hunn –, hu mir och decidéiert, entweeder nei Mesüren anzeféieren oder anerer weiderlafen ze loossen.

D'Kompenséiere vum $CO_2$-Präis gëtt verlängert a wäert vun 2024 un änner e spezifesche Steierkreditt falen, fir den Impakt justement vum $CO_2$-Präis op d'Menagë mat manner Revenuen och kënnen ze kompenséieren.

Bei der Fotovoltaikanlag um Daach gëtt de steierlech ofsetzbare Montant verdräifacht, an dat vun 10 op 30 Kilowatt (veuillez lire: Bei der Fotovoltaikanlag um Daach gëtt déi steierlech befreite Leeschtung verdräifacht, an dat vun 10 op 30 Kilowatt-Peak).

Och d'Energieprimm fir d'Stéit, déi vun der Allocation de la vie chère profitéieren, gëtt bis Enn 2024 weidergefouert.

Och verlängert ginn d'Subventioune fir d'Chargy-Bornen, d'Kompensatioun vun Energiekäschten an den Altersheemer, den Equivalent vum Crédit d'impôt beim REVIS an och beim RPGH.

Jo, Här President, dës nei Mesüre loosse mir ons eppes kaschten. Mir sinn ons däers och bewosst. Mir investéieren eng zousätzlech hallef Milliard dëst Joer, nach eng Kéier ronn 850 Milliounen dat nächst Joer an déi Joren drop ëmmer ronn 500 Milliounen, déi eleng d'Steiermesüren an d'Mesüren am Logement och wäerten ausmaachen, dëst nodeems mer schonn an de leschten zwou Tripartitten a wärend der Covid-pandemie de Leit an de Betriber mat 5,5 Milliarden Euro ënnert d'Äerm gegraff hunn. Dat soll een och net vergiessen.

An awer, an awer, Här President, bleiwe mer ënnert der Limitt vun deenen 30 % Staatsverscholdung, en Zil, dat mer ons gesat hunn a mir kloer anhalen, och iwwert dës Mesüren eraus. Dat war och eng Conditio sine qua non.

Ech kann Iech haut an hei soen, dass et och an der Regierung keng zwou Meenunge gëtt. Mir sinn ons all eens, datt een a Krisenzäite muss méi Suen investéieren, wéi dëst an normalen Zäiten de Fall och ass. D'Regierung huet an de leschte Jore méi wéi eng Kéier bewisen, datt mir déi néideg Suen och an d'Hand huelen, fir déi richteg Mesüren ze ergräifen: Dat war an der Pandemie de Fall, dat war am Fréijoer de Fall, dat war am Hierscht de Fall an dat ass och haut de Fall.

Jo, mir wëlle responsabel sinn. Jo, mir wëllen ons Staatsfinanzen am A behalen. Jo, mir wëllen onsen Triple-A-Rating och behalen. Mee mir loossen dobäi net de Bierger an d'Biergerinnen am Stach, déi onst Land, déi Lëtzebuerg ausmaachen! Ganz am Géigendeel, mir hëllefen all de Betriber, fir weiderhi gutt iwwert d'Ronnen ze kommen. Dës Regierung huet et zanter 2013 ëmmer fäerdegbruecht, héich Investitioune mat gesonde Staatsfinanzen an Aklang ze bréngen. Dat eent ass net kontradiktoresch mat deem aneren!

Déi Mesüren, déi mer haut decidéiert hunn, wäerte mat derzou bäidroen, ons Kafkraaft an och ons Wirtschaft esou ze stäipen, datt mir och an deenen nächste Joren op déi néideg Recetten ziele kënnen, déi et ons erlaben, weider an d'Mënschen an och an d'Land kënnen ze investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuelen hei dat, wat d'Finanzministesch och de leschte Freideg op der Pressekonferenz sot: Den Accord ass realistesch, den Accord ass solidaresch an et kënnt direkt bei de Leit a bei de Betriber un!

De Solidaritéitspak 3.0 ass en Accord, vun deem jiddweree profitéiert. Et ass en Accord, deen d'Mëttelschicht net vergësst an och gläichzäiteg deene Vulnerabelsten ënnert d'Äerm gräift. Et ass en Accord, deen den Impakt vu geopolitescher Entwécklung op onse Grand-Duché limitéiert an d'Kafkraaft vun de Leit och erhält. Et ass en Accord, deen Aarbechtsplazen an onse Wuelstand ofséchert. De Solidaritéitspak, Här President, ass d'Resultat vun engem exzellent fonctionéierende Sozialdialog, engem Sozialmodell zu Lëtzebuerg.

Ech hoffen och hei am Haus op eng breet Ënnerstëtzung fir de Solidaritéitspak 3.0 an eng breet Ënnerstëtzung fir d'Viruféiere vum Lëtzebuerger Sozialdialog. Et ass net de Moment vu Promessen oder Surenchère électorale. Et geet och ëm d'Zukunft vun onsem Land, déi mer haut zesumme schreiwen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Regierung.

Mir kommen elo zur Diskussioun. An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Vertrieder vun der Regierung, ech wollt kloer soen zum Ufank, dass d'CSV zum Lëtzebuerger Sozialmodell steet. Mir stinn zum Sozialdialog a mir stinn och zur Tripartitt, an dat net just e puer Méint virun de Walen! Well dat Wichtegst, ech soen dat och am Numm vun eiser Oppositiounspartei, dat ass fir eis de soziale Fridden – de Staatsminister huet et elo just ugeschwat –, dee mer am Land mussen hunn. A mir wëlle keng Gilets jaunes, och wann d'Demonstratiounsrecht bei eis an der Verfassung verankert ass.

An ech soen och ganz kloer zum Ufank: Mir droen dësen Accord vu Senneng mat, natierlech ënnert der Reserv vun der Analys vun den Texter, dat verstitt Der, well grad a Steierfroen, an déi sinn och hei beinhalt, do läit oft den Däiwel am Detail.

Ech wëll fir d'éischt soen, dass d'CSV virun allem begréisst, dass den Indexmechanismus, dee jo net eng Erfindung ass, mee dee steet an engem Gesetz, dass deen, esou wéi en am Gesetz virgesinn ass, och integral an Zukunft zum Droe wäert kommen.

Mir ënnerstëtzen och, dass d'Leit weiderhin de Präisdeckel um Elektreschen an um Gas iwwer 2023 matgedroe kréien, well et geet de Leit, an dat wësst Der, virun allem ëm Previsibilitéit. An dat hëlt och den Drock vun der Inflatioun. Et gëtt de Leit virun allem Previsibilitéit, well se jo net nëmme mat héijen Energiepräisser ze dinn hunn, mee Dir wësst, dass ganz vill Leit, an dat ass och gutt esou, vill Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger an och Leit, déi hei wunnen, dass déi virun allem drop halen, an de Steen investéiert ze hunn an der Vergaangenheet. Dat konnte se natierlech net aus der Portokeess maachen an duerfir hunn och ganz vill Leit Kreditter ze droen a virun allem déi Kreditter mat steigenden Zënsen awer ze finanzéieren. Duerfir ass dat do eng wichteg Moossnam.

Mir droen och den Ausgläich fir d'Entreprisë mat, well mer dat richteg fannen. Well och wann dat vläicht net ëmmer, jo, ganz sozial mag kléngen, mee et soll ee kloer soen: Besonnesch an engem klenge Land, wa mer do net déi richteg Wirtschaft hunn, déi och dréit, jo, da kann een och keng ugemoosse Sozialpolitick maachen, well Sozialpolitick besteet jo net just fir sech selwer an et huet och keen de Monopol vun der Sozialpolitick gepacht.

Op gutt Lëtzebuergesch: Wat notzt dee beschten Indexsystem, wann d'Betriber en net kënne bezuelen? An d'Zäite si fir d'Betriber de Moment richteg haart. A besonnesch an der Baubranche, well do gëtt jo gesot zu Lëtzebuerg: Wann de Bau dréit, da geet d'Handwierk an da geet alles. An Dir wësst alleguerten, mat deene mir a Kontakt sinn, mat deenen Dir am Kontakt sidd, a ganz vill Leit heibaussen, dass et der Baubranche de Moment richteg schlecht geet, a si, riskéiert an den nächste Wochen a Méint e richteg raue Wand entgéintgeblosen ze kréien. An dat muss een och am An hunn. An dat maache mir och als verantwortungsvoll Oppositiounspartei!

Well all Betrib, dee rëtscht, dee ka keng Paie méi bezuelen. An d'Käschten dovunner fale mat dem sougenannte Superprivileeg, dat kennt Der alleguerten als fréier Affekoten, bei enger Faillite, jo, déi bezilt wien? De Fonds pour l'emploi an en fin de compte herno d'Allgemengheet! An duerfir musse mer och kucken, dass een an der Allgemengheet dat favorabelt Ëmfeld gestalt, fir dass et net zu Faillitte bei den Entreprisë wäert kommen.

Mir begréissen och, well mer dat ëmmer gefuerdert hunn, déi Deelentlaaschtung, déi fir d'Steierzueler kënnt, wéi se och elo an der Tripartitt festgehalen ass. Ob elo d'Tripartitt dat richtegt Instrument ass, well d'Tripartitt ass jo e Kriseninstrument, fir Steiermoossnamen ze decidéieren, also eis fält do keen Zack aus der Kroun, mir befannen als Parlament doriwwer a mir soen, mir stinn och do derhannert!

Dat geet fir eis an déi richteg Richtung, well mir eigentlech als CSV och ëmmer a schonns laang, och dat däerf ech fir eis noweislech an Usproch huelen, Steiererliichterunge fir d'Leit gefrot hunn. Elo kommen der zum Deel. Mee et besteet fir eis, dat ass eng Nuance, awer nach Loft no uewen. An duerfir bedauere mer och, ech soen dat ganz kloer, dass an eisen Aen et eigentlech just ënnert dem Drock vun de Gewerkschaften, vun der CSV an, ech muss och fairerweis soen, vun der LSAP, derzou komm ass, dass et elo zu enger Deelentlaaschtung vun der breeder Mëttelschicht kënnt.

Dësen Accord ass fir eis och, zu deem Punkt, géif ech soen, an eisen Aen ënner enger gewësser Torschlusspanik – do kënnt Der de Contraire soen – komm virun de Walen. Well, ech soen dat gradesou kloer, wéi kéint ee soss déi Kehrtwende vun der Regierung awer verstoe wéi beim grousse Steierdebat, deen an engem objektive Kader am Juli d'lescht Joer hei gefouert gouf, wou nach gemengt gouf vun der Finanzministesch, duerch de Mond vun der Finanzministesch, eng linear Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, dat wier net selektiv? Bon. Et kënnt awer elo zu enger deellinearer Upassung vun der Steiertabell.

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

A fir eis ass déi selektiv! Dat hu mer och deemools gesot. Well eise Steiertariff, dat ass jo net en einfach

lineare Steiertariff, wou ech 25 %, 30 % oder 35 % ab engem gewëssen Akommes aplangen, mee et ass een, wou eng Progressivitéit am Taux ass. A wann ech déi Progressivitéit linear upassen, jo, da bleiwen ech nach ëmmer bei enger Progressivitéit, wat fir eis per se awer nach ëmmer fir eng sozial Selektivitéit steet.

Wéi verstinn ech och nach de finanzpoliteschen Harakiri, wou d'Finanzministesch Yuriko Backes geschwat huet bei der Presentatioun vun dem Budget? An ech muss soen, ech war e bëssen erféiert, wéi si selwer nach viru 14 Deeg – et war e Méindeg virun 8 Deeg – geschwat huet op RTL, moies 8.10 Auer – ech hat d'Éier, fir den Dag drop dorobber ze reagéieren –, wéi si gesot huet, dat wier irresponsabel, wann een elo nach géif do gréisser Upassunge maachen. An zu Senneng, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer awer vun där sougenannter Irresponsabilitéit net méi ganz vill héieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Abee, dat, wat virun zwou Wochen nach net méiglech war, wou kee Sputt do war, fir dat ass elo Sputt do. Quitte, dass een awer och muss kloer soen, dee Sputt, dat ass jo elo net op eemol, dass de Staat elo géif schwaarz Zuele schreiwen, mee dat ass ganz einfach manner Defizit. Och dat muss een, mengen ech, fairnesshallwer soen.

Fir eis, an eisen Aen, gesäit d'Previsibilitéit vun der Finanzpolitick, déi een am Interessi vun enger Regierung, déi een am Interessi vum Staat mécht, do awer e bëssen aneschters aus, well et war och schonns, an dat muss een och fairnesshallwer soen, a mir hu selwer dorobber gedrängt an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, et war och am Dezember, also virun der Ofstëmmung vum Budget, gewosst, dass dee previsibelen Defizit fir 2022 net an där Héicht géif ausfalen, ewéi en am Budget chiffréiert war.

D'Leit, Dir Dammen an Dir Hären, déi wäerten elo vun 2017 un, bei der leschter Steierreform, bis 2023 um Enn vun dësem Joer viraussiichtlech ganzer aacht Indextranchë kréien, wouvun der awer nëmmen zwou an der Steiertabell wäerte berücksichtegt ginn. An dat, wat d'Leit eigentlech u Steiererliichterungen elo solle kréien, jo, do muss een och objektiv soen: Dat hu se iwwert déi leschte siwen, aacht Joer schonns alles virfinanzéiert!

Well aacht Indextranchen, och dat muss ee kloer soen, déi hunn dem Staat vun 2017 bis Enn 2023 viraussiichtlech iwwer zwou Milliarden Euro u Steieren erabruecht. An dovunner kréien d'Leit dann elo de Géigewäert vun zweemol 120 Milliounen Euro. Well et ass noweislech beluecht, an alleguerten d'Memberen aus der Finanzkommissioun wëssen dat, dass eng Indextranche dem Staat zwëschent 275 an 300 Milliounen Euro méi Steiere bréngt an dass eng Inflatiounsberengegung vun der Indextranche dem Staat ronn 120 Millioune manner Recettë bréngt. Och dat muss ee fairnesshallwer soen.

Do hu mer eigentlech och elo matkritt, an de Staatsminister huet et nach eng Kéier verdäitlecht, well dat war am Ufank ... Ech muss soen, Här Staatsminister, ech hu mer erlaabt gehat, Är Pressekonferenz ze lauschtere leschte Freideg den Owend, do hunn ech dat éierlech gesot net verstanen, mee ech hunn et verstanen, nodeem ech e Samschdeg de Moien, ier mer Kongress vun der CSV Zentrum haten, d'„Tageblatt" gelies hunn, well dat do ganz kloer beschriwwe war, nämlech: D'Leit kréien elo iwwert de Steierkreditt zwou Indextranchë berengegt, mee da ginn um Enn vum Joer d'Compteuren erëm op null gesat. Et ass e bëssen esou „ein Zurück auf Los". An dann, aus deenen zwou Indextranchen, déi berengegt ginn, ginn der dann d'nächst Joer zwou an eng hallef. Also et ass net, wéi dat fälschlecherweis vläicht dobausse vun deem enger oder deem anere gemengt gouf – et ginn der dëst Joer zwou an d'nächst Joer nach eng Kéier zwou an eng hallef. Esou ass et net virgesinn.

An d'Leit ginn ënnert dem Stréch also net esou vill steierlech entlaascht, wéi dat inflatiounsbedéngt fir den Erhalt vun der Kafkraaft misst sinn. Och dat muss ee soen. An dat fanne mir net gutt. Well ënnert dem Stréch bleift dann nach ëmmer eng Méibelaaschtung vun de Leit op steierlechem Plang, wat a Krisenzäiten e falscht Signal ass.

Well eppes aneschters muss een och zur Kenntnis huelen, an dat ass de Fakt, dass zënter 2017, also iwwer eng ganz Rei vu Joren, bis 2024 viraussiichtlech kee Sputt besteet, fir de Leit dat zréckzeginn, wou de Staat sech dru beräichert huet a wat hinnen eigentlech zousteet. An dat ass an eisen Ae ganz einfach bedenklech. Well do gëtt et e strukturelle Problem an enger Budgets- a Finanzpolitick. An dat ass u sech, op gutt Lëtzebuergesch gesot, en Offenbarungseed. Et ka jo net sinn, dass de Staat permanent Defizit mécht, obschonn d'Leit ëmmer méi Steiere bezuelen. An dat ass e strukturelle Problem!

Ech ginn op déi weider Moossnamen awer am Telegrammstil an.

Mir begréissen, ech soen dat gradesou kloer, déi Moossnamen, déi um Niveau vun dem Logement geschéien, virun allem, fir de sougenannte Kreditt „bëllegen Akt" vun 20.000 op 30.000 Euro an d'Luucht ze setzen. An do wier eng Fro: Wéi verhält et sech mat deene Leit – an dat kënnt Der op guichet.lu jo alleguerten nokucken –, déi schonns an der Zäit vum bëllegen Akt profitéiert hunn? Kréien déi elo déi 10.000 Euro bäigeschriwwen oder net? Esou wéi mir den Accord tripartite gelies hunn, stinn do keng Prezisiounen dran. Et wier wichteg, de Leit awer déi Prezisiounen ze ginn. Dat spillt natierlech och um Niveau vun de Käschten, déi mat där Moossnam verbonne sinn.

Mir haten och d'Propositioun gemaach als CSV viru 14 Deeg als Gesetzespropositioun, fir de Plaffong bei de Scholdzënsen an d'Luucht ze setzen. Déi ass net esou gënschteg ausgefall, mee mir kënnen déi matdroen.

An ech soen och gradesou däitlech, Här President, wann Der mer et erlaabt, ech weess dat, och wann et eng Minutt méi laang dauert, mee dat hei ass, mengen ech, awer elo ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Et sinn der schonn zwou. Mee Dir musst am Telegrammstil bleiwen elo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, jo. Ech bleiwen am Telegrammstil. Mir begréissen, dass bei der Gestion locative sociale déi 75 % steierbefreit sinn, well ech menge ganz éierlech, dass dann eng Rei vu Leit, besonnesch wa se Immeublen hunn, déi e bësse méi al sinn a wou keng Scholdzënse méi ufalen, déi se kéinten ofsëtzen, dass dat d'Leit beweegt, fir vläicht zu engem méi bëllegen Taux hir Appartementer oder Wunnengen ze verlounen.

Zum Käschtepunkt, do huet de Staatsminister verschidden Detailer ginn. Ech hu verstanen, dass et net just bei deene 500 Millioune bleift, mee dass mer elo schonns bei 850 Milliounen Euro sinn. Et wier gutt, Här Staatsminister, well dat ass net näischt an dat war och net keen, fir ze kucken, wat dann d'Repercussiounen op de Budget vun deem Ganze sinn.

Am Resümmee, Här President: Mir begréissen, dass d'Leit zumindest elo deelweis entlaascht ginn, dass d'Betriber gehollef kréien. D'Richtung stëmmt. Duerfir stëmme mer och dësem Accord tripartite zou. Mee d'Zil, dat soe mer gradesou kloer, ass nach laang net erreecht, well schliisslech huet de Staat de Leit bis Enn 2024 ganzer aacht Indextranchen zougeuerdent, déi awer net an deem Mooss steierlech entlaascht goufen. Nämlech nëmmen zwou vun aacht Indextranchë wäert steierlech Rechnung gedroe ginn. An ech soen och gradesou kloer, dass an enger nächster Legislaturperiod, egal wie Verantwortung op där enger oder op där anerer Säit fir d'Land wäert droen, een muss eng méi seriö a virun allem strukturell Steierpolitick maachen, déi virun allem de Leit, well dat ass d'Bindeglied vun eiser Gesellschaft, der Mëttelschicht, der breeder Mëttelschicht, méi Kafkraaft gëtt. Well et muss een de Leit do Perspektiven opzeechnen an och fir d'Land struktureller, ...

*(Interruption par la présidence)*

... nohalteger a virun allem zukunftsorientéierter. Lëtzebuerg ass a bleift just e staarkt Land an eisen Aen, wann och déi breet Mëttelschicht staark bleift ...

*(Interruption par la présidence)*

... an erëm staark gëtt. Dat ass eist Zil an dat geet iwwert den Tripartitt-Accord eraus.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dës Regierung huet et fäerdegbruecht, eng weider Tripartitt mat Erfolleg op en Enn ze bréngen. Et ass déi drëtt Tripartitt bannerhalb vun zwielef Méint. De Sozialdialog zu Lëtzebuerg lieft. De Sozialdialog zu Lëtzebuerg fonctionéiert. An dat ass och gutt esou!

Op dëser Plaz géif ech gären dem Premierminister a senger ganzer Ekipp felicitéieren, well eng Tripartitt ass ni en einfachen Exercice. An en huet et fäerdegbruecht, dass d'Land weiderhi gëeent dosteet.

Dësen Zesummenhalt brauche mer besonnesch a schwieregen Zäite wéi dësen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat ass net iwwerall eng Selbstverständlechkeet. Mir brauchen nëmmen ze kucken, wat zum Beispill haut a Frankräich lass ass. Dat hu mir hei zu Lëtzebuerg net, well mer mat der Tripartitt de Sozialdialog hunn, dee fonctionéiert. De soziale Fridden ass fir eist Land immens wichteg an en ass ofgeséchert.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten an den nächste Wochen am Detail op déi eenzel Mesüren an der Tripartitt-Kommissioun ze schwätze kommen. Erlaabt mer awer haut de Mëtten e puer allgemeng Remarken.

Fir d'DP ënnersträicht dës Koalitioun mat dësem Accord nach eng Kéier hiert Bestriewen, fir a schwieregen Zäite keen am Stach ze loossen.

Et ass e solidareschen Accord, well d'Mesüren Äntwerten op déi aktuell Suerge souwuel vun de Leit wéi och vun de Betriber liwweren an dobäi déi schmuel Schëllere besonnesch ënnerstëtzen. Et ass en Accord, deen der kaler Progressioun entgéintwierkt.

Duerch d'Aféierung vum Steierkreditt „Conjoncture" fir 2023 an der Upassung vum Steierbarème fir 2024 wäert d'Kafkraaft vun de Leit gestäerkt ginn. Besonnesch d'Mëttelschichten, d'Leit mat méi engem mëttleren, mat engem klengen Akommes ginn hei substanziell entlaascht. Et si si, déi duerch déi kal

Progressioun riskéieren, méi belaascht ze ginn. Mir ginn hinne mat dësem Accord méi finanziell Loft.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Als DP hu mer et ëmmer gesot, dass mer fir Steiererliichterunge sinn, déi wäit bis an d'Mëttelschicht erawierken. Genausou kloer hu mer awer och gesot, dass dës Erliichterungen nëmmen da kéinte kommen, wann de finanzielle Spillraum do ass. Dat ass eng Fro vu Generatiounegerechtegkeet. Mir wëllen déi zukünfteg Generatiounen net mat liichtfankege Mesüren, mat Mesüren aus der Hëft eraus hypothekéieren.

**M. André Bauler** (DP) | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | D'Finanzministesch Yuriko Backes steet also zu hirem Wuert a si war vun Ufank u kohärent a konsequent.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | De Spillraum ass elo do. D'Previsioune vum Statec hunn eis an de leschte Woche gewisen, dass d'Croissance no uewen ugepasst gëtt. Mir ginn also Suen un d'Leit zréck, an dat an Héicht vun deem finanzielle Sputt, dee mir dofir hunn.

Här President, d'Demokratesch Partei begréisst ausdrécklech, dass net um Index gefréckelt gëtt. All Indextranche gëtt ausbezuelt. Dat ass fir eis wichteg. Mir sti ganz kloer zum Index!

**M. Guy Arendt** (DP) | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | E wichtege Punkt fir d'Zesummeruffe vun der Tripartitt war, fir iwwert d'Kompensatioun vun der drëtter Indextranche vun 2023 ze diskutéieren. D'Betriber wäerten dës Indextranche neutraliséiert kréie fir 2023. A positiv ass, dass och eng Eenegung fonnt ginn ass fir d'Kompensatioun, dass se net nëmme bis den Dezember leeft, mee och nach an de Mount Januar era wäert stattfannen. Hei gouf e gudden Equiliber fonnt.

E weidere Punkt, deen ech wéilt ervirstäichen, ass de sougenannte Phasing-out vu verschiddenen Energiemesüren. Dat ass wichteg, fir d'Inflatioun breet a weider déif ze halen an och en Inflatiounsschock ze evitéieren. Dat heescht, et ass eng Hëllef, déi de Leit direkt ënnert d'Äerm gräift an de Leit finanzielle Spillraum léisst.

Wa mer vun Inflatioun schwätzen, dann hu mer EU-wäit déi déifsten Inflatioun a mir gesinn, wéi wichteg d'Weiderféiere vun dëser Mesür ass a wéi richteg och d'Decisioune waren, déi am Solidaritéitspak 1 an am Solidaritéitspak 2 zesumme mat de Sozialpartner geholl gi sinn.

Ech hunn op dëser Plaz net d'Méiglechkeet, fir am Detail op alleguerten d'Mesüren anzegoen. Et sinn der awer nach geholl ginn oder verlängert ginn, déi déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft weider ënnerstëtzen. Stéchwuert: de REVIS. Stéchwuert: Allocation de vie chère. Stéchwuert: RPGH.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Fir op d'Logementssituatioun ze reagéieren, ass de Plaffong, fir d'Scholdzënsen ofzesetzen um Eegenheem, an d'Luucht gesat ginn. De Steierkreditt vum bëllegen Akt ass an d'Luucht gesat ginn an d'Applikatioun vun de 75 % Exoneration op de Revenue bei der Gestion locative sociale ass och eropgesat gi vu 50 % op 75 %.

Zu gudder Lescht maache mer mat dësem Accord och nach eng Kéier richteg Tempo géint d'Klimakris, notamment duerch d'Eropsetze vun der Gréisst, ab där d'Stéit Revenue vun der Vente vu Solarenergië musse versteieren, an awer och duerch d'Upassung vum Steierkreditt fir d'$CO_2$-Steier fir Leit, fir Stéit mat méi klenge Revenuen.

Mat dësem Accord hëllefe mir weider de Leit an de Betriber. Mir stäipen d'Kafkraaft vun de Leit. Mir stäipen eis Betriber an dëse stiermeschen Zäiten a mir sécheren, wat ganz wichteg ass, Aarbechtsplazen of, an dat am Rame vun de finanzielle Méiglechkeeten, déi mer hunn, an dat ouni dass mer déi zukünfteg Generatiounen onnéideg belaaschten an ouni dass mer den Triple-A hei a Gefor setzen. Ech wëll dat emol eng Kéier ganz kloer och ënnersträichen!

Et ass e solidareschen, räsonabelen a besonnesch wäitsiichtegen Accord. Loosst eis déi Mesüren elo séier ëmsetzen, fir dass mer de Leit dobaussen an de Betriber séier kënnen zur Säit stoen! Dësen Accord fënnt natierlech d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun.

An erlaabt mer, Här President, Iech eng Motioun ze iwwerreechen, mat där mer fuerderen, dass déi Mesüren elo ganz, ganz séier och an d'Tripartitt-Kommissioun kommen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– constatant le contexte international incertain avec une inflation toujours élevée ;*

*– rappelant que le Comité de coordination, institué en tant qu'organe de concertation en temps de crise, fait partie intégrante du modèle économique et social luxembourgeois ;*

*– considérant que l'accord tripartite dénommé « Solidaritéitspak 2.0 » prévoyait l'organisation d'une nouvelle réunion du Comité de coordination tripartite au cas où le Statec établirait au cours de l'année 2023 qu'un arrêt des mesures provoquerait un choc inflationniste en début 2024 ;*

*– considérant que, suite aux nouvelles prévisions du Statec du 8 février 2023, le Premier Ministre a convoqué les partenaires sociaux pour une réunion du Comité de coordination tripartite en date du 3 mars 2023 ;*

*– considérant qu'à l'issue de cette réunion, le Gouvernement et les partenaires se sont mis d'accord sur un paquet de mesures, permettant d'éviter un choc inflationniste en début 2024 et d'aider les ménages et les entreprises par des mesures spécifiques ;*

*– approuvant que le système actuel d'indexation des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités n'est pas remis en cause,*

*invite le Gouvernement*

*– à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles ont été proposées par le Gouvernement et approuvées par les délégations et de trois syndicats et du patronat représentatifs au niveau national lors de la réunion du Comité de coordination tripartite du 3 mars 2023.*

*(s.) Gilles Baum, Dan Biancalana, Yves Cruchten, Pim Knaff, Josée Lorsché.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | E kuerzt Wuert awer zu mengem Virriedner an awer och zu der automatescher Upassung vum Index un d'Steiertabell: Mir wëssen, dass mer a Virwalzäite sinn. Mir wëssen och, dass den Drang vläicht besteet, fir ganz, ganz vill ze fuerderen. Ech wëll awer just der CSV an Erënnerung ruffen, dass et si waren, déi déi automatesch Upassung un d'Steiertabell ofgeschaaft hunn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech wëll d'CSV och ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dir hat zéng Joer Zäit, fir se erëm anzeféieren!

*(Interruptions)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech wëll der CSV och ganz kuerz ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... ganz kuerz awer eng Fro stellen. Ech mengen, Här Roth, Dir hutt et gesot: 120 Millioune pro Indextranche. Mir maachen elo en éischte Schrëtt. Mir maachen en éischte Schrëtt an zwou Tranchen dëst Joer, iwwert de Steierkreditt, zwou an eng hallef maache mer 2024. Dat wëllt jo awer net heeschen, dass mer da mussen ophalen, wa mer d'Méiglechkeet hunn, fir méi wäit ze goen. Wa mer déi aacht Indextranchen elo hei hätte wëlle kompenséieren op ee Coup, da wier d'Rechnung séier gemaach: aacht mol 120 Milliounen! Dat ass dee Spillraum, dee mer eebe grad net hunn, well mer e Mix hu vun Upassung un d'Steiertabell an e Mix vu sozial cibléierte Mesüren.

An ech wëll just soen: Wa mer dat dote gemaach hätten, aacht mol 120 Milliounen, dann hätte mer dat Zil verfeelt – an ech mengen, dass awer heibannen an och an der Regierung, den Här Premierminister huet et virdru gesot, do e ganz grousse Konsens ass –, dass mer déi 30 % vum PIB net sollen iwwerschreiden.

An ech wëll fir ofzeschléisse ganz kuerz soen, dass de Spëtzekandidat vun der CSV, den Här Frieden, an engem Interview gesot huet, eng Staatsschold tëschent 20 % a 25 %, dat wär am Fong dat, wat ideal wär fir e Land wéi Lëtzebuerg.

*(Brouhaha)*

Wa mer alles géifen ëmsetzen hei, wat d'CSV gären hätt, da wäre mer do wäit, wäit driwwer, an och iwwert deenen 30 %!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

*(Brouhaha)*

Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass an eisem Noperschland Frankräich de sougenannte „mardi noir" annoncéiert. Zu Stroossbuerg, do sinn d'Schoulkantinnen zou. Zu Nice, do fiert keen Tram. An d'Elektresch muss am Frankräich zum Deel importéiert ginn, well och an de franséischen Atomkraaftwierker gestreikt gëtt.

Zu Lëtzebuerg gëtt et kee „mardi noir". Den Dënschden zu Lëtzebuerg ass vläicht, wann een d'Wieder dobausse kuckt, hellgro, well mer vill Wolleken den Ament hunn. Mee schwaarz ass den Dënschden haut net, am Contraire. Iwwerhaapt hu mer keng schwaarz Deeg zu Lëtzebuerg, wou alles zum Stëllstand kënnt, well mir setzen hei zu Lëtzebuerg op de Sozialdialog.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dëse Sozialdialog, dee gëtt gefleegt. An dëse Sozialdialog, dat hu mer erëm eng Kéier bewisen, dee funktionéiert!

Ech hunn et an dësem Haus och schonn dacks gesot, mee et kann een et menger Meenung no net dacks genuch widderhuelen: Et gëtt keng Alternativ vum Austausch tëschent a mat de Sozialpartner!

Nieft dem Sozialdialog hu mir zu Lëtzebuerg nach eng aner Spezifissitéit, déi eis hëlleft, an dat ass den Index. Mir si frou, datt dëse Mechanismus och an Zukunft garantéiert bleift. Dat war selbstverständlech

och de Gewerkschaften immens wichteg. An ech erënneren drun, datt net den Index eise Problem ass, mee d'Inflatioun ass eise Problem, an déi musse mer bekämpfen! An d'Regierung huet dat richteg erkannt.

Mir hunn als LSAP bei de Budgetsdebatten am Dezember scho gesot, datt d'Zopp ni esou waarm giess gëtt, wéi se gekacht gëtt, an dass ee grad a Krisenzäiten eng Budgetspolitick vun der Rou a vun der Zouversiicht muss maachen.

D'LSAP huet mat hirer Meenung Recht behalen. Ech hat och a menger Budgetsried, wéi déi allermeescht heibannen, iwwregens bedauert, datt mir déi grouss Steierreform net an enger Kéier kéinten ëmsetzen. Wéinst de budgetäre Contrainten hat ech awer och gesot, datt mir als LSAP domat d'accord wieren, wann dat an Etappe géif geschéien.

Verschidden Etappe goufe schonn an deene leschte Jore geholl, déi lescht kleng Schrëtt mam Budget 2023. An elo, wou déi neisten Zuele vun eise Finanzen et hierginn, ginn dann och déi nächst Schrëtt geholl.

Et ass haut deen néidege budgetäre Spillraum do, fir ënner anerem d'Stéit hei am Land ze entlaaschten. Mir sinn als LSAP frou, dass d'Regierung eis Analys deelt. Mir sinn als LSAP besonnesch frou, dass mir eng strukturell Steierentlaaschtung op de Wee bréngen kënne fir dat anert Joer.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass dat, wat d'LSAP scho méi laang gefuerdert huet, an et ass dat, wat och elo wäert ëmgesat ginn.

Mir gesinn als LSAP, wat eis Staatsrecetten ugeet, zanter dräi Joer virun allem eng staark Tendenz, dass d'Personnes physiques ëmmer méi e groussen Undeel un der Gesamtsteierlaascht ze droen hunn. Op der Säit vun den direkte Steieren ass d'Lounsteier eleng vum previsionelle Kont 2022 op de Budget 2023 ëm 16 % an d'Luucht gaang. An absolutten Zuelen ass dat eng Progressioun vun 830 Milliounen Euro. Vergläicht ee fir déi selwecht Steier d'Recetten tëscht 2021 an 2023, da kënnt ee souguer op eng Variatioun vu 27 % respektiv 1,3 Milliarde méi.

Mir wëssen natierlech, wouduerch dës Situatioun kënnt. Dréi Véierel vun der Plus-value bei der Lounsteier kommen eleng duerch déi kal Progressioun zustan, also d'Netadaptéiere vun der Steiertabell un d'Präisdeierecht. Wann ee sech also dëse Kontext virun Ae féiert, da versteet een och, dass et kee Walkaddo ass, fir d'Steiertabell unzepassen. Dofir ass et och nëmmen eng logesch Konsequenz, dass mir de Stéit haut erëm eppes zréckginn.

Déi Adaptatioun vun der Steiertabell ëm zwou an eng hallef Indextranchë fir d'nächst Joer entsprécht iwwregens deem, wat mir souwisou gemaach hätten, wann déi automatesch Adaptatioun vun der Steiertabell, esou wéi se bis 2013 a Kraaft war, bis haut weiderbestanen hätt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dat ass dat Gesetz, wou mer elo virdrun hei dervu geschwat hunn.

*(Interruption)*

Mir sinn als LSAP der Meenung, dass et genee dee richtege Mëttelwee ass, dee mir mat dësem Tripartitt-Accord aschloen. Eng komplett Adaptatioun vun der Steiertabell ëm aacht Indextranchë géif eis finanziell enorm schwéier belaaschten a kéim an éischter Linn deene ganz breede Schëlleren am meeschten zegutt. Donieft géifen eis dann d'Mëttele feele fir méi geziilt steierlech Moossnamen.

Eng Adaptatioun ëm zwou an eng hallef Indextranchë gëtt alle Stéit Kafkraaft zréck. Se suergt fir Zouversiicht a soziale Fridden am Land. A si léisst eis deen néidege budgetäre Spillraum, fir bestoend Mesüre weiderzeféieren a souguer nei Mesüren ze huelen.

Mir stinn natierlech als LSAP weider zu eisen 18 konkreete Steierproposen, déi mir am Kader vum groussen Debat hei am Haus iwwert d'Steiergerechtegkeet virgestallt hunn. An deem Kader hu mir eng déifgräifend Reform vun der Steiertabell proposéiert, déi eng staark Entlaaschtung fir déi kleng a mëttelbreet Schëllere virgesäit an déi op där anerer Säit, wéi ech fannen, e vertrietbaren Effort vun deene ganz breede Schëllere freet.

Eng vun den 18 konkreete Steierpropose vun der LSAP war d'Revalorisatioun vum Steierkreditt „bëllegen Akt", dee schonn 20 Joer laang net méi ugepasst ginn ass. Och op dësem Punkt kréie mer mat dësem Accord Satisfaktioun. D'Eropsetze vum Steierkreditt vun 20.000 op 30.000 kënnt virun allem de jonke Primo-acquereuren zegutt. Dëst fënnt eis voll Ënnerstëtzung a stoung och esou an eisem Walprogramm 2018.

Gläichzäiteg gëtt de Plaffong vun de Scholdzënsen, déi ee ka fir säin Immobilieprêt bei der Steiererklärung geltend maachen, ëm 50 % gehuewen. Och dëst kënnt der Kafkraaft vu ville Stéit hei am Land zegutt. Mir wësse jo alleguerten, datt besonnesch déi Leit mat variabele Prêten an de leschte Méint vill geschléckt hunn, wéi se gemierkt hunn, wat déi Zënserhéijunge fir hir Mensualitéite bedeiten.

Bei dësen neie Mesüre kéint bal ënnergoen, dass fundamental wichteg Mesüren aus dem zweeten Tripartitt-Accord vu September 2022 och weidergefouert ginn. De Plafonnement vum Gaspräis respektiv vum Stroumpräis fir d'Stéit gëtt ëm e ganzt Joer verlängert. Dës Mesür huet de Stéit hei am Land schonn d'lescht Joer eng Hausse vun 92 % beim Gas erspuert. Dës Mesür huet d'Präisdeierecht zu Lëtzebuerg mat groussem Succès ënner Kontroll bruecht a si wäert och 2024 gräifen an d'Präisdeierecht esou weider am Grëff behalen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An Zuelen ausgedréckt heescht dat, datt mir d'nächst Joer viraussiichtlech eng Präisdeierecht vun 2,8 % amplaz vu 4,8 % wäerten hunn. Dat mécht fir en eenzelne Stot e risegen Ënnerscheed. Dat mécht fir den Handwierker, fir de Bäcker e risegen Ënnerscheed. An et mécht fir eis ganz Ekonomie e risegen Ënnerscheed.

Fir eis Betriber heescht dat, dass mir sécherstellen, dass tëscht zwou Indextranchen an der Moyenne wéinstens aacht Méint dertëschtleien. Esou kënnen den Handwierker an de Bäcker an all déi aner hir Käschte plangen an hir Aktivitéit mat Zouversiicht féieren. Eis Betriber, déi international täteg sinn an hir Wueren och am Ausland musse verkafe kënnen, ootme mat dësem Accord och op.

Natierlech ka keen Accord vun der Welt esou gutt sinn, dass een den Inflatiounsschock, dee sech duerch all Bourse op der Welt zitt, net géif iergendzwousch ze spiere kréien. An natierlech spieren déi eng et méi wéi déi aner. Aus deem Grond ginn déi successiv Erhéijunge vun der Allocation de vie chère weidergefouert, gradewéi d'Energieprimm, déi jo méi enger breeder Populatioun vu bal 55.000 Stéit zegutt kënnt. Dëst ass fir déi concernéiert Stéit en extreem wichtegt Element vun dësem Accord.

Ech muss Iech soen, wann ech deen Accord mat den eenzelne Mesüre liesen, ass et fir mech zweetrangeg, ob mir elo eng ëffentlech Schold vu 25 % oder 26 % vum PIB wäerten zu Lëtzebuerg hunn.

Am Budgetsprojet fir 2013, dee leschte Budgetsprojet aus der Fieder vun engem CSV-Finanzminister, war och eng ëffentlech Schold vu 25 % vum PIB projezéiert. Zanterhier ass awer vill geschitt. Mir hunn eng Period vu Multikrisen erlieft a mir hu Saache mussen erliewen, vun deene mir net geduecht haten, dass se méiglech wieren.

Ech stelle fest, dass mir am Moment dat Land an der EU sinn, dat déi niddregst Inflatioun huet. Ech stelle fest, datt de Statec eise Wuesstem fir dëst Joer däitlech no uewe revidéiert huet op 2,2 %. An ech stelle fest, dass d'Inegalitéiten, gerechent mam Gini-Koeffizient, bei eis, trotz alle Krisen, erofgaange sinn. Et ass e bëssen esou, wéi wa mir zu Lëtzebuerg déi berüümte Quadratur vum Krees géife fäerdegbréngen.

Dës Ongläichheeten ze reduzéieren, muss awer och eisen Usproch sinn, wa keng Krisenzäit ass. Dozou wëllt meng Partei sech engagéieren. Krise sinn eng Belaaschtung fir jiddereen, virun allem, wann een déi eng Kris knapps verdaut huet an déi nächst scho virun der Dier steet. Mee trotz alle Krisen hu mir et zu Lëtzebuerg fäerdegbruecht zesummenzehalen. Dësen Zesummenhalt kann een net a Form vu Sue moossen, a scho guer net a Form vu Prozentpunkte vum PIB. Sécher ass awer, dass de sozialen Zesummenhalt vill wäert ass, immens vill wäert. Dat däerfe mir bei alle schéine Projektiounen an Hypotheesen ni aus den Ae verléieren!

Ech schléisse mat engem Luef un d'Regierung an un d'Sozialpartner. Si hunn alleguerten op en Neits bewisen, dass mir hei zu Lëtzebuerg Léisunge fannen, wann et muss sinn, fir d'Bierger an och eis Ekonomie ze schützen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'LSAP steet zu 100 % hannert dësem Accord a mir wëllen alles maachen, fir datt e ka séier an der Chamber ëmgesat ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Datt d'Oppositioun haut seet: „Dat geet alles an déi richteg Richtung, mee mir hätte jo nach méi gemaach", oder anerer souguer haut hei behaapten, et wär hire Verdéngscht, dat ass alles „de bonne guerre" an dat gehéiert zu eisem Geschäft. Gradesou wéi et „de bonne guerre" ass, wann d'Majoritéit hinnen äntwert: „Mir hunn net missen op Iech waarde fir ze wëssen, wat ze maachen ass. Dat hu Blo, Rout a Gréng an de leschte Joren ëmmer nees bewisen."

Dës Regierung, dës Koalitioun huet d'Land an d'Leit an de leschte Joren duerch déi schlëmmste Krise gefouert, mat roueger Hand, nom Prinzipp vun der Solidaritéit an am Dialog mat de Sozialpartner. Il fallait le faire!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz gutt!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

*(Brouhaha)*

D'Madamm Lorsché huet d'Wuert a soss keen.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mäi Virriedner huet mat engem Luef opgehalen, da fänken ech mat engem Luef un, e Luef un d'Regierung an un d'Sozialpartner, natierlech mat engem grousse Respekt fir dat, wat Der fäerdegbruecht hutt. Well och an

der drëtter Tripartitt zanter dem Ufank vun der Kris ass de Sozialdialog op en Neits groussgeschriwwe ginn an trotz zum Deel ganz ënnerschiddlechen Interessen hunn d'Verhandlungspartner eng zweete Kéier innerhalb vun e puer Méint, kann ee soen, zu engem gemeinsamen Accord fonnt.

Esou en Dialog, et ass schonn e puermol ënnerstrach ginn, gëtt et nach laang net an all Land. Ech weisen op Frankräich beispillsweis. An dofir kann ee soen: Esou e Sozialdialog gëtt et just zu Lëtzebuerg. En nennt sech kollektiv Verantwortung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | En nennt sech sozialen Zesummenhalt, oder awer d'Trompkaart vu Lëtzebuerg, wéi de Premier et virdrun ausgedréckt huet.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, mam virleienden Accord weist sech op en Neits, datt d'Tripartitt en effikasst Instrument ass, fir a Krisenzäiten aktiv ze ginn, handlungsfäeg ze ginn a Moossnamen ze decidéieren, déi ganz séier musse gräifen, och wa vun alle Säiten deen een oder anere Kompromiss muss gemaach ginn.

Kompromisser, dat ass d'Logik, mee och d'Stäerkt vum Lëtzebuerger Modell. Fir eis ass de virleienden Tripartitt-Accord e gudde Kompromiss. Et ass e Kompromiss, deen zu engem Moment zustane koum, wou d'Onsécherheet op ville Pläng weiderhin héich war.

Fënnef Stéchwierder dozou: Krich an der Ukrain, deem säin Enn net ofzegesinn ass, d'Präisdeierecht, déi eng Realitéit bleift, virun allem fir déi vulnerabel Mënschen, dobäi eng ugespaante Situatioun um Logementsmarché, déi jiddwerengem bekannt ass, klammend Zënsen an eng Klimakris, wou mer eis Efforte musse weiderféieren a verstäerken.

Mat dësem Tripartitt-Accord gi mer dës Erausfuerderungen zesummen un, ugefaange bei der Präisbrems um Gas a beim Präisdeckel um Stroum, wou mer net just e rasanten Ustig vun der Inflatioun a vill zousätzlech Indextranchë verhënneren. Mat deenen zwou Moossname schütze mer virun allem och d'Biergerinnen an d'Bierger weiderhi virun der Präisdeierecht op deem Niveau, dëst kombinéiert awer och mat zousätzlechen Ënnerstëtzungen, beispillsweis beim Masutt an den E-Bornen, ëm e weidert Joer, wou déi Moossname verlängert ginn.

Mir kënnen domat evitéieren, datt Privatstéit den 1. Januar 2024 op eemol mat massive Präissteigerunge konfrontéiert ginn, a schützen domat an éischter Linn déi vulnerabelst Stéit. Mat der Verlängerung vun dëse Mesüre gi mer der nächster Regierung awer och déi néideg Zäit, fir d'Auslafe vun deene Mesüren, de Phasing-out, intelligent ze plangen.

Här President, mat dësem Accord entlaaschte mir d'Mënschen och steierlech, andeems de Barème op den 1. Januar 2024 ëm 2,5 Indextranchen ugepasst gëtt. Duerch de Steierkreditt fir 2023 suerge mer dann op där anerer Säit derfir, datt d'Stéit och scho virun 2024 entlaascht ginn, an dat ass fir eis ëmsou méi wichteg, fir den Impakt vun der Inflatioun besonnesch op déi niddreg Lounkategorien ofzefiederen. A well grad déi Vulnerabelst mat méi niddregem Akommes am meeschte vun der Präisdeierecht betraff sinn, gëtt och d'Energieprimm am Zesummenhang mat der Allocation de vie chère, déi Niddregverdénger ufroe kënnen, fir 2024 verlängert.

Och dat ass natierlech eng sozial cibléiert Moossnam fir déi Mënschen, déi d'Hëllef am meeschte brauchen, wou ech awer déi kleng Remark wéilt lassginn, datt e groussen Deel vun de Mënschen, déi fir dës Allocation de vie chère eligibel sinn, d'Hëllef guer net ufroen, meeschtens well se net genuch informéiert sinn. An domat wéilt ech nach eng Kéier ënnerstäichen, dass de Besoin vu gudden Informatiounscampagnë weiderhi grouss ass, mee net nëmmen. An Zukunft musse mer och am A behalen, wéi sech d'Situatioun um Niveau vun de klenge Revenue weiderentwéckelt, an analyséieren, ob net nach aner steierlech Moossnamen ergraff musse ginn, déi direkt an onëmgänglech bei deene Mënschen ukommen, ouni datt se se mussen ufroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | E weidere wichtege Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, betrëfft natierlech den Index, dee mat dësem Accord och weiderhin normal wäert spillen. A jo, mir Gréng stinn zum Index a stoungen nach ëmmer zu deem Mechanismus, dat ass mer wichteg ze ënnersträichen!

Mir kënne garantéieren, datt d'Kafkraaft och 2024 weiderhin erhale bleift, woubäi ee sech eng Kéier misst Gedanke maachen, ob „Kafkraaft" net duerch méi e schéinen Term ersat kéint ginn, vläicht manner konsumorientéiert a méi wäertorientéiert.

Doriwwer eraus beschleunege mer d'Energietransitioun eemol méi mat dësem Accord, andeems d'Revenuen aus klenge Solaranlage fir Privatpersounen net méi ab enger Capacitéit vun 10 Kilowatt-Peak, mee eréischt ab 30 Kilowatt-Peak besteiert ginn. Mir maachen d'Solarenergie also nach méi attraktiv, wéi se et schonn ass. Zesumme mat der TVA vun 3 % an den attraktive Primmen an deem Beräich war et nach ni esou interessant wéi haut, kann ee soen, an eng Solaranlag ze investéieren an domat säin Deel zur Energietransitioun bäizedroen.

Gläichzäiteg suerge mer mat dësem Accord fir eng kloer a gerecht sozial Kompensatioun fir d'$CO_2$-Bepräisung ab 2024 mat engem separate Steierkreditt vun 144 Euro am Joer fir kleng a mëttel Revenuen. Ech mengen, déi Moossnam ass nach net genannt ginn. Well fir eis Gréng ass jiddwerfalls kloer, datt Klimaschutz a Soziales och an Zukunft Hand an Hand musse goen. An dofir si mer frou, dass d'Regierung dat och esou gesäit.

Här President, mat dësem Pak reagéiere mer awer och op d'Kris um Logementsmarché. Fir d'Leit am Kontext vun de klammenden Zënsen ze ënnerstëtzen, gëtt de Plaffong, fir d'Scholdzënse steierlech ofzesetzen, vun 2.000 op 3.000 Euro erhéicht. Als Gréng hu mer eis schonn eng Zäitche fir esou Moossname staarkgemaach an dofir si mer frou, datt deen Asaz sech och am virleienden Accord zréckspigelt.

Dobäi kënnt och nach eng sozial geziilt Ënnerstëtzung bei de Scholdzënsen, déi de Logementsminister Henri Kox scho virun enger Zäit per Projet de loi op de Wee bruecht huet um Niveau vun der Bonification et subvention d'intérêts. Hei wäerten an Zukunft méi Stéit eligibel sinn an och d'Héicht vun der Subventioun gëtt no uewen ugepasst.

Donieft hëllefe mer de Leit, déi eng Wunneng kafe wëllen, duerch d'Erhéijung vum bëllegen Akt, wuelbemierkt just bei der éischter Acquisitioun.

Léif Membere vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, esou wichteg, wéi dës Moossnamen och alleguer sinn, an esou schéin, wéi mer se och fannen, esou muss eis Prioritéit weiderhin um Schafe vu bezuelbarem Wunnraum leien, fir mëttel- a laangfristeg d'Recht op d'Wunne fir jiddweree sécherzestellen. De Logementsminister wäert dofir och serië Montanten an de Grapp huelen, fir privat Projeten opzekafen, mam Zil, de Wunnraum an ëffentlecher Hand ze erhéijen a bezuelbar ze maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Gläichzäiteg erhéije mer mam Tripartitt-Accord d'Steierbefreiung vu Locatiounsrevenuen aus der Gestion locative sociale, der GLS, also der Locatioun zu bezuelbare Präisser. Mat dëser Moossnam encouragéiere mer d'Proprietären, zu bezuelbare Präisser ze verlounen. Fir eis Gréng ass dat definitiv e Schratt an déi gutt Richtung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Schliisslech sécheren mer mat dësem Tripartitt-Accord och d'Stabilitéit vun de Betriber of, andeems de Staat déi drëtt Indextranche, wéi versprach, dëst Joer, wéi am leschten Accord och virgesinn, fir d'Betriber kompenséiert. Mir schafen domat Previsibilitéit fir d'Betriber a generell fir d'Ekonomie an enger ganz onsécherer Zäit. Mir verhënneren de Risiko vu grave Konsequenze fir d'Ekonomie, vu grave Konsequenzen op den Taux d'emploi an de Risiko vu steigender Aarmut zu Lëtzebuerg.

Här President, ofschléissend wéilt ech betounen, datt mir d'Mënschen an eisem Land, mee och d'Ekonomie mat dësem Accord stäerken a schützen. Mir schafe Previsibilitéit fir déi nächst Méint, souwuel fir déi eng wéi fir déi aner. Dësen Accord ass, ech hunn et scho gesot, de richtege Komproméss an enger onsécherer Zäit.

Wat dësen Accord awer net ass: E liwwert keng strukturell Äntwert op vill vun deenen Erausfuerderungen, déi mer zum Beispill an eisem Steiersystem nach ëmmer hunn. Mee dat kann och net den Usproch vun engem Tripartitt-Accord sinn, deen a Krisenzäiten ausgehandelt gëtt. Dësen Accord schaaft awer dann eng Grondlag, fir an enger nächster Legislatur déi méi fundamental Steierreformfroen unzegoen, déi an dëser Legislatur aus bekannte Grënn net konnte gemaach ginn; eng méi fundamental Reform, bei där kleng a mëttel Salairë geziilt entlaascht ginn, wou mer duerch d'Individualiséierung derfir suergen, datt d'Leit net méi jee no Liewenssituatioun pauschal anescht besteiert ginn; eng Reform, déi generell méi Gerechtegkeet an eisem Steiersystem schaaft, an eng Reform, déi Investitiounen an d'Klimaneutralitéit massiv begënschtegt an de Schutz vun eisem Planéit héichhält.

An och am Logement ass et fir eis als Gréng kloer, datt et mat dësem Tripartitt-Accord net gedoen ass, mee datt mer de Paradigmewiessel zugonschte vum abordabelen an ëffentleche Wunnraum och an den nächste Jore weiderdreiwe mussen. Och dat ass eng wichteg Konditioun, fir de soziale Fridden zu Lëtzebuerg och laangfristeg an net kuerzfristeg oprechtzeerhalen, esou gutt wéi den Tripartitt-Accord och ass.

An domat nach eng Kéier Felicitatioune fir deen Accord vun eiser Säit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus emol fir d'éischt e grousse Merci un den Här Staatsminister, datt en eis hei haut de Mëtten d'Resultat vun der Tripartitt erkläre koum. Ech mengen, et ass gutt, datt mer hei kënnen driwwer schwätzen esou kuerz duerno. An ech wëll och direkt soen, datt et ganz gutt ass, datt mer dat Instrument vun der Tripartitt hei am Land hunn. Et ass e wichtegt Instrument vum Sozialdialog, vum soziale Fridden. Et huet seng Roll gutt gespillt. An ech mengen, et muss een och dem Patronat an de Gewerkschafte vun hei aus Merci soen. Et war

vun alle Säiten aus, mengen ech, eng verantwortlech Negociatioun an Zäiten, déi dat brauchen.

Ech wëll vläicht e puer Wierder soen, déi méi positiv sinn, an da vläicht e puer méi nodenklech Gedanken awer och hannendrusetzen.

Wat ganz gutt ass, dat ass natierlech, datt den Indexsystem konnt erhale ginn. Dat ass wierklech wichteg. Mir hu Vergläicher héiere mat der Situatioun am Ausland. Dat weist, wéi wichteg de soziale Fridden ass.

Et ass och net esou, datt déi Betriber, déi hei zu Lëtzebuerg investéieren, net wéissten, datt mer hei den Index hunn, datt d'Mammenhaiser am Ausland op eemol géifen entdecken, datt mir hei en automateschen Index hunn. Well wien och ëmmer hei am Land investéiert, kritt erkläert a weess genee, datt mir den Indexsystem hunn, wéi e fonctionéiert, wéi en applizéiert gëtt. An ech mengen, jiddereen ass do en connaissance de cause.

Mir hätte selbstverständlech gär, a mir hunn eis scho laang investéiert als ADR, datt d'Steiertabell ugepasst gëtt. Dat ass elo zum Deel geschitt. Mir begréissen dat. Mir begréissen och ganz vill aner Mesüren hei an deem Pak, déi geholl goufen. An awer wëll ech soen, datt mer eng Rei Revendicatiounen als ADR hunn, och an dëse schwéieren Zäiten, och un déi nächst Regierung.

Datt mer higinn a musse kucken, datt mer zum Beispill de Mindestloun aus der Steier eraushuelen an och déi kleng Pensiounen, fir datt déi net besteiert ginn, dat schéngt eis eng Selbstverständlechkeet ze sinn. Genausou wéi mir zum Beispill géifen d'Kuelendioxidsteier riichtewech ofschafen. Hei héiere mer: „Jo, elo gëtt se kompenséiert fir déi méi kleng a mëttel, net grad ganz héich Revenuen." Mir géife se ofschafen a mir géifen och weider Schrëtt maache fir d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun!

*(Interruption)*

Et sinn nach eng Rei positiv Moossnamen, mee loosst mech e bësse méi wäit elo kucken a mat Iech zesummen e bëssen eng méi kritesch Distanz huelen an da kucken, wéi mer viruginn an deenen nächste Méint a Joren.

Dat Éischt, mengen ech, ass, datt mer hei ganz grousszügeg waren. D'Regierung war grousszügeg. Hei ass gesot gi 500 Milliounen, 850 Milliounen. Mir kennen d'Finanzsituatioun vun eisem Land fir dat anert Joer elo nach net. Mir wëssen net genee, wat den Impakt op déi ëffentlech Schold wäert sinn a wéi sech dat weiderentwéckelt. A mir ginn dervun aus: Dat, wat mer elo kruten, ass ginn an net geléint!

Mir wäerten an eng Situatioun erakommen, wou mir elo scho wëssen, datt eng Rei Steiererhéijungen op eis duerkommen. Ech wëll just e puer Beispiller nennen: D'Kuelendioxidsteier gëtt permanent viru gehéicht. Mir wëssen nach net, wéi laang a wéi wäit dat soll goen. Mir héieren, datt Logementssteieren elo kommen, eng ganz Partie Steieren am Beräich vum Logement, déi jo och vun der Regierung elo proposéiert ginn. Mir wëssen, d'LSAP huet dat grad nach rappeléiert, datt Steiererhéijunge solle komme fir déi, déi e bësse méi verdéngen, ouni datt mer elo wëssen, wien domadder genau gemengt ass an ëm wéi vill d'Steierlaascht soll klammen. Mir héiere vun anere Parteien, datt zousätzlech Steierklasse solle kommen.

Dat heescht, et ass éischter esou, datt mer wéinst der allgemenger Finanzsituatioun awer an eng Situatioun erakommen, wou eventuell eng Rei Steiererhéijunge kommen oder wou mer elo scho sécher wëssen, datt eng Rei Steiererhéijungen op d'Leit duerkommen. Mir warnen do virdrun! Mir wëlle keng Steiererhéijungen, well ech mengen, mir wëssen alleguer hei am Land, datt dat eiser Kompetitivitéit ka schueden, der Kafkraaft vun de Leit ka schueden. An do, wou dat net néideg ass oder wou et reng ideologesch ass, wëlle mir keng Steiererhéijungen!

Dat Zweet, wat ee muss soen, dat ass, datt déi Scholdepolitick, déi mer am Abléck maachen, sécher bequeem ass, sécher einfach. Och déi Kéier huet d'Regierung vill Sue mobiliséiert. Wéi gesot, mir begréissen déi Moossnamen. Hei kréien d'Leit just zréck, wat se scho virfinanzéiert hunn. Dat muss ee ganz däitlech ënnerstraichen. Mee et muss een awer och wëssen, datt mer an enger Situatioun sinn, wou d'Scholdelaascht, d'Zënslaascht am Staatsbudget ëmmer méi considerabel gëtt!

Mir wëssen elo nach net, mat deenen Tauxen, déi klammen, a mat deene Scholden, déi opgeholl ginn an den nächste Méint a Joren, wou mer hikommen. Mir sinn an engem Zyklus, wou mer d'Scholden net zréckbezuelen als Staat. Mir verlaangen als ADR, datt mer d'Scholden zréckbezuelen an net einfach ëmmer nëmme refinanzéieren zu ëmmer méi héijen Tauxen. An d'Zënslaascht am nächste Budget, déi wäert – d'Madamm Backes kann eis dat sécher soen – bei 300, 400 Milliounen Euro d'Joer leien. Dat ass ewechgehäite Geld! An eng Scholdepolitick ass eng Politick zulaaschte vun deenen nächste Generatiounen. Och dat muss een däitlech soen. Wie vun nohalteger Politick schwätzt, dee mécht keng Scholdepolitick!

Da musse mer och soen: Eng Steierdiskussioun, déi gehéiert un éischter Plaz an d'Chamber! Dat ass och hei vun engem Virriedner schonn ernimmt ginn. Gutt, dat war elo net eppes, wou mer géife soen: „D'Rechter vun der Chamber goufe bewosst ignoréiert." Dat gesi mer net esou. Mee mir hätten trotzdeem gär, datt eng Steierdiskussioun an der Chamber ass, well dat déi Enceinte ass, déi déi budgetär Autoritéit hei am Staat huet bei eisen Institutiounen, an dat soll och respektéiert ginn!

Wat d'Inflatioun ugeet, musse mer eis och Gedanke maachen. Et ass hei gesot ginn: „Lëtzebuerg ass dat Land an der Eurozon, wat déi niddregst Inflatioun huet." Gutt, huele mer dat emol un. Mir hunn dat elo net kontrolléiert virun dëser Debatt, mee dat wäert da schonn esou sinn.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ech schécken Iech et.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech kucken dat, Här Staatsminister. Mee et ass elo einfach esou, datt mer och musse wëssen, datt d'Inflatioun a villerlee Hisiicht e Symptom ass, a mir maachen eng Symptombekämpfung. Mir mussen awer och kucken, wou dat hierkënnt. Firwat hu mer déi héich Inflatioun? A wat sinn d'Risiken? Wéi ass eist Land exposéiert géintiwwer dem Ausland? A wou kënne Geforen hierkommen?

Ech wëll Iech just zwee Beispiller vläicht soen. Dat eent ass de Geldvolumen. D'Europäesch Zentralbank huet iwwert déi lescht Joren eng ganz, ganz extensiv Geldpolitick bedriwwen – whatever it takes! Elo gëtt probéiert, e bëssen zréckzeschrauwen, souwuel op der Geldmass wéi och iwwert d'Zënsen. Mee et ass schonn esou, datt ganz vill Geld am Ëmlaf ass, an dat muss reduzéiert ginn, fir den Inflatiounsdrock erofzesetzen an domadder erëm eng Chance ze hunn, fir och kënnen d'Zënsen erëm zréckzeschrauwen. Dat ass emol eng Grondviraussetzung.

Mee mir gesinn awer gläichzäiteg an der Eurozon, an den europäesche Budgeten, datt et e ganz staarken Drock gëtt, fir déi gemeinsam Scholdepolitick a gemeinsam Fongen opzeleeën, déi emol net kontabiliséiert ginn, baussent eigentlech de Maastricht-Krittären, wat erëm derzou géif féieren, datt d'Geldmass enorm klëmmt op europäeschem Niveau. Lëtzebuerg huet sech, souwäit mir dat gewuer ginn, och dofir staark gemaach. Dat ass awer vläicht e Wee, deen ee muss iwwerdenken, well desto méi séier d'Geldmass wiisst, och an den europäesche Budgeten, desto méi grouss ass de weideren Inflatiounsdrock an domadder den Drock op d'Zënselaascht a schlussendlech op d'Consommateuren. Dat ass e Cercle vicieux an do muss een oppassen, wat ee mécht.

Eng zweet Bemierkung, déi mer awer wëlle maachen, dat ass déi Expositioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie zum Ausland, a mat deem ganze Problem vun der Energiekris, déi mer am Abléck hunn, soll een dat och net ënnerschätzen.

Ech ginn Iech just e Beispill, well ech mengen, Beispiller sinn ëmmer vläicht méi liicht ze erfaasse wéi eng reng Theorie: Mir hunn elo bei DuPont, der Firma DuPont, e reelle Problem. Do sinn 160 bis 270 Aarbechtsplazen a Gefor, liese mer an der Press. An do ass natierlech eng grouss Suerg op der Säit vun deene Leit, déi do schaffen, vun de Gewerkschaften an esou virun. An d'Ursaach, gëtt eis erkläert, dat ass de Problem, datt den DMT – dat ass den Dimethylterephthalat – net méi accessibel ass, datt deen net méi ka geliwwert ginn an datt doduerch déi Aarbechtsplazen a Gefor sinn.

Elo muss een awer wëssen – dat ass wéinstens déi kleng Recherche, déi mer elo gemaach hunn –, datt dat eng Firma war an Europa, déi dat produzéiert huet. Dat war an Niedersachsen, dat ass d'Firma Oxxynova. Ech huelen un, datt déi dann och DuPont do versuergt huet. An déi Firma huet missen opgi wéinst den héijen Energiepräisser an Däitschland.

Dat ass eeben d'Resultat vun deem geostrateegesche Kontext, an deem mer sinn: d'Sanktiounspolitick, keng Gasversuergung zu deene Präisser, déi mer gewinnt waren, ze vill deiere Gas, ze vill héich Energiepräisser. D'Firme gi futti. Dat fänkt beim Bäcker un, dat geet bis zu Firmen, déi eeben an der cheemescher Industrie ganz gasintensiv produzéieren. A wann eng Firma wéi déi hei an Däitschland ..., vun där déi Lëtzebuerger Ekonomie ofhängeg ass, eng wichteg Lëtzebuerger Firma, dann ass déi och a Gefor.

Dat heescht, mir musse ganz kloer gesinn, datt mer an engem héich instabillen Ëmfeld sinn. A wa mer keng Léisunge fannen, notamment och fir den Energieberäich, fir do d'Präisser séier erëm erofzedrécken, verléiere mir eis Kompetitivitéit als Europa an och hei zu Lëtzebuerg, mat deem entspriechenden Drock op den Aarbechtsmaart. An an deem Kontext muss ee besonnesch virsiichteg si budgetär, well mir wëssen net, wat dëst Joer a wat dat anert Joer nach op eis duerkënnt, wéi mer kënne verhënneren, datt eis Ekonomie komplett vun amerikanescher an anerer Konkurrenz ënner Drock gesat gëtt, datt mer e „sanctions leakage" kréien, wéi mer e „carbon leakage" eventuell och schonn hunn an domadder eng Desindustrialiséierung vun Europa, wou Lëtzebuerg selbstverständlech géif mat drënner leiden.

An d'Konklusioun, mengen ech, ass eng, déi mer alleguer deelen: datt mer zefridde si mat deene Moossnamen, déi elo geholl goufen. A gläichzäiteg soe mir awer als ADR, datt mir elo eng verantwortungsvoll Politick mussen an deenen nächste Méint a Jore maachen, eng verantwortungsvoll Budgetspolitick, eng verantwortungsvoll Industriepolitick, fir ze kucken, datt mer an dëse schwieregen Zäiten eist Land op Kurs halen, keng sozial Krise provozéieren a solidaresch déi grouss Erausfuerderunge meeschteren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Am Ufank dann eng kleng Kritick un der Aart a Weis: Haut um 10.12 Auer koum e Mail u sämtlech Fraktioune mat der Demande un de Chamberspresident, datt eise Premier gäre géif eng Deklaratioun vu Regierungssäit maache betreffend d'Tripartitt vum leschte Freiden. Dës Demande ass och datéiert op de 7. Mäerz, also op haut. D'Tripartitt war e Freiden, fir et nach eemol ze soen, also viru véier Deeg.

Schonn aleng dëse Message just e puer Stonne virun enger Chambersseance beweist de Manktum u Respekt vis-à-vis vun der Chamber.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mee de „Sahnetüpfelche" bei där ganzer Saach ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Staatsminister freet d'Wuert fir Fait personnel.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech wollt just d'Madamm Cecchetti informéieren, dass ech dëst héicht Haus soubal informéiert hunn, wéi ech gréng Luucht vun de Gewerkschaften an och vum Patronat kritt hunn. Gëschter Owend war dat nach net de Fall vun all de Sozialpartner. Ech hunn awer gewaart. Ech kann Iech net eng Deklaratioun maache kommen, wann ech nach net mat de Sozialpartner fäerdeg d'Tripartitt hat kënnen ënnerschreiwen. Dofir, soubal dat ënnerschriwwe war a soubal mer och gréng Luucht haten, konnte mer déi Demande maachen. Virdru wier et eng Hypothees gewiescht, fir „vläicht wann". An dat wollt ech net maachen.

Dofir entschëllegt, Madamm Cecchetti, wann ech keng Kaffissazlieserei gemaach hunn, mee hei awer konkreet op d'Ënnerschrëft gewaart hunn, fir Iech kënnen ze informéieren.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ben, dann hutt Der awer ... Ech wëll dann awer och als Fait personnel dorobber äntweren, an dat geet elo net vu menger Zäit of.

Bon, d'Press war awer ganz detailléiert an deem, wat ausgehandelt gouf e Freiden, schonn am Virfeld. Ech mengen, mir hunn alles do héieren.

*(Interruption)*

Mir haten et just net schwaarz op wäiss.

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dann ass dat jo och Kaffissazlieserei gewiescht.

*(Brouhaha)*

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Jo, si waren op der Pressekonferenz. Si kann nach gekuckt ginn. Ech kann Iech de Link schécken.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech hunn d'Pressekonferenz gelauschtert, fir haut hei au courant ze sinn, wat hei leeft. Mee da war dat jo och Kaffissazlieserei, wëll ech just soen.

An de „Sahnetüpfelchen" ass awer dann, datt ee knapp eng Stonn, ier d'Sitzung hei ugeet, dann emol d'Dokument kritt. Och wann net ganz vill drasteet, wëllt een et awer liesen an et wëllt ee sech a senge Gremie beroden an et wëllt een eng seriö Diskussioun hei féieren.

Ech wäert dann awer elo op déi puer ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei den Här Kersch huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ech si just e bëssen iwwerrascht, Här President, iwwer all d'Aussoen, déi säit e Freideg vun alle Politiker gemaach gi sinn iwwer soi-disant en Text, dee se ni gesinn hunn, an all Zeitung ass voll. An och d'Madamm Cecchetti: Interviewen an all Zeitung ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, natierlech.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | ... soi-disant iwwer en Text, dee se net kennt! Je constate.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ganz kloer. Mir hunn op dat reagéiert, wat mer aus der Press gewuer gi sinn. Hei si mer awer net an der Press, hei si mer am héijen Haus an hei wëlle mer jo awer e politeschen Debat féieren, deen e bësse méi fundéiert ass.

**M. Fernand Etgen,** Président | Madamm Cecchetti, mir maachen elo hei Uerdnung. Den Här Kersch hat nach d'Wuert gefrot.

*(Interruption)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ma ech hunn eigentlech d'Wuert, jo.

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Kersch huet awer d'Wuert gefrot gehat. Jo, an hie kritt et och, wann de President em et gëtt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | D'Madamm Cecchetti huet awer d'Recht, Nee ze soen.

*(Brouhaha)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wann d'Madamm Cecchetti net wëllt, da soen ech näischt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Kersch, um Weltfraendag ass dat doten awer staarken Tubak.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech ginn awer dervun aus, dass d'Madamm Cecchetti esou vill Demokratieverständnis huet, fir eng Fro zouzeloossen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech ginn der Madamm Cecchetti d'Wuert fir weiderzefueren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'Madamm Cecchetti huet emol nach net ugefaange mat hirer Ried.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Neen. Si huet awer eng Rei vun Aussoe gemaach, déi esou net kënne stoe bleiwen. A wa se dat net zouléisst, dann ass et ok.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ou? Dat, wat ech gesot hunn, ass alles Fakt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech hunn näischt gesot, wat gelunn ass. Ech hunn iwwerhaapt näischt ...

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Madamm Hansen, d'Madamm Cecchetti huet d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An d'Reaktioun beweist mer, datt ech Recht hunn.

**M. Fernand Etgen,** Président | Dat ass dann och fir Iech, wann Der ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Loosst Der eng Fro zou oder net? Dat ass d'Fro.

**M. Fernand Etgen,** Président | Sou. Elo ass et just nach d'Madamm Cecchetti, déi d'Wuert huet.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn d'Wuert gefrot.

*(Interruptions)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Grosso modo kann ee soen, datt dat, wat am leschten Accord festgehale gouf, einfach bis Enn 2024 weidergefouert gëtt.

Mir begréissen natierlech, datt deene schaffende Leit gehollef gëtt. Dat ass och ganz batter noutwendeg. Mir begréissen et och, an elo kënnt deen nächste Shitstorm, datt den Index net méi ugeréiert gëtt. Mir si frou, datt elo hei jiddwereen sech esou kloer zum Index bekennt, well virun engem Joer stounge mir domadder nach zimmlech aleng an dësem Parlament. A mir sinn net déi, déi den Index iwwer e Joer ausgesat hunn an en eréischt dëst Joer am Abrëll nobezuele loossen!

*(Interruptions)*

Mir begréissen och, datt steierlech wéinstens eppes Klenges dran ass.

Mir felicitéieren och de Gewerkschafte fir hir ganz gutt Aarbecht. Si hunn et fäerdegbruecht, datt iwwer Punkte geschwat gouf, déi ursprénglech net um Ordre du jour stoungen.

*(Interruption)*

Mee mir kritiséieren awer, datt nees de Géisskaneprinzipp applizéiert gëtt. Dat hu mir ganz kloer och schonn déi leschte Kéier kritiséiert: Hei kritt jiddwereen dat selwecht, ob en et brauch oder net! Mir hätte léiwer gehat, datt déi, déi et wierklech brauchen, substanziell méi kritt hätten.

Mir kritiséieren och nees, datt bei der Kompensatioun vum Patronat nees jiddwereen ausgeschott kritt amplaz och hei deene vulnerabelste Patronen ze hëllefen a vläicht deenen e bësse méi ënnert d'Äerm kënnen ze gräifen. Well déi, déi vill a vill méi Ëmsaz gemaach hunn an déi masseg Dividenden ausbezuelen, déi brauche keng Hëllef, au contraire, déi solle sech bedeelege mat Krisesteiergelder!

Iwwregens hat de Méco eng Konferenz mam Här Randers, dee genee dat dote gesot huet: Déi, déi vill verdéngen, déi, déi masseg Kapital hunn, dat sinn déi, déi musse mat Steiergelder belaascht ginn, och en vue vun enger Energietransitioun!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Et kann net sinn, datt een esou vill Geld accumuléiert an dann näischt aneschters domadder ze dinn huet, wéi sech dräi Minutten an de Weltall ze schéissen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat ass absurd an dat geet net méi!

*(Interruption)*

Wat déi steierlech Mesüren ubelaangt, ënnerstëtze mir d'Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun ab nächstem Joer an och d'Aféierung vum Crédit d'impôt fir dëst Joer. Fir vill Leit ass dat eng wichteg Hëllef, fir iwwerhaapt iwwert d'Ronnen ze kommen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei wannechgelift, et misst e bësse méi roueg heibanne sinn!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat heescht ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Da brauch d'Madamm Cecchetti net esou haart ze schwätzen.

*(Interruptions)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat heescht awer net, datt mir domadder wierklech glécklech sinn. Éischtens ass et wäit ewech vun deem, wat mir

eigentlech fir néideg halen, an zweetens feelt et hei u sozialer Selektivitéit, soudatt déi bestoend Inegalitéiten domadder riskéieren, nach an d'Luucht ze goen.

Säit der leschter grousser Steierreform vun 2017 hate mer scho sechs Indextranchen an do kommen der dëst Joer warscheinlech nach zwou derbäi. Ufanks 2024 hunn d'Leit dann also schonn aacht verstoppte Steiererhéijungen iwwer sech ergoe gelooss a kréien dann 2,5 Steiererhéijunge réckgängeg gemaach.

Et muss een also kloer soen, datt d'Leit hei just e klengen Deel vun deem zréckkréien, wat se an de leschte Joren einfach ze vill bezuelt hunn. Mir fuerderen dofir hei och nach eng Kéier eng automatesch Adaptatioun un de Barème, fir endlech Schluss ze maache mat deene verstopptene Steiererhéijungen!

Donieft stelle mir eis d'Fro, wéi sech dës Mesüren op eng zukünfteg strukturell Steierreform auswierken. Mir sti jo net eleng do mat der Analys, datt eis Steiertabell ongerecht ass, datt déi héich Akommesse misste méi besteiert ginn an déi niddreg Akommesse manner. Dat ass fir eis wierklech essenziell a mir hoffen net, datt dat elo vun der nächster Regierung mam Verweis op dës Adaptatioun op Mokuchsdag verluecht gëtt!

Dann zum Steierkreditt fir 2023: Wa mir dat richteg liesen, nämlech datt deen neie Kreditt den Effekt vun zwou Indextranchen op de Steierbarème soll neutraliséieren, da gi mir dovunner aus, datt dee wäert fir sämtlech Akommesklasse gëllen an datt dann naturgeméiss och déi héchsten Akommesklasse wäerten dee gréisste Steierkreditt kréien.

Mir hoffen, datt et net esou ass an datt et wäert gedeckelt ginn, mee bei deem, wat eis virläit, muss een dovunner ausgoen, datt et awer net gedeckelt ass. Wann dat sech confirméiert, dann ass dat manifestement eng „tournée générale", déi am Virfeld vun de Wale soll fir allgemeng Zefriddenheet suergen, mee déi der sozialer Realitéit am Land net Rechnung dréit, well dat heescht och, datt do vill Staatsgelder wäerten u Leit verdeelt ginn, déi se net wierklech néideg hunn, an datt een déi Sue wuel besser geholl hätt, fir deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi wierklech struewelen!

Mir kritiséieren, datt eis strukturell Problemer, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, einfach net ugepaakt ginn. Dat ass nämlech dat, wat gemaach muss ginn: D'Sue mussen do geholl ginn, wou se och sinn, a si mussen un déi verdeelt ginn, déi se och brauchen. Hei gëtt elo eppes fir d'Mëttelschicht gemaach – verstitt mech net falsch, och déi si schlecht drun am Moment a kënne sech näischt méi leeschten! –, awer déi mam Mindestloun oder mam qualifizéierte Mindestloun, déi falen hei zum Deel duerch de Raster, well si net déi sinn, déi e Prêt hu fir eng Wunneng, well si déi sinn, déi sech dëst net leeschte kënnen a well si souwisou keng oder just ganz wéineg Steiere bezuelen. Si sinn och net déi, déi eng Wunneng abordabel verlounen, a si sinn awer déi, déi keng Wunneng um Marché fannen, well net genuch abordabel Wunnengen do sinn.

D'Mesüren, déi beim Logement festgehale sinn am Accord, si fir eis éischter anekdotesch, zumindest wat hiren Impakt op d'Leit op Wunnengssich ugeet. Si viséieren an éischter Linn natierlech och d'Proprietären oder d'zukünfteg Proprietären, also déi puer Gléckslech, déi sech nach eppes leeschte kënnen. Wat eis do verwonnert, ass déi feelend zäitlech Begrenzung bei dëse Mesüren, wouduerch mir dovunner ausginn, datt dat dann och an Zukunft esou soll bleiwen.

Dass d'steierlech Exoneratioun vun de Loyersrecetten am Kader vun der Gestion locative sociale elo dozou féiere soll, dass méi Leit eng Wunneng un eng konventionéiert Organisatioun ginn, woe mir zumindest emol ze bezweifelen.

Si sinn och net déi, déi duerch eng Fotovoltaikanlag Stroum an en Netz speisen, well si kënne sech dëst einfach net leeschten.

Bei der Deckelung vun den Energiepräisser hu mir weiderhi gemëschte Gefiller. Mir hunn am September bei der Tripartitt scho gesot, dass mir eng Deckelung vun den Energiepräisser fir onbedéngt néideg halen, mee dass mer méi eng pauschal Deckelung vum Präis fir all Energieverbrauch net fir sënnvoll halen. Et gi keng Energiespuerureizer gesat, eppes, wat awer d'Réckgrat vun all Energietransitioun bilt, déi eeschthaft d'Klimaneutralitéit bis 2050 uviséiert.

Elo ass et awer esou, dass da bis Enn 2024 och d'Schwämmen an d'Saunaen uechtert d'Land mat staatlech subventionéierten Energiepräisser gehëtzt ginn. E groussen Deel vun deem Subventionnement mat ëffentleche Gelder fléisst also u Leit mat groussem Portmonni an deem Energieverbrauch, dee bei dëse Portmonni och passt.

déi gréng verdeedegen dat mëttlerweil offensiv a behaapten, dass dës Deckelung vum Präis de Garant wier, fir dass d'Energietransitioun och geléngt. Et ass scho remarkabel, dass eng gréng Partei eng $CO_2$-Steier aféiert mat der Begrënnung, dass d'Präisser vu fossillen Energië mussen erop, fir dass d'Energietransitioun och geléngt, elo seet se de Géigendeel, féiert de ganze Prinzipp vun dëser Steier ad absurdum. Elo op eemol sinn ëffentlech fixéiert Präisser de Garant fir Stabilitéit a fir Sécherheet, fir zukünfteg méi fir de Klimaschutz kënnen ze maachen.

Mee wësst Der wat? Mir deele genau dës Erkenntnis a si frou, dass déi gréng och endlech festgestallt hunn, datt de Marché net d'Léisung ass an eng Präisreglementatioun éischter bei der Erreechung vun de Klimaziler hëlleft, wéi alles einfach lafen ze loossen. Vläicht iwwerzeege mir Iech jo och nach mat eiser Propos fir eng Staffelung vum Präis!

Bei der schonn ugeschwater $CO_2$-Steier begréisse mir zwar, dass déi zukünfteg méi transparent am Budget soll stoen als eenzel Budgetslinn, allerdéngs ass d'Versprieche vun de 50 % vum Produit vun der Tax, déi fir sozial Kompensatiounsmoossname solle genotzt ginn, dat lescht Joer net agehale ginn. Dat huet och domadder ze dinn, dass d'Haussë vun der $CO_2$-Steier net an déi Kompensatiounen afléissen. Dat wier awer net méi wéi richteg, mee eis schéngt et awer net, wéi wann d'Regierung sech kloer dozou géif bekennen.

Zum Schluss nach zu der Kompensatioun vun der Indextranche fir d'Betriber: D'Forme vun der Indexkompensatioun iwwert d'Mutualité des employeurs wëlle mir elo net bewäerten, well mir den Detail hei net kennen. Dës Mutualitéit ass awer virun der Pandemie schonn ëmmer defizitär gewiescht. De Staat garantéiert, datt dësen Defizit kompenséiert gëtt, wouduerch dës Mutualitéit zu engem Deel scho fiskaliséiert ass. Mat der Pandemie an der Prise en charge vun der Lounfortzuelung bei de Krankeschäiner duerch d'CNS ab dem éischten Dag Krankeschäin ass se eng weider Kéier entlaascht ginn. Wéi sech dat alles elo mat der Indexkompensatioun artikuléiert, musse mir da gesinn.

Wéi gesot hate mir keng Zäit, dat a Rou ze analyséieren, an dofir konnt ech hei just eng éischt Aschätzung ginn, mee mir wäerten natierlech awer och deem ganzen Accord zoustëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, dierf ech eng Fro stellen?

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech mengen, den Här Kersch wëllt nach eng Fro un d'Madamm Cecchetti stellen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Madamm Cecchetti, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Natierlech! Soss schléift hien net gutt den Owend.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kersch, wannechgelift.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President, merci och, Madamm Cecchetti. Ech wousst, dass Der dat géift zouloossen. Am Ufank war dat elo e bëssen Duercherneе ginn, dofir ass et vläicht grad esou gutt, dass dat um Enn vun Ärer Ried geschitt, well dann och nach aus enger Fro der u sech dräi gi sinn.

Ech maachen et awer kuerz. Déi éischt Fro: Dir hutt virdru gesot, Dir hätt an der Press dat alles misse liesen iwwert den Tripartitt-Accord. Dann hutt Der warscheinlech jo och an der Press gelies – dat ass eng Fro –, dass den Accord eréischt de Mëtten an der Mëttegstonn ënnerschriwwe géif ginn? An ech géif gär wëssen, wat hei lass gewiescht wär, wann d'Regierung eng Deklaratioun gemaach hätt iwwert en Accord, deen nach net ënnerschriwwe war. Dofir fannen ech et also total normal, dass mer eréischt de Mëtten um 12.00 Auer gewuer ginn, dass deen Debat ass. A wann Der dat dote géift esou consideréiere wéi ech, da wiert Der warscheinlech och där Meenung, dass et anescht guer net méiglech gewiescht wär.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dach!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dann hutt Der ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mir hätten et muer kënne maachen oder iwwermuer oder voilà, et hätt een et net mussen haut maachen.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Da musst Der dat awer wëssen! Et gouf gesot, ech soll direkt an d'Chamber kommen, esoubal eppes ënnerschriwwen ass.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | A mir hu gesot kritt, Dir wiert net do déi aner Deeg!

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

**Une voix** | Jo, gesitt Der?

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat hu mir gesot kritt. Well ech wëll just soen, datt Är Partei déi éischt war, déi gesot huet, si wéilten dësen Debat op muer verleeën, well et misst een Zäit hunn, fir dat ganzt Dokument nozekucken.

*(Interruptions diverses)*

Et misst een dat ganzt Dokument nokucken. An déi gréng hu sech do ralliéiert, fir dat muer ze maachen, well schliisslech misst een an der Fraktioun dat do kënne seriö preparéieren. Mee bon!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Op jidde Fall, ech mengen, dass mer eis ... Ech mengen ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, datt Der mer dat bestätegt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech mengen, dass mer eis driwwer eens sinn, dass et net gutt gewiescht wier, wann d'Chamber iwwer en Accord debattéiert hätt, deen nach net ënnerschriwwe war. Gutt!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat war och schonn d'leschte Kéier de Fall, genau d'nämmlecht!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An ech sinn och der Meenung, dass, soubal esou en Accord ënnerschriwwen ass, d'Regierung sollt heihinnerkommen an d'Chamber bei der éischter Geleeënheet informéieren. An dat ass haut geschitt an dofir felicitéieren ech der Regierung, dass se och praktesch hei an der ganzer Formatioun ugetrueden ass. Dat ass eng Fro vu Responsabilitéit a vu Respekt vis-à-vis vun der Chamber!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här Kersch, da gitt Iech awer och an Ärer Fraktioun emol eens!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dann hutt Der gesot, déi Lénk wiere praktesch déi eenzeg ...

*(Hilarité)*

Dann hutt Der gesot, déi Lénk ...

*(Interruption)*

Ech hat gesot, ech géif dräi Froe stellen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Mir hu keng richteg Uerdnung hei!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech äntweren!

*(Brouhaha et interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Madamm Cecchetti, wannechgelift.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech verhalen dräi Froe beineneen net! Ech sinn ze al!

**M. Fernand Etgen,** Président | Genau, jo. Virdrun hunn ech hei misse jäizen, datt Dir Är Interventioun kéint maachen, ...

*(Interruptions)*

... da loosst wannechgelift och déi aner schwätzen!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt gesot, déi Lénk wären déi eenzeg Verteideger vum Index. Ech ka mech net erënneren, dass hei eng Partei an dësem héijen Haus sech géint de System vum Index ausgeschwat huet. Ech hunn de Géigendeel héiere vun alle Bänken: e kloert Bekenntnis zum Indexsystem zu Lëtzebuerg. Ech si frou, dass dat esou ass, an ech hoffen, dass dat nach laang esou bleift!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mir och!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt gesot, et wär um Index manipuléiert ginn. Ech wëll awer elo nach eng Kéier rappeléieren, an och do kënnt dann d'Fro, ob Der Iech dat dann net bewosst sidd, dass mer iwwerhaapt keng Manipulatioun um Index gemaach hunn, mee dass mer bei fënnef Indextranchen, déi erfall sinn innerhalb vun engem Zäitraum vun zwee Joer, just eng verréckelt hunn ëm e gewëssenen Zäitraum – dat ass et an deem do Nomber an der Geschicht vu Lëtzebuerg nach net ginn! – an, en plus, déi kéinten ... och nach kompenséiert hunn. Och dat ass et an der Geschicht vu Lëtzebuerg nach net ginn! A mir hu se esou an enger Héicht kompenséiert, dass déi, déi kleng Salairen hunn, souguer méi kritt hunn, wéi wa se eng Indextranche kritt hätten!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat ass iwwregens bestätegt gi vun der Presidentin vun der gréisster Gewerkschaft, déi gesot huet: „Et muss een elo oppassen, dass, wann den Index erfält, deen nämlech reportéiert ginn ass, dass net d'Leit herno manner kréien." An och dat ass, mengen ech, an der Tripartitt diskutéiert ginn an et si Léisunge fonnt ginn.

Ech mengen also, et huet mech iwwerrascht, jo ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech wëll och dorobber direkt äntweren awer, well ech sinn ze al, ech verhalen dat net méi, déi dräi Saache beieneen!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech bréngen et jo fäerdeg, déi dräi Saache beieneen ze bréngen, da misst Dir et jo och fäerdegbréngen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | O!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Da froen ech dann ... An dann nach eppes: Dir, déi och als ...

*(Interruptions)*

Ech kann och dermat liewen, wann Der mech ënnerbriecht, kee Problem! Et ass, wéi de President et gären hätt.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech géif dorobber gären äntweren, an dann déi drëtt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wéi hätt Der et gär?

**M. Fernand Etgen,** Président | Et ass egal. Fuert Dir weider, Här Kersch.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech wëll just soen: D'Kompensatioun ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Awer probéiert, déi Interventiounen do méi kuerz ze halen ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech halen et ganz kuerz!

**M. Fernand Etgen,** Président | ... a kloer a prezis ze formuléieren, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An da wëll ech Iech ...

**M. Fernand Etgen,** Président | ... datt d'Madamm Cecchetti et verhält an och dorobber kann äntweren.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech halen d'Wuert, well iwwregens waren et keng Froen, et ware Remarken.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dach, et si ganz konkreet Froen!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | De Steierzueler huet déi Kompensatioun vum Index bezuelt, well et geet iwwert d'Steiergelder. Wou de Staat finanzéiert gëtt, gëtt erëm ausgeschott un d'Leit. Also, et sinn net d'Firmaen, déi d'Indextranche bezuelt hunn. Den Index gëtt nach ëmmer vu Patrone bezuelt, wann ech dat richteg verstanen hunn!

Ganz kuerz, ech hu misse ganz kuerz bleiwen. Dir braucht elo net esou ze maachen, wéi wann ech se net méi all hätt, gell, wannechgelift!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wann Dir dat esou interpretéiert, dass Dir se net méi all hutt, ass dat éischter Äre Problem!

*(Exclamations)*

Ech hunn dat op jidde Fall net gesot!

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, wannechgelift! Wannechgelift!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Nee, éierlech, éierlech!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, mir musse probéieren, datt mer erëm en zwëschemënschlechen Toun hei fannen, deen am Fong geholl dësem héijen Haus gerecht gëtt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Genau. Ech hunn hei zu kengem Moment gesot, d'Madamm Cecchetti hätt se net méi all, dat hunn ech net gesot!

**M. Fernand Etgen,** Président | Och fir Iech, Här Kersch, ass dat!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An déi drëtt Fro ass déi: Dir stellt Iech jo ëmmer duer als déi grouss Verteidegerin vun de Fuerderunge vun de Gewerkschaften. Ass Iech opgefall, dass an der leschter Zäit déi dräi grouss Gewerkschafte vu Lëtzebuerg unisono gefrot hunn, eng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun ze maachen? Genau dat ass elo deelweis geschitt. An da kritiséiert Der d'Regierung fir dat, wat se gemaach huet, wat d'Gewerkschafte gefrot hunn!

**Une voix** | Wou ass d'Fro, Här Kersch, wou ass d'Fro?

**M. Sven Clement** (Piraten) | A wéi engem Modell si mer?

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Loosst mech dach emol meng Fro stellen!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Elo si mer bal 18.00 Auer!

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo, jo.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Loosst mech dach emol meng Fro stellen!

*(Interruptions diverses)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Och ... Här Kersch, ech hat Iech gesot gehat, datt Der am Fong geholl ...

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Mosar, ech weess, dass dat Iech net gefält, wann hei d'Wourecht gesot gëtt, dat weess ech!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | O!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mee dat ass awer net d'Theema, dat ass awer iwwerhaapt net d'Theema!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Also, Här Kersch, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Anscheinend dach, well ech stellen ... Dir ënnerbriecht mech, ier ech meng Fro ka stellen!

Wéi ass et méiglech, dass eng Partei, déi duerch Iech vertruede gëtt, déi ëmmer seet, si géif genau dat hei erëmbréngen, wat d'Gewerkschafte fuerderen, hei genau de Contraire seet vun deem, wat d'Gewerkschafte gefrot hunn?

War dat eng konkreet Fro oder war et keng?

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Also, ech weess zwar net, wou mir hei de Contraire gesot hunn, hein?

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Da musst Der emol lauschteren, wat Der gesot hutt!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ben, nee!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat kënnt dovunner, wann ee seng Rieden net selwer schreift!

*(Exclamations)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | O, elo geet es awer duer! Also ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech mengen, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss!

*(Interruptions et brouhaha général)*

**Une voix** | Dat do schléit dem Faass de Buedem aus!

**Une autre voix** | Hu mer keng Manéiere méi am Parlament?

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat do ass eng mega Frechheet, eng mega Frechheet!

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kersch, wannechgelift, och un Iech d'Opfuerderung, ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | E soll sech entschëllegen!

*(Mme Myriam Cecchetti adresse un doigt d'honneur à M. Dan Kersch.)*

**M. Fernand Etgen,** Président | ... am Fong dann deen zwëschemënschlechen Toun, deen an dësem

Haus üblech ass, erëm ze applizéieren. A wann Der elo e bësse Respekt dovunner hutt, da géif Der Iech am Fong geholl fir déi doten Tounaart heibanne jiddefalls entschëllegen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An domadder ginn ech d'Wuert weider un de leschten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dann diskutéiere mer haut net nëmmen den drëtten Tripartitt-Accord innerhalb vun zwielef Méint, mee och e bëssen den Ëmgang mat der Chamber an och vun der Chamber ënnerteneen.

Fir unzefänke muss ech nämlech e bëssen déi nämmlecht Kritick ubrénge wéi meng Virriednerin, nämlech, datt mir hei an der Chamber stinn a solle Positioun zu engem Accord bezéien, deen eis kuerz virum Ufank vun dëser Sessioun eréischt erreecht huet, deen d'Press awer schonn hat! Dat, wat ech Iech also an den nächste Minutten hei soen, ass gréisstendeels baséiert op den Artikelen aus der Press, well aner Informatiounen hunn d'Deputéiert jo eréischt an der Mëttesstonn kritt.

Et ass, an dat wëll ech och ganz kloer soen, dem Premier säi verfassungsméissegt Recht, heibannen eng Déclaration gouvernementale dann ze maachen, wann en dat fir richteg hält. En hätt awer kënnen, wéi dat an anere Parlamenter am Ausland üblech ass, d'Deputéiert am Virfeld mat engem net ënnerschriwwenen Accord briefen. Dat hätt eis d'Téisazliesen iwwerflësseg gemaach, well wann RTL e schonns konnt liesen, da war de Leak jo dës Kéier manifestement net d'Chamber, mee en aneren Acteur!

*(Interruption)*

Wat einfach net ze akzeptéieren ass, ass, datt et ëmmer erëm virkënnt, datt d'Regierung eis hei an d'Chamber bestellt, fir datt se kann hir Positioun duerleeën, an d'Oppositioun huet keng Chance, fir doropshin eng qualitativ ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... an och eng quantitativ Analys ze maachen. Souguer d'Regierungsparteie schéngen den Accord net kënne gelies ze hunn, well an engem Facebook-Post vun deene Grénge steet, datt ee bis 30 Kilowattstonne ka säi Stroum vun der Fotovoltaikanlag, ech zitéieren, „vun der Steiererklärung ofsetzen", mat schéine Fotoe vun all hire Ministeren drënner. Am Accord steet awer, datt dat en Automatismus ass an iwwerhaapt souwisou eng ganz aner Prozedur ass, wéi eppes ofzesetzen, mee datt dat einfach net Revenu imposable wär.

Verstitt eis net falsch: Mir begréissen dës Mesür ausdrécklech ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... a virun allem, datt se automatesch gräift an dass d'Leit keng Steiererklärung oder Demande musse maachen. Mir wëssen alleguer heibannen, datt esou Demanden ëmmer domadder endegen, datt Leit déi Hëllefen net an Usproch huelen, déi se u sech awer zegutt hätten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Clement, erlaabt Der, datt den Här Cruchten Iech eng Fro stellt?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ben, jo. Jo, mengetweegen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Obwuel ech elo nach net weess, wéi ech dat als Fro ka formuléieren oder apaken ...

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass wéinstens éierlech!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass als Äntwert un Iech an och un dat, wat d'Madamm Cecchetti virdru gesot huet. Ech wëll Iech eigentlech just berouegen, dass mir déi selwecht Contrainten haten, fir déi Ried hei ze halen haut de Mëtteg, wéi Dir oder wéi d'Madamm Cecchetti. Mir hunn do keng Faveur gemaach kritt a mir waren net besser gestallt.

An dofir stëmmt et och, dass ech de Mueren als Fraktiounspresident, wéi mer gefrot goufen: „Solle mer dat de Mëtteg maachen?", geäntwert hunn: „Kënne mer dat net vläicht op muer verleeën, dann hätte mer méi Zäit, fir dat ze preparéieren?" Do krute mer gesot, dass dat muer net geet. An do war et fir mech gradesou kloer, dass mer dat net op iergendwann eng Kéier duerno sollte vertässelen, mee dass dat awer esou séier wéi méiglech geet, mat alle Schwieregkeeten, déi Dir a mir dann domadder haten. Mee ech muss awer soen, dass bis elo déi Debatt esou ganz korrekt gefouert gouf. Dofir ass dat net weider schlëmm.

*(Interruptions)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Fir op déi net gestallte Fro ze äntweren: Ech ginn Iech absolutt Recht, Här Cruchten, datt dat e Problem ass, dee strukturell ass, an ech hunn och eng konkreet Propos gemaach, wéi een dat hätt kënnen ëmgoen, wéi een d'Téisazliesen hätt kënnen evitéieren, well d'Gewerkschaften hu jo och Decisiounen op Basis vun engem Text geholl, esou datt och d'Chamber oder ausgewielten Deputéierter vun der Chamber, déi heizou sollte Stellung huelen, hätte kënnen deen nämmlechten Text, deen och d'Gewerkschaften hire Gremie gewisen hunn, schonn hunn. Dann hätte mer eis besser kënne preparéieren.

Ech kommen awer zréck no dësem kuerzen Intermezzo op déi Aiden, déi eeben net ugefrot ginn, well d'Demande net gemaach gëtt. An dat ass en Déchet fiscal, dee manifestement gewollt ass. Dëst Beispill weist einfach, wéi wéineg Zäit sech gelooss ginn ass fir eeben déi déifgräifend Analys vum Text.

Generell ass d'Chamber dann heiansdo nëmmen eng Tribün, wou Punkten hei virgestallt ginn, wärend mer u sech an enger kokasser Situatioun sinn, datt mer haut iwwert den „Tripartitt 3.0"-Accord diskutéieren, wou mer gëschter Moien eréischt e Rapport ugeholl hunn, fir eng Mesür aus dem „Tripartitt 2.0"-Accord iwwerhaapt emol dës Woch hei an d'Chamber ze bréngen. Also, u sech chevauchéiere sech d'Evenementer an dat weist, datt u sech do och eng déifgräifend Aarbecht an Analys net gemaach ka ginn.

Här President, mir Piraten hu vill Mesüre vun de leschten zwee Accorde matgedroen, awer net all. Net all Mesürë waren an eisen Ae sozial cibléiert, net all Mesür war duerchduecht, net all Mesür war grouss genuch, fir d'strukturell Problemer unzegoen, déi mir hei am Land hunn.

Och dësen Tripartitt-Accord geet net déi strukturell Problemer un an eis Piraten feelt hei ganz kloer de roude Fuedem. Fir eis Piraten ass dat heiten eng Usammlung vun Iddien, déi ee kuerzfristeg kann huelen, fir d'Leit glécklech ze maachen, déi awer keng laangfristeg Léisungen duerstellen. Et ass gutt, datt mer déi Mesüren, déi d'Inflatioun solle weider niddreg halen, mat engem Phasing-out elo richteg encadréieren, allerdéngs geet dat heiten net duer an et hëlleft och net jidderengem, deen Hëllef brauch!

Déi héich Energiepräisser sinn nach ëmmer present. Dofir brauchen d'Firmen an d'Privatleit nach ëmmer Hëllefen, fir dës Méikäschten all Mount kënnen ze stemmen. D'Iddi vun engem Phasing-out ass an deem Sënn also ze begréissen, fir esou ze verhënneren, datt eis Präisser ruckaarteg steigen an d'Wirtschaft an d'Stéit äiskal géifen erwëscht ginn.

Mir Piraten ware vun Ufank u géint d'Subventionéiere vun de Saunaen a Swimmingpoolen duerch eng oncibléiert Hëllefspolitick, wat d'Stroumpräisser ugeet. Mir hu schonn e puermol gesot, datt mer net domadder averstane sinn, datt hei net méi cibléiert geschafft ginn ass. Enger Verlängerung, déi weider mat der Géisskan verdeelt, sti mir also weiderhin och kritesch géintiwwer.

Mir Piraten haten eis gefreet, wéi an de Medie vun engem Klimasteierkreditt ze liese war. Mir hate gehofft, datt d'Regierung elo de Wee vun eisem Klimabonus géif goen, dee mer schonn am Dezember 2021 hei mat enger Motioun gefuerdert haten. Mir hate gefrot, datt d'Aspuerunge solle belount ginn an datt déi Leit, déi net aspueren, selwer musse bezuelen.

Mir hunn dës Iddi schonn e puermol hei an der Chamber erkläert. Leider wäert d'Regierung weiderhin net op dee Wee goen. Dëse Steierkreditt ass näischt anescht wéi déi Kompensatioun, déi scho mat dem Festleeë vun der $CO_2$-Steier decidéiert ginn ass. Mir wëssen net wierklech, firwat dat iwwerhaapt am Accord erwäänt gëtt, well fir eis ass dat hei eng Formsaach. Dat hei war also méi eng Annonce vun eppes, wat et scho gëtt, wéi wierklech eppes Neies ze schafen.

Zu den zwou Mesüren a puncto Logement dann: Éischtens kann ee begréissen, datt et Mesüre gëtt. Mir haten et awer esou verstanen, als wären dës Mesüre scho bei den Assises du logement decidéiert ginn. A fir eis gesäit et natierlech elo esou aus, wéi wann d'Regierung sech einfach hei wéilt zweemol mat deene selwechte Plomme schmücken.

Mir soen och ganz kloer, datt dat heiten absolutt net duergeet, fir dës Logementskris ze bewältegen oder och nëmmen ofzebremsen, am Géigendeel! Dat heite si ganz kleng Drëpsen op e gliddege Steen.

D'Regierung passt elo no 20 Joer ouni Upassungen endlech de bëllegen Akt un an erhéicht de Montant un den Zënsen, déi een däerf vun der Steier ofsetzen, ëm 50 %. Wann eng Koppel haut eng Millioun léine geet, sous condition, datt se geléint kritt, bezilt se 3,85 % Zënsen, ronn 37.500 Euro dat éischt Joer. Op 30 Joer bezilt een dann ongeféier 718.500 Euro un Zënsen. Den Ënnerscheed tëschent dem Undeel, deen een haut kann ofsetzen, an deem, deen ee virun zwee Joer bei 1,8 % Zënse konnt ofsetzen, huet sech méi wéi hallwéiert. Dofir hate mer schonn am Oktober eng Motioun deposéiert, fir den Undeel un Zënsen ze verduebelen, déi ee bei sengem Prêt kann ofsetzen.

Dëst gouf vun de Majoritéitsparteien DP, LSAP an déi gréng ofgeleent mam Argument, d'Steierreform vun 2017 wier genuch an et soll ee keng isoléiert Mesüren huelen, mee strukturell Erliichterunge bréngen. Dësen Accord ass awer genau dat. Dat heescht, manifestement huet sech iergendeppes am Gedankegang geännert. Dësen Accord ass nämlech eng Usammlung vu vereenzelte Mesüren an net déi versprache Steierreform. Dofir deet et eis leed, datt d'Erhéijung vun den Zënsen nëmme mat 50 % kënnt a sechs Méint méi spéit, wéi mer se beim Budget gefrot haten. Mir Piraten hätten eis hei ee méi schnellt Handelen an eng méi grouss Erhéijung ganz kloer gewënscht. A mir bleiwe bei eiser Fuerderung no enger Verduebelung, esou séier wéi méiglech!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, alles an allem sti mir Piraten dësem Accord op den éischte Bléck – an ech hunn nëmmen déi Mesüre kritiséiert,

déi mer ze kritiséieren hunn – positiv entgéint. Eise finalen Accord kënne mer awer natierlech nëmme ginn, wa mer d'Texter gesinn. Well mir hu beim leschten Tripartitt-Accord gesinn, wéi schwéierfälleg et heiansdo ass, déi dach vag Verspriechungen aus dem Tripartitt-Accord a konkreet Texter ze géissen, wéi kompliżéiert et ass, fir do de genaue Kompromëss ze fannen.

An deementspriechend wäerte mir och dës Kéier all eenzelnen Text separat fir sech geholl kucken an eisen Accord dovunner ofhängeg maachen, ob en éischtens dat hält, wat den Accord hei verspréicht, an zweetens, ob en dat och op eng sozial equitabel Aart a Weis mécht an ob et wierklech déi Hëllefe sinn, déi bei de Leit ukommen dee Moment, wou se se brauchen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premierminister Xavier Bettel.

*(Interruption)*

D'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Madamm Finanzministesch, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëll Iech dann am Numm vun der Regierung Merci soe fir déi positiv Reaktiounen, déi mer dann och haut de Mëtteg hei op dësen drëtten Tripartitt-Accord a relativ kuerzer Zäit, an engem Joer, an dësem drëtte Solidaritéitspak hunn. Ech wëll op verschidde Saachen agoen, déi gesot gi sinn, a vläicht aner Saachen, Informatiounen nach komplettéieren.

Wéi ech d'Budgetssituatioun déi leschte Kéier an der Cofibu presentéiert hunn, hat ech annoncéiert, dass sech géif eng Verbesserung vu 500 Millionen am Defizit fir d'Joer 2022 undeiten. Dat ass effektiv manner Defizit.

Domadder konnten dann och Steiererliichterungen an Aussiicht gestallt ginn, wéi ech dat dann och an de Budgetsriede vum Oktober a vum Dezember de leschten Hierscht ugekënnegt hat.

Mir gesinn eng besser ekonomesch Entwécklung fir 2022 a fir 2023. Mir gesinn dat um nationalen Niveau, mir gesinn dat um internationalen Niveau.

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, wannechgelift! Bilateral Gespréicher, duerfir ass déi Plaz dobausse virun der Dier do. Merci villmools.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Merci, Här President. Wéi gesot, mir gesinn eng besser ekonomesch Entwécklung um nationale Plang an um internationale Plang. Dat seet eis de Statec. Dat seet eis d'Europäesch Kommissioun. Dat seet och den FMI. Mir suivéieren natierlech och d'Energiepräisser. Déi schénge sech de Moment ze stabiliséiere respektiv se ginn och zum Deel erof. An trotz den Onsécherheeten, déi et gëtt, ergëtt sech awer domadder e gewëssene Spillraum.

D'Tripartitt hat eeben den duebelen Enjeu, dem Accord tripartite vum September vum leschte Joer gerecht ze ginn, eeben déi drëtt Indextranche fir d'Entreprisen ze kompenséieren an de Phasing-out fir d'Energiemesüren ze decidéieren an zweetens awer och weider op d'Defie vun eisem Land anzegoen. Eng Tripartitt, dat ass en Echange. Eng Tripartitt, dat ass Nolauschteren, an d'Sozialpartner, déi hate jo, wéi Der allegueerte wësst, wéi mer allegueerte wëssen, och Revendicatiounen, déi se dann an dëser Tripartitt haten.

De budgetäre Kader, nach eng Kéier: D'Schold muss ënner 30 % vum PIB bleiwen, wéi et am Koalitiounsaccord steet. Mat der besserer ekonomescher a budgetärer Perspektiv ergëtt sech elo e Spillraum vun enger Gréisstenuerdnung vu 500 Millionen Euro, dee sécherstellt, dass dann dës Limitt, 30 %, och mëttelfristeg respektéiert gëtt.

D'Mesüren, déi dann e Freideg an der Tripartitt geholl goufen, hunn op där enger Säit e punktuellen Impakt, op där anerer Säit e strukturellen, finanziellen Impakt. De punktuellen Impakt, dat sinn dann haaptsächlech d'Ëmsetzunge vun de Mesüren aus deem leschten Tripartitt-Accord, d'Energiemesüren an d'Kompensatioun fir d'Entreprisen. Op där anerer Säit, de strukturellen Impakt, dat sinn d'Mesüren, déi op d'Defien, déi mer an dësem Land dann haut och hunn, aginn, dat ass, d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken, an och, Logementsmesüren ze huelen. An där hu mer an dësem Kader – d'Tripartitt – der och véier geholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech bleiwen derbäi: Eng Upassung vum Barème vu sechs, siwen, aacht Indextranchë wier an dësen Zäiten net responsabel, well de Käschtepunkt vun esou enger Upassung eis da scho fir 2025 iwwer 30 % gedréckt hätt. Eng Upassung vun zwou bis zwou an eng hallef Indextranchen ass hei also de gesonde Mëttelwee a suergt derfir, dass d'Leit engersäits spierbar Entlaaschtunge kréien, dat ass fir eis ganz wichteg, mee och, dass d'Staatsfinanzen net iwwerstrapazéiert ginn.

Ech hunn héieren hei am Kader vun den Diskussiounen de Mëtteg, dass nach vläicht vill Sputt no uewe wär. Ech wëll Iech just soen: Aacht Indextranchen, dat géif 960 Millionen Euro d'Joer kaschten. De bëllegen Akt, esou wéi Verschiddener dat proposéiert hunn, vun 20.000 op 50.000 Euro, dat géif laut de Berechnunge vun eiser Verwaltung bal 300 Millionen Euro d'Joer kaschten. Aleng domadder wäre mer da scho bei 1,3 Milliarden d'Joer. Wa mer dann nach aner Mesüren derbäi géife rechnen, déi déi grouss Oppositiounspartei och proposéiert huet, da wäre mer op 1,8 Milliarden Euro. Bon, do wäre mer dann definitiv net méi bei 20 % Dette vum PIB. Do wäre mer och definitiv net méi bei 30 % Dette par rapport zum PIB.

Et ass de Mëtteg och vu sozialer Selektivitéit geschwat ginn. Och wann ech gäre méi selektiv Mesüre geholl hätt, esou besteet awer e ganz grousse Konsens, dass d'Steiererliichterunge bis wäit an d'Mëttelschicht musse kommen. Dat geschitt elo iwwer eng Upassung vum Barème, esou wéi se souwuel vun de Gewerkschafte wéi vun enger ganzer Rei vu Parteien och heibanne gefuerdert gëtt.

Zousätzlech gi weider Mesüre geholl respektiv och verlängert, déi sozial selektiv sinn. Vun deene profitéieren dann och wierklech déi Leit, déi et am meeschte brauchen. An do wëll ech dann d'Prime énergie mentionéieren am Kader vun der Allocation de vie chère wéi och vun der Kompensatioun vun der $CO_2$-Steier.

Mir wëllen dann och, dass d'Steiererliichterungen esou séier wéi méiglech bei de Leit ukommen. Eng Upassung vum Barème matzen am Joer ass awer méi schwéier an dofir modeléiere mir dës Upassung iwwert de Crédit d'impôt conjoncture, deen da réckwierkend, wéi gesot, op den 1. Januar 2023 wäert ausbezuelt ginn. E Crédit d'impôt hat ech jo och schonn am Virfeld an Aussiicht gestallt an ab dem 1. Januar 2024 spillt dann déi ganz Upassung vum Barème vun 2,5 Tranchen.

Dee ganzen Detail vun de Mesüre muss dann natierlech ausgeschafft ginn. Éischten Estimatiounen no géif d'Prolongatioun vun den Energiemesüren an der Kompensatioun fir d'Patronen, dat heescht, deen ee Volet, ronn 500 Millionen Euro kaschten. An ech wëll och ënnersträichen, dass et hei ëm keng strukturell Käschte geet, mee déi erfalen dann dëst an d'nächst Joer.

Wat dann déi méi strukturell Mesüren ugeet, déi also opgrond vum budgetäre Spillraum och geholl gi sinn, déi hunn e Käschtepunkt, deen dann iwwert déi nächst Joren ënner 500 Millionen Euro läit. Domadder ass dann nach eng Kéier séchergestallt, dass de budgetäre Kader, vun deem ech virdru geschwat hunn, och respektéiert ass. Dat heescht, dass dat ënner 30 % och mëttelfristeg wäert bleiwen, esou wéi et am Regierungsprogramm steet, an dat net nëmme bis zum Schluss vun dëser Legislaturperiod, mee doriwwer eraus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, alles anescht wär effektiv keng responsabel Finanzpolitick. D'Zuele ginn natierlech elo méi prezis ausgeschafft. Déi fléissen dann an d'Fiche financière a vun dem Projet de loi, dee mer elo esou séier wéi méiglech an der Chamber dann och wäerten deposéieren. Si fléissen dann natierlech och an d'Aarbechte vum PSC an, deen ech op där heiter Plaz wäert d'Éier hunn, am nächste Mount dann och ze presentéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och nach eng Kéier der Madamm Ministesch fir déi Erklärungen. Ech sinn awer elo e bësse méi irritéiert, wéi ech nach viru fënnef Minutte war, wéi d'Madamm Ministesch ugefaangen huet.

D'Madamm Ministesch war gëschter Moien Invité um ëffentlech-rechtleche Radio an huet do no e bëssen Hin an Hier am Interview zouginn, datt d'Käschte vun deene Mesüren, déi den Tripartitt-Accord ausmaachen, elo 850 Millionen ongeféier wieren. Si huet elo grad erëm vum Sputt vu 500 Millioune geschwat. Da wéilt ech awer schonn nach eng Kéier nohaken hei, wat dann elo wierklech d'Pond Botter, oder an dësem Fall déi aacht Säiten Tripartitt-Accord, eis kaschte wäerten. Well ech verstinn déi 500 Millioune Sputt, vun deenen ëmmer geschwat gëtt. Dat gëtt vläicht d'Onwuert vum Joer, dat Wuert „Sputt". Mee wann ech déi 850 Milliounen als Grondlag huelen a mir ginn dervun aus, well d'Madamm Ministesch dat gesot huet, datt aacht Indextranchen um Barème unzepassen 960 Millioune géif kaschten, da kann een eng einfach Règle de trois maachen a soen: Majo, siwen Indextranchë wären dann 840 Millionen an da wär domadder u sech dat méi bëlleg gi wéi den aktuellen Tripartitt-Accord!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Rechent den Energiedeckel, Här Clement!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Deen hu mer an der Tripartitt 2.0 jo schonn eng Kéier gestëmmt.

*(Interruption)*

Ma nee, Här Bettel, meng Fro un d'Madamm Ministesch, an ech wär frou, wann ech ...

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Clement däerf seng Interventioun zu Enn féieren.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech stelle just d'Fro: Mir schwätze vu 500 Millioune Sputt, elo schwätze mer vläicht vun 850 Millionen. An dann ze soen, datt

déi Barèmesberengegung de Staat géif kaschten! Do wëll ech awer och eng Kéier nuancéieren: Et kascht näischt! Et wiere manner Recetten. Dat ass eppes anescht, wéi wann d'Depensen an d'Luucht ginn. De Staat misst da vläicht eng Kéier iwwerleeën, ob en net vläicht déi lescht Joren, säitdeem déi Barèmesberengegung ofgeschaaft gouf, e bëssen iwwert senge Moyene gelieft huet, eppes, wou all Haushalt, deen op eemol méi héich Depensë wéi Einnamen huet, sech muss Froe stellen.

An dat kéint ee vläicht ..., oder dat ass eng Fro, déi ech hei an de Raum werfen: ob, wann een dat do gewosst hätt, d'Regierung dann all déi gratis Mesüren, déi se gemaach huet, och esou ëmgesat hätt, wéi se dat déi lescht Jore gemaach huet, oder ob se vläicht awer besser eng Barèmesberengegung gemaach hätt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. Dann och nach Parole après ministre fir den Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, ech mengen, d'Madamm Finanzministesch huet sech adresséiert un d'Propose vun där gréisster Oppositiounspartei. Ech ginn dervun aus, dass dat an hiren Aen d'CSV ass.

*(Hilarité)*

Ech wëll hir awer soen: Dat do, wat Dir hei maacht, Madamm Finanzministesch, dat ass en Offenbarungseed, dass dës Regierung net à même ass, dat, wat d'Leit iwwert déi leschte Jore virfinanzéiert hunn, erëmzeginn. Et ass en Offenbarungseed, wann eng Regierung net méi à même ass, eng Steiertabell un d'Inflatioun unzepassen! An da muss ee sech Froe stellen, wéi dass et esou wäit sollt a konnt kommen. An Dir hutt mer nach keng Äntwert ginn.

Dir sot dann, d'CSV hätt proposéiert, fir de Kreditt „bëllegen Akt" vun 20.000 op 50.000 Euro an d'Luucht ze sëtzen. Mee selbstverständlech, well och dat éischtens Rechnung dréit der Evolutioun vun den Immobiliepräisser an zweetens ass dee Kreditt vun 20.000 Euro net méi ugepasst ginn, säit en agefouert gouf, iwwregens an enger schwaarz-bloer Koalitioun mat Iech 2002. A wann Der deen inflatiounsberengegt héichrechent, da kommt Der sécherlech wäit iwwert déi 30.000 Euro, déi Dir elo proposéiert.

An da stellen ech Iech eng konkreet Fro, déi hat ech Iech schonn a menger Interventioun gestallt, wou et wichteg wier, dass Der Land a Leit als Finanzministesch géift eng Prezisioun ginn: Déi 30.000 Euro, déi Dir elo proposéiert, applizéieren déi sech eleng op déi Leit, déi elo an de Genoss kënne komme vum bëllegen Akt? Oder gëtt et all Bierger bäigeschriwwen op de Kreditt, deen en nach zur Verfügung huet vum bëllegen Akt? Dat ass eng Fro, déi d'Leit dobaussen allegueren interesséiert. An ech wier frou, wann Der déi individuell Moossnam, déi Dir elo proposéiert hutt, och géift chiffréieren. Mee virun allem: Gitt de Leit Kloerheet! Dir hutt dat jo proposéiert. Gitt de Leit Kloerheet: Applizéiert dat sech un allegueren d'Biergerinnen an d'Bierger, déi elo nach e Restant hu vun engem Kreditt „bëllegen Akt"? An datt jiddwereen dat kann op guichet.lu fir seng eege Situatioun nokucken.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Roth. An d'Wuert geet zréck un d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Merci. Ech wëll vläicht fir d'éischt hei ënnersträichen, dass mer awer trotzdeem zwou Krisen haten, eng Pandemie an elo eng ekonomesch Kris, wou d'ëffentlech Hand, wou d'Regierung ganz vill Suen investéiert huet, déi de Leit an den Entreprisen zeguttkommen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Esou ze maachen, wéi wann do näischt geschitt wär, dat ass a bleift einfach net richteg. An an enger Krisesituatioun muss ee sech där Situatioun dann och upassen. Da muss een Decisiounen huelen, wat prioritär ass. An dat huet dës Regierung gemaach.

Wat de Budget ugeet vun dësem drëtten Tripartitt-Accord, wéi ech gesot hunn, do wäerten déi Informatiounen dann och detailléiert an de Fiches financières ze fanne sinn. Wat dat da genau heescht iwwert déi nächst Joren, nach eng Kéier, wäert dann och am Kader vum PSC detailléiert ginn. Ech hunn ni vun engem Chiffer vun 800 an eppes um Radio geschwat. Wat ech Iech ka soen, an dat hunn ech hei gesot, ass vu strukturelle Mesüren op där enger Säit a vun net strukturelle Mesüren op där anerer Säit.

Net strukturell Mesüren, déi mer geholl hunn am Kader vun dësem Accord, dat sinn op där enger Säit d'Energiemesüren. Déi ziele fir d'nächst Joer. An do hunn ech Iech gesot, dat ass chiffréiert op 350 Milliounen Euro. An dann ass et d'Kompensatioun fir d'Entreprisen, déi natierlech och muss gerechent ginn.

Op där anerer Säit déi strukturell Mesüren, well d'Situatioun trotzdem sech och entwéckelt huet, also konjunkturell, wéi de Statec an d'international Organisatiounen eis dat dann och virrechnen. Mir hunn e bësse méi Croissance. Mir hu manner Inflatioun. An an deem Kader huele mer dann, jo, 500, manner wéi 500, Milliounen Euro fir Mesüren, déi dann och de Leit strukturell zeguttkommen. Ech mengen, do hu mer elo en long et en large déi Mesüren erkläert. Dat ass de Crédit d'impôt conjoncture an dat ass d'Upassung vum Steierbarème.

Wat de bëllegen Akt ugeet, déi 10.000 Euro, déi kommen op de Compteur vun de Leit. Bei enger nächster Acquisitioun vun engem Bien kritt een déi dann zegutt, esou verstinn ech dat. Wann een nach net dovunner profitéiert huet, da sinn et natierlech 30.000 Euro elo. An ech mengen, Dir hutt och ganz Recht: Dat ass 20 Joer net ugepasst ginn, et ass héich Zäit! Ech mengen, do si mer eis ganz eens, dass dat elo gemaach gëtt. Dat heescht also, wann ee schonn e Bien kaaft huet, fir dran ze wunnen, an ee scho vun 20.000 Euro profitéiert huet, dann huet een dann nach 10.000 Euro zegutt fir dann eeben en neit Eegenheem.

Voilà, ech mengen, dat sinn alles Saachen, déi ginn elo ausgeschafft. Dee Projet de loi gëtt natierlech dann och mat Iech zesummen an den zoustännege Chamberskommissioune gekuckt, wou d'Experten dat dann och kënnen nach méi am Detail elucidéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci nach eng Kéier der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Dann nach eng Kéier Parole après ministre, eng leschte Kéier, fir den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. Dat heescht am Kloertext: Jiddwer Bierger, wann deen elo zum Beispill nach 5.000 Euro Steierkreditt ophuet, kritt der 10.000 bäi, soudass aus deene 5.000, déi en aktuell huet, der 15.000 ginn. Ass dat esou ze verstoen? Mee dach, 5 plus 10 gëtt 15.

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Ech mengen, dat ass esou, jo.

**Une voix** | Ass et esou? Oder ass et net esou?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also ...

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, mir kënne selbstverständlech elo hei der Madamm Backes ganz vill technesch Froe stellen. Ech mengen, dat ass ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee dat ass ...

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Nee, nee!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | D'Madamm Backes huet Iech gesot, do sinn an hire Servicer eng Rëtsch ...

*(Brouhaha)*

Si kënnt och elo an d'Kommissioun, si kënnt Iech alles erklären. An ech mengen, probéiert elo net, d'Madamm Backes hei ze grille mat Froen.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, ech froe just, mir hunn hei ...

*(Interruption)*

**Une voix** | Mir sinn net op engem Grillfest!

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Roth eng allerleschte Kéier, well et gëtt nëmmen zweemol Parole après ministre.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, mee wann allkéiers en anere Minister mir eng Fro stellt ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo.

*(Hilarité)*

**Une voix** | En huet keng Fro gestallt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här Staatsminister, hei geet et net drëm, fir een ze grillen, mee et geet awer e bëssen ëm d'Seriositéit vun enger Diskussioun, déi mer elo zënter zwou Stonnen an dësem Haus féieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dir an d'Majoritéitsparteie loosst eng Motioun ofstëmmen, wou der sot: „mesures telles qu'elles ont été proposées par le Gouvernement". Ech soen Iech ganz éierlech: Als einfachen Deputéieren an dësem Haus a Landjong vu Mamer ...

*(Hilarité)*

... ginn ech awer dervun aus, dass, wann d'Regierung seet: „Wäissen Damp kënnt zu Senneng eraus", se weess, wat fir eng Mesüre se der Tripartitt proposéiert. An ech mengen awer, dass et fir d'Leit dobaussen, wa se gesot kréien: „De bëllegen Akt geet vun 20.000 op 30.000 an d'Lucht", dat elementaart Recht vun de Leit ass – a mir heibanne sinn d'Vertrieder vun de Leit –, fir kënnen ze wëssen, wat domadder gemengt ass. Dat musst Der eis awer och zougestoen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Roth, ech wëll Iech einfach informéieren, datt ech zum Schluss vun der Sitzung d'Chamber wäert froen, fir d'Tripartitt-Kommissioun erëm eng Kéier nei ze constituéieren, an dat ass déi Plaz, wou am Fong och deen doten Echange iwwer Detailer ka gemaach ginn.

*(Brouhaha)*

***Motion 1***

Ech mengen, dëse Punkt kënne mer awer net ofschléissen haut, ouni nach iwwert d'Motioun ze befannen. Wëllt nach een d'Wuert zu der Motioun ergräifen? Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci. Also, ech wëll dat net verlängeren. Selbstverständlech steet d'CSV och no deem Echange, dee mer haten, hannert der Zilsetzung, dat hu mer ganz kloer gesot, vun deene Moossnamen, déi zréckbehale goufen. Mir géife just zu enger Ëmännerung vum Text, deen d'Regierung proposéiert, invitéieren, och am Respekt, soen ech, vun deenen dräi Verhandlungspartner. Zu de

Verhandlungspartner zielen nämlech d'Regierung, d'Gewerkschaften an d'Patronat. An Dir schreift dat hei e bëssen am Invite ...

*(Interruption)*

D'Motioun vun de Majoritéitsparteie seet richteg: „à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles ont été proposées par le Gouvernement et approuvées par les délégations et de trois syndicats et du patronat représentatifs".

Ech géif Iech proposéieren, dass ee sollt dee selwechte Wording huelen, dat hu mer nämlech nogekuckt, wéi mer en hate bei deene viregten Tripartitt-Accorden, an et géif ee schreiwen: „à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles ont été stipulées dans l'accord du comité de coordination tripartite du 7 mars" – dat ass also haut – „2023."

Dat wier méi equilibréiert an et géif een net d'Gewerkschaften an d'Patronat esou dohinnerstellen: „Dir hutt just ze approuvéieren oder net ze approuvéieren, wat d'Regierung proposéiert!" Eng Tripartitt ass eng Diskussioun. Jiddweree stellt do seng Fuerderungen a jiddwereen huet seng Virstellungen. Et géif een einfach zréckbehalen: „Mir stinn hannert deem, wat an deem Accord retenu ass." Also „stipulé" oder „retenu", eis ass dat egal.

Dat ass dat, wat mer géifen als Ëmännerung maachen. Mir sti selbstverständlech hannert deem Prinzipp.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Roth. An ech géif direkt d'Wuert un den Auteur ginn, den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hunn elo eng Kéier kuerz dorower gekuckt bei de Kolleeg Yves Cruchten. Wéi gesot, dat ass de Wording, dee mer an der leschter Motioun zum Solidaritéitspak 2.0 haten. Ech soe Merci fir déi Propos. A mir kënne ganz gutt domadder liewen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Baum. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, ech mengen, ech war naiv, wéi ech meng Interviewen elo déi lescht zwee Deeg ginn hunn. Ech sot der Press nämlech, ech wär dervun ausgaangen, et wär eng Enveloppe gi vu 500 Milliounen. D'Madamm Ministesch huet eis wärend Woche virun der Tripartitt ëmmer vu 500 Millioune geschwat. An ech hunn och a menger Naivitéit gegleeft, domadder wär de Käschtepunkt vun der Tripartitt bekannt. Elo entdecken ech hei an der Sëtzung, nodeem ech dann nogefrot hunn, datt et eppes ënner 500 Millioune fir déi strukturell Saache sinn, 350 Milliounen hei, an dann och Kompensatiounsmoossnamen gëtt, wou mer guer kee Chiffer héieren hunn.

Ech di mech elo wierklech schwéier, als Parlamentarier heibannen eng Motioun ze stëmmen, déi mat engem Streech iergendeppes zwëschent 500 an 850 Milliounen engagéiert – vläicht och méi, well esou ganz genau konnte mer dat elo net héieren. Ech stinn hannert deem Accord. Ech fannen, datt et wichteg ass, datt déi Mesüre gemaach ginn. Mee ech fannen, datt de Respekt virun der Ëffentlechkeet, de Respekt virum Parlament, de Respekt viru Land a Leit gebitt, datt mer en éierlechen Debat hunn driwwer, wat d'Pond Kiischte kascht. Et kann dach net sinn, datt mer hei ofgewëscht gi mat: „Et kascht ongeféier" a „vläicht"!

Ech hätt mer erwaart, datt d'Chamber haut wéinstens informéiert gi wär, wat déi eenzel Mesüre kaschten, maximal kaschten, well mir wëssen aus anere Mesüren, datt se vläicht net ëmmer dat kaschten, wat mer gestëmmt hunn – glécklecherweis! Mee op där anerer Säit hu mer och reegelméisseg hei Projeten, wou mer e Budget stëmmen a kuerz drop dann nach eng Kéier erëmkommen, fir dat Duebelt nach eng Kéier ze stëmmen, fir net vu Satellitten ze schwätzen.

Also, ech di mech wierklech schwéier. Ech hätt geduecht, déi Enveloppe wär bekannt gewiescht. Ech géif mer wierklech wënschen, datt mer, wa mer nach eng Kéier esou eppes musse stëmmen, an Zukunft wéinstens wëssen, iwwer wat fir Montante mer hei schwätzen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

Da kënne mer zum Vott vun däser Motioun kommen.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*– constatant le contexte international incertain avec une inflation toujours élevée ;*

*– rappelant que le Comité de coordination, institué en tant qu'organe de concertation en temps de crise, fait partie intégrante du modèle économique et social luxembourgeois ;*

*– considérant que l'accord tripartite dénommé « Solidaritéitspak 2.0 » prévoyait l'organisation d'une nouvelle réunion du Comité de coordination tripartite au cas où le Statec établirait au cours de l'année 2023 qu'un arrêt des mesures provoquerait un choc inflationniste en début 2024 ;*

*– considérant que, suite aux nouvelles prévisions du Statec du 8 février 2023, le Premier Ministre a convoqué les partenaires sociaux pour une réunion du Comité de coordination tripartite en date du 3 mars 2023 ;*

*– considérant qu'à l'issue de cette réunion, le Gouvernement et les partenaires se sont mis d'accord sur un paquet de mesures, permettant d'éviter un choc inflationniste en début 2024 et d'aider les ménages et les entreprises par des mesures spécifiques ;*

*– approuvant que le système actuel d'indexation des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités n'est pas remis en cause,*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles sont stipulées dans l'accord du Comité de coordination tripartite du 3 mars 2023.*

*(s.) Gilles Baum, Dan Biancalana, Yves Cruchten, Pim Knaff, Josée Lorsché.*

***Vote sur la motion 1 modifiée***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 7. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Den Deputéierten huet zwou Minutten, fir seng Fro ze stellen, an der Regierung sti véier Minutten zou, fir drop ze äntweren. An ech biede souwuel d'Deputéiert wéi och d'Ministeren, sech un dësen Temps de parole ze halen.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 410 vum Här Max Hengel un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert d'Zesummesetzung vum Comité de pilotage, dee sech ëm d'Ausschaffe vum nationale Plang vun der Santé mentale këmmert. Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 410 du 7 mars 2023 de M. Max Hengel relative à la composition du comité de pilotage qui est chargé de l'élaboration du plan national de la santé mentale, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Max Hengel** (CSV) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister, d'Santé mentale ass e wichtegt Theema, dat leider ëmmer méi eng grouss Bedeitung kritt, an och grad a Krisenzäiten ass den Drock op d'Leit ëmmer méi grouss. De Koalitiounsaccord vun 2013 huet och d'Ausschaffe vun engem Plan d'action pour la santé mentale virgesinn.

*(Brouhaha)*

Ech mengen, mir brauchen nach ee Moment Rou, bis mer zur Rou kommen. Awer ech hunn Zäit, mir si jo gutt an der Zäit.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Mee den Här Hengel huet Recht.

*(Interruption)*

Hien net eleng. Mee et sinn och nach eng ganz Rei anerer, déi him gären nolauschtere géifen.

**M. Max Hengel** (CSV) | Iergendwéi ass ëmmer, wann ech zur Santé mentale schwätzen, e bëssen Action hei virdrun. Duerfir, da komme mer awer elo erëm zur Rou.

Also, nieft de Psychiatere sinn d'Psychotherapeuten an d'Psychologe ganz wichteg Acteuren am Beräich vun der Santé mentale. Mengen Informatiounen no ass et awer esou, datt weeder d'FAPSYLUX – dat ass d'Federatioun vun de Psychotherapeuten – nach d'SLP, d'Société luxembourgeoise de psychologie, am Comité de pilotage, dee mam Ausschaffe vum Plan national de la santé mentale beoptraagt ass, vertruede sinn.

Doweinst meng Froen un d'Madamm Minister: Ka si confirméieren, datt dës zwee wichteg Acteuren net matagebonne sinn an d'Ausschaffe vum Plan national de la santé mentale? Wa jo, firwat ass dat esou? Deelt d'Regierung awer d'Meenung, datt et wichteg wier, datt all déi concernéiert Acteuren aus deem Beräich matagebonne sinn an esou engem Comité de pilotage? Ech mengen, et geet hei ëm d'Santé mentale

vun de Leit an do ass et wichteg, datt d'Resultater esou effikass wéi méiglech sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hengel. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Merci, Här President. Et ass schued, dass d'Fro net méi prezis war, dann hätt ech dat méi prezis kënnen opschaffen. Mir hu beim Comité de pilotage insgesamt 26 Acteuren, déi dra sinn. Wann ech elo kucken – wou hunn ech déi? –: déi, déi Dir elo zitéiert, net. Et gëtt awer méi Gremien an där ganzer Gouvernance. Mir hunn Acteuren, déi implizéiert sinn an den Aarbechtsgruppen, dat sinn der insgesamt 26 mat 54 Leit. Do ass op alle Fall d'FAPSYLUX derbäi an eng ganz Rei Acteure vum Terrain, wou eeben och d'Psychologen, do ginn ech mol dervunner aus, duerchaus mat vertruede sinn.

Ob awer elo déi dote spezifesch Associatioun dran ass, do kréien ech elo op der Sekonn hei meng Dräi-Säite-Lëscht net duerchgelies. Do bräicht ech eng Minutt, fir dat ze kucken. Ech kann Iech se awer gären all opzielen, déi dra sinn, da wësst Der dat. Dofir sinn ech preparéiert. Mee fir et elo ze orten ... Wéi eng war déi zweet, déi Der gefrot hat?

**M. Max Hengel** (CSV) | D'SLP war déi zweet, d'Société luxembourgeoise ...

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | D'Société luxembourgeoise des psychologues. Ech mengen net, dass déi dra sinn, wann ech dat ...

Dir wëllt spezifesch de Comité de pilotage. Do kann ech Iech soen, wien dran ass. Do hu mer d'Universitéit Lëtzebuerg, déi vertrueden ass. Mir hunn de Centre d'information et de prévention vun der Ligue mat enger Persoun dran. Mir hunn de Service psychosocial vun der Fonction publique mat dran. Do si selbstverständlech iwwerall Psychologen an deene Gremien. A mir hunn och d'Societéit vun de Psychiateren, Pedopsychiateren a Psychotherapeute mat dran. Dann hu mer och zwee Leit vun der Entente des gestionnaires des structures extra-hospitalières. Dat ass dee ganze Secteur eeben, wou och ganz vill Psychologen dra sinn, an och e Spidolsvertrieder. Dat ass awer e Psychiater, dee mer dran hunn.

Mee wéi gesot, Psychologen hutt Der op alle Fall iwwert de Service vun der Fonction publique mat dran, iwwert de Centre d'information et de prévention vun der Ligue, ginn ech emol dervun aus, an dann iwwert d'Entente des gestionnaires. Also, dat ass dat, wat de Comité de pilotage selwer betrëfft. An den Aarbechtsgruppe gesinn ech op alle Fall FAPSYLUX hei stoen, an och an der Plateforme consultative, déi jo och dréit ronderëm dat Ganzt. Dat ass nach eng Kéier en Ensembel vun 48 Acteuren aus deem ganze Secteur, wou duerchaus wäerte Psychologe mat ronderëm den Dësch sëtzen. Mee d'Associatioun gesinn ech ... Réseau Psy gesinn ech, mee déi dote gesinn ech net. Wann nach ee mer eng SMS mécht aus dem Haus, dass et anescht wär, géif ech Iech dat matdeelen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 411 vun der Madamm Carole Hartmann och un d'Gesondheetsministesch iwwert den Informatiounsaustausch um europäeschen Niveau, wat d'Dokteschzouloossungen ubelaangt. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 411 du 7 mars 2023 de Mme Carole Hartmann relative à l'échange d'informations au niveau européen concernant l'autorisation d'exercer des médecins, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, Madamm Minister, an der Lescht héiert een ëmmer nees vu Fäll, wou een Dokter am Ausland viru Geriicht gestallt gouf a seng Autorisation d'exercice oferkannt krut, mee sech hei am Land als Dokter néiergelooss an och weider praktizéiert huet. Et gouf och Beispiller en sens inverse, an et war elo och haut de Moien nach e Beispill an der Press vun esou engem Fall.

De Problem ass, esou wéi dat an der Press stoung, och dem Santésministère bekannt. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro hat Dir och schonn annoncéiert, dass e Gesetz iwwert d'Autorisation d'exercer vun den Doktere sollt ugepasst ginn. Dokteren, déi am Ausland hir Autorisation d'exercer suspendéiert kruten, solle se och hei am Land fir dee selwechten Zäitraum verléieren.

An deem Kontext wollt ech Iech follgend Froe stellen: Wou genee sinn d'Aarbechten, fir dëst Gesetz unzepassen, mëttlerweil drun? Gëtt et aktuell, onofhängeg vun dësem Gesetz, en Informatiounsaustausch mat eisen Nopeschlänner respektiv och op EU-Niveau iwwert d'Autorisation d'exercer vun Dokteren? A wann net, setzt Dir Iech, Madamm Gesondheetsminister, fir den Opbau vun esou Informatiounsaustauscher an?

2014 hat déi deemoleg Gesondheetsministesch och annoncéiert, datt d'eSanté en Onlineannuaire erstelle géif, wou all Patient iwwerpréiwe kéint, ob d'Autorisation d'exercer vun engem Dokter Objet vun enger Mesure de retrait oder de suspension wier. Sidd dir, Madamm Gesondheetsministesch, der Meenung, datt esou een Annuaire eng Plus-value fir d'Informéiere vun de Patiente wär? Wann net, firwat net?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hartmann. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Jo, merci. Ech géif do verweisen op d'Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum 13. Oktober 2020, wou mer op deen europäeschen Informatiounssystem agaange sinn.

Wourëms geet et do? All Memberstaat huet u sech d'Verflichtung matzedeelen, wann esou eng Situatioun ass. Dat ass awer wuelverstanen, wann eng definitiv Decisioun geholl ass. Wann eng Enquête leeft, kann een net agedroe ginn an deem Sënn. Mir verfueren esou, dass mer méi Informatioune kréien, wéi dat schonn e puermol de Fall war. Da kënne mir bilateral iwwert déi Plattform nofroen. Dat hate mer och dee Moment geschriwwen. Ech ka se och nach eng Kéier virliesen. Um europäeschen Niveau gëtt et eng Plateforme d'échange, genannt Internal Market Information System, IMI, wou Informatiounen zwëschent de Memberstaaten ausgetosch ginn. Dat ass dat, wat Der frot. Dat maache mer och reegelméisseg, eeben iwwert Decisioune souwuel am disziplinaresche wéi och am strofrechtleche Beräich.

Et ass dann an der Verantwortung vun deenen eenzelnen Autoritéiten, dat anzedroen. A se maachen dat. Dat féiert oft zu Mëssverständnisser. Also, wann ee just accuséiert ass, ass d'Présomption d'innocence, déi gëllt, dann ass dat nach net agedroen. Mee wann eng definitiv Condamnatioun do ass, steet dat dran. Dat ass esou, wéi mir verfueren an deenen eenzelne Fäll.

Dat, vun deem mir rieds haten, war, dass mer eis géifen eng gesetzlech Basis ginn, fir een automatesch ze sträichen. Déi hu mer nach net. Dat wäerte mer bei Geleeënheet mat afléisse loossen. Mir maachen dat awer eeben au cas par cas, dat hu mer jo scho gemaach. Déi Plattform, déi Der hutt, déi Informatiounen, dat ass op der Plattform eSanté. Do fannt Der d'Lëscht vun den Dokteren. Déi ass ëmmer aktuell, déi ass ëmmer alignéiert mat eisem Regëster. Dat heescht, wann ee gestrach ass, dann ass dat do schonn ofliesbar, soudass dat u sech am Moment au cas par cas funktionéiert.

Mir hu keng automatesch Sträichung. Wat mer reegelméisseg maachen, wa mer esou eng Situatioun hunn: Da froe mer och en Avis beim Collège médical an dann huele mer eeben eng eenzel Decisioun. Mee Dir fannt et, wéi gesot, op der Plattform eSanté. Dat ass am Fong d'Mise en oeuvre vun deem, wat 2014 do annoncéiert war. Do hutt Der déi Lëscht vun den Dokteren dropstoen.

An d'IMI-Plattform, déi funktionéiert u sech gutt. Do kann een aktiv drop kucke goen, wann een ee sicht, oder eeben eng spezifesch Ufro maachen. Ech mengen, dat hate mer schonn heiansdo, dass, wa Saachen an der Press diskutéiert ginn, mer dann eeben iwwert dee Wee eng Ufro maachen an och eng Äntwert kréien. Voilà.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kéimen dann zur Fro Nummer 412 vum Här Fred Keup un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert d'Cents-Neiduerf-Passerell. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 412 du 7 mars 2023 de M. Fred Keup relative à la passerelle Cents-Neudorf, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, den Ëmweltministère huet elo d'Autorisatioun ginn, fir d'Foussgänger- a Vëlosbréck am Stater Neiduerf ze bauen. De Schäfferot vun der Gemeng Lëtzebuerg huet ugekënnegt, am Hierscht mat den Aarbechten, déi minimum 24 Millioune Euro wäerte kaschten, unzefänken.

Den Interessesyndicat vum Neiduerf wiert sech awer zënter 2007 scho géint dee Bau vun der Bréck an huet och Alternativstanduerter proposéiert.

Do, wou d'Bréck aktuell stoe soll, mussen op béide Säite vum Dall e puer Honnert Beem ofgeholzt ginn. Den Ëmweltministère huet viru Kuerzem d'Autorisatioun erausginn, trotz dem Fait, dass do d'Presenz vum Uhu, der gréisster Eil vum Land, offiziell festgestallt ginn ass an d'Plaz deemno zum Anzuchsgebitt vun eeben dem Uhu gehéiert. D'Déier ass geschützt an op der rouder Lëscht.

Et fält och op, dass de Ministère am Kader vum Bauprojet keng Ëmweltimpaktstudie gemaach huet, obschonn dat bei Stroossebauprojeten u sech Usus ass.

Dofir hunn ech follgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister: Eisen Informatiounen no wëllen d'Bierger elo virum Verwaltungsgeriicht géint d'Decisioun vum Ëmweltministère kloen. Wéi reagéiert Dir dorobber? A riskéiert de Projet, doduerjer e Retard ze kréien? An déi zweet ass: Ass de Projet iwwerhaapt mam Schutzstatus vum Uhu an Aklang ze bréngen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Keup. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Joëlle Welfring, huet d'Wuert.

*(Brouhaha)*

Uhu, e bësse méi roueg!

*(Hilarité)*

**Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci, Här President. Also, et geet hei ëm eng Autorisatioun, déi den 21. Februar 2023 op Basis vum Naturschutzgesetz erdeelt ginn ass. D'Autorisatioun ass fir de Bau vun där Foussgänger- a Vëlosbréck am Neiduerf, déi den Cents, d'Neiduerf an duerch de Lift och de Weimeschhaff matenee verbanne soll. Et ass e Projet vun der Gemeng Lëtzebuerg.

Am Virfeld dovunner war iwwerpréift ginn, ob déi Bréck ënnert d'Dispositioune vum Gesetz iwwert d'Ëmweltverträglechkeet vu bestëmmte Projete géif falen. Dat ass awer net de Fall, well de Projet eeben net déi Envergure huet, déi déi Projeten, déi dodrënner falen, normalerweis hunn.

Déi ursprénglech Naturschutzdemande war vum Mäerz vum leschte Joer an et waren net all d'Informatiounen direkt dran, déi gebraucht gi wieren, soudass eréischt eng fondéiert Decisioun konnt geholl ginn, nodeem verschidden Informatiounen nogeliwwert gi sinn, notamment en adaptéierten Ekobilan, donieft och e Rapport iwwert d'Presenz vum Uhu an och d'Repercussioune vum Projet op säi Liewensraum. Dës sinn all am Laf vun der Prozedur nogeliwwert ginn an aner Informatiounen iwwert d'Vullen an d'Fliedermais louche vun Ufank u vir. Voilà.

Am Naturschutzgesetz spillen do verschidden Artikelen: den Artikel 6, dee seet, dass een innerhalb vum PAG – an an dësem Fall läit en am PAG, wou an dësem Fall och nach eng Zone forêt betraff ass – fir eng Constructioun eeben eng Geneemegung brauch, an den Artikel 17, deen eebe beseet, dass, wa fir d'Bréck – an dësem Fall am urbaniséierte Raum –, déi geplangt gëtt am PAG, verschidde Planze mussen ewechgeholl ginn, wou och geschützt Liewensraim drënner sinn, déi riskéieren, reduzéiert, zerstéiert oder verschlechtert ze ginn, eeben en Ekobilan muss presentéiert ginn.

Dëst huet zu engem Defizit vun 133.037 Punkte gefouert. Déi virgesi Kompensatiounsmoossnamen entspriechen 38.334 Ekopunkten, soudass do en Defizit ass vu 44.703 Punkten, déi da mussen nobezuelt ginn, an ee Punkt entsprécht jo engem Euro. Voilà.

D'Geneemegung, déi dann erstallt gouf, schreift also verschidde Konditioune vir beim Chantiersoflaf, fir den Impakt vun esou engem Bau esou kleng wéi méiglech ze halen, an et stinn och Mesüren dran en faveur vun de Vullen an de Fliedermais, zum Beispill Kontrollen, ob Fliedermais an deene Beem sinn, déi mussen ewechgeholl ginn. An da mussen déi dann och schounend, soen ech emol, ewechgeholl ginn, fir dass de Fliedermais, wa se dann dra sinn, näischt geschitt. Et musse Mesüre geholl gi géint d'Liichtpollutioun an et muss och e speziellt Glas fir d'Bréck agebaut ginn, fir dass d'Villercher dat dann och gesinn, an et ass notamment och e Verbuet fir Nuetsaarbechten dran.

Et ginn awer och Ausgläichsmoossname virgeschriwwen: fir de Routschwänzchen zum Beispill Vullekëschten, Nistkästen op Däitsch, an dann och Kompensatiounsplanzunge fir Hecken a Beem sur place – d'Gemeng huet dat proposéiert an dat ass och eng gutt Saach – an och Kompensatiounsplanzunge fir de Bësch, wou eeben déi gesamt Planzungen net duerginn, fir de gesamten Ekobilan dann ofzedecken. Dofir mussen eeben nach Punkten nokaaft ginn.

Zum Uhu schreift d'Autorisatioun tatsächlech näischt vir, well laut dem agreéierten Expert den Uhu wäit genuch vum Chantier ewech ass. An et gëtt och keen Indice fir d'Presenz vun anere schützenswäerte Vullen.

Voilà, dat sinn also all d'Aspekter, déi en lien si mam Naturschutz, deene souwuel an der Demande wéi och an der Autorisatioun Rechnung gedroe ginn ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 413 vun der Madamm Cécile Hemmen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert d'Asammelung vu gréngem Offall nom Schneide vun Hecken a Gestraicher. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 413 du 6 mars 2023 de Mme Cécile Hemmen relative au ramassage des déchets verts résultant de la taille des haies et buissons, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou wéi et vun der Gesetzgeebung jo virgesinn ass, kënnen d'Hecken an och soss Äscht a Gestraicher vun November bis maximal Enn Februar geschnidde ginn. An doropshi gi jo dann déi Äscht an och soss den Heckeschnëtt jee no Volume op méi oder manner grousse Kéip zesummegeluecht. Verbrennen ass jo bekanntlech verbueden. Deemno geet de Privatmann hin an déi Saache ginn entweeder gehäckselt oder se ginn awer op Sammelplazen ofgeliwwert oder awer, wann et ganz grouss Kéip sinn, déi zum Beispill vu publicke Plazen hierstamen, ginn déi dann och vun den zoustännege Servicer ofgeholl an déi ginn dann och gehäckselt. Sou wäit, sou gutt.

Mee en attendant a bis elo leien awer nach eng Partie där grousser, décker Kéip mat deenen Hecken a soss Gestraicher uechtert d'Land op verschiddene Plazen an déi waarden dann drop, fir do entsuergt ze ginn.

Et ass awer elo esou, dass duerch de Klimawandel respektiv déi ganz héich Temperaturen, déi jo och nach am Dezember waren, wou mer jo emol deegweis nach 15 Grad haten, eis Fauna a Flora och liicht aus hirem Gläichgewiicht geroden an och aus der Zäitschinn erausgeroden ass. Esou ass zum Beispill de Kéiseker méi spéit a säi Wanterschlof gaangen an dee wäert dann och bis viraussiichtlech Enn Abrëll a senger Stopp bleiwen, an dacks ass dat och am Koup vun esou engem Heckeschnëtt.

An et sinn och eng Partie Villercher, déi vill méi fréi ufänken, hir Nëschter ze maachen. Lues a lues maache si sech och elo un d'Aarbecht, souguer elo schonn am Mäerz. An déi Aarbecht, déi wäert dann och an den Hecken oder och an deem Koup Gestrëpp ze fanne sinn. An déi Villercher, hunn ech mer soe gelooss vun Natur an Ëmwelt, dat sinn d'Märel, d'Routbrëschtchen, de Poufank, den Zillzapp oder awer och den Zonkebutz.

Madamm Minister, meng Fro dann elo: Au vu vun dëse Feststellunge läit jo awer op der Hand, dass déi Kéip mam Heckeschnëtt op kee Fall virun Enn Abrëll ewechgeholl a scho guer net gehäckselt dierfte ginn. Ass deemno ugeduecht, eng Recommandatioun an déi Richtung erauszeginn?

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci un d'Madamm Hemmen. D'Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring huet d'Wuert.

**Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Voilà, merci fir dës Fro. Wéi déi meescht vun Iech wëssen, dierfen eenheemesch Hecken a Sträicher gradesou wéi Bëschränner just tëschent dem 1. Oktober an dem 1. Mäerz geschnidde ginn, also an de Wantermëint.

An der Gréngzon kënnen d'Bauerebetriber op de Service vum Maschinnebauréng zeréckgräifen, déi dësen Heckeschnëtt siche kommen. Dee Service ass duerch e Kontrakt mat der Ëmweltverwaltung gereegelt. Dësen hält ënner anerem fest, dass de Gréngschnëtt just bis Enn Mäerz dierf agesammelt ginn. Sollt dëst net an dëser Period méiglech sinn, muss de lokale Fierschter den Heckeschnëtt begutachten, ier en dierf agesammelt ginn. Gëtt hei festgestallt, dass do scho Vulle mam Naschtbau ugefaangen hunn, dierf den Heckeschnëtt eréischt an der nächster Saison erëm vum Maschinnebauréng agesammelt ginn.

Dës Virschrëften, gradesou déi vum Schnëtt wéi och déi vum Asammele vun den Hecken, bestinn eenzeg an eleng aus dem Grond, Vullen an aner Déieren net beim Bréien an Opzéie vun hire Klengen ze stéieren. Et ass jo och eng Virschrëft vum Naturschutzgesetz, dass een déi wëll Déieren net stéieren däerf. Effektiv ass et nämlech esou, dass déi kleng Vullenaarten, déi dëse Liewensraum ausserhalb vum Bësch fir d'Bréien an d'Opzucht vun hire Jonke benotzen, an der Reegel tëscht Mëtt Abrëll a Mëtt Mee mam Naschtbau ufänken.

Parallell gëtt duerch verschidde Sensibiliséierungsmoossnamen, notamment vun de Gemengesyndikater am Naturschutzberäich, och versicht, Alternativen zum Oftransport vum Heckeschnëtt erëm méi geleefeg ze maachen. Esou ass et ënner anerem méiglech, dass ee mam Heckeschnëtt sougenannt Benjeshecken – ech weess net, wéi bekannt dee Begrëff ass, dat sinn déi vertikal geluecht, getesselt Doutholzkéip oder och einfach Doutholzkéip – kann uleeën, déi dann och iwwer Joren e wäertvolle Liewensraum bidde fir Vullen a Klengdéieren oder och fir Fräschen, Molchen an och Insekten. Voilà.

Et sief och nach ze bemierken, dass déi virdru genannt Oplagen net fir Schnëtthecken an aner dekorativ Sträicher am Beräich vu Wunnhaiser gëllen, dëst souwuel am Bauperimeter wéi och an der Gréngzon. Hei ass et da wichteg ze verstoen, dass déi oft net esou opgesicht gi vun Déiere fir ze bauen. Et kann awer méiglech sinn, dofir ass et awer och trotzdeem ubruecht, dass ee virum Schneiden dorop oppasst a kuckt, ob sech do net schonn Déieren dran agenist hunn.

Voilà, dat ass dat, wat ech elo wollt soen. Fir eis sinn déi dote Perioden nach ëmmer déi richteg. Ech wäert awer nach eng Kéier nofroen, ob een do vläicht eppes muss drun änneren, mee eisen Informatiounen no sinn dat doten nach ëmmer déi richteg Perioden.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Welfring

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 414 vun der Madamm Myriam Cecchetti un den Här Energieminister iwwert d'Ausmooss an den Impakt vu russesche GNL-Importatiounen. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 414 du 7 mars 2023 de Mme Myriam Cecchetti relative à l'ampleur et l'impact des importations de GNL russe au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Énergie et à M. le Ministre de l'Aménagement du Territoire**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, ech wollt dem Energieminister haut e puer Froe stellen, wat d'Flësseggasimporter ugeet. Nodeems de Putin – also Russland – an d'Ukrain agefall ass am Februar 2022, huet d'Europäesch Unioun Gasimporter aus Russland reduzéiert, fir

net méi ofhängeg ze si vun engem Land, dat einfach an en anert Land afält a sech absolutt keen Deit ëm Mënscherechter schäert.

Laut Zuele vun der Europäescher Unioun huet den Undeel vum russesche Gas 2021 nach 40 % ausgemaach. Fir 2022 konnt dësen awer op 11 % reduzéiert ginn. Fir awer dee Lack do kënnen ze decken, ass dunn op Flësseggas zréckgegraff ginn.

Laut Informatioune vu Februar 2023 vun enger ONG wär Russland hei awer entre-temps deen zweetgréissten – d'USA wieren dee gréissten – Lieferant vun esou engem Gas an der Europäescher Unioun. Dës Importatioune wären ëm 36 % an der Europäescher Unioun 2022 geklomme par rapport zu 2021. An dësem Kontext wären déi belsch Importatioune via den Terminalhafen Zeebruges 2022 ëm 28 % geklommen. De Gasmix an der Belsch géif am Moment 12 % russesche Gas enthalen.

Kann de Minister confirméieren, datt de russesche Pipelinegas am Lëtzebuerger Reseau an Deeler duerch den iwwer Zeebruges importéierte Flësseggas ersat ginn ass? Vu datt Lëtzebuerg en integréierte Gasmarché mat der Belsch forméiert an och iwwert den Terminalhafen Zeebruges approvisionéiert gëtt, wëll ech och vum Här Energieminister wëssen, ob hie sech dësen Zuelen iwwerhaapt bewosst ass.

Wat ass dem Energieminister seng Positioun géigeniwwer dëser Entwécklung, wuel wëssend, dass all d'Efforten an der Europäescher Unioun an zu Lëtzebuerg jo zum Zil hunn, eis vun enger Ofhängegkeet vu Russland ze léisen, mir awer dann eigentlech déi eng Ofhängegkeet, déi vum Gas, duerch de Flësseggas hei géifen ersetzen?

Wier et net méi opportun, d'Fangeren heivunner ze loossen, wuel wëssend, datt d'Extraktioun vum Flësseggas immens vill Naturschied verursaacht, an direkt nach vill méi an déi Erneierbar ze stiechen? Gesäit de Minister et als problematesch a widdersprëchlech un, dass mir mat de steigende Flësseggasimporter aus Russland de Regimm vum Putin wéi och säi Krich matfinanzéieren, wuel wëssend, datt zu Lëtzebuerg, wéi bal iwwerall an Europa, dëse Gas och mat Steiergelder subventionéiert ass?

Merci am Viraus fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. Den Här Energieminister Claude Turmes huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Här President, léif Deputéiert, merci der Madamm Cecchetti fir dës Fro. Ech wëll vläicht einfach nach eng Kéier de Kader gi vun deene verschiddenen Embargoen, déi mer decidéiert hunn am Kader vum Putin senger Aggressioun op d'Ukrain.

Et gëtt an der Europäescher Unioun en Embargo, also e Verbuet, fir russesche Pëtrol ze importéieren, an et gëtt e Verbuet, fir russesch Kuel ze importéieren. Et gëtt awer keen Embargo, et gëtt kee Verbuet am Moment, fir russesche Gas ze importéieren. An dat huet den Hannergrond, dass zwee oder dräi Länner, virun allem an Ost- an a Mëtteleuropa, am Moment schwéier géifen u genuch Gas kommen, wa se guer kee russesche Gas géife kréien. Dat Land, dat am stäerkste betraff ass, ass d'Slowakei, well et do keng aner Méiglechkeete gëtt, fir am Moment physesch genuch Gas dohinner ze bréngen, wann déi guer kee Gas méi aus Russland kréien.

Dat gesot, hu mer et duerch déi Embargoen an och all déi Moossnamen, déi mer geholl hunn – Gasspäicher obligatoresch fëllen, 15 % um Welt-LNG..., also um Flëssegäerdgasmarché, akafen –, trotzdeem färdegbruecht, de russesche Gas vu 40 % op ... déi neisten Zuele sinn ënner 10 % erofzedrécken. A mir hunn et duerch den Embargo op Ueleg, Kuel an eeben och manner Gas och fäerdegbruecht, dass d'Revenue vum Putin vun all deene fossillen Energien ëm 38 % gefall sinn iwwert dat lescht Joer. Dat sinn déi neist Zuele vun der internationaler Energieagence.

Well mer keen Embargo hunn um Gas, kënnt also nach russesche Gas am Moment eran. Meng Leit hunn och nogefrot bei de belschen Autoritéiten: Déi Zuelen, déi Dir an Ärer Fro opwerft, dat sinn Zuele vun enger ONG. Déi belsch Autoritéite soe mir, datt si déi Zuelen net kënne confirméieren, och well et keen Herkunftsnachweis gëtt vun deem LNG, deen zum Beispill zu Zeebruges ugeliwwert gëtt. An Dir hutt do deen Handel, deen ass méi komplex, wéi een dat mengt.

Wann een eng Pipeline huet, da weess een, wou déi Pipeline fortgeet, an da weess een, wéi ee Gas do dran ass. Bei engem Schëff ... Dir kënnt e russescht Schëff hunn, dat am Katar oder an Amerika Gas gelueden huet an deen zu Zeebruges ofliwwert. Dir kënnt natierlech och en anert Schëff hunn, dat eventuell iwwer Ëmweeër och russesche Gas huet. Dat heescht, déi Prozenter, déi do am Raum stinn, déi kann d'belsch Regierung am Moment net bestätegen, well déi Herkunfts... Also, et gëtt keen Zertifikat. Du kanns net soen: „Dat doten ass eng Molekül Gas vum Putin an dat doten ass eng Molekül Gas aus dem Katar oder aus Amerika."

Trotzdeem wäert ech déi Fro hei elo och nach eng Kéier mat op Bréissel huelen. Dir musst wëssen: Dee Moment, wéi mir decidéiert hunn, e gemeinsame Gasakaf ze maachen, do war ee Moment wierklech eng Absurditéit an der Propositioun vun der Kommissioun, well et war net explizitt ausgeschloss, dass een och elo souguer hätt kënne gemeinsam Gas aus Russland akafen.

An ech sinn deemools intervenéiert, Enn Oktober, Ufank November, soudass explizitt russesche Gas ausgeschloss ass am gemeinsamen europäesche Gasakaf. An ech wäert elo nach eng Kéier kucken, mir hu Mëtt Mäerz eng Reunioun vun den Energieministeren, wou mer elo nach eng Kéier wäerte kucken: Wat ass d'Bilanz vun eise Moossname vun dësem Wanter – Gasspäicher fëllen, 15 % aspueren? Wéi ass d'Situatioun um Welt-LNG..., also um Äerdgasmarché?

An ech wäert dann nach eng Kéier opwerfen, ob mer an där doter preziser Fro wierklech kënnen elo eppes maachen. Well Dir hutt Recht, dat ass eng gewëssen Inkohärenz, an ech denken, dass Der Recht hutt, dat opzewerfen. An ech kucken elo, ob mer do um europäeschen Niveau eppes kënnen dergéint maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 415 vun der Madamm Djuna Bernard un den Här Aarbechtsminister iwwert d'Evaluatioun vum Gesetz vum 4. Juni 2020, dat d'Stagë fir Schüler a Studenten aféiert. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 415 du 7 mars 2023 de Mme Djuna Bernard relative à l'évaluation de la loi du 4 juin 2020 portant modification du Code du travail en vue d'introduire un régime de stages pour élèves et étudiants, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Här Minister, jo, den Här President huet et scho gesot: Mir hu Mëtt 2020 dat sougenannt „Stagegesetz" heibanne gestëmmt an zesummen hu mer och an der breeder Unanimitéit vun alle Fraktiounen eng Motioun ënnerschriwwen, déi explizitt d'Demande vun enger Evaluatioun vun dësem Gesetz no zwee Joer gefuerdert huet, an dat mat de Sozialpartner zesummen an natierlech och mat de Studentenorganisatiounen.

Dës Studentenorganisatioune waren – an dat begréissen ech ausdrécklech – schonn am Virfeld vun der Ausschaffung vun dësem Gesetz matinvolvéiert. An dat fannen ech ganz, ganz wichteg an deementspriechend ass och eng Evaluatioun mat hinnen, mengen ech, deen eenzeg richtege Wee.

Am Abrëll 2022 huet d'ACEL op hirem Site an iwwer Circulaire mat hire Memberen en Opruff gemaach un hir Memberen, hinnen Abusen oder Problemer an der Applikatioun vum Gesetz matzedeelen. Och op hirem rezenten Neijoerschpatt, wou Dir, mengen ech, och waart, Här Minister, huet d'ACEL nach eng Kéier op den Evaluatiounsbesoin vum Gesetz higewisen.

An deementspriechend géif ech ganz gäre vun Iech wëssen, wou mer, Stand haut, mat der Evaluatioun dru sinn, ob déi mat de Sozialpartner an de Studentenorganisatiounen diskutéiert ginn ass a wat eventuell d'Conclusioune respektiv d'Suitte vun esou enger Evaluatioun sinn a respektiv ob Der eis e bësse méi iwwert den Timing kënnt matdeelen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här Minister fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, den Här Georges Engel, huet d'Wuert.

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, d'Stagëgesetz, dat huet effektiv als Zil, d'Stagë vun de Schüler a vun de Studenten ze reegelen. An et muss ee soen, dass mer virun deem Gesetz hei an engem Vide juridique waren. Dat Gesetz mécht den Ënnerscheed tëschent engem Stage obligatoire, dee vun der Schoul eeben och virgesinn ass, an de Stages facultatifs, déi derzou bäidroen, datt ee berufflech Erfarunge mécht. An et geet dann hei och drëms, datt mer d'Stagiairen net als bëlleg Aarbechtskräfte sollen ugesinn, mee als Stagiairen, déi dem Betrib dann och eppes bréngen.

An dat Gesetz, dat kann och eise Standuert Lëtzebuerg méi attraktiv maachen. Wa Betriber kënne Studente mat bäihuelen, fir datt se hire Betrib kenneléieren, fir datt se Erfarung kréien, kann dat och als Wierkung hunn, datt Studente sech fir dee Betrib interesséieren a sech dann och an deem Betrib herno wëlle méi engagéieren, wa se begeeschtert si vun deem, wat se do gesinn. An dat kann dann och der Demande de main-d'œuvre qualifiée entgéintwierken.

Mir sinn als Regierung an engem permanente Kontakt mat de Studentenorganisatiounen. Esou hu mer den 3. November d'ACEL gesinn. Ech war och effektiv bei hinnen um Patt de 26. Januar an ech war och mat der UNEL zesummen de 4. November an enger Visiokonferenz, wou mer iwwert d'Komplexitéit vun deem ganze Sujet geschwat hunn a wou mer och ganz vill Versteesdemech vun de Studente kritt hunn, well eeben de Sujet esou komplex ass.

Elo ass et esou, dass den Här Meisch am Regierungsrot nach Ännerungen un deem Stagëgesetz hei virgeschloen huet, an déi sinn dann och ugeholl ginn. Notamment dréint et sech dorëms, datt de BTS, de Brevet de technicien supérieur, an de Scope vun deene Stage-volontairë matgeholl gëtt, an och reglementéiert Beruffer, wéi zum Beispill den Infirmier, déi kënnen elo hir Stagen iwwer véier Wochen dann och bezuelt kréien.

Dat dréit dann och derzou bäi, datt déi Beruffer méi attraktiv ginn, datt déi Ausbildung méi attraktiv gëtt an datt mer do, wou mer elo schonn e Manque de main-d'œuvre hunn, méi attraktiv ginn an dann och nach vläicht deen een oder aneren … méi Leit an dee Beruff do hikréien.

A menger leschter Reunioun mat der UNEL an och mat der ACEL, wou d'Stagen dann och en Theema waren, hunn d'Studentenorganisatiounen eis an der Reunioun och gesot, dass virun allem am Sozialsecteur kee Budget fir déi Stagen do virgesinn ass. Dat ass awer elo kee Grond, fir d'Indemnisatioun vun deene Stagen dann och a Fro ze stellen, mee mir mussen eis um Regierungsniveau ukucken, wéi mer deem Problem do kënnen entgéintwierken.

Elo ass et richteg, datt beim Gesetz eng Motioun gestëmmt ginn ass, dass eng Evaluatioun sollt gemaach ginn, an déi sollt dann am Mee 2022 sinn. Dir wësst och, dass mer do virdru Covid haten, wat d'Situatioun vun de Stagiairë sécherlech erschwéiert huet. Dir wësst och, dass mer, wéi ech elo grad gesot hunn, dat Stagëgesetz méi opgemaach hunn, fir nach aner Beruffer mat eranzekréien. A mir wäerten dann elo mat där neier Gesetzgeebung, wou mer déi reglementéiert Beruffer an och de BTS mat dran hunn, déi Evaluatioun da maachen, fir och déi Experiencen, déi mer do hunn, nach mat an déi Evaluatioun eranzekréien.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel.

Da komme mer elo zur Fro Nummer 416 vum Här Laurent Mosar un d'Madamm Justizministesch iwwert d'Autofueren ënner Drogenafloss. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 416 du 7 mars 2023 de M. Laurent Mosar relative à la conduite de véhicules sous influence de drogues, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. A Frankräich ass no engem relativ grujelegen Autosaccident, an deem e bekannte franséischen Humorist verwéckelt war, eng relativ hefteg Diskussioun iwwer Drogen um Steier ausgebrach, an notamment proposéiert do de franséischen Inneminister elo eng ganz Rei vu Mesüren, fir awer dee Phenomeen weesentlech besser an de Grëff ze kréien.

Ech hunn och gesinn, datt bei eis – do leien Zuele vir – dee Phenomeen net nëmme vum Alkohol, mee leider och vun Drogen um Steier d'Tendenz huet, leider massiv zouzehuelen.

Dorauser ergi sech dräi konkreet Froen, déi ech der Madamm Justizministesch wollt stellen:

Éischtens: Gëtt bei Kontrollen net nëmmen den Alkoholgehalt, mee och d'Konsumverhale systematesch kontrolléiert? Wéi gëtt et och kontrolléiert?

Zweetens: Ass d'Ministesch der Meenung, datt d'Strofen, wat Alkohol-, awer och ganz besonnesch Drogekonsum um Steier ugeet, streng genuch sinn hei zu Lëtzebuerg? Oder ass se der Meenung, datt do eventuell misst nogerüst ginn?

An drëttens: Wat hält d'Madamm Justizministesch vun deene Propositiounen, déi de franséischen Inneminister do mécht, déi a Richtung ginn, fir zum Beispill kee Sursis méi ze accordéiere bei Drogekonsum um Steier?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Mosar. D'Madamm Justizministesch Sam Tanson huet d'Wuert.

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Jo, Här President, et ass e wierklech ganz seriöen, dramateschen a wichtege Sujet, deem ech elo net wëll déi Wichtegkeet huelen, déi e verdéngt, mee erlaabt mer just eng aleedend Remark. Ech krut fir de Mëtte fir d'Heure de questions dräi Froe gestallt: Déi éischt war fir de Claude Meisch, déi zweet war fir de Lex Delles an déi drëtt, déi ech elo hei beäntweren, war entweeder fir de François Bausch oder fir den Henri Kox. Och wann ech elo d'Froen héieren, bleiwen ech bei där Meenung.

Ech hunn elo bei dëser näischt gesot, well ech da geduecht hunn, et hätt vläicht awer eppes mat mengem Ressort ze dinn. Mee ech wier immens dankbar, wann – mir hu virdru vill iwwer Respekt par rapport zur Chamber geschwat – all Deputéierten an och vläicht d'Chamberverwaltung sech wierklech géif Gedanke maachen, ob déi Froen ëmmer un déi richteg Ministeren adresséiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Vläicht dann awer e puer Remarken zum Prinzipp. D'Autosaccidenter zu Lëtzebuerg sinn eppes – net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee iwwerhaapt –, wat dramatesch ass. Mir hate gëschter … Ech mengen, Dir hat alleguerten déi selwecht Impressiounen, wéi Der déi Foto vun deem Accident am Neiduerf gesinn hutt. Ech war schockéiert, wéi ech d'Fotoe gesinn hunn. A vill vun Iech heibanne wëssen, wat et bedeit, wann ee Prochen huet oder selwer an Autosaccidenter verwéckelt ass, wat dat fir Konsequenze ka fir Familljen hunn, déi vun haut op muer an engem ganz anere System sinn.

Duerfir musse mer als Gesellschaft, mengen ech, alles drusetzen, fir dat ze verhënneren, an duerfir fannen ech et awer wichteg, an deem heite Kontext och nach eng Kéier drun ze erënneren – ech hat dat elo och nach eng Kéier nogefrot –, wat wierklech d'Haaptursaache si vu schlëmmen Accidenter, an et ass einfach wichteg, dass jiddwereen dat am Kapp huet.

Well mir schwätzen elo vun Drogen – an Drogekonsum hannert dem Steier ass wierklech eng katastrophal Kombinatioun, et ass en No-Go, et huet een net déi richteg Moyenen, net déi néideg Moyenen, et soll een dat si loossen! –, mee d'Haaptursaach vun déidlechen oder graven Accidenter ass d'Vitess. Do brauch een emol näischt Illegales ze consomméieren. Do setzt ee sech hannert d'Steier an et hält ee sech net un d'Reglementatioun, déi am Stroosseverkéier virgesinn ass.

Déi zweet ass Alkohol. Och do brauch een net eppes Illegales ze consomméieren. Et geet een entweeder bei Frënn oder an e Café oder et ass een doheem an et setzt ee sech herno hannert d'Steierrad an et huet een net méi déi richteg, déi néideg Moyenen.

Duerfir fannen ech, dass een dat soll global kucken a sech net op een eenzelnen Aspekt soll konzentréieren. Mir hu beim Strofenarsenal – an deen ass gereegelt iwwert de Code de la route, deen och ënnert d'Kompetenz vum Transportministère fält – e ganzen Arsenal vu Strofen, déi bis zu dräi Joer Prisong ginn, wann een an engem Zoustand fiert, deen et net erlaabt …, wou een net méi seng néideg Moyenen huet. Mir hunn och deen aneren Dispositif an eisem Code pénal, ech mengen, deen Der kennt, wann een en Homicide involontaire begeet, wann een engem Coup-et-blessuren zoufüügt. Do hu mer eigentlech e ganz, ganz, ganz komplletten Arsenal.

Ech hu mech elo net mat de Moossnamen a Frankräich ausernanergesat, duerfir kann ech Iech elo net meng Aschätzung gi vun deene Strofen. Ech bleiwen awer wierklech fundamental der Iwwerzeegung, dass mer alles mussen drusetzen, fir ze sensibiliséieren an drop opmierksam ze maachen, dass et insgesamt extreem wichteg ass, dass ee sech un d'Vitessreglementatiounen hält, dass ee keen Alkohol consomméiert, wann ee fiert, an dass een natierlech och keng Droge consomméiert, wann ee fiert.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 417 vum Här Marc Goergen un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun iwwert d'Participatioun vun den auslännesche Matbierger bei de Gemengewalen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 417 du 7 mars 2023 de M. Marc Goergen relative à la participation des résidents étrangers aux élections communales, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration**

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. An enger Demokratie ass et wichteg, dass méiglechst vill Leit un enger Wal deelhuelen. Duerfir war ech e bëssen enttäuscht, wéi elo an der leschter Pressekonferenz vun 12,5 % geschwat gouf vun auslännesche Matbierger, déi sech ageschriwwen hunn. Ech géif mer wënschen, et wären der vill méi.

Ech hu gesinn, d'Madamm Ministesch ass och scho vill ënnerwee. Op Social Media konnt ech gesinn, dass Der ënnerwee waart virun der Europäescher Kommissioun, déi der besicht. Mee et geet awer nach net duer, wéi et ausgesäit, mat deenen 12,5 %. Dat ass fir mech nach net zefriddestellend.

An dofir meng Fro un d'Ministesch: Wat kann ee maachen, fir dass méi Auslänner sech aschreiwe fir dës Gemengewalen? Et geet jo och ëm hiert Doheem. Et geet ëm hir Gemeng. Wat sinn dann elo déi nächst Schrëtt, déi d'Ministesch wäert ënnerhuelen? Well et gesäit ee jo, dass déi aktuell Campagne vläicht nach net esou gezunn huet, wéi ee sech et hätt kënne virstellen. Dat heescht, do muss ee jo dann am neien Term e klenge „Booster" zéien. Wat sinn do Är Pläng, fir do awer elo virunzekommen? Well ech géif mer awer wënschen, dass mer méi wéi 12,5 % herno do stoen hätten, wéi dat elo leider am Moment nach de Fall ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen. D'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen,** Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci dem honorabelen Deputéierte fir d'Fro. Ech mengen, et ass en Challenge fir ons alleguerten. Ech géif just gären als Introduktioun soen: Éischtens emol sinn ech averstan. Ech sinn och enttäuscht, dass nach net méi Leit ageschriwwe sinn. Ech wëll awer d'Chifferen eng Kéier e bëssen an e Rapport stellen.

Mir hunn effektiv eréischt 12,5 % vun all deenen Auslänner, déi sech kéinten aschreiwen, déi ageschriwwe sinn. Allerdéngs ass et esou, dass d'Gesetz jo geännert huet an een elo däerf direkt mat wiele goen, wann een hei am Grand-Duché wunnt. Dat war 2017 nach net esou. 2017 huet een nach musse fënnef Joer hei wunnen, fir iwwerhaapt kënne mat wielen ze goen. A wann een dann déi absolutt Chiffere kuckt, dann ass et esou, dass mer elo bal bei deem Chiffer si vun der leschter Kéier, wou eppes iwwer 34.000 Leit sech ageschriwwen haten, a mir sinn elo bei eppes iwwer 32.000.

Dat heescht, ech si ganz zouversiichtlech, dass mer an absolutte Chiffere wäerten dohinner kommen, wat natierlech awer d'Prozenter méi déif hält, well einfach vill méi Leit sech kéinten aschreiwe goe wéi d'leschte

Kéier. Ech wollt dat just eng Kéier an e Rapport stellen, well an de Prozenter gesäit et méi schlecht aus wéi an den absolutten Zuelen. Dat ass scho ganz richteg.

Dir hutt et gesot: Mir si ganz vill ënnerwee. De Familljeministère mécht immens vill Campagnen, notamment och mam Syvicol zesummen. Mir hëllefen de Gemengen, mir ginn hinnen Informatiounen, mir ginn hinnen Templaten. Mir gesinn och, dass an deene Gemengen, déi zum Beispill Bréiwer un all hir auslännesch Residente verschécken, ganz vill Leit sech aschreiwen. An der Gemeng Bech – fir se net ze nennen – sinn natierlech prozentual och manner Net-lëtzebuerger wéi warscheinlech an anere Gemengen, mee do sinn awer, mengen ech, bal 40 %, déi sech an der Tëschenzäit ageschriwwen hunn, wat natierlech e ganz, ganz schéine Chiffer ass. Zu Reisdorf sinn et 33,3 %, wann ech dat elo richteg an Erënnerung hunn. Dat heescht, wa Gemengen do wierklech d'Leit invitéieren an hinnen och schonn e Courier heemschécken, da fonctionéiert dat ganz gutt.

A mir vum Familljeministère stellen net nëmmen de Gemengen, mee och den Associatiounen an och private Leit ganz gäre Material zur Verfügung. Dat si Rollupen, dat si Stänn, dat sinn natierlech Flyeren, déi Dir kënnt ausdeelen, wann e Fest ass an Ärer Gemeng. Frot roueg bei ons no, mir ginn Iech d'Material, fir d'Leit kënnen direkt unzeschwätzen an hinnen ze soen, si solle sech aschreiwe goen.

Mir wäerten eng Journée nationale de l'inscription hunn – an heibanne si jo ganz, ganz vill Buergermeeschteren, Schäffen a Gemengeconseilleren –, den 18. Mäerz wäert déi sinn, wou mer d'Gemengen invitéieren, deen Dag, dee Samschden, hir Gemengen opzemaachen, wou mer d'Leit da massiv wäerten derzou ureegen, sech aschreiwen ze goen. Ech ginn dervunner aus, dass déi eng oder aner Parteien uechtert d'ganzt Land dann och wäerten iergend en Event an hire Gemengen organiséieren. An där Woch virun deem Event wäerte mer och ganz kloer Publicitéit maachen op de Bushaisercher an esou weider, fir dass d'Leit och wierklech wëssen, dass den 18. Mäerz dee groussen Dag ass.

Et ass net ganz komplizéiert, sech anzeschreiwen. Et muss ee sech emol net deplacéieren, et kann een op myguichet.lu goen. Mir hunn en Internetsite a fënnef verschiddene Sproochen. Mir waren um Festival des migrations. Mir waren zu Ettelbrooklyn. Mir waren op der Braderie mat Stänn. Also, de Familljeministère mécht schonn, wat e kann, fir iwwerall Stänn ze hunn, fir d'Leit eebe wierklech ze sensibiliséieren.

Dir hutt d'Fro zwar elo net gestallt, mee ech géif dann awer eng Kéier drop äntweren: Firwat schreiwen d'Leit sech net an? Et gëtt am Fong zwee Haaptgrënn. Deen éischten ass deen, well se et net wëssen. Dat heescht, do probéiere mer jo da wierklech ..., an dat geet nëmme mat Hëllef vu jiddwerengem. Iwwregens hu mer och 300 Multiplicateuren, déi an hir Communautéite ginn, fir Reklamm ze maachen.

Dat Zweet, wat ech awer mierken, dat ass, dass ganz vill Leit am Fong geholl e bëssen Angscht hunn, well se soen: „Jo, mee Dir hutt awer de Vote obligatoire a wann ech mech dann aschreiwe ginn an ech ginn dann awer net wielen, wat geschitt da mat mer?" Dat heescht, ech mierken, dass dat déi zwou Saache sinn, firwat d'Leit sech ganz dacks net aschreiwe ginn.

Mee dofir ass eeben de perséinleche Kontakt wichteg, vun Iech alleguerte mat Äre potenzielle Wieler, mat all de Leit, déi iergendwou sinn, fir hinnen ze soen: „Gitt Iech aschreiwen!" D'Demokratie kann nëmme geschéien, wa jiddweree participéiert! Mir liewen an engem Land mat bal 50 % Auslänner. Mir hätte gären, dass jiddweree matmécht. A wann ee sech aschreiwe geet, fir wielen ze goen, dann interesséiert ee sech natierlech och fir seng Gemeng am Allgemengen, an dat ass jo awer d'Liewe vun ons alleguer. Jiddweree lieft an enger Gemeng a jiddwereen ass concernéiert, wéi d'Poubellen ewechgeholl ginn, wéi d'Schoule sinn, d'Primärschoulen, wéi d'Stroossen an d'Vëlospiste sinn, an esou weider an esou virun.

Ech mengen, Dir wësst et ganz gutt, an dat ass awer d'Motivatioun, mengen ech, fir de Leit ze soen: „Hei, et concernéiert dech! Schreif dech an a renseignéier dech!" Ech mengen, quasi all Parteien hunn awer ganz vill Informatiounen op ganz, ganz ville verschiddene Sproochen.

A wann d'Leit soen: „Jo, mee ech verstinn awer kee Lëtzebuergesch" oder „Ech ka kee Lëtzebuergesch", da soen ech: „Ma da géi awer op d'Walversammlungen, well meeschtens gëtt et no de Walversammlungen e Patt an da kann ee mat de Politiker schwätzen oder mat de Kandidate schwätzen an da kann een am Eent-zu-eent-Gespréich seng Froe stellen, seng Remarke maachen, seng Suggestioune maachen!"

Well finalement ass Lëtzebuerg awer e klengt Land. D'Gemenge sinn nach méi kleng wéi d'ganzt Land natierlech. An ech soen de Leit dann ëmmer, dass se an deenen nächste Méint ganz vill Kandidate wäerten doruechter lafe gesinn. Se solle se einfach uschwätzen, mat hinne schwätzen an da kucken, fir wat deen een oder deen anere steet, fir dann herno „en toute âme et conscience" kënnen ze wielen.

Iwwregens, ganz zum Schluss wëll ech Iech just nach soen: Mir wäerten nach en zweete Volet vun eiser Campagne maachen. Bis de 17. Abrëll kann ee sech aschreiwen a mir wäerten dann de Leit och wëlle soen, wéi een zu Lëtzebuerg richteg wielt a wéini de Vott net gülteg ass, well ech mengen, och dat ass ganz wichteg, well mer awer e Walsystem hunn, wéi en net iwwerall ass. An dofir soll een de Leit och eng Kéier soen, wéi se ze wielen ..., wéi se kënne wielen. Voilà.

Merci.

*(Interruption)*

Net wien, mee wéi! Voilà.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun Corinne Cahen.

A mir kommen elo zur Fro Nummer 418 vum Här Paul Galles un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert déi sougenannt PFAS-Substanzen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 418 du 7 mars 2023 de M. Paul Galles relative aux substances per- et polyfluoroalkylées, également connues sous le nom de PFAS, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci villmools, Här President. Dir sot zu Recht „PFAS-Substanzen", eigentlech am Fachbegrëff oder Fachjargon „per- a polyfluoréiert Alkylverbindungen". Dat kléngt natierlech elo alles ganz, ganz komplizéiert. Dat sinn awer toxesch Chemikalien, déi am Alldag gebraucht ginn an déi sech eeben net ofbauen. Dat mécht se eeben esou komplizéiert an och esou geféierlech.

An der Lescht ware se och elo e puermol an der Ëffentlechkeet. Et ass driwwer diskutéiert ginn. Ee Grond duerfir kann zum Beispill sinn, dass se a ganz ville Wärmepompele gebraucht ginn. Do ass dann déi Diskussioun entstanen: Benotze mer PFAS oder benotze mer Propangas? Beim Propangas gouf da virgeworf: „Dat ass awer explosiv!" oder „Dat kann net séier genuch nokommen, fir d'Wärmepompelen alleguerten ze konstruéieren!" Dat sinn awer Argumenter, déi kënnen entschäerft ginn. Dat heescht, de Propangas ass awer trotzdeem interessant an deem doten Zesummenhang. Da stellt sech ëmsou méi déi Fro: PFAS – musse se gebraucht ginn? A wäerte se weiderhi gebraucht ginn?

A si waren héchstwarscheinlech och an der Lescht an der Ëffentlechkeet an der Diskussioun, well et awer och e Grupp vu Journaliste vun Zeitunge gouf, déi nogesicht hunn, wou iwwerall déi toxesch Chemikalie scho Spueren hannerloossen. Well se sech eeben net ofbauen, gëtt et Géigenden, déi scho besonnesch verseucht sinn, zum Beispill an Däitschland. Do gouf et elo en Artikel vun enger Zeitung, dee gesot huet, dass et 1.500 Plaze gëtt, wou esou Verseuchungen da besonnesch gemooss gi sinn.

Ech wollt och eng Kéier do an deem Kontext froen, ob et do an deem Sënn dann och Donnéeë gëtt fir Lëtzebuerg, ob een do weess, wéi et zu Lëtzebuerg ausgesäit mat deene PFASen. An dann awer och déi Fro, déi ech dobäi wollt stellen: Et gëtt fënnef Länner, Däitschland, Holland, Dänemark, Norwegen a Schweden, déi bei der europäescher Chemikalienagence e Beschränkungsvirschlag agereecht hunn, an ech wollt dozou froen, ob d'Lëtzebuerger Regierung do gefrot gi war fir matzemaachen oder ob et e Grond gëtt, fir do net derbäi ze sinn, ob dat eppes ass, wou een einfach derlaanschtgelaf ass a wat och vläicht elo net esou wichteg ass, oder wat dann och einfach d'Positioun ass vun der Lëtzebuerger Regierung zu dëser Fro. Voilà, dat si scho meng Froen.

Ech soen Iech scho villmools Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles. D'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Joëlle Welfring, huet d'Wuert.

**Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Voilà, merci fir dës Fro. Merci, Här President. D'PFASen, fir se dann ofzekierzen, sinn eng Famill vu Substanzen, déi an enger enormer Multitude vu Produiten agesat ginn a goufen, notamment an Textilien. A grad wéinst hirer Stabilitéit goufe se vill agesat als Feierläschmëttel, als Feierschutzmëttel, als Kältemëttel, a Beschichtunge vu Panen an esou weider. Historesch Notzunge vun dëse Produiten, verbonne mat genee dëser Stabilitéit, hunn hir Spueren hannerlooss respektiv hannerloossen nach ëmmer hir Spueren.

A wéinst hirer Stabilitéit ginn déi Substanzen eebe quasi guer net ofgebaut, déi sougenannt „Éiwegkeetschemikalien", wéi se och genannt ginn. An technesche Prozesser si se och ganz schwéier, aus dem Wasser zum Beispill erauszeeliminéieren. Voilà, dat heescht, Géigemesüre si ganz schwéier ëmzesetzen, dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass et Restriktioune gëtt. Déi ginn zum Deel elo schonn iwwert de POP-Reglement ageschränkt. Do gëtt et scho vereenzelt Ënnersubstanzen dovunner. Hei ass awer elo d'Iddi mat där Restriktioun, déi Der ugeschwat hutt, op EU-Niveau, dëst iwwert d'REACH-Reglement, wat e méi totaalt a méi breet Verbuet géif mat sech bréngen, wat jo eng interessant Approche wär, grad an dësem Kontext.

Déi véier bis fënnef genannt Länner, mat eeben Norwegen derbäi, hunn eeben e Restriktiounsdossier agereecht. Lëtzebuerg huet sech do net dru bedeelegt, net well een et net wichteg fënnt, mee well mer einfach als klenge Memberstaat och net d'Moyenen hunn, fir eis un esou Dossiere wierklech ze bedeelegen. Dat ass wierklech eppes, wat mer bis elo nach net gemaach hunn.

Iwwert d'Joren hu mer ëmmer probéiert, eis Kompetenzen hei zu Lëtzebuerg am REACH-Beräich och

auszebaue mat geziilte Kollaboratioun, notamment mam LIST zum Beispill, awer och mat auslännesche Kooperatiounen, mat den däitschen Experten an esou weider, mee wierklech d'Kompetenz, fir elo wierklech eegestänneg oder souguer mat Hëllef vun anere Länner en Dossier opzestellen, dat géif eis Kapazitéite wierklech iwwersteigen. Mir sinn awer ganz interesséiert un deem doten Dossier a wäerten deen och weider verfollegen. Voilà.

Also, deen Dossier ass eeben eng Propositioun fir esou Restriktiounsmesüren. E gouf agereecht bei de Kommiteeë vun der Europäescher Chemikalienagentur a gëtt do eebe vun deenen onofhängegen Experten evaluéiert, an déi mussen elo en Avis formuléieren. Deen ass virgesi fir Mëtt 2024, mee mir hunn awer scho Stëmmen héieren, déi soen, dass et eventuell net wäert klappe mat deem Delai vu d'Komplexitéit vun deem Dossier. Mee mir verfollegen dat dote ganz aktiv. Voilà.

Am Ëmweltconseil koum dat Theema och ëmmer erëm op an och elo, mengen ech, sinn erëm Diskussiounen, zum Beispill fir verschidde vun deene Substanzen an de Wärmepompelen eeben och eventuell ze verbidden. Dat ass eeben och eppes, wat mer och genee verfollegen um EU-Niveau. An et ass genau do, wou och am meeschten Effekter ... Vu dass mir déi ganz Produiten hei och importéieren, wéi zum Beispill d'Wärmepompel, keen eegene Maart hunn, ass et ganz wichteg, dass dat doten EU-wäit gräift. Voilà.

Also, mir deelen do déi Suergen iwwert déi Auswierkunge vun de Risike vun dëse Substanze fir d'Ëmwelt a fir d'mënschlech Gesondheet ganz kloer. Voilà.

Et ass vläicht och nach dobäi ze soen, dass et wichteg ass bei deenen doten Dossieren, dass déi Substanzen natierlech net duerch änlech geféierlech Substanzen dann ersat ginn. Duerfir ass et wierklech wichteg, dass een déi genau suivéiert. Et gouf eng Kaart am Kader vun där Etüd, déi ugeschwat ginn ass, déi an der Press diskutéiert gouf, publizéiert. An do gëtt et awer och Punkten heizou oder ee Punkt zu Lëtzebuerg, an dat ass eisen Analysen no – a mir kucken déi Saachen och grad nach, mir sinn och amgaang, déi Saachen do zur Kenntnis ze huelen –: Als Konsequenz vun engem Groussbrand gouf eng Kéier Läschschaum agesat, dee kontaminéiert war. Dat heescht, dat ass warscheinlech dee Punkt, deen dann do optaucht.

Et ass awer net esou, wéi wa mer näischt géife maachen hei zu Lëtzebuerg. Do huet eis Waasserverwaltung och schonn Analyse gemaach fir ze kucken, wat an den Uewerflächegewässer ass vu PFAS, also eng vun deene Substanzen, an dann och, wat an de Fësch dran ass. Dat heescht, do kucke mer och an do leie mer bei de Waasser Gewässer relativ niddreg. Do leie mer ënnert deem Grenzwäert, deen do virgesinn ass. A bei de Fësch gëtt et punktuell emol Iwwerschreidungen, mee dat ass awer an deem selwechte Beräich wéi an eisen Nopeschlänner och. Dat heescht, well eeben déi och esou ubiquitär sinn, fënnt een do och iwwerall ongeféier déi selwecht Substanzen an de selwechten – soen ech emol – Gréisstenuerdnunge wéi an den Nopeschlänner. Voilà.

Wat awer och nach vläicht ofschléissend ze bemierken ass, ass, dass dat neit Drénkwaassergesetz och Grenzwäerter fir PFAS virgesäit. Déi wäerten ab dem 12. Januar 2026 gräifen. Voilà, dat war et, wat ech dozou ze soen hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

Mir kommen elo zur leschter Fro, der Fro Nummer 419 vum Här Jeff Engelen un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert d'Participatioun vu Gesondheetsspezialisten aus Taiwan an der Assemblée mondiale de la santé. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 419 du 7 mars 2023 de M. Jeff Engelen relative à la participation de Taiwan à l'Assemblée mondiale de la santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif mer erlaben, an dëser Froestonn follgend Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch ze stellen. An zwar hat d'Madamm Gesondheetsministesch bei der Organisation mondiale de la santé, déi sech d'lescht Joer am Mee zu Genf getraff hat, hir Sympathië geäussert, datt och d'Gesondheetsexperten aus Taiwan solle kënnen eng Plattform kréien, fir hir Expertis materanzebréngen.

Wéi gedenkt d'Madamm Gesondheetsminister elo virzegoe respektiv sech anzesetzen, fir datt och déi taiwaneesch Experten an der OMS kënnen hir Expertis äussere respektiv materabréngen?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Jo, merci, Här President. Wéi Der richteg gesot hutt, hu mir eis als Lëtzebuerg d'lescht Joer derfir staarkgemaach, dass Taiwan kann an den technesche Gruppe matschwätzen, wou eis Positioun war, dass jiddwereе seng Expertis, déi en huet, soll kënnen abréngen am Interessi an am Sënn vun der Saach. Dat betrëfft awer net de Statut d'observateur en tant que tel bei der WHO. Hei geet et ëm technesch Gruppen.

Dat ass och dat Eenzegt, wou ech mech ka kompetent spieren, fir esou eng Demande ze maachen. Ech sinn awer net Meeschter driwwer, ob dat ugeholl gëtt oder net. Dat ass an der internationaler Press opgegraff ginn. Et sinn u sech relativ wéineg Länner, déi esou eng Demande gemaach hunn. Mee am Numm vu Lëtzebuerg ass se op alle Fall gestallt ginn. Mee ech kann do elo weider näischt ënnerhuelen, wéi esou Demanden eeben ze artikuléieren, wa se gestallt ginn. Doriwwer eraus gesinn ech eis elo net intervenéieren dozou.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

## 8. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la politique luxembourgeoise de protection internationale voire de protection subsidiaire ou temporaire

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Politique luxembourgeoise de protection internationale. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz als Vertrieder vun der CSV-Fraktioun.

*(Interruption)*

D'Madamm Lenert freet nach eng Kéier d'Wuert.

## 9. Heure de questions au Gouvernement (suite)

**– Question n° 410 du 7 mars 2023 de M. Max Hengel relative à la composition du comité de pilotage qui est chargé de l'élaboration du plan national de la santé mentale, adressée à Mme la Ministre de la Santé (suite)**

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Entschëllegt, Här President. Ech hat gesot, ech géif meng ganz fënnef Säiten duerchliesen nach zu där éischter Fro, fir déi ech och hei ... Déi Associatioun, déi Der uschwätzt, déi hunn ech hei als „Lëtzebuerger Gesellschaft fir Psychologie" stoen. Ech huelen un, dass dat dat selwecht ass op Lëtzebuergesch. An déi ass an der Plateforme consultative mat vertrueden, genau wéi d'FAPSYLUX a wéi och de Réseau Psy. Voilà.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci fir déi zousätzlech Informatiounen.

## 10. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la politique luxembourgeoise de protection internationale voire de protection subsidiaire ou temporaire (suite)

An da wier et um honorabelen Här Marc Spautz zu der Aktualitéitsstonn fir haut de Mëtten.

***Exposé***

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn eis Aktualitéitsstonn gestallt a mir hate se schonn ugekënnegt wärend der Debatt iwwert d'Kooperatioun, wéi mer geschwat hunn iwwert d'Kooperatioun, dass et och wichteg ass, dass mer driwwer schwätzen, wéi d'Situatioun vun de Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg ass, an dass mer all hei zesummen och Diskussioune féieren, wat mer kënne besser maachen, fir d'Leit besser ze integréieren a fir d'Leit och matzehuelen. A wann ech soe „matzehuelen", ass dat net nëmmen, hinnen ze iessen an ze drénken ze ginn an dass se d'Méiglechkeet hunn ze schlofen, mee dass se och d'Méiglechkeet hunn, schaffen ze goen.

A mir hu jo hei zu Lëtzebuerg – net nëmmen zu Lëtzebuerg, an Europa – e Statut geschaf fir eis Kolleegen aus der Ukrain, well déi iwwerfall gi sinn. Mir wëssen alleguerten, vu wiem an dass doduerch d'Ukrainer fortgaange sinn aus hirem Land. Si sinn op Lëtzebuerg komm. Si sinn an Europa komm. An do huet d'Europäesch Kommissioun entscheet, dass si en extrae Statut kéinte kréien, fir dass si d'Méiglechkeet hunn, schaffen ze goen, an net mussen de ganzen Dag, deemno wou se grad wunnen, entweeder hinan hier fueren oder d'Zäit doutschloen.

Ech hu mer just d'Fro gestallt – an ech net aleng, ech mengen, och aner Leit –: Syrien, ass do net och e Krich?

**Une voix** | Jo.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Afghanistan, ass do net och e Krich?

**Une autre voix** | Jemen.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jemen. Et kéint een esou weiderfueren. An dofir muss ee sech d'Fro stellen ... A wann Der d'Geleeënheet hutt, mat Flüchtlingen ze schwätzen – an déi eng oder déi aner vun Iech hu jo an hirer Uertschaft, an hirer Gemeng e Flüchtlingsfoyer –, déi Leit fänken un, ëmmer manner ze verstoen: „Firwat geet et bei hinnen a bei eis geet et net? Firwat ass fir si eng Méiglechkeet do a fir anerer net?" An ech mengen, dass et och eis géif gutt zu Gesiicht stoen, wa mer et géife fäerdegbréngen, och do de Leit eng Perspektiv ze ginn, dass och si d'Méiglechkeet hunn, hei zu Lëtzebuerg op den Aarbechtsmaart ze goen, an dass och si eng Méiglechkeet hunn, sech aktiv anzebréngen hei zu Lëtzebuerg, an dass se och gesinn, dass et net muss sou sinn.

An ech iwwerdreiwen elo net: Do si Leit, déi waarde schonn zwee, dräi Joer drop, ze wëssen, dass hir

Prozedur ofgeschloss ass. Si sinn net dat eent a si sinn net dat anert. Mee et ass wichteg, dass mer deene Leit d'Méiglechkeet ginn, op den Aarbechtsmaart ze kommen.

A wa mer déi Problemer kucken, déi mer jo och um Aarbechtsmaart hunn – et gëtt keen Dag de Moment, wou net iergendee reklaméiert: „Ech fanne keng qualifizéiert Main-d'oeuvre, ech fanne keng Leit."

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

An déi Leit, déi vun do kommen, si qualifizéiert. Well souwuel vun deenen, déi aus der Ukrain kommen, wéi och vun deenen, déi aus Afrika kommen, wësse mer: Et sinn net déi Allerënnescht, déi heihinnerkommen op Lëtzebuerg, et sinn net déi sougenannten „aus der allerënneschter Schicht", well déi kéinten et sech net leeschten, de Risiko anzegoen, fir aus hire Länner fortzekommen. An déi Leit hunn och eng Qualifikatioun an déi Leit hunn och e Wëllen, eppes ze maachen. An do wier et wichteg, dass mir hei och géifen Akzenter setzen an dass mer géifen als Lëtzebuerger – mir sinn d'Häerz vun Europa, wa mer d'Landkaart kucken – och weisen, dass mer d'Land mam Häerz sinn an dass mer deene Leit d'Méiglechkeet ginn, aktiv op den Aarbechtsmaart ze kommen.

An der Nopeschgemeng vu Schéffleng, dat ass dat klengt Esch, do ass e gréissere Foyer – an den Här Mischo kënnt och aus deem Quartier, hie weess dat, hien ass do gebierteg –, wou iwwer 100 Flüchtlinge sëtzen, an do sëtzen och Leit beieneen, déi eng däerfe schaffe goen an déi aner net. Well déi eng, déi hunn zwar eng Aarbecht fonnt an déi hunn och Pabeieren, déi elo an der Rei sinn, mee si hunn nach ëmmer keen Daach iwwert dem Kapp. An dat ass och net grad férderlech. Deen een, dee steet da mam Auto virun der Dier, well dee konnt e sech an der Zwëschenzäit leeschten, well en hei eng Openthaltsgeneemegung huet an och gläichzäiteg ka schaffe goen. An déi aner waarden nach ëmmer op alles. An dofir wier et eebe wichteg, dass mer géife kucken, do e Statut anzeféieren.

Ech weess, dass et normalerweis üblech ass, dass de muss eng Openthaltsgeneemegung hunn, ier s de duerno kanns schaffe goen, oder aus bestëmmten Ursaache kënnen och emol Ausname gemaach ginn. Mee ech wollt am Fong entweeder vum Ausseminister, deen ass zoustänneg fir deen ee Volet, a fir deen anere Volet ass dee Minister zoustänneg, deen heibanne sëtzt, den Aarbechtsminister, dass mer deene Leit och eng Perspektiv kënne ginn, fir op den Aarbechtsmaart ze goen.

Dass dat schwiereg wäert sinn, deene Leit alleguerten direkt ze soen: „Du hues e CDI", soulaang et net sécher ass, dass en däerf definitiv hei bleiwen, dat ass e Punkt, deen een do sécherlech muss berücksichtegen. Mee et wier awer och e gudden Usaz fir Lëtzebuerg, wa mer an der Migratiounspolitick géife weisen, dass mer dat seriö géife mengen an dass mer och där Meenung wieren, deene Leit eng Perspektiv kënnen ze ginn, an dass mer do och missten e Statut schafen, fir dass déi Leit kënne schaffe goen an dass déi Leit dann ... Kommt, ech drécken et emol esou aus, ech gi jo dervun aus, dass der och elo scho vun hinne schaffe ginn, just dass se néierens ugemellt sinn, mee dass mer et och fäerdegbréngen, dass se dann ugemellt kënne ginn, dass se dann och domadder d'Méiglechkeet hunn, sech en anere Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg och selwer ze erschaffen, an dass dat och net derzou bäidréit, dass déi Leit net wëssen, wéi se d'Zäit erëmkréien. Déi eng Kéier wësse se net, wat se moies maachen, déi aner Kéier wësse se net, wat se mëttes maachen. An dofir wier et eeben esou wichteg, dass mer deene Leit och eng Perspektiv géife ginn, fir se eranzehuelen.

Dat wier nämlech och en Zeechen. Mir schwätzen de Moment esou vill vun Integratioun. Déi 102 Gemengen, déi et de Moment nach sinn, elo gläich nëmmen nach 100, déi hunn e Pakt vum Zesummeliewe mat der Familljeministesch ënnerschriwwen – net alleguerten, awer e groussen Deel vun hinnen. A wa mer vun Zesummeliewen a vun Integratioun schwätzen, dann ass et och wichteg, dass mer de Leit d'Méiglechkeet ginn, sech ze integréieren. An dat ass méi einfach, wann s de och am Beruffsliewen an am Alldag kanns derzou bäidroen. An dofir ass et fir eis wichteg, dass mer do eng Prozedur géife schafen, fir dass déi Leit d'Méiglechkeet hätten, op den Aarbechtsmaart ze kommen, an dass et och domadder sécher wier, dass déi Leit net herno an enger Hire-oder-Fire-Method sinn, mee dass déi Leit och Rechter a Flichten hunn, wa se do kënne kommen.

Alles dat géif derzou bäidroen, dass mer als Lëtzebuerger, d'Land mam Häerz, och géife weisen, dass mer en Häerz hu fir déi Leit, déi vun do kommen.

All déi Leit, déi da soen: „Jo, da gëtt Lëtzebuerg nach méi attraktiv! Da kommen nach méi Flüchtlingen, déi onbedéngt op Lëtzebuerg wëllen!": Also, och wa mer d'Häerz vun Europa sinn, mir sinn awer nach net den Nuebel vun der Welt, wëll ech do awer och bäifügen. Do ass et awer och wichteg, dass mer déi Leit fannen, déi mer awer och fir eisen Aarbechtsmaart brauchen. Well wa mir bis ausgedoktert hunn, hunn ech ëmmer Angscht, da sinn aner Nopeschlänner, déi da vläicht manner aus dem afrikanesche Kontinent Zouwanderung hunn, mee méi aus dem asiatesche Kontinent, déi deene Leit herno e Statut ginn hunn, dass déi Leit hunn, déi eng Qualifikatioun hunn, an dass déi déi Leit um Aarbechtsmaart integréiert kritt hunn, a mir net. An do denken ech un e Land, wat net wäit vun eis ewech ass. Ech mengen, et ass eng Grenz, déi geet vu Schenge bis op Bollendorf.

*(Interruption)*

Esou eng laang Grenz hunn déi, an déi sinn amgaang, mat den Asiaten ze verhandelen. An dofir, mengen ech, wier et och wichteg, dass mir dat och géife maachen.

Mir gesi jo an deenen Opfangstrukturen, déi et de Moment gëtt, wivill Leit vun deene qualifizéiert sinn a wat fir eng Qualifikatioun se hunn. An och wa se nach keng Qualifikatioun hunn, ass et jo och méiglech, hinnen ze hëllefen an hinnen eppes bäizebréngen, fir hei kënnen um Aarbechtsmaart ze bestoen, an et ass wichteg, dass mer dat maachen. An ech géif mengen, dass dat eis hei als Lëtzebuerger géif gutt zu Gesiicht stoen, wa mer do Virreider wieren a wa mer do eng Initiativ géifen huelen, souwuel op nationalem Plang, Här Minister ... An da géif ech och en Appell un Iech maachen, wa mer da bis um nationale Plang ënnerwee sinn, dass Der och Ärem Virvirgänger – net deen, deen do sëtzt, mee deen nach virdrun – de Message och mathuelt op Bréissel oder op Berdorf, grad do, wou Der wëllt, dass et och do wichteg wier, dass dann op europäeschem Niveau och eng Initiativ géif kommen, dass mer deene Leit och d'Méiglechkeet ginn, op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Well ech soen et nach eng Kéier: Den Ënnerscheed ka jo net sinn, dass de däerfs schaffe goen, wann s de op Lëtzebuerg kënns, wann de Putin ugegraff huet, a wann s de aus engem anere Land bass, wou en aneren ugegraff huet, dass dann alles anescht ass!

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och.

An déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop wéilt ech dem Marc Spautz Merci soen dofir, dëse wichtege Sujet hei op den Ordre du jour gesat ze hunn. De Sujet schwätzt u sech zwee ganz verschidden Theemen an och zwee verschidde Ministèren un. Dat ass engersäits den Ausseministère, awer och den Aarbechtsministère. An ech schwätzen dowéinster och ënnert dem Contrôle vum Gusty Graas, eisem aussepolitesche Spriecher, a géif hei awer méi op den aarbechtspoliteschen Aspekt agoen.

Jo, Europa huet hei séier e grousst Mooss u Solidaritéit ënner Beweis gestallt an déi europäesch Staaten hunn der Ukrain hir Ënnerstëtzung zougeséchert an d'Diere fir d'Ukrainer och hei wäit opgemaach. Op EU-Niveau – an et gouf scho gesot – gouf e spezielle Regimm fir déi ukrainesch Flüchtlingen en place gesat, deen hinnen en Zougang zur Sozialversécherung an och zum Aarbechtsmarché garantéiert. Si haten d'Méiglechkeet, sech direkt no enger Aarbecht ëmzekucken a sech méi séier an enger friemer Gesellschaft anzeliewen.

Natierlech begréisse mir, dass esou séier an effikass reagéiert gouf, fir den ukrainesche Flüchtlingen ze hëllefen. Mee mir dierfen net vergiessen, datt mir vill aner Mënschen hei am Land hunn, déi eng Asyldemande gestallt hunn, well se viru Krich, Konflikter oder autoritäre Regimmer geflücht sinn. An dorënner sinn der ganz vill, déi bis haut op eng Äntwert op hir Demandë waarden.

Dës Demandeurs de protection internationale, kuerz DPIen, befanne sech an enger anerer Situatioun wéi déi ukrainesch Flüchtlingen. Si hunn nämlech net direkt Urecht op eng Aarbechtsautorisatioun an domadder och keen Accès op den Aarbechtsmarché. Eng Autorisation d'occupation temporaire, AOT, kréie si eréischt dann, wann den Ausseministère no sechs Méint nach net op hir Asyldemande geäntwert huet.

An der Reegel sollen d'DPIen no sechs Méint eng Äntwert op hir Asyldemande hunn. Fält dës positiv aus, kréie si de Statut vum Bénéficiaire de protection internationale an domadder och Accès op den Aarbechtsmaart. Dës Limitt vu sechs Méint gëtt awer anscheinend an der Reegel net ëmmer agehalen. Verschidde Leit waarde souguer vill méi laang wéi sechs Méint, bis zu 21 Méint, obwuel dës Limitt u sech net sollt iwwerschratt ginn. Dësen Delai sollt an eisen Aen esou wäit, wéi et geet, reduzéiert ginn.

Mir mussen eis deemno d'Fro stellen, ob eventuell méi Personal oder eng Vereinfachung vun de Prozeduren d'Waardezäite fir d'DPIen op eng Äntwert reduzéiere kéinten. Dann hätte si méi einfach Accès op den Aarbechtsmaart.

Aktuell hu si, wéi gesot, eréischt no sechs Méint d'Méiglechkeet, selwer eng Aarbechtsplaz ze sichen an dann zesumme mam Employeur eng Demande fir eng AOT anzereechen. Déi ass awer just fir eng Professioun a fir een Employeur op begrenzten Zäit valabel.

Do dertëscht – an dat däerf een net vergiessen – mécht d'ADEM nach en Test du marché oder eng Vorrangprüfung, fir ze préiwen, ob net en Demandeur d'emploi, dee bei der ADEM ageschriwwen ass, déi néideg Kompetenze fir d'Aarbechtsplaz huet. Eréischt wa keng gëeegent Persoun fonnt gëtt, kann den DPI d'Aarbechtsplaz unhuelen an dann och schaffe goen.

Et ass jo geplangt, dësen Test du marché ofzeschafen. Vläicht huet den Aarbechtsminister Informatiounen driwwer, wou dëse Projet um Ausseministère drun ass. Fir den DPI géif dat d'Prozedur op d'mannst e bësse verkierzen. Ma och dem Employeur géif dat entgéintkommen. An enger Zäit vu Personalmangel a ville Secteuren – ech denken ënner anerem un d'Handwierk – wier all Vereinfachung vun de Prozedure fir den Accès op den Aarbechtsmaart op alle Fall wëllkomm.

An deem Kontext kéinte mer eis och un Dänemark an u Schweden inspiréieren, déi hir Asyldemandeuren op hir Kompetenzen an op hiert Wësse bewäerten, fir si esou méi geziilt an den Aarbechtsmarché ze integréieren. Dat ass eng Iddi, déi och vun der ASTI an och dem Lëtzebuerger Flüchtlingsrot, awer och vun der OECD schonn opgeworf ginn ass.

Den Accès op den Aarbechtsmaart wier natierlech net nëmme virdeelhaft fir eis Wirtschaft. Mir géifen domadder och d'Schwaarzaarbecht reduzéieren, well Leit, déi kee legale Wee fannen, fir schaffen ze goen, maachen dëst alt dacks och op illegalem Wee.

A mir géifen och d'Integratioun vun den DPIe verbesseren. Duerch de soziale Kontakt op der Aarbecht kéinte si sech besser an eiser Gesellschaft erëmfannen, besser Akzeptanz fannen, do och Frëndschafte schléissen a sech esou och besser integréieren. Si wäre méi onofhängeg, well si Sue géife verdéngen, wat och dem Selbstgefill vun dëse Leit zegutt géif kommen. Déi grouss Majoritéit vun den Asyldemandeure kënnt schliisslech op Lëtzebuerg, fir hei e fräit a selbstbestëmmt Liewen opzebauen.

D'Ofschafe vum Test du marché, eng Vereinfachung vun de Prozeduren an eng Kompetenzbewäertung vun den DPIe wieren an eisen Aen eng Win-win-Situatioun fir d'Mënschen a fir d'Wirtschaft.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass och scho prett. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och virop dem Marc Spautz e ganz, ganz grousse Merci fir déi Debatt. Ech hat gëschter kuerz d'Geleeënheet, nach eng Kéier mat em driwwer ze schwätzen, well et fir mech net ganz kloer war, ëm wat déi Debatt haut sollt dréinen.

Mee ech mengen, dass et ganz gutt war, dass de Marc Spautz déi Debatt hei gefrot huet, well dat erlaabt eis och, e bësse méi Kloerheet ze schafen iwwert déi verschidde Statuten. An ech wäert och probéieren, dat a menger Interventioun e bësse méi kloer ze maachen, well et héiert een awer den Ament op verschiddene Plazen doruechter verschidde Saachen, déi einfach net stëmmen.

Ech fänken awer u mat enger lëtzebuergescher Iwwersetzung vun engem franséischen Text, dofir ass et e bësse méi holpereg: E Flüchtling ass eng Persoun, déi sech „aus begrënnter Angscht viru Persecutioun wéinst hirer Rass, Relioun, Nationalitéit, Zougehéieregkeet zu enger bestëmmter sozialer Grupp oder wéinst hirer politescher Iwwerzeegung baussent deem Land befënnt, vun deem se d'Nationalitéit huet, an déi de Schutz vun dësem Land net kann an Usproch huelen oder wéinst hiren Ängschten net an Usproch huele wëll."

Dëse komplizéierte Saz ass den éischten Artikel aus der Genfer Flüchtlingskonventioun vun 1951. An ech hu fonnt, et wär vläicht grad an dësen Zäiten och derwäert, dee Saz emol erëm eng Kéier ze rappeléieren.

D'Genfer Konventioune stellen haut nach ëmmer déi weesentlech Komponent vum humanitäre Vëlkerrecht duer. An als LSAP setze mir eis derfir an, datt d'Asylrecht voll a ganz applizéiert gëtt. All Mënsch, dee virun engem militäresche Konflikt a sengem Heemechtsland muss fortlafen, huet d'Recht, Asyl ze froen an esou eventuell en Openthaltsrecht zu Lëtzebuerg ze kréien.

D'lescht Joer ass fir d'éischte Kéier e spezielle Flüchtlingsstatut a Kraaft getrueden. Et ass scho gesot ginn: De Krich géint d'Ukrain huet d'EU derzou bruecht, de Statut de protection temporaire ze aktivéieren. Dësen Noutfallmechanismus ass op eng EU-Direktiv vun 2001 zréckzeféieren, déi am Kontext vun de Konflikter am Westbalkan agefouert gouf.

D'primäert Zil vun dësem Statut ass et, eng grouss Flüchtlingsbeweegung méiglechst séier kënnen ze geréieren an d'Leit mënschewierdeg kënnen opzehuelen. D'Prozedur, fir e Schutzstatus ze kréien, ass acceleréiert an am Verglach mat der – ech soen elo – „normaler" Protection internationale, wéi mer se kennen, weesentlech méi kuerz. Hei zu Lëtzebuerg ass souguer e Guichet unique ageriicht ginn, deen de Leit bannent e puer Stonne schonns déi éischt Hëllefe konnt ginn.

Mat dësem Statut de protection temporaire kritt een eng Partie Rechter. Dozou zielen nieft dem Openthaltsrecht den Accès zum Logement, zur Assistance sociale an zu Gesondheetsleeschtunge esouwéi och den Accès zur Educatioun fir d'Kanner an eeben zum Aarbechtsmaart.

Den Accès zum Aarbechtsmaart erlaabt de Leit, an där dach dramatescher Situatioun, an där se sech dacks erëmfannen, hir eege Suen ze verdéngen a selbstbestëmmt hiert Liewen ze gestalten. Si kënne sech also bei der ADEM aschreiwe goen, fir eng Aarbechtsplaz ze sichen. D'lescht Joer hu 5.087 Leit dëse Statut accordéiert kritt, dovunner ongeféier eng 1.700 Mannerjäreger.

De Statut de protection temporaire ass, wéi den Numm et seet, awer zäitlech begrenzt. Aktuell ass d'Protection temporaire fir Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn, a Kraaft a gouf schonns ëm e weidert Joer verlängert bis de Mäerz 2024.

De Marc Spautz huet et gesot an d'Carole Hartmann huet et och gesot, ech muss et awer leider nach eng Kéier widderhuelen: Et gëtt deemno Ënnerscheeder tëscht dem Statut de protection temporaire an dem méi geleefege Statut vun de Bénéficiaires de protection internationale. Deen een ass temporaire, hunn ech gesot, deen aneren ass méi definitiv, a wann en a reegelméissegen Ofstänn verlängert gëtt, ass e souguer souzesoe liewenslaang gülteg.

D'Leit, déi de geleefegen normale Flüchtlingsstatut accordéiert kritt hunn, hunn Accès zu Sozialleeschtungen, Logement, Educatioun a Gesondheetsleeschtungen zu deene selwechte Konditioune wéi zum Beispill d'Lëtzebuerger Residenten. Si dierfen och hei am Land schaffen. Jee no Secteur mussen hei awer gewësse Konditiounen erfëllt sinn.

Bei de Leit, déi de Statut de protection temporaire hunn, stelle sech wéinstens um Niveau vun de Rechter keng Froen, wat den Accès zum Aarbechtsmaart betrëfft. Bei Leit, déi d'Protection internationale ugefrot hunn an also nach an der Prozedur sinn, ass d'Aarbechtsrecht awer limitéiert, wéi mer elo grad héieren hunn.

Vum juristesche Kader hier dierf d'Prozedur net méi wéi 21 Méint daueren. Am Extreemfall ass dat schonn eng ganz considerabel Dauer, an där een net fräien Accès zum Aarbechtsmaart huet.

Et gëtt allerdéngs d'Méiglechkeet, eng Autorisation d'occupation temporaire, kuerz AOT, bei der ADEM unzefroen. Den Detail erspueren ech Iech elo, well et zum Deel och scho gesot gouf. Dës AOT ass sechs Méint gülteg a kann ëmmer erëm erneiert ginn. Dës Prozedur ass awer net ganz onkomplizéiert, net nëmme fir déi betraffe Leit selwer, mee och fir de Patron. Hei gëtt et effektiv Verbesserungspotenzial, zum Beispill wat deen Test de marché ugeet. An eventuell kann de Minister Engel herno a senger Äntwert dorobber agoen.

Et ass awer wichteg, net ze vergiessen, dass et sech hei ëm Leit handelt, deenen hire Statut nach net gekläert ass. Soubal si de Refugiésstatut hunn, kréie si all déi genannte Rechter awer zougesprach. Esou kënne si selbstbestëmmt a sécher hei am Land liewen a virun allem voll a ganz un eiser Gesellschaft deelhuelen.

Ech wéilt just ofschléissen, ech maachen et elo erëm e bësse méi kuerz. Iwwer wat mer eis awer vläicht eng Kéier sollten an eise Kommissiounen ënnerhalen – a menger aussepolitescher Kommissioun, mee och an där vum Travail –, dat ass: Wéi wäert een an Zukunft kënnen aus deem temporairë Statut an deen normale Statut eriwwerwiesselen, zum Beispill fir déi Leit, déi elo aus der Ukrain hei sinn an déi no enger gewëssener Zäit eng Aarbecht fonnt hunn a vläicht och decidéiert hunn, an Zukunft hiert Liewen hei zu Lëtzebuerg ze maachen? Do stelle sech menger Meenung no eng ganz Partie Froen, déi mir als Deputéiert nach sollten op de Leescht huelen.

Ech soen Iech Merci. Entschëllegt, wann ech eng Minutt ze laang war.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och dem Här Cruchten. An den nächste Riedner ass den honorabele Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Här President, Kolleegen a Kolleeginnen, merci dem Marc Spautz, meng Virriedner hunn et gesot, fir dës Problematik unzeschwätzen. Et geet hei ëm den Zougang op den Aarbechtsmaart vun den DPIen, den Demandeurs de protection internationale, Mënschen, déi op hirer Flucht zu Lëtzebuerg Asyl ugefrot hunn an awer nach net kritt hunn. Et ass eng schwiereg Problematik, et hannerfreet eis als politesch Responsabel, et hannerfreet eis alleguerten och als Mënsch.

An den 90er hu mer hei zu Lëtzebuerg Leit opgeholl, déi aus de Balkanlänner koumen. Ganz vill sinn heibliwwen, ganz villen hu mer eng Chance ginn, hiert Liewen zu Lëtzebuerg a Sécherheet frësch ze starten.

Vill erwuesse Leit hu laang misse waarden, bis se definitiv Asyl kritt hunn. Ech ka mech erënneren, dass eeben Enn den 90er, ufanks den 2000er a mengem Betrib jonk Schüler ab 16 Joer – dat war deemools nach méiglech – et no hirer Schoul net gescheit hunn, sech Geld derbäi ze verdéngen als Ënnerstëtzung fir hir Famill, andeems se Ëmfroe gemaach hunn. Lëtzebuergesch hate se mëttlerweil geléiert, se ware jo zënter Joren ageschoult. Se koumen dann heem mat deem Geld, fir dass hir Geschwëster an hir Eltere konnte besser liewen. D'Eltere selwer hate keng Méiglechkeet, genee wéi haut, schaffen ze goen a selwer fir d'Finanze vun der Famill opzekommen.

Iwwer Méint a Jore liewen och haut Mënschen zu Lëtzebuerg, deene mer net d'Méiglechkeet ginn, selwer Geld duerch Schaffegoen ze verdéngen. Gitt Dir e besseren, gitt Dir e gudde Mënsch, wann Dir méintelaang, jorelaang net däerft schaffe goen, net dierft am Foyer, wou Dir wunnt, selwer emol kachen, net dierft enger sënnvoller Beschäftegung nogoen an Ärem Foyer? De Risiko, op domm Gedanken ze kommen, de Risiko, mental krank ze ginn, ass zimmlech

grouss. Déi lescht Méint hat ech oft d'Geleeënheet, am Gespréich ze si mat enger Rei jonken Erwuessenen aus dem Afghanistan, déi mer vun hirer ongeléister Situatioun verzielt hunn.

Respekt fir all déi Mënschen, déi et fäerdegbréngen, trotz allem fit ze bleiwen, änner anerem duerch Sport a soss Fräizäitaktivitéiten! Merci an deem Sënn och alle Veräiner, déi all dëse Mënschen d'Méiglechkeet ginn, un hiren Aktivitéiten deelzehuelen an doduerch Deel ze si vum Mosaik Lëtzebuerg!

Mee an eiser Gesellschaft bass de een, wann s de eng Schaff hues. Da gehéiers de derzou. A contrario: keng Aarbecht, da bass de keen. Aarbecht verschaaft awer och Dignitéit, verschaaft Respekt. Aarbecht erméiglecht, Sproochen ze léieren. Aarbecht erméiglecht, sech ze integréieren.

Schaffe goe bedeit och, dass ee sech ab und zu eppes ka kafen, kann um Liewen deelhuelen, kann de Kanner eng Glace kafen, de Kanner e Kaddo kafen, wa se op e Gebuertsdag invitéiert ginn, an eeben och selwer de Kanner e Gebuertsdaagskaddo kënnen ze kafen. Et si Klengegkeeten, déi fir eis selbstverständlech sinn, mee déi fir si onerreechbar sinn.

A wann ee ka schaffe goen, da kann ee vläicht och e bëssen eppes uspueren, fir wann een dann endlech de Statut kritt an hoffentlech och eng Wunneng fënnt. Dann huet een och Méiglechkeeten, sech selwer anzeriichten a sech net iwwerall d'Miwwel musse léinen ze goen oder sichen ze goen.

De Marc Spautz sot et: Vum Aarbechtsmaart héiere mer all Dag, dass d'Leit gebraucht ginn. Vun enger Rëtsch Entrevuë mat Patronatsvertrieder a leschter Zäit weess ech och, dass d'Patrone prett sinn, all de Leit eng Chance ze ginn, fir an d'Aarbecht ze kommen, onofhängeg vun engem Statut, deen dësen Zougang verhënnert.

Dir sot mer elo, dass en DPI, en Demandeur de protection internationale, no sechs Méint, wann a sengem Dossier nach keng Decisioun geholl gouf, eng AOT ufroe kann, also eng Autorisation d'occupation temporaire. Mee wisou ginn dann net méi där AOTen ausgestallt?

Als DPI muss ech en Employeur fannen, dee mech astellt – éischt Hürd. An deen Employeur muss dee Poste bei der ADEM mellen – zweet Hürd. De Poste gëtt ausgeschriwwen a jiddweree ka sech mellen – drëtt Hürd. A wa se da keen anere Kandidat fannen, da kann ech DPI eng AOT kréie fir dee Posten – uff!

Meng Autorisatioun fir ze schaffen, gëllt awer, wéi d'Carole Hartmann et gesot huet, just fir sechs Méint, just fir deen Employeur. Se muss also erneiert ginn, och wa mäi Patron mech géif wëllen halen a mer e CDD oder e CDI géif wëlle ginn.

Ass dës Reegel mënschefrëndlech? Se ass och net wirtschaftsfrëndlech. Well als Patron zécken ech jo och, ob ech an d'Ausbildung vun engem Mataarbechter soll investéieren, wann ech net weess, ob e bleiwen däerf. Dat ass eng allgemeng Reegel – och wann eisereen oder eis Kanner schaffe ginn. Musse mer net also éischter kucken, den DPIen den Accès op den Aarbechtsmaart ze vereinfachen?

Piste wieren – et ass ugedeit ginn –, verschidde vun de Konditiounen ze lackeren, dass de Labour Market Test net méi gëllt, dass eng AOT net just fir een Employeur gëllt, dass se och net esou oft muss erneiert ginn. An da stellt sech jo, wéi de Marc Spautz et uganks gesot huet, zu Lëtzebuerg déi berechtegt Fro: Déi Gutt an déi Béis? Éischt- an Zweetklassflüchtlingen? Dat kléngt zynesch, an et ass et och!

D'Bénéficiaires d'une protection temporaire aus der Ukrain kënnen direkt op eisen Aarbechtsmaart kommen, an déi Persounen aus Eritrea, Jemen, Syrien, Afghanistan an esou weider mussen nokucken.

Op deem Hannergrond froe mir Gréng eis, wisou mir zu Lëtzebuerg a puncto Zougang zum Aarbechtsmaart momentan nach solle weider, Här Minister, en Ënnerscheed maachen tëscht DPI, BPI a BPT.

Ech kommen zu mengem Schluss.

Gëtt et fir déi Leit net schonns genuch Schwieregkeeten ze meeschteren, fir eng Aarbecht ze fannen? Ech denken un déi gefuerdert Sproochekompetenzen, un d'Ausbildung, déi muss completéiert ginn. Da sollte mer dach vläicht éischter drun denken, e puer Hürden aus dem Wee ze raumen an hinne via d'Aarbecht eng Chance ze ginn op en neit Liewen, an esou en Deel vum Mosaik Lëtzebuerg ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass de Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, dat ass e ganz schwieregt Theema. Ech soen och dem Marc Spautz villmools Merci, datt en dat ugeschwat huet. Lëtzebuerg ass eigentlech kee Mosaik, wéi et elo gesot gëtt. Et ass e souveräne Staat mat enger Populatioun, déi hei ass, a wou ganz vill Leit an eiser Gesellschaft och fragiliséiert sinn, och vu Leit, déi hei sinn, déi am Chômage sinn. An ech mengen, dat Éischt, wat mer musse kucken, wa mer iwwert déi hei Moossname schwätzen, ass: d'Incidencen, och op déi eege Populatioun. Mee loosst mech emol vir ufänken.

Den Här Spautz huet an där Initiativ, déi e geholl huet, gesot, mir missten haut iwwert d'Augmentation significative du nombre de demandes de protection internationale schwätzen. An duerno huet en da gesot: „Da schwätze mer och iwwert d'Aarbechtsrecht."

Et ass also emol dat Éischt, fir ze kucken: Wéi ass et da mat där Augmentation significative? An do si mer an Europa am Abléck op bal deenen Niveaue vun 2015/2016. Den Här Weber aus Ärer Partei, Här Spautz, deen am Europaparlament ass, huet elo viru Kuerzem gesot: „We are sleepwalking into a new migration crisis." Dat ass d'Situatioun um europäeschen Niveau: e massiven Aflux.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Den Här Weber ass net an der CSV!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | En ass an der EVP. Dee seet an der EVP ...

Ech kann Iech dat awer gär erklären, wann Der wëllt. Mee et ass awer op jidde Fall Är Parteiefamill.

An et ass esou, datt mer elo an enger Situatioun sinn, wou Europa mat engem massiven „Influx", wéi et hei heescht, also wou vill, ganz vill Leit vu bausse kommen ... Dee leschte Conseil européen huet sech domadder beschäftegt. Lëtzebuerg huet zu deene Länner gehéiert, déi sech eigentlech géint nei Moossname gewiert hunn, eng Rei vun neie Moossnamen, fir deen Aflux vu Leit aus anere Länner kënne besser ze kontrolléieren. Dat huet a Frankräich, an Éisträich – ech hunn Artikele matbruecht, wann Iech dat interesséiert – zu massiver Kritick un der Lëtzebuerger Regierung geféiert, notamment un den Aussoe vum Här Bettel a vum Här Asselborn.

Dat ass den internationale Kontext. An dat soll een net vergiessen, wa mer iwwer Lëtzebuerger Refugiéspolitick schwätzen. An dat, wat mer wëllen hei am Land maachen, dat ass dat, wat mer hei maachen. Dat huet och en Impakt op Europa allgemeng an et gëtt och vun anere Länner ganz kritesch gesinn.

Mir waren 2015 an enger Situatioun, wou Lëtzebuerg an enger Majoritéit vu Staate war, déi gesot hunn: „Mir huelen der vill op." Am Abléck si mer mat dräi, véier anere Länner an enger absolutter Minoritéit an Europa mat där Politick, déi d'Regierung mécht. Och dat muss ee wëssen.

Wa mer elo higinn a mir ginn deene Leit méi Avantagë wéi aneren, och an anere Länner, dann ass dat kloer – Dir hutt et gesot, Här Spautz – e „Pull Factor": Mir zéien domadder méi Leit un. An dat huet eng ganz Rei Konsequenzen.

Éischtens emol, d'Migratioun allgemeng, well natierlech ass jidderee mat jidderengem elektronesch verbonnen; och dat muss ee wëssen. An Dir hutt Beispiller genannt: Syrer, Jemenitten an esou weider. Do ass d'Äntwert: Firwat maachen déi Nopeschlänner do net méi? Firwat mussen déi an Europa kommen? Mee dat ass eng aner Debatt.

Mee wa mir hei dat maachen a mir maachen den Accès op eisen Aarbechtsmaart ganz liicht, da kommen der natierlech nach méi. An dat ass eppes, wat ech elo net vun iergendwelleche Rietsen oder esou Theoreetiker zitéieren, mee vu Kommunisten a Sozialisten an anere Staaten – an Éisträich gëtt et där Theoreetiker ganz vill –, déi gesot hunn: „Wa mer dat maachen, da kréie mer eng Konkurrenz ënnert deene sozial Schwaachen." Et ass eigentlech dat, dat éischt Resultat. Et ass e Verdrängungsmechanismus, well vill Patrone sichen natierlech, déi Bëllegst ze fannen. Et sinn dann déi, déi am fragillste sinn, déi am mannste qualifizéiert sinn. An dann hu mer e Verdrängungswettbewerb bei deenen, déi mer eigentlech sollten am meeschte schützen: bei deene Schwaachen an eiser Gesellschaft. Dat gëllt fir den Zougang op den Aarbechtsmaart. Et gëllt bei de Qualifikatiounen, bei den Aarbechtsbeschaffungsmoossnamen, bei de Sozialwunnengen a bei enger ganzer Rei Saachen, wou virun allem déi, déi scho bei eis fragiliséiert sinn, dann eng Konkurrenz kréien duerch anerer.

Mir mussen oppassen, wat mer maachen. Mir mussen oppassen, datt mer genuch Méiglechkeeten offréieren, fir deene Leit hei am Land eng gewësse sozial Ofsécherung an och en Zougang zum Aarbechtsmaart dauerhaft ze garantéieren, an, wa mer Leit vu baussen eranhuelen, se dann net zu engem Konkurrenzfacteur maache fir déi aner.

Dat si Situatiounen, déi mer net wëllen: wou ee géint deen aneren ausgespillt gëtt. An dat gëtt eis eng besonnesch Verantwortung: eng sozial Verantwortung, eng Solidaritéit, fir an dëser Gesellschaft keng Gruppe géinteneenzestellen, mee fir ze kucken, wéi mer kënnen integréieren, ouni anerer ze schiedegen. Dat ass net einfach an et ass wierklech am Abléck och europawäit e Problem, mee besonnesch och an e puer Länner, déi eeben nach ganz vill Leit eranhuelen.

Den Här Asselborn gëtt net midd, eis ze soen: „Mir brauche méi Foyeren, méi Foyeren." En ass ganz houfreg drop ze soen: „Mir maache vill méi wéi all déi aner europäesch Länner, proportional an esou weider."

Wa mer elo op dee Wee do ginn, kann ech Iech soen: Da gëtt dee Problem net méi kleng! E gëtt net méi kleng. Well et komme scho ganz vill Leit op Lëtzebuerg, wa mer soen: „Bei eis ass den Accès op den Aarbechtsmaart ...", analog zu deem, wat mer fir d'Ukrainer gemaach hunn. Dat war u sech als Ausnam geduecht. Wa mer dat elo generaliséieren, da gëtt deen Aflux an deen Drock op eis Flüchtlingsinfrastrukture mat Sécherheet net méi kleng.

Ech soen Iech dat, well ech net wëll déi Diskussioun lassgeléist féieren, just an enger wuelverstanenen – an ech

respektéieren dat total, an ech soen et net negativ –, an enger wuelverstanene positiver a Guttménsche-Mentalitéit, fir de Leit ze hëllefen. Dat ass wäertvoll an Dir verdéngt all Respekt, fir dat ze soen. Mee ech soen: Et kann een et net lassgeléist gesi vun de Konsequenze vun där Politick a vum internationale Kontext a vun deem, wat et géif fir eis heeschen.

Muer de Mëtten hu mer e Gesetz hei – dat huet den Här Cruchten abruecht, mengen ech, hien ass Rapporteur –, wou mer iwwert d'Problemer schwätzen, déi mer elo schonn hu mat, zum Beispill – ech zitéieren aus dem Rapport, dee mer muer de Mëtten diskutéieren –: eng „Multiplication des séjours irréguliers" zu Lëtzebuerg, de Problem mat den Transferten, mat aneren, mat Dublin. D'Gesetzer ginn net respektéiert. Mir hunn eng ganz Rei Rechtsinstrumenter an der Europäescher Unioun – notamment alles, wat sécher Drëttstaaten, Dublin an esou weider, concernéiert –, déi am Abléck net observéiert ginn hei zu Lëtzebuerg a wou Leit heihikommen, well et net observéiert gëtt.

Mir däerfen näischt maachen, wat déi Situatioun nach méi schlëmm mécht! Mir musse kucken, datt mer déi Problemer, déi Dir ugeschwat hutt, op eng Manéier reegelen, déi keen – keen! – hei am Land benodeelegt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e bësselchen zu spéider Stonn. Merci dann awer och dem Här Spautz fir d'Ufro vun dëser Debatt, déi mir besonnesch um Häerz läit, wéi hien och weess. Mir schwätzen hei vun enger Problematik, déi, mënschlech gesinn, immens dramatesch ass an déi sech, wéi mer all wëssen, och zouspëtzt.

Dramatesch ass d'Situatioun, well et hei ëm Mënsche geet, déi dat Schlëmmst erlieft hunn, wat ee sech ka virstellen – oder sech och éischter net ka virstellen –, déi alles hannert sech gelooss hunn, déi eventuell hiert Liewen an d'Liewe vun hire Kanner riskéiert hunn, eventuell vergewaltegt oder ausgenotzt gi sinn an déi elo an engem Land liewen, wou hinnen alles friem ass: d'Sprooch, d'Kultur, d'Mënschen, d'Wieder, d'Iessen, de Rhythmus – einfach alles.

Si kréien natierlech och net ëmmer d'Gefill, dass se wëllkomm wieren; wéi mer wëssen. An dacks kréie se och vu Plazen, vun offizielle Plazen net ëmmer d'Gefill, si wiere wëllkomm. Si kréien oft d'Gefill, si wiere Ligener oder Profiteuren. Dat wësse mer och vun der Direction de l'immigration, déi eis dat esou confirméiert huet, Stéchwuert „Detektivaarbecht" – dat krute mer eng Kéier an der Kommissioun gesot –: Si géifen Detektivaarbecht maachen op der Sich no Kontradiktiounen. Dat ass also d'Haltung.

Mënschlech gesinn also: en Drama op alle Pläng. Virun esou vill Leed, Ongléck an Ongerechtegkeet, muss ech éierlech soen, fillen ech mech immens kleng an ech schumme mech scho bal, dass et mer relativ gutt geet. A wéi ongerecht d'Liewen dach ass, mat deenen engen esou gutt a mat deenen aneren esou schlecht ze sinn.

An d'Situatioun, jo, si spëtzt sech zou. An – wéi sollt et aneschters sinn? – de Problem, iwwert dee mer hei schwätzen, hëlt net of an ass net verschwonnen. Well d'Flüchtlingen huelen net of. Si ginn net manner, well d'Problemer an der Welt net manner ginn. Am Géigendeel: Den Drock wiisst iwwerall an der Welt an den Drock wiisst natierlech och hei op eis Wunnstruktur vun de Flüchtlingen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Den Drock an de Wunnstrukturen ass immens grouss, virun allem, well d'Hallschecht vun deene Leit, déi do wunnen, wéi mer wëssen, Beneficiairë sinn, also Leit, déi d'Protektioun accordéiert kruten, well, wéi mer natierlech wëssen, dës Leit keng Wunneng um fräie Wunnengsmaart fannen. Wéi mer wëssen, ass et quasi onméiglech fir all normale Mënsch, iergendwéi do eng Wunneng ze fannen. Se befanne sech deemno Joren a Joren a ganz enkem an iwwerfëlltem Espace.

An deem Kontext gëtt scho laang gesot – an dat, éier d'ukrainesch Flüchtlingen an hirem Kontext vun der russescher Invasioun an d'Ukrain op Lëtzebuerg geflücht sinn –, dass d'Leit bis zu e puer Joer an hirer Prozedur sinn, éier se dann endlech kënne schaffe goen. An elo schwätzen ech eeben haaptsächlech vun den net ukrainesche Flüchtlingen, well déi jo dovunner betraff sinn, dass se net kënne schaffe goen.

Ech mengen, et ass jiddwerengem hei kloer, wat et bedeit, wann een net ka schaffe goen. Et ass virdru scho kuerz een drop agaangen. Jorelaang an enger Prozedur ze hänken, dacks méintelaang ouni Äntwert, net kënnen ze schaffen – dat dréckt op d'Gemitt. Dat ass jiddwerengem vun eis kloer. An et ass net gutt fir d'Moral, net gutt fir dee Betraffenen, net fir säi Partner an och net fir seng Kanner. Et fillt ee sech notzlos, ouni Wäert an ouni Sënn. Dacks féiert dat zu psycheschen Erkrankungen. Et huet een d'Gefill, et wier een net gewollt. An et géif ee ganz gär zur Gesellschaft bäidroen, mee et kann een et net.

D'Politick ass sech sécherlech zum Deel dësem Problem bewosst. Dofir géif ech ganz gären aus dem Koalitiounsaccord virliesen: „Une concertation poussée devra être organisée entre les Ministères [...], afin d'améliorer les chances d'intégration des réfugiés."

Loosse mer éierlech sinn: Mir schwätze säit Jore vun Integratioun, mee ganz vill ass awer nach net geschitt. D'Aarbecht ass sécher een Haaptmëttel – dat ass elo hei gesot ginn –, fir sech ze integréieren. Och dat weess d'Politick, an och do wëll ech nach eng Kéier zitéieren aus dem Koalitiounsaccord: „La procédure en obtention d'une autorisation d'occupation temporaire [...] sera simplifiée", steet am Koalitiounsaccord, „après concertation de tous les acteurs concernés, afin de faciliter l'accès au marché de l'emploi des demandeurs de protections internationale."

Mir wëssen, dass d'AOT déi eenzeg Méiglechkeet fir d'DPIen ass – d'Demandeuren – fir ze schaffen. Ech schwätzen, wéi gesot, net vun den ukrainesche Flüchtlingen, déi jo en extrae Statut hunn.

Et ass awer esou, dass déi Demande – och dat ass scho gesot ginn – immens opwendeg ass. Et dauert dacks ee bis zwee Méint, bis een esou eng AOT huet. Dacks loossen d'Patrone sech dann och dovunner decouragéieren. Et ass nämlech esou, dass, wéi mer wëssen, de Patron dës Demande muss maachen. D'ADEM mécht den Avis an dee schéckt se op d'Immigratiounsdirektioun. Also, et ass vill hin an hier, woubäi déi betraffe Persoun sech ganz dacks als Spillball fillt.

Dës AOT soll elo reforméiert ginn. Dat steet scho laang am Raum. D'Prozedur soll vereinfacht ginn. Et geet säit engem Joer rieds vun engem Projet de loi. An ech géif ganz gär wëssen, wou deen dann drun ass. Et sinn alt erëm vill Annoncen, mee vill Konkreetes héiert een awer net.

Et muss een awer och soen, dass et net just déi betraffe Leit sinn, déi derno froen, no enger Vereinfachung, mee och d'Patrone froen derno – emol eng Kéier, wou mir fir d'Patrone schwätzen, kuckt emol do! –, well mir wëssen alleguerten, wéi vill Leit gesicht ginn um Aarbechtsmarché. A wéi gesot: Och vun deenen héiert ee ganz vill, dass dat eng Léisung wier.

An Däitschland – anscheinend – kréien d'DPIen dann eng Aarbechtserlabnis no sechs Méint. An dat wär eng richteg Erlabnis. Déi géifen e Bréif kréien, dass se wierklech kënne schaffe goen, an net just eng AOT, wou se fir all Job eigentlech mussen eng nei ufroen.

2022 da si bedeitend méi Autorisatiounen accordéiert ginn, konnt ech noliesen – ëm déi 50, mengen ech. D'Praxis huet deemno geännert, ouni dass d'Gesetz geännert huet. Et wier ee méi large ginn. Dat ass ganz kloer ze begréissen. Mee wéini kënnt dann awer déi gesetzlech Ännerung? Well ouni eng gesetzlech Verbesserung, ass all Verbesserung an der Praxis awer och vun haut op muer erëm réckgängeg ze maachen.

D'Aarbecht ass fundamental, fir dass d'Leit sech kënnen integréieren, och dat ass scho gesot ginn, fir sech nëtzlech ze spieren an um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Bei den Ukrainer war et méiglech, firwat ass et net bei deenen anere politesche Flüchtlinge respektiv Flüchtlingen aus Krichsgebidder méiglech?

Et gëtt e Widdersproch tëscht dem deklaréierten Zil vun der Autonomisatioun vun de Flüchtlingen an der Realitéit an der Flüchtlingspolitick. Dat muss een einfach esou feststellen. Déi ganz Gestioun vun der Ënnerkonft a grousse Strukturen, iwwert d'AOT an d'Bongen, hält d'Mënschen an enger Dependance vum System. Et ass e paternalistesch karitative System – esou gesinn ech et –, deen d'Mënsche friemgeréiert. Si sinn alles, mee net autonom. An dat muss dréngend geännert ginn, och iwwert dës Aarbechtserlabnis.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass de Marc Goergen fir d'Piraten.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Asyl ass fir eis Piraten e Mënscherecht. Et ass d'Recht vun all Mënsch, eng Demande op Asyl ze stellen. Dat heescht net, dass all Demande muss accordéiert ginn, mee dass all Mënsch e Recht drop huet, eng Demande ze stellen.

Wat ech elo hei soen, klëngt ganz banal. Et ass awer leider a ville Länner haut net méi d'Realitéit um Terrain. Mir hunn hei an der Chamber schonn d'illegal Pushbacks kritiséiert. Mir hunn esou Praktiken och zesummen an enger Motioun verurteelt, an awer ginn d'Genfer Flüchtlingskonventioun an d'UN-Kannerrechtskonventioun net iwwerall, an och net iwwerall an der EU, respektéiert. Lëtzebuerg huet sech ëmmer solidaresch gewisen a mir hu ville Mënschen hei e Liewen erméiglecht. Mir sinn awer och bei Wäitem nach net perfekt.

D'Reklamatiounen, déi Organisatioune wéi LUkraine an d'Mënschen aus der Ukrain hei zu Lëtzebuerg an de leschte Méint geäussert hunn, si keng nei. DPIen, déi virdrun aus Afrika oder anere Länner wéi Afghanistan oder Syrien op Lëtzebuerg geflücht sinn, hu scho virdrun op genau déi selwecht Mëssstänn higewisen.

Eis Foyere kënnen net ëmmer e Liewen an Dignitéit erméiglechen. Dat huet och de Rapport vum OKaJu nach eng Kéier ënnerstrach a gewisen: Wéi schwiereg den Alldag grad fir Kanner an hir Famillje ka sinn.

D'Haaptproblemer sinn: feelend Personal; feelend Infrastrukturen an de Gebaier, sief dat sanitär Infrastrukturen, Spillsäll fir déi Kleng an och eng Kichen; feelend Recht vun de Leit, bei der Gestioun vun de Foyere matzehëllefen oder matzegestalten; laang Delaien, wann een eng Demande stellt; Demanden, déi zwar refuséiert ginn, wou d'Leit hei toleréiert ginn, sech awer kee Liewen hei kënnen opbauen a souzesoen an engem Vide liewen.

Ech war enttäuscht, souguer schockéiert, vun de Biller am Rapport, wéi d'Regierung dës Leit ënnerbruecht huet. Trotzdeem si mir eis ganz bewosst, dass den ONA hei all Hiewelen a Beweegung setzt, fir Better a Gebaier ze fannen. Mee et muss eis kloer sinn, dass een Assistant social oder een Educateur op 100 Leit an den temporären Ënnerkonfte vum ONA bei Wäitem net duergeet. Leit, déi viru Krich an Doud op Lëtzebuerg flüchten, musse professionell Hëllef kréien. Si musse sech kënnen en Alldag opbauen.

Den OKaJu huet och a sengem Rapport stoe gehat: Zitater vu Familljen, wou d'Koppele gären an engem Bett schlofe wéilten, dat awer net dierfen, wou se keng Méiglechkeet hunn, fir dat Iessen ze kachen, wat se vun doheem aus kennen, Leit, déi och gäre géifen direkt schaffen an deenen d'Zäit am Foyer all Dag ze laang gëtt, déi awer nach musse waarden, ob si dierfen zu Lëtzebuerg bleiwen, ob si dierfen enger Aarbecht nogoen.

All dës Problemer bauen Tensiounen op tëscht de Bewunner, wouduerch et méi schnell zu Konflikter kënnt, einfach well ze vill Leit op engem ze vill enke Raum mat ze wéineg Alldagsbeschäftegunge liewe mussen.

Här President, fir eis Piraten brauch et méi kleng Foyeren, wou sech och méi individuell ëm d'Leit ka gekëmmert ginn, an eng Opstockung vum Personal.

Mir fuerderen dowéinst: e Personalschlëssel, wou op zéng Kanner an de Foyere mindestens ee Mataarbechter muss kommen, esou wéi et och an de Crèchen oder an anere Betreiungsstrukturen haut schonn de Fall ass; e Personalschlëssel, wou op 30 DPIen a BPIen een Educateur soll kommen; e Personalschlëssel, wou op zéng Familljen een Assistant social soll kommen.

Mir fuerderen och méi liewenswäert Foyeren, wou d'Leit selwer hiert Liewe kënne gestalten a wou sech och d'DPIe kënnen eng Aarbecht sichen a se enger Aarbecht kënnen nogoen. Esou kéinten déi Leit sech e Liewen hei am Land opbauen, wa se dierfe bleiwen, a si missten net de ganzen Dag am Foyer sinn, wat do och erëm d'Strukturen an d'Mataarbechter entlaascht.

A merci dem Marc Spautz fir d'Ufroe vun dëser Heure d'actualité. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och.

An d'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, merci dem Här Spautz, fir déi Heure d'actualité hei op den Ordre du jour gesat ze hunn, déi sécherlech ganz interessant ass an déi ganz vill Aspekter huet, ganz vill verschidden Aspekter huet.

Fir d'éischt wëll ech awer mäi Regierungskolleeg a mäi Frënd, de Jean Asselborn, hei entschëllegen. Dir wësst alleguerten, en ass mat enger Gripp geplot a mir wënschen em wierklech alles Guddes, datt en erëm gläich op de Been ass. Esou wéi mir e kennen, gëtt hie sech schonn net esou séier geschloen. An esou wéi mer e kennen, setzt hie sech, esoubal en erëm op de Been ass, och erëm weider an, fir datt Mënschen, déi hir Heemecht hu misse verloossen, eng fair Chance an Europa an och eng fair Chance hei zu Lëtzebuerg kréien. Dat ass eis eethesch an eis moralesch Verflichtung.

An eng Rei vun deene Froen, déi elo hei gestallt gouf, déi wären natierlech besser fir de Jean Asselborn gewiescht, well hien ass eisen Aussen- an Immigratiounsminister an hie kéint sécherlech op eng ganz Rei vun deene Froen och besser äntweren, wéi dat den Aarbechtsminister elo ka maachen. Dee probéiert dann op deen Aspect vun der Aarbecht hei méi am Spezifeschen anzegoen.

Nee, déi Leit, déi fortlafe vun doheem, déi sech an d'Hänn vu Schleiser beginn, sech nëmme mat deem néidegste Gepäck op eng geféierlech Rees maachen an dann eng ganz ongewëss Rees an Europa maachen, nee, déi maachen dat net aus Spaass. Déi maachen dat, well se hires Liewens net méi sécher sinn ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | ... oder well se keen aneren Auswee gesinn.

**Une autre voix** | Très bien!

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | An duerfir lafe se fort vun do, wou se doheem waren. An dat ass keng einfach Decisioun.

Léif Deputéiert, de Sujet vun haut de Mëtten, deen ass duerfir, ech hunn et gesot, sécherlech en Theema, wou den Aarbechtsminister gefrot ass, mee wou u sech ganz vill aner Ministeren aus der Regierung och mat concernéiert sinn.

Nodeems Russland d'Ukrain brutal iwwerfall huet, ass op europäeschem Niveau ganz séier reagéiert ginn. Déi Leit, déi decidéiert hunn, sech virum Krich a Sécherheet ze bréngen, déi kënnen elo vun der Protection temporaire bei eis profitéieren, déi kënnen dee Statut kréien. Fir den Aarbechtsmarché heescht dat, datt d'Bénéficiaires de la protection temporaire sech kënne bei der ADEM aschreiwen an dee selwechten Accès op den Aarbechtsmaart hu wéi alleguer d'Residenten.

Allerdéngs ass dat net esou einfach, wéi et kléngt. Eng Flucht aus engem Krichsgebitt ass näischt, wat een esou einfach ewechstécht. D'Ukrainer, wéi d'Flüchtlingen aus anere Länner och, déi kommen aus engem frieme Land, d'Madamm Oberweis huet et gesot, kommen aus engem anere Land an e Land, wou se weeder d'Kultur, nach d'Sprooch, nach d'Iessen, nach d'Wieder a vill aner Saache kennen. Si sinn hei friem a si sinn hei onsécher. An ausserdeem hu se och nach eng ganz Rei vu Familljememberen, vu Frënn, vu Bekannten an hirem Heemechtsland, wat d'Situatioun sécherlech nach méi schwéier mécht, nach méi emotional onerträglech.

Wat déi ukrainesch Flüchtlingen ugeet, stelle mer fest, datt mer ganz vill Frae mat Kanner hunn, déi bei eis kommen. D'Kanner ginn dann och ageschoult an hunn och Accès op eis Structures d'accueil. Dat si Kanner, déi psychesch an enger kompliziéierter, schwiereger Situatioun sinn, déi vun haut op muer alles hu misse verloossen, sech vun allem hu missen trennen an elo an engem ganz neien Ëmfeld probéieren, sech zurechtzefannen. Dës Kanner, déi brauchen hir Bezuchspersoun – hir Elteren, wann se d'Chance hunn, datt déi zwee konnte matkommen –, hei zu Lëtzebuerg ganz dacks dann nëmmen d'Mamm, an déi brauchen déi ganz besonnesch vill. An et versteet een, datt déi éischt Prioritéit vun den Elteren dann och warscheinlech net ass, direkt eng Aarbecht ze fannen, well se vill aner Suergen hunn.

Als Informatioun da vläicht nach déi aktuell Chifferen: Aktuell sinn et bal 4.000 Leit, déi de Statut de protection temporaire aktiv hunn, dovunner 1.954 Fraen, 765 Männer an 1.219 Kanner. Leschte Freiden hutt Der vläicht vum Här Asselborn nach aner Chifferen héieren: Do waren et der nach 4.600. Mee do waren déi, déi net verlängert hunn, nach derbäi, well ab dem 4. Mäerz huet ee sech missen nei aschreiwen. An duerfir gëtt et déi Differenz tëscht deene bal 4.000 an deene 4.600, wéi ech elo grad gesot hunn: 800 Persounen hunn hire Statut net verlängert.

An op der ADEM hate mer bis elo 1.666 Aschreiwunge vu Bénéficiaires de protection temporaire. Dovun hate mer 68 % Fraen an 32 % Männer. 72 % haten Études supérieures, 24 % e Bac a 4 % hate kee Bac. Dir gesitt also, et si Leit mat engem ganz héije Bildungsniveau, déi heihinnerkomm sinn.

Vun deenen 1.666 Persoune sinn der am Moment nach 673 ageschriwwen. Mir stelle fest, datt d'Sproochen e grousse Problem fir d'Aarbechtssich duerstellen: 38 % hunn en Niveau B oder en Niveau C am Engleschen, an nëmme 7 % hunn en Niveau B oder C am Franséischen a just 1 % am Däitschen. Dat ass natierlech en Nodeel, fir eng Plaz op eisem Aarbechtsmarché ze fannen, engem Aarbechtsmarché, wou d'Sproochen, a virun allem d'Franséischt, ganz wichteg sinn.

Vun deene 673 nach ageschriwwenen ukrainesche Persoune sinn der 209 an enger Mesür, inklusiv Formatiounen, an 29 an engem Interim.

Vun deenen 993 – dat sinn dann déi ..., wann een déi dann ofzielt vun deenen 1.666 – Dossieren, déi clôturéiert sinn, sinn der 305 am Centre commun vun der Sécurité sociale als Emploi affiliéiert.

Eisen Informatiounen no sinn anscheinend och vill Ukrainer erëm zréck an hiert Heemechtsland gaangen. Mir hunn do awer keng exakt Zuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, an Zäiten, wou mer iwwerall qualifizéiert Aarbechtskräfte sichen, ass natierlech all Aarbechtskraaft hei méi wéi wëllkomm. Dat dierf natierlech elo net eis Prioritéit sinn, wa mer esou Leit ophuelen, mee et kann awer e gudden Effekt sinn. Eis Prioritéit muss sinn, dass déi betraffe Leit hei emol zur Rou kommen, datt se emol ukommen, an duerno ass natierlech d'Aarbecht awer extreem wichteg, éischtens fir d'Integratioun a fir d'Onofhängegkeet, zweetens erlaabt d'Aarbecht och, datt d'Leit am Beruffsliewe bleiwen an domadder bei engem Retour nom Krich och eng wäertvoll Hëllef sinn am Land, wa se dat erëm wëllen opbauen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Drëttens brauchen, wéi gesot, eis Betriber natierlech och all Persoun hei. A véiertens bréngen déi Leit och ganz dacks vill Erfarung mat sech, déi mir an eise Betriber hei och gutt kënne gebrauchen.

Ech erlabe mer dann och nach, Iech d'Zuele vun de BPIen ze soen – dat sinn d'Bénéficiaires de protection internationale, déi och bei der ADEM elo ageschriwwe sinn –: Am Joer 2022 hate mer 475 Aschreiwunge vu BPIen; aktuell si 767 BPIen op der ADEM ageschriwwen. Bei de BPI sinn awer am Contraire zu de Bénéficiaires de protection temporaire vill méi Männer dobäi: 80 % Männer an 20 % Fraen. An och wat de Qualifikatiounsniveau ugeet, gëtt et do Ënnerscheeder: 28 %. Virdrun, hat ech gesot, waren et der – wou hunn ech dat hei stoen? – 74 %. Hei sinn et der 28 %, déi

hunn Études supérieures, a 27 % hunn e Bac a 45 % sinn ouni Bac, wat der virdru vill, vill manner waren. 4 % waren et der just virdrun. Dir gesitt also, et gëtt do eng grouss Differenz, wat de Qualifikatiounsniveau ugeet.

Allerdéngs gesi mer hei, dass et bei de Sproochen e bëssen anescht ass: 53 % hunn en Niveau B oder C am Franséischen, 52 % en Niveau B oder C am Engleschen a just 2 % en Niveau B oder C am Däitschen. Do gëtt et dann och eng grouss Differenz.

Ech wëll hei awer ënnersträichen, datt déi Leit, vun deene mer haut de Mëtten hei schwätzen, jo, gréisstendeels Schreckleches duerchgemaach hunn a vill vun hinne Saachen erlieft hunn an Decisiounen hu mussen treffen, déi mer kengem wënschen, datt e se muss eng Kéier treffen. Et ass duerfir eis Flicht, de Flüchtlingen ze hëllefen.

An dës Politick, déi muss dann och am beschten op europäeschem Niveau gesteiert oder begleet ginn. A wéi Der da wësst, huet Lëtzebuerg sech nach ëmmer fir eng sozial a mënschlech Politick engagéiert. An dat erkläert dann och, wéi den Här Cruchten et gesot huet, d'Differenz tëschent dem Demandeur de protection internationale an dem Bénéficiaire de protection temporaire. Béid Persoune si wuel Flüchtlingen, mee si hunn en anere Statut mat enger anerer Prozedur.

An dee Statut, deen ass dunn och agefouert ginn, fir där massiver Flüchtlingswell, déi mer dee Moment do kritt hunn, kënne gerecht ze ginn a fir datt de System och hei net zesummebrécht. Et ass e spezielle Regimm, an déi Leit, déi kënnen och schaffe goe mat enger AOT, et ass virdru gesot ginn, enger Autorisation d'occupation temporaire. An déi sinn an deene leschte Joren effektiv staark an d'Luucht gaangen, well mer d'Prozedur och méi large gesinn hunn. Wa mer 2021 24 AOTen ausgestallt hunn, dann hu mer der dat Joer drop, 2022, scho 70 ausgestallt. Also sinn an engem Joer dräimol méi AOTen ausgestallt ginn, dat, well mer d'Prozedur, wéi ech gesot hunn, e bësse méi large gesinn.

An ech wäert och elo mam Här Asselborn Ufank vum nächste Mount – op d'Fro da geäntwert, wéini dann elo d'Gesetz kënnt – den Text deposéieren, deen eng ganz Rei vu Vereinfachunge mat sech bréngt an déi dann och gesetzlech festhält. U sech ginn déi Vereinfachungen elo schonn um Terrain quasi esou gemaach, dofir hu mer och elo méi AOTen, déi mer ausgestallt hunn. Mee déi Vereinfachungen, déi ginn elo dann och gesetzlech festgehalen, wat dann notamment den Test du marché ugeet an och wat den Accès op den Aarbechtsmaart betreffend d'Partnere vu schonn hei schaffenden Drëttstaatler ugeet. Leit, déi heihinnerkommen, wou ee schafft, kënnen dann och mat hirem Partner direkt … Do fält den Test du marché och ewech an déi kënnen dann och direkt hei schaffe goen. Wéi gesot, bei der AOT an och bei de Partner vun den Drëttstaatler wäert Ufank vum nächste Mount dann déi Gesetzgeebung op de Wee bruecht ginn. Dat sinn da wierklech Erliichterunge fir den Aarbechtsmarché, méi Attraktivitéit, méi Kompetitivitéit, an och wat de Manque de main d'œuvre ugeet, kënne mer dann do schonn entgéintwierken.

An ech wäert och mam Jean Asselborn, wann et Vereinfachunge soll ginn, wat déi eenzel Statuten ugeet, kucken, wat mer do kënne maachen. Mee fir elo mol wäerte mer nächste Mount deen Test du marché an och déi Vereinfachung bei der AOT op de Wee ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 11. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet des défis de la Police grand-ducale

Da kéime mer elo zur Interpellatioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Erausfuerderunge vun der Police. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeleucht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Léon Gloden, den Här Claude Lamberty, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Stéphanie Empain, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

***Exposé***

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eis Police huet et net einfach: D'Kriminalitéit hei am Land wiisst, d'Erausfuerderungen, virun deenen d'Poliziste sech gesinn, ginn ëmmer méi komplex an d'Geforen, deene si ausgesat sinn, wuessen. Dowéinst brauche si en däitleche Merci fir hir Aarbecht an e klore politesche Message vun Ënnerstëtzung. A béides wëlle mir hinnen duerch dës Interpellatioun ginn. Si beschäftegt sech virun allem mat der Police als Verwaltung. Op d'Entwécklungen am Beräich vun der Kriminalitéit geet mäi Frënd a Kolleeg Fred Keup nach an enger spéiderer Interpellatioun méi genee an. Zu där schlechter Informatiounspolitick vun der Regierung an deem Domän hat hien déi lescht Woch schonn eng Pressekonferenz gemaach.

Wéi dramatesch d'Zoustänn an der Police sinn a wéi inkompetent d'Regierung an deene leschte Jore mat hir ëmgaangen ass, dat weisen aktuell Diskussioune wéi déi ëm de Reklassement bei de Karriären oder och nach déi ëm d'Kompetenze vun der Police.

„D'Police steet a Flamen!", seet eng vun hire Gewerkschaften. Dobäi ass d'Police eng Verwaltung, déi eng extreem wichteg Verantwortung dréit. Leider weess dës Regierung dat net ze wierdegen. D'Gewerkschafte froen Entrevuë beim zoustännege Minister a gi méintelaang waarde gelooss. Dës Regierung weist domadder, datt si kee Respekt fir d'Beamten, kee Respekt fir d'Gewerkschaften a kee Respekt fir d'Police am Allgemengen huet. Et gëtt héich Zäit, datt d'Police a besser Hänn kënnt!

D'Police brauch eng prezis Missioun, an dat ass déi, fir déi bannenzeg Sécherheet ze garantéieren. Fir datt si sech kann op déi Aufgab konzentréieren, sollte Missiounen, déi och vun anere Verwaltunge kéinten ausgeféiert ginn, och an deem Sënn nei organiséiert ginn. Fir hir eege Missioun kënnen ze erfëllen, brauch d'Police ënner anerem genuch a gutt Leit, dat modernsten a beschte Material, all néideg legal Kompetenzen an eng gutt Zesummenaarbecht mat de Justizautoritéiten.

Mir Politiker hu géintiwwer eiser Police d'Verantwortung, hir all déi Mëttelen ze ginn, déi si brauch, a si esou opzestellen, datt si hir Aufgabe kann erfëllen. Mat deem Theema beschäftege mir eis haut.

Här President, Polizist ze sinn ass keen einfache Beruff. All Polizist kann an déi Situatioun kommen, datt säin eegent Liewen a Gefor bruecht gëtt oder datt hie säi Liewen asetzt, fir dat vun anere Mënschen ze schützen. Dofir schëllege mir eise Polizisten Dankbarkeet an Unerkennung an och Ënnerstëtzung a Schutz.

Et ass zum Beispill wichteg, datt e Polizist, deen an enger Noutsituatioun seng Waff benotze muss, fir Leed ze verhënneren, weess, datt en op déi voll Solidaritéit vu senger Hierarchie a vun der Politick ziele kann. Eng sécher an zouverlässeg Assistance judiciaire gehéiert fir eis onbedéngt mat dozou.

Mir wëllen de Poliziste soen, datt mir als ADR hir Aarbecht ënnerstëtzen, si dobäi rechtlech wëllen ofsécheren an datt mir Vertrauen a si hunn. An zu deem Theema vun der Assistance judiciaire, Här President, wëll ech Iech dann och schonn eng Motioun iwwerreechen. Wannechgelift.

***Motion 1***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– wann et zu engem méi kriteschen Asaz kënnt, bei deem den Asaz vun enger Schosswaff eng Roll spillt, dee betraffene Beamte ganz kuerzfristeg nom Asaz vun der Inspection générale de la police (IGP) gehéiert gëtt;*

*– de Beamten an deem Ament zwar e Rechtsbäistand ufroe kann, dësen awer ni an där ganz kuerzer Zäitspan (vun ongeféier 30 Minutten) kann disponibel sinn an/oder datt dëse Bäistand och ka refuséiert ginn;*

*– wann de Rechtsbäistand refuséiert gëtt, de Polizist keng aner Wiel huet, wéi en Affekot ze engagéieren, deen de Beamten aus senger eegener Täsch bezuele muss,*

*ass sech bewosst, datt*

*– de Polizist an esou enger Situatioun meeschtens ënner Schock steet an – obwuel him gesot gëtt, datt hien näischt ouni säin Affekot muss soen – d'Gefor grouss ass, datt hie sech dowéinst an deem Schockzoustand onkohärent a mëssverständlech ausdréckt an dëst duerno géint hie verwent ka ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– datt de Polizist bei esou Virkommnisser, déi beim Ausübe vu sengem Déngscht geschitt sinn a wou hien huet oder hätt misse Gebrauch vu senger Schosswaff maachen, direkt op de Rechtsbäistand vun engem Affekot kann zeréckgräifen, dee systematesch vum Staat bezuelt gëtt, an datt hien net gehéiert gëtt, bis datt säin Affekot physesch present ass.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | An deem Geescht ass et an eisen Ae wichteg, datt d'Politick net duerch hir Onbeduechtheet oder vläicht souguer och nach virsätzlech nei an zousätzlech Problemer schaaft, déi d'Liewe vun de Polizisten nach méi schwéier maachen.

Mir hunn haut Phenomeener wéi organiséiert Jugendbanden, déi et bis virun e puer Joer iwwerhaapt nach net gouf. Fir d'ADR ass et evident, datt, am Interessi vun der ëffentlecher Sécherheet an natierlech och vun deene Jonken an de Schoulen, d'Police all Mëttele muss kréien, fir géint déi Bande virzegoen. Jugendschutzgesetzer sinn net do, fir jonk Krimineller virun der Police, der Justiz oder virun hirer eegener Verantwortung ze schützen. Et schockéiert eis, datt déi aktuell geplangt Gesetzer ënnert der Autoritéit vun der Madamm Justizminister Tanson an dem Här Educatiounsminister Meisch et de Polizisten kaum méi erlaben, sech selwer virun aggressive Jonken ze schützen. D'Regierung läit mat hirer Approche falsch. Dat gesi vill Acteuren op deem Gebitt genee esou wéi d'ADR.

A villen europäesche Länner – Däitschland, Frankräich, Schweden, der Belsch – gesi mir och, datt et eng spezifesch Kriminalitéit a Gewalt gëtt, déi duerch

Leit mat Migratiounshannergrond bedriwwe gëtt, déi d'Integratioun ganz oder zu groussem Deel refuséieren. Massiv Onrouen a Schweden an d'Silvesternuecht zu Berlin si rezent Beispiller fir déi Zoustänn. D'Wourecht kann een net méi verstoppen. Dat geet net méi an et gëtt vun de Leit och net méi toleréiert. D'Leit hunn e Recht op d'Wourecht!

Leider hu mir esou lues och där Problemer hei am Land. Mir sinn et awer de Leit an och der Police schëlleg, datt esou eppes net méiglech ass, net méiglech gëtt, net méi méiglech soll sinn. D'ADR insistéiert och dowéinst op eng ganz aner Migratiounspolitick ewéi déi, déi vun dëser Regierung bedriwwe gëtt. Mir bestinn op eng konsequent Integratioun. De Baussministère ass mat Schold un den Zoustänn, déi mir zum Beispill am Drogemilieu hunn. Et sinn zu engem groussen Deel auslännesch organiséiert Banden, déi hei operéieren, an der Police sinn d'Hänn gebonnen.

D'ADR hätt gär, datt d'Politick Problemer léist an net nach neier schaaft, an dat gëllt och fir den Här Asselborn a säi Ministère. Länner wéi Algerien, Tunesien, Nigeria an nach anerer, déi bei der Identifizéierung a bei Rapatriementer net kooperativ sinn, missten op diplomateschem Niveau ënner Drock kommen. Mir wëssen, datt et dacks nord- oder westafrikanesch Bande sinn, déi do aktiv sinn.

Vill Dealer kommen aus Frankräich, anerer hunn onkomplett oder onlieserlech Pabeieren aus aneren EU-Länner oder si liewen illegal hei am Land. Et ass fir eis net akzeptabel, datt den Här Asselborn net säin Deel derzou bäidréit, fir d'Sécherheet hei am Land ze verbesseren! Et geet net, datt mir Leit mussen op Bréissel féieren, fir identifizéiert ze ginn, amplaz datt d'Konsulater, déi fir Lëtzebuerg zoustänneg sinn, heihi musse kommen, fir mat eis ze kooperéieren.

Jiddweree kennt d'Zoustänn op der Gare, zu Ettelbréck, Esch, Déifferdeng a leider op ëmmer méi Plazen am Land. Op verschiddene Plazen hunn déi kriminell Banden Territoiren ënner sech opgedeelt, zum Beispill am Drogemilieu. Wien owes net muss op d'Gare, geet net dohin. Esou wäit si mir ewell: No-go-Zone bei eis am Ländchen.

Mir hunn eng héich Zuel vu Gewaltverbriechen a Morden, och ëmmer méi ënner jonke Leit. An awer gi Statistike publizéiert, déi behaapten, datt d'Kriminalitéit erofgeet. Glafwierdeg ass dat net. Et si Fakenews a si ënnerhielegen d'Kredibilitéit vun Iech, Här Policeminister!

Fir d'ADR ass et ganz einfach inakzeptabel, datt d'Frae gerode kréien, owes net erauszegoen oder hir Bijouen net unzedinn, wa si an d'Stad ginn. Jo, mir hunn aner Virstellunge vu Fraerechter wéi Dir. Fir eis huet all Fra emol un éischter Plaz e Recht op Sécherheet!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Här President, et ass an eisen Aen och wichteg, datt d'Regierung d'Police an d'Justiz net zu politeschen Zwecker mëssbraucht. Fir d'ADR heescht dat, datt mir net nëmmen am Interessi vun der Meenungsfräiheet, wat fir eis e ganz wichtegt Uleies ass, mee och, fir eis Police an d'Justiz ze entlaaschten, déi Gesetzer iwwert dee sougenannten „Hatespeech" wëllen op de Leescht huelen. Diffamatioun, Mobbing, Opruff zur Gewalt an esou weider gehéiere selbstverständlech verbueden a verfollegt. Awer Gedankeverbriechen à la George Orwell wëlle mir an eiser Gesellschaft keng, an dowéinst brauchen d'Police an d'Justiz déi och net ze verfollegen. Mir stinn als ADR fir Demokratie a Meenungsfräiheet, an dat entlaascht och d'Police an d'Justiz.

Mir wëllen als ADR och ganz kloer net, datt d'Police fir eng politesch verursaacht Repressioun mëssbraucht gëtt, wéi mir se an der Coronazäit erlieft hunn. Sécher, do, wou et zu Derapagë kënnt, do, wou Leit mengen, virun d'Privathaiser vu Politiker ze goen, do muss d'Police agräifen – selbstverständlech! Mee d'Poliziste sinn net do, fir wochelaang hir Weekender dropzekéieren, fir d'Rechnung fir eng schlecht Politick vun der Regierung ze bezuelen. Eng aner, méi rational a méi tolerant Coronapolitick hätt d'Situatioun direkt berouegt.

**Une voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | An deem Kontext soe mir ëmmer nees: Et gëtt keng legal Basis dofir, datt de Minister Kox virun engem Joer Honnerte vu Leit op der Gare an der Keelt an op oppener Strooss stoe gelooss huet, „confinéiert" huet. Dat war illegal an disproportionéiert! D'Regierung huet d'Police mëssbraucht. Bal all vun deene Leit, bis op e puer Ausnamen, ware friddlech Demonstranten. Déi Interventioun op der Gare war alles anescht wéi korrekt géintiwwer der Police an eise Polizisten, ...

*(Interruption)*

... déi net dofir do sinn, fir Maintien de l'ordre ze maachen, well d'Regierung politesch inkompetent ass. De Maintien de l'ordre soll Gefore vun eiser fräier Gesellschaft ewechhalen an net selwer d'Fräiheet vun eiser Gesellschaft a Gefor bréngen. D'Police ass do, fir eis Fräiheet matzegarantéieren an net, fir se op Uerder vun der Regierung missen a Fro ze stellen.

Mir als ADR ënnersträichen och, datt mir allzäit Héiflechkeet a Respekt géintiwwer der Police fuerderen, och vun Demonstranten. Mir toleréiere keng Rebellioun géintiwwer der Police, keng Gewalt, keen Uspäizen, keng Beleidegungen. Wien esou eppes mécht, gehéiert virun e Geriicht. A wann an där Hinsicht Gesetzer musse verschäerft ginn, da maache mir dat.

D'Politick muss och soziale Sprengstoff aus der Gesellschaft erausshuelen. Et brauch e gudde soziale Kader, fir Aarmut ze bekämpfen, a vill Preventiounsaarbecht. D'ADR begréisst ausdrécklech, datt d'Police selwer immens vill Preventiounsaarbecht leescht.

D'Politick soll och net penaliséieren, wat si kann op eng einfach Manéier reglementéieren. E gutt Beispill ass d'Prostitutioun. D'Repressioun an d'Kriminaliséierung vun där Aktivitéit oder alternativ vun de Clientë schaaft nëmmen nei Problemer. De schweedesche Modell ass en totalen Echec an huet d'Situatioun vun de Prostituéierten an deene Länner, wou en appliziéiert gëtt, méi schlëmm gemaach. Lëtzebuerg soll esou Feeler net kopéieren! Leider gëtt et hei an der Chamber nach ëmmer Parteien, déi de schweedesche Modell wëllen hei am Land aféieren.

Här President, fir d'ADR ass de Constat kloer, wie sech eis Police haut ukuckt an d'Situatioun vum Land objektiv aschätzt, kënnt noutgedrongen zu dëser Konklusioun: Der Police feelt et un Effektiver, u Material an u Kompetenzen. Et ass eis Aufgab, déi Situatioun esou séier ewéi méiglech ze redresséieren.

De Rekrutement war jorelaang keng Prioritéit, an elo soll alles a kuerzer Zäit nogeholl ginn. Fir d'ADR ass de Rekrutement bei allen Administratioune vum Staat eng Prioritéit, a besonnesch bei allen Administratiounen, déi mat eise souveräne Rechter a mat eiser Sécherheet ze dinn hunn. De Rekrutement muss kontinuéierlech an héichwäerteg sinn. D'Quantitéit däerf net op Käschte vun der Qualitéit goen. De Rekrutement muss dem Wuesstum vun eisem Land Rechnung droen, an och d'Effektiver vun der Police musse mat dem demographesche Wuesstum a mat de verännerten Defien an der Sécherheet Schrëtt halen.

Fir d'ADR mussen all souverän Fonctioune beim Staat och ëmmer vu Lëtzebuerger besat sinn, déi och Lëtzebuergesch an déi aner zwou administrativ Sprooche vum Land op héijem Niveau beherrschen. D'Lëtzebuerger Police bitt interesséierte Leit eng extreem flott a spannend Aarbecht a berufflech Karriär. Auslänner, déi un enger Aarbecht an der Lëtzebuerger Police interesséiert sinn, kënnen eiser Meenung no déi néideg Efforte maachen, fir eis Nationalitéit unzehuelen an eis Sprooch ze léieren, ier si an d'Police ginn. Dat ass keng Zoumuddung, mee eng Chance an eng Selbstverständlechkeet. Et ass fir eis onvirstellbar, datt e Lëtzebuerger misst enges Daags Franséisch oder Englesch mat engem Lëtzebuerger Polizist schwätzen!

Déi lescht Jore waren och gekennzeechent vun engem bal systematesche Mësstraue géintiwwer der Police bei e puer vun eise Mënscherechtsorganismen. Et mengt ee bal, déi hätte sech als Aufgab gesat, d'Police als e Feind vun de Mënscherechter ze portraitéieren. Si hu sech dobäi iwwerbueden, fir ëmmer nees nei Propositiounen op den Dësch ze leeën, wéi een d'Kompetenze vun der Police kéint aschränken, wéi ee si ëmmer méi kéint kontrolléieren an duerch ëmmer méi Bürokratie behënneren.

Als ADR wëlle mir all déi Reegelungen iwwerpréiwen, vereinfachen an déi ofschafen, déi keen erwisenen Notzen hunn. Natierlech geet et bei der Police ëmmer och ëm de Schutz vun deem Mënsch, dee festgeholl oder verdächteg ass. Dat verléiert mat Sécherheet keen aus den Aen, mir net an d'Police selwer ganz sécher och net. All Grondrechter musse garantéiert sinn a bleiwen. Dat gëtt zu Lëtzebuerg vu kengem ugezweifelt.

Awer loosst eis och hei Kloertext schwätzen: Eis Mënscherechtsreegelen däerfen net derzou féieren, datt Groussjäreger wéi Mannerjäreger musse behandelt ginn, datt geféierlech Jonker fräi dorëmmer lafen, well keng Plaz an der Unisec ass, oder datt Leit ouni Openthaltserlabnis, déi mat vill Opwand rapatriéiert goufen, deen Dag drop nees hei am Land gesi ginn.

Zu deene Reformen, déi d'ADR wëll aféieren, gehéiert dowéinst och, datt d'Police all technesch a wëssenschaftlech Methode benotzen däerf, fir d'Identitéit an den Alter vun enger Persoun festzestellen.

D'Police muss och Zougrëff op d'Donnéëen op Handye kréien. Mir respektéieren den Dateschutz, awer wëllen net doraus e Fetisch maachen. Déi Donnéëen, déi d'Police brauch, fir hir Aarbecht ze maachen, mussen hir direkt an onkompliziéiert zur Verfügung stoen. Den Zougrëff op déi Dateie soll och esou laang méiglech sinn, ewéi déi betreffend Informatioune kënne polizeilech relevant sinn. Datt et dobäi Kontrolle gëtt géint e méigleche Mëssbrauch, ass net ëmstridden. Kee stellt dat a Fro, a scho guer net d'Police selwer. Mee et muss ee realistesch sinn: An enger Zäit, wou d'Prozeduren ëmmer méi komplex ginn an och ëmmer nei Problemer kommen, wéi zum Beispill, datt ëmmer méi Dokumenter op ganz héijem Qualitéitsniveau kënne gefälscht ginn, ass et ëmsou méi wichteg, datt mir d'Police op en techneschen Niveau bréngen, deen et hir erméiglecht, am Vergläich zu deene Kriminellen technesch ëmmer op d'manst op deem selwechten Niveau ze sinn, a wa méiglech hinnen och e Schrëtt viraus. Dat verlaangt de Schutz vum Bierger.

Ech wëll vläicht hei eng kleng Klammer opmaachen an e Wuert iwwert deen Ekipement soen, deen eis Police am Abléck huet. An Dir kënnt Iech dat net virstellen, dofir hu mir dat an eise Motiounen hei, déi ech Iech, Här President, elo gläich emol iwwerreeche

wäert, am Detail ausgeféiert, fir datt ee sech dat kann e bësse virun Ae féieren.

„Laptoppen" ass ee Stéchwuert: Mir hunn, zum Beispill, eng Situatioun, wou bei eis am Land d'Police net systematesch mat Laptoppen ekipéiert ass. Et ass eis haut zougedroe ginn, datt d'Leit sech op engem Kommissariat e Laptop aus der Kaffiskeess kaf hunn.

En anert Beispill sinn d'Camionnetten: Och doriwwer hu mer eng Motioun gemaach, well et ass esou, datt vill Kommissariater keng Camionnette hunn a bei aner Kommissariater mussen eng léine goen. Wann Der déi Motioune liest, da kënnt Der Iech virstellen, wat domadder fir praktesch Problemer verbonne sinn.

D'Printere sinn nach esou e Problem, wou mer elo Léisunge fannen, déi d'Poliziste forcéieren, Leit aleng ze loossen, fir kënne bei e Printer op engem Kommissariat ze goen.

Mir hunn e puer där Motioune virbereet, just emol, fir Iech ze weisen, op wéi engem Niveau vun Ekipement dës Regierung eis Police léisst. Et ass e Skandal, well ech ka mer net virstellen, datt dofir d'Sue feelen! Är Partei, Här Minister, ass jo ganz grousszügeg, wann et drëm geet, Militärhëllef an d'Ausland ze schécken, mee eis eege Police, muss ee soen, déi ass op engem Ekipementsniveau, deen absolutt inakzeptabel ass! Wéi gesot, wann een déi Motiounen ..., déi hu mer zesumme mat Polizisten ausgeschafft, fir esou no wéi méiglech um Terrain ze sinn – ech géif Iech recommandéieren, se ze liesen! Mir wäerte se och un d'Press schécken, fir datt d'Leit emol eng Virstellung kréien, ënner wéi enge Konditiounen d'Polizei hei am Land muss schaffen!

***Motion 2***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– et momentan op de Police-Unitéiten zu enger Ëmstellung vum Printer-Konzept kënnt an datt doduerch an allen Unitéiten a bei alle Police-Servicer déi bestoend Printer-Infrastruktur ewechgeholl gëtt, d.h. déi eenzel Imprimanten an de Büroen a Verneemungsraim falen ewech a ginn duerch eng zentral grouss Imprimante ersat;*

*– all Unitéit elo e separate Raum brauch, fir dëse Printer opzestellen, allerdéngs vill Unitéite keen esou e separate Raum zur Verfügung hunn;*

*ass sech bewosst, datt*

*– déi genannten Ëmstellung zu massive Problemer wäert féieren, well*

*◦ de Beamten elo de Verneemungsraum verloosse muss fir ze printen an doduerch eng potentiell verdächteg Persoun eleng gelooss gëtt, wat e grousse Sécherheetsrisiko duerstellt;*

*◦ et fir d'Beamten zu massivem Zäitverloscht an onnéidegen Deplacementer kënnt, doduerch, datt scho bei enger einfacher Enquête eng Onmass un Dokumenter (z. B. Dokumenter iwwert de Rechtsbäistand, vum Dolmetscher iwwersaten Dokumenter etc.) ausgedréckt musse ginn;*

*◦ zu all Zäit de Risiko besteet, datt déi eenzel zentral Imprimante duerch en techneschen Defekt ausfale kann an d'Police-Beamten dann net méi d'Méiglechkeet hunn – sou, wéi dat bis elo de Fall war –, op eng aner Imprimante kënnen zeréckzegräifen, wouduerch d'Police-Aarbecht an engem inakzeptabele Mooss behënnert gëtt;*

*◦ d'Scan-Funktioun bei där neier zentraler Imprimante net esou performant ass wéi bei deene Geräter, déi bis elo am Asaz waren, wat dozou féiert, datt wesentlech manner Blieder matenee gescannt kënne ginn, wat alt nees zu engem onnéidegen Zäitverloscht féiert;*

*◦ an de Police-Unitéiten a -Servicer keng Kartuschen op Stock zur Verfügung stinn, wat dozou féiert, datt d'Imprimante net ka genotzt ginn, wann ausserhalb vun de Bürosstonnen en Entretien muss virgeholl gi respektiv, wann d'Kartusche gewiesselt musse ginn, wouduerch d'Police-Aarbecht an engem inakzeptabele Mooss behënnert gëtt;*

*◦ dës Ëmstellung vum Printer-Konzept den akute Personalmanktem bei der Police nach zousatzlech amplifiéiert;*

*◦ de Service um Bierger sech doduerch verschlechtert, well Leit, déi z. B. op e Police-Kommissariat kommen, well se Affer vun enger Strofdot goufen, dacks ënner Schock stinn an d'Police-Beamten dës Persoun dann net méi kënne professionell encadréieren;*

*◦ dëst dozou féiert, datt och de Bierger, deen eng Deklaratioun, ewéi z. B. eng einfach „Déclaratioun de perte", bei der Police mécht, onnéideg Zäit verléiert, well de Police-Beamte sech duerch dat geplangte Printer-Konzept jo méi dacks deplacéiere muss an dës Persoun doduerch alt nees méi dacks eleng ass,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– dat bestoend Printer-Konzept bäizebehale respektiv dofir ze suergen, datt e Konzept ausgeschafft gëtt, wat net zu all deenen opgezielte Problemer féiert; dëst Konzept virun allem a Consultatioun mat de betreffende Police-Beamten um Terrain a mat der Personalvertriedung vun der Police, déi jo d'Besoine genee kennen an all Dag op déi Infrastruktur ugewise sinn, auszeschaffen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

***Motion 3***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– et säit der Reform vun 2018 zwee Typpe vu Police-Kommissariater gëtt: C2R-Kommissariater (commissariat à deux roulements), déi vu 07:00 Auer bis 21:00 Auer op sinn, an C3R-Kommissariater (commissariat à trois roulements), déi ronderëm d'Auer op sinn;*

*– ee vun de Problemer vun den C2R-Kommissariater dora besteet, datt dës net systematesch mat Camionnetten equipéiert sinn;*

*– jee no Typ vun Asaz (z. B. schwéier Accidenter, Iwwerfall, Déifstall, Abréch etc.) eng Camionnette awer imperativ noutwenneg ass, fir eng professionell Police-Aarbecht ze garantéieren;*

*– d'C2R-Kommissariater an esou Fäll Camionnettë bei den C3R-Kommissariater ufroe mussen, esou datt bis zu dräi Beamten (z. B. zwee vereedegt Beamten an een FST – fonctionnaire-stagiaire) aus den C3R-Kommissariater op déi jeeweileg Plaz gefuer musse kommen,*

*ass sech bewosst, datt*

*– dëst e groussen an onnéidegen Zäit- a Personalopwand mat sech bréngt, well bis zu dräi Beamte vun den C3R-Kommissariater dee Moment jo op hirem Kommissariat feelen an net hirer Aarbecht kënnen nogoen;*

*– dësen ongléckleche Ëmstand de Personalmanktem bei der Police nach weider amplifiéiert;*

*– d'Situatioun esou ass, datt, wa keng Camionnetten disponibel sinn, d'Police-Beamte bei hirem Asaz just mat engem normale Persounewon (PKW) equipéiert sinn, wat zu Sécherheetsproblemer ka féieren (z. B. esou: e Verdächtege sëtzt hannen am Auto nieft dem Police-Beamten a kann aggressiv ginn), wat och am Hibléck op d'Hygiène bedenklech ass a wat et de Police-Beamte schwéier mécht, fir de Verdächtege kënnen ze observéieren;*

*– wa keng Camionnetten disponibel sinn, et de Police-Beamten och méi schwéier fält, fir kënnen effikass ze schaffen, well si z. B. e Constat net op der Plaz kënnen ausfëllen, wat alt erëm zu engem onnéidegen Zäitverloscht féiert an d'Police-Beamte bei hirer Aarbecht behënnert,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– dofir ze suergen, datt Camionnettë systematesch zur „Dotation de base" vun all den C2R-Kommissariater gehéieren.*

*(s.) Fernand Katheiser.*

***Motion 4***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– et den Ament dacks zu engem inakzeptabelen Zäitverloscht bei verschiddenen Enquêtë kënnt, well d'Police-Beamten net systematesch mat engem Laptop equipéiert sinn; dëst bewierkt, datt d'Poliziste bei enger Enquête alles op der Plaz mat der Hand notéiere mussen, fir duerno um Büro dës Donnéeën dann nach eemol ofzetippen an ze encodéieren;*

*– elo decidéiert gouf, d'Police-Beamte bis 2023 mat High-End-Mobiltelefonen ze equipéieren, esou Telefonen awer de Laptop net kënnen ersetzen an doduerch nëmmen eng ganz limitéiert Hëllef duerstellen,*

*ass sech bewosst, datt*

*– et duerch dëse Mëssstand bei der Police zu onnéidegen Delaien an iwwerflësseger Aarbecht kënnt;*

*– de Personalmanktem bei der Police duerch einfach technesch Léisunge kéint ofgefiedert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*dofir ze suergen, datt all Police-Beamte systematesch mat engem Laptop equipéiert sinn, deen et hinnen ënner anerem och erlaabt, op all néideg Datebanken Zougrëff ze hunn.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Mir wëllen och, datt d'Polizei ka méi Eegeninitiativ huelen, wa si Kenntnis vun illegalen Aktivitéite kritt, zum Beispill am Internet. D'Police muss d'Aktivitéiten am Darknet méi kënne verfollegen an dofir och déi néideg Mëttele kréien.

D'ADR wëll och d'Modalitéite vun der polizeilecher Zesummenaarbecht vun der Lëtzebuerger Police mat auslännesche Policë méi direkt a méi einfach maachen. Den eenzelne Polizist soll méi individuellen Ermiessungsspillraum kréien. De Polizist ass keng Maschinn an net all Bagatell muss direkt verfollegt ginn!

Här President, d'Ausbildung ass bei engem esou wichtege Beruff wéi deem vum Polizist e ganz zentralen Aspekt. Den Turborekrutement, dee mir am Abléck gesinn, féiert zu grousse Bedenken a Suerge bei der Police selwer. Mir héiere vu ville Säiten, datt d'Poliziste mat der Qualitéit vun der Ausbildung vun hiren zukünftege Kolleegen onzefridde sinn. Och deen Aspekt muss eng nächst Regierung préiwen an et muss nogebessert ginn.

Et ass zum Beispill sécher sënnvoll, de Polizisten och nees eng taktesch Grondausbildung mat op de Wee ze ginn. Och heizou, Här President, eng Motioun. Wannechgelift.

***Motion 5***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– virun der Reform vun 2018 d'Formatioun vun de Police-Beamten eng reng theoretesch war; am zweete Joer kruten d'Beamten dunn eng praktesch Ausbildung an der*

*Policeschoul vu forméierten Instrukteren; des Weidere sinn d'Beamten am zweete Joer an de Vakanzen an en Observatiouns-Stage (POP) geschéckt ginn, wou si just konnten observéieren;*

*– et zënter der Reform vun 2018 esou ass, datt d'Beamten am éischte Joer eng reng theoretesch Ausbildung absolvéiere mat der Ausnam vun Taktik-Coursen; hei ass et esou, datt fir d'Polizisten am Hibléck op d'Taktik-Coursen dat, wat si virdrun op zwee Joer geléiert hunn, alles an engem Joer kompriméiert gëtt;*

*– et zënter der Reform vun 2018 esou ass, datt d'Polizisten am zweete Joer guer keng Coursë méi vun ausgebilten Instrukteren op der Police-Schoul kréien, mee direkt op e Kommissariat geschéckt ginn – also hire Stage direkt um Terrain maachen (PIP) –, wou sech en Tuteur de stage soll ëm d'Beamte këmmeren;*

*– den Tuteur de stage ausser senger Basisformatioun, anescht wéi déi speziell dofir ausgebilten Instrukteren, net déi néideg Qualifikatioun besëtzt, fir e Stagiaire professionell ze forméieren;*

*– d'Gefor besteet, datt den Tuteur de stage, besonnesch wann dëse schonn eng gewëssen Zäit bei der Police schafft, de Stagiaire net korrekt uléiert, well den Tuteur de stage deemools an der Police-Schoul aner Inhalter a Praktike geléiert gouf wéi déi, déi aktuell an der Police vu forméierten Instruktere vermëttelt ginn;*

*– et an der Praxis Joren dauere kann, fir déi Beamten, déi viru Joerzéngten an der Police-Schoul aner Inhalter a Praktike geléiert goufe wéi déi, déi elo aktuell sinn, nees op den aktuelle Stand vun der Ausbildung ze kréien;*

*– dëst dozou féiert, datt d'Stagiairen net alleguer déi selwecht eenheetlech Ausbildung kréien,*

*ass sech bewosst, datt*

*– all déi opgezielten Elementer verdäitlechen, datt zënter der Reform vun 2018 e grousse Qualitéitsverloscht bei der Ausbildung festzestellen ass, wat zu engem Verloscht vun der Qualitéit vun der Ausbildung féiert;*

*– dëst dozou féiert, datt och grad jonk Beamten um Terrain dacks iwwerfuerdert sinn, wat dozou féiert, datt den Déngscht um Bierger vun der Police dacks net méi mat där néideger Professionalitéit ka garantéiert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– d'Formatioun vun de Poliziste vum Ufank bis zum Schluss esou ze reforméieren, datt dee beschriwwene Qualitéitsverloscht nees kann ausgeglach ginn;*

*– d'Formatioun vun de Polizisten nees op en Niveau ze bréngen, datt den Déngscht um Bierger vun der Police zu all Zäit mat där néideger Professionalitéit ka garantéiert ginn.*

*(s.) Fernand Katheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Här President, d'Police brauch méi Kompetenzen. Dat gëllt un éischter Plaz fir déi administrativ Police. Selbstverständlech muss endlech en anstännege Platzverweis kommen, mee et muss och séchergestallt ginn, datt eng Rei vu Moossname kënne vun der Police selwer decidéiert ginn, ouni mussen am Virfeld de Minister ze froen. Esou Prozedure kaschten d'Police Zäit – an dat dacks grad dann, wa si keng Zäit huet a misst kënnen direkt intervenéieren. D'Kompetenze vun eiser Police sollen u sënnvoll Normen an eisen Nopeschlänner ugepasst ginn, déi jo alleguerten och Demokratië sinn, déi d'Mënscherechter respektéieren. D'Kompetenze vun den Officiers de police administrative an déi vun der Police judiciaire solle sech méi entspriechen.

Wat speziell de Plazverweis ugeet, muss ee soen, datt déi aktuell Garantie d'accès vollkommen ineffektiv ass. D'Haaptproblemer beim aktuelle Plazverweis sinn, datt nëmmen d'Entrée vu Gebaier soll concernéiert sinn an datt de Policebeamten, wann et zu Gewalt sollt kommen, net rechtlech ofgeséchert ass. Mir brauchen hei realistesch Reegelen an eng waasserdicht rechtlech Ofsécherung vun de Beamten.

Wann e schwéiert Verbrieche geschitt ass, sollen direkt méi technologesch Mëttele kënnen agesat ginn, fir déi Schëlleg méi liicht a méi séier ze fannen, wéi dat och am Ausland geschitt. Vu Länner wéi Holland kënne mir an deem Beräich vill léieren. Dës Méiglechkeete mussen och op den Autobunnen a bei dann effektiven elektronesche Grenzkontrolle kënnen agesat ginn.

Och den Asaz vun Helikoptere muss endlech e geséchert Kader kréien. Mir wäerten dës Woch nach iwwert d'Aviation étatique schwätzen. Et ass ganz schlëmm, datt mir an der Police nach ëmmer Reegelen hunn, déi et de Polizisten net erlaben, d'Waffe matzehuelen oder iwwerall ze landen, wou se musse landen! Et ass einfach inakzeptabel a mir wäerten dës Woch nach am Kader vun engem anere Gesetz doriwwer schwätzen!

An dann, Här President, ass och ganz wichteg, datt d'Police muss entlaascht ginn. Et gëtt vill Pisten, fir dat ze maachen. D'Police muss zum Beispill net deen éischten Intervenant bei der Gewalt doheem sinn. Dat kann a ville Fäll – net ëmmer, mee a ville Fäll – och e SAMU social iwwerhuelen. D'Police soll do intervenéieren, wou et wierklech néideg ass.

D'Police kéint och de Gefaangentransport un d'Giischtercher ofginn. Hei besteet en Interessi esouwuel op der Säit vun der Police wéi och bei de Giischtercher.

D'Pecherten, d'Agent communaux, kéinten eventuell eng Rei vu weideren Aufgaben iwwerhuelen, ouni awer zu enger zweeter Police ze ginn. Mir mussen déi nei Reegele fir d'Agents communaux geschwënn evaluéieren a Konklusiounen zéien.

Ënner bestëmmte Konditioune kënnen och privat Sécherheetsfirmen der Police hëllefen – awer net hir Aufgaben iwwerhuelen!

Rapatriementer vu Leit, déi illegal am Land sinn, kéinten anescht organiséiert ginn, gär och an Zesummenaarbecht mam Ausland.

Och iwwert déi Aarbechtskonditioune bei der Friemepolice hu mer eng Motioun virbereet, an ech géif Iech och do recommandéieren, déi emol ze liesen, fir datt Der eng Iddi hutt, ënner wéi enge Konditiounen d'Friemepolice am Abléck muss fonctionéieren. Wann ee sech dat virun Ae féiert, wéi d'Leit ekipéiert sinn, wéi se musse schaffen, dann ass dat absolutt en Aarmutszeugnis fir dës Regierung. Wannechgelift, Här President.

***Motion 6***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– d'Friemepolice der Police judiciaire ënnersteet an datt an engem spezielle Service aacht Beamte schaffen, déi sech ëm Rapatriementer këmmeren;*

*– dee genannte Service vun nëmmen aacht Beamte 24 Stonnen a siwen Deeg an der Woch muss funktionell sinn an datt doduerch déi betreffend Beamte massiv iwwerlaascht sinn;*

*– d'Friemepolice keng „Autorité de décision" huet, ob eng Persoun muss rapatriéiert ginn oder net (de Bausseministère ass heifir zoustänneg), mee datt si dës Persoune just encadréieren a sech ëm den organisatoreschen Deel këmmeren;*

*– am Fall wou d'Polizisten um Terrain feststellen, datt sech eng Persoun, wéi et schéngt, illegal am Land ophält, dës Beamten sech net direkt un de Bausseministère kënnen adresséieren, mee fir d'éischt Kontakt mat der Police judiciaire mussen ophuelen, déi dann an enger weiderer Prozedur de Bausseministère kontaktéiere muss, wat opwänneg ass a vill Zäit kascht,*

*ass sech bewosst, datt*

*– bis dato ëmständlech a komplizéiert Prozedure bestinn, déi kéinte vereinfacht an zäitspuerend organiséiert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*dofir ze suergen, datt déi betreffend Prozedure rationaliséiert, méi séier a méi effikass ginn, fir d'Police a speziell d'Friemepolice bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen.*

*(s.) Fernand Katheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | D'ADR wëll och déi illegal Presenz op eisem Territoire zu engem Delikt maachen.

A schliisslech kréien d'Leit, déi einfach Bierger, bei eis vill méi Rechter a Méiglechkeeten, fir sech selwer ze verdeedegen. Dozou gehéiert och eng Revisioun vum Waffegesetz am Sënn vun enger méi grousser Liberaliséierung.

*(Exclamations)*

Pefferspray soll, wéi an Däitschland, e legaalt Verdeedegungsmëttel sinn.

D'ADR wëll och eng aner Praxis bei den Demandes de protection internationale. Wien aus engem sécheren Drëttstaat kënnt – wéi dat europäescht Recht iwwregens virgesäit –, wie sech senger Identifizéierung widdersetzt, wie Schleiser deckt a wien eis Gesetzer net respektéiert, verléiert all Méiglechkeet, fir Schutz ze fannen. An dat steet an der Genfer Flüchtlingskonventioun an déi géife mir applizéieren. Dat ass dat internationaalt Recht, mir hätte gär, datt dat applizéiert gëtt!

D'Gesetzer iwwert den Eloignement gi mat eis reforméiert. Déi administrativ Geriichter sollen dobäi däitlech entlaascht ginn.

*(Interruption)*

Här President, d'ADR wëll d'Polizisten esou ënnerstëtzen, datt si all Dag voll motivéiert a mat Freed op d'Aarbecht kommen. Dozou gehéiert och, datt d'Police selwer en agreabele Kader fir hir Beamte schaaft, doduerch, datt zum Beispill am soziale Beräich eppes geschitt: eng Crèche oder eng organiséiert Betreiung vun de Kanner – och dat ass eppes, wat eis dacks erkläert gouf. Wa Leit zu zwee schaffen, zum Beispill och zwee Polizisten, a si ginn an en Asaz geruff, och iwwert d'Weekender, wéi mer et dacks haten a leschter Zäit, a si hu keen am Familljenëmfeld, deen déi Flexibilitéit huet, da stellt sech permanent de Problem vun der Versuergung vun de Kanner. Eng modern Verwaltung muss do Méiglechkeeten ubidden. Et kann een dat jo och mat anere Verwaltungen zesumme maachen, mee et geet net, datt een d'Beamte mat deene Problemer aleng léisst, wann ee vun hinne verlaangt, datt se permanent disponibel sinn!

Wannechgelift, Här President, och dozou eng Motioun.

***Motion 7***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– d'Police-Beamten, grad wa gréisser Asatz musse gemaach ginn, zum Deel ganz vill Iwwerstonne musse leeschten an doduerch dacks Roudeeg ewechfalen oder musse verréckelt ginn;*

*– am Fall vu gréisseren Asätz d'Police-Beamten dacks eréischt kuerz virdru Bescheed gesot kréien, datt si mussen untrieden; grad Police-Beamten, déi elengerzéiend sinn oder awer an enger Koppel liewen, wou de Partner z. B. op Schichte schafft, gréisser Problemer hunn, fir kuerzfristeg eng Léisung ze fannen, wien d'Kand, respektiv d'Kanner, versuergt;*

*– et bei gréisseren Asätz fir d'Police-Beamte meeschtens net ofzegesinn ass, wéi laang dës genee daueren an dass si doduerch Schwieregkeeten hunn, eng Persoun mat der néideger Disponibilitéit a Flexibilitéit ze fannen, déi d'Kanner versuergt,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*eng Léisung auszeschaffen, déi d'„Prise en charge" vun de Kanner vun de Police-Beamte garantéiert.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | An da gëtt heiansdo an dëser Regierung dervunner geschwat, et misst ee modern sinn, modern Verwaltungen an esou weider – mee d'Regierung selwer ass wäit hannert deenen Ustréch, déi se un anerer stellt!

Eng aner Pist ass natierlech, de Sträit ëm d'Karriären endlech bäizeleeën, d'C1- a B1-Streidereien. Mir erënneren drun, mir hunn als ADR de 7. Juni 2022 eng Proposition de loi gemaach. D'Regierung hat dorobber geäntwert, an dat, wat d'Regierung geäntwert huet, ass an der Tëschenzäit vum Verfassungsgeriicht ecartéiert ginn. Elo seet d'Regierung: „Elo waarde mer op en Urteel vum Verwaltungsgeriicht." Dat ass einfach schlechte Wëllen, méi ass dat net!

Et ass kloer, datt dat muss redresséiert ginn. Et war eng ganz schlecht Iddi, fir déi ganz Karriärsgeschicht op déi Manéier opzebauen, an et gëtt héich Zäit – héich Zäit! –, datt dee Problem geléist gëtt, ouni nach op weider Geriichtsurteeler ze waarden. Dat ass op Zäit gespillt an zulaaschte vun deene Beamten an der Police, déi ënnert där Situatioun leiden!

Wannechgelift, Här President.

***Motion 8***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– am Hibléck op d'Remuneratioun an d'Karriäre vun de Police-Beamte fundamental Ongerechtegkeete bestinn;*

*– Police-Beamten, déi virun der Police-Reform vun 2018 en „Diplôme de fin d'études secondaires" haten, systematesch an der Karriär D1 agestallt goufen;*

*– Police-Beamten, déi no der Reform vun 2018 agestallt ginn an déi en „Diplôme de fin d'études secondaires" hunn, systematesch an der Karriär B1 agestallt ginn;*

*– mat der Reform vun 2018 d'D1-Karriär an d'C1-Karriär reklasséiert gouf, awer net an d'B1-Karriär;*

*– Police-Beamten, déi virun 2018 mat engem „Diplôme de fin d'études secondaires" agestallt gouten, nach ëmmer net nom Modell B1 remuneréiert ginn,*

*ass sech bewosst, datt*

*– dëst zu enger grousser Onzefriddenheet béi deenen heivu betraffene Beamte féiert;*

*– dëst zu absurde Situatiounen um Terrain féiere kann, wou z. B. elo e Stagiaire an enger B1-Karriär vun engem Tuteur de stage betreit gëtt, deen eng méi niddreg Karriär wéi säi Schüler huet,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– déi Police-Beamten, déi virun 2018 mat engem „Diplôme de fin d'études secondaires" agestallt goufen, systematesch an d'B1-Karriär ze reklasséieren.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Wéi kann nach gehollef ginn? Ma doduerch, zum Beispill, datt d'Police e medezinneschen an e psychologeschen Déngscht kritt, doduerch, datt de Primmesystem op eng gerecht Manéier reforméiert gëtt. Och dat ass e Problem, dee mer permanent gesot kréien, och beim Zivillpersonal, zum Beispill, vun der Police.

An och d'Zivillpersonal, iwwert déi schwätze mer net genuch, mee d'Zivillpersonal, zum Beispill, déi hunn och Usprééch bei der Formatioun. Och si hätte gär eng méi spezifesch Formatioun, wéi eng Polizeikarriär, net déi allgemeng Beamteformatioun. Och si wënsche sech, well se dacks an den Asaz ginn, datt se eng Formatioun kënne kréien, zum Beispill a Selfdefense. Dat ass am Abléck net de Fall, an et muss ee sech wierklech froen, wann een Zivilisten huet an der Police judiciaire, an der Police scientifique an esou weider – firwat kréien déi net besser Méiglechkeete vun der Ausbildung, wa se mat anere Polizisten an den Asaz ginn? Da gëtt gesot: „Mir ginn en anere Polizist mat, dee se soll beschützen." Mee dat ass net … net an all Situatioun geet dat duer!

Also, dat sinn alles esou Saachen, wann een dat esou kuckt vu baussen a mat de Leit schwätzt, da muss ee sech wierklech froen: Wéi ass dat méiglech, datt sech do net méi engagéiert gëtt um Niveau vun Iech, Här Minister? Wéi ass dat méiglech, datt esou eng Verwaltung esou am Stach gelooss gëtt, wéi Dir dat maacht?

Et ass ons bei de Primmen …, wéi gesot, ass dat e permanente Problem, well et do och no Karriären an no Asätz aner Primme gëtt. Och do wëlle mer, datt dat reforméiert gëtt – an dann an deem Sënn och eng Motioun.

***Motion 9***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*– am Hibléck op d'Primmen, déi d'Police-Beamte kréien, am Abléck Inkohärenzen an Ongerechtegkeete bestinn;*

*– datt d'Police-Beamten z. B. an der C1- an an der C2-Karriär eng „Prime de régime militaire" vu 35 Punkten an eng „Prime d'astreinte" vun 22 Punkte kréien (also am Ganze 57 Punkten), an d'Police-Beamten an der Karriär B1 manner Primme kréien, nämlech eng „Prime de régime militaire" vu 15 Punkten an eng „Prime d'astreinte" vun 12 Punkten (also am Ganze 27 Punkten), woubäi si awer déi nämmlecht Zort vun Asaz absolvéieren – mam nämmlechte Risiko, op deenen nämmlechte Schichten – ewéi d'Police-Beamten an der C1- an C2-Karriär,*

*ass sech bewosst, datt*

*– et operationell iwwerhaapt keng Rechtfäerdegung gëtt, déi sou Ënnerscheeder an de Primme justifiéiert an datt déi aktuell Dispositiounen dowéinst mussen als ongerecht consideréiert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– d'Primme vun de Police-Beamten, déi deene selwechte Contrainten a Risquen ënnerleien, unzegläichen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Wéi gesot, ech géif Iech recommandéieren, ier Der dergéint stëmmt, se wéinstens ze liesen! Et gëtt Iech emol eng Iddi, ënner wéi enge Konditiounen eis Police do gelooss gëtt!

D'gewerkschaftlech Rechter vun de Poliziste musse voll respektéiert ginn. Mir haten an deem Sënn och schonn eng Motioun presentéiert no deene leschte Gewerkschaftsversammlungen, wou vill doriwwer geschwat gouf. Fir eis ass guer keen Zweifel, datt d'gewerkschaftlech Rechter vun de Beamten allgemeng net däerfen a Fro gestallt ginn.

D'Zuel vun den Iwwerstonne soll reduzéiert ginn. Bon, do ass vläicht de Rekrutement eng Äntwert, mee et muss een dat awer och duerch eng gutt Personalgestioun hikréien. A mir musse Beamten digital an duerch aner Moyenen esou ekipéieren, datt se hir Aarbecht kënnen optimal maachen; an deem Sënn hu mer schonn e puer Motiounen hei ofginn.

D'Police soll och gesellschaftlech méi gewierdegt ginn. Ech wëll do just ee Beispill nennen, wou mer eis an deene leschte Joren awer och dacks gewonnert hunn: Et ass zum Beispill déi Saach vum Policemusée. Et ass jo normal, déi Verwaltung huet e Musée, si huet ganz, ganz vill interessant Ausstellungsobjeten. An dann ass e Problem: Wou gi mer domadder hin? Da gëtt eng provisoresch Léisung fonnt, déi da fir e puer Joer gutt ass. Mee wéi ass dat, datt d'Regierung net kapabel ass, fir d'Police, fir d'Arméi, fir de Rettungsdéngscht an esou weider, fir d'Post, déi all grouss Sammlungen hunn, endlech emol eng museal Struktur ze bauen, déi deene Besoinen entsprécht, déi wierklech do sinn?

Well dat si wäertvoll, interessant Saachen, mee et ass guer keen Interessi do vun der Säit vun der Regierung, keen Interessi, kee Respekt, keng Wierdegung. Ech mengen, dat ass dat, wat derhannert stécht, soss wier scho laang eng Léisung fonnt ginn, doduerch, datt d'Personalvertriedung an d'Policedirektioun sech allzäit ëm eng konstruktiv a vertrauensvoll Relatioun beméien. Dat, Här Minister, ass net Är Kompetenz, an dofir ass dat vläicht eppes, wou d'Personalvertriedung an d'Policedirektioun ënner sech mussen do eng gutt Relatioun sichen!

D'Inspection générale vun der Police, déi muss an hirem Rôle bleiwen. Hir Kompetenze sinn déi vun enger Kontrollinstanz. A mir hunn ëmmer gesot, zënter se gegrënnt ginn ass, si soll vun engem Polizeioffizéier geféiert ginn an net vun engem Magistrat. Dat ass eng Saach vun der Gewaltentrennung.

D'Justiz als drëtte Pouvoir gëtt jo och net vun engem Offizéier vum zweete Pouvoir kontrolléiert, oder? Dat ass esou – a se géif sech och mat Recht dergéint wieren! Elo stellt Iech emol vir, mir géifen, wa mer elo Representantë fir de Conseil national de la justice wielen, dann eng Rei Offizéier bestëmmen, fir Member vum Conseil national de la justice ze sinn, fir d'Justiz ze kontrolléieren. Dat wär net akzeptabel! An ëmgedréit setze mer awer e Magistrat dohinner, fir d'Police ze kontrolléieren. Dat ass net esou, wéi mir dat gesinn!

Mir mussen eng Rei Servicer an der Police nei grënnen oder ausbauen: d'Police judiciaire, d'Police scientifique souwisou, mee och d'Verkéierspolizei, d'Polizei am ëffentlechen Transport. Mir brauche Spezialisten a ville Beräicher: am Beräich vun der Lutte géint d'Finanzkriminalitéit, dem organiséierte Verbriechen, dem Terrorismus. Wichteg ass, datt d'Police och spezialiséiert Unitéite kritt, fir op eng Rei vun neien Erausfuerderunge séier a professionell kënnen ze reagéieren.

Fir all déi Erausfuerderungen unzegoen, besteet fir d'ADR keen Zweifel, datt d'Police grand-ducale muss weider wuessen!

Fir d'ADR läit d'Prioritéit vun der Police bei hire Missiounen heiheem. Auslandsmissioune kënnen – souwäit sënnvoll a souwäit Personal zur Verfügung steet – och gemaach ginn, sinn awer net prioritär.

Här President, mir liewen an enger Gesellschaft, déi sech permanent ännert. D'Police muss sech kënnen

esou weiderentwéckelen, datt si an all Situatioun hir Missioun kann effikass erfëllen.

Fir d'ADR ass déi ëffentlech Sécherheet eng absolutt Prioritéit, si ass net verhandelbar! Mir sti kloer der Police bei hiren Aufgaben zur Säit a mir betounen et nach eemol: Den Ausbau vun der Police muss parallell och eng Entspriechung beim Parquet a bei de Geriichter hunn. D'Justiz muss séier an effikass kënne reagéieren. Déi ëffentlech Sécherheet bedéngt e gutt Zesummespill vun der Police an der Justiz!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. D'Sécherheet ass eng grouss Suerg vun de Leit, dat weisen déi rezent Sondagen. E steigend Onsécherheetsgefill an der Bevëlkerung an eng méi grouss Gewaltbereetschaft an onser Gesellschaft verlaangen eng adaptéiert Äntwert vun der Politick. Et vergeet keen Dag – leider! – ouni Abréch, Iwwerfäll oder aner Gewalttaten. Net nëmmen d'Quantitéit, mee leider och d'Aggressivitéit hëlt zou.

An ech wéilt och am Numm vun der CSV op dëser Plaz alle Polizisten a Polizistinne souwéi all deene Leit, déi an där Verwaltung schaffen, e grousse Merci soe fir hiren Asaz fir eis Gesellschaft.

Mee – dat ass e Fakt – de Frust ass grouss! D'Gewerkschafte ginn net midd, de Fanger an d'Wonn ze leeën. Duerch vill perséinlech Gespréicher héiert een och de grousse Frust beim Corps. Si wëllen hiert Bescht ginn, mee se si ganz oft à bout a gi frustréiert. Just e puer Beispiller: den aktuelle Plazverweis, deen net effikass ass; d'Kriminalitéit an d'Gewaltbereetschaft ginn erop; déi vill Iwwerstonnen, déi d'Poliziste musse knuppen. Wéi an all Betrib sinn dat keng gutt Viraussetzungen.

Duerfir: Net nokucken, net d'Hänn an de Schouss leeën, „handelen" ass d'Devise vun der Stonn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | D'CSV steet fir de Rechtstaat, an deem d'Sécherheet en Deel vun der individueller Fräiheet an der Liewensqualitéit vu jidderengem ass. Eng gutt fonctionéierend Justiz an en effikasse Sécherheetsapparat – woubäi d'Police eng grouss Roll spillt – si mat d'Grondviraussetzunge vun onser demokratescher Rechtsuerdnung. Duerfir mussen nei Akzenter gesat ginn an et muss besser legiferéiert an organiséiert ginn!

Eleng d'lescht Joer hu mir als CSV ëm déi 30 Questions parlementaires zum Sujet vun der Sécherheet an der Police gestallt. A reegelméissegen Ofstänn hu mer Pressekonferenzen a Motioune verfaasst, fir op de Punkt an op d'Problemer hinzeweisen. Well eppes ass kloer, an dat kréien ech och ëmmer erëm gesot: Polizist ze sinn, ass en interessanten a villsäitege Beruff!

Fakt ass, datt d'Polizereform vun 2018 leider net allen Defie gerecht gëtt. Domat gëtt d'CSV leider a senge Kriticken, déi mer 2018 ubruecht hunn, bestätegt. Den 19. Mee 2020, wéi mer déi éischt Konklusioune vun der Reform gezunn hunn, hunn ech hei um Pult gesot, fir d'CSV sollt d'Policereform dräi Haaptziler verfollegen: méi Leit, eng verbessert Presenz um Terrain an e moderne Management.

Besonnesch déi éischt zwee Ziler ginn zum Deel net erfëllt. Éischtens, et herrscht e grousse Manktum u Personal. D'Roll vun der Police ass souwuel d'Preventioun wéi och d'Repressioun, duerfir ass et wichteg, och besonnesch d'Police an der Preventioun ze stäerken. Ee Beispill dofir ass den ëffentlechen Transport, wou vill Loft no uewen ass, wann et drëm geet, géint Gewalt virzegoen, fir méi Sécherheet a Bussen, Zich a Garen ze suergen. Eng Policeunitéit, eng laang Fuerderung vun der CSV – déi d'ailleurs den Här Bausch och ëmmer virbruecht huet –, wier wichteg am ëffentlechen Transport.

Jo, net an all Bus an an all Waggon kann e Polizist sëtzen, mee op den Hotspotte kann eng Patrull agesat ginn!

Déi aktuell Rekrutéierungspolitick bei der Police, Här President, bréngt einfach net déi néideg Resultater. Ons Police brauch eng Personalopstockung, dat muss absolutt d'Prioritéit sinn!

Am Accord vun 2019 zum Rekrutement ass en Objektiv festgehale ginn, dee fir 2026 plus ou moins 3.150 Poliziste virgesäit. Dës Zuele gi mat der aktueller Politick de loin net realiséiert. Och wann zwar mëttlerweil méi rekrutéiert gëtt, sou sinn 900 Polizisten op dräi Joer eng reng Bruttozuel, wou d'Ofgäng, d'Congés de maladie an aner legal Congéen net consideréiert ginn.

Dobäi kënnt, datt mer elo schonn eng ferm Baisse um Niveau vun de Kandidaturen hunn: Waren et der 2021 nach 800, dovun 100 Demandes de promotion interne, sou sinn et am November 2022 just nach 474 gewiescht, déi sech fir d'Épreuve spéciale ugemellt hunn. En plus packt et leider net all Kandidat, sief et d'Épreuve spéciale am Ufank oder all Examen no deem Joer Formatioun.

Do muss ee sech als Regierung awer d'Fro stellen, wéi ëm alles an der Welt een déi Unzuel u Polizisten, déi um Terrain gebraucht ginn, elo wëll erreechen. Et kéint een och emol higoen an – ech hunn et och schonn e puermol gesot – iwwert de Beruff méi kommunikéieren. A wann dat mat de Filièren an enger Schoul net ka klappen, méi an d'Schoule goen, fir d'Jugendlech op dee Beruff an op seng flott Diversifikatioun hinzeweisen.

Zu de Karriären. Hei schalten de Minister Kox an de Minister Hansen einfach op stuer. Datt et reieweis zu Geriichtsprozesser bei engem Corps wéi der Police kënnt, ass am Fong e Skandal fir de Rechtsstaat.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | An d'Gewerkschafte ginn net midd, dat ervirzesträichen. An ech zitéieren de President vun enger Gewerkschaft, deen den 13. Februar 2023 um RTL gesot huet: „Bei der ganzer Police geet iwwerhaapt näischt méi. Alles, wat hätt kënne falsch gemaach ginn an de leschte fënnef Joer, dat ass awer och wierklech falsch gemaach ginn."

Ee Beispill, den Här Kartheiser huet et ugeschwat: D'Voie express aus dem Policegesetz vun 2018 stellt eng reegelrecht Diskriminéierung vun enger 500 bis 600 Polizisten duer!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dat huet och d'Cour constitutionnelle Enn d'lescht Joer decidéiert. Bis elo ass näischt geschitt. Et geet ëm d'Ongläichgewiicht tëschent de Poliziste mat an ouni Diplôme de fin d'études secondaires. Dëst concernéiert virun allem déi, déi tëschent 1998 an 2014 agestallt gi sinn an hiren Diplom net automatesch unerkannt kréien, awer och net genuch Déngschtjoren hunn, fir automatesch an déi Karriär uewendriwwer eropzekommen. Si kënnen zwar en Exame maachen, mee och wa se dëse packen, gëtt hiren Déngschtalter net berücksichtegt.

D'CSV huet schonn des Ëfteren, a laang virun der ADR, op dës Problematik higewisen, mee geschitt ass näischt! Hei bräicht just legiferéiert ze ginn.

Dann zu de verbesserten Aarbechtskonditiounen. Fakt ass, datt déi aktuell Regiounen, wéi se zënter der Reform vun 2018 virgesi sinn, einfach ze grouss sinn. Huele mer d'Beispill vun der Regioun Zentrum-Osten: Do hu mer sechs Policekommissariater vum Museldall iwwer Walfer bis op Miersch, mat zwee Roulementer, déi vu méindes bis freides vu moies 7.00 bis owes 21.00 Auer fonctionéieren. Dat heescht, um Niveau vun de Patrulle fir dës Géigend sinn dräi – dräi! – ganzer Patrullen am Déngscht. Dat geet einfach net duer! D'Distanze sinn einfach ze grouss an d'Disponibilitéit vun der Police geet doduerch erof.

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | D'Poliziste mussen Iwwerstonnen drummen, sinn oft à bout. D'Beamte brauchen och méi Zäit, fir hire polizeilechen Aufgaben nozekommen. Den Job vum Polizist ass haut mat ze vill Bürokratie belaascht. Doduerch besteet net genuch Raum fir d'Polizeaarbecht, an oftmools geet de Gros vun der Aarbechtszäit drop, fir Rapporten ze schreiwen oder aner administrativ Tâchen.

D'CSV hat do d'Iddi bruecht, méi Zivilisten ze rekrutéieren. Ech muss soen, d'Regierung ass zum Deel op dee Wee gaangen. Mee et kéinten nach aner Aufgabe vu Poliziste vun aneren Unitéiten iwwerholl ginn. Mir ginn als CSV net midd, drop hinzeweisen, datt zum Beispill de Gefaangenentransport zum Deel kéint vun den Agents pénitentiaires iwwerholl ginn. Dat géifen déi och wëllen. Mee hei: „Still ruht der See!"

Mir begréissen zwar, dass zënter der Affär vun Ettelbréck de juristeschen Encadrement fir e Policebeamten, deen huet missen eng Waff zéien, elo besser gereegelt a garantéiert ass. Mee domadder geet et net duer. Wou bleiwen déi konkreet Mesüre fir e psychologesche Suivi fir déi Concernéiert an och hir Familljememberen? Wisou ginn d'Leit an hir Familljen do bis haut leider aleng gelooss?

Da gëtt et och Defiziter am Ordre public. An engem Rechtsstaat däerf et kee rechtsfräie Raum ginn, soss ass et eng Kapitulatioun virun enger vun deene fundamentale Missioune vun engem Staat. D'Proximitéitsaarbecht, en Uleies vun der CSV, muss méi an de Vierdergrond geréckelt ginn. Hei huet d'Policereform leider och net dat bruecht, wat d'Regierung versprach huet.

D'CSV fuerdert ganz kloer d'Aféierung vun enger lokaler Police, enger Unitéit an der Police, déi dem Buergermeeschter ënnerstallt ass an déi mat de Realitéiten um Terrain vertraut ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Natierlech ass dobäi och d'Kontributioun vun de Gemengen e wichtegen Aspekt an et kéint een hei eng Kooperatioun maache mat den Agents municipaux um Terrain. Zu de Moyene gehéiert, an dat wäert elo keen erstaunen, de generelle Platzverweis, fir datt eis Police kann effikass virgoen. An ech erwaarde mer am Fong den Owend hei och vun de Kolleeginnen a Kolleege vun enger DP, datt se kloer Stellung huelen zu engem generelle Platzverweis. Dobausse gëtt ëmmer gesot: „Mir brauchen de generelle Platzverweis!" Mee heibanne stëmme se dann ëmmer mat de Regierungsparteie géint de generelle Platzverweis.

Et ass och wichteg, datt an den Hotspotten, wéi zum Beispill op verschiddene Plazen an der Stad Lëtzebuerg oder an anere gréissere Stied oder op de Garen am Land, méi Policepresenz ass. Da brauche mer och eng Adaptatioun vum Gesetz iwwert d'Mendicitéit, engersäits, fir de kommunalen Autoritéiten et ze erlaben, géint aggressiv Heescherei virzegoen, an anerersäits, fir eiser Police a Justiz d'Moyenen ze ginn, fir géint déi organiséiert Heescherei virzegoen.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dissuasioun a Preventioun si weesentlech Facteuren a Saachen ëffentlech Sécherheet. Duerfir muss d'Videoiwwerwaachung op de Garen op Hotspotten ausgeweit ginn. Dat muss méi schnell ëmgesat ginn, natierlech am Aklang mam Dateschutz.

Als CSV sti mir och ganz kloer fir e fräit Demonstratiounsrecht als eent vun eise Grondrechter an eiser Verfassung. D'Police brauch awer e legale Kader mat klore Reegele fir Demonstratiounen, am Fall vun Debordementer. Wat d'lescht Joer hei geschitt ass, dierf net méi virkommen. Leit, déi schaffen, déi dobausse schaffen an deenen hir Gidder zerstéiert gi vun Demonstranten, dat ass inakzeptabel! Do muss dann och d'Responsabilitéit vun den Organisateure vun esou Manifestatioune kënnen engagéiert ginn.

Dann e Punkt, dee mir och als CSV scho säit Jore verlaangen a wat d'Policeaarbecht och géif würdegen, ass d'Comparution immédiate. Bei verschiddenen Infraktioune muss et méiglech sinn, innerhalb vun engem gewëssenen Delai, engem kuerzen Delai, esou wéi et zum Beispill a Frankräich méiglech ass, verschidden Infraktiounen am Respekt vum Droit de la défense kënnen ze jugéieren. Well dat ass en Aspekt, dee mir och ëmmer erëm vun de Poliziste gesot kréien. Déi soen engem, och als Buergermeeschter, als Schäffen, als Gemengeconseiller: „Owes fänke mer en, an deen Dag drop mëttes gesi mer en erëm um Trottoir oder op der Strooss."

Dann de sechste Punkt. E modernt Ekipement ass natierlech wichteg. D'Gewaltdoten, mat deenen ons Poliziste konfrontéiert sinn, ginn ëmmer méi aggressiv. Et ass ëmmer méi eng héich Gewaltbereetschaft. A wa mer wëllen, datt se net ëmmer mussen direkt eng Pistoul zécken, da musse mer de Polizisten awer och déi technesch Moyene ginn, fir sech selwer ze schützen, wéi zum Beispill Tasere fir d'Polizisten. Mir hunn elo e Projet de loi deponéiert hei iwwert d'Bodycamen, eng Fuerderung, déi d'CSV säit Jore mécht. Mee déi Bodycam muss agesat gi souwuel, fir de Polizist ze schützen, wéi och, fir Opname vun de Fakten um Terrain kënnen ze enregistréieren.

Ech verstinn awer do, datt de Polizist seet: „Muss ech elo nach e Manuel d'emploi vun 100 Säiten duerchliesen, éier ech dann däerf meng Kamera declenchéieren?" Och dat muss kloer, mee einfach gereegelt ginn.

An dann ee Punkt, Här President, deen ech och ëmmer hei virbréngen, dat ass d'Software, fir kënne potenziell Abréch virauszegesinn. Den Här Minister schmunzelt ëmmer, mee dat ass e Fakt. A wann Der mat de Polizisten um Terrain schwätzt, an ech huelen d'Beispill aus der Schwäiz, wou dat duerchgefouert gëtt, do kann een opgrond vun engem Abroch an engem Quartier viraussoen: D'Potenzial, datt elo innerhalb vu 24 Stonnen an deem Quartier an enger gréisserer Stad oder a verschiddenen Uertschaften agebrach gëtt, ass zimmlech grouss! A wann Der an den Zeitungen d'News liest iwwert d'Abréch, déi am Polizeireport ugefouert ginn, dann ass et ganz oft an där selwechter Regioun.

Dann, an der digitaler Gesellschaft, an där mer liewen, muss natierlech och d'Cyberkriminalitéit massiv bekämpft ginn. Och do muss massiv investéiert ginn, fir de Polizisten dee materiellen an intellektuellen Knowhow ze ginn, fir kënne géint déi Cyberkriminalitéit virzegoen.

Här President, als Konklusioun wéilt ech kuerz nach eng Kéier déi Mesüren ernimmen, déi mir als CSV virgeschloen hunn a weider wäerte virschloen.

Et muss endlech Schluss si mat deem Hickhack bei de Policekarriären, fir esou d'Attraktivitéit vun deem Beruff erëm kënnen ze promouvéieren.

Mir si ganz kloer fir eng lokal Police. Mir sti fir eng Comparution immédiate. Mir hätte gär e vollwäertege Platzverweis. Mir hätte gär eng verbessert Ausstattung vun eise Polizisten am Asaz. Mir hätten och gär eng Iwwerschaffung vum gesetzleche Kader vum Sursis; deen däerf net méi quasi automatesch ausgeschwat ginn.

Mir hätten och gär am Kader vum Jugendschutz an dem Jugendstrofgesetz, datt Jugendlecher ënner 14 Joer weiderhi bei schwéiere Fäll ënnert der Autoritéit vun der Justiz stinn. D'Jugendstrofrecht muss weiderhin den Autorités judiciaires ënnerleien. Méi Sécherheet fir méi Fräiheet.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Här President, am Virfeld vun esou engem Debat, wou et u sech ëm d'zukünftegt Ausriichtung vun der Police geet, ëm d'Erausfuerderung, déi eis Policebeamten all Dag um Terrain erliewen, ëm en Ëmfeld, wat sech an de leschte Jore staark verännert huet a mat deem eis Police natierlech och konfrontéiert ass, an där Preparatioun also op haut, hunn ech an de leschten Deeg ganz vill Feedback vum Terrain kritt, an dat aus ganz ënnerschiddleche Beräicher vun der Police.

D'Aufgabe vun der Police, jo, déi sinn immens villfälteg. D'Police huet eng breet Pallett u Missiounen an et komme quasi dagdeeglech neier derbäi – neier duerch Adaptatioune vu Reglementer, neier duerch Entwécklungen an der Gesellschaft, neier och duerch international Zesummenaarbechte beispillsweis, jo. Mee donieft ass et natierlech och esou, dass ganz besonnesch de kriminelle Milieu net stoe bleift a sech weiderentwéckelt. An dofir mussen eis Policebeamte sech och ëmmer nees an ëmmer nees dësen neien Entwécklunge stellen, fir net an d'Hannertreffen ze geroden.

Déi Villfältegkeet vun Aufgaben ass engersäits awer och e grousse Plus, well, wéi sot nach e Polizist mir de Weekend: „Ech hu schonn a ganz, ganz ënnerschiddleche Beräicher bei eis am Corps geschafft. An doduerch, dass ee vill Méiglechkeeten huet, am Corps selwer ze wiesselen, ass et definitiv keen einfachen Job, mee een, wou een ëmmer erëm perséinlech nei Aufgabe ka fannen." An déi Villfältegkeet vun Aufgaben ass awer och op där anerer Säit gläichzäiteg eng enorm Erausfuerderung, fir d'Police selwer als Corps, mee awer och fir den eenzelne Beamten a sengem Déngscht.

Fänke mer mol mat de Basismissiounen un. Eng Police, déi present ass um Terrain, déi visuell present ass an eise Stied, an eise Gemengen, fir d'Sécherheet ze garantéieren an d'Sécherheetsgefill vun eise Bierger ze stäerken, dat wär – an do si mer eis eens – optimalerweis de Fall. Mee mir wëssen, dass dat konkreet momentan leider ganz oft net realiséierbar ass, ganz einfach, well net genuch Polizisten do sinn, fir eng flächendeckend Presenz kënnen ze garantéieren.

Dee Phenomeen, deen ass net nei an et gouf em jo och schonn eigentlech duerch eng grouss Rekrutéierungscampagne entgéintgewierkt, mat méi wéi 200 neie Polizisten am Joer, déi derbäikommen, dat iwwer méi Jore garantéiert. Mee ech sinn awer och iwwerzeegt, dass dat net duergeet. Dofir ass et, mengen ech, wichteg, dass een hannerfreet, wéi ee ka kucken, d'Beamten esou kënnen ze entlaaschten, besonnesch um administrative Plang, dass se méi um Terrain, also do, wou se och gebraucht ginn, kënne present sinn.

Dat kléngt elo einfach, dat weess ech. A mir ass och bewosst, dass dat an der Theorie méi einfach kléngt, wéi et herno an der Praxis ëmzesetzen ass. Ech probéieren et awer déi nächst knapp 20 Minutten trotzdeem.

All Strofdot, déi net geschitt, zitt och keen administrative Rateschwanz hannendrun an entlaascht d'Beamten, déi dann u sech méi Zäit hunn, fir sech op hir Kärmissiounen ze konzentréieren. Dofir ass et eiser Meenung no wichteg, de Volet Preventioun vill méi grouss ze schreiwen. A mat Preventioun mengen ech hei ganz konkreet d'Policepreventioun selwer, déi haut scho wichteg a wäertvoll Aarbecht an de Regioune mécht, bei deene Jonken, awer net just bei deene Jonken.

Ech kéint mer dofir virstellen, dee Service auszebauen an en nationale Coordinateur fir d'Preventioun anzesetzen, mat engem eegene Budget, dee geziilt Aktiounen, déi eng national Wichtegkeet hunn, mat de véier Regioune koordinéiert an dann och ëmsëtzt. Esou een nationale Coordinateur gëtt et leider aktuell net, en hätt awer ganz sécher seng Daseinsberechtegung.

Huele mer e konkreet Beispill. An der Vergaangenheet gouf et punktuell Phasen – an dat hunn ech och a mengem fréiere Liewen zu Bouneweg am Lycée heiansdo bei deene Jonken erlieft –, wou Kolleege vun deene Schüler, jonk a souguer heiansdo ganz jonk, exzessiven Alkoholkonsum, deelweis mat Spidolsopenthalt hannendrun, erlieft hunn. Dat ass da fir mech esou e Moment, wou en nationale Coordinateur agräift, zesumme mat de Regiounen, de Sujet thematiséiert a kuckt, dass ee bei deene Jonken um Terrain Aktiounen, konkreet Aktiounen, konkreet Campagnen, Opklärungscampagnë mécht, an dann och spéider déi Campagnen evaluéiert. Net einfach: „Mir hunn e Plakat gemaach!", mee wou ee wierklech kuckt: Wat huet et bruecht? D'Opklärung, net just bei deene Jonken, mee ganz besonnesch bei deene Jonken, ass immens wichteg. An esou Aktiounen, mengen ech, bréngen och e groussen Erfolleg.

Ech hunn elo d'Beispill vun exzessivem Alkoholkonsum geholl, mee natierlech kéint een och aner Sujeten huelen: Gewaltpreventioun, Aktiounen, wou et verstäerkt zu verschiddene Volle kënnt, Mobbing – d'Sujete ginn do net aus. Aus der Premiss eraus: Alles, wat duerch Opklärung ka verhënnert ginn, entlaascht d'Police insgesamt, soll fir eis als DP esou en nationale Coordinateur agesat ginn an dee Service ausgebaut ginn.

Bleiwe mer kuerz beim Volet Preventioun. Kloer ass, d'Koordinatioun, den Austausch, den Dialog an d'Zesummeschaffen tëscht alle Partner, déi preventiv aktiv sinn, muss garantéiert sinn, fir Erfolleg an der Preventioun kënnen ze hunn an domat och am Endeffekt dat ze erreechen, wat ee wëllt erreechen.

De Comité de prévention ass zum Beispill e Gremium, dee menger Meenung no net genuch

Wäertschätzung kritt an net annäernd säi Potenzial ganz ausschëpft. Reegelméisseg sollen, mussen déi lokal Autoritéite mat der Police zesummekommen. An do gëtt et Gemengen, do fonctionéiert dat reegelméisseg a richteg gutt. Aner Gemengen hunn do nach, kommt, mer soen, e klengen Nohuelbedarf. Dobäi ass et grad an eiser Zäit, wou de lokalen Niveau ëmmer nees no méi Sécherheet rifft, mengen ech, ganz wichteg, dass dat Zesummeschaffen an deen Austausch net just punktuell fonctionéieren, mee reegelméisseg an aktiv sinn.

Komme mer elo vun deem fir mech extreem wichtege Volet vun der Preventioun zum nächste Punkt fir ze kucken, wéi een d'Beamte kann entlaaschten, fir méi Zäit ze hunn, fir um Terrain present ze sinn.

E groussen Deel vun der Aarbecht haut vun eise Poliziste besteet doran, no der eigentlecher Policeaarbecht mussen administrativ Schreifaarbecht ze maachen, also oft laang schrëftlech Nobeaarbechtunge mussen ze leeschten. Versti mer eis net falsch, net dass et onwichteg wär festzehalen, wat geschitt ass, schliisslech musse jo schrëftlech Tracen a Protokoller verfaasst ginn, fir och herno kënnen e Suivi bis hin zu geriichtleche Verfaren ze erméiglechen. Allerdéngs muss een hannerfroen, op wéi eng Aart a Weis een haut, am Joer 2023, déi administrativ Schreifaarbecht ka maachen. Bildlech geschwat: Wëll ech, dass de Policebeamten e groussen Deel vu senger Zäit hanner sengem Pult muss sëtze fir ze schreiwen? Oder wëll ech, dass de Polizist esou schnell wéi méiglech nees zréck op d'Strooss, op den Terrain, op d'Patrull ka goen? An ech mengen, och do si mer eis eigentlech alleguer eens, dass mer wëllen, dass de Beamten erëm esou schnell wéi méiglech um Terrain ka sinn.

Et gëtt also zwou Méiglechkeeten. Mir musse kucken, dass net de Beamte selwer all déi administrativ schrëftlech Nobeaarbechtunge muss maachen – Stéchwuert, an et ass virdrun och scho gesot ginn: „Méi zivillt Personal astellen" – an/oder mir musse kucken, dass déi Aarbecht einfach vill méi schnell ka gemaach ginn. A mat schnell mengen ech am Joer 2023 einfach emol d'Asetze vun den neien Technologien, d'Benotze vun Tablets zum Beispill, sur place, fir net mussen op de Büro ze fueren, Zäit ze verléieren an dann do e Schrëftstéck ze verfaassen.

„Digitalisatioun" ass einfach e grousst Stéchwuert mat enormem – enormem! – Aspuerpotenzial un Zäit. Dat ass natierlech e Prozess, dee kascht Zäit, mee et ass vläicht wichteg, do eng Kéier drop zréckzekommen. Wou si mer do drun?

Wéi bei villen aneren Administratioune gëtt et aktuell eeben och bei der Police haut Dossieren, déi manuell gefouert ginn. Oder et ginn och elo schonn informatesch Programmer benotzt, déi awer dann esouguer deelweis ënnereneen net kompatibel sinn. Et si vill Datenträger, déi fir d'Späicherung vun Donnéeën an Informatiounen zoustänneg sinn, déi no an no mussen an en neie System integréiert ginn. Dofir gëtt fir d'éischt eeben eng informatesch Architektur gebraucht, mat där dës Datentransitioun da méiglech ass. An un där Architektur gëtt, wéi gesot, geschafft.

Déi digital Transitioun ass um Wee, allerdéngs – dat soen ech och esou – wär et ze begréissen, wa mer do kéinten e Gang eropschalten, dat am Sënn vun de Beamten um Terrain, am Sënn vun der Police selwer, mee allgemeng och am Sënn vun der Populatioun, well et géif erméiglechen, nees méi Poliziste mat méi Zäit um Terrain ze hunn.

Als DP begréisse mer et ausdrécklech, dass den Ament dëse Regëster digitaliséiert gëtt, fir Synergien ze schafen an d'Produktivitéit ze verbesseren. Dës digital Transformatioun ass fir mech a fir d'DP e Meilestee fir déi zukünfteg Policeaarbecht. Fir dem aktuelle Personalmanktem entgéintzewierken a méi effikass kënnen ze schaffen, kann d'Digitalisatioun also eng ganz wichteg Roll spillen.

Huele mer och do nach eng Kéier e konkreet Beispill. Wann een haut an e Buttek geet an et keeft een en Handy oder en technologescht Gerät, sou nennen ech et emol, dann huet ee ganz oft einfach direkt de Vendeur, dee steet virun engem, et fëllt een alles aus, hien dréint den Tablet ëm, et ënnerschreift een et, an 30 Sekonnen duerno huet een de fäerdege Kontrakt an der E-Mail. Et muss net dee Moyen sinn, mee dat beweist awer, dass et am alldeegleche Liewe méiglech ass, Prozedure ganz séier kënnen ofzeschléissen. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat och an der Policeaarbecht a ganz ville Fäll esou kéint gemaach ginn.

Firwat huelen ech dëst Beispill? Ma ganz einfach, ronn 50 % vun de Polizisten hirer Aarbecht um Terrain si mëttel bis kleng Interventiounen: en Auto, deen ofgeschleeft gëtt, e Portmonni, dee geklaut gouf, an engem Buttek gouf eppes matgeholl, eng Noperschaftsstreiderei. A bei all deenen Interventioune gëtt et haut scho Standardformularen, déi ausgefëllt ginn, just dass déi concernéiert Persounen deelweis mat op de Büro geholl ginn, do d'Informatioune festgehale ginn an dann, deemno wéi grav d'Faite sinn, natierlech och un de Procureur weiderginn. Mee firwat kann een dës Prozeduren als Polizist net op der Plaz maachen, direkt um Terrain, mat engem Tablet, wou d'Donnéeën dann direkt encodéiert ginn?

Dat géif einfach enorm Zäit spueren an d'Effikassitéit vun de Beamten um Terrain däitlech erhéijen. Net ze vergiessen, dass d'Zäit um Büro kéint genotzt ginn, wann een dann um Büro ass, fir gréisser Dossieren op- oder ofzeschaffen an och esou divers wichteg Delaien anzehalen an d'Dossiere schnellstméiglech kënnen ze clôturéieren.

An där Beispiller, fir déi positiv Aspekter vun der Digitaliséierung am Bezuch op Effikassitéit ze illustréieren, gëtt et der nach ganz vill. Bleiwe mer awer elo mol beim technologesche Fortschrëtt.

D'Fro, déi jo ëmmer am Raum steet: Wéi kann d'Technik der Police hëllefen, Zäit ze gewannen, fir méi Polizisten um Terrain ze hunn? An awer och: Wéi kann d'Technik hëllefen, besonnesch Schwéierkriminellen et net ze einfach ze maachen, onentdeckt duerch eist Land ze fueren oder och am Land ze circuléieren?

Wat mengen ech domat? Aus Policekreesser gëtt ëmmer erëm bedauert, dass mir bei Enquêtë par rapport zum Ausland, se nennen et „relativ blann sinn", wat d'Benotze vun techneschem Ekipement ugeet.

Ech erkläre mech: Aktuell hu mir technesch Ekipementer deelweis schonn am Land stoen, mee notzen net déi ganz Technologie oder déi ganz Technik, déi den Apparat huet, aus. E Beispill: Wann e Verbriecher mat engem Auto vu Lëtzebuerg an d'Belsch erafiert, da kënnen déi belsch Autoritéiten der Lëtzebuerger Police genau matdeelen: „Um 17.31 Auer, kuerz virum IKEA, ass en eragefuer." Wat am europäeschen Ausland oft ganz normal fonctionéiert, ass hei am Land net méiglech, well mer keng Erfaassung hunn.

Dofir soen ech awer och ganz kloer: Dass mer eis do eens sinn, dat muss an engem ganz strenge reglementéierte Kader an ënner Anhale vun allen Dateschutzreegelen, déi mer opstellen, geschéien! An et muss och an Zukunft trotzdeem méiglech sinn, dass d'Autoritéiten no verdächtegen Täter an Autoe kënne sichen an net mussen ofwaarden, bis se iwwer eng Landesgrenz fueren, fir dass d'Lëtzebuerger Police da quasi muss bei de Kolleegen am Ausland nofroen, wéini dat da geschitt ass.

Maache mer eis nämlech näischt vir: Déi organiséiert Milieuen, déi kriminell organiséiert Milieuen, déi wësse ganz genee, dass zu Lëtzebuerg de Polizist – kommt, mer nennen et emol erëm bildlech – quasi oft mat der Spektiv no hinne muss sichen, wärend d'Nopeschlänner an d'europäesch Partner do aner technesch Moyenen asetzen. Et ass e bësse wéi d'Sich no der Nol am Heekoup mat eise Lëtzebuerger Moyene par rapport zum systematesche Sichen an der Chance op Fanne vun Tatverdächtegen am Ausland.

Dass mer eis awer nach eng Kéier kloer verstinn: Et muss e ganz strikte klore gesetzleche Kader ginn, deen all, awer wierklech all Abus an deem Kontext géif verhënneren!

Mee wann dat garantéiert ass, sollte mer aus ermëttlungstechnesche Grënn, awer och aus Grënn vun Zäitspueren a Manpower op déi Technologie zréckgräifen, se sënnvoll asetzen, dat, fir net de Kriminellen an Zukunft e Virsprong par rapport zu eisen Enquêteuren a Polizisten ze erméiglechen.

A vläicht déi politesch Fro hannendrun, wéi wäit een do wëllt goen, wéi vill Kontrollaufgaben duerch technesche Fortschrëtt sollen opgemaach ginn. Dat, léif Kolleegen, sollt een eng Kéier an engem ganz breeden Debat just zu deem dote Sujet debattéieren. Mee deen Debat géif sech menger Meenung no absolutt loune fir d'Zukunft vun der Police, vun de Beamten um Terrain a fir d'Sécherheet hei am Land.

Preventioun an Digitalisatioun, zwou Piste fir ze hëllefen, d'Kärfuerderung ze erfëllen, nämlech: méi Polizisten um Terrain ze hunn. Mee ech mengen, doriwwer muss een och nach diskutéieren, besonnesch wann ee weess, wéi d'Situatioun a verschiddene Gemengen a Stied an de leschte Joren a Méint evoluéiert huet, an et muss een och kucken, wéi een déi lokal Méiglechkeete vun de lokalen Autoritéite ka verbesseren.

Nieft de Kompetenzerweiterunge vun den Agents municipaux, déi mir jo no laange Joren endlech hikritt hunn – et ass de Mëtten oder den Owend scho gesot ginn –, muss ee feststellen, dass de Besoin u lokalen Agenten, déi d'Sécherheet vun eise Bierger sinn an de Gemengen a Stied, eng absolutt Plus-value wär, dat natierlech besonnesch am stättesche Milieu, awer net exklusiv am stättesche Milieu.

Dofir ass am DP-Ramewalprogramm, dee mir Enn Januar an de Gremie vun der Demokratescher Partei ofgestëmmt hunn, och festgehale ginn, dass d'Méiglechkeet an Zukunft nees muss do si fir d'Gemengen, e lokale Policecorps, also eng Police municipale, kënnen ze kreéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP) | Fir d'Demokratesch Partei ass déi Presenz um Terrain vu Beamten an de Quartieren, an den Dierfer eng effikass Méiglechkeet, d'Sécherheet vun de Bierger weider ze erhéijen. D'DP steet dofir fir d'Schafung vun enger Police municipale, déi e Partner vum aktuelle Corps vun der Police grand-ducale soll sinn, an Zesummenaarbecht och mat den Agents municipaux, déi all zesumme fir d'Sécherheet vun eise Bierger an eise Gemenge suerge wäerten.

Op der Sich no Personal kann een awer och inhouse kucken – och dat ass de Mëtteg scho gesot ginn –, fir Personal fräi ze kréien, dat aktuell duerch Aufgabe gebonnen ass, déi net misste vu Polizisten duerchgefouert ginn. Et kéint een och nees de Gefaangenentransport uféieren. Déi Aufgaben, wéi gesot, missten net vu Poliziste gemaach ginn, mee kéinten duerchaus vu Giischtercher iwwerholl ginn.

Ech hunn elo eng Véierelstonn laang Pisten erkläert, wéi et aus eiser Siicht méiglech wier, dat Personal,

wat do ass, ze entlaaschten, soudass et méi Zäit hätt, sech op méi Presenz um Terrain ze konzentréieren: Preventioun, Digitalisatioun, Notze vun Technologien, déi an d'Joer 2023 passen, an d'Schafe vun enger lokaler Police als Entlaaschtung a Partner vum aktuelle Corps.

Komme mer elo zu den aktuelle Polizisten. An do wollt ech bei der Ausbildung ufänken. Et gouf och scho gesot: Et kënnt e massive Rekrutement iwwert déi nächst Joren. An déi éischt Poliziste wäerten am Mee 2023 hir Ausbildung ofschléissen. Déi massiv Rekrutéierung, déi definitiv alternativlos ass, bedeit awer och, dass immens vill Beamten derbäikommen, déi logescherweis keng Erfarung hunn.

2023 wäerte wuel genausou vill Beamten a Pensioun goe wéi nei Polizisten derbäikommen, soudass den Altersduerchschnëtt vun de Patrulle méi niddreg wäert ginn an déi nei, meeschtens da méi jonk Polizisten net méi vun der Erfarung vun deene méi erfuerene Poliziste kënne profitéieren. Dat ass een Aspekt, deen een net dierf vergiessen.

De Renforcement huet awer och logescherweis Auswierkungen op d'Formatioun selwer. Wou an de Jore virdrun éischter, soen ech emol, 60 bis 80 Policeschüler mat der Formatioun ugefaangen hunn, sinn et der jo dann elo 200. Dat stellt d'Police natierlech virun Erausfuerderungen, souwuel wat d'Infrastruktur vun der Policeschoul wéi natierlech och d'Unzuel u Formateuren ubelaangt, a spéider och, dat dierf een och net vergiessen, wat d'Infrastrukture vun de Kommissariater ubelaangt.

Do muss ee sech also elo scho Gedanke maachen, well mir wësse jo, dass mer, wa mer esou eng Infrastruktur brauchen, meeschtens méi wéi zwee Deeg brauchen. An et soll een net soen: „Dat ass just zäitlech begrenzt." Well ech ka mir haut wierklech net virstellen, dass mir net nach méi laang wäerte méi rekrutéieren, aleng scho well d'Populatioun weider wiisst an d'Aufgabe vun der Police dagdeeglech weider wuessen. Dat heescht fir mech awer och, dass muss opgepasst ginn, dass d'Ausbildung an adequate Raimlechkeeten ass an d'Ausbilder genuch Plaz a genuch Moyenen hunn, fir kënnen all relevant wichteg Formatiounen unzebidden.

Anescht gesot, déi theoreetesch Coursen, Matièren an der Policeschoul, déi soss op zwee Joer opgedeelt goufen, mussen elo an engem Joer vun de Policeschüler duerchgeholl ginn. Dat ass bei dëser komplexer wichteger Matière sécher net ëmmer einfach. A fir d'DP ass kloer: Et däerf keng Komproмësser bei der Formatioun ginn an d'Qualitéit vun der Policeaarbecht däerf net ënnert dem massiven Zouwuess leiden!

E Wuert awer och zu der aktueller Diskussioun ronderëm d'Karriären innerhalb vum Corps. Wichteg ass fir d'Zukunft, mengen ech, haaptsächlech emol, dass Rou innerhalb vum Policecorps herrscht, a keng Onrou a keng Onzefriddenheet.

Ech hoffen, dass Dir, Här Minister, do eng Léisung zesumme mat de betraffene Beamte fannt, fir dass d'Police sech op hir Käraufgab ka konzentréieren an net muss Energie op anere Plazen asetzen. Dat ass net gutt, weeder fir déi concernéiert Beamten, nach fir d'Stëmmung am Corps, nach fir de Fonctionnement vun der Police an am Endeffekt fir d'Sécherheet am Land.

Eng Fro, déi ee sech am Kontext vum Rekrutement och muss stellen, ass déi, wéi een och an Zukunft genuch interesséiert, engagéiert, kompetent Persoune fënnt, déi dëse wierklech interessanten, ofwiesslungsräichen a responsabele Beruff vum Polizist wëlle léieren. An et ass och kee Geheimnis, dass déi nämmlecht Froe sech bei engem CGDIS, bei der Arméi, bei der Douane, bei de Giischtercher, also bei méi Beruffer aus där Famill, stellt.

An deem Sënn kéint een och emol eng Kéier nodenken iwwert d'Iddi vun enger Sektioun schonn an der Éducation nationale, nenne mer se elo mol einfach eng Sektioun Securitéit, eng Sektioun, op där ee scho fréizäiteg mat Basiswëssen op dës Beruffer géif preparéiert ginn, wou een dann herno dat perfekt Profill hätt, fir esou e Beruff och kënnen ze ergräifen.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Hei steet, dat géif net goen. Ech hat dat virdru scho fënnefmol hei gemaach.

**Une voix** | Jo.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Maja, da sollte mer nach eng Kéier doriwwer diskutéieren.

*(Brouhaha)*

Dat heescht, d'Ënnerstëtzung vun der CSV wär an deem Punkt garantéiert.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dat war eng Iddi vun der CSV.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Ma wonnerbar! Gesitt Der, Dir hutt och heiansdo gutt Iddien!

*(Interruption)*

Här President, fir d'Sécherheet vun eis alleguerten ze garantéieren, brauch d'Police awer och déi néideg Moyenen, souwuel materiell wéi gesetzlech. Hir Geschierkëscht muss de Realitéite vum Terrain Rechnung droen, spréch permanent Schrëtt hale mat den neisten Entwécklungen.

Wat d'Material ugeet, hunn ech mer vun diverse Polizisten um Terrain soe gelooss, dass mer eigentlech gutt opgestallt sinn, dat zemools, wa mer eis mam Ausland vergläichen. Dat ass ze begréissen, dat ass wichteg an dat ass och richteg. Wat d'Material konkreet ugeet, wéilt ech kuerz op e puer Punkten agoen, eng Kéier ugefaange mat der Bodycam, deen Outil, dee mir als Demokratesch Partei jo scho länger fuerderen. No villem Hin an Hier si mer frou, dass do Beweegung an den Dossier komm ass an datt se hoffentlech geschwënn agesat kënne ginn, dat fir d'Sécherheet vun de Polizisten, awer och, fir Biller ze hunn, déi et erméiglechen, eng objektiv Vue op Faiten ze hunn, déi geschitt sinn.

Als DP sti mer zur Bodycam als deseskaléierendem Outil, dee souwuel de Policebeamte wéi och de Bierger, mam richtege gesetzleche Kader, zeguttkënnt. Nieft de Bodycams hu mer als DP och scho méi wéi eng Kéier Dashcams an de Policeautoen an d'Gespréich bruecht, déi leschte Kéier och am Walprogramm viru fënnef Joer. Den Asaz vun dëse Geräter, déi a ville Länner scho säit Joren zum Ekipement vum Policegefier gehéieren, déngt zur Dokumentatioun vun Ereegnesser bei Interventioune vun de Patrullen um Terrain.

Nieft dem Material brauch d'Police och legal Moyenen, fir um Terrain hirer Aarbecht, d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren an de Leit Hëllef zoukommen ze loossen, wa se Hëllef brauchen, nozekommen.

Net méi spéit wéi d'lescht Joer hu mer jo hei de Platzverweis light gestëmmt, en Instrument, fir dat d'DP sech scho laang staarkgemaach huet. Deemools wéi haut ware mer eis der Delikatess vun dësem Gesetz allerdéngs bewosst, bei deem d'Libre circulation vum Bierger beschnidde gëtt. Et geet bei de Mesüren zu dësem Gesetz schlussendlech ëm d'Wuel an d'Sécherheet vun eise Bierger. Et ass eis wichteg, dass allegueren d'Moossnamen an hirer Noutwendegkeet gerechtfertegt musse sinn an an hirer proportionaler Applikatioun justifiéiert sinn.

Als DP wollte mir der Police déi gesetzlech Moyene ginn, fir en zäitlech begrenzte Platzverweis fir Persounen auszeschwätzen, déi eng Gefor fir d'ëffentlech Uerdnung oder Sécherheet duerstellen. D'Zil war et, der Police ze erlaben, oniwwersiichtlech Situatiounen op ëffentleche Plaze méi séier a méi effizient kënnen ze léisen, ouni datt dobäi onschëlleg Leit zu Schued kommen.

De Gesetzesprojet, dee mir gestëmmt hunn, ass manner wäit gaang. Fir eis war et an ass et aktuell awer och nach ëmmer wichteg, deen éischte Schrëtt gemaach ze hunn. A fir eis ass et genausou wichteg, d'Effikassitéit vun deem Platzverweis an noer Zukunft ze analyséieren an och bei Bedarf nozebesseren.

Dir gesitt, dee Sujet, deen ass esou breet gefächert, dass een elo nach kéint einfach weiderfueren. An et huet ee jo elo eigentlech nëmmen e Brochdeel vun den Aufgabe vun der Police a vun den Defie vun der Police fir d'Zukunft gesträift.

Mir brauchen eng performant a modern Police, eng Police, déi no um Bierger ass, déi ëmmer disponibel ass, eng Police, op déi ee sech ka verloossen an, jo, déi den Defie vun der Zäit gewuess ass.

Fir dësem Usproch gerecht ze ginn, brauch se déi néideg legal Moyenen. Hir Geschierkëscht muss de Realitéiten um Terrain Rechnung droen, spréch: permanent Schrëtt hale mat den neisten Entwécklungen.

Wann eis déi eenzel Punkte geléngen – d'Preventioun ze verbesseren, d'Digitalisatioun ze beschleunegen, nei Technologien ze benotzen, Rou an de Corps ze kréien, d'Ausbildung op héijem Niveau ze halen a Partner nieft der nationaler Police unzeerkennen –, dann ass et mir net baang, dass Lëtzebuerg fir d'Zukunft gutt opgestallt ass. D'Potenzial ass do, kommt, mir notzen et.

Ech soe Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Lamberty. An da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Jo, et ass e wichtege Sujet, dee mer, ech hat hei an der Ried geschriwwen „haut de Mëtten", mee ech géif soen, „haut den Owend" hei diskutéieren, well en immens breet gefächert ass. An ech soen dem Här Kartheiser Merci fir dës Interpellatioun an Diskussioun, déi mer haut hei kënne féieren.

D'Police, an et ass schonn e puermol ugeklongen, mécht dagdeeglech eng wichteg Aarbecht. Eis Poliziste setze sech dagan, dagaus fir eis Sécherheet an, fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger. Hinne solle mer duerfir och e grousse Merci zollen. Si brauchen duerfir och gutt Aarbechtskonditiounen, an dowéinst ass et nëmme méi wéi richteg, dass mir eis haut effektiv och der Police widmen.

D'Käraufgab vum Staat ass et, fir bannenzeg Sécherheet ze suergen an déi och ze garantéieren. An d'Police ass de verlängerten Aarm vum Staat, fir se auszeféieren. D'Police beweegt sech steets am Triptyque Presenz, Hëllef a Schutz. Et ass eng souwuel delikat wéi och nobel Aufgab am Spannungsfeld tëschent Preventioun a Repressioun.

Op dëser Plaz wëll ech ervirsträichen, wéi wichteg d'Police der LSAP ass. An eisem Walprogramm vun 2018 hu mer eis fir e massive Rekrutement vun der Police ausgeschwat. Mir hunn och e verstäerkte Rekrutement vu Polizisten an och vun zivillem Personal, fir datt effektiv grad d'Leit um Terrain kënnen entlaascht ginn. An déi physesch Presenz vun der

Police um Terrain, dat mierkt een och an de Gemengen, bréngt natierlech eng méi grouss Sécherheet an och méi e staarkt Sécherheetsgefill. An deen Outil, dee mol méi, mol manner oft genotzt gëtt, de sougenannte „Comité de prévention communal", ass en Outil, deen een natierlech méi notze kann, fir och méi spezifesch Strategien um lokale Plang, sécher um Niveau vun der Preventioun, awer och um Niveau vu repressive Strategien, ze erërteren. An zesumme kann een dat definéieren, d'Police an d'Gemeng, d'Gemeng an d'Police zesumme kënnen do och deementspriechend Partner sinn.

D'Fuerderung vun den Agents municipaux, fir hinnen nei Kompetenzen ze ginn, fir effektiv och d'Police an de Gemengen an hirer Aarbecht ze entlaaschten, och um Niveau vun den Incivilitéiten, ech mengen, dat Gesetz hu mer hei gestëmmt, an dat bleift natierlech och wichteg, fir dass d'Police sech deementspriechend an de Gemenge méi der Police administrative ka widmen, och um Niveau vun de Kommissariater, wou dat Zesummespill och wichteg ass.

Awer och d'Gesetzer, déi mer hei gestëmmt hunn iwwer eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht mat de Benelux-Länner, och déi hunn d'Effizienz vun der Policeaarbecht erhéicht. An ech mengen, och déi Fuerderunge goufen hei ëmgesat an der Chamber.

Rezent Sondagë vum Statec weisen– an ech mengen, dat ass och positiv –, dass d'Police en héicht Vertraue genéisst. 72 % vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung schenken der Police Vertrauen, an dat Vertrauen ass natierlech eng Erausfuerderung, well wann eng Police vill Vertraue vusäite vun de Bierger genéisst, da sinn natierlech och d'Attentë vun de Bierger un d'Police deementspriechend héich.

An elo liewe mer natierlech an enger Gesellschaft, déi am Wandel ass, an och deem muss d'Police gerecht ginn. D'Police hëlt natierlech och déi gesellschaftlech Entwécklungen, an deene mer eis befannen, wouer am Alldag um Terrain. An duerfir brauche mer eng modern Police, déi sech adaptéiere kann. An eng modern Police ass eng Police, déi natierlech no beim Bierger ass an déi och fir de Bierger deementspriechend accessibel ass. An dofir ass et wichteg, hir och déi néideg Moyenen ze ginn, fir um Terrain, wéi gesot, present ze sinn a fir och kënnen op d'Uleiesse vun de Bierger anzegoen. An dës Presenz kann natierlech nëmmen duerch e massiivt Opstocke vum Reservoir vu Polizistinnen a Poliziste fonctionéieren.

Als LSAP begréisse mer natierlech dee Prozess. Mee natierlech, dat Zesummespill tëschent engersäits erfuerene Polizisten an anerersäits méi jonke Polizisten, och dat ass eng Erausfuerderung am professionellen Alldag a wäert dat och nach sécherlech weider bleiwen, elo schonn an och an deenen nächste Joren, wann et operativ um Terrain ass.

An ech mengen, et ass och schonn e puermol hei ugeklongen, nieft effektiv de Policegewerkschaften, mat deene mer och als LSAP, wéi gesot, schwätze konnten, huet een natierlech a sengem Bekanntekrees Polizistinnen a Polizisten, mat deenen een och en Austausch kann hunn.

Zivill Karriären, och dee Rekrutement, mengen ech, bleift grad wichteg, fir och d'Police effektiv an hirem Alldag ze entlaaschte par rapport zu der administrativer Aarbecht, déi awer och e wichtege Bestanddeel ass a bleift, a kann effektiv och deementspriechend Remedur schafen. Well, ech mengen, alles, wat och d'Polizistinnen an d'Polizisten – an, ech mengen, och dat ass en Deel um Niveau vun der Formatioun – leet, ass och de Volet vun der Rechtsstaatlechkeet, vun der Transparenz an och vun de Mënscherechter, déi awer och Bestanddeel si vun enger moderner Polizeiaarbecht am 21. Joerhonnert.

Dat ass natierlech och eng Erausfuerderung, well ee mat ganz ville komplexen, variéierte Situatiounen als Polizistin a Polizist confrontéiert ass, wou een och eng adequat a gemiessen Äntwert deementspriechend soll ginn, eng Äntwert, déi der Rechtsstaatlechkeet entsprécht an awer och der Verhältnismëssegkeet, der Proportionalitéit. Dat sinn Necessitéiten, déi wierklech do sinn, an dat sinn natierlech och grouss Erausfuerderungen am Alldag.

Wann natierlech eis Gesellschaft changéiert, da changéieren och d'Erausfuerderunge vun der Police. Duerfir brauche se och déi néideg finanziell a materiell Moyenen, fir deem kënnen nozegoen, awer virun allem, wat wichteg ass, dat ass d'Formatioun an d'Formation continue. An ech mengen, dozou hunn ech och schonn eng Question parlementaire gestallt.

Eng gutt fonctionéierend Police, sief et à la base duerch hir Formatioun oder duerch hir Formation continue, brauch e gutt fonctionéierende Bildungssystem. D'Police brauch natierlech zudeem och gutt sozial a fachlech Kompetenzen, déi se muss kréien. An duerfir muss och d'Politick suergen an der Ausübung vun hirer Aarbecht.

Här President, nieft der Policeaarbecht wéilt ech awer och ervirhiewen, dass et wichteg ass, eng ganzheetlech Approche ze hunn. An dat mierkt een och bei deene ganz villen Diskussiounen, déi een huet, notamment och am Kader vun der Drogeproblematik.

An där ganzer Diskussioun, déi mer hei hate ronderëm d'Drogekriminalitéit, ronderëm d'Sécherheet, ronderëm dat subjektiivt Onsécherheetsgefill, ronderëm effektiv och de Platzverweis, wouriwwer mer virun enger Rei Méint hei diskutéiert hunn, hate mer als LSAP ëmmer eng nuancéiert Approche, wou Preventioun a Repressioun natierlech zesumme solle gekuckt ginn a wou och natierlech dee Platzverweis net als Stand-alone-Mesür soll gekuckt ginn, mee wou natierlech och déi sozial Komponenten deementspriechend sollen a Betruecht gezu ginn, well et, mengen ech, och generell, wann een effektiv eis Gesellschaft au sens large kuckt mat den Interventiounen, déi stattfannen, wichteg ass, dass een net nëmmen exklusiv agéiert, mee virun allem inklusiv.

An ech mengen, an deem Kontext sinn natierlech och am Kader vum Ekipement, deen d'Police huet, Bodycams en zousätzleche Moyen an der Interaktioun, am Asaz mam Bierger. Am Idealfall soll natierlech esou eng Bodycam souwuel de Bierger wéi och de Poliziste Schutz gewären an och fir Transparenz suergen. Mee natierlech, wann een awer och ..., an ech mengen, dat Gesetz ass hei am legislative Prozess, do gesäit een, wéi komplex natierlech och nei Moyene sinn, déi een der Police gëtt. Déi sinn net evident, well och hei nieft der Professionalitéit, déi een un den Dag ka leeën, awer och de Volet vun der Proportionalitéit ganz kloer spillt am Asaz. Natierlech ass och an dësem Kontext d'Beruffserfarung sécher och e Virdeel, effektiv, wann een déi nei Elementer do an den Asaz hëlt.

D'Policeaarbecht ass facettëräich an ofwiesslungsräich, mee sécherlech net ëmmer einfach. A genee aus deem Grond ass et wichteg, datt d'Agentinnen an d'Agenten natierlech déi néideg Ënnerstëtzung kréien, déi se brauchen. Grad wa se um Terrain agéieren, ënner Drock sinn, sief dat duerch Stress, awer och duerch déi verbal a munchmol awer och physesch Aggressiounen, déi effektiv net ofhuelen, musse si kënnen als Polizistinnen a Polizisten op de Support vun der Police als Organisatioun zielen. An de psychologesche Support an der Police, dee muss jo eiser Meenung no weider gestäerkt ginn, fir d'Resilienz vun den Agentinnen an Agente ganz kloer ze stäerken, fir herno déi weider Ausféierung vun hirer Aarbecht kënnen ze maachen.

Natierlech muss een och konsequent géint Gewalt géigeniwwer Beamte virgoen. Wéi ech virdru gesot hunn, déi hëlt sécherlech net of. Do ass natierlech och dee ganze Volet vun der Gewalt- a Konfliktpreventioun an de Schoulen e ganz wichtegen Aspekt, dass Gewalt keng Léisung ass, net déi richteg Äntwert ass. An do muss een awer och soen – an och dat ass ëmmer erëm ausbaufäeg –, dass d'Police an de Schoulen – an an där Gemeng, déi mir méi nosteet, mierken ech dat – eng ganz gutt an engagéiert Preventiounsaarbecht mécht, ëmmer erëm. Mee sécherlech ass deen dote Volet ganz kloer och nach ausbaufäeg.

Wat och, mengen ech, en Aspekt ass, dat ass, wann een a geféierlech Situatiounen um Terrain geréit – an ech mengen, dat ass all Dag de Fall, all Moment, wou een erausfiert, kënnen esou Situatioune sech erginn –, ass et natierlech och wichteg, dass d'Polizistinnen an d'Poliziste sech apte verteidege kënnen. Awer och, an dat mierkt een ëmmer erëm bei verschiddenen Asätz, notamment ass dat de Fall am Kader bei der Police judiciaire, wann d'Zivillpersonal mat erausgeet, dass dat och op deen adequate Schutz kann zielen an och do déi néideg Moyenen huet. An ech mengen, dass dat effektiv de Moment nach net esou assuréiert ass. Awer och dat soll een hei ganz kloer a Betruecht zéien.

A gradsou, mengen ech, soll ee kënnen op de Support zielen, wann ee selwer am Kader vun engem Asaz – ënner Gänseféisercher – „an d'Schosslinn" geréit an effektiv och säi Liewen a Gefor ass.

De Bien-être, mengen ech, generell a virun allem bei der Police ass och wichteg, de Bien-être op der Aarbecht, dozou zielt natierlech och eng räsonabel Aarbechtscharge. Natierlech hate mer déi Diskussiounen iwwert déi vill Iwwerstonnen, déi deelweis ofgebaut goufen, mee och dat däerf net au détriment vun der Qualitéit vun der Aarbecht vun de Polizisten an de Polizistinne goen. Ech wëll net hei falsch verstane ginn, dass dat géif heeschen, dass se eng schlecht Aarbecht géife maachen. Mee op alle Fall ass dat awer a Betruecht ze zéien, fir kënne sereinement seng Aarbecht ze maachen.

An och deementspriechend nom Asaz, wann ee weess, dass een do nach e Rapport ze schreiwen huet a kaum Zäit huet, do muss natierlech och d'Zivillpersonal present sinn, fir do kënnen auszehëllefen. An deem muss méi wéi jee ganz kloer Rechnung gedroe ginn.

D'Poliziste mussen natierlech och doduerch gutt Aarbechtskonditiounen hunn, well soss musse mer eis awer och bewosst sinn, dass vläicht de Risiko besteet, dass se an aner Administratiounen ofwanderen, wat natierlech och fir d'Police als Corps sécherlech e Verloscht wäert sinn.

Här President, d'Police ass am Alldag, ech hunn et scho gesot, mat schwierege Situatioune confrontéiert. An esou Situatiounen droen natierlech och derzou bäi, dass d'Leit um Terrain hir Situatioun musse kënnen aschätzen. An och an deem Austausch, dee mer haten, ass et wichteg, de Bols ze fillen. An do mierkt een natierlech, dass dee Malaise do ass, an et ass och scho virdrun ugeschwat ginn, ronderëm d'Policekarriäre B1 an C1. Mir wëssen, dass do effektiv d'Verfassungsgeriicht jo iwwer eng Question préjudicielle tranchéiert huet. An ech mengen, do ass et och elo wichteg, Planungssécherheet ze kréien, dass d'Verwaltungsgeriicht seng Decisioun hëlt. Hoffe mer emol, dass do och deementspriechend Rou wäert kënnen antrieden.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Wat awer och ze berücksichtegen ass – an et ass och dat, wat aus de Gespréicher erausgaangen ass –, dat ass, dass eeben och duerch dat positiivt Element vun deem massive Rekrutement natierlech vill nei jonk Stagiairen do sinn, déi sech awer vläicht där méi klorer, ech drécken et emol esou aus, Hierarchie net bewosst sinn an och deem Esprit de corps net esou bewosst sinn, wéi hir Aarbechtspartnerinnen a -partner sech däers sinn, déi effektiv en anere Wee iwwert déi Joren ageschloen hunn. Ech mengen, och dat ass en Element an eng Erausfuerderung an der Police, un där muss geschafft ginn. Dat Vertrauen effektiv, sech een op deen anere kënnen ze verloossen, wann een op en Asaz geet, mengen ech, ass e ganz, ganz wichtegen Aspekt, an, ech mengen, och d'Verkierzung vun der Stagezäit, wat sécherlech effektiv eng Adaptatioun war um Niveau vun der Fonction publique, mengen ech, och am Kader vun deem Volet.

An der Stagezäit muss d'Formatioun eiser Meenung no reegelméisseg op de Leescht geholl ginn, op de Contenu hin iwwerpréift ginn, adaptéiert ginn an och op d'Aktualitéit zougeschneidert ginn. Well effektiv, wann d'Gesellschaft evoluéiert, muss natierlech och deenen Thematiken, mengen ech, déi ze enseignéiere sinn, Rechnung gedroe ginn.

Mir sinn eis alleguerten heibannen eens, dass d'Policeaarbecht eng attraktiv Aarbecht ass. Si bitt natierlech villfälteg Karriärs- an Entwécklungsméiglechkeeten. Et fënnt een also verschidde Beruffsbiller erëm, sief et an der polizeilecher Karriär wéi och um administrative Plang. An, ech mengen, déi Diversitéit stellt och ganz kloer eng grouss Beräicherung fir d'Leit an der Police duer. An awer brauche mer héich spezialiséiert Profiller an Zukunft, déi wäerte sécher net ofhuelen. Au contraire, déi wäerten effektiv zouhuelen.

Wann ee kuckt, Beräicher wéi d'Finanzkriminalitéit, do ass eng grouss Technizitéit gefrot, ass e grousst Wësse gefrot, wann ee kuckt, dee ganze Volet vun der Kriminalistik, wann ee kuckt, dee ganze Volet vun der Forensik, ech mengen, do musse mer ganz kloer Talenter, ganz kloer Profiller hunn, déi mer an der Police rekrutéieren, fir där Aarbecht kënnen och nozegoen, fir och déi Komplexitéit kënnen ze erfaassen, déi mer ganz oft an der organiséierter Kriminalitéit deementspriechend erëmfannen.

Eng modern Police, déi muss kënnen effizient fonctionéieren. A wann een effizient fonctionéiert, dann ass een natierlech – an déi Diskussiounen hate mer och schonn hei an dësem Haus – oft mat sensibelen Donnéeë konfrontéiert. An do muss een natierlech och deen néidegen Equiliber fannen tëschent der Proportionalitéit an der Finalitéit. Déi Diskussioune ronderëm d'Policefichieren, ronderëm och de JUCHA, ech mengen, och dat sinn Elementer, déi zu enger Effizienz féiere kënnen.

Ech hat virdru kuerz ugeschwat: d'organiséiert Kriminalitéit, déi natierlech ganz komplex ass, déi ganz vill Formen huet – ech ginn net op déi verschidde Formen an –, wann ee kuckt, d'Cyberkriminalitéit, wann een och kuckt, dee ganze Volet vum Darknet, do ass et natierlech och wichteg, sech déi néideg Moyenen an der Police ze ginn, fir sech dorobber kënne virzebereeden. An et brauch een nach eng verbessert Zesummenaarbecht tëschent Police a Justiz. Och dat, mengen ech, ass eng ganz kloer Erausfuerderung an der alldeeglecher Aarbecht.

Här President, d'Aarbecht vun der Police wäert sech sécherlech nach weider an deenen nächste Joerzéngte veränneren, well, et mierkt een et, schonn an der aktueller Situatioun gëtt et verschidden Tendenzen an och verschidden Trends. Mir hunn eng Gesellschaft, déi am Ëmbroch ass, d'Entwécklung vun der Technik, déi ass rasant. D'Technik gëtt jo och effektiv an de kriminelle Phenomeener genotzt an do muss een natierlech och um Ball bleiwen. An do ass et, mengen ech, wichteg, dass d'Police, wéi gesot, och virbereet bleift a mat Schrëtt hält. Do ginn et also grouss Erausfuerderungen. An ee Megatrend ass natierlech d'Digitalisatioun. D'Digitalisatioun selwer ass kee Selbstzweck, mee si soll natierlech zu der Vereinfachung vun der alldeeglecher Aarbecht bäidroen. Hei sinn natierlech Tablets e ganz, ganz wichtegen Outil, deem kann och méi Rechnung gedroe ginn. Iwwert d'Modalitéite vun der Notzung kann een diskutéieren, mee et ass sécherlech e Moyen, deen een notze kann.

All dëst bréngt mech op den entscheedende Punkt, nämlech, dass d'Politick sécherlech bei deenen Defie ganz kloer ënnerstëtzend op d'Police wierke kann.

Et ass wichteg, dass mer d'Police mat hire Problemer net eleng loossen, dass mer hinnen déi néideg materiell a finanziell Moyene ginn, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen a fir och deementspriechend eng modern Police ze hunn, déi eis, mengen ech, nosteet an déi sech weider fir Sécherheet a Fräiheet hei am Land asetzt.

Dofir nach eng Kéier merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass ëmmer schéin, wann een erëm eng Kéier d'Geleeënheet kritt, an der Plenière iwwert d'Policeaarbecht ze schwätzen, d'Aarbechtskonditiounen an der Police an natierlech och déi alldeeglech Erausfuerderungen, déi an der Aarbecht vun der Police bestinn, och eng Kéier ze beliichten.

Mir haten am Mee 2020 schonn eng Kéier en Débat de consultation iwwert d'Policereform vun 2018, do si mer och am Detail op ganz vill Froen agaangen, déi technescher an administrativer Natur waren, wou Potenzial ass, wou muss ugesat ginn. An et geet mer dofir och haut elo net onbedéngt drëm, genee déi selwecht Punkten opzegräifen an nach eng Kéier dat selwecht ze soen, quitte dass et ëmmer e bësselche praktesch ass, wann ee ka seng Riede recycléieren, mee ech mengen, et geet haut och drëm ze kucken, wéi de Suivi vun deem Debat ausgesäit, notamment de Suivi och vun der Motioun, déi mer deemools ugeholl hunn, an ze kucken, wou mer haut mat der Ëmsetzung vun deene Punkten alleguerten och dru sinn.

Allgemeng wéilt ech awer och direkt festhalen, dass eis Policebeamten am Alldag am Déngscht vun eiser Gesellschaft stinn, a si sinn oft, an dat läit an der Natur vum Beruff, mat relativ schwierege Situatioune konfrontéiert. An d'Aarbecht vun der Police huet iwwert déi lescht Joren och enorm evoluéiert an et ass mat Sécherheet och eng Erausfuerderung, dem gesellschaftleche Wandel an deem Tempo, mat deem dee stattfënnt, eebe mat ëmmer nei ugepasste Strukturen an dann och Technologien nozekommen. An dozou kënnt dann och déi ganz international Zesummenaarbecht – international och grad um EU-Niveau –, do ass et enorm wichteg, déi néideg Personaldecken ze hunn, fir dës Dossieren ze suivéieren. Well och grad déi grenziwwerschreidend Policezesummenaarbecht kann net einfach on hold gesat ginn, well mir zu Lëtzebuerg Personalproblemer hunn.

An ech mengen, dat ass dann och vläicht e gudde Moment, fir awer ze rappeléieren, wou mer eigentlech hierkommen, well mer dierfe wierklech net vergiessen, dass d'Police laang Joren net wierklech eng Prioritéit vun der Politick war. Et war e Ministère, dee ganz wéineg Beamten hat, eng Police, bei där d'Neizougäng knapps duergaange sinn, fir d'Ofgäng an d'Pensioun ze kompenséieren.

*(Interruptions)*

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Dir sidd lo zënter zéng Joer do!

**Une voix** | C'est la vie!

*(Brouhaha)*

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dir schéngt wierklech e Problem domadder ze hunn, dass Dir deemools schlecht Aarbecht gemaach hutt. An eis elo virzewerfen, dass mer elo zënter aacht Joer an der Regierung sinn ... Ech ka just soen, dass mir elo zënter véier Joer e gréng Minister hunn, deen alleguerten déi dote Punkten ugepaakt huet, nämlech de Ministère opzestocken, enger Police d'Méiglechkeet ze ginn ze rekrutéieren, fir dass d'Neizougäng emol duerginn ...

*(Interruptions)*

Sidd Dir geschwë fäerdeg dohannen?

*(Hilarité)*

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Si diskutéieren, ween deemools Minister war.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | A ok. Mee et ass ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Den aktuelle Minister huet eng Fro gestallt.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Sou, wa mer eis elo alleguer kéinten eens ginn, dass mer der Madamm Empain géifen nolauschteren, da wär alles an der Rei! D'Madamm Empain ass déi eenzeg, déi hei d'Wuert huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Punkt.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci fir Är Ënnerstëtzung. Ech mengen, ech hat et elo scho bal selwer geréiert kritt.

Op alle Fall, ...

*(Hilarité)*

... nach eng Kéier, fir drop zréckzekommen ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Ok, ech loossen da lafen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Nee, nee. Merci, merci. D'nächste Kéier ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Kee Problem.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech kommen awer gären op Iech zréck, ech si mer sécher, ech brauch Iech nach eng Kéier.

*(Hilarité)*

Mee ech widderhuelen et gär: E Ministère, deen net genuch Beamten hat; eng Police, bei där d'Neizougäng knapps duergaange sinn, fir d'Ofgäng vun de Leit, déi an d'Pensioun gaange sinn, ze kompenséieren; eng Infrastruktur, an déi relativ wéineg investéiert ginn ass; d'Digitaliséierung, déi am Fong keng war, faute de moyens.

An déi Reform vun 2018, dat hu mer och an deem Débat de consultation 2020 gesot, déi kann awer just gräifen, wa mer alleguerten déi Erausfuerderungen do uginn an der d'Police déi néideg Moyene ginn, fir dass dee Retard do opgeholl gëtt.

Ech sinn op alle Fall frou, dass mer duerch d'Bänk am Fong geholl do en Accord hunn, dass d'Police déi Moyene kritt.

De Personalmangel ass vun dëser Regierung konsequent elo ugepaakt gi mat ronn 200 Beamten, déi pro Joer an der Policeschoul ausgebilt ginn. Dat ass och de Maximum vun deem, wat eng Policeschoul ka leeschten. An déi éischt Beamten, déi elo duerch de Stage gaange sinn, déi wäerten dann och dëst Joer op den Terrain kommen. Aktuell ... Also vereedegt ginn, um Terrain si se jo scho via de Stage eng Zäitchen.

Aktuell ass déi drëtt Well rekrutéiert, déi wäerten elo am Mee dann och mat hirer Ausbildung ufänken. A wichteg ass, dass mer endlech op de Wee gaange sinn, op d'Nettozuelen ze kucken, dat huet den Här Gloden ugeschwat. Zum Gléck gëtt dat dann awer och elo gemaach. Vu dass mer d'Nettozuele kucken an et wichteg ass, dass mer opstocken an net just d'Ofgäng kompenséieren, ass eeben ugekënnegt ginn, dass nach e fënneft an e sechst Rekrutementsjoer virgesi wäert ginn.

Mee bis dass déi Effekter vum Rekrutement richteg um Terrain ze spiere sinn, wäert et nach e bësselchen daueren, op d'mannst bis d'nächst Joer, bis déi éischt Leit dann effektiv ganz um Terrain ukomm sinn.

An déi Leit, déi ginn och op allen Niveaue gebraucht. Et geet net just ëm eng verstäerkte Presenz, soe mer zum Beispill am Quartier Gare, mee et geet och ëm genuch Personal an de Regiounen, bei der Police judiciaire, den Unités spéciales, der Fluchhafepolizei, dem Crime organisé, international Dossieren an esou weider. Ganz wichteg och bei deem ganz sensibelen Dossier vun der Kannermësshandlung, wou d'Servicer och scho staark opgestockt gi sinn.

A wa mer Rekrutement soen, da soe mer och Ausbildung, well déi ass d'Basis vun allem, dat ass jo och de grousse Constat hei. An do si mer bei enger vun den éischte groussen Erausfuerderungen. Vill Polizisten a Polizistinnen a kuerzer Zäit ze rekrutéieren, dat dierft nämlech net einhergoe mat manner Qualitéit an der Ausbildung. An dofir ass et an eisen Aen eminent wichteg, dass déi Formatioun ganz reegelméisseg evaluéiert gëtt. An dorënner fält natierlech dann och d'Evaluatioun vum Impakt vun der Reduktioun vun der Stagezäit.

Formatioun ass grad och wichteg am Beräich vum Schosswaffegebrauch. D'Politick ass et den zukünftege Poliziste schëlleg, hinnen eng Ausbildung unzebidden, déi si op esou grav Cas-de-figuren anstänneg virbereet. Wat d'Politick hinnen awer net am Virfeld schëlleg ass – dat ass meng Meenung –, dat ass, an all Fall vu Schosswaffegebrauch dem concernéierte Polizist honnertprozentege Support am Virfeld zouzesécheren. Do hu mer eng onofhängeg IGP, déi dorfir do ass, déi ass onofhängeg, déi ass ekipéiert, fir esou Fäll ze evaluéieren. D'Politick ass do, fir de Kader ze setzen, fir dem Polizist och déi legal Méiglechkeeten zur Verfügung ze stellen, mee net, fir sech de Riichter doriwwer ze maachen, ob de Schosswaffegebrauch korrekt war oder net.

A wa mer vu Personal schwätzen, da schwätze mer, wéi gesot, och net just vum Policecorps. Ech hat et virdrun ugeschwat: Um Ministère ass opgestockt ginn. Wann ee kuckt, wivill Beamte bis viru Kuerzem um Ministère geschafft hunn, erkennt ee schnell, dass de Stellewäert vun deem Ressort net immens grouss war. Well et war mat esou wéinege Beamten einfach net méiglech, gläichzäiteg der Police den néidege Kader ze bidden, de legale Kader ze bidden, se ze begleeden an och nach déi international Dossieren ze suivéieren.

An an Zäite vun demografeschem Wandel, evoluéierenden internationale Reegelen an enger ëmmer méi breet opgestallter grenziwwerschreidender Kriminalitéit war dat einfach net méi zäitgeméiss.

Do si mer dann och bei weideren Erausfuerderunge vun der Police. An där stinn der natierlech nach ëmmer eng ganz Partie virun der Dier. Déi eng kënnen an der Police selwer ugepaakt ginn, déi aner, do ass d'Police natierlech ofhängeg vun der Politick, fir hir déi néideg Ënnerstëtzung ze bidden.

D'Politick ass do, fir de legale Kader ze setzen, fir Ramebedéngungen ze schafen, fir dass d'Police effikass schaffe kann – sief dat en adequate Budget, ressortiwwergräifend Koordinatioun souwéi och d'Mise en place vu Strukturen, déi d'Zesummenaarbecht mat regionalen a kommunalen Acteuren institutionaliséieren.

Genee déi do Diskussioun hate mer jo och e bësselche laang a breet am Kader vun der Debatt iwwert d'Drogekriminalitéit, mee se kann natierlech och op alleguerten déi aner Beräicher ugewannt ginn. Et ass den allgemenge Constat, dass d'Police eleng net all gesellschaftlech Problemer léise kann.

Et besteet eng Responsabilité partagée mat de Gemengen, et gëtt Comités de concertation régionaux, et gëtt déi sougenannte Comités de prévention op lokalem Plang, et geet awer och ëm en Abanne vun de soziale Servicer an de jeeweilege Gemengen. An ech soen dat och ganz bewosst am Hibléck op Iwwerleeungen, déi elo lafen, fir d'Mendicité simple ze verbidden. Vun deene Leit geet jo eigentlech keng Gefor aus, si froen ëm Hëllef. Vläicht stéiere si deen een oder deen aneren an hirem Stadbild, dofir solle se vu verschiddene Plazen dee Moment verbannt ginn, mee d'Resultat vun der Geschicht wäert sinn, dass de Problem verlagert gëtt an d'Léisung vun engem Problem, nämlech dem Problem vun der Prekaritéit, erëm op d'Police wäert ofgewälzt ginn. An och hei gëllt erëm: D'Repressioun ass an deem Beräich net d'Léisung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Genee dat war jo och de Constat bei den Diskussioune ronderëm de Garer Quartier an d'Drogekriminalitéit. Wa mer reng op Repressioun setzen, da verlagere mer de Problem just, amplaz eis mat de strukturelle Problemer ausenanerzesetzen. An ech ka just widderhuelen, wéi frou ech sinn, dass mer endlech, och ënnert dem Impuls vun engem gréngе Minister, gekuckt hunn, dee Problem ressortiwwergräifend unzegoen an e Comité interministériel ze schafen, deen och de Suivi mécht vun der Motioun, déi mer an der Chamber zu deem Sujet ugeholl hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wa mer awer driwwer schwätzen, wéi e Rôle d'Politick kann anhuelen, fir d'Police ze stäerken, da géif ech och gären drop hiweisen, dass mir heibannen, an zwar duerch d'Bänken, an de leschte Joren net forcement derzou bäigedroen hunn, d'Vertrauen an d'Police ze stäerken. Deenen enge geet d'Policeaarbecht ze wäit – dat ass legitimm –, deenen anere geet se net wäit genuch, och dat ass legitimm.

Mee dem Minister gëtt engersäits eng Kuschelpolitick virgeworf, well en un de Prinzippie vun der Necessitéit an der Proportionalitéit festhält – et heescht, e wéilt der Police net déi néideg Moyene ginn, fir haart duerchzegräifen –, anerersäits diskutéiere mer dann awer stonnelaang driwwer, dass d'Donnéeën esou schnell wéi méiglech missten aus de Fichieren erausgeholl ginn, fir den Droit à l'oubli héichzehalen, oder, wéi villen a wéi enge Policebeamten et soll erlaabt sinn, an engem Fichier central Donnéeën ofzefroen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Stellt Der de Rechtsstaat a Fro?

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech hoffen net!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech weess net, wéi Der elo zu där Conclusioun kommt, ech si mol nach net fäerdeg mat schwätzen!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ma well den Dateschutz zum Rechtsstaat gehéiert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech mengen, den Afferschutz och!

An ier ech elo falsch verstane ginn – dat ass mäin nächste Saz –: Dateschutz ass en héicht Gutt. Den Droit à l'oubli ass wichteg.

*(Interruption)*

Geneesou wichteg ass awer och den Afferschutz ...

*(Interruption)*

... an d'Recht vun der Gesellschaft op eng Police, déi effikass schaffe kann.

An d'Police ass nun emol deelweis gefaangen tëscht der Politick hirem Dilemma, engersäits Dateschutz an anerersäits effikass Policeaarbecht ënner een Hutt ze kréien.

An deem Sënn war et och vläicht eng gutt Saach, dass déi Fichiersgeschicht am Ufank vun der Legislatur quasi aus heiterem Himmel gefall komm ass an eis forcéiert huet, eis mat deenen eminent wichtege Froen awer ausenanerzesetzen. Well dat huet eis effektiv forcéiert, eng Partie ganz substanziell Froen opzegräifen an ze versichen, e politesche Konsens ze fannen.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | De Projet de loi ass elo relativ zum Schluss vun der Prozedur ukomm. An ech kann net behaapten, dass mer eis op all eenzelnem Punkt eens gewiescht wieren an der Kommissioun. D'Suite vun där Diskussioun hu mer elo hei usazweis erëm héieren.

Wat awer interessant ass, ass am Fong de Paradigmewiessel, dee mer hunn, wou traditionell méi konservativ Parteien, déi eigentlech bis elo éischter ëmmer derfir plädéiert hunn, der Police all méiglech Moyenen ze ginn, am Fong geholl elo déijéineg sinn, déi an dësem Dossier eng Positioun verdeedegen, déi der Police hiren Handlungsspillraum relativ vill aschränkt.

**Une voix** | Nennt se dach beim Numm!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | An ech wëll ...

Nee, ech maachen dat net, esou sinn ech net.

**Une voix** | Ech maachen dat!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ok.

An ech wëll déi Positioun ..., ech wëll dat och elo net bewäerten, soen, et ass richteg oder falsch, well dat ass jo eng Positioun, déi een an enger Partei gesellschaftspolitesch definéiert. Ech wëll awer just drop hiweisen, dass déi Aarbecht, déi mir hei an der Chamber an deem Kader maachen, och eeben doranner besteet, jee no gesellschaftlechen Affinitéiten ze kucken, e Gläichgewiicht ze fannen tëscht eeben der effikasser Policeaarbecht, der Police eeben déi néideg Moyenen ze ginn op där enger Säit, an op där anerer Säit d'Recht op Privatsphär, den Droit à l'oubli an den Dateschutz ze garantéieren.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Erlaabt Der, dass den Här Roth ...

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech erlaben.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. Ech huelen dann d'Wuert am Numm vun enger konservativer – an Ären Aen – Partei. Dat, wat monéiert gouf, dat war, dass verschidde Fichieren – an ech ginn dervun aus, dass Der dat mat deelt – net am Aklang ware mat deenen Dateschutzgesetzer, déi vun dem fréiere Justizminister Braz op de Wee bruecht gi sinn. Net méi an net manner.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wat ech ugeschwat hunn ... Dat ass jo net de Punkt vun der Diskussioun. De Punkt vun der Diskussioun hei ass, wéi mer et fir d'Zukunft gesinn, wéi eng Donnéeë fir wéi laang wou stockéiert ginn a wien Accès dorobber huet. Dat si jo déi Kärfroen, iwwert déi mer geschwat hunn an der Kommissioun a wou mer op verschiddene Punkten, net allen, eng ënnerschiddlech Meenung hunn. Et ass e Constat. Ech wollt Iech elo net triggeren domadder, mee et ass einfach e Constat.

Wéi gesot, de Rôle vun der Politick an deem Kader ass et eeben, per Gesetz festzehalen, wéi e Genre Donnéeë kann ofgefrot ginn, wou se wéi laang stockéiert ginn a wien dorobber Zougréff kann hunn.

A mir mussen eis dann awer och iergendwann heibannen eens ginn, ob mer Vertrauen an eis Police an an hire Code de déontologie hunn oder ob mer der Meenung sinn, dass et irresponsabel ass, dass Honnerte vu Polizisten Zougang zu deem Fichier hunn.

Et ass vläicht e bësse kontraintuitiv, dass mer elo an enger Situatioun sinn, wou grad déi gréng eeben de Plädoyer derfir halen, der Police awer déi néideg Moyenen ze ginn an de gudde Mëttelwee ze fannen; de gudde Mëttelwee tëscht, den Dateschutz héichzehalen an awer d'Recht vun den Affer op Opklärung net aus den Aen ze verléieren.

Ech ka just soen: Wann dat Gesetz, wat elo an der leschter Ligne droite ass, esou redigéiert gi wier, wéi Dir zum Beispill derfir plädéiert hutt, da géif d'Police an Zukunft effektiv just nach Kuschelpolitick maachen, well dann hätt se kaum nach Zougang op verschidden Donnéeën.

Woufir d'Politick awer och zoustänneg ass, dat ass, als Employeur de richtege Kader ze setzen, fir d'Zefriddenheet op der Aarbecht ze förderen. Dat ass natierlech en extreem breede Begréff: Do kënne mer schwätze vun der Infrastruktur, der Planungssécherheet fir seng Fräizäitgestaltung, dem Zesummenhalt ënnert den Ekippen, der Ambiance op der Aarbecht, dem Encadrement, och dem psychologeschen Encadrement, an dozou gehéieren och all déi Punkten, déi elo zënter enger Zäit schonn als Revendicatiounen am Raum stinn, vu Karriären iwwer Primme bis zu de Postes à responsabilité particulière oder och den Aarbechtszäitreegelungen.

Nodeems mer mat allen Acteure geschwat hunn an eis en Iwwerbléck verschaaft hunn, kann ech effektiv soen, dass de Status Quo net ideal ass. An ech verstinn zu engem ganz groussen Deel och de Frust bei de Beamten a Beamtinnen, déi sech zum Deel onfair behandelt fillen. Fairerweis muss een dann awer och soen, dass déi Accorden, déi nach guer net esou laang hier ausgehandelt gi sinn, esou mat de Gewerkschaften um Verhandlungsdësch ausgehandelt gi sinn.

Ech kommen do och net derlaanscht, och no enger Partie Entrevuen, déi mer elo an der Lescht haten, festzestellen, dass do net all Karriär vun der Police gläichwäerteg berécksichtegt ginn ass dee Moment, wéi de Kuch eebe verdeelt ginn ass.

Après coup – an dat soen ech wierklech aus menger perséinlecher Analys eraus – hätt ee sech eng Partie Problemer warscheinlech kënnen erspueren, wann een den Teppech vun der anerer Säit opgerullt hätt. Wann eent vun den Haaptziler war, d'Police méi attraktiv ze maachen, da wier et eigentlech wichteg gewiescht, de Krittär vun der Ausbildung méi héich ze gewiichte par rapport zum Krittär vun der Anciennetéit.

Dass et ëmgedréit gemaach ginn ass, awer och op Wonsch vu Gewerkschaftssäit, hat dunn zur logescher Konsequenz, dass Opstigchancë vu Jonke mat enger Première, zum Beispill, net an deem Mooss méiglech waren, wéi et hinnen eigentlech géif zoustoen, elo wou et och eeben déi Karriär an der Police gëtt.

Haut gëtt et duerfir eng nei Gewerkschaft innerhalb vun der Police, déi sech kreéiert huet, fir op hir Suergen opmierksam ze maachen. A wéi et mat hirer Demande, automatesch all reklasséiert ze ginn, eebe wäert ausgoen, ben, dat wäert da mussen um Geriicht decidéiert ginn.

An do si mer dann awer och bei enger vun den Erausfuerderungen, déi innerhalb vun der Police bestinn: Wann ee mat all den Acteure schwätzt, dann héiert een eraus, dass et eeben net „déi eng" Police gëtt an hire Revendicatiounen.

Nieft dem Fait, dass d'Police also vu baussen ëmmer mol erëm a Fro gestallt gëtt, ass et eeben esou, dass och vu banne villes a Fro gestallt gëtt. A verstitt mech hei net falsch: Kritick ass ëmmer richteg, dat ass ëmmer erlaabt. Ech kommen awer net derlaanscht, da festzestellen, dass een an de Gespréicher awer e bëssen d'Gefill kritt, dass awer e bësselchen een deem anere säin Däiwel ass.

Revendicatiounen, déi dann a géigegesat Richtunge ginn, hëllefen natierlech dann och net, fir vu Policesäit aus mat enger Stëmm no baussen ze schwätzen, wat eeben och fir d'Baussenduerstellung vun der Police net onbedéngt förderlech ass. A fir eis an der Politick ass et och net ëmmer einfach, la part des choses ze maachen, wann een dräi, véier Gewerkschaften do sëtzen huet a se zum Deel géigesätzlech Revendicatiounen hunn.

Wa mer bedenken, dass et eeben eng vun de groussen Erausfuerderungen ass, vill motivéiert a gutt ausgebilt Polizisten a Polizistinnen ze hunn, vill vun hinnen ze fannen, déi och bei d'Police wëlle schaffe kommen, da läit et natierlech op der Hand, dass déi Duerstellung manner Loscht mécht, sech herno och als Kandidatin oder als Kandidat ze mellen.

An an deem Sënn schéngt et awer wichteg, no Weeër ze sichen, fir den Zesummenhalt an dem Policecorps ze stäerken, well eigentlech wëlle se all am Déngscht vun de Bierger schaffen.

Mir kennen all Polizisten a Polizistinnen aus alle Karriären, an déi allermeescht vun hinne maachen hir Aarbecht immens gär a wënsche sech, wann ee se freet, haaptsächlech, dass dat Gestreits ophält. Dat bedeit natierlech net, dass all Problemer sollen ënnert den Teppech gekiert ginn, mee vläicht kann een awer iwwert d'Aart a Weis, wéi ee matenee schwätzt oder seng Messagen eriwwerbréngt, diskutéieren, fir zesummen dat gemeinsaamt Zil ze erreechen. An wa mer iwwert d'Effikassitéit vun der Policeaarbecht schwätzen, kann et och net schueden, wann een op e bessert Matenee setzt an op méi Kommunikatioun.

Mee Effikassitéit verlaangt natierlech vill méi wéi just eng gutt Gespréichskultur. Do schwätze mer ënner anerem vun de Besoinen an der Digitaliséierung, wou enormen Ophuelbedarf ass, vum Rekrutement vun zivillem Personal, ...

*(Interruption par la présidence)*

... fir d'Policebeamten ze entlaaschten ... Wéi?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo.

*(Interruption)*

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | A. Jo, jo. Wivill mol huet Dir mech do ënnerbrach? Jo, dat muss awer lo hei ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | A!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Also ech hunn elo just drop higewisen, dass Der elo bei 20 Minutte sidd ...

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Genau.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | ... an esou lues zur Konklusioun sollt kommen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech komme ganz lues ... Ech rechne mer just ..., ech hu mer am Kapp meng zwou Minutten derbäigerechent. Merci.

Do schwätze mer vun de Besoinen an der Digitaliséierung, wou enormen Ophuelbedarf ass, Recrutement vun zivillem Personal, fir d'Policebeamten ze entlaaschten, do wou et méiglech ass, oder eebe Projete wéi dee vun der „Remise/Reprise", wou et jo drëm geet, administrativ Prozeduren tëschent de Schichte méi effizient ze gestalten. An do, Här Minister, wollt ech Iech awer vläicht froen, well mer vill iwwert dee Projet geschwat hunn, ob Der eis do vläicht kéint en Update ginn iwwert de Projet „Remise/Reprise", wou deen esou drun ass oder ob do ewell scho Konklusioune konnte gezu ginn.

D'Digitaliséierung huet awer de wuel gréissten Impakt, well do hänkt wierklech alles dervunner of, vum ELS (ndlr: Einsatzleitsystem), iwwert d'Datebank vun de Fichiere bis hin zur Projetsgestaltung. A mir hu jo gesinn, wéi et ëm d'Digitaliséierung steet. Do ware mer effektiv relativ erféiert, wéi mer an der Kommissioun do déi Informatioune kruten. An déi Mammutaarbecht, déi elo do amgaangen ass, geleescht ze ginn, fir dee Budget och ... Also de Budget krute si jo, fir dat alles ëmzesetzen. Dat weist nach net seng Friichten um Terrain. Dat ass wierklech eng enorm Aarbecht. Ech verstinn, dass d'Leit ongedëlleg ginn, mee ech ginn awer dervunner aus, wann do bis dat alles ëmgesat ass, da gëtt d'Policeaarbecht weesentlech vereinfacht.

Wa mer vun Effikassitéit schwätzen, da schwätze mer och vu Statistiken. An do ginn ech jidderengem Recht, dee seet, dass Statistike wichteg sinn, och fir Tendenzen ze erkennen, ze anticipéieren an eeben och eng besser, méi effikass Policeaarbecht ze maachen. An deem Sënn géife mir d'Police encouragéieren, weider op deem Wee ze goen.

Mir stinn hanner onser Police als wichtegem Pilier vun eisem Rechtsstaat.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Madamm Empain, Dir misst elo wierklech zur Konklusioun kommen. Dir sidd elo dräi Minutten iwwert d'Zäit, an Dir sidd net dräi Minutten ënnerbrach ginn. Ok?

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech probéieren, mäi Bescht ze maachen. Als ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo, dann net nëmme probéieren, mee et maachen!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Genau. Als déi gréng sti mir hannert der Police als wichtegem Pilier vun eisem Rechtsstaat. Mir suergen derfir, dass si och déi Moyenen huet, déi si brauch, fir hir Aarbecht

kënnen ënner gudde Bedéngungen an a Sécherheet ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech erkennen an all deene Bestriewungen, déi ech elo opgezielt hunn, ganz villes, just kee Mangel u Respekt. Dat ass dat Eenzegt, mäi leschte Message, deen ech, mengen ech, haut den Owend nach wollt lassginn. Et ass mat Sécherheet kee Mangel u Respekt. Mir si weiderhi bereet, zesumme mat allen Acteuren dës Erausfuerderungen unzegoen. Villes ass scho lassgekappt ginn, villes bleift nach ze maachen, an am Sënn vun alle Polizisten a Polizistinnen an am Sënn vun enger transparenter Policeaarbecht wënschen ech mer, dass mer konstruktiv un deenen Dossiere weiderschaffen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain.

*(Exclamations et hilarité)*

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Däerf ech nach eng Kéier?

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wëllt Der meng Ried halen?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Also ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Et ass spéit, gell?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Net ze verwiesselen, net ze verwiesselen, d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, Här President, merci fir d'Wuert. Et ass spéit. Ech mengen, mir sinn all midd. Voilà, den Här Kartheiser ass eraus, ech wollt em Merci soe fir ...

*(Interruptions)*

A, en ass do. Ok, voilà. Virdrun ass e schonn erausgelaf, wéi ech d'Wuert geholl hunn, mee trotzdeem wéilt ech dem Här Kartheiser Merci soe fir dës Interpellatioun.

An ech mengen, wa mer vun den Erausfuerderunge vun der Police schwätzen, da kommen ech net derlaanscht, als Alleréischt eppes ze widderhuelen, wat mir scho méi oft an der Chamber hei erwäänt hunn: An enger besserer Welt bräicht ee wéineg Police. Dat schéngt eis alleguerten evident an ech mengen, et muss een et awer ëmmer erëm widderhuelen.

Mäi Kolleeg, den David Wagner, huet zum Beispill deemools a senger Ried hei zur Reform vun der Police ënnerstrach, datt d'Mënsche weeder gutt nach schlecht op d'Welt kommen, mee datt si gepräägt gi vun hirem Milieu, deen hir sozial Bezéiungen, hir Educatioun an hir Verhalensaart a -weis beaflosst. An natierlech spillt och de fräie Wëlle vu jiddwerengem eng Roll, well mir Mënsche si weeder ganz determinéiert nach ganz fräi vun allen Zwäng.

Soulaang mir also an enger Gesellschaft liewen, an där et Ongläichheete gëtt, Aarmut an Exklusioun produzéiert ginn, soulaang wäert eis Gesellschaft och Gewalt produzéieren. An et gëtt Studien doriwwer, déi beweisen, dass et a Länner, wou et staark sozial an ekonomesch Inegalitéite gëtt, och méi Kriminalitéit gëtt. D'Fuerscher Wilkinson a Pickett hu mat statisteschen Donnéeë beluecht, wéi Ongläichheete sech op d'Gesellschaft auswierken: Sozial Problemer, gesondheetlech Problemer, ënner anerem a Bezuch op d' Santé mentale, wéineg sozial Mobilitéit, Stress, dat kann een alles och zu Lëtzebuerg esou confirméieren, an eeben och méi Onsécherheet. A jiddereen ass betraff, ob aarm oder räich.

Et geet eis net drëms, Gewalt ze entschëllegen, mee et geet eis dorëms ze erklären, dass Gewalt oder Onsécherheet eeben net vum Himmel falen. An et ass eeben déi Gewalt, mat där d'Polizistinnen an d'Polizisten, déi um Terrain schaffen, natierlech och dagdeeglech konfrontéiert sinn. Si sinn also an engem gewëssene Mooss Pompjeeë vun de sozialen Ongläichheeten.

Mir si leider nach net esou wäit, datt mir déi sozial Ongläichheeten iwwerwonnen hunn zu Lëtzebuerg. Dofir ass d'Police och e wichtege Service public, a mir brauchen eng Police mat kloer definéierte Missiounen, déi do ass fir d'Bierger an d'Biergerinnen.

Här President, mir ass et also immens wichteg ze ënnersträichen, datt déi opgeworfe Fro, wat dann elo déi richteg Politick ass, fir d'Police besser an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen an ze encadréieren, eeben net nëmme reng ëm Thematike wéi Bodycams an aner Technologien, de Platzverweis, méi oder manner Polizisten a Polizistinnen, méi oder manner streng Gesetzer oder de Quartier de la Gare an esou weider dréien dierf.

Verstitt mech net falsch: All dës eenzel Punkten, déi mol méi oder mol manner eis Zoustëmmung fannen, kënnen eventuell punktuell sécherlech Verbesserunge sinn, déi d'Aarbecht vun de Polizistinnen a Polizisten, besonnesch vun deenen, déi um Terrain schaffen, erliichtere kënnen.

A genee dowéinst mussen och déi eenzel Diskussiounen, zesumme mat de verschiddene concernéierten Acteuren, weidergefouert ginn. Geneesou verschléisse mir eis och net deenen Diskussiounen, déi eventuell Verbesserunge kënne bréngen.

Mee mir dierfen net de Feeler maachen ze mengen, datt domadder alles gedoe wier. Mir dierfen also net aus den Ae verléieren, datt all déi genannt Froe mat méi déiwen, komplexe sozialen Thematike vernetzt sinn a mir transversal denke mussen, fir wierklech dauerhaft Verbesserungen ze erméiglechen.

Geneesou musse mir och virsiichteg sinn, datt dës Diskussiounen net als Virwand benotzt ginn, fir aner Zwecker ze erreechen. Et däerf net mat existéierenden Ängschte vu Leit gespillt ginn, fir seng eegen Zwecker ze erfëllen, Stéchwuert „Garer Quartier". Ech si mer bewosst, dass hei aktuell Problematiken existéieren, déi een eescht huele muss an déi een net däerf verharmlosen. Ech lauschteren hei och all deene verschiddene concernéierte Persounen no. Ech war och deemools, wéi och aner Leit hei am Sall, op där Infoversammlung op der Gare an ech begi mech och sécherlech ëfters owes an d'Gare. Ech traue mech och owes, op d'Gare ze goen – stellt Iech vir –, dat ass och net gradesou schlëmm, wéi een dat heiansdo mol sou gesot kritt.

Mee wann ech verschidde Kommentarer liesen oder och rezent Videoe gesinn hunn, déi zirkuléieren, da muss ech kloer soen, datt hei versicht gëtt, awer mat Ängschten ze spillen, déi natierlech och zum Deel existéieren, mee déi awer net ëmmer esou d'Realitéit erëmspigelen. An do muss ee jo och einfach trotzdeem soen, dass dee Video, deen zirkuléiert ass an dee mer vläicht alleguerte gesinn hunn, sech awer selwer entbléisst huet.

Dat ass geféierlech, well vill Froen, déi d'Police betreffen, brauche vill Fangerspëtzegefill, fir déi richteg Balance ze fannen, mat där Realitéit ëmzegoen. Dat ass eng Responsabilitéit, där jiddweree sech muss bewosst sinn. Dat ass awer leider net ëmmer de Fall.

Dëst Fangerspëtzegefill hu mir an der Vergaangenheet bei Dossiere gebraucht, wéi zum Beispill beim Gesetz iwwert d'Fouillen, a mir wäerten och an Zukunft versichen, esou gutt wéi méiglech mat Fangerspëtzegefill bei esou Problematiken ze schaffen.

Eventuell nach e puer Wuert zu de Bodycams, fir eng eventuell Aktualitéitsthematik opzegräifen: Hei kann een engersäits sécherlech d'Argument uféieren, datt si betreffend der Sécherung vu Beweismëttel nëtzlech kënne sinn. Geneesou kann ee sech och virstellen, datt si et der Police erlaben, sech viru verbalen, kierperlechen a juristeschen Attacken ze schützen. Mee geneesou muss een och déi existéierend Bedenken eescht huelen. Beispillsweis verweist d'Mënscherechtskommissioun an hirem Avis jo op de Fakt, dass Bodycams am Verglach zu Kameraen am ëffentleche Raum och am private Raum filme kënnen, ënner anerem wann d'Police op engem Asaz zum Beispill an enger Wunneng ass. Hei stelle sech dann op eemol ganz aner Froen, wéi zum Beispill de Schutz vum Recht op eng Vie privée.

D'CCDH kritiséiert och, datt den aktuelle Gesetzesprojet virgesäit, dass de Polizist oder d'Polizistin decidéiert, wéini da gefilmt gëtt. Laut Gesetz ass dëst, wann et drot, zu engem Tëschefall ze kommen. Dat léisst allerdéngs nach e groussen Interpretatiounsspillraum zou. Wa mir also elo géife soen, datt d'Kameraen déi ganzen Zäit géife lafen, géif dat erëm aner Froe mat sech bréngen, wéi zum Beispill d'Problematik vun der Vorratsdatenspeicherung.

Geneesou gëtt op de Punkt verwisen, datt den aktuelle Gesetzesprojet aktuell net reegelt, wéi eng gefilmt Persoun Zougang zu den Opname kritt. Alt nees gesäit een, dass et also net esou einfach ass, just ze soen: „Ech sinn derfir oder dergéint", also fir oder géint zum Beispill elo d'Bodycams. Nee, och dës Fro beréiert aner Froen an et muss een ëmmer erëm ofweien, mat wéi enge Moyenen een dann dat gewënscht Zil erreche wëll.

Zu engem anere Sujet vläicht nach, deen eis Lénk och relativ no steet, dat ass d'häuslech Gewalt, mat där d'Police jo och relativ vill befaasst ass a wou een och ëmmer erëm héiert, dass d'Polizisten dacks, verständlecherweis, un hir Limitte kommen. Si si keng Assistant-sociallen a mussen och net all déi Kompetenzen hunn, déi d'Assistant-sociallen hunn. Ech hu mer erkläre gelooss, dass den Entretien mat dem Affer aus ganz verschiddene Grënn net ëmmer einfach ze féieren ass. D'Polizisten an d'Polizistinnen hunn net ëmmer dat néidegt Wëssen, wéi ee sech dann uleet, déi néideg Kompetenzen, fir esou en Echange mat engem Affer, wat jo an enger vulnerabeler Situatioun ass, ze féieren.

Et gëtt dann a Frankräich – an de Minister weess dat vläicht schonn – esou e Formulaire mat engem Questionnaire, deen dem Polizist oder der Polizistin hir Aarbecht vereinfacht an un deen d'Polizistin an de Polizist sech kënnen halen, fir deen Entretien mat dem Affer ze féieren. An dee kéint een eventuell esou zu Lëtzebuerg iwwerhuelen. Dat géif dann och ganz konkreet de Polizisten um Terrain eventuell d'Aarbecht an esou engem Entretien, wat sécherlech keng einfach Situatioun ass fir kee vun de Leit, erliichteren an eeben dem Affer och d'Situatioun erliichteren. Ech ginn dann hei eng Motioun dozou of.

***Motion 10***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant la Journée internationale de la femme le 8 mars ;*

*– considérant les engagements pris par le Luxembourg en matière de prévention et de lutte contre les violences à*

*l'égard des femmes et la violence domestique dans le cadre de la Convention d'Istanbul ;*

*– considérant la gravité du phénomène de la violence domestique ;*

*– considérant la vulnérabilité de la victime de violences conjugales ;*

*– considérant le manque de personnel auprès de la police grand-ducale ;*

*– considérant la sensibilité de la problématique des violences conjugales,*

*invite le Gouvernement*

*– à étudier si le questionnaire „violences conjugales" utilisé par la police française peut être utile voire utilisé par la Police grand-ducale.*

*(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, wa mer d'Aarbecht vun der Police wëlle vereinfachen, da musse mer eis nach vill méi déif leiend, déifgräifend Froe stellen. Ech hunn déi zum Deel och hei schonn e puermol am Kontext vun den Debatten iwwert d'Drogekriminalitéit opbruecht, zum Beispill: Firwat gëtt et esou vill häuslech Gewalt? Oder: Firwat hu mer esou vill Drogekranker? Firwat hu mer esou vill Leit an der Drogekriminalitéit? Do kéint een – an dat hunn ech och schonn e puermol gesot – vläicht nach vill méi Studien an Optrag ginn, fir dës sozial Phenomeener besser ze verstoen an deemno och besser kënnen ze bekämpfen.

Eng repressiv Äntwert hëlleft ëmmer nëmme kuerzzäiteg. Mee soulaang et, zum Beispill, Drogekranker gëtt, gëtt et och Drogekriminalitéit. Soulaang d'sozial an d'ekonomesch Ongläichheete wuessen, wäerte mer méi Onsécherheet kennen. Soulaang mer Exklusioun schafen, sief et duerch de Schoulsystem, sief et duerch en exigenten Aarbechtsmaart oder e Wunnengsmaart, dee bal kee sech méi leeschte kann, wäerte Leit sech a prekäre Situatiounen erëmfannen. A soulaang mer méi de Géinteneen, also d'Kompetitioun, wéi d'Kooperatioun léieren, wäerte mer an enger Gesellschaft liewen, wou mer ëmmer erëm Mënschen ënnerwee verléieren, déi der Gesellschaft eventuell de Réck dréien.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Här Goergen, Dir hutt nach e bëssen Zäit, well ech informéiert gi sinn, dass den Här Kartheiser och nach wëllt fir seng Partei d'Wuert ergräifen. An et ass näischt konträr am Reglement, dat em dat verbitt. Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Merci, Här President, ech wollt just e bësse reagéieren op e puer Saachen, déi gesot gi sinn. An ech mengen net, datt ech meng Zäit wäert ausfëllen. Mee et ass ...

*(Interruption)*

Jo, ech weess, et ass eng grouss Enttäuschung heibannen, mee domadder musst Der elo eens ginn. Also, et ass, ...

*(Interruption)*

... et ass vläicht ... Fir direkt op déi Remarke vun der Madamm Empain ze reagéieren, ech mengen, vun den Daten, wéi mer mat de Fichieren ëmginn: Si huet d'Recht, eng Partei ze kritiséieren, déi do ganz restriktiv ass. Mee am Abléck ass d'Situatioun déi – an dat wëll ech och hei erzielen –: Mir haten hei, wéi déi Jugendbanden an de Schoulen, wéi dat ganz aktuell war, verschidde Ministeren an d'Kommissioun geruff, an eng Commission jointe, an do si mer gewuer ginn, datt een Deel vun der Police, wann e mat engem Fait confrontéiert ass, mol net Accès zu de Fichiere vun engem aneren Deel vun der Police huet, wat awer fir d'Opklärung essentiel wär. Dat ass deen Zoustand, an deem mer am Abléck existéieren. Dat ass natierlech absolutt intolerabel!

A wa mer dann dervu schwätzen, datt mer den Accès zu de Fichiere mussen erliichteren an datt den Dateschutz fir eis kee Fetisch ass, ass et dat, wat mer mengen: Mir musse sécherstellen, datt d'Police och den Accès zu deenen Informatioune kritt, déi se huet an déi se brauch, fir kënnen Affer ze schützen a Problemer ze leisen.

Dann ass natierlech vun enger Rei vu Leit déi „Proximitéitspolizei" oder eng Police municipale an d'Gespréich bruecht ginn. Ech wëll just drun erënneren, datt mer, wéi mer d'Fusioun vun der Police a vun der Gendarmerie gemaach hunn, just wollte verhënneren, datt et zwee Corpse gëtt. Well wa mer eng Police municipale maachen, dann dauert et net laang, bis mer da soen: „Jo, da muss dat awer iergendwéi koordinéiert ginn, a mir kënnen net an enger Stad, an engem Duerf eng aner Reegel hu wéi déi aner." Dat heescht, da maache mer national Strukture wéi eng Police municipale no enger ganz kuerzer Zäit, well et net anescht geet, an dann hu mer erëm zwee verschidde Corpsen. Da si mer eigentlech bei deem, wat mer net wollten.

Ech wëll just drun erënneren – ech gehéieren zu deenen, déi sech nach gutt drun erënneren –: Fréier mat der Police a mat der Gendarmerie, do ass dann ëmmer gekuckt ginn: Wéi schaffe mer zesummen? Wat kënne mer maachen? Wien ass fir wat zoustänneg? Duerno, wann iergendee Cortège war oder iergendeng gréisser Manifestatioun, mengen ech, huet d'Police déi lénks Stroossesäit kontrolléiert an d'Gendarmerie déi riets. Mir woren heiansdo an engem Zoustand vun Absurditéit an Ineffikassitéit a mir sollen dat net nach eng Kéier probéieren.

An da kënnt nach derbäi, datt mer den Agents municipaux zousätzlech Kompetenze ginn, an et geet net drëm, herno dräi Corpsen do ze hunn, wou mer dann déi Diskussiounen hunn, mee et geet éischter drëm, datt mer ee Corps hunn, d'Police, déi sou ekipéiert a personell och sou ausgestatt soll sinn, datt si hir Aufgabe kann effikass erfëllen.

Mat der organiséierter Heescherei a mat der Heescherei am Allgemengen: D'ADR ass do der Meenung, datt d'Heescherei am Allgemengen net soll verbuede ginn. Dat ass déi „Mendicité simple", wéi dat heescht. Do wëlle mir sozial hëllefen, do si mer am Beräich vun der Preventioun, vun der Ënnerstëtzung, dovun, de Leit eng nei Chance ze ginn, se opzefänken, souwäit dat méiglech ass, souwäit se dat wëllen, fir hinne kënnen an der Gesellschaft en neien Ufank ze ginn. Dat sinn immens vill ënnerschiddlech a komplex Problemsituatiounen, dat musse mer net duerch e Verbuet upaken, mee duerch Hëllef.

Wat mer awer absolutt, absolutt guer net wëllen toleréieren, dat ass déi organiséiert Heescherei, well do si mer an engem ganz aneren Zenario. Do si mer beim Mënschenhandel, mir si bei der Exploitatioun vu schwaache Leit, mir si bei kriminelle Strukturen! Dat sinn zwou grondverschidde Saachen.

Wann een also vun Heescherei schwätzt, da muss ee schonn ënnerscheeden zwëschent den organiséierte Banden an eenzele Persounen, déi effektiv hëllefsbedürfteg sinn. Dat muss een awer an där ganzer Diskussioun kloer auserneenhalen.

An et wonnert mech och vun der Demokratescher Partei. D'Demokratesch Partei seet jo: „Mir musse beim Platzverweis eng Analys maachen an nobesseren." Ech héieren d'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg heiansdo soen: „D'Polizei mécht dat einfach net richteg, wéi mer dat gesot haten. D'Gesetz gëtt net richteg ëmgesat." An dat ass praktesch der Police d'Schold ginn un engem schlechte Gesetz. Dat kann et net sinn! Ech mengen, dat Gesetz misst elo nogebessert ginn. Et ass net d'Police. D'Police huet Problemer dermat, dat ass evident, notamment well d'Beamten net ofgeséchert sinn, wa se da missten e Gewaltakt setzen. An dowéinst fonctionéiert dat net richteg.

D'Bodycam kann an eisen Aen do net géint d'Police ageféiert ginn. Mir mussen de Soutien vun de Gewerkschaften, vun der ganzer Police hunn, fir datt dat sënnvoll ass.

An dann nach vläicht e lescht Wuert zu de Filièren an de Schoulen – mir haten eis och do vill Gedanke gemaach. Wann een u sou eppes geet, fir eng Filière an de Sécherheetsberuffer ze maachen, da muss een natierlech iwwerleeën: Wat mécht een an de méi techneschen Ausbildungsweeër? Well déi Verwaltunge brauche jo Leit a verschiddene Formatiounen, op verschiddenen Niveauen, a verschiddene Karriären. An da misst een do wierklech kucken: Wou sinn d'Besoinen am Gréissten? Wat gëtt wierklech enseignéiert? Wou brauche mer esou eppes, fir datt mer, wa mer esou eppes maachen, op e Wee ginn, wou et wierklech eng sënnvoll Valeur ajoutée géif duerstellen?

Dat just e puer Kommentarer nach vun eiser Säit a merci fir jiddereen, dee sech an dëser Debatt esou engagéiert huet.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | An elo ass et um Här Marc Goergen als leschte Riedner. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Fir d'éischt emol deene merci, déi all Dag am Asaz si fir eis Bierger. E grousse Merci un all eis Polizisten a Polizistinnen hei am Land! Ouni Police: kee Rechtsstaat. Ouni Police: keng Uerdnung. Wa keen do ass, deen d'Reegele kontrolléiert, dann hält zum Schluss och kee sech méi un déi Reegelen an da wier d'Vertrauen an eise Staat futsch.

D'Police ass en essenzielle Beruff, ouni deen eis Gesellschaft net ka funktionéieren. Dofir ass et esou wichteg, dass d'Police an de beschtméiglleche Bedingunge schaffe kann an d'Politick hir dat och erméiglecht. Well d'Polizistinnen an d'Poliziste setze sech all Dag engem Risiko aus fir d'Sécherheet vun eisem Land, an dat verdéngt eise Respekt!

Dat heiten den Owend ass eng gutt Diskussioun, well sech och kloer Ënnerscheeder ervirhiewen, wéi déi eenzel Parteie wëllen, dass d'Police funktionéiert. An do gëtt et riseg Ënnerscheeder tëscht de Parteien, souwuel an der Regierung wéi och an der Oppositioun.

Ech erënnere mech nach gutt un d'Allianz vun der CSV/DP, wéi ech deemools – dat war nach am Cercel – eng Aktualitéitsstonn ugefrot hat zu de Sécherheetsfirmen am ëffentleche Raum. Mir Piraten sinn a bleiwe kloer géint esou Sécherheetsfirmen am ëffentleche Raum. An esou Sécherheetsfirme si quasi eng privat Police, an déi Ausso baséieren ech op de Rapporten, déi deemools virloungen. Wien op esou Sécherheetsfirme setzt, op eng privat Police, seet dach am selwechte Saz, dass e kee Vertraue méi an eis Police huet.

*(Interruption)*

Esou Firmen aus der ëffentlecher Hand ze bezuelen, dréit net derzou bäi, dass d'Vertrauen an eis Police gestäerkt gëtt. Iwwregens: déi Pressekonferenze vun

der CSV och net, wou een en düstert Bild moolt, quasi de Policebeamten eng schlecht Nott ausstellt.

Kloer ziilt Dir ëmmer op de Minister, deen och eng schlecht Aarbecht gemaach huet, do sinn ech mat Iech averstanen, mee et bleift och bei de Virwërf ëmmer e fade Bäigeschmaach bei de Beamtinnen a Beamten um Terrain. Wéi denkt Dir, fillt ee sech als Polizist, wann eng CSV am Public seet, et misst een erëm eng nei Police schafen, eng kommunal? A wéi mer zënter den Owend wëssen, ass dat och eng DP-Positioun. Fir dass also elo een – bildlech ausgedréckt – „Lokalfürst", deen elo Sécherheetsfirmen notzt, da kann eng eege kommunal Police hunn? Mir Piraten halen dat ganz kloer fir de falsche Wee.

Wou huelt Der d'Leit hier? Wou wëllt Der déi ganz Struktur opbauen – also d'DP/CSV, déi nei Allianz – fir eng lokal Police? Mir hunn elo schonn net genuch Beamten, ...

**Une voix** | Eng Allianz mam Bierger.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... net genuch Struktur.

**Une deuxième voix** | Méi no beim Bierger wéi d'Piraten.

**Une troisième voix** | No beim Bierger.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wësst Der ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Minibar, no bei Dir.

*(Interruptions)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Et gouf haut schonn ... Mir Piraten sti fir eng gutt national Police an a géint eng kommunal Police, wat just de Retour zum ale System wär, ouni déi aktuell Problemer ze behiewen.

Et goufen haut scho verschidde Problemer ugeschwat. Net alleguer deelen eis politesch Astellung, am Géigendeel: Bei der Police ginn d'Meenungen hei am Haus wuel auserneen. Och wann d'Rieden alt kléngen, wéi wann ee sech op Punkten eens wär, dann hapert et awer an der Ëmsetzung, wou d'Meenungen dann net méi beienee passen.

Ech verstinn och, dass eng gréng Partei eng ganz aner Siicht op d'Police huet wéi eng DP oder CSV. Dofir war ech och iwwerrascht, wéi déi gréng 2018 de Policeminister zougesprach kruten.

Ech wëll och net just en negative Bilan zéien, mee et ass awer e Gefill vu mir an och e Feedback, deen ech oft um Terrain kréien, dass et der Police esou virkënnt, wéi wann déi politesch Réckendeckung grad vum Minister géif feele fir hir Aarbecht am Alldag. An domat mengen ech och déi Aussoen hei an der Chamber – huele mir d'Riede géint eis Police vum ADR zu de Policeasätz ronderëm déi Krawall-Corona-Demonstratiounen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Et ass net géint d'Police, et ass géint d'Regierung!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir hutt Iech deemools ganz kloer och géint d'Police positionéiert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Nee. Nee, nee.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Hei, wannechgelift!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | A, Här Kartheiser, lauschtert Är Ried nach eng Kéier no.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Wannechgelift!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir kënne jo gären nach eng Kéier nolauschteren.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Oder, wat mir nach am Gedächtnis bliwwen ass, déi ongléckle ch Ausso vun der CSV, wéi e jonke Beamten Déngscht hat, wéi déi éischt Demonstratioun ausgeaart war an hei op der Tribün dem jonke Beamte seng Erfarung hannerfrot gouf. Ech hoffen, dat war just en Ausrutscher an net esou gemengt. Mee et sinn esou Rieden, Interviews a Momenter, déi och zu Frust féiere bei der Police. Wa si sech bei hirer Aarbecht net dem politesche Support sécher kënne sinn.

Zréck zur Regierung, ugefaange mat éischte grousse Problemer: dem Personalmangel bei der Police. An do kann ech net soen, et war den aktuelle Minister, well dee peekt et un a stellt nei Leit an, mee déi Ministere virdrun. An d'Regierung Bettel ass elo geschwënn zéng Joer am Amt, et ass also net just, fir d'Schold op d'CSV vu virdrun ze drécken, nee, och dës Regierung hätt misse méi fréi ufänke mat méi Personal.

*(Interruption)*

An de leschten zéng Joer sinn 120.000 Persounen an eist Land bäikomm. D'Bevëlkerung ass ëm ronn 20 % gewuess. Ma wa méi Leit an d'Land kommen an et wëll een d'Liewensqualitéit gläich halen, dann ass et logesch, dass och d'Servicer un d'Infrastruktur mussen ugepasst ginn, dass ee genuch Leit fir d'Sécherheet astellt. Bei der Police ass dat awer net geschitt. Mir hu bei der Police e Personalmangel, géint deen elo rezent vill ze spéit politesch reagéiert ginn ass.

Et muss een an der aktueller Situatioun och higoen an de Problem uschwätze vun der Aufgabeverdeelung. Et existéieren nämlech Aufgaben, déi d'Polizisten um Terrain perfekt kéinten ofginn, fir sech op déi wichteg Aarbecht, fir sech op hir Missioun ze konzentréieren.

Fir d'administrativ Aufgabe muss een op Digitaliséierung setzen. Mir waren de Policefichier kucken, baséiert op meng Ufro deemools. Wat mer do gesinn hu vun informatesche Programmer ... D'Geschwindegkeet war a sech just ee groussaartege Problem. Dorop hunn ech eng Demande gemaach fir eng Kommissioun, an där mir iwwer Problemer diskutéieren. Bis elo, wéi ech vum Terrain héieren, ass awer nach net vill ëmgesat ginn zum Theema IT.

Hautzudaags misst et méiglech sinn, dass all Unitéit e Laptop oder en Tablet huet. Dat, zesumme mat engem Déngschthandy fir Fotoen, misst duergoen, fir esou direkt de Bericht op der Plaz schreiwen ze kënnen.

Och d'Bodycams sinn eng Méiglechkeet, déi dem Polizist, dem Affer an dem Schëllegen a ville Fäll kéinten hëllefen, Fäll méi schnell ze léisen. Mee d'Bodycams sinn och e gutt Beispill, wéi lues de Minister ass. Elo schwätze mir scho ronn véier Joer vun de Bodycams, an haut si se nach ëmmer net ëmgesat.

Nieft dem Material mussen awer och verschidde Prozedure méi schlank gemaach ginn. Ech wéilt dofir eng nei Demande lancéieren, dass de Minister, d'Gewerkschafte vun allen Eebenen an d'Direktioun vun der Police eng Kéier zesummen an eis Chamberskommissioun géife kommen, fir dass mer zesumme kucken, wéi eng Gesetzer misste geännert ginn, wat si u Budget brauchen, fir dës Prozedure méi schlank ze maachen, fir e bessere legale Kader ze schafen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Ech hoffen, dass de Minister sech dann och mat de Gewerkschafte verdroe wäert, well ech hunn nach ëmmer net vergiess, wéi de Minister hei an enger Aktualitéitsstonn dem President vun der gréisster Gewerkschaft einfach emol esou ënnerstallt huet, eng Positioun anzehuelen, well deen anscheinend op enger CSV-Lëscht wär. Dat ass en ontragbaart Behuele vun engem Minister, deen och net de Courage huet, sech ze entschëllege fir esou eng falsch Ënnerstellung, déi just een d'Zil hat: eng Gewerkschaft ze schwächen.

An anere Länner hätt e Minister misse fir esou eng falsch Attack d'Blat botzen.

*(Interruption)*

Här President, ech kommen nach zu engem weidere Problem, deen haut och schonn ugeschwat ginn ass, dat sinn d'Karriäre bei der Police. Am Laf vun de leschte Jore si mer vun de Polizisten op vill Ongerechtegkeeten opmierksam gemaach ginn, déi an eisen Ae musse verbessert ginn. Mir Piraten stinn Honnert Prozent hannendrun, dass e Polizist e gudde Loun fir säin Déngscht soll kréien. Eeben: Ouni Police, kee Rechtsstaat.

Dofir ass et awer och wichteg, dass d'Karriäre bei der Police fair opgebaut sinn an transparent a verständlech fir jidderee sinn. An do hapert et. Queesch duerch d'Gehaltstabell gëtt et Ongerechtegkeeten, déi d'Leit net novollzéie kënnen, an dofir misst déi reforméiert ginn.

Dass de Polizist net motivéiert ass, wann e sech ongerecht behandelt fillt, läit op der Hand. Dofir ass et fir eis Piraten kloer, dass een d'Karriäre bei der Police elo muss iwwerschaffen. De Prinzipp muss sinn: déi gläich Pai fir déi gläich Leeschtung, gläich Diplomer a gläich Beruffserfarung. Dorobber muss et erauslafen!

Et muss engem Polizist méiglech sinn, am Laf vu senger Karriär d'Ausbildung ze maachen, an dofir an eng méi héich Karriär ze kommen. Gläichzäiteg mussen d'Anciennetéite vum Polizist bäibehale ginn an engem Wiessel an der Karriär. Dat ass aktuell bei der Voie express leider net de Fall. Sou.

Zu der Ufro vun der ADR fir dës Diskussioun haut. Ech muss jo scho soen, dass déi fir mech iwwerraschend koum. Ech erënnere mech nach gutt drun, wéi onsolidaresch d'ADR mat eiser Police war wärend de Coronademonstratiounen, wéi déi Partei hei am Haus géint d'Police geschwat huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Elo, virun de Walen, dréit Dir Iech erëm, ech schwätzen Iech dat Recht och net of, et ass awer interessant, béid Säiten ze gesi vun Äre Rieden.

Eis Police brauch d'Politick hannert sech. Eis Police brauch nei Gesetzer, neit Material, fir fit ze si fir déi aktuell Erausfuerderungen. Mir Piraten ginn déi Léisungen zesumme mat der Police un. Mir stinn op hirer Säit fir d'Verännerungen an den nächste Joren, fir hire Beruff besser opzestellen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. An da freet den Här Kartheiser nach eng Kéier d'Wuert, wéinst Fait personnel.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Ech hunn nach Riedezäit.

**M. Fernand Etgen,** Président | Dir hutt och nach Riedezäit.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Ech hunn och Riedezäit.

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Jo, ech hunn dem Här Goergen nogelauschtert, Här President, an ech muss soen, et ass dach ganz interessant, éischtens emol, datt eng Partei, déi eng Kéier hei gesot huet an enger Debatt, all Waff, déi net an den Hänn vun der Police ass, wär eng Waff ze vill,

sech esou engagéiert am Abléck fir Waffeliwwerungen an d'Ukrain an esou weider an esou virun, an och op anere Plazen näischt géint Waffen huet.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Gitt dach bei Äre Kolleeg, de Wladimir!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Ech mengen, wann eng Partei sech dauernd selwer widdersprécht, dann ass Ären Opportunisteveräin, Här Goergen, da wierklech deen alleréischten, deen ech géif nennen.

Ech wëll awer hei nach eng Kéier intervenéieren, well dat jo och vun Iech elo hei thematiséiert gëtt – ech hunn et haut och selwer eng Kéier thematiséiert –, wat dann d'Positioun vun der ADR war wärend de Coronademonstratiounen. Ech wëll Iech dat soen: Éischtens emol e kloert Bekenntnis zur Demonstratiounsfräiheet. Dat ass dat Alleréischt. Et ass fir eis net an der Rei gewiescht, datt d'Demonstranten op der rouder Bréck hu missen hin an hier goen. Dat ass an eisen Aen net opportun gewiescht. Mir hunn dat deemools kritiséiert, mir kritiséieren dat och haut. Dat ass awer net eng Decisioun vun der Police gewiescht, mee vu politeschen Autoritéiten.

Zweetens, an dat hunn ech haut nach eng Kéier gesot, mir toleréieren net, wann iergendwellech Saache futti gemaach gi vun Demonstranten oder wa se bei Privathaiser vu Politiker ginn. Fir eis inakzeptabel, genausou wéi eng Rebellioun géint d'Police, Uspäizen oder aner Saachen. Ech hunn dat haut nach eng Kéier gesot. Mir hunn dat deemools gesot, mir hunn et haut och gesot.

Wat awer ni an eisen Aen akzeptabel ass, dat ass, datt an Zäite vu politescher Contestatioun vun de Moossname vun der Regierung, wéi dat an der Coronazäit de Fall war, d'Police dann u sech mëssbraucht gëtt, fir falsch Regierungspolitick iwwert de Maintien de l'ordre duerchzesetzen. Dat ass weeder de Sënn vum Maintien de l'ordre nach soss eppes. Mee dat huet mat der Police näischt ze dinn als Verwaltung, et ass jo net hir Decisioun gewiescht. D'Police ass en Instrument gewiescht vun enger Regierung, déi der Situatioun net gewuess war, déi op reng Repressioun gesat huet! Haut wësse mer, wéi falsch déi Politick war, wëssenschaftlech, sozial, haut kënnt dat alles eraus, lues a lues.

An déi Kritick, déi mir deemools geüübt hunn, déi war komplett richteg. Et war net néideg, et war net ubruecht, awer Politick. An d'Police, déi hu mir ni kritiséiert! D'Police ass eng Administratioun, déi agesat gëtt vun enger Regierung, an d'Regierung misst se verantwortungsvoll asetzen am Respekt vum Rechtsstaat, am Respekt vun de Grondrechter, vun der Demonstratiounsfräiheet. An et ass net an der Rei, an ech soen dat hei nach eng Kéier ganz kloer, datt Honnerte vu Leit confinéiert ginn op eng Strooss wärend Stonnen, wou se fréieren an emol net däerfen op d'Toilette goen, wou eeler Leit ganz laang net erausgelooss goufen, bis vill méi spéit hir Identitéit kontrolléiert gouf a se dann hunn däerfen eraus. Et ass inakzeptabel!

Hei gëtt et e Gesetz iwwert d'Police administrative. An dat Gesetz iwwert d'Police administrative gëtt eng Rei Dispositiounen, och iwwert de Maintien de l'ordre a wéi bei Demonstratioune virgaange gëtt. Do steet kee Wuert driwwer – kee Wuert! –, datt Honnerte vu Leit kënnen op oppener Strooss stoe gelooss ginn an do musse fréieren, ëmzéngelt.

A wéi gesot, et ass eng politesch Decisioun, keng vun der Police, a mir maachen der Police kee Reproche. Awer politesch ass dat inakzeptabel! Wou gëtt et dat? Wou gëtt et dat, datt Honnerte vu Leit einfach op der Strooss stoe gelooss ginn, ouni d'Méiglechkeet ze hunn, op d'Toilette ze goen, wou et de Leit schlecht ginn ass? An et gouf hinne verweigert, anescht wéi dat duergestallt gëtt, datt se kéinten Hëllef kréien. An dat vun enger Regierung, an där Grénger dra sëtzen, an där Liberaler dra sëtzen. Dat ass absolutt inakzeptabel an enger fräier Gesellschaft, an engem Rechtsstaat!

A firwat? Well gefaart gouf ... ech weess net, wat gefaart gouf, mee déi grouss Majoritéit vun deene Leit war absolutt friddlech. Et waren der e puer derbäi, déi hu sech schlecht behoill, an do muss natierlech dann duerchgegraff ginn.

An dat wëll ech hei nach eng Kéier kloer soen: Et ass vun eiser Säit wärend der ganzer Zäit kee Wuert Kritick un der Police komm. Et ass Kritick gewiescht un der Manéier, wéi eng Regierung, déi eng reng repressiv Politick an der Coronazäit geféiert huet, d'Police agesat huet, fir déi fräi Meenungsäusserung an d'Demonstratiounsfräiheet vun de Leit hei am Land ze ënnerdrécken.

An déi, déi heibanne vu Rechtsstaat schwätzen, vu fräien demokrateschen ...

*(Interruption)*

... Rechter, vu fräien demokratesche Méiglechkeeten, sech auszedrécken, och wann eng soi-disant sanitär Politick vun der Regierung a Fro gestallt gëtt, déi reng repressiv war, vun där mer haut wëssen, datt se absolutt net ubruecht war, wou mer déi eenzel Aspekter vun där Politick haut mussen hannerfroen, well op internationalem Plang, an Amerika, ... Stéck fir Stéck déi Argumentatioun am Europaparlament zesummefält, muss een dach soen, datt déi Leit net méi wéi Recht haten, sech ze wieren. Dat war esou! Déi hate Recht, sech ze wieren.

A wat hei geschitt ass, wärend där Zäit, dat weist, datt dës Regierung eng Politick gemaach huet, déi se net verstanen huet, déi se awer mat Gewalt duerchsetze wollt. An do hu mir eis dergéint gewiert. An ech sinn haut nach houfreg, datt mer et gemaach hunn. Mir waren déi eenzeg, déi gesot hunn: „Dat do geet net, wann een d'Polizei op déi Manéier asetzt." Mir haten deemools Recht a mir hunn haut Recht, et nach eng Kéier ze soen.

D'DP ..., net d'DP, well déi hunn ech grad gesinn an déi wollt ech kritiséieren, mee an dësem Fall war d'ADR déi eenzeg Partei, déi sech wierklech fir d'Fräiheeten, d'Grondfräiheete vun de Leit an hir Demonstratiounsfräiheet agesat huet.

*(Interruption)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser.

*(Interruptions)*

Den Här Goergen freet d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, Fait personnel, fir op d'mannst dem Här Kartheiser ze äntweren.

Ech mengen, Dir hutt besser, Dir lauschtert Är Interviewen an Är Rieden an alles nach eng Kéier no, wat Der wärend de Coronademonstratiounen hei gesot hutt, well dat war géint d'Policebeamten an et war och net de Minister, deen deen Dag um Terrain war. Et war Är ... Deemools war dat aus elektorale Grënn, wou Der gemengt hutt, Dir kéint do iergendee Blummendëppe gewannen. Haut huet sech erausgestallt, dass Äert Blummendëppe vun der Fënster gefall ass.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech fannen et immens onéierlech, an ech weess, dass Der intellektuell eigentlech jo awer op der Héicht sidd, wann ech soen: „Zu Lëtzebuerg méiglechst mann Waffen am fräien Ëmlaf", wann ech soen: „Mir stinn zu engem strenge Waffegesetz", fir dat ze vergläiche mat der Ukrain, wou all Dag Leit stierwen, wou mir der Ukrain Waffen zur Verfügung stellen, fir sech ze wieren, wou Äre Kolleeg ..., wou Der déi ganzen Zäit hei iwwert de Putin schwätzt als Äre Best Friend, wou Der déi ganzen Zäit probéiert, deen op subtill Aart a Weis hei ze verteidegen, als Gudden duerzestellen, fir dat ze vergläiche mat engem Waffegesetz zu Lëtzebuerg, dat ass intellektuell onéierlech.

An ech hoffen, dass Är Onéierlechkeet dobaussen och esou erkannt gëtt, well Ären Discours, deen Der allkéiers hei opféiert géint d'Ukrain, geet mer esou eppes vun op d'Nerven! Dat si Leit, déi sëtzen awer ganz déif am Leed. An Dir probéiert och do elo, en neit Blummendëppen ze gewannen, wann Der mengt, Dir misst op de Putin setzen. Mee ech kann Iech soen: Dat dote fält genausou vun der Fënster.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. Da freet den Här Kartheiser nach eng Kéier d'Wuert pour fait personnel.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Merci, Här President. Also ech wëll, wat den intellektuellen Niveau vum Här Goergen sengen Ausféierungen ugeet, weider kee Kommentar maachen. Ech mengen, dat brauch ech net.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Ech wëll awer d'Positioun zu de Waffeliwwerungen erklären. Wësst Der, ...

**Une voix** | Hors sujet!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | ... vun Ufank un hu mir an der ADR gesot, wéi de Konflikt lassgaangen ass, ... well mir hunn deen evaluéiert a mir hu gesot: Déi eenzeg Méiglechkeet sinn direkt Verhandlungen a Waffestëllstand. Well wa mer dat net maachen – an dat hu mer vum éischten Dag u gesot, vum éischten Dag un! –, dann hu mer, éischtens, en immense Verloscht u Mënscheliewen, an dat wëlle mer net, zweetens wëlle mer den Territoire vun der Ukrain sou wäit wéi méiglech preservéieren an drëttens wëlle mer eng Escalade verhënneren. Dat waren déi dräi Argumenter. Déi hu mir hei vum Februar d'lescht Joer u genannt.

Hätte mer dat gemaach, wäre mer op de Wee vun engem direkte Waffestëllstand a Verhandlunge gaangen, wéi et och probéiert gi war vu Russland an der Ukrain, ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir wëllt eng Kapitulatioun vun der Ukrain. Dat ass dat eenzegt, wat Der erreecht.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | ... wéi et probéiert gouf, ier de Boris Johnson et ënnerbrach huet – dat ass gutt genuch dokumentéiert –, da wären Honnertdausende vu Leit net gestuerwen, net verletzt, net verdriwwe ginn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Vergewaltegungsaffer solle wa méiglech den Täter nach dankbar sinn.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Den Territoire vun der Ukrain wär net, wéi bis elo haut, Stand haut, vläicht ëm 18 % amputéiert ginn, an et weess een net, wéi et virugeet. An drëttens hätte mer net déi ganz Problemer vun Escalade an internationale Spannungen, déi mer haut hunn.

Wann Dir Waffe liwwert, ... Ech ka verstoen, datt et Argumenter gëtt derfir. Ech hale se net fir gutt, well ech gesi jo, wat fir een Desaster, wat fir e Leed do ass,

mee da musst Der awer och soen, datt Der e Konflikt verlängert, bei deem d'Ukrain laangfristeg – a mengen Aen op jidde Fall, a mir wäerten an engem Joer oder zwee Joer driwwer schwätzen – net déi geréngste Chance huet, fir ënnert deene Konditiounen aus deem Konflikt erauszekommen, déi vläicht d'Intentioun waren, fir Waffen ze liwweren.

Et ass en Desaster. Et ass en Desaster!

*(Interruption)*

An Dir kënnt do eng aner Meenung hunn. Mir wäerten an zwee Joer oder an dräi Joer nach eng Kéier driwwer schwätzen, wa mer de Bilan vun deem Konflikt maachen.

*(Interruptions)*

Awer ech soen Iech, an ech soen Iech nach eng Kéier, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech wéilt net Äre Spigel sinn, well Iech moies an d'Gesiicht ze kucken, deet wéi.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | ... datt deen eenzege vernënftege Wee Friddensverhandlunge sinn, an dat soen net nëmme mir, ...

*(Interruptions)*

... mee dat soen ëmmer méi Leit, dat seet déi amerikanesch Republikanesch Partei. Ech froe mech, wann d'nächst Joer d'Walen ausginn an et sollt e Republikaner President ginn, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, Ären Adrenalin-Vizepresident geet jo bei den Här Trump op Besuch.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | ... wéi Dir dann heibannen argumentéiert, fir déi 180-Grad-Kéier ze huelen, déi Der dann huelt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kartheiser, Dir musst esou lues zum Schluss kommen. Dir hat d'Wuert gefrot wéinst Fait personnel, an Dir sidd elo amgaang, Är Theorien erëm eng Kéier ze widderhuelen.

*(Interruption par. M. Fernand Kartheiser)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Fake Theorien.

**M. Fernand Etgen,** Président | An do gesäit awer eist Reglement vir: „Aucun député [...] ne parle plus de deux fois sur la même question." An duerfir huelen ech Iech d'Wuert elo gären ewech. Merci villmools.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Merci, Här President. Merci och, dass mer haut den Owend zur spéider Stonn dann nach iwwert d'Defie vun der Police dierfe schwätzen. An als Minister vun der Tutelle, deen alles gemaach huet déi lescht dräi Joer, fir der Police – well et meng Verantwortung ass – d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, Personal zur Verfügung ze stellen an alles méiglech ze maachen, fir d'Sécherheet vun de Bierger hei am Land ze garantéieren ...

Dat war vun Ufank un en Uleies, wéi ech d'Amt virun dräi an engem hallwe Joer konnt iwwerhuelen, an dat bleift och meng Intentioun bis zum Schluss vun dëser Legislatur.

D'Interpellatioun huet eng ganz Rei vu Froen opgeworf iwwer all d'Parteien eraus, gëtt mer awer och d'Geleeënheet, déi Ustrengungen hei ervirzesträichen, déi mer säit der Reform vun 2018 ënnerholl hunn. Eng Reform, mengen ech, déi awer och e Paradigmewiessel innerhalb vun der Police duergestallt huet, well d'Police nei strukturéiert ginn ass an och eng ganz onofhängeg IGP, also Kontrollinstanz, innerhalb vun der Police agefouert ginn ass.

Déi reit sech awer och an an e längere Prozess an ech gräifen dann do och direkt vir, dass mer net sollten zréckgoen an eisen Ustrengungen, déi mer a sech 1999 ugefaangen hunn, wou mer d'Reform gemaach hu vun der Police an der Gendarmerie. A mir soen haut, an d'Police seet dat och richteg: Mir sinn eng Police mat enger Villfalt vu Missiounen a mir sollen – dat gesinn ech jiddefalls esou – net nach eng Kéier zréckgoen an dat nei opstellen.

„Zesumme fir Iech" ass och ee vun hire wichtege Mottoe fir ze soen, dass all déi Ustrengungen, déi d'Police mécht, jo am Déngscht vun dem Bierger dobaussen ass. Well all Gewalttat, all Accident, all Crime, all Delit ass een ze vill an et ass ëmmer ganz deplorabel fir insbesondere d'Victime, déi längerfristeg oder ganz schlëmm Konsequenzen doduerch muss droen.

Dofir erlaabt mer, dass ech d'Gesetz eng Kéier rappeléieren: Den Artikel 2 beschreift dat immens gutt, wat d'Police als Defi ze leeschten huet am Alldag. Éischtens, dass se „veille au respect et contribue à la protection des libertés et des droits individuels". Si sinn déi, déi fir d'Rechtsstaatlechkeet dobausse musse riichtstoen a si hunn eng immens Verantwortung all Dag ëmzesetzen. An et ass dee Respekt, deen ech hinnen déi lescht Joren och gezollt hunn, awer och kennegeléiert hunn iwwer all meng Visitten uechtert d'Land an och an den Diskussiounen, déi ech gefouert hunn.

Den zweeten Abschnitt an deem Artikel 2 rappeléiert nach eng zweet Fuerderung un d'Police, ... net Fuerderung, awer Optrag: „proche de la population", an dat ass vill gesot ginn, déi Preventioun oder déi Presenz um Terrain. An da „conseil et assistance", wat se jo och am Alldag maachen. An da kënnt eppes, wat ganz ausschlaggeebend ass: „preventiv, proaktiv, dissuasiv a repressiv". Dat heescht, si si fir villes verantwortlech. A leider ... An et ass virdru vu Vertraue geschwat gi vun engem Vertrieder hei, dem Här Dan Biancalana, dass d'Police en immens grousst Vertrauen dobausse bei de Biergerinnen a Bierger huet. An dat soll och esou bleiwen, mee se ass awer och net ëmmer fir alles verantwortlech, wat dobaussen an der Gesellschaft vir sech geet. An oft ass et awer d'Police, déi a leschter Instanz da muss untrieden, wann eppes, sief et den Ordre public oder och aner Fäll, dobaussen zu Mëssstëmmung oder zu, jo, Onzefriddenheet féiert. Och ech sinn traureg, dass Leit sech vläicht net trauen, virun d'Dier ze goen, oder dass se vläicht Angschtgefiller hunn, fir kënnen ënnerwee ze sinn. Mee d'Policepresenz eleng ass och net nëmmen hir Aufgab.

An ech kommen herno vläicht, well et awer net esou an de Vierdergrond gestallt ginn ass, op déi international Verflichtungen ze schwätzen, déi eis Police huet an déi ganz grouss sinn. An ech wëll déi och herno da kuerz erwänen.

D'Defie ginn dauernd evaluéiert, innerhalb vun der Police, innerhalb vum Ministère, dertëschent, mat de Polizisten, och mat enger IGP fir ze kucken, dass mer beschtméiglech opgestallt ginn. An d'Kriminalitéit, an dat ass e puermol scho gesot ginn, déi evaluéiert natierlech och. Si hu vill méi schnell Moyenen, wéi mir als Rechtsstaat kënne liwweren, a mir hunn awer och, an ech kommen och zum Schluss eng Kéier vläicht kuerz drop zréck, den Dilemma tëschent der Rechtsstaatlechkeet, dem Schutz vun dem Individuum, dem Dateschutz, awer och de Moyenen, déi mer zur Verfügung stellen, fir dass eng Police hir Aufgaben um Terrain ka rechtméisseg ëmsetzen, ouni natierlech en Abus ze maachen. An dofir kommen ech och nach op dat Gesetz, dat elo ënnerwee ass, ze schwätzen.

Ech wëll dann dräi Punkten uschwätzen, wat mir wichteg war, well esou huet de Koalitiounsvertrag et och virgesinn. Dat ass dat Gesetz vun 2018, dat just gestëmmt gi war, éier d'Wale koumen an eng nei Period ugaangen ass. Dat war d'Uleies – vu mir jiddefalls, wéi ech et iwwerholl hunn –, dat beschtméiglech ëmzesetzen, well mir wëssen, dass esou eng Reform an enger grousser Verwaltung net vun haut op muer ëmsetzbar ass. Dofir war dat emol fir d'éischt ze kucken.

Dann – et ass scho gesot ginn, ech ginn och net zréck kucken, firwat dat esou ass –: Personalmangel ass ee vun de gréissten Defien. De Recrutement war fir mech eng ganz héich Prioritéit, an dofir war ech frou, dass virdrun en Accord fonnt ginn ass vu mengem Virgänger mat de Gewerkschafte fir ze soen, mir bräichten dee Recrutement massif. Awer, dat ëmzesetzen ass en Challenge all Dag erëm, fir dass dat och fonctionéiert. An och d'Moyenen, d'Investitiounen. D'Moderniséierung hu mer probéiert. An dann awer och déi Responsabilité partagée mat de Gemengen, awer och um internationale Plang.

Da vläicht just e Rappell awer, dass am Policegesetz vun 2018 insbesondere d'Police administrative – dat si jo déi uniforméiert Polizisten, déi dobausse méi visibel sinn – e ganz enke Kader gestach kritt huet, an deem se sech och beweegt, an et ass ëmmer eng Abwägung, déi och am Gesetz ëmmer erëm erwäänt gëtt, wat och wichteg ass, well et d'Rechtsstaatlechkeet awer garantéiert: Dat ass den „danger grave, concret et imminent", wéini de Polizist agräift. Natierlech, wann et e Flagrant délit ass, ass e verflicht an en iwwerhëlt och direkt seng Responsabilitéit. An e mécht dat jo och am Alldag ëmmer erëm, mee déi dräi Punkten, deen Trepied an dem Erhale vun der Sécurité publique, ass all Dag en Challenge, ëmmer erëm, fir all Polizist, wann en ënnerwee ass um Terrain.

An et ass virdru vun der haislecher Gewalt geschwat ginn, an an e puer Wochen, mengen ech, ass och nach en Dag, wou driwwer debattéiert gëtt, wou och d'Police matinvolvéiert ass, an dat ass en Challenge, deen ass, dat gëtt oft vergiess ... Si sinn all Dag, en moyenne, bal dräimol ënnerwee an esou Situatiounen a si stinn do virun enger Dier a si wëssen net ëmmer, wat hannendrun ass.

An dee Questionnaire, ech weess et, deen ass ... Ech weess elo net, ob dat engem bewosst ass, awer dat ass interessant, fir dat ze kucken, mee et ass eng Ausenanersetzung, déi immenst Fangerspëtzegefill erfuerdert fir déi Polizisten, déi do déi Interventioun musse maachen, an dat ass 800-, 900-mol am Land. An dovunner gëtt oft net geschwat. An et ass dat, wou och déi meescht, jo, deels och Angscht virdrun hunn, an den Adrenalin, wann een dat däerf esou soen, kann och ganz héich goen. An dofir sinn dee Moment, wa se aschreiden, och d'Fräiheeten, déi do dermat verbonne sinn, ëmmer ganz virsiichteg ze kucken. Jiddefalls hu se d'Ausbildung, an ech kommen dorobber zréck, awer deen Challenge, dee se musse maachen, dee verdéngt nach eng Kéier vu mir ganz héije Respekt.

Jo, alles dat, wat se maachen an dat ass och dat, wat huet misse säit 2018 passéieren tëschent enger onofhängeger Kontrollinstanz, wat d'IGP ugeet, an der Policeaarbecht am Alldag, wat och deels zu Spannunge féiert tëschent deenen zwou Administratiounen, déi onofhängeg an hirem Bestreebe sinn, awer och de Garant musse si par rapport zu der Rechtsstaatlechkeet, déi ech awer ëmmer wëll hei ervirbréngen.

Da loosst mech awer zwee Wierder iwwert de Koalitiounsvertrag soen – dat ass deen Optrag, deen a

sech de Minister a senger Fonctioun da muss ëmsetzen –: Ma wann ech dat kucken, ass dee méi wéi erfëllt, well mir hu vill méi nach ugepaakt, wéi mer hätte sollen. Fir mech geet dat och nach laang net duer an et sinn nach genuch Defiziter do, déi nach ëmgesat musse ginn (veuillez lire: déi nach opgeschafft musse ginn).

Awer dat, wat mer gemaach hunn, ass wierklech dat Gefill, mengen ech, dass mer se net eleng loossen iwwert déi Joren, vläicht vu virdrun, awer dass mer wierklech d'Besoine kucken, déi se hunn, an do méiglechst gutt investéieren.

Dofir nach eng Kéier: Ech erënneren och un d'Debatt vun 2020, wou, jo, d'Bekenntnis awer do war fir déi Reform vun 2018. An eppes, wat ëmmer erëm ervirkomm ass, ass dee Recrutement, dee gefeelt huet. Dofir ass eng vu mengen Haaptprioritéiten – an dat war och déi vun der Police am Allgemengen – dee weidere Recrutement, dee mer do aussergewéinlech lassgekappt hunn.

2018 waren dat, fir eng Zuel ze soen, ech mengen, ëm 2.340, neelt mech net fest op déi genau Zuel, awer dat waren dann dee Moment ëm 2.000 Polizisten a sou ëm 330 Zivilisten. Dat hu mer awer gesteigert elo iwwert déi leschtJoren. Bei der Police si mer elo ëm 2.380 oder esou, dat ka sech nach änneren, awer – wichteg, an ech kommen elo op dee Recrutement –: Dat si keng fäerdeg ausgebilt Polizisten, déi haut schonn um Terrain ënnerwee sinn. Dat ass ëmmer erëm gesot ginn a mengen Debatten hei an der Chamber, an net nëmmen heibannen, mee och dobaussen.

Dat heescht, mir hunn, éischtens, d'Police opgestockt. An zweetens hu mer awer och, an dat ass vu ville Riedner gesot ginn, eng ganz Rei Zivilisten, Zivillpersonal, héich spezialiséiert Leit agestallt, déi a ville Beräicher d'Police kënnen entlaaschten, mee si kënnen awer och net fir all Policeaarbecht genotzt ginn, well dat ass och net néideg an och net sënnvoll. Awer si kënnen eng ganz gutt Aarbecht maachen, insbesondere an der héich spezialiséierter Finanzwelt, an der Hëllef vun der Detektioun vu Crimmen an esou weider an esou fort. Do maache se hiren Job exzellent.

Ech wëll och nach zwee Wierder doriwwer verléieren: Jo, de Ministère, par rapport zu enger ganz grousser Verwaltung, war ënnerbesat, dat muss ech scho soen. Mir si gewuess vu 14 op 26 Mataarbechter haut. Wann ech awer déi Defien, déi mer hunn, déi Gesetzer, déi mer upasse mussen, déi Ausenanersetzung am Alldag kucken, da geet déi Aarbecht nach net duer. Mir brauchen och do héichspezialiséiert Leit, insbesondere als Juristen, fir do nach besser Aarbecht kënnen ze maachen. An och parallell ass d'IGP jo och gewuess vun deemools, 2018: 32 op haut 44 Mataarbechter.

Dann zum Lancement vun deem aussergewéinleche Recrutement. Jo, mir hunn et fäerdegbruecht innerhalb vun dräi Joer elo, a wann den 1. Mee bis hannert eis ass, 600 Recrutten anzestellen. „Recrutten" heescht jo nach net, dass et fäerdeg ausgebilte Poliziste sinn, déi um Terrain kënnen hir Aarbecht ausféieren.

Déi éischt Well gëtt dëst Joer fäerdeg. Déi ware jo am éischte Joer an der Schoul, dat zweet Joer um Terrain a wäerten elo ëm ufanks Mee vereedegt ginn. Mir hoffen, dass mer da bei 90 % vun deenen erauskommen, déi eragaange sinn. Dat heescht jo automatesch, dass mer – an dat ass mäi Wëlle vun Ufank u gewiescht – net 600 einfach elo mol eng Kéier astellen. Nee, et muss effektiv deen Netto erauskommen. Et geet jo drëms, och déi Ofgäng parallell ze berücksichtegen. An dëst Joer wäert eng gréisser Well an d'Pensioun goen, dofir hunn ech och des Ëfteren iwwerall, wann ech an de Gemengen ënnerwee war, gesot: Den Effort kënnt erëm wierklech 2024, well da kënnt mat der zweeter Well, déi op den Terrain kënnt, dee richtege Renfort um Terrain. An dee muss weidergefouert ginn. Et ass garantéiert, dass mer genuch Nummeren hunn, seet ee jo, fir weider Recrutte kënnen anzestellen. Dat véiert Joer muss an där selwechter Dimensioun goen.

A wann Der wëllt, eng Work-Life-Balance muss och an der Police erakommen. Wann ee Crèchen oder och aner Elementer nach weider wëllt fërderen, och innerhalb vun der Police, soudass si och an der hallwer Aarbechtszäit kënne schaffen oder Congé parental – a wat net alles vun Errungenschafte fir jiddereen an der Gesellschaft komm ass – kënnen huelen, da brauche mer nach en Astellungskrittär „fënneft" oder „sechst Joer", well mir kënnen net einfach d'Poliziste vun der Strooss rekrutéieren, fir kënnen een ze ersetzen, deen am Congé ass. Nee, déi mussen ausgebilt ginn. Dofir brauche mer och eng Reserv, fir déi Aufgaben ze bewältegen, déi villfälteg sinn.

A wa mer déi och hunn, da kënne mer déi Presenz do maache par rapport zu den Demanden op de Gemengen, fir eeben entgéintzekomme bei der Preventioun.

D'Schoul ass den A und O. Dofir gëtt och evaluéiert, stänneg evaluéiert. Mir haten eng Etüd maache gelooss vun der IGP iwwert den Usage de la force fir ze kucken: Ass dat alles okay? Do gëtt zesumme gekuckt: Wéi kënne mer dat verbesseren? An ech hunn net méi spéit wéi gëschter, mengen ech, déi nächst Etapp vun der Evaluatioun ënnerschriwwen. Dat zweet Joer: Wéi war et? Well iwwert d'Tactique policienne ..., a wéi ass et mat deem Corpsgeescht? Wéi ass dat elo bei der Ëmstellung vun der Schoul als Police selwer? Wéi ass dat, ass dat dee richtege Wee? Ech mengen, dass et de richtege Wee ass. Mee et sinn och do nach eng Rei vun Efforten ze maachen.

An dann: Dat, wat jo mat der Ustellung einhergeet, dat ass déi Karriärsdiskussioun. Jo, ech triede kengem ze no a soen och net: Ech hunn eppes, kann ee soen, geierft an dat war just gestëmmt ginn an dat war en Accord tëschent de politesche Parteien oder den zouständege Ministèren, Ministeren, awer och der Gewerkschaft, an dat war de Wee, deen ageschloe ginn ass. An deen ass weeder an dem Koalitiounsvertrag a Fro gestallt ginn, nach war et vun iergendengem dee Moment och net gewollt.

Dofir ass et jo eng Logik gewiescht vun deenen zouständege Ministeren, déi elo d'Fonction publique iwwerholl hunn, fir dat an deem Sënn weiderzeféieren, well dee Recrutement oder Reclassement d'office gëtt et an der ganzer Fonction publique net an dofir ass et jo net eleng de Minister vun der Police, deen dat kann decidéieren. E kann dat och nëmmen an deem Sënn zesumme mam Fonction-publique-Minister, dann och zesummen natierlech mat de Gewerkschafte kucken, fir déi beschtméiglech Léisung do ze fannen, wëssend, dass dat an deem, wat alles elo schonn ënnerwee war, guer net esou einfach war. An dofir hat ech jo vun Ufank u probéiert, de beschtméiglech Wee erauszesichen, fir méiglechst vill Leit vun där C1-Karriär an d'B1 ze kréien. An ech wëll Iech nëmmen d'Zuel soen, well dat war festgehale ginn: Net méi wéi 432 – ëm déi Zuel – sollten an d'B1-Karriär kommen. D'Perspektiv ass esou, dass mer elo awer geschwë bei 1.500 kënne kommen.

Wëssend, dass duerch dat Urteel awer munches a Fro gestallt gëtt, huet et awer net direkt gesot, de Reclassement misst kommen. Et huet einfach gesot, dee Wee, dee mer an der Voie express gewielt hätten, wär net deen, dee richteg ass a wäert sécher sinn. Ech si prett, och déi Diskussiounen ze féieren, mee och do solle mer net virun de Won sprangen. An, jo, dat dauert e bëssen. Mir hunn och verschidden Elementer vun deenen, déi ënnerwee waren, nach eng Kéier analyséiert a gesot, déi hätte jo näischt mat deem Urteel direkt ze dinn. A mir hunn och do eng Léisung fonnt, fir deem gerecht ze ginn. Och dat huet misse gekuckt ginn, fir beschtméiglech no vir ze kommen.

Dann, en nächste Punkt ass d'Investéieren, d'Reforméieren an d'Moderniséieren. Dat sinn Elementer, déi jo och hei genannt ginn an un deenen ech och intensiv geschafft hunn. Investéieren heescht fir d'éischt elo mol Schoul. Jo, d'Schoul, dat war net einfach, déi direkt aus dem Buedem ze stampfen. Dat ass och gelongen, awer et ass bei Wäitem nach net genuch fir mech. Eng Infrastruktur, iwwert déi ech onzefridde sinn, dat ass fir mech de Centre national de tactique policière, deen nach um Verluerekascht ass. Do brauche mer onbedéngt en neie Site. Et sinn nach eng ganz Rei vun Defie bei deenen Infrastrukturen ënnerwee.

Wa mer sou wuessen, brauche mer Kommissariater op de Gemengen. Déi entspriechend Unzuel muss wuessen, well soss hu mer erëm Problemer vu muer geschaaft. An dat mécht mer och vill Suergen, well et net einfach ass. Ech denken u Péiteng, well ech dat virdrun nach gesot kritt hunn, dass mer och do nach ëmmer keng richteg Léisung fonnt hunn, obwuel ech awer händeréngend no Terraine gesicht hunn an eng ganz Rei vu Leit do och ugeschwat hunn, fir dat kënnen ze maachen.

Och, iwwerhaapt déi Ausbildung, dass ... E Schéissstand hätt ech am léifste gär op deem Site, wou elo d'Police ass – vläicht esou eppes, wéi et och elo schonn existéiert ënnert dem Buedem, wou een déi éischt Übunge kann maachen –, well och déi Proximitéit wichteg ass. An ech hoffen, dass mer an der Enceinte, an der gréisserer Enceinte do awer nach Méiglechkeete fannen, fir deem och gerecht ze ginn.

Dann: reforméieren. Dat sinn all déi Gesetzer, déi mer amgaange sinn, nach ëmzesetzen, woubäi der eng Rei schonn ëmgesat sinn. Ech denken u VISUPOL. Et ass vill geschwat gi vun de Kameraen am ëffentleche Raum. Ech si frou, dass mer dat Gesetz elo hunn. Ech si frou, dass d'Responsabilitéiten esou opgedeelt sinn. Ech si frou, dass dat eng onofhängeg Kommissioun ka jugéieren. An dann ass et awer och un de lokale Gemengen, déi dat solle kucken, fir ... Wou ass et sënnvoll? A fir mech ass dat ok.

Et muss een awer och soen, dass et op der Gare scho laang Kamerae gëtt. A wann ech dann héieren, d'Kriminalitéit hätt esou zougeholl op der Gare, maja, da soen ech: „Jo, an d'Kamera?" Jo, et kann hëllefe bei der Opklärung, ganz kloer. Et wierkt dissuasiv op verschidde Plazen – an dann nach! Ech denken awer, dass et do – an dat seet jo d'Gesetz –, wou eng Usammlung vu ville Leit ass – ech soen elo Hamilius –, duerchaus Sënn mécht. An ech si frou, wa mer dann och do kënnen dat ëmsetzen. Dat ass eng Demande, déi scho laang do steet an do hu mer awer och geliwwert mat deenen néidegen Informatiounen.

Et muss een awer och soen, dass dat ganz vill Geld a Moyene kascht. Geld, Geld, jo, et ass nach net ganz ... Ech weess, ganz vill Geld – ganz vill Geld! –, a mir mussen eis bewosst sinn, dass d'Police dat net eleng kann droen. An dofir och d'Demande un d'Gemengen: Wann Der dat maacht, iwwerleet Iech et.

Fichier: Ech si frou, Här Roth – wann ech mer erlaben däerf, do just op Iech ze kucken –, dass mer esou wäit komm sinn. Ech si frou, dass mer déi Debatten haten, och mat der Justizkommissioun. An ech hoffen, dass mer deen Equiliber fannen tëschent all deenen Ufuerderungen, déi komm sinn. Sécherlech hätt een do kënnen nach éischter ufänken, awer ech si frou,

dass mer esou wäit komm sinn. An ech hoffen, dass mer och deen Equiliber do fonnt hunn, fir dass dat Gesetz nach bis zum Schluss vun der Legislatioun ka gestëmmt ginn – d'Police waart nämlech dorop, fir och effektiv Aarbecht kënnen ze maachen.

D'Garantie d'accès, dat ass jo wierklech ..., wann een dat héiert, do ass et kengem recht ze maachen. A wann ech awer elo drun denken, dass ech awer elo frou sinn, dass mer endlech net méi iwwert d'Leit, mee mat de Leit schwätzen, dass mer déi Enquête gemaach hunn: Wien ass da betraff? Et sinn 189 ënnerschiddlech Leit, déi do sinn, déi kann een net mat engem Moyen policier d'office léisen.

Jo, d'Police kann e Moyen sinn, awer net eleng. Do gëtt et psychologesch, do gëtt et eng Onmass vun ënnerschiddlechen Erausfuerderungen. An ech sinn awer op, fir ëmmer doriwwer ze diskutéieren, awer d'Limitte vum Rechtsstaat si mir gradesou kloer. A mir bréngen natierlech de Polizist an deels onméiglech Situatiounen.

Jo, d'Gesetz iwwert de Rassemblement, nenne mer et, wat d'Manifestatiounsgesetz ubelaangt. Mir sinn amgaangen, dat auszeschaffen, well d'Verfassung seet eis, et wär Matière réservée à la loi. Mir mussen do liwweren. Mir hunn och consultéiert riets a lénks. Ech denken, dass mer an nächster Zäit och kënnen dee Projet deposéieren, respektiv proposéieren, fir dass mer awer och do e bessere Rechtsramen hunn.

An ech denken och nach un e weidert Gesetz: d'Honorabilitéit. Dat war nämlech och vun der Fraktioun vun der CSV gefrot ginn. Wéi wäit si mer do? Do hu mer och nach d'Gewerkschafte consultéiert mat pertinente Remarken, déi och wäerten afléissen an dat Gesetz, esou dass mer, mengen ech, och do en Equiliber fonnt hunn tëschent deem, wat mer brauchen als Police, als Leit, déi fir d'Police schaffen, an awer och ze kucken, dass an der Praxis déi richteg Leit och fonnt ginn, fir dat kënnen auszeüben am Alldag.

D'Digitalisatioun: Et ass, mengen ech, vill iwwert déi Moyene vum Här Lamberty geschwat ginn. 37 Milliounen hu mer investéiert. Dat ass alles am Anmarsch, soen ech: Digitalisatioun, Tabletten, Handyen. Do gëtt et vill Diskussiounen, och innerhalb ... Dat ass net ... Ech ka mech net do améschen. Dat ass wierklech och, wat eng Camionnette ubelaangt oder e Printer. Dat muss d'Verwaltung ... Mir stellen hinnen déi néideg Moyenen zur Verfügung, de Budget pluriannuel – a wann der dee kuckt, deen ass extreem an d'Luucht gaangen –, fir dass se dat kënnen ëmsetzen. An dofir ass de Projet POLIS, deen a sech d'Fichieren herno, deen déi Digitaliséierung draus mécht, wou iwwregens dann och d'Statistik hoffentlech besser gëtt ... Et ass net um Minister, Jo oder Nee ze soen. Déi Statistik muss besser ginn, déi muss verschafft kënne ginn, déi muss méi séier sinn. An dofir ass dee POLIS-Projet ganz wichteg.

An da gëtt déi Fro, déi komm ass, och mam POLIS geléist, nämlech déi Remise/Reprise, déi a sech am Fachjargon dann anescht heescht: Formalisme décomposé, deen de Moment op der Gare gemaach gëtt. Éischtens emol, fir Iwwerstonnen ze generéieren, awer och vläicht d'Méiglechkeet ze kréien, méi Presenz um Terrain ze kréien.

De Projet leeft. Am Ufank mat méi Schwieregkeeten. Natierlech muss dat mat der Justiz gekläert ginn, dass dat och geet, well wann op eemol zwee Beamten oder dräi Beamten dru schaffen, da muss natierlech herno och kloer sinn: Wie mécht wat a wéi gëtt da weidergeschafft?

Dee Formalisme décomposé wäert am POLIS generaliséiert ginn, wann dee bis steet, fir d'ganzt Land, well dat ass och schonn am Ausland de Fall, am noen Ausland ronderëm, wou dat gemaach gëtt. An dofir ass dat e ganz wichtegt Element, fir méi effikass kënnen ze ginn. A wa mer dat fäerdegbréngen, wat gefrot ginn ass, déi Digitaliséierung bis un d'Enn vun der Chaîne fäerdegzebréngen, oder, besser gesot, den Ufank vun der Chaîne, well et ass dee Moment, wou d'Police ënnerwee ass, fir deen neie Moyen esou gutt wéi méiglech anzesetzen, fir dass dat och kann ëmgesat ginn ... Dofir ginn zwee Kommissariater op der Gare nach mat deem Prinzipp elo ausgewäit, soudass déi dräi Kommissariater op der Gare mat deem Prinzipp elo schaffen, fir och déi Presenz kënnen ze maachen, awer och, fir Erfarungswäerter nach besser kënnen ze maachen.

Da kommen ech zum leschte Punkt, dat ass déi Responsabilité partagée. Wann ech virdru gesot hunn: Wann ech d'Gesetz kucken, wat d'Police alles muss ëmsetzen, d'Policebeamten um Terrain, dann ass et eng – wéi soe se? – „eierlegende Wollmilchsau", si mussen alles fäerdegbréngen! Mir brauchen awer d'Hëllef vun de Gemengen, an dofir sinn ech vill ënnerwee mat de Gemengen, dat ass e puermol gesot ginn. Wat nach vill méi kéint ausgewäit ginn, dat ass dee sougenannte „Comité de prévention".

D'Proximitéit ass wichteg: Do si Buergermeeschteren, déi vill Responsabilitéit do iwwerhuelen an ëfters dat uschwätzen an ëfters déi Diskussioune féiere mat all den Intervenanten, wou net nëmmen d'Police present ass, mee och aner Acteure solle bäikommen. Iwwregens hunn ech jo e Gesetzesdepôt gemaach, fir d'Agent-municipallen elo direkt matzeassociéieren, fir dass se um Dësch sinn dee Moment, fir déi Koordinatioun besser kënnen ze maachen. Et ass nëmmen iwwert dee Wee, wou mer et fäerdegbréngen!

De Plan local de sécurité war jo awer scho virun zwanzeg Joer en Theema. Et soll keng Dokteraarbecht sinn, e soll ... Punktuell Verbesserunge sinn do, wou se verlaangt gi vun de Biergerinnen a Bierger, an et ass do, wou mer agéieren, am Déngscht vun alleguerten deenen Erausfuerderungen, déi kommen.

E puer Wuert zum internationalen Niveau, well do si ganz, ganz, ganz vill Ufroen un eis, u Lëtzebuerg, wou mer och musse liwweren. Ech war viru sechs Woche bei Europol, ganz wichteg, mir hunn do och eis Verstäerkung vun engem Beamten op dräi Beamte kënnen zousoen. Déi sinn och schonn do, déi maachen exzellent Aarbecht. Si maachen exzellent Aarbecht fir eis, well mir déi net alleguerte kënne maachen, och wat déi ganz Cyberkriminalitéit ubelaangt.

Ech brauch net d'GAFI ze ernimmen, dat ass och eng Aufgab erëm vun der Police. Erëm musse se do liwweren. D'Poursuite transfrontalière, dat geet nëmmen zesummen, well mir si fir oppe Grenzen – an dat gëtt ëmmer gesot, ech sinn den Donneschdeg nach zu Bréissel um JAI, um Conseil vun de Justizministeren a vun den Inneministeren, wou et ëmmer erëm ëm d'Interoperabilitéit geet tëschent de Policen. Wa mer wëllen oppe Grenze garantéieren, da musse mer natierlech déi Zesummenaarbecht zwëschent de Policë verstäerken, insbesondere am Crime organisé, och an der Drogepolitick, wou mer awer ganz vill Erfolleger an der leschter Zäit haten.

All déi Digitaliséierungsméiglechkeeten, déi mer kréien, ech wëll mech net do auswäiten, awer do musse mer nach méi eis ënnerhalen driwwer: Wat ass déi artificiel Intelligenz? Wéi wäit kënne mer se notzen? Wéi eng Moyene gëtt et do? Dir wësst, d'Urteeler an Däitschland hunn ..., Hessen an Hamburg hu se awer ausgebremst, mir mussen eis domadder auseenanersetzen, well déi Kriminell si scho laang domadder ënnerwee. An dofir musse mer der Police awer och déi Moyene ginn an deem Rechtskader, dee mer hinne ginn. D'Traçabilitéit ass wichteg, d'Vertrauen an déi Leit, déi et maachen, an dann, mengen ech, ass eng Ouverture do, fir dass mer der Police déi néideg Moyene kënnen ze ginn, insbesondere do, wou mer iwwer Kannermëssbrauch schwätzen an aner Beräicher, wou et immens wichteg ass, dass mer do déi Sécherheet hunn, dass mer dat Vertrauen awer och an déi Police kënne stiechen oder setzen, fir ze soen, dass se hir Aarbecht optimal kënnen ëmsetzen.

Vläicht zum Schluss nach eng Rei Verbesserungen, déi awer kommen: Dat sinn déi Gesetzer, déi no der Pandemie, no deenen Ausernanersetzungen ... An ech muss awer do nach eng Kéier der Police insbesondere esou en héije Respekt ausdrécken: Zwielef Wochen hannereneen hu se missen ..., an do ware mer vill an der Diskussioun mat villen, fir d'Sécherheet vum Eenzelnen ze garantéieren. Et war net akzeptabel, dass e Chrëschtmaart huet missen iwwerfall ginn a Kanner an Onsécherheet komm sinn! Et war irresponsabel an et kann ee wierklech net der Politick da soen, den Ordre public wär eis egal!

Nee, d'Police huet hir Moyenen a si ass den operativen ... Mir hunn hinne gesot: „Jo, mir kënnen dat net nokucken, mir kënnen net all Samschdeg Chaos verdreiwen, mir kënnen net all Samschdeg d'Leit, déi an d'Stad komm sinn, veronsécheren." An dofir, ass dat dee Kader, dee jo virgesinn ass mat deem Reglement vun der Stad Lëtzebuerg, deen déi Moyene gëtt. An dofir war dat och esou festgehalen, fir dat ...

*(Interruption par la présidence)*

... kënnen esou ëmzesetzen.

Ech si frou, dass, wa mer dat Rassemblementsgesetz kënnen deposéieren, et dann och déi Gerechtegkeet zwëschent der Fräiheet vun deem Eenzelnen ... An dat ass ëmmer dat, wou d'Police oder wou ech ëmmer gekuckt hunn: Meng Fräiheet kann nëmme bis dohi goen, wou ech deem anere seng Fräiheet net agrenzen!

Zum Schluss wëll ech Iech Merci soe fir déi laang Debatt. Et ass e bësse spéit ginn, ech sinn awer frou fir déi Ausenanersetzung hei. Et mierkt een, dass et net einfach ass, dass Kompromisser musse gesicht ginn tëschent dem Equiliber vu Policeaarbecht engersäits, well et ass den Ordre public, si hunn ..., mat der Verfassung sinn et déi Eenzeg, ...

*(Éternuement)*

... si hunn, ...

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Bleift sëtzen, wannechgelift!

*(Brouhaha et hilarité)*

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Gesondheet!

Ech mengen, dat wäer d'Zeeschen, dass ech awer dann ophalen. Ech soe Merci. Ech wëll zum Schluss nach eng Kéier Merci soen, mee ech wëll virun allem awer och der Police um Terrain Merci soe fir hiert Engagement.

Jo, mir kënnen net alles direkt liwweren, mir schaffen ...

*(Interruption par la présidence)*

... awer all Dag un hire Moyenen, un hire Leit an un dem néidege Vertrauen an déi wichtegst Institutioun an eisem Rechtsstaat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Minister fir d'bannenzeg Sécherheet.

***Motions***

Mir kommen elo nach zur Ofstëmmung vun de Motiounen.

***Motion 1***

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Wëllt dozou nach een d'Wuert ergräifen?

**Plusieurs voix** | Nee.

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech mengen, d'Héiflechkeet gebitt et awer, dass ech Stellung derzou huelen.

Also, et ass e Fait, fir déi Assistance unzefroen, dat ass effektiv e bësselche schwéierfälleg, mee et ass awer och e Fait, dass een dat elo net kann isoléiert gesinn, well do hänkt am Fong geholl och déi ganz Fonction publique drun. An dofir géif ech proposéieren, dass mer dat à ce stade esou net kënnen ofstëmmen, well mer do, wéi gesot, déi Fro e bësselchen an engem méi grousse Kader dee Moment mussen ofklären.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Den Här Gloden.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. A wat d'ADR do an där Motioun fuerdert, déi lescht Partie vum Saz, ass juristesch net richteg, well et ass am Code de procédure pénale anescht gereegelt. Dat heescht, dee Bout de phrase an datt hien net gehéiert gëtt, bis datt säin Affekot physesch present ass, dat ass am Code de procédure pénale gereegelt. Do kann ee gehéiert ginn, déi éischte Kéier, ouni datt den Affekot do ass. Wann dee Saz gestrach ass, kënne mir d'Motioun matdroen. Wann net, ass se juristesch falsch.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gloden. Den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also mir si prinzipiell och domat averstanen. Wann ech mech richteg erënneren, hate mer och an der Fonction publique – an der Kommissioun – schonn eng Kéier driwwer geschwat, bezéiungsweis et war den Här Hansen, deen och schonn Undeitunge gemaach hat, dass do eng Verbesserung awer sollt kommen, wa Polizisten an där Situatioun sinn.

Ech hat just virdrun der Madamm Empain hir Iwwerleeung net richteg verstanen. Dir hat an Ärer Ried eng Iwwerleeung gemaach, dass ee vläicht net den Affekot ..., dass et do verschidden ... Et war e bësse konfus, dofir hat ech dat net richteg verstanen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Mee dat hat awer näischt domadder ze dinn!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir Piraten sinn der Meenung, dass an deem Fall, wou e Polizist seng Schosswaff betätegt huet, dass hie soll den Affekot gestallt kréien. Natierlech huet den Här Gloden Recht mat senger Äusserung, a wann dat nach géif verbessert ginn, da stëmme mir et mat.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. D'Wuert geet zréck un den Auteur, den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Jo. Här President, ech wollt just elo mol nach net Stellung huelen, mee d'Madamm Empain froen: Si seet, mir kënnen elo net doriwwer ofstëmmen. Heescht dat, et soll an eng Kommissioun verwise ginn? Wat heescht dat, wat d'Madamm Empain gesot huet?

Merci.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat heescht, wann ech mech méi kloer ausdrécken: Ech géif proposéieren, se net ze stëmmen.

**Une voix** | Dergéint ze stëmmen?

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dergéint ze stëmmen!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mee gëtt se geännert, oder ...?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Gëtt se geännert oder net?

*(Brouhaha général)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Neen, en hat näischt dovu gesot, e géif de Saz sträichen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Et war just eng Fro un d'Madamm Empain!

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo, mee Dir hat do awer ... Jo, Dir hat d'Wuert an Dir hutt net geäntwert op dem Här Gloden seng Propositioun, duerfir denken ech, datt dat net zur Debatt steet!

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Dir kënnt awer net elo dräimol frësch ufänken! Dir hat d'Wuert, Här Kartheiser, Dir hutt net dozou Stellung bezunn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | O!

**M. Fernand Etgen,** Président | An dat stoung zur Diskussioun a mir sinn amgaangen ofzestëmmen!

*(Brouhaha)*

Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 1 ass bei 6 Jo-Stëmme géint 53 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Jessie Thill), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

***Motion 2***

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Do geet et am Fong geholl ëm de Printerkonzept. Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? D'Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech mengen, hei hat, wann ech mech elo net ieren, de Minister effektiv och scho Stellung derzou geholl, mee eis Iwwerleeung war am Fong geholl genau déi selwecht: Mir fänken awer elo net un, Motiounen ze stëmmen, fir der Regierung ze soen, se soll e Printerkonzept an iergendenger Administratioun ëmsetzen! Also, ech géif do awer derfir plädéieren, dass mer do eng gewësse Responsabilitéit bei den Administratioune loossen, soufern se de Budget hunn, dee se kritt hunn, an deementspriechend och proposéieren, dass mer déi heiten ofleenen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

***Vote sur la motion 2***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 6 Jo-Stëmmen, 30 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Jessie Thill), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

***Motion 3***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, wou et drëms geet, datt eng Camionnette systematesch als Dotation de base zu de Kommissariater gehéiert. D'Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo, hei hunn ech mer emol fir d'éischt missen e puer Informatiounen anhuelen. An do hunn ech mer awer och soe gelooss, dass weider Camionnetten am pluriannuelle Budget effektiv virgesi sinn, an dass déi och dohinner verdeelt ginn, wou e reelle Besoin ass, an dass et och dann an enger responsabeler Gestioun vum Budget esou gemaach gëtt. Et kann eeben net all Kommissariat alles aus all Fuerpark hunn, mee et gëtt do konkreet gekuckt, wie wéi eng Besoinen huet a jidderee kritt dat dann dee Moment zur Verfügung gestallt.

Mee dës Motioun an där heiter Form kënne mer net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Da kéime mer och elo zum Vott vun der Motioun Nummer 3.

***Vote sur la motion 3***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 3 ass mat 4 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

***Motion 4***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4, wou et drëm geet, datt d'Policebeamte systematesch mat engem Laptop sollen ekipéiert ginn.

Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Hei si mer bei genau där selwechter Iwwerleeung wéi och virdru mat de Printeren. A wann ech mech net ieren oder wann ech dat elo richteg erkläert kritt hunn, dann ass et och esou, dass do effektiv och eng Soumissioun erausgaangen ass, mee, wéi gesot, dat si praktesch Informatiounen aus der Policeadministratioun. Voilà, et ass elo net un der Regierung fir ze soen, wien e Laptop kritt a wien net, gell?

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Goergen freet d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hat a menger Ried jo ugedeit, dass se dat sollte kréien. Dir sot, et ass elo Mikromanagement. Ech sinn zwar bal iwwerzeegt, wann deen éischte Laptop oder iPad kënnt, dass de Minister eng Pressekonferenz mécht, fir genau deen ze presentéieren.

*(Hilarité)*

Also ass et schonn ... Dir verstitt mech!

*(Interruption par M. Henri Kox)*

Ech wollt just den Här Kartheiser froen – mir kënne se matstëmmen –, ob Der géift ännere vu „Laptop" op „IT-Material". Mir wësse jo net, ob dat en Tablet oder soss iergendeppes ka sinn.

*(Interruption par M. Henri Kox)*

Jo, Här Kox, Dir hutt déi 37 Milliounen dran, ech héieren awer all Dag vun de Beamten, dass näischt um Terrain ass. Dat ass wéi Är Bodycams: Vun do un, dass Dir Minister sidd, schwätzt Dir vu Bodycams – si sinn nach ëmmer net do!

*(Interruption)*

Voilà. A jo, Dir kënnt hei nicken, et sinn awer d'Beamten, déi all Dag um Terrain musse schaffen!

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Goergen, bleift bei dem Text vun der Motioun!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech hu mech missen iwwert de Minister opreegen!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech ginn d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Jo, Här President. Ech wëll vläicht just zwee Wierder soen. Dat eent ass, wa mer iwwert d'Éducation nationale schwätzen, dann ass et ..., natierlech gëtt hei iwwer all Laptop an den Typ vu Laptop an esou weider am Detail diskutéiert an der Chamber, dat heescht, do ass et da méiglech, der Regierung ze soen, wéi een Typ vu Material!

An ech wëll dem Här Goergen säi Punkt opgräifen: Mir kënne gär „IT-Material" do schreiwen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. Da kënne mer elo iwwert déi liicht ofgeännert Motioun Nummer 4 ofstëmmen.

***Vote sur la motion 4 modifiée***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 4 ass bei 8 Jo-Stëmmen, 30 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler).*

***Motion 5***

Da komme mer zur Motioun Nummer 5, dat ass déi, wou et ëm de Qualitéitsverloscht geet. D'Madamm Empain, wannechgelift.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Also, den alleréischte gréissere Problem, deen ech mat dëser Motioun hunn, ass eeben, dass do steet, dass all déi opgezielten Elementer verdäitlechen, dass zënter der Reform vun 2018 e grousse Qualitéitsverloscht bei der Ausbildung festzestellen ass. Ech géif dat elo mol net esou ënnerschreiwe kënnen.

Ech wollt awer och soen – an dat ass jo och ugekënnegt ginn –: Eng Evaluatioun ass virgesinn. An dann ass natierlech och virgesinn, do nozebesseren, wou et eventuell néideg ass. Mee mir sollten där Evaluatioun awer elo net scho virgräifen. An deem Sënn géif ech menger Fraktioun och uroden, dës Motioun net matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 5.

***Vote sur la motion 5***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 5 ass bei 4 Jo-Stëmmen, 53 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

***Motion 6***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 6, wou et ëm d'Friemepolice geet, fir déi bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen. D'Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci. Den Här Roth seet Nee. Vläicht wëll en och nach eppes derzou soen? Mee ech kann dat awer gäre maachen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... dat ass eng Instruction de vote bei eis!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | A jo, ok!

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass verfassungswidreg, Här Roth!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir sidd elo Porte-parole vun néng Zéngtel vun der Chamber!

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Di Bartolomeo, d'Madamm Empain huet d'Wuert!

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President.

Also, bei néng Motioune muss ech d'Wuert „superfétatoire" awer op mannst eng Kéier benotzen, vun dohier, dat wär e gudde Moment!

Also, d'Friemepolice gëtt an den nächste Wochen och effektiv nei strukturéiert, a souwäit ech informéiert sinn, gouf et hei genau op deem dote Punkt och schonn en Austausch mam Ausseministère, fir iwwert déi Prozeduren ze schwätzen. An deementspriechend géif ech dann och proposéieren, dass mer dës Motioun net matdroen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 6.

***Vote sur la motion 6***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 6 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 55 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

***Motion 7***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 7, fir eng Léisung auszeschaffen, déi d'Prise en charge vun de Kanner vun de Policebeamte garantéiert. D'Madamm Empain, wannechgelift.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Also, dat ass eng Demande, déi eis natierlech ganz sympathesch ass. Dat ass och eng Demande, déi säitens vu sämtleche Gewerkschaften un eis erugedroe ginn ass. Par contre, wa mer elo soen, dass de Ministère muss d'Léisung ausschaffe fir d'Prise en charge vun de Kanner vun de Policebeamten, ech sinn och do der Meenung, dass dat och um Niveau vum Mikromanagement ass, deen net um Niveau vun engem Ministère läit. D'Police-Administratioun huet och d'Moyenen a kann ufroen iwwert de Budget pluriannuel, fir dat doten ze maachen. Wann dat eng Demande ass vun de Polizisten a Polizistinnen, wat ech absolutt kann novollzéien, an et schéngt och eng Demande ze sinn, da läit dat och um Niveau vun der Administratioun, fir dat ze maachen, an net um Niveau vum Ministère, fir do e Konzept auszeschaffen.

Dofir géif ech och proposéieren, dës Motioun net unzehuelen, ouni awer dann ze soen, dass de Besoin net do ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Da kritt den Här Goergen d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Ech gesinn dee Besoin – an dee Besoin gouf och vun de Gewerkschaften an an den Entrevuen e puermol geäussert.

Ech verstinn d'Approche vun der Regierung, ech wäert mer se awer och gutt verhalen, wann an Zukunft Motioune kommen, déi an esou Richtungen eppes froen, an Der do da sot, dat wär ze vill am Detail, fir engem Minister eppes virzeginn, da wäert Der déi jo warscheinlech och net matstëmmen. Also, mir wäerte matstëmmen, dass d'Polizisten Accès zu enger Crèche kréien.

Ech verstinn, dass déi gréng Problemer hu mat Motioune ronderëm d'Crèche: Dir hat Iech eng Kéier d'Fanger verbrannt mat enger Motioun fir eng Crèche an der Chamber, soudass Der déi heiten dofir net matstëmmt!

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 7.

***Vote sur la motion 7***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 7 ass bei 8 Jo-Stëmme géint 51 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Max Hengel (par M. Georges Mischo), Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

***Motion 8***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 8, wou et drëm geet, d'Policebeamten, déi virun 2018 mat engem Diplôme de fin d'études secondaires agestallt goufen, systematesch an d'B-Karriären ze reklasséieren. D'Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo, villmools merci. Bon, dat ass jo ee vun de Punkte gewiescht, deen haut an all Contributioun och ugeschwat ginn ass. Hei bleiwe mer bei der Ausso, dass et elo drëm geet, d'Geriichtsurteel ofzewaarden, dat misst och elo all Moment kommen, da gesi mer do kloer an da musse mer deementspriechend reagéieren. Mee mir wäerten net elo reagéieren, ouni dat Geriichtsurteel ze kennen. Vun dohier géif ech och hei proposéieren, dës Motioun net matzedroen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Den Här Gloden.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Mir als CSV hunn dat do säit Jore gefrot. An duerfir soen ech menger Fraktioun, datt se soll mat Jo ...

**Une voix** | Mir héieren näischt! Mir héieren näischt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gloden.

**M. Léon Gloden** (CSV) | De Mikro ass net à la hauteur. Jo, dat ass ...

*(Interruptions)*

**Une voix** | Dir sidd ze vill grouss!

**Une autre voix** | En ass ze grouss!

**M. Léon Gloden** (CSV) | De Mikro ass ze kleng!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Wann et e bësse méi roueg heibanne wier, da géif jiddereen alles verstoen, souguer ouni Mikro!

Da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 8 kommen.

***Vote sur la motion 8***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 8 ass mat 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie*

*Empain, Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

***Motion 9***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 9, wou et drëm geet, d'Primme vun de Policebeamten, déi deene selwechte Contrainten a Risken ënnerleien, unzegläichen. D'Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci nach eemol, Här President. Ech wollt just umierken, dass déi Fro sech jo dann och herno bei der Arméi am Fong geholl stellt. Ech hu mer awer och soe gelooss, dass d'Cour constitutionnelle hei mat enger Fro saiséiert ginn ass an dass mer och hei den Avis vun der Cour constitutionnelle ofwaarden, ier mer dann deementspriechend dorobber reagéieren.

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Oberweis freet nach d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, ech hunn d'Wuert elo net virdrun ergraff, well mer meeschtens och, voilà, averstane waren oder näischt dozou ze soen haten. Ech wéilt just kuerz begrënnen: Mir wäerten hei net matstëmmen an déi virdrun hu mer och net matgestëmmt, net, well mer mam Inhalt net averstane sinn, mee well mer och wëllen den Arrêt ofwaarden.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 9.

***Vote sur la motion 9***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 9 ass bei 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

***Motion 10***

Da kéime mer zur Motioun Nummer 10, déi vun der Madamm Nathalie Oberweis deposéiert ginn ass. D'Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech wollt, pour changer un peu, ...

**Une voix** | A!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | ... der Madamm Oberweis dann och Merci soen, eigentlech och dem Här Kartheiser trotzdeem och Merci soen, fir den Depot vu senge ville Motiounen. Et deet eis leed, dass mer deenen net konnten nokommen.

Déi Motioun vun déi Lénk ass awer ganz sympathesch, fanne mer och wichteg. Dir frot jo am Fong geholl och, dass elo mol fir d'éischt gekuckt gëtt, ob de Questionnaire bei eis uwendbar wier. Mir fannen dat eng ganz, ganz räsonabel, sympathesch a sënnvoll Propositioun a géifen dofir proposéieren, déi Motioun matzedroen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. Da kritt den Här Goergen d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci dem Nathalie Oberweis, well ech hunn haut eppes bäigeléiert: Ech wosst net, dass et esou e Formulaire géif ginn, an dee géif awer de Beamten a Beamtinnen um Terrain immens vill bréngen. Dofir wäerte mir och déi Motioun matstëmmen an hoffen, dass dee Formulaire dann och zäitno, ob dat elo textuell genau d'selwecht ass ..., mee zäitno an där Richtung wäert ëmgesat ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. Da freet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Jo, dann och der Madamm Oberweis Merci. Also esou e Questionnaire ka jo säi Sënn hunn, mee mir denken, datt all Victimme vun der Violence conjugale musse mat esou engem Questionnaire kënnen do berécksichtegt ginn. Dat heiten ass: „Ce questionnaire est destiné aux femmes victimes de violence conjugale". Mir wären do fir eng neutral Formuléierung: „Ce questionnaire est destiné aux victimes de violence conjugale", ob dat elo e Mann ass oder eng Fra oder e Kand oder wéi och ëmmer. An dëser Form wäerte mer eis dann enthalen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert un den Här Léon Gloden.

**M. Léon Gloden** (CSV) | An engem vun de Considerante steet jo: „considérant la vulnérabilité de la victime de violences conjugales", an ech mengen, et ass e Phenomeen, mat deem mer leider hei och zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn. An dofir recommandéieren ech menger Fraktioun, dës Motioun matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gloden. Da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 10 kommen.

***Vote sur la motion 10***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

*(Plusieurs députés se lèvent.)*

Nach ee Moment, mir hunn nach zwee kleng Punkten!

D'Motioun Nummer 10 ass mat 54 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm an 3 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen (par Mme Stéphanie Empain), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*A voté non : M. Fred Keup.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

## 12. Ordre du jour (suite)

Et gëtt op Ufro vun der Aussekommissioun proposéiert, d'Motioun vum Här Sven Clement iwwert d'Verbrieche vum iranesche Regimm muer nom Projet de loi 7954 op den Ordre du jour ze setzen. Ass d'Chamber mat deem Virschlag averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 13. Institution d'une commission spéciale

Nom Artikel 21 vun eisem Reglement gëtt proposéiert, eng nei Spezialkommissioun „Tripartitt" an d'Liewen ze ruffen. D'Missioun vun dëser Spezialkommissioun soll sinn, d'Projet-de-loien, déi d'Accorden ëmsetzen aus den Tripartitt-Verhandlunge vum 3. Mäerz a vun eventuell zukünftegen Tripartitt-Verhandlungen, ze begleeden an dat bis zur Adoptioun vun deene verschiddene Rapporten. Domat wär déi viregt Spezialkommissioun ersat, an déi nei Spezialkommissioun iwwerhëlt dann och déi iwwregbleiwend Projet-de-loien, déi d'Accorde vun den Tripartitt-Verhandlunge vum September ëmsetzen.

Wat d'Zesummesetzung vun der Spezialkommissioun ugeet, sou gëtt proposéiert, datt déi déi selwecht soll si wéi bei där viregter Tripartitt-Spezialkommissioun. Dat heescht: fir d'CSV d'Madamm Martine Hansen, den Här Laurent Mosar, den Här Gilles Roth, den Här Marc Spautz an den Här Claude Wiseler; fir d'DP den Här Guy Arendt, den Här André Bauler an den Här Gilles Baum; fir d'LSAP den Här Yves Cruchten, den Här Mars Di Bartolomeo an den Här Dan Kersch; fir déi gréng den Här François Benoy an d'Madamm Josée Lorsché; fir d'ADR den Här Fernand Kartheiser; a fir d'Piraten den Här Sven Clement.

Ass d'Chamber mat der Schafung vun dëser Spezialkommissioun souwéi mat hirer Zesummestellung averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm.

D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

Hei, d'Myriam wëllt nach eppes soen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo.

**Une voix** | Sch!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech wëll nach eppes soen: Ech si jo op der Numéro une fir e Gest, deen ech hei an der Chamber gemaach hunn, woufir ech mech entschëllegen, obwuel dee Gest eigentlech guer net esou geduecht war. Well gleeft mer es, wann ech dem Här Kersch dee Gest hätt wëlle maachen, hätt ech ëm e riicht an d'Gesiicht gemaach an op kee Fall am Fortgoen!

Also, dat ass e bëssen eng Momentopnam. Ech hunn esou gemaach!

*(Mme Myriam Cecchetti fait allusion à son geste de doigt d'honneur.)*

An ech weisen et elo net, Dir wäert dat alleguer an der Press da gesinn. Wéi gesot, nach eng Kéier, ech entschëllege mech fir eppes, wat ech awer wierklech net esou gemengt hunn!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Domat hutt Dir méi Gréisst gewise wéi den Här Kersch.

**M. Fernand Etgen,** Président | Madamm Cecchetti, Dir musst wëssen, datt de Video-Assistant-Referee alles gesäit!

*(Hilarité)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, däerf ech eppes soen?

**M. Fernand Etgen,** Président | Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, däerf ech eppes soen? Här President ...

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Sitzung ass opgehuewen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, ech wollt eppes dozou soen!

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, den Här Kersch nach.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Fir mech ass dat esou an der Rei, wéi d'Madamm Cecchetti et gesot huet.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Den Här Kersch hätt sech och kënnen entschëllegen!

*(La séance publique est levée à 21.58 heures.)*

# 36e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 61
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Discours de M. le Président** p. 61
   M. Fernand Etgen, Président
3. **Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'Administration parlementaire** p. 61
   M. Fernand Etgen, Président
4. **7954 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration** p. 61
   Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten
   Discussion générale : M. Paul Galles | M. Gusty Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis (dépôt de la motion 1) | M. Sven Clement (dépôt de la résolution 1)
   Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Jean Asselborn
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 7954 et dispense du second vote constitutionnel
   Motion 1 : Mme Nathalie Oberweis | M. Paul Galles | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser | M. Yves Cruchten | M. le Ministre Jean Asselborn | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. le Ministre Jean Asselborn)
   Vote sur la motion 1 (rejetée)
   Résolution 1 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | M. Yves Cruchten | M. Claude Wiseler | M. Fernand Kartheiser
   Vote sur le renvoi de la résolution 1 en commission (adopté)
5. **Motion de M. Sven Clement au sujet des crimes du régime iranien** p. 68
   Exposé : M. Sven Clement
   Discussion générale : M. Yves Cruchten | M. Claude Wiseler
   Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes
   Vote sur la motion modifiée (adoptée)
6. **8111 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix d'approvisionnement en chaleur pour certains clients raccordés à un réseau de chauffage urbain** p. 69
   Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : Mme Josée Lorsché
   Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement
   Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8111 et dispense du second vote constitutionnel
7. **8032 – Projet de loi complétant le Code pénal par l'introduction d'une circonstance aggravante générale pour les crimes, délits et contraventions commis en raison d'un mobile fondé sur un ou plusieurs des éléments visés à l'article 454 du Code pénal** p. 71
   Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
   Discussion générale : Mme Elisabeth Margue | Mme Carole Hartmann | M. Dan Biancalana | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
   Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8032 et dispense du second vote constitutionnel
8. **Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet du bilan de Esch2022 : Capitale européenne de la culture** p. 75
   Exposé : M. Fred Keup
   Débat : M. Georges Mischo | M. André Bauler | Mme Simone Asselborn-Bintz (intervention de M. Fred Keup) | Mme Djuna Bernard | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen (interventions de M. André Bauler)
   Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
9. **8166 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'Ombudsman et au Conseil national de la justice** p. 81
   Rapport de la Commission du Règlement : M. Charles Margue (intervention de M. André Bauler)
   Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8166
   M. Fernand Etgen, Président (intervention de M. Gilles Roth)


Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jean Asselborn, M. Claude Turmes et Mme Sam Tanson, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Jean Asselborn,** Ministre | Dat ass net de Fall, Här President.

## 2. Discours de M. le Président

**M. Fernand Etgen,** Président | Kolleeginnen a Kolleegen, no enger Rei onpassende Gesten a Wierder hei am héijen Haus wëll ech haut en Appell maachen, datt all Deputéierten, ier en eppes seet, am Viraus soll iwwerleeën, wat e seet. Et gëtt rout Linnen. Mir ass dru geleeën, d'Bild vun der Chamber als Institutioun ze bewaren, an ech hoffen, Iech och. Et ass mir gradesou wichteg, datt et heibanne just ëm d'Saach geet. Déi ëffentlech Sitzungen däerfen net degeneréieren.

Ech zielen op Iech a soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

## 3. Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'Administration parlementaire

**M. Fernand Etgen,** Président | Da komme mer zum Ordre du jour vun haut. Opgrond vun der Decisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 43 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt dem Här Marcel Goedert, Artisan dirigeant, deen d'Administration parlementaire pensiounshalber verlooss huet, den Éierentitel vu senger Funktioun zouerkannt. Mir wënschen dem Marcel eng wuelverdéngt Pensioun!

*(Applaudissements)*

## 4. 7954 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Mir kommen elo zum zweete Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7954 iwwert d'Definitioun vum „éloignement" am Kader vun der Immigratioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Gusty Graas, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile***

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 7954, deen den 19. Januar zejoert deposéiert ginn ass, gesäit eng Partie Ännerungen um Gesetz iwwert d'Beweegungsfräiheet an d'Immigratioun aus dem Joer 2008 vir.

Ech betoune gär direkt, datt heimat d'Fräizügegkeet net ageschränkt gëtt. Et geet prinzipiell drëm, Prezisioune virzehuelen an e puer Klengegkeeten ofzeänneren, déi awer keen Impakt op d'Beweegungsfräiheet hunn.

An der Haaptsaach geet et ëm zwou Mesüren: d'Prezuséiere vun der Notioun vum Eloignement an d'Aféiere vun enger nationaler „interdiction d'entrée sur le territoire".

Bis elo war d'Definitioun vum Eloignement nämlech net ganz kloer, wat derzou gefouert huet, datt eist Immigratiounsgesetz net genee sou applizéiert ginn ass, wéi deemools de Legislateur et geduecht hat.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt den Eloignement da kloer definéiert. Et handelt sech hei ëm de physeschen Transfert vun engem auslännesche Bierger baussent dem Territoire vum Grand-Duché opgrond vu verschiddene Fäll vun Ausweisungen. Dës Definitioun soll bei der Rechtsspriechung fir méi Kloerheet suergen.

An dësem Sënn gesäit den Text och eng Neierung vir, wat d'Grënn ubelaangt, fir déi en Eloignement kann decidéiert ginn. An zwar gëtt de Begrëff „raisons impérieuses de sécurité publique" ausgeweit. Ënnert dëse Begrëff falen eng Partie besonnesch grav Strofdoten.

Mat dësem Projet de loi gëtt dem EU-Recht no agefouert, datt EU-Bierger, déi fir eng vun dëse besonnesch grave Strofdote verurteelt gi sinn, kënnen aus dem Land ausgewise ginn, well si eng Gefor fir d'ëffentlech Uerdnung, d'Gesondheet oder d'Sécherheet duerstellen. Hei geet et beispillsweis ëm Terrorismus, Mënschenhandel, Ausbeutung vu Fraen a Kanner, Drogenhandel, Waffenhandel an all déi aner Forme vun organiséierter Kriminalitéit. D'Méiglechkeet fir dës Dispositiounen ass am EU-Recht virgesinn, a si sinn och an de Juridictioune vun anere Memberstaaten a Kraaft.

Bei der Interdiction d'entrée sur le territoire geet et drëms, ganz kloer an explizitt am Gesetz festzehalen, ënner wéi enge Konditiounen den zoustännege Minister esou e Verbuet, an d'Land ze kommen, ausschwätze kann – selbstverständlech nach ëmmer a Konformitéit mat där relevanter EU-Direktiv aus dem Joer 2008.

Den Artikel 111 Paragraf 2 vum Immigratiounsgesetz definéiert d'Bestëmmungen, no deenen d'Areesverbuet kann decidéiert ginn. Persounen aus Drëttstaaten, deenen entweeder keen Delai fir e fräiwëllege Retour accordéiert ginn ass oder déi den Delai iwwerschratt hunn, kënnen en Areesverbuet ausgeschwat kréien.

Ausserdeem gëtt mat dësem Projet de loi agefouert, datt bei verschiddenen Zorte vun Ausweisungen zousätzlech en Areesverbuet vu maximal fënnef Joer kann ausgeschwat ginn, wann déi betraffe Persounen eng Gefor fir d'ëffentlech Uerdnung, déi ëffentlech oder déi national Sécherheet sinn.

Ech géif gär betounen, datt dës Dispositioune bestëmmt eenzel Leit oder spezifesch Gruppe vu Leit betreffen. Et handelt sech hei net ëm en Text géint d'Immigranten. Dësen Text schränkt, wéi gesot, och keng Beweegungsfräiheet an. Am Contraire: Mir stäerke mat dësem Text am Fong Schengen a verhënneren, datt eis Noperen opgrond vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit Grenzkontrollen aféieren. Et geet hei drëms, d'Legislatioun ze adaptéieren a Begrëffer méi kloer ze definéieren, fir datt d'Gesetz esou kann applizéiert ginn, wéi et virdru scho geduecht war.

Déi Mesüren, déi ech genannt hunn, erlaben et, datt den Artikel 142 vum Immigratiounsgesetz, deen och penal Poursuitte virgesäit, fir Auslänner, déi trotz engem Areesverbuet zréck an d'Land kommen, och ka korrekt applizéiert ginn. Esou riskéiere Leit, déi trotz enger Interdiction d'entrée sur le territoire an d'Land kommen, eng Prisongsstrof vu bis zu dräi Joer.

Ee leschte Punkt vun dësem Gesetz, deen ech och nach gäre géif ervirsträichen, ass eng Ännerung vun der Openthaltserlabnis aus private Grënn. D'Iddi vun dëser Ännerung ass, datt Suen eleng net duerginn, fir sech hei am Land néierzeloossen, wann een donieft guer kee Lien zu Lëtzebuerg oder souguer zur Europäescher Unioun huet. Domat gëtt dës Zort vun Openthaltsgeneemegung – an anere Länner schwätze se alt vu „Golden Visa" – quasi ofgeschaf.

Och bei dëser Dispositioun geet et net drëms, d'Immigratioun anzedämmen. D'Zil vun dëser Ännerung ass et ze verhënneren, datt Leit mat vill Suen, déi awer glat a guer näischt mat Lëtzebuerg ze dinn hunn, dës Méiglechkeet systematesch ausnotzen. Ausserdeem gëtt et zanter 2017 fir Leit, déi hei am Land investéiere wëllen, d'Méiglechkeet, en Titre de séjour als Investisseur ze kréien.

Dofir beschränkt dëse Projet de loi d'Openthaltsgeneemegung aus private Grënn op zwou Kategorië vu Leit: Dat sinn éischtens Leit, déi an der EU oder am Schenge-Raum schaffen, an zweetens Leit, déi vun enger Pension de vieillesse, d'invalidité ou de survie profitéieren, déi vun enger Assurance hei zu Lëtzebuerg, an der EU oder am Schenge-Raum ausbezuelt gëtt.

De Staatsrot huet den 28. Juni zejoert säin Avis zum Projet de loi ofginn. An dësem Avis huet de Staatsrot eng Opposition formelle ausgeschwat, déi mer awer an eisen Aarbechte konnten aus der Welt schafen. Eng Partie Prezisiounen hu mer do ginn. An der aussepolitescher Kommissioun vum 24. Oktober sinn déi Amendementer ausgeschafft ginn. Duerno krute mer nach zwee Avisen, den Avis an den Zousazavis vun der Chambre de Commerce. A mir konnten, nodeems alleguerten d'Schwieregkeeten ausgeraumt waren, an der Sitzung vum 24. Januar dëse Rapport unhuelen. Weider Avisen hu mer net kritt.

Ech soen Iech Merci an ech ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles ageschriwwen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Merci och fir d'éischt dem Yves Cruchten als Rapporter. En huet eis dat Gesetz elo hei ganz gutt erkläert. Et ass e Gesetz, wat eng Klärung soll bréngen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an et ass e Gesetz, fir dat den Yves Cruchten och erkläert huet, woufir et elo néideg gi war.

Et ass ëmmer, wa mer iwwer Immigratioun schwätzen, duerchaus heiansdo e kriddelegt Geschäft, well engersäits schwätze mer da vu Reegelen, déi mer applizéieren, Reegelen, déi mer hunn, Reegelen, déi e Land definéiert, an anerersäits schwätze mer zugläich vu Mënschen, déi an duerchaus kriddelege Situatioune sinn. An et ass net ëmmer evident, déi zwou Saache beieneenzebréngen, Reegelen a Mënschen.

A wat an der Immigratioun dofir ganz wichteg ass fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat ass, dass mer Reegelen hunn, déi kloer sinn, déi fair sinn, déi mënschlech sinn, awer déi zugläich och net naiv sinn.

Dëst Gesetz – esou liesen ech et och, an de Rapporter huet dat erklärt – bréngt virun allem eng Klärung. Et kann een natierlech heiansdo, wann een et esou

wëll gesinn, mengen, et wär eng Verschäerfung vu Reegelen, mee et ass eigentlech eng Klärung vu Reegelen, déi mer souwisou schonn hunn, an et ass eng Klärung vu Reegelen, fir mat méi heftege Situatiounen ëmzegoen, wéi se sech och hei am Land presentéieren.

An ech mengen tatsächlech, dass ech och den Avis vum Rapporter kann deelen, dass et hei net dréms geet, Saachen anzeschränken, déi eigentlech hei am Land selbstverständlech sinn. Dofir, ënnert deene Virzeeche fënnt dëst Gesetz och eisen Accord.

Mir haten – an dat wëll ech just an der Klammer soen – awer interessant Diskussiounen och an der Kommissioun, an zum Beispill – ech wëll déi Fro opgräifen, déi de Rapporter selwer an der Kommissioun gestallt huet – nämlech déi vun der Transkriptioun vun engem Statut vun engem Land op dat anert.

Mir hate gëschter an der Heure d'actualité, déi de Marc Spautz hei ugefrot hat iwwert d'Aarbechtsméiglechkeete vun de Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg, och déi Fro vun der Transkriptioun vun engem Statut temporaire op en anere Statut.

Dat si Froen, mengen ech, mat deene mer eis och an nächster Zäit nach sollte beschäftegen, fir eeben och all deene ganz ënnerschiddleche Situatioune vu Mënschen hei am Land op eng fair Aart a Weis kënne gerecht ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | Wichteg ass et bei der Applikatioun an och bei der Interpretatioun vun dësem Gesetz, dass mer zwou Saachen am A behalen: Déi éischt ass, mënschlech ze bleiwen, ouni naiv ze sinn. An déi zweet ass, op kee Fall Migratioun an Immigratioun iergendwéi mat Kriminalitéit pauschal beieneenzeféieren oder deckungsgläich ze gesinn. Dat ass nämlech bei Wäitem net de Fall. An dofir ass et och fir eis kloer, dass ee bei der Interpretatioun an Applikatioun vun dësem Gesetz ganz vill Fangerspëtzegefill a Sensibilitéit muss hunn. Dëst Gesetz fënnt eisen Accord ënnert dëse Viraussetzungen, well mer mengen, dass mer hei zu Lëtzebuerg kapabel sinn, genau dat Fangerspëtzegefill un den Dag ze leeën.

An ech soen Iech dofir villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Galles. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, mir sollen eis kengen Illusiounen higinn: D'Immigratioun wäert eis och an deenen nächste Joren nach ganz staark beschäftegen. Si wäert an d'Luucht goen. D'Ursaache si bekannt: An éischter Linn ass dat natierlech oft déi wirtschaftlech Situatioun an deenen eenzelne Länner, dann awer och déi vill Konflikter, déi et op der Welt gëtt, an da kënnt awer en drëtten Aspekt derbäi, deen nach vläicht e bëssen ënnerschätzt gëtt, mee dat ass ouni Zweifel de Klimawandel. Well de Klimawandel wäert ouni Zweifel, wéi gesot, vill Leit derzou bréngen, hir Heemecht an Zukunft ze verloossen.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer zum Beispill an der gesamter EU d'lescht Joer 924.000 Demandes d'asile haten. Dat sinn der 50 % méi par rapport zu 2021.

Et ass natierlech net ëmmer esou evident, fir dee Stuerm u Flüchtlingen ze geréieren. D'Demande vun Demandes d'asile ass am Fong geholl och an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen an 2022 war se esou héich wéi zënter 2016 net méi. An eis Opnameméiglechkeeten hu sech zënter 2014 verdräifacht. Mir kréien natierlech ëmmer méi eeschthaft Problemer, fir déi Leit awer och adequat ze logéieren, an hei sinn natierlech och d'Gemenge gefuerdert. Duerfir erlaabt mer och vläicht op dëser Plaz, vu datt jo awer vill Kolleeginnen a Kolleegen hei och Responsabilitéit a ville Gemengen hunn, den Opruff, datt se och sollen e Bléck fir déi dote Problematik hunn.

Ech wëll och drun erënneren, datt zum Beispill an Holland d'lescht Joer hu misse Flüchtlingen op Kreuzfaartschëffer ënnerdaach bruecht ginn. Dat ass jo mat Sécherheet keng Léisung, mee dat erklärt jo awer och, wéi eng Problemer sech do stellen.

Mir hunn net méi spéit wéi leider d'lescht Woch erëm en enormen Drama erlieft virun der süditalieneescher Küst mat iwwer 70 Doudegen. Do gesäit een awer och, wéi verzweifelt datt déi Leit sinn, datt se bereet sinn, hiert Liewen op d'Spill ze setzen, fir hir Heemecht ze verloossen. Wat natierlech ganz schlëmm ass, ass, datt dann awer skrupellos Schleiser mat där Situatioun och nach Geld verdéngen.

Natierlech profitéieren och Leit dervun, fir dann illegal a Länner anzereesen. Mir mussen och feststellen – ech wëll elo keen direkte Lien do hierstellen, mee et ass awer och eng Tatsaach –, datt och gläichzäiteg d'Kriminalitéit an deene leschte Joren e bëssen an d'Luucht gaangen ass. Ech mengen, da kommen aner Problemer derbäi wéi Ausbeutung vu Fraen, den Drogekonsum, illegale Waffenhandel. An dann ass et evident, datt de Rechtsstaat allerdéngs muss reagéieren. A propos illegal Immigratioun: Där hate mer d'lescht Joer iwwer 330.000 an der Europäescher Unioun.

Den Terror ass natierlech och nach wie vor e Problem, deen eis ëmmer muss interpelléieren, och wann een d'Gefill huet – dat kann awer täuschen –, datt et vläicht déi lescht Zäit e bësselche méi roueg ginn ass. Mee mir mussen awer ganz vigilant sinn. Dowéinst begréisse mer och, datt zum Beispill och elo Bierger, déi der Europäescher Unioun ugehéieren, kënne gegeebenefalls ausgewise ginn.

Natierlech gëtt et ëmmer Grenzsituatiounen, an de Minister ass mat Sécherheet och net ëmmer ze beneiden bei verschiddenen Decisiounen, déi e muss huelen. Ech mengen, et ass keen, dee gär am Zesummenhang mat Mënsche vun Ofschibung schwätzt, vun Eloignement, vu Retour, vun a Retentioun setzen. Duerfir ass et am Fong geholl och gutt, datt deen neien Text hei kënnt. Deen Text hei gëtt méi Kloerheet, an den Yves Cruchten huet dat elo scho ganz gutt hei erklärt. Ech wëll ëm och scho Merci soe fir seng verschidde Rapporten.

Ech wëll och op een oder deen anere Punkt hei kuerz nach agoen. Den Artikel 3 zum Beispill, dee setzt jo elo méi streng Konditiounen, wat den Openthalt fir Leit aus Drëttstaaten hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. Op den éischte Bléck huet ee vläicht d'Gefill, mir géifen hei d'Schrauf méi zoudréinen. Mee et ass och scho vun den zwee Virriedner hei betount ginn: Dat ass net de Fall. Et ass eebe fir, wéi gesot, méi kloer Reegelen hei opzestellen.

Datt een eebe muss e gewëssene Lien mam Land hunn, deen iwwert dat erausgeet, datt een eng staark finanziell Situatioun huet, ass och méi wéi verständlech. An et däerf een natierlech och net vergiessen, datt mer awer och net onendlech hei zu Lëtzebuerg Leit ophuele kënnen, obwuel mir nach ëmmer predestinéiert sinn, fir an deem Feld do ganz aktiv ze ginn.

Den Artikel 4, dee fënnt natierlech fir eis als Demokratesch Partei och seng Justifikatioun. Hei geet et jo ëm den illegalen Openthalt vu Leit hei zu Lëtzebuerg. Duerfir menge mer och, datt et am Artikel 9 richteg ass, deen elo virgesäit, datt eebe méi kloer Krittäre festgehale ginn, wa Leit mussen an e Centre de rétention gesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu jo nach e puer Sekonnen. Erlaabt mer vläicht nach, e puer allgemeng Remarken ze maachen iwwer déi ganz Migratiounspolitick insgesamt um europäeschen Niveau. Ech mengen, d'Europäesch Unioun, déi ouni Zweifel jo eng Successstory duerstellt, huet awer ee Schwaachpunkt. Dat ass nun eeben d'Migratiounspolitick, dat ass eis och alleguer bekannt. Mir wëssen och, datt Dublin III muss ouni Zweifel reforméiert ginn. Mir wëssen och, datt mer mussen en anere Verdeelungsschlëssel opstellen, wat d'Akzeptanz vu Flüchtlingen op den eenzelnen Territoiren ubelaangt. An ech wëll dat och ganz kloer an däitlech hei soen: Mir kënnen a mir däerfen och déi Länner, déi laanscht d'Mëttelmier leien – ech denken hei an éischter Linn u Griicheland, ech denken un Italien –, mir däerfen déi Länner och net eleng loossen.

Dann nach e ganz schnellt Wuert och zu Frontex. Frontex, déi jo an deene leschte Méint a Joren éischter e bëssen negativ an d'Schlagzeile komm ass. Ech mengen, op Frontex muss awer an Zukunft opgebaut ginn. Hei musse Grenzkontrolle gemaach ginn a virun allem mat deene Länner, wou eeben och Accorde bestinn; ech denken un Algerien, Tunesien, Marokko oder och nach anerer. Ech wëll awer ganz däitlech hei ënnersträichen, datt mer awer dergéint sinn, datt sollen nei Maueren hei an Europa opgeriicht ginn.

Voilà, an deem Sënn ass dat heiten awer e wichtegt Gesetz. Et gëtt méi Transparenz, et gëtt méi Kloerheet an an deem Sënn wäert ech selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Graas. An da wier et un där honorabeler Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir unzefänken och dem Här Cruchten villmools Merci soe fir de Rapport an och fir d'Aarbecht an der Kommissioun. Mir hunn do alles am Detail erkläert kritt. Dir sidd och hei op alleguerten d'Detailer agaangen. U sech ass schonn alles gesot.

Ech géif just vun eisem Point de vue aus vläicht och nach ervirhiewen, dass eeben aus dem Point de vue Sécurité intérieure, der ganzer Diskussioun, déi mir haten am Kader vun deem Sécherheetspak, wou et ëm d'Situation sécuritaire am Quartier Gare gaangen ass, wou mir dee Groupe interministériel gemaach hunn, do hate mer eng Motioun gestëmmt. An ee Punkt vun där Motioun war eebe justement, den Artikel 142 unzegoen, well et do net kloer war beim Term „éloignement". An dat ass eeben ee vun de Punkten, déi hei och an dëst Gesetz eeben elo eragefloss sinn.

Wat och nach wichteg ze soen ass – meng Virriedner hunn et zwar schonn alleguerte gesot, mee fir eis ass et awer och e Punkt, dee mer wëllen ervirsträichen –: Et geet wierklech net dréms, d'Fräizügegkeet hei am Land anzeschränken oder d'Rechter vun de Migranten ze beschneiden. Den Här Rapporter huet et jo och erklärt: Et geet notamment ëm méi grav Situatiounen, déi wierklech och just e ganz, ganz klengen Deel vun de Migrante betreffen. Et geet wierklech net dréms, d'Leit hei an een Däppen ze geheien, wou et dann och ëm Strofdote geet, fir do Abusen ze

verhënneren. An et geet eeben och drëm ze verhënneren, dass déi Leit dann och vun där Fräizügegkeet kënne profitéieren, fir hire kriminellen Aktivitéiten nozegoen.

An an deem Kader géif ech dann och soen, dass do jo rezent och Artikelen an der Press ze liese waren, wou am Raum stoung, dass Lëtzebuerg via dat Gesetz hei awer elo géif Restriktiounen aféieren. Wéi ech den Artikel gelies hunn, war ech ee Moment erféiert. Do hunn ech geduecht: „Hunn ech eppes verpasst an der Kommissioun?“ Do sinn ech direkt nach eng Kéier de Gesetzestext liese gaangen an hunn en natierlech nach eng Kéier am Detail gekuckt. An et ass awer effektiv esou, dass den Text, esou wéi en do steet ... Dat, wat do am Raum stoung, geet absolutt net aus dem Gesetzestext ervir, soudass mir als gréng Fraktioun och dësen Text mat ganz rouegem Gewësse kënne matstëmmen.

A Lëtzebuerg wäert weiderhin natierlech en oppent Land bleiwen an e Partner sinn op europäeschem Plang, dee sech solidaresch weist mat deenen aneren europäesche Länner, virun allem mat deene Leit, déi aus wéi engem Grond och ëmmer de Wee bis bei eis fannen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wéilt och ufänken an dem Här Cruchten Merci soe fir de Rapport. Dat sinn ëmmer sou dréche Matièren, wann et ëm Paragrafe geet, mee en huet et – alt nees eng Kéier, muss ech soen – fäerdegbruecht, eis dat ganz plastesch duerzestellen an esou, datt, mengen ech, jiddereen elo weess, ëm wat et geet.

Et sinn hei Saache gesot ginn, déi mir als ADR nëmme kënnen ënnerstëtzen. Dir wësst, mir – wéi all déi aner heibannen, an et ass och ganz gutt esou – bekennen eis zum Asyl. Mir bekennen eis zu der Mënschlechkeet, zu der Matmënschlechkeet. An dat ass eppes, wat gutt ass zu Lëtzebuerg, datt et do keng Meenungsverschiddenheete gëtt.

Wat eis vläicht ënnerscheet vun aneren, dat ass, datt mer awer ganz konsequent géint eppes virginn, wat an Europa ganz vill de Fall ass an och hei zu Lëtzebuerg, dat ass déi illegal Immigratioun an et ass en Netrespekt vu Gesetzer vun engem klengen Deel vun de Migranten. Och dat steet ausser Fro. Déi meescht Leit, déi hei an d'Land kommen, déi respektéieren eis Gesetzer. Vill vun hinnen droe ganz zu eiser Gesellschaft bäi op ville verschiddene Pläng, ekonomesch, kulturell, einfach mënschlech. Dat steet och alles net zur Debatt!

An awer, mengen ech, ass dat hei e Gesetz, wat eis weist, datt mer musse méi realistesch ginn, einfach d'Realitéiten emol gesinn, se nennen, se unerkennen an do, wou Problemer sinn, och dergéint virgoen. An deem Sënn ass dat hei e Gesetz, wat iwwerfälleg war.

Natierlech, d'ASTI huet eis haut de Moien nach geschriwwen, et däerf ee kee „raccourci entre criminalité et immigration“ maachen. Dat mécht kee Mënsch. An awer gebitt eis d'Éierlechkeet géintiwwer eise Matmënschen hei am Land ze soen, zemools géintiwwer deenen, déi domat direkt confrontéiert sinn, den Awunner vun der Gare an op anere Plazen am Land, déi genee wëssen, wéi eng Problemer do all Dag sinn, datt mer do eppes maachen, fir deene Leit entgéintzekommen an hir Situatioun ze verbesseren.

D'Fro ass: Dëst Gesetz, geet dat duer, fir dat Zil ze erreechen? Et sinn eng Rei Verbesserungen dran, zum Beispill dee Realismus, deen ech schonn ugeschwat hunn. Hei gëtt ausdrécklech gesot, mir hätten eng „problématique de la criminalité organisée“. Dat wär e „phénomène croissant“. Dat steet hei am Text dran, an ech mengen, dat ass eng Unerkennung vun enger traureger Realitéit.

Awer wann et dann drëm geet fir ze soen: Mir mussen d'„raisons impérieuses de sécurité publique“ ..., och dat ass en Ausdrock hei aus dem Text, dee weist, datt mer wierklech mat engem massive Problem awer confrontéiert sinn. Do geet et da fir Strofen, wou een op d'mannst fënnef Joer Prisong kritt. Mee dat ass immens vill. Fir ganz vill Delikter gëtt et keng fënnef Joer, dat heescht, do gräift dat emol net. An do muss ee sech iwwerleeën, ob dat hei wäit genuch geet. An eisen Aen hätt een dat kënnen zum Beispill bei zwee Joer usetzen an net bei fënnef Joer.

Et ass einfach esou, datt mer musse realistesch ginn, datt mer d'Leit hei am Land musse schützen, datt mer géint déi, déi hiren Openthalt hei am Land mëssbrauchen, fir kriminell ze ginn, och wierklech ganz staark virginn.

De Punkt ass och deen, an et ass och gutt, datt, wann een eng Interdiction de territoire huet, dat dann och elo strofbar gëtt. Well mir hunn en immense Frust. Mir hu gëschter, Här Minister, do waart Dir net bei eis – mir sinn iwwregens frou, datt et Iech gesondheetlech elo besser geet –, mee mir hu gëschter diskutéiert iwwer verschidden Aspekter vun der Migratiounspolitick. An och do hu mer driwwer geschwat, datt et eebe wichteg ass, fir géint esou Saache virzegoen, an datt mer musse kucken, datt net jiddereen hei am Land ka bleiwen. Och dat ass wichteg.

Dir kennt déi Genfer Konventioun, wéi mir se kennen. De Respekt virun de Gesetzer vum Land ass extreem wichteg. Wann een heihinnerkënnt an zum Beispill net seet, wéi dat ass, wann ee seng Schleiser deckt, dann ass dat eng Kooperatioun mat engem kriminelle Reseau. Dat géife mir zum Beispill net toleréieren, datt d'Leit net genee soen: Wéi si se heihi komm? Wien huet mir gehollef? Wéi eng Weeër si benotzt ginn, fir dat ze maachen? Dat geet an eisen Aen net!

Genausou ass et nach, wann zum Beispill d'Leit sech enger Identifikatioun widdersetzen. Dat geschitt och relativ massiv. Och dat kënne mer net toleréieren! Ech mengen, wien Asyl wëll, wie verfollegt ass, deen huet guer kee Grond, sech senger Identifikatioun ze entzéien. Dat si Leit, déi wierklech heihinner kommen. Wann een net wëll soen, wien een ass, firwat een heihi komm ass, wéi een heihi komm ass, dann ass dat eng Form vun Onéierlechkeet, déi mir net géifen akzeptéieren, déi awer nach ëmmer an Ärem Ministère, Här Asselborn, also vun Iech, ënner Ärer Verantwortung, toleréiert gëtt. Dat geet net!

Ech mengen, wann een op dëse Wee geet, datt een e bëssen awer higeet an eis Rechtsstaatlechkeet besser verdeedegt viru Saachen, déi mer hei am Land net wëllen, da muss dat konsequent gemaach ginn. Mee dëst Gesetz, wéi gesot, ass en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung, an dowéinst wäerte mir et och matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, och ech si frou, dass Der erëm do sidd. A voilà, schount Iech weiderhin!

Jo, et wäert Iech net wonneren: Als Member vum Parlament wëll ech mat dësem Gesetz näischt ze dinn hunn. Et ass menger Meenung no e Gesetz, wat ganz kloer no riets geet, méi restriktiv gëtt a méi repressiv gëtt. Et ass de Garer-Quartiers-Gesetzestext, esou huet den Affekot Frank Wies et an engem Reportage genannt. D'Immigratiounsgesetz gëtt un de Garer Quartier ugepasst. Et ass Deel vum Drogekriminalitéitspak. D'Drogekriminalitéit fënnt also seng Äntwert hei an der Immigratioun.

Ech ginn op e puer Punkten an. Den Artikel 2 gesäit vir, dass EU-Bierger an hir Familljen och elo am Centre de rétention agespaart kënne ginn. An et muss een et esou nennen, well se sinn agespaart. Am Commentaire des articles liest een also, dass d'Notioun „raisons impérieuses de sécurité publique“ méi breet ausgeluecht gëtt, eebe fir Leit kënnen anzespären.

Hei kann ee just feststellen, dass Migratioun a Kriminalitéit matenee vermëscht ginn, dass de Kampf géint Kriminalitéit iwwert de Kampf géint Migratioun gefouert gëtt an doduerch e geféierlechen Amalgamm geschaf gëtt. An och dat denoncéiere Mënscherechtsorganisatiounen, wéi och d'ASTI.

Här President, da gesäit een och den Artikel 3. Dee gesäit nach vir, dass de Minister och eng „autorisation de séjour pour des considérations humanitaires d'une exceptionnelle gravité ou pour des motifs exceptionnels au ressortissant de pays tiers“ kann erausginn. Dat ass e positive Punkt. Dat fanne mir gutt!

Ech wéilt dann och direkt hei derfir plädéieren, dass déi Mënschen, déi säit Joren zu Lëtzebuerg toleréiert ginn, well se zum Beispill net kënnen zréck an hiert Land geschéckt ginn, wéi zum Beispill och ganz vill Afghanen, direkt sollen esou eng Autorisatioun kréien. Wann déi net an dee Cas de figure passen, da weess ech net, wien.

Och sollen esou, mengen ech, déi Mënschen, déi säit Joren am Centre de rétention sinn, eran- an erausginn, endlech regulariséiert ginn. Mënschen, déi net zréck an hiert Land kënne geféiert ginn, solle guer net an de Centre de rétention kommen, well u sech komme se jo dohinner en vue vun enger Expulsioun. Verschidden Detenuë ware schonn dräi-, véier-, fënnef-, sechsmol a méi oft am Centre de rétention dobannen an dobaussen. Dat kann net sinn, dat ass en absolutten Echec vun eiser Immigratiounspolitick!

Och d'ASTI huet rezent an enger Publikatioun iwwer Sans-papiere plädéiert, nees eng extraordinär Regulariséierungscampagne mat klore Krittären iwwer eng limitéiert Zäitspan ze maachen. An dofir ginn ech dann och hei eng Motioun derfir eran.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que des personnes issus de pays tiers vivent et travaillent sur le territoire luxembourgeois pendant des périodes prolongées sans autorisation de séjour valable, tout en reconnaissant que leur nombre exact n'est pas connu ;*

*– considérant que les personnes sans autorisation de séjour valable se trouvent généralement en situation de vulnérabilité administrative, économique et sociale et qu'une régularisation permet de stabiliser la situation des personnes concernées ;*

*– considérant que la législation actuelle permet une régularisation de personnes sans autorisation de séjour valable mais uniquement au cas par cas ;*

*– considérant le manque de main d'œuvre ;*

*– considérant que la dernière campagne généralisée de régularisation des personnes en séjour irrégulier fut menée en 2013, menant au final à la régularisation de 543 personnes,*

*invite le Gouvernement*

*– à mettre en œuvre dans les meilleurs délais une campagne extraordinaire sous certains critères de régularisation des personnes issus de pays tiers sans autorisation de séjour valable à l'image de celle menée en 2013.*

*(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wat net manner verwonnerlech ass, ass, dass zënter Jore vun Alternativen zu der Retentioun rieds geet. Eng Maison de retour war virgesi schonn am Koalitiounsvertrag. Näischt ass geschitt, ausser dem Ausbau vum Centre de rétention.

Den Artikel 4 huet och e kloert Zil, beschriwwen am Commentaire des articles: „La modification proposée est motivée par le souci de gérer de manière plus effective l'éloignement des ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier sur le territoire luxembourgeois et notamment l'éloignement des personnes qui sont titulaires d'un droit de séjour valide dans un autre État membre de l'UE ou de l'Espace Schengen."

Den Artikel 4 bréngt d'Méiglechkeet eran, Mënschen ouni valid Pabeieren direkt ze eloignéieren. Hei nach eng Kéier aus dem Commentaire des articles: „tout ressortissant de pays tiers en séjour irrégulier sur le territoire luxembourgeois pourra dorénavant être éloigné par la contrainte et en exécution d'une décision de renvoi vers l'État membre qui l'avait antérieurement admis à entrer ou à séjourner sur son territoire ou duquel il provient directement". Et ass immens interessant, de Commentaire des articles an dësem Gesetz spezifesch ze liesen. An deem Kontext wéilt ech nofroen, wat konkreet den Term „d'office" heescht. Am Artikel heescht et: „Cette décision peut être exécutée d'office et par la contrainte." Wat heescht genau den Term „d'office"?

Den Artikel 8 gesäit eng Interdiction d'entrée vir. Hei nach eng Kéier aus dem Commentaire: „Afin de remédier plus efficacement à la multiplication des séjours irréguliers de ressortissants de pays tiers bénéficiant ou ayant bénéficié à un moment donné d'un droit de séjour dans un autre État membre ou duquel ils proviennent directement [...], ainsi que de ressortissants de pays tiers qui retournent au Luxembourg après avoir fait l'objet d'un transfert vers un autre État membre en application du règlement dit Dublin III, une situation qui est par ailleurs intensifiée par la problématique de la criminalité organisée, il est proposé d'instaurer une interdiction d'entrée sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg, prononcée facultativement ou obligatoirement suivant le cas." Wéi gesot, ganz interessant, de Commentaire des articles ze liesen.

Ech weess, dass eng Rei Leit sech iwwert dës Dispositioune freeën. Ech weess och, dass ganz vill Leit keng Alternativen zu esou Moossname gesinn. Mee ech wéilt soen, dass et en Echec ass fir e Land, fir eng Gesellschaft, fir eng politesch Partei, eng Regierung, eng Chamber, d'EU an iwwerhaapt d'ganz Welt, wa mer net kapabel sinn, eis virzestellen, wéi mer zesumme kënnen op döser Äerd liewen, wéi mer d'Ressourcen an och d'ländlech Ressourcë vun döser Äerd kënnen deelen an dës Ressourcë kënne gerecht opdeelen.

Ech wéilt eis drun erënneren, dass mer all just Locatairen op dësem Planéit sinn. Mir sinn all nëmme flüchteg hei an näischt gehéiert eis.

Dat Land hei gehéiert eis och net, dat ass meng Meenung. D'national Grenze sinn, gekuckt op der Zäitspan vun der Äerdgeschicht, net emol eng Sekonn al. An deem Sënn weess ech och net, ob ech iwwert dës lächerlech, verzweifelt Moossnamen hei soll laachen oder kräischen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir et virewech ze soen: Mir Piraten stinn dësem Projet och kritesch géintiwwer. Ausweisungen a Réckféierunge sinn oft mat perséinlechen Tragedië verbonnen.

Mir Piraten sinn d'accord, datt et Leit gëtt, déi net dierfen zu Lëtzebuerg bleiwen, dat ass kloer. Mir denken awer, datt Réckféierungen nëmmen an engem ganz, ganz restriktive Kader dierfe geschéien. Donieft dierfe Persounen nëmmen an absolutten Ausnamefäll an zouene Strukturen ënnerbruecht ginn, wou se op d'Ausweisung waarden.

Systematesch Aspärunge vu Leit si fir eis net ze akzeptéieren. Mir sinn och net d'accord, datt heimat d'Dublin-Accorden an d'nationaalt Recht kommen. Lëtzebuerg hat et nämlech richteg gemaach an eisen Aen, andeems mer deemools bei der Transpositioun vun der Direktiv 2008/115 genau dës Ausnam gemaach hunn.

D'Länner um Mëttelmier kämpfen nach ëmmer mat enger grousser Unzuel u Persounen, déi iwwert d'Mier riskéieren an d'EU ze kommen. Déi, déi de Wee iwwert d'Waasser iwwerliewen an net duerch illegal Pushbacks erëm zréckgedriwwe ginn, ginn a Lagere wéi Moria ënnerbruecht, déi kengem Mënscherechtsstandard gerecht ginn.

Lëtzebuerg dierf keng Leit zréck an Italien oder Griicheland schécken, wann hire Sort net mënscherechtskonform assuréiert ass. Déi Länner ächzen haut schonn ënnert deenen DPIen, déi se musse betreien. Et wier also net nëmme mënscherechtswiddreg, et wier och nach onsolidaresch mat eisen europäesche Partner. D'Dublin-Accorde maachen an eisen Aen zanter aacht Joer kee Sënn méi a sollten dofir elo net eng nei Plaz an eisen nationale Gesetzer fannen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten begréissen awer an dësem Projet, datt d'Leit, déi sech ouni Statut hei am Land ophalen, kënnen e Statut kréien, well se scho laang hei sinn a well se sech hei e Liewen opgebaut hunn. Dat ass ganz wichteg, och am Fall vu Persounen, déi zu Lëtzebuerg toleréiert ginn, awer deenen hir Demande op Asyl refuséiert ginn ass. Ville Leit aus Afghanistan geet a goung et jo esou mat hiren Demanden.

Datt de Minister hei kann an exzeptionelle Fäll hëllefen, ass gutt, mee awer och immens arbiträr. Hei kënnt et jo virun allem drop un, ob de Minister vun engem Fall gewuer gëtt oder eeben net, well e ka kenger Persoun an enger exzeptioneller Situatioun hëllefen, wann en net weess, datt et déi Persoun an deem Fall gëtt.

Hei hätte mir eis, geneesou wéi de Staatsrot dat och geschriwwen huet, Krittäre gewënscht, wou Leit an Affekote sech kéinten drop baséieren an erausfannen, ob si dann esou en exzeptionelle Fall sinn oder net. Well eppes huet mech de Moie gepräägt: Mir haten eng Petitiounskommissioun an do gouf eppes gesot iwwert de Gesondheetssystem, datt mer keng Zwouklassemedezinn däerfen hunn, wou déi eng Leit eeben ee kennen, fir méi séier drun ze kommen, an déi aner eebe kee kennen. An ech hunn e bëssen d'Gefill, datt mer hei en Zweeklassenasylrecht maachen. Déi eng Leit wëssen eeben, wéi se hiren exzeptionelle Fall kënnen argumentéieren an déi aner eeben net.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir eis Piraten geet et bei dem Asyl net drëms ze kucken, ob déi Persoun e Méiwäert fir eis Ekonomie duerstellt. Mir Piraten sinn eis bewosst, datt et och Leit gëtt, déi duerch Mënschenhandel gezwonge ginn, Verbriechen ze begoen. Dës Leit sinn dee Moment selwer och Affer, kënne sech awer wéinst hirer irregulärer Situatioun net wieren. An ech verweisen op Presseartikele vun de leschte Méint.

Mir fannen et och net richteg, datt hei d'Mënscherechtskommissioun net ëm en Avis gefrot ginn ass. Dofir, Här President, deposéiere mir haut eng Resolutioun, an där mer da fuerderen, datt an Zukunft all staatlech subventionéiert Organisatiounen dierfen direkt Avisen un d'Chamber schécken, wann e Projet se tangéiert, déi dann och publizéiert ginn, an net mussen eng Erlabnis vun hirem Ministère de tutelle kréien.

***Résolution 1***

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*– Den Artikel 62 aus dem Chambersreglement gesäit vir: „Art. 62.- La proposition de loi est immédiatement transmise au Gouvernement, et, par ce dernier, dans les meilleurs délais pour avis aux chambres professionnelles concernées. Elle est également immédiatement transmise pour avis au Conseil d'État."*

*– D'Chambersreglement gesäit keng Prozedur vir, wéi Avise vun Organisatiounen oder Institutiounen traitéiert solle ginn, a wéini si mussen ëm Avise gebiede ginn.*

*Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:*

*1. dass all vum Staat subventionéiert Organisatioun, déi wëllt een Avis zu engem Gesetzesprojet bei der Chamber deposéieren, dëst och dierf maachen, ouni dofir mussen iwwer hiren zoustännege Ministère ze fueren an d'Reglement deementspriechend unzepassen.*

*(s.) Sven Clement.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir gesinn net an, firwat eng Organisatioun extra eng Erlabnis muss hunn, fir kënnen en Avis un d'Chamber ze schécken.

Dir kënnt Iech et warscheinlech elo schonn denken no mengen Erklärungen, mee mir wäerten dësen Text haut och net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Merci, Här President. Jo, also ech wollt vläicht mat zwou Saachen ufänken. Dat eent, dat ass, dem Yves Cruchten e grousse Merci ze soe fir seng Aarbecht. Ech mengen, vill Leit heibannen hu gesot, dass dat kloer ass. Richteg. Ech wëll och vläicht awer der ASTI Merci soen, dass se sech nach abruecht huet. An ech verstinn an akzeptéieren natierlech och d'Positioun vun der Madamm Nathalie Oberweis.

Ech wëll awer allerdéngs probéieren, fir esou, wéi ech d'Saach gesinn an der Realitéit, dat erëmzeginn, wat hei an deem Projet de loi steet. A Verschiddener vun Iech hunn Afghanistan ugeschwat. Ech kann Iech just soen, dass mer effektiv do, ech perséinlech als

Minister, mee och als Ministère, eis immens Méi ginn hunn am August 2021. Dir wësst, dass mer Riichterfamilljen hei zu Lëtzebuerg opgeholl hunn, grouss Familljen. A wann Der haut Iech d'Méi gitt, nëmmen zéng Minutten d'„Lëtzebuerger Wort" ze liesen, do ass en Artikel dran an do gesitt Der den Ënnerscheed zwëscht der Attitüd, déi zum Beispill e Land wéi Éisträich huet an e Land wéi Lëtzebuerg. An ech mengen, do gesitt Der effektiv den Ënnerscheed, wéi mir als Lëtzebuerg och u schwéier Fäll vu Migratioun eruginn.

Wat elo de Projet hei ugeet, hate mer e Groupe de travail gemaach, wou d'Sécurité intérieure dra war, den Ausseministère an d'Immigratioun, d'Finanzen, d'Égalité entre les femmes et les hommes, d'Famille, d'Justice, d'Santé an d'Éducation nationale. An ech mengen, Dir hutt et selwer gesot, ee vun deene Punkte war den Artikel 142, dee sech erauskristalliséiert huet a wou mer als Ministère vun der Immigratioun natierlech zesumme mat der Justiz versicht hunn, fir do effektiv Kloerheet ze schafen.

Den Yves Cruchten huet dat kloer gesot, ech brauch net alles ze widderhuelen. Mee mir mussen d'Notioun vum Eloignement an och d'Aféiere vun enger Interdiction d'entrée sur le territoire preziséieren. Mat deenen zwou Mesüre kann elo den Artikel 142 vum Immigratiounsgesetz penal Poursuitte virgesi fir Persounen, déi trotz engem Areesverbuet zréck an d'Land kommen.

Also, Här President, et gëtt keng illegal Mënschen. Dat gëtt et op där ganzer Welt net. Mee et gëtt awer legal Mënschen, déi an enger illegaler Situatioun kënnen iergendwou an all Land op der Welt sinn, ob dat zu Lëtzebuerg ass oder an Amerika oder a Russland oder a China. Dat ass e Fait. An ech mengen, dat musse mer akzeptéieren. Net d'Mënsche sinn illegal, mee et gëtt Situatiounen, wou een illegal an engem Land ka sinn.

Sou, ech mengen net, dass ech de Beschtplazéierte sinn, fir iwwert d'Drogekriminalitéit op der Gare ze schwätzen. Ech mengen, dat niéieren, dat wär eigentlech d'Realitéit verkennen, a mir si jo net an engem loftleere Raum als Immigratioun. Mir hu vun der Police gesot kritt, dass mer e puer Problemer hunn, virun allem zwee Problemer. Dat eent, dat ass: Mir hunn eng ganz bedeitend Unzuel vun Drëttstaatler, déi eng gülteg Openthaltsgeneemegung hunn an engem vun eisen Nopeschlänner. Déi komme kuerzfristeg hei an d'Land a si maachen hei Geschäfter. Déi hunn näischt mat Immigratioun um Hutt, déi hu just um Hutt, fir virun allem Geschäfter mat Drogen ze maachen. An do musse mer kënnen dergéint virgoen.

An dat Zweet, leider ass et och esou, dass mer ganz vill Leit an de leschte Joren am Dublin-Transfert hunn, an Dublin fonctionéiert net. Ech soen, nach eng Kéier: Dass Dublin net fonctionéiert, ass net gutt! A mir musse kucken, an Europa erëm Uerdnung doranner ze kréien. An duerfir gëtt et Leit, déi ënner Dublin falen, déi fënnef-, sechs-, siwemol transferéiert gi sinn an dat Land, wou se missten higoen, wou se d'Openthaltsgeneemegung hunn, an erëm zréckkommen. An ech mengen, do muss een awer da verstoen, wann d'Police da seet, dass een da muss intervenéieren an dat och ënnerbannen.

De Centre de rétention: Also, bis elo hu mer natierlech keng EU-Bierger am Centre de rétention gehat. Mir wëllen och keng EU-Bierger an de Centre de rétention setzen. Mee Dir wësst, dass et Dublin-Fäll gëtt, déi net ausserhalb vun der Europäescher Unioun geschéckt ginn, mee an d'Europäesch Unioun selwer, a Länner vun der Europäescher Unioun. A wann dat sech repetéiert a repetéiert, dann ass och de Centre de rétention do, fir deene Leit awer ze soen, dass et esou net geet, dass, wa se deboutéiert sinn a si ginn opgefuerdert, fir dann am Kader vun Dublin d'Land ze verloossen, dass se dat dann och musse maachen.

Ech wëll ofschléisse mat engem Punkt, fir Iech dat e wéineg ze ënnermolen. Et gëtt Affekotebüroen an Asien, déi maache Reklamm, wéi een am beschte kann ...

*(Interruption)*

Gelift?

Et gëtt Affekotebüroen, déi maache Reklamm an Asien, fir de Leit an Asien ze soen, wéi een am einfachste kann op de Schengener Territoire kommen. An do ass wierklech eppes agerass, wou mer mussen dergéint virgoen: Dass ee kee „golden handshake" hei zu Lëtzebuerg zegutt huet, wann ee Suen huet. Et muss ee Bezuch sinn zum Land. An dofir hu mer ganz kloer elo d'Konditiounen och vill méi stramm gemaach. Déi Konditioune mussen effektiv bestoen an net eleng, dass ee Geld huet an dann domadder sech hei zu Lëtzebuerg eng Autorisation de séjour kann erkafen.

Wat déi Motioun ugeet, géif ech mengen, mir sinn trotzdeem a guddem Kontakt mat der ASTI a mir hunn och versicht an de leschte Joren, a mir maachen dat och weider, dass mer, wann et Situatioune gëtt vu Leit, déi a ganz, ganz prekäre Konditiounen hei liewen, au cas par cas dat reegelen. An dat maache mer och weider esou. Dofir géif ech net mengen, dass een déi Motioun do onbedéngt misst stëmmen.

Ech wollt dem Här Kartheiser nach eppes soen zu deem, wat en ugedeit huet, wann ee seng Identitéit net ugëtt oder keng Pabeieren ugëtt. Mir sinn, Här Kartheiser, an där Welt, wou mer sinn. Mir hunn elo massiv, massiv, net nëmmen zu Lëtzebuerg, och an anere Länner vun der Europäescher Unioun, mam Fait ze dinn, dass mer Kanner tëschent aacht an zwielef Joer hei op Lëtzebuerg kréien. Déi gi mat engem Bus oder, ech weess net, mat engem Gefier heihinnerbruecht, an da ginn déi Kanner op eise Büro drainéiert, also op eise Büro gefouert, a mir hu mat deene Kanner ze dinn. Dat ass e Fait, dat kënne mer net aus der Welt schafen. Dofir musse mer awer kucken, am Interêt vun deene Kanner, dat Beschtméiglecht draus ze maachen.

Ech weess och, dass een, wann ee seng Identitéit net ugëtt oder falsch ugëtt, eigentlech net d'Recht hätt, fir zu Lëtzebuerg Asyl ze froen, mee et gëtt Situatiounen, mat deene mer de Moment konfrontéiert sinn, wou et wierklech net anescht geet, wéi ze kucken, fir am Interêt vun de Kanner do erauszekommen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech verstinn – an dat ass eppes, wat den Här Asselborn a mech sécher net trennt, oder eis, d'ADR –, déi Suerg ëm d'Wuel vun de Kanner.

A mir hunn déi Situatioun, an de Minister seet et ganz richteg, datt Leit heihinner kommen a Kanner drainéieren, do ass jo den Hannergedanken, datt déi Asyl kréien an herno sollen d'Familljen zesummegeféiert ginn an esou weider. Dat ass e Modell vu Schleiser. Dat ass e kriminelle System!

An dat, wat mir géife maachen, ech soen dat hei ganz oppen, dat wier an Zesummenaarbecht mat der Police, well et weess ee jo, wien do derhannert ass. Dat fënnt ee relativ liicht eraus. An da géif een déi Reseaue stéieren, verfollege mat alle Mëttelen, déi d'Justiz engem gëtt, amplaz nozekucken, wéi ëmmer erëm dee System hei geholl gëtt, fir Kanner heihinner ze bréngen, op Käschte vun deene Kanner, an dat ass natierlech mat ... Dat ass e Modell, dee mat normale polizeilesche Mëttele relativ séier kann demanteléiert ginn. Dat ass dat, wat mir géife maachen.

An ech froen Iech, Här Minister, wat maacht Dir dann? Schwätzt Der mam Polizeiminister, schwätzt Der mam Justizminister, fir dat doten ze ënnerbannen?

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet zréck un den Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Also, ganz kuerz. Selbstverständlech, wéi dat ugaangen ass, hu mer déi Offizéier komme gelooss vun der Police a gefrot: „Fannt Der eraus, wou dat do hierkënnt, wéi dat organiséiert ass?" Et ass e System, deen net nëmmen zu Lëtzebuerg fonctionéiert, e fonctionéiert a ganz Europa. An déi Leit vun der Police gi sech immens vill Méi, fir dat erauszefannen. Et sinn och schonn a verschiddene Fäll Resultater do.

Allerdéngs, de Problem, dee mer un der Basis hunn, ob mer dat fannen oder net fannen, dat ass jo da fir d'Zukunft, mee déi Kanner, déi mer hei hunn, musse mer kucken esou duerch d'Liewen ze kréien, wéi dat mënschlech machbar ass.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Ausseminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zum Vott kommen, wëll ech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënne mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7954. Den Text steet am Document parlementaire 7954[6].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7954 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme géint 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

***Motion et résolution***

***Motion 1***

Da komme mer nach zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun déi Lénk deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Auteur, d'Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Ech hunn dem Minister seng Reaktioun jo elo schonn héieren, dofir kann ech mer jo schonn denken, oder ech konnt mer et scho bal denken, wat vun der Majoritéit géif kommen. Dat Spill hei ass jo net ëmmer esou ganz oppen, voilà.

Mee ech géif awer gär soen, dass dat, wat mer hei proposéieren, eng extraordinär Mesür wier, déi zäitlech begrenzt wier, déi u Krittäre gebonne wier, déi machbar wier. An ech mengen, et muss ee sech awer ëmmer d'Fro stellen: Wat bidde mer deene Leit dann als Alternativ, déi souwisou hei sinn an déi net kënnen zréckgoen? Voilà, an déi och hei schaffen zum Deel.

Bon, wann et nach iergendwéi méiglech ass, géif ech proposéieren, se an d'Kommissioun ze huelen, fir iwwert d'Méiglechkeet ze schwätzen. Well voilà, et sinn an der Geschicht schonn esou Campagnë geschitt. Firwat kënne mer net elo nach eng Kéier driwwer diskutéieren? Firwat kënne mer eis net opmaachen, fir driwwer ze diskutéieren, amplaz et einfach ze refuséieren?

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. Den Här Galles huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech soen och der Madamm Oberweis Merci fir den Depot vun dëser Motioun. Et ass natierlech eng Mesür, déi schonn eng Kéier gemaach ginn ass 2013. Et ass eng Mesür, déi ganz interessant ass, grad och mam Hannergrond vun all deenen Argumenter, déi Der elo bruecht hutt.

Et ass just esou, d'Motioun selwer ass mir elo ze vill zesummegefaasst, ze vill kondenséiert, fir herno dann ze schreiwen „sous certains critères", an dat ka jo ganz villes sinn.

Ech géif dofir gären Äre Virschlag opgräifen, dat do an d'Kommissioun ze ginn. Wann déi aner Kolleeginnen a Kolleegen domat d'accord sinn, da kéint een dat eng Kéier am Detail kucken, wat fir eng Krittären dat wären. Dat wär, mengen ech, e gudde Wee, fir mat där heiter Motioun ëmzegoen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles. Ech géif da vläicht direkt dem Här Minister d'Wuert ginn.

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo, also ech hunn näischt dergéint, dass mer an der Kommissioun eng Kéier kënne soen, dann natierlech am klenge Krees, a wat fir Fäll, déi mer da virgeleuecht kréie vun der ASTI, mer och Mesüre geholl hunn, déi an déi Richtung ginn, wéi et elo hei gefrot ass.

Mee ech sinn net, wierklech net um Punkt fir ze soen, dass mer sollen eng generell – wéi nennt een dat? – Legaliséierung maachen. Dat ass de Moment net méiglech. Mee mir schaffen drun, an all déi grouss Fäll, déi mer kritt hunn, do hu mer och ganz dacks Léisunge fonnt. Dat kënne mer eng Kéier an der Kommissioun kucken. Mee ech géif awer vläicht versichen, der Chamber ze soen, dass mer elo net sollen op dee Wee goen.

A Saachen Immigratioun, an ech mengen, Dir hutt gëschter och e wéineg driwwer geschwat: Mir si voll! Meng gréisste Suerg mueres, wann ech opstinn, dat ass, wann nach Leit kommen, wou mer se sollen hindoen. A glécklecherweis ass de Wanter erëm e wéineg méi duuss ginn, soudass mer och dat Zelt, wat mer hunn am Rollmann, konnte verstäerken, dass et erëm waarm dodranner ass.

Mir hunn och, wéi Der wësst, nach eng Solution d'urgence elo mat enger Hal, d'Hal 7. Ech ginn Iech e Beispill. Virun e puer Wochen ass eng Waasserleitung futti gefuer am ale „Wort"-Gebai a mir hu missen, d'un jour à l'autre, mengen ech, 80 Leit evakuéieren, déi mer elo erëm an dësen Deeg zréckkritt hunn. Also, mir sinn op sou engem Punkt, wat d'Foyeren ugeet, obschonns mer elo och Gemengen hunn, wou et nach weidergeet, wou mer nach kënne weider ausbauen. Deen Andrang, dee mer haten elo an deene leschte Méint, an ech schwätzen net vun den Ukrainer eleng … Ech mengen, d'Ukrainer, dat ass eng Saach, mee déi aner Leit, déi si komm, well a verschiddene Länner ronderëm Demandeurs de protection internationale och net méi opgeholl ginn.

An duerfir, wannechgelift, wa mer eis iwwerfuerderen an eppes maachen, wat mer net méi packen, da maache mer eppes net richteg.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Asselborn. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Bon, d'Motioun ass mer am Kär sympathesch. Ech hunn e bësse meng Problemer mat deem „sous certains critères". Fir eis ass dat ganz kloer, datt do eng Residenzklausel muss drënner falen, déi, ech soen dat elo „off the cuff", fënnef Joer ass warscheinlech. Et geet jo awer zéng Joer zréck, wou dat hei fir d'lescht gemaach gouf. Datt keng penal Verurteelung däerf virleie wéinst eppes, wat net inné ass mat der Migratiounsgeschicht, ech mengen, dat sinn alles kloer Saachen, déi ee misst an enger Kommissioun nach eng Kéier separat diskutéieren. Ech spieren hei keen Appetitt, fir dat am Kär ze maachen.

Ech fannen et einfach e bësse schued, datt mer op där enger Säit soen, datt et Leit gëtt, déi, well se eng Valeur ajoutée fir d'Ekonomie bréngen, well se e puer Honnertdausend Euro zu Lëtzebuerg investéieren, jo, Openthaltstitelen zu Lëtzebuerg kréien. Déi ginn direkt regulariséiert. An déi, déi wierklech all Hiem op hirem Réck hu misse verschierbelen, déi e liewensgeféierleche Wee op sech geholl hunn, fir iergendwéi e bessert Liewen ze kréien, …

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | … deene wëlle mer, och nodeems se zéng Joer onopfälleg zu Lëtzebuerg gelieft hunn, warscheinlech hei schaffen, leider schwaarz schaffen, well se net kënne legal schaffe goen, keng Pist ginn, wéi se sech kënne regulariséieren. Dat fannen ech mënschlech immens schued.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Och e Merci fir d'Madamm Oberweis fir dësen Text. Ech wëll vläicht ganz kuerz reagéieren op dat, wat den Här Minister gesot huet. Den Här Minister huet Recht. En huet selwer gesot, ech mengen, Är Wierder waren: „Mir si voll!", wann ech Iech richteg héieren hunn. Dat geet villen europäesche Länner esou. Ëmsou méi verwonnerlech ass et, datt Lëtzebuerg zu deene Länner op europäeschem Niveau gehéiert, déi sech enger méi strenger Kontroll vun de Baussegrenze widdersetzen. Ech mengen, Dir hat virdrun Éisträich genannt, a wann Der déi éisträichesch Press kuckt, Här Minister, an ech sinn iwwerzeegt, Dir maacht dat, da gesitt Der och, datt Lëtzebuerg do net ëmmer positiv kommentéiert gëtt.

Zu der Motioun vun der Madamm Oberweis. Et sinn eng ganz Rei Leit hei am Land an enger irregulärer Situatioun. Eiser Meenung no däerf dat net sinn. Dat däerf net sinn! An et gëtt zwou Manéieren, mat där Situatioun eens ze ginn, oder dräi.

Éischtens, déi éischt Manéier ass déi: Et geet een. Dann ass een net méi irregulär hei am Land. Do géifen elo vill Leit hei soen: „Dat ass net fir jidderee méiglech." Mee dat ass déi normal. Ech sinn irregulär an engem Land, da ginn ech.

Déi zweet Méiglechkeet ass: D'Land regulariséiert mech. Dat ass dat, wat hei proposéiert gëtt. Do muss een awer wëssen, datt dat derzou féiert, datt dann erëm aner Leit kommen, déi nëmmen drop waarden, och regulariséiert ze ginn. Dat huet natierlech en Effekt. Dat ass en Appell fir anerer fir ze kommen, an der Hoffnung, och regulariséiert ze ginn.

Déi drëtt Méiglechkeet ass: Et kuckt ee selwer, datt een an d'Legalitéit erakënnt. Dat ass eng Optioun, déi jidderengem opsteet. Do kann een eng Härtefallreegelung hunn. Wann dat a wierklech extreeme Fäll sollt sinn, dann däerf een net onmënschlech sinn.

Mee dat ass de Prinzipp. Entweeder, wann een irregulär an engem Land ass, geet een, oder et kuckt een, datt een an d'Legalitéit erakënnt, wat eng ganz normal Saach wär. Mee et däerf een net drop spekuléieren, wann een an der Irregularitéit ass a keen Effort mécht, fir aus der Irregularitéit erauszekommen, datt dat Land dann derfir suergt, datt eigentlech déi eege Karenz kompenséiert gëtt. Dat kann et net sinn!

Mir sinn awer och gär d'accord, an der Kommissioun eng Kéier heiriwwer ze kucken. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert un den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Jo, merci, Här President. Also, fir d'alleréischt wéilt ech awer kuerz op dat reagéieren, wat den Här Clement gesot huet, well et ass net ganz richteg, wann e seet, am Text géif stoen, dass nëmme Leit, déi eng Valeur ajoutée fir d'Lëtzebuerger Land hunn, hei géife consideréiert ginn. Mir maache grad eeben, dass mer soen, dass et net méi just ass, well ee Suen huet, dass een dowéinst eng Openthaltsgeneemegung kritt. An dat ännere mer haut mam Gesetz.

Da wëll ech zur Motioun am Fong nach eng Kéier dat widderhuelen, wat och meng Virriedner scho gesot hunn, den Här Galles an och den Här Clement: Dass déi Motioun hei seet, mir sollen eng Regularisatioun maachen, „sous certains critères", awer déi Krittären net nennt. Da mengen ech, dat wär schonn aleng e Grond, fir déi Motioun hei net unzehuelen.

Et ass jo awer esou, an dat muss ech awer soen, d'Madamm Oberweis huet dat och fairerweis an hirer Motioun richteg drageschriwwen: Et ass jo net esou, dass guer keng Regularisatioun gemaach gëtt, mee si gëtt eeben au cas par cas gemaach. A mir wëssen, dass den Här Minister och ganz dacks dovunner Gebrauch mécht. Mir invitéieren en och, weiderhin esou, wéi et méiglech ass, dovunner Gebrauch ze maachen, fir déi Situatiounen ze deblockéieren, wou et wierklech wichteg an dréngend ass. Mee mir verstinn awer och alleguerten déi Contrainten, déi mer hätten, fir eng generell Regulariséierung ze maachen.

Vu dass déi hei an der Motioun gefrot gëtt, sinn ech der Meenung, dass mer déi elo sollten ofstëmmen. An ech proposéiere menger Fraktioun, déi net ze stëmmen. Mee ech kommen awer op dat zréck, wat

den Här Minister gesot huet: Ech engagéiere mech als President vun der Kommissioun derzou, dass mer eng Kéier an der Kommissioun mam Här Minister eis Zäit huelen, fir iwwert déi ganz Problematik en long et en large ze diskutéieren. Mee d'Motioun hei solle mer ofstëmmen, a meng Fraktioun wäert do mat Nee stëmmen.

Merci.

**Une voix** | Mir och.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo, eng ganz kuerz Remark zum Här Kartheiser, well den Här Kartheiser huet jo deen Don, heiansdo Saachen ze soen, déi net esou sinn, wéi ech se gesot hunn.

Et geet hei net drëm, d'Grenzen zouzemaachen. Et geet an deem Artikel vum „Lëtzebuerger Wort" genee ëm eent. Dat war am August 2021, wéi déi schwéier Kris war an Afghanistan, dunn hu Leit, déi zum Beispill Frae waren a Riichter waren, misse fort aus deem Land. Soss riskéiere se den Doud! Sou, elo hat déi eng Riichterin, déi Riichterfamill, déi zu Lëtzebuerg ass, an Éisträich gefrot. Éisträich huet gesot: „Nee, ënner kengen Ëmstänn!" A se sinn dann elo op Lëtzebuerg komm, a Lëtzebuerg huet se akzeptéiert. Déi Nuance wollt ech maachen an der Approche, déi mer hunn an der Migratiounspolitick, virun allem a ganz schwieрege Situatioune wéi där am Afghanistan. An ech mengen, dat ass net zu eiser Onéier.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Asselborn. Da ginn ech eng leschte Kéier d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Eng leschte Kéier, versprach. Also, d'Krittären hunn ech bewosst net ernimmt, well ech gemengt hunn, déi kéint een zesummen an der Kommissioun ausschaffe respektiv déi géifen enzwousch anescht ausgeschafft ginn. Et ass jo net u mir, déi festzeleeën. Dat ass dat Éischt.

Zweetens wollt ech op den Här Asselborn nach eng Kéier agoen. Dir hutt virdru gesot: „Mir si voll!" D'Strukture si voll. Mir wëssen dat. Mee dat huet jo näischt mat der Regulariséierung ze dinn. An de Strukture sinn et Demandeuren a Beneficiairen. Mir schwätzen hei net vun den Demandeuren an net vun de Beneficiairen. Voilà, dat sinn zwou verschidde Saachen, déi matenee vermëscht sinn.

An dann den Här Kartheiser, bon, elo hunn ech en ernimmt, elo wäert en herno erëm d'Wuert kënne froen. Dir sot, si solle fortgoen. Mee wouhinner? Vill vun deene Leit kënne jo néierens higoen. Dat ass jo de Problem. Wou sollen d'Afghanen dann higoen? Dat ass jo de Problem. Dat ass dat, wat se Iech géife soen. An Dir sot, si sollen an d'Legalitéit. Wéi solle se an d'Legalitéit kommen, wa se keng Aarbecht fannen?

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Et ass nach ni een hannescht geschéckt ginn.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Dat soen ech jo. Si kënnen net zréckgoen an Afghanistan.

*(Interruptions)*

Hie seet, si sollen zréckgoen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 2 Jo-Stëmme géint 55 Nee-Stëmme bei 3 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Se sont abstenus : Marc Spautz ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

***Résolution 1***

Da komme mer zur Resolutioun, déi vun de Piraten deposéiert ass ginn, wou et drëm geet, datt déi subventionéiert Organisatiounen och kënnen en Avis zu engem Gesetzesprojet maachen. Wie wëllt ...?

Den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Jo, merci, Här President. Merci och dem Här Clement fir déi Resolutioun. Ech muss soen, dass ech e bësse meng Schwieregkeete mat där Resolutioun hunn, well ech eigentlech ëmmer der Meenung war oder nach ëmmer si vun der Praxis hier, dass, wann e Projet de loi deposéiert ass, dann d'Avise gefrot gi selbstverständlech vun de Chambre-professionellen, a Verschiddenen, déi am Gesetz virgesi sinn. Mee mir kréie reegelméisseg a permanent quasi zu all Gesetz och Avise vun aneren Organisatiounen, déi net am Gesetz virgesi sinn, notamment, Dir hat et gesot, d'CCDH, oder et waren och schonn emol privat Organisatiounen, déi eis Avise ginn hunn.

Zu dësem Gesetz, an dat huet mer och leedgedoen, ech deelen dat mat Iech, hu mer hei keng aner Avise kritt. Ech konnt der net méi a mengem Rapport opziele wéi déi, déi ech hat. Do hätt et vläicht gutt gedoen, wa mer nach aner Avise kritt hätten. Där hate mer keng kritt. Mee ech weess awer elo net, ob mir elo hei mussen eng nei Prozedur erfannen. Ech hat elo ganz kuerz eng Kéier kënnen hei mech austausche mat Kolleegen. Mir waren der Meenung, et géif eng Prozedur ginn, an dofir sinn ech der Meenung, dass déi Resolutioun hei eigentlech net néideg ass an déi solle mer dofir och net stëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Ech ginn d'Wuert un den Auteur, den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, d'Mënscherechtskommissioun huet ëffentlech kloergestallt, datt se net gefrot goufe fir en Avis zu dësem Text. Dat ass an der Press dokumentéiert. An op Nofro hin hu se eis och erkläert, wéi d'Prozedur fir si ass. Wa si als Mënscherechtskommissioun haut wëllen en Avis ginn, da muss deen iwwert de Ministère de tutelle goen, an da kënnt deen iwwert dee relativ administrative Wee bei der Chamber eran. Si kënnen en net selwer un d'Chamber schécken. Si kënne sech quasi net autosaiséieren. Dat ass esou. Ech muss mech do op dat baséieren, wat deen Acteur um Terrain eis seet. Ech géif virschloen, vu datt hei awer manifestement Onkloerheete sinn driwwer, wat geet oder wat net geet, an dat war och e bëssen d'Intentioun vun där Resolutioun, datt mer déi heite soit am Bureau, soit an der Commission du Règlement eng Kéier géifen duerchdiskutéieren a kucken, wat eventuell néideg ass am Reglement ze maachen, wat eventuell néideg ass, gesetzlech ze maachen, fir datt dat einfach geet.

D'Zil soll et sinn, datt Avisen, déi wëlle gi ginn, och kënne gi ginn. Well wann et herno esou ass, datt iergendeng Organisatioun mengt, obwuel se mat staatleche Gelder subventionéiert ass, si kéint hiren Avis net ofginn, dat géif ech ganz schued fannen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Pardon, also, ech proposéieren, dass mer dem Här Clement seng Propos ophuelen an dass mer dat effektiv eng Kéier kucken, falls dat do esou sollt sinn. Also, Dir sot mir, wann ech Iech elo richteg verstanen hunn, do misst de Ministère säin Ok ginn, fir dass d'Commission consultative des droits de l'homme hiren Avis gëtt.

**Une voix** | Yes.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Oder heescht et just, dass dat iwwert d'Boîte postale do an d'Chamber kënnt? Dat ass awer zweeërlee. Dofir, ech mengen net, dass iergendeen d'Commission consultative des droits de l'homme iergendwéi kéint oder wéilt drun hënneren, fir eis en Avis matzedeelen. A mir hunn als Chamber déi ëmmer ganz seriö geholl. An ech wëll Iech soen, dass ech als Rapporter vun all deene Gesetzer, déi ech bis elo hei konnt mat an d'Chamber bréngen, ëmmer déi Avise seriö gekuckt hunn an och probéiert hunn, a menge schrëftleche souwéi heiansdo och mëndleche Rapporten duerzeleeën, fir dass jiddwereen déi breet Facette vun all Problematik ëmmer kann erfaassen.

Dofir, ech hunn awer kee Problem, falls sech do sollt e Problem stellen, deen eis elo net géif aliichten oder net direkt ersiichtlech wär, sollte mer eng Kéier an där zoustänneger Kommissioun doriwwer schwätzen. An da géif ech proposéieren, dass mer net iwwert d'Resolutioun ofstëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Dann huet den Här Claude Wiseler d'Wuert gefrot.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, ech deelen am Fong den Avis vum Här Cruchten hei an dësem Fall, well et ass mir nach ni opgefall an deene laange Joren, wou ech elo an der Chamber sinn, datt hei subventionéiert Organisatioune vum Staat sech genéiert hätten, eis Avisen eranzeschécken. Ech kréien op jidde Fall bei ganz ville Gesetzer all méiglech Avisen, déi sécherlech net iwwert d'Ministèrë kommen. Ech fannen dat och richteg. Ech fannen dat och interessant esou. An esou soll dat och sinn. Ech mengen net, datt dofir vum Inhalt hier dat hei eis iergendwéi géif iergendeppes weider bréngen, wa mer elo eng nei Diskussioun iwwert d'Prozeduren opmaachen.

Ech ka mer och net virstellen, datt d'Commission consultative des droits de l'homme do misst iwwert de Ministère fueren, wa se sech wëllt ausdrécken. Falls dat esou wär, muss een driwwer kucken, falls, ...

*(Interruption)*

Jo, dat Eenzegt, wou ee sech heiansdo d'Fro stellt, an déi hu mer eis an de Kommissioune par contre scho méi wéi eng Kéier gestallt, dat ass, awéifern mer verschidden Avise vu verschiddenen Associatioune mat an den Dossier parlementaire eranhuelen an dann op de ganze Publikatiounswee matginn. An do hunn ech heiansdo d'Impressioun, datt et ënnerschiddlech an der Chamber eng Kéier esou an eng Kéier anescht decidéiert gëtt.

Dat heescht, menger Usiicht no, wa mer sollten eppes an der Kommissioun diskutéieren, da wär et, wéini mer no welleche Krittäre wellech Avisen an d'Prozedur matginn, fir datt se offiziell gedréckt a verdeelt ginn. Mee ansonsten hunn ech d'Impressioun, datt et awer gutt fonctionéiert an datt een dat hei net brauch. Dofir stëmme mir se net mat.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Wiseler. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, den Här Wiseler huet elo just mäi Punkt gemaach, Här President. Et geet just drëm fir ze kucken: Wat gëtt en Document parlementaire a wat gëtt keent? Ech mengen, dat sinn déi Saachen, déi kënne mer vläicht eng Kéier diskutéieren. Fir de Rescht, mengen ech, solle mer dat an der Reglementskommissioun eng Kéier kucken.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser.

***Vote sur le renvoi de la résolution 1 en commission***

Wien dann elo d'accord ass, fir dës Resolutioun an d'Reglementskommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat heescht, d'Reglementskommissioun soll sech mat där doter Problematik befaassen.

*(La résolution 1 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission du Règlement.)*

## 5. Motion de M. Sven Clement au sujet des crimes du régime iranien

*(Motion déposée en séance publique n° 34 du 9 février 2023 – à consulter au compte rendu n° 11/2022-2023 en page 7)*

Da kéime mer zum nächste Punkt, der Motioun vum Här Sven Clement iwwert d'Verbrieche vum iranesche Regimm. An ech géif direkt dem Auteur vun der Motioun, dem Här Sven Clement, d'Wuert ginn.

***Exposé***

**M. Sven Clement** (Piraten), auteur | Merci, Här President. Dat heiten ass eng Motioun, déi schonn den 9. Februar deposéiert gouf, dunn an d'aussepolitesch Kommissioun verwise gouf, do och an enger Sëtzung beschwat gouf a mer eis a Récksprooch mat alle bedeelegten Acteuren derfir entscheet hunn, den zweeten Invite ze änneren. Et geet essentiellement drëm, fir nach eng Kéier kloer e Statement ze setzen, datt d'Verbrieche vum iranesche Regimm konsequent an der Ëffentlechkeet sollen denoncéiert ginn, genausou wéi och all d'Efforte vun der EU ze ënnerstëtzen.

An dann am zweeten Invite hate mir gefuerdert, fir den IRGC als Terrororganisatioun tout court ze benennen. Do gouf et ënnerschiddlech Point-de-vuen derzou an der Kommissioun, esou datt mer eis géeenegt hunn, fir eng nei Formulatioun ze fannen, déi, mengen ech, elo e Konsens mécht. Déi heescht: „zesumme mat eise Partner an der Europäescher Unioun d'Sanktioune géint den iranesche Regimm ze verschäerfen a besonnesch Membere vun den iranesche Revolutiounsgarden ze viséieren."

Dat leeft in fine op dat Nämmlecht eraus, ouni datt mer d'Organisatioun esou tituléieren, mee déi eenzel Membere kënnen dann esou au cas par cas tituléiert ginn. Dat fënnt eisen Accord. An dofir wär ech frou, wa mer hei géifen d'Zoustëmmung kréien.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

***Discussion générale***

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Als President vun der Kommissioun, an et ass genausou, wéi den Här Clement et gesot huet, hu mer eis Zäit geholl, an den Här Minister huet sech och Zäit geholl, fir eis dat ze erklären. En huet eis och nach eng Kéier gesot, dass sech bei den europäeschen Ausseministeren eebe just mat där doter Fro befaasst gouf an dass och en Avis juridique gefrot gouf, a mir hunn iwwer alleguerten d'Facetten dovunner geschwat. Mir sinn herno zur Konklusioun komm, dass dat ganz heikel wär. Et gëtt weider dru geschafft, mee esou, wéi et an där éischter Motioun formuléiert war, wär dat eigentlech fir eis schwiereg matzedroen.

Dofir sinn ech frou, dass mer konnten zesummeschaffen an e Kompromëss fannen, deen den Här Clement elo virgelies huet. An ech proposéiere menger Fraktioun, dass mer deem Kompromëss zoustëmmen an déi Motioun hei mat Jo stëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech zéien am Fong déi selwecht Konklusioun. Ech si frou, datt mer effektiv eng Kompromësssolutioun fonnt hunn. Ech versti jo och déi juristesch Bedenken, déi d'Kommissioun an den Här Asselborn eis ausgedréckt hunn, quitte datt d'Europaparlament eng kloer an däitlech Motioun gestëmmt huet, wou si am Fong froen, datt et soll op terroristesch Lëschten ageschriwwe ginn. Mee dat war warscheinlech, éier en Avis do war.

Mee ech soe mer, heiansdo ass d'Politick jo och d'Symboler, déi ee muss setzen, d'Akten, déi ee muss setzen. An dat ass dat, wat d'Europaparlement gemaach huet. Ech si frou, datt mer eng Solutioun fonnt hunn, well ech si frou, déi Motioun kënne matzestëmmen, well et einfach wichteg ass, datt mer als Parlament eng kloer an däitlech Meenung par rapport zu deene schreckleche Saachen hunn, déi am Iran géint d'iranescht Vollek an haaptsächlech géint déi iranesch Frae geschéien, och haut um Fraendag. Ech si frou, datt mer se kënne matstëmmen. An ech rode menger Fraktioun dann, mat Jo ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Wiseler.

Da ginn ech dem Här Minister d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo, ech hat an der Kommissioun kloer gesot, firwat dass mer net konnten als europäesch Ausseministeren d'Garden op d'Lëscht huelen. Ech hat och virgelies, wat an deem Avis stoung vun dem Conseil juridique vun dem Conseil. An ech wëll elo just nach e puer Informatiounen awer ginn, dass mer bis elo iwwer 100 Revolutiounsgarde scho geläscht hunn. Op deene véier Lëschten, déi gemaach gi sinn, sinn iwwer 100 Revolutiounsgarden drop, et si Riichter drop, et si Leit, déi Responsabilitéit an de Prisongen hunn, drop, et sinn och schonn Deputéierter drop. An déi Lëscht, déi bleift net stoen.

Mir hunn elo am Mäerz, ech mengen den 20. Mäerz, déi nächst Ausseministersitzung. An do wäert de Sujet Iran selbstverständlech, och wat de Paquet vun de Sanktiounen ugeet, weidergoen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Minister. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun där ofgeännerter Motioun kommen.

***Motion modifiée***

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,*

*– datt den iranesche Regimm säit dem Doud vum Mahsa Jina Amini duerch iranesch Revolutiounsgarden nach méi repressiv géint seng eege Bevëlkerung virgeet;*

*– datt den iranesche Regimm Manifestanten ouni jeegleche Respekt vu Mënscherechter aspäert, foltert an exekutéiert;*

*– datt d'iranesch Revolutiounsgarden hei besonnesch schwéier impliziéiert sinn an disproportionéiert géint d'Protester am Land virginn;*

*– datt d'EU-Parlament den 19. Januar 2023 d'Resolutioun 2023/2511(RSP) ugeholl huet, déi dës Verbrieche kloer opweist a verurteelt.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

*1. d'Verbrieche vum iranesche Regimm konsequent an der Ëffentlechkeet an och a private Gespréicher mat Representante vun anere Staaten ze verurteelen;*

*2. zesumme mat eise Partner an der Europäescher Unioun d'Sanktioune géint den iranesche Regimm ze verschäerfen a besonnesch Membere vun den iranesche Revolutiounsgarden ze viséieren;*

*3. all d'Efforte vum EU-Parlament an der EU-Kommissioun géint all Aart vu Folter, Doudesstrofen a soss repressiivt Verhale vum iranesche Regimm géint seng eege Bevëlkerung ze ënnerstëtzen.*

*(s.) Sven Clement.*

***Vote sur la motion modifiée***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Une voix** | Très bien!

## 6. 8111 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix d'approvisionnement en chaleur pour certains clients raccordés à un réseau de chauffage urbain

**M. Fernand Etgen,** Président | Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8111 iwwert d'Aféierung vun enger staatlecher Hëllef, déi d'Präiserhéijung vun den Heizungsreseaue limitéiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché, ass prett fir de Rapport. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »***

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Jo, hei geet et e bësse méi technesch zou wéi an der Diskussioun vu virdrun. Mat dësem Projet de loi, deen op eng Decisioun aus dem virleschten Tripartitt-Accord zréckgeet, gëtt eng temporaire Subventioun fir all Privatstot agefouert, deen d'Wäermt vun der Wunneng aus engem urbane Fernwärmenetz bezitt. Méi speziell gëtt de Präis, deen dës Clientë bezuele mussen, op maximal 15 % par rapport zum facturéierten Duerchschnëttspräis vum September 2022 limitéiert. Well d'Präisstrukturen am Beräich vun de Fernwärmenetzer staark variéieren, jee nodeem, wéi eng primär Energie fir d'Produktioun vu Wäermt agesat gëtt, gesäit dëse Projet de loi eng maximal Reduktioun vun 9 Cent pro Kilowattstonn hors taxes vir.

Dës finanziell Kompenséierung presentéiert sech a Form vun enger Remise op der variabeler Composante vum Liwwerpräis, also deem Präis, deen déi fix an déi variabel Käschten ofdeckt.

D'Remise kann nëmmen applizéiert ginn am Fall vun enger positiver Differenz tëscht dem variable Präis, deen de Client duerch säi Kontrakt bezuele misst, an dem Referenzpräis, deen no der applizéierter Remise effektiv ze bezuelen ass.

Fir ze verhënneren, datt déi variabel Composante vum Präis bei verschiddene Clienten ënnert den Niveau vun den duerchschnëttleche Präisser vum September 2022 fält, däerf déi variabel Composante vum Ennpräis net ënner 10 Cent pro Kilowattstonn leien. Ech hoffen, Dir verstitt, wat ech hei alles erklären. Et ass e bësse komplizéiert, e bëssen technesch.

Här President, vu datt all Gebai prinzipiell just iwwer een Uschloss verfüügt a well et wichteg ass, keng Persoun auszeschléissen, gëtt d'Reduktioun fir all Gebai applizéiert, wat op d'mannst iwwer eng Logementsunitéit verfüügt, déi un e Fernwärmenetz ugeschloss ass. Dat heescht, datt Gebaier, déi net zu iergendengem Wunnzweck déngen, net vun dësem Projet de loi betraff sinn.

Wat dann d'Zäitschinn ugeet, sou leeft dës Moossnam réckwierkend vum 1. Oktober 2022 bis zum 31. Dezember 2023 a muss wärend deene 15 Méint obligatoresch vun de Fournisseuren applizéiert ginn.

Fir vun enger finanzieller Kompenséierung profitéieren ze kënnen, mussen d'Fournisseuren eng Demande mat enger Rei Pièecen erareechen. Dëst erlaabt hinnen dann, an e spezielle Regëster agedroen ze ginn, deen an der Kompetenz vum Energieminister läit. An deem Sënn muss de Minister de Fournisseuren en entspriechende Formulaire zur Verfügung stellen, an doriwwer eraus muss en eng aktualiséiert Lëscht op engem Internetsite publizéieren, an där d'Nimm an d'Adress vun den ageschriwwene Fournisseuren an engem Delai vun 30 Deeg ze fanne sinn.

Bei de Rechnungen ass et esou, datt se souwuel de Prix variable contractuel wéi och déi staatlech Kontributioun mussen enthalen, fir datt de Client och transparent iwwert d'Präisreduktioun informéiert ass, déi him dann zeguttkënnt.

Fir sengersäits rembourséiert ze ginn, muss all Fournisseur, deen am Regëster agedroen ass, eng Opstellung vun deene Käschte maachen, déi duerch déi applizéiert Reduktioun vum Mount virdrun entstane sinn. Wann dëse Käschtestand da konform zu de Konditiounen an Dispositioune vun dësem Projet de loi ass, kritt de Fournisseur den Akkont vum Minister ausbezuelt.

De finalen Dekont, dee sämtlech finanziell Kontributioune vum Staat mat all den Akkonten enthält, muss bis spéitstens den 30. Juni 2024 un den Energieministère weidergereecht ginn. A wat d'Demandes d'acomptes fir d'Méint Oktober 2022 bis Februar 2023 ugeet, sou muss den Endstand vun de Fraise fir dës Méint spéitstens den 31. Abrëll 2023 (veuillez lire: den 1. Abrëll 2023) virleien.

Grad wéi bei deenen anere Moossnamen am Energieberäich kann den Energieminister zu all Moment – a spéitstens sechs Méint nom finalen Dekont – kontrolléieren, ob d'Informatioune vun de Fournisseuren der Realitéit entspriechen an ob d'Fournisseuren d'Gesetz richteg applizéieren – oder eeben applizéiert hunn.

An dann nach zum finanziellen Impakt, deen net ëmmer oninteressant ass: Fir de finanziellen Impakt vun dësem Projet de loi ofzedecken, huet d'Regierung eng global Enveloppe vu 45 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt, dovun 10 Millioune fir d'Zäitschinn vum 1. Oktober 2022 bis zum 31. Dezember 2022, dat ass dann déi réckwierkend Zäit op d'lescht Joer, an dann nach 35 Milliounen Euro fir d'Joer 2023.

Domat kéim ech schonn zu den Avisen, déi erakoumen zu dësem Projet de loi. Éischtens zu den Avise vum Conseil d'État, deen zwee Avisen eraginn huet, ee vum 23. Dezember 2022 an een de 7. Februar 2023, wou de Staatsrot eng Rei Adaptatiounen um Text verlaangt huet. Virun allem huet e sech un e puer Formulatioune gestouss, wat déi finanziell Kontributioun vum Staat, de Risiko vun der Inégalité de traitement bei de Clienten, d'Lëscht vun de Fournisseuren an d'Definitioun vun den Delaien ugeet. Dëst huet dann och zu enger ganzer Rei Oppositions formelles gefouert, déi awer op Basis vum Staatsrot senge Proposen an der Kommissioun opgehuewe konnte ginn.

D'Chambre de Commerce hirersäits huet d'Aféierung vun enger Kontributioun fir déi privat Notzer vu Fernwärmenetzer generell begréisst, dëst allerdéngs mat e puer konstruktive Kriticken, ënner anerem wat d'Delaie vun der Bezuelung vun den Akkonten an déi technesch Sécherheetsdispositioune ronderëm den Dateschutz ugeet.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics war och d'accord mam Projet de loi, huet awer Sanktioune gefuerdert am Fall, wou e Fournisseur d'Präisreduktioun net géif applizéieren.

D'Chambre des Salariés hirersäits huet keng kritesch Observatiounen zu dësem Projet de loi formuléiert a war vun Ufank u mat allen Dispositiounen d'accord.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer zum Schluss nach e puer Wierder zu de parlamentareschen Aarbechten. Nodeems dëse Projet de loi den 2. Dezember 2022 vum Energieminister Claude Turmes deposéiert gi war, huet d'Tripartitt-Kommissioun sech a véier Sëtzunge mat den Dispositiounen an Avise beschäftegt an huet mäi Rapport den 3. Mäerz eestëmmeg ugeholl. Dat ass nach net laang hier.

Domat ginn ech dann och schonn emol den Accord vun der grénger Fraktioun a wéilt zum Schluss nach just zwee Mercie lassginn. Deen éischte Merci ass fir den Dan Schmit, de Sekretär vun der Kommissioun, an deen zweete gëllt eiser Fraktiounsmataarbechterin, dem Liz Reitz, déi alle béid eng gutt Aarbecht, muss ee soen, an dësem dach awer ganz techneschen Dossier geleescht hunn. An Iech soen ech dann nach Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Josée Lorsché Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Merci. Merci, Här President. Merci och fir déi Explikatiounen. Et ass richteg, et ass en zimmlech techneschen Dossier. Ech wëll och net ze laang hei sinn. Ech wëll just soen: Dat doten erënnert eis jo alleguerten heibannen dorunner, dass mer d'Diskussiounen am Hierscht haten iwwert d'Hëllef bei de Gaspräisser, wou mer gesot hunn: „Voilà, do muss ee 15 % Präishausse eigentlech plafonnéieren, fir dass de Leit awer gehollef gëtt iwwert de Wanter, an eeben dann och eng Lafdauer, déi och hei identesch ass mat dësem Text vun Oktober d'lescht Joer bis Silvester dëst Joer dann afléisse loossen." An ech war selwer ee vun deenen, déi hei op der Tribün och gesot hunn: „Voilà, mir hunn awer do nach ee Problem. Wa mer de Gaspräis hunn, dann hu mer awer och nach Clienten, déi indirekt eigentlech un de Gas als Ressource, fir sech opzehëtzen, ugebonne sinn, an dat sinn déi, déi iwwert de Wee vun der Kogeneratioun Hëtzt eigentlech consomméieren."

Duerfir wëll ech op dëser Plaz wierklech dem Minister e grousse Merci soen, dass e ganz séier deen do Challenge ugeholl huet fir ze soen: „Effektiv do hu mer e Problem. Do musse mer kucken, wéi mer dat dote léisen."

De 7. Dezember (veuillez lire: Den 2. Dezember) ass dee Projet de loi deposéiert ginn an elo haut, den 8. Mäerz, also bal exakt eng Punktlandung op dräi Méint, ass dee Projet färdeg a kann hei gestëmmt ginn. Ech wëll wierklech dem Minister senge Mataarbechter Merci soen, dass si dat doten esou séier gemaach hunn, an awer och de Leit aus der Tripartitt-Kommissioun, déi jo dëse Projet dann och begleet hunn.

Déi Limitt vu 15 %, ech hunn et gesot, déi ass identesch mat där, déi mer fir de Gas dann hunn. An et ass eeben awer noutwendeg gewiescht, fir e separat Gesetz ze maachen, well et méi komplex ass. An aus den Ausféierunge vun der Madamm Rapportrice, där ech Merci soe fir dee wierklech exzellenten, kuerzen, komplette Rapport, muss ee soen: Et ass effektiv méi komplizéiert.

Just fir et eng Kéier un engem Beispill ze erklären, well ech da selwer Buergermeeschter si vun enger Stad, déi och e Kogeneratiounswierk huet: Dat Wierk, dat liwwert op Gasbasis. An e puer Joer gëtt et op Pellets ëmgestallt, d'Etüde lafen, mee de Moment si mer nach beim Gas. Et liwwert Stroum, et liwwert Wäermt, et liwwert Keelt an et liwwert Noutstroum.

Et gëtt also net eng einfach Léisung, fir déi dote Rechnungen ze maachen a fir ze soen: „Voilà, wann de Gas an d'Luucht geet, wéi verhale sech dann déi aner véier Fourrnituren, déi een dorauser mécht?" Dofir sinn och déi Dispositiounen, déi sech „Preisgleitklausel" nennen. Dat versti just nach déi, déi an der Mathematik ëmmer ganz gutt opgepasst hunn an der Schoul. Mee déi sinn net adaptéiert fir esou Präisschwankungen, wéi mer se erlieft hunn, wou ee vun 30 Euro op 300 Euro oder 250 Euro pro Megawattstonn geet. Déi sinn net dofir gemaach. Déi pufferen dat. Mee hei – lange Rede, kurzer Sinn – muss een einfach Merci soen, dass mer elo hei relativ séier dohinnerkommen.

Ech wéilt awer nach e Merci lassginn un de Minister, dat däerf een awer och op dëser Plaz eng Kéier soen. Hien huet sech Méi ginn, fir op den Terrain ze goen, fir mat de Leit doriwwer ze diskutéieren, fir sech mat de Fournisseuren, mat de Proprietären, mat den Entreprisen zesummenzesetzen an ze kucken, wéi dat geet. Dir sidd souguer, Här Minister, sur place gepilgert. Dir hutt de Staf an de Grapp geholl a sidd duerch d'Land gaangen. Dat ass ganz gutt ukomm. Ech mengen och, dass dat wichteg ass, datt ee wierklech nolauschtert, wéi et um Terrain bemierkbar gëtt. Ech wëll einfach op dëser Plaz Merci dofir soen.

Eng lescht Remark, da sinn ech fäerdeg. Dat ass déi, fir dach awer ze soen: Hoffentlech vergiesse mer elo net ..., net dass mer d'Energiespueren elo op eemol leie loossen! Well dat ass awer, mengen ech, nach ëmmer e wichtege Message, dee mer ëmmer nach sollten alleguer fir eis selwer an awer och fir déi aner Leit applizéieren. Ech weess och net, wou mer dru sinn. Dat kann de Minister eis vläicht an dësem Kontext herno soen, ob mer déi Ziler erreechen. Déi sollte jo am Mäerz ... elo si mer nach e bëssen ze fréi, mir sinn nach net Enn Mäerz, fir da kënnen de Bilan ze zéien, mee ob mer dat gespuert hunn, wat noutwendeg war ze spueren.

A wéi gesot, kommt, mir bleiwe wierklech bei deem Effort, deem kollektiven Effort fir eis alleguer. Et ass och gutt fir jidderengem säi Portmonni an et ass och gutt fir de Staatsbudget.

Villmools merci alleguer.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Schaaf.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | A nee, ech hunn nach vergiess: Ech gi selbstverständlech den Accord vun der CSV.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen,** Président | An da wier et um honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat Wichtegst zum Schluss. Merci fir d'Wuert, Här President. Am Dezember hate mer heibanne schonn eng ganz Rëtsch vun Tripartitt-Gesetzer an dësem Plenum gestëmmt, déi aus dem Solidaritéitspak 2.0 ervirginn. Bei deene Gesetzer geet et drëms, d'Stéit ze ënnerstëtzen an engem Kontext vun héijer Inflatioun a vun héijen Energiepräisser.

Mat deem Gesetz vun haut leeë mer nach eng nei Hëllef fest fir d'Stéit, déi un e Fernwärmenetz ugeschloss sinn, a mir limitéieren d'Präishausse, sou wéi d'Rapportrice et gesot huet, op 15 % am Verglach zum duerchschnëttleche Präisniveau vum September 2022. Fir Privatpersoune kënnt dës Moossnam zousätzlech zu den Energiehëllefen, déi mer heibanne scho gestëmmt hu fir de Gas, fir de Masutt, fir d'Pellets a fir de Stroum. Et ass also e weidert Puzzlestéck am Kader vun alleguerten deenen Energiehëllefen, déi de Stéit hei zu Lëtzebuerg zeguttkommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Mir kréien heiansdo vu verschiddene Säite gesot, mir géifen am Kontext vun den Energiehëllefen d'Sue mat der Géisskan verdeelen. D'Strategie hannert deenen Hëllefe fir d'Stéit a fir d'Betriber ass et allerdéngs, d'Inflatioun an de Grëff ze kréien, am Grëff ze behalen. A mir hu scho gesinn, dass d'Inflatioun d'lescht Joer, 2022, ënner 6 % gefall ass.

A wann ech haut richteg gelies hunn, ass d'Inflatioun elo schonn ënner 5 % gefall. An ech mengen, dat weist, dass déi Suen, déi mer an de Grapp geholl hunn, déi Investissementer, déi mer gemaach hunn, och déi Suen, déi mer deblockéiert hunn, fir de Leit ze hëllefen, am Solidaritéitspak 2.0, dass déi hir Friichten droen, eebe grad well se breet gestreet ginn.

Mir hu gëschter heibannen iwwert deen nächsten Tripartitt-Accord geschwat, iwwert de Solidaritéitspak 3.0. An eng ganz Rei vun de Mesüren aus dem Solidaritéitspak 2.0, wat d'Energiehëllefen ugeet, solle verlängert ginn. Ech wollt heibannen d'Propos maachen: Ech mengen, fir am einfachste kënnen ze schaffen, wär et vläicht eng Iddi, Här Minister, wa mer déi verschidden Hëllefen, déi jo da just verlängert ginn, an engem Omnibusgesetz vläicht géifen zesummenhuelen. Da bräichte mer net véier, fënnef, sechs Gesetzer ze maachen, wa mer just Datumer verlängeren. Wann een dat géif opdeele pro Ministère, ech mengen, da kéinte mer déi Aarbecht hei ganz, ganz séier maachen.

Voilà, an deem Sënn wollt ech den Accord gi vun der DP-Fraktioun, net awer ouni e ganz grousse Merci ze soen, wéi ëmmer, eiser Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och vun dëser Plaz eng Kéier e ganz, ganz grousse Luef un de Sekretär vun der Kommissioun, un den Dan Schmit. Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Baum. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech kann direkt do virufueren. Ech soen och der Rapportrice, der Madamm Lorsché, e ganz grousse Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Si huet näischt vergiess a si huet d'Gesetz am Detail erkläert. Och den Här Baum ass op villes agaangen, wat ech mer elo kann spueren.

Et ass effektiv e bëssen ... D'Circonstancë sinn eeben esou. Gëschter hu mer hei iwwert d'Tripartitt geschwat, haut setze mer e Gesetz ëm aus deem leschten Tripartitt-Accord. An eigentlech huet deen neien Tripartitt-Accord eng Verlängerung vun eebe just deenen heite Mesüren, déi mer haut ofstëmmen, virgesinn. Et wier jo flott gewiescht, wa mer eng Prozedur gehat hätten hei an der Chamber, wou een dat elo nach hätt kënne séier arrangéieren. Dann hätte mer eis alleguerte ganz vill Aarbecht erspuere kënnen. Leider ass dat net de Fall. Mee ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer dat doten och anescht ganz séier wäerte geléist kréien.

Ech wëll op alle Fall soen, dass mer alleguerten hei zesumme virun e puer Méint d'Suerg haten, kann ech mech erënneren, dass mer iergendee géife vergiesse bei deenen Energiehëllefen. An ech mengen, dass mer alleguerten zesummen, Majoritéit, Oppositioun, Regierung, Chamber, eist Wuert gehalen hunn, a mir hu probéiert, wierklech keen ze vergiessen. An dat Gesetz hei ass Ausdrock dovunner.

An dofir soen ech nach eng Kéier jiddwerengem an och der Regierung Merci a gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP zu deem Gesetz.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll och der Madamm Lorsché Merci soen an allen anere Virriedner. Ech mengen, mir kruten dat elo ënner allen Aspekter erkläert. Ech wëll vläicht dofir just e puer Bemierkunge maachen. Éischtens: Wat d'ADR ugeet, stëmme mir dat hei mat. Mir hu gesot, mir wäerten all déi Tripartitt-Moossname matstëmmen, aus Solidaritéit. Dat maache mer och selbstverständlech mat dësem Gesetz.

Dat Zweet ass, datt mer mussen oppassen: Mir sinn an engem héich volatillen Ëmfeld. Déi Kolleegen, déi d'„Financial Times" haut gelies hunn, déi hu gelies, datt de Risiko, datt d'Uelegpräisser elo ganz séier an d'Luucht ginn, ganz grouss ass. Dat heescht, mir sinn an engem Ëmfeld, wou mer elo net wëssen, wéi sech déi Präisser an deenen nächste Woche wäerten entwéckelen. Déi amerikanesch Industrie, och d'Shale-Gas-Industrie, huet am Abléck Problemer, der Demande nozekommen. Also, mir sinn an engem ganz volatillen Ëmfeld. An och wann et gutt Neiegkeete gëtt, da wësse mer net, wéi sech dat weider entwéckelt.

En drëtt Element ass, datt mer natierlech ëmmer musse kucken – an dat wäerte mer och an deenen nächste Wochen hoffentlech hei an der Chamber maachen –, datt mer eng Kéier allgemeng iwwert d'Konsequenze vun der Sanktiounspolitick diskutéieren. Mir hunn och gëschter kuerz iwwert d'Problemer bei DuPont de Nemours geschwat. Mir wäerten an engem anere Kontext hoffentlech nach eng Kéier op déi Diskussioun zréckkommen, well déi ganz ekonomesch Zukunft vun eisem Land a vu Westeuropa hänkt och e bësse vun der Energieversuergung an der Energiefro natierlech of. An et ass wichteg, datt mer dann och eng laangfristeg Perspektiv entwéckelen am Hibléck op déi Defien, déi dann do op eis zoukommen.

Dat gesot, mengen ech, wat dëst Gesetz ugeet an déi Noutwendegkeet, d'Leit ze ënnerstëtzen an eis Entreprisen ze ënnerstëtzen, besteet Konsens hei am Haus, a mir stëmmen dat da mat. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Als Alleréischt emol der Rapportrice, der Madamm Lorsché, e grousse Merci fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Da muss ech awer och soen: e grousse Merci dem Här Minister, deen eis och an der Kommissioun wierklech alles ganz gutt erkläert huet, soudatt een dat och ganz gutt verstanen huet, well et ass effektiv en immens techneschen Dossier a keen einfachen Dossier.

Ech mengen, den honorabelen Här Schaaf huet et och gesot, datt Der Iech och d'Méi gemaach hutt an Dir sidd bei déi verschidde Partner gaangen, fir iwwerhaapt ze kucken, wéi een dat do kéint léisen. Dofir, mengen ech, huet et och e bësse méi laang mat deem Gesetz hei gedauert, an och wéinst der Oppositioun formelle, déi mer haten, déi mer awer behuewen hunn.

An da muss ech soen, ech muss awer och dem Här Cruchten Recht ginn, ech hu genau dat nämmlecht geduecht: Ech hunn haut geduecht, et wär awer elo schéin, wa mer direkt dat dote kéinte verlängere bis Enn 2024, wa mer hei eng Prozedur hätten, fir dat ze maachen. Dat géif eis nämlech alleguer vill Aarbecht erspueren, well mir hunn eng mouvementéiert Zäit, déi op eis duerkënnt. An ech mengen, wa mer all déi Dossieren do elo nach eng Kéier mussen opmaachen – a mir musse se all opmaachen an der Tripartitt-Kommissioun – an da musse se herno dann nach an d'Chamber kommen, si mussen erëm déi ganz Etappen duerchlafen am Fong, fir just en Datum ze änneren, ass dat wierklech e bësse schued.

Fir de Rescht ass schonn alles gesot, a mir ginn natierlech den Accord vun eiser Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Als Éischt e grousse Merci un d'Madamm Josée Lorsché fir den exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir hunn e bësse bedauert, datt dat heiten esou laang gedauert huet. Ech mengen, et gëtt Erklärungen. Dat eent, dat si prozeduraler: datt de Staatsrot e puer Hoer an der Zopp fonnt hat, datt et wierklech net einfach war, deen Text esou ze schreiwen, datt en och d'Strooss hält. Dat kann een natierlech schued fannen. Ech mengen, et sollt een et och schued fannen. Wat mir eis gewënscht hätten, wär, datt et vun Ufank un zum Beispill e Moratoire de paiement gi wier fir déi Leit, déi hei betraff waren, well awer en Deel vun de Leit iwwerrascht waren, datt op där enger Säit eppes annoncéiert gëtt an engem Tripartitt-Accord, op där anerer Säit se dann awer hir Rechnunge kréien an déi och bezuelt musse ginn, voire souguer och Rappelle kréien.

Mir wäerten dat heite matstëmmen, dat ass ganz kloer. Ech hunn awer elo grad driwwer nogeduecht, an d'Madamm Cecchetti huet gesot: „Et wär jo schéin, wann et eng Prozedur géif ginn." Ma et gëtt eng Prozedur, fir deen Datum ze änneren. An ech kéint mer och virstellen, datt de Staatsrot kee Problem domadder hätt, wa mer par Amendement parlementaire dat géifen haut an hei nach änneren. An ech mengen, datt mer trotzdeem d'Dispens vum zweete Vott géife kréien, wa mer haut elo géifen en Amendement parlementaire huelen.

De Problem ass: Ech selwer kann et net proposéieren, well dofir brauche mer laut eisem Reglement fënnef Ënnerschrëften. Mee wa wierklech de Wëllen do ass, datt dat heiten direkt bis Enn des Joers weiderleeft an net nach eng Kéier muss opgemaach ginn, da géife sech jo awer sécher fënnef Kolleegen a Kolleeginne vun der Oppositioun oder vun der Majoritéit fannen, fir dat ze maachen.

Wann net ... Also, ech bidde meng Ënnerschrëft un. Ech kann och fir de Marc Goergen schwätzen. Mir bidden eis zwou Ënnerschrëften dann un. Wa sech also nach dräi Kolleege géife fannen, kéint een dat nach maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes. Här Turmes, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Villmools merci, Här President. Léif Deputéiert, ech si frou, dass mer hei esou e breede Konsens hu fir déi heite Mesür, déi spezifesch all déi Leit betrëfft, déi un engem Wärmenetz hänken, egal wéi eng Energieform dass et ass. Mee mat deem heite Vott gëtt eigentlech dann och de ganze Pak vun den Energieaidë completéiert.

Also, dat heiten huet e bësse gedauert, mee et huet awer keng Konsequenz an der Praxis, well mer hei an engem Deel sinn, wou mer iwwer Avancen d'Fournisseure bezuelen. A wa mer dat elo haut stëmmen, da kënne mer och elo déi éischt Fournisseuren, déi viru Kuerzem hir Avancen, hir Rechnungen, eraginn hunn, esou bezuelen, wéi mer dat virgesinn hunn.

Vun dohier wëll ech elo net méi op déi technesch Detailer agoen, well ech ka se kaum besser erklären, wéi d'Madamm Lorsché dat gemaach huet.

**Plusieurs voix** | O!

*(Hilarité)*

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | An da wëll ech vläicht nach just op e puer Remarken agoen. Ech mengen, den Här Schaaf ... Merci nach eng Kéier. Ech mengen, et war och fir mech eng wichteg Visitt do zu Ettelbréck, well mer jo och nach eng aner Aide gi fir d'Wärmenetzbedreiwer, déi jo iwwert d'Ekonomie kënnt, fir dat besser ze verstoen. Merci dann och nach eng Kéier fir d'Blummen. Mee mir ass et wichteg, fir op den Terrain ze goen, well ech dann och d'Detailer besser verstinn an eeben och ka mat menge Leit dann déi Gesetzer richteg sträcken.

Beim Energiespueren ass et esou ... Här Schaaf, Är Fro zum Energiespueren: Mir hu bis elo 27,2 % Gas agespuert. Mir haten en Objektiv vu 15 %. Dat heescht, mir iwwererfëllen eist Zil och schonn, ier mer elo nach dëse Mount laanscht hunn.

Et ass esou, datt ech wëlles hunn, am Abrëll dat da wierklech méi am Detail auszewäerten. Well wat jo interessant ass, ass da fir ze wëssen: Ok, wat ass bei der Industrie agespuert ginn? Wat ass an de Bürosgebaier agespuert ginn? Wat ass bei de Privatleit agespuert ginn? An dann eeben, vun do aus ze kucken: Wat ass eis Spuercampagne fir deen nächste Wanter? Well mir sinn effektiv a ganz volatillen Zäiten, an dat, wat ... Jo, et gëtt eng gewësse Warscheinlechkeet, dass China dëst Joer net méi am Null-Covid ass. Ech mengen, dat wësse mer schonn. An am Moment weise sämtlech Indicateuren, dass a China erëm d'Wirtschaft richteg ufänkt ze lafen. An dat heescht: méi Uelegverbrauch a China, méi Gasverbrauch an esou weider an esou weider. An dat wäert natierlech, well dat e Riseland ass, och Repercussiounen hunn.

Mee déi gutt Noriicht ass: Duerch déi, géif ech soen, ganz weis Decisioun, déi mer zesumme mat de Sozialpartner an der Tripartitt geholl hunn, si mer eigentlech gerëscht dofir, dass eis Bevëlkerung, wann et sollt erëm zu Präisausschléi kommen, elo scho gutt geschützt ass. Ech weess och net, ob et iergendeen anert Land gëtt, wou dat elo schonn esou anticipéiert ginn ass.

Zu der Fro vum Här Baum: Effektiv, mengen ech, géif et Sënn maachen, dass mer all déi Energiemesüren, wou mer just den Datum verlängeren, an ee Gesetz maachen. Ech hu menge Leit dat och elo mat op de Wee ginn, dass se sollen emol ufänken, dorunner ze schaffen. An duerfir, merci dem Här Clement fir säi Virschlag, mee ech denken, dass et besser ass, wa mer all déi Energiemesüren, wou just den Datum muss geännert ginn, elo an ee Gesetz paken an dann eebe schnell op de Wee bréngen.

An dann nach zur Fro, zur Suerg, mengen ech, vun där den Här Kartheiser geschwat huet, mee déi mer all deelen: Eis Wirtschaft brauch eng verlässlech Perspektiv. An déi bescht verlässlech Perspektiv am Energieberäich ass, Energie spueren an dann esou schnell wéi méiglech d'erneierbar Energië virubréngen. Déi gutt Noriicht ass: D'lescht Joer war e Rekordjoer fir d'erneierbar Energien an Europa. An dëst Joer wäert warscheinlech och en neit Rekordjoer ginn, well ganz, ganz vill Projeten iwwerall an Europa ënnerwee sinn. An dat ass déi bescht Aart a Weis viraus, fir eis Ofhängegkeet vu fossillem Gas aus Russland, awer och vu fossillen Energien insgesamt ze reduzéieren. An dat brauche mer och, fir eis Course géint de Klimawandel ze gewannen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8111. Den Text steet am Document parlementaire 8111[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8111 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 7. 8032 – Projet de loi complétant le Code pénal par l'introduction d'une circonstance aggravante générale pour les crimes, délits et contraventions commis en raison d'un mobile fondé sur un ou plusieurs des éléments visés à l'article 454 du Code pénal

Als nächste Punkt um Ordre du jour vun haut hu mer de Projet de loi 8032 iwwert d'Aféierung am Code

pénal vun enger Circonstance aggravante fir Verbriechen, déi géint den Artikel 454 vum Code pénal verstoussen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporter vum Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Justice***

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmme mat dësem Gesetzesprojet 8032 eng nei Dispositioun fir eise Code pénal: eng „circonstance aggravante généralisée". Et handelt sech dobäi net ëm e ganz neit Konzept, well eise Code pénal schonn esou eng generell Circonstance aggravante kennt, nämlech – dat wësse mer alleguerten – bei Recidiven. Wann ech mech x-mol fir dat selwecht muss veräntweren, da seet de Riichter déi zweete Kéier, déi drëtte Kéier: „Elo geet et duer an elo kritt Der eng méi drop!"

Bei dësem Projet geet et awer drëms, dass de Riichter d'Méiglechkeet kritt, d'Strofmooss ze erhéijen, an dat bis zum Duebele vun der maximaler Strof, déi virgesinn ass, sief et Geld- oder Prisongsstrof, wann eng oder méi Charakteristiken – elo gëtt et e wéineg technesch –, déi am Artikel 454 vum Code pénal opgezielt sinn, d'Strotdof motivéiert hunn – motivéiert hunn! –, also d'Strofdot, pardon.

*(Hilarité)*

Ëm wat handelt et sech do? Et si Strofdoten, déi motivéiert kënne sinn duerch d'Originn, d'Hautfaarf, d'Geschlecht, d'Relioun, d'sexuell Orientéierung, Changement de sexe, d'Genderidentitéit, wéinst der Familljesituatioun, wéinst dem Alter, Gesondheetszoustand, Behënnerung, Liewensgewunnechten oder Traditiounen, politesch oder philosophesch Liewensastellungen, gewerkschaftlech Aktivitéiten, Zougehéieregkeeten zu enger Ethnie, Natioun, Rass oder Relioun.

Mir schécken haut also e ganz kloert Zeechen no baussen un all eis Matmënschen, dass Haass an Diskriminéierung an eiser Gesellschaft net toleréiert ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Mir mussen insgesamt méi Efforte maachen, fir eis Matbierger/inne viru willkürlecher Gewalt a Schikan, virun Diskriminéierung ze schützen, an deen heite Projet de loi ass e wichtege Bausteen, fir dësem Zil als Gesellschaft méi no ze kommen.

Doriwwer eraus komme mer mat dësem Projet de loi och Recommandatiounen no, souwuel op nationalem wéi internationalem Plang. Do wieren dat notamment d'ECRI, d'Commission européenne contre le racisme et l'intolérance, déi zanter hirem Rapport iwwer Lëtzebuerg vun 2002 eng Circonstance aggravante généralisée fir rassistesch motivéiert Dote recommandéiert. Et geet och ëm eng Kaderdecisioun vum JAI vun 2008, wéi och Recommandatioune vum Comité pour l'élimination de la discrimination raciale vun de Vereenten Natiounen.

De Projet gëtt explizitt begréisst vum Centre pour l'égalité de traitement, vun der konsultativer Mënscherechtskommissioun, wéi och vun eise Justizautoritéiten. Déi si scho méi laang Demandeur, fir esou eng Dispositioun an eise Code pénal opzehuelen.

De Projet de loi gouf vun der Justizministesch Sam Tanson zejoert den 20. Juni deposéiert. Zwee Deeg drop hu mer de Projet an der Justizkommissioun analyséiert an de Rapporter bestëmmt. De Staatsrot huet eis säin Avis den 11. Oktober zejoert ginn an opgrond dovun hu mer den 30. November an der Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl. Dem Staatsrot säin Avis complémentaire wär dann de 24. Januar do. Mir hunn deen an der Kommissioun den 22. Februar analyséiert an de Rapport déi lescht Woch, den 1. Mäerz, ugeholl.

Wéi gesot, zwee Avise gouf et vum Staatsrot. Weider Avise krute mer vum CET a vun der CCDH, déi, wéi gesot, d'Initiativ vun der Justizministesch begréissen, well et e klore gesellschaftspolitesche Message ass. Béid insistéieren awer, dass de penale Volet aleng net de Problem vun der Diskriminéierung ka léisen. Béid Instanzen encouragéieren d'Regierung zu weidere Schrëtt an der Bekämpfung vun allen Diskriminatiounen, zum Beispill duerch Aktiounen am sozioedukativen an am kulturelle Beräich.

Weider Avise gouf et vum Barreau, vun der Cour supérieure de justice, dem Parquet général an dem Parquet aus der Stad a vun den zwee Bezierksgeriichter aus der Stad a vun Dikrech. Déi verschidde Justizautoritéite begréissen de Projet de loi ausdrécklech.

Duerch dës Avisen ass awer och ënner anerem eng Erweiderung virgeholl ginn. D'Circonstance aggravante généralisée war ursprénglech just fir Delikter a fir Crimme virgesinn. De Champ d'application gouf awer och duerch Amendement op Kontraventiounen ausgeweit. Dat heescht, och fir kleng gesetzlech Verfeelungen toleréiere mer an Zukunft net méi, wann déi motivéiert sinn aus deene genannten Diskriminatiounsgrënn.

Zum Text elo: Am Code pénal féiere mer en neit Kapitel an nom Artikel 79, d'Kapitel „IX-1. – De certaines circonstances aggravantes", an an dësem Kapitel schreiwe mer am Artikel 80 – et ass just een Artikel, ech liesen Iech se elo net all vir –: „Quiconque aura commis, en raison d'un ou de plusieurs des éléments visés à l'article 454, un fait qualifié de crime ou délit pourra être condamné au double du maximum de la peine privative de liberté et de l'amende portées par la loi contre ce crime ou ce délit [...]. La disposition de l'alinéa premier ne s'applique pas au fait qualifié de crime ou délit, commis en raison d'un ou de plusieurs des éléments visés à l'article 454, pour lequel cet ou ces éléments est l'élément constitutif de l'infraction."

Den Tiret 2 vun dësem Paragraf vun dësem Artikel schléisst dann och d'Kontraventiounen an opgrond vun den Avisen. Déi nei Dispositioun trëtt also a Kraaft, wann eng Verurteelung vun engem Tatbestand virläit, zum Beispill eng Kläpperei, versichten Doudschlag, een urempelen, verfollegen oder vernennen. Wann den Tatbestand noweislech motivéiert ass duerch eng oder méi Charakteristiken, déi am Artikel 454 festgehale sinn, déi ech am Ufank opgezielt hunn, da kann de Riichter dës Circonstance aggravante geltend maachen an d'Strofmooss entspriechend erhéije bis zur Verduebelung.

Et gouf Diskussiounen, ob mer net wéi a Frankräich solle virgesinn, dass d'Circonstance aggravante sech kéint verstäerken, cumuléieren, wa méi wéi eng Diskriminatioun géif virleien. Mir waren awer der Meenung, net op dee Wee ze goen, dass dat net an eise Gewunnechten ass, esou eng Surenchère ze maachen, an dem Riichter och keng Graduatioun virschreiwe wollten, nom Motto „schlëmm", „ganz schlëmm", „nach méi schlëmm". Nee, hien, de Riichter, huet elo eng Dispositioun, déi hien no sengem Ermiesse kann asetzen.

Esou wäit fir mäi mëndleche Rapport, an deem schrëftleche fannt Dir den Detail vun den Avisen, déi zum finalen Text geféiert hunn. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Margue.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Elisabeth Margue agedroen. Madamm Margue, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Elisabeth Margue** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir setzen haut e wichtegt Zeeche géint Diskriminatioun. Mir féieren, wéi gesot, eng Circonstance aggravante a fir Strofdoten, déi opgrond vun enger Diskriminatioun begaange gi sinn. Mir suivéieren esou eng Recommandatioun vun europäeschen an internationalen Instanzen. Mir ginn awer méi wäit, well déi ursprünglech Recommandatioune sech an éischter Linn op de Rassismus bezéien.

Am Artikel 454 vum Code pénal sinn eng ganz Rei Elementer ernimmt, déi en diskriminatorescht Motiv kënnen ausmaachen, esou zum Beispill d'Hautfaarf, d'Geschlecht, d'Relioun, fir der nëmmen e puer ze zitéieren.

Et ass eng Circonstance aggravante généralisée, dat heescht, si bezitt sech op all Typ vu Strofdot, ausser déi, wou d'Diskriminatioun schonn en Deel vun den Éléments constitutifs ass vun der Infractioun. Dat bedeit, datt d'Strof an deene Fäll ka verduebelt ginn. Ursprünglech war se nëmme geplangt fir Crimmen an Delikter. De finalen Text – et ass scho gesot ginn – bezitt sech awer och op d'Kontraventiounen. Et ass an deem Sënn vläicht e bëssen erstaunlech, well bei enger Kontraventioun u sech d'Élément moral net muss gi sinn, well keng Intentioun muss do sinn.

Et geet hei awer net ëm en Élement moral, mee et geet ëm de Mobill, dat heescht, eigentlech de Grond, firwat een eng Infractioun mécht. Dat heescht, et muss e kausalen Zesummenhang sinn tëscht deem diskriminatoresche Motiv an der Strofdot als solch, wat awer och viraussetzt, datt vläicht d'Preuve vun deem Mobill méi schwiereg ass ze bréngen.

Trotz allem markéiert eis Partei den Accord an ech géif dann och an deem Sënn dem Rapporter Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Margue. An da wier et un där honorabeler Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Villmools merci, Här President. Ech wéilt virop dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport, dee scho ganz komplett war. Et war an där heiter Matière vum Conseil de l'Europe 2016 drop higewise ginn, dass mer hei an eiser lëtzebuergescher Legislatioun eng Lacune hätten. Lëtzebuerg hat sech deemools entscheed, fir den Hatecrime net explizitt an senger Legislatioun festzeleeën, wat vun anere Länner gemaach ginn ass. D'Gewalt huet awer zougeholl, och hei zu Lëtzebuerg, an Diskriminatiounen an Haass gesäit een awer ëmmer erëm. Dowéinster ass och elo decidéiert ginn – an dat begréisse mir als Demokratesch Partei –, dass hei eng Circonstance aggravante généralisée soll agefouert ginn, déi sech op all Infraktioun dann och kann applizéieren.

An ech wéilt vläicht just eng Prezisioun ginn: Den Här Margue hat gesot, dass et am Ermiesse géif leie vum Riichter, ob elo hei déi Circonstance aggravante géif applizéiert ginn. Also, Dir hutt Iech vläicht do net ganz richteg ausgedréckt. Ech wollt soen, wann déi Circonstance aggravante erwisen ass, dann ass dat Ermiesse vum Riichter net méi do, mee da muss en

dës och zréckbehalen, dat heescht, d'Ermiesse vum Riichter spillt op anere Plazen. Awer wann hei am Fong Haass oder Diskriminatioun zréckbehale gëtt, da kann de Riichter net soen, dass e se net zréckbehält. Dat wollt ech just preziséieren.

D'Demokratesch Partei gëtt natierlech hiren Accord zu dësem wichtege Gesetz. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Jo, mat deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, féiere mer och d'Circonstance aggravante an an eisem Code pénal, wat d'Crimes, d'Delikter an och d'Kontraventiounen ugeet, wa se begaange ginn opgrond vun enger Diskriminatioun. Ech mengen, de Rapporteur ass drop agaangen: Den Taux de peine gëtt verduebelt. Dofir him och merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech mengen, et ass e ganz, ganz wichtege Message, dee mer haut vun dësem Haus aus ginn, well mer eise Code pénal duerch d'Aféierung vun dësen Dispositiounen och méi streng maachen.

Fir eis als LSAP ass et ganz kloer en No-Go, wann Akte vun Haass a vu Rassismus effektiv gemaach ginn. Si sinn eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg, mee Lëtzebuerg ass awer och e multikulturellt Land. A wann een natierlech d'Realitéit kuckt, déi empiresch Zuelen, ech mengen, als Beispill: 2018 koum eng Studie eraus mam Titel „Being Black in the EU" an déi huet besot, datt all zweet Persoun mat enger donkeler Hautfaarf hei zu Lëtzebuerg effektiv rassistesch beleidegt ginn ass.

Et huet sech och erausgeschielt, dass ganz vill Jonker Affer vu Rassismus deementspriechend waren, an dat ass natierlech ganz humiliant, do gëtt een als Mënsch, als Individuum, net wouergeholl. An ech hoffen natierlech och, dass mam Vott vun dësem Gesetz, mat der Verschäerfung och hei vum Gesetz, natierlech och méi encouragéiert gëtt, Plaintë bei der Police deementspriechend ze maachen, well et weess een och, wann ee mat deene betraffene Leit schwätzt, déi Affer ware vun Haass, vu Rassismus, vun Diskriminatiounen, dass dat natierlech och d'Liewe kann effektiv déifgräifend veränneren, sief dat Identitéitskrisen, déi kënne stattfannen, Mannerwäertegkeetskomplexer an awer och Verloschter vu Perspektiv mol um schouleschen an och um professionellen deementspriechende Plang.

An dofir, mengen ech, ass et awer och wichteg nieft deem repressiven Deel: Et ass e Projet de loi hei um Instanzewee iwwert d'interkulturellt Zesummeliewen, wou och natierlech Preventioun a Sensibilisatioun an de Virdergrond gesat ginn, sief dat an engem educativen, sozialen oder pedagogesche Beräich. Also, de repressive Volet an de preventive Volet mussen hei Hand an Hand, wéi gesot, zesumme kënne géint Rassismus a Xenophobie virgoen.

Et brauch also och e Changement um Niveau vun de Mentalitéiten, éischtens bei deenen, déi diskriminéieren, datt hir Doten net vertrietbar sinn, an zweetens awer och bei deene Persounen, déi natierlech och Diskriminatioune matkréien, dass eng Prise de conscience do ass an dass se och aktiv eppes kënnen deementspriechend ënnerhuelen.

A virop, mengen ech, dofir ginn ech och de Feu vert an och hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Biancalana. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Ech sinn net Member an der Justizkommissioun. Et ass déi éischte Kéier fir mech, dass ech mech mat dësem Gesetz hu missen auseneranersetzen. An ech muss soen, ech hunn net déi selwecht Appreciatioun wéi meng Virriedner. Ech soen awer villmools Merci fir de Rapport.

Awer ech wëll Iech einfach emol e puer Beispiller nennen, fir Iech e bëssen ze illustréieren, wéi déi Gesellschaft hei sech entwéckelt.

Et ass gesot ginn, de Centre pour l'égalité de traitement, dee recommandéiert dat hei. Gutt. Ech hunn elo e Bréif gewise kritt virun e puer Deeg vun enger Damm, déi krut vum Centre pour l'égalité de traitement e Bréif, e war an der Substanz net justifiéiert, mee et ass egal, ech wollt just d'Uried hei ënnersträichen.

Do stoung net „Madamm esou an esou". Do stoung einfach „Virnumm, Familljennumm", ouni „Madamm", ouni „Monsieur", ouni iergendeng aner Uried. An déi Damm huet da beim Centre pour l'égalité de traitement gefrot: „Firwat schreift Der einfach esou mäin Numm?"

Zum Beispill, do hätt uewe gestanen – Madamm Minister, Dir erlaabt, ech léinen elo Ären Numm einfach – als Uried „Sam Tanson", amplaz „Madamm Tanson".

An d'Äntwert war: „Well mir net wëssen, wéi d'Leit wëllen ugeriet ginn." Dat ass de Centre pour l'égalité de traitement, an ech muss soen, dat friséiert d'Onhéiflechkeet!

Elo ass deen awer ënnert der Autoritéit vun der Chamber. Mir diskutéieren eigentlech ni weider driwwer, wat sech eigentlech ënnert der Autoritéit vun der Chamber, deene verschiddene Gremien, do entwéckelt oder wéi eng Habituden do entstinn. Ech muss soen: Dat do ass fir mech schockant!

En anert Beispill fir ze soe vun der Diskriminatioun, déi net esou dacks ernimmt gëtt, dat ass eng, déi mir an der ADR ganz dacks gesinn, dat sinn d'Membere vun der ADR: Haut de Moien, fir Iech dat ze soen, krut ech e Message vun engem Member vun der ADR, dee schafft op enger Plaz, déi ech elo net nennen aus verständleche Grënn. Do ass gesot ginn: „Du hues elo am kommunale Walkampf Reklamm fir d'ADR gemaach, du gëss versat!", vu sengem Patron. Dat muss ee sech och virstellen! Dat si Saachen, déi mir kennen – an trotzdeem! Do misst ee jo soen: „Mir hunn eng gewësse Sympathie heifir."

Nee, mir hu keng Sympathie heifir, well mir e Grondprinzipp verdeedegen an dësem Staat, an dat ass d'Égalité des citoyens devant la loi. Dat ass de Grondprinzipp, dee mir mordicus verdeedegen: D'Leit sinn all d'selwecht virum Gesetz!

An hei gi mer vun deem Prinzipp of. An et ass jo och gesot ginn, et ass elo keng rechtsstaatlech Noutwendegkeet, sou eppes ze maachen. Nee, et soll ..., den Här Margue huet dat gesot, ech soen ëm nach eng Kéier Merci fir de Rapport, deen en eis presentéiert huet. Hien huet gesot: „Et ass e gesellschaftspoliteschen Zeechen." Et ass eng Politiséierung, eng Politiséierung vum Recht, dat ass et!

An da gi mer emol an déi Interpretatioun dann do eran, wat een elo dann do soll als strofverschäerfend gesinn. Da muss de Mobill emol etabléiert ginn, also d'Motiv, firwat eng Strofdot gemaach gëtt, „en raison de leur origine" – „de leur origine", wéi dat och ëmmer ze interpretéieren ass –, „couleur de peau", bon, „sexe", „orientation sexuelle", „changement de sexe", „identité de genre" – wat dat dat och ëmmer soll sinn, dat ass e reng politeschen, ideologeschen, abstrakte Konzept –, „de leur mœurs" ...

*(Interruption)*

Jo, Dir kënnt probéieren, dat ze erklären. Dat maache mer ganz gär. Ech ginn Iech dann och e puer Erklärungen.

An esou weider an esou virun. Also, dat sinn alles esou vag Begrëffer, déi awer kënne benotzt gi viru Geriichter oder och an der Politick, fir Leit ënner Drock ze setzen an eng bestëmmte gesellschaftspolitesch Stëmmung ze erzeugen. Et ass jo eigentlech dat, wat derhannert steet!

An da gëtt geschwat vun der „race" – vun der „race"! Déi selwecht Leit, déi hei d'Rass eraschreiwen, soen eis an aneren Diskussiounen: „Dat gëtt et net, et gëtt keng!" Dat ass jo déi neisten Theorie. Mir si jo all eng Famill vu Mënschen, an dee Konzept wär falsch, dee géif et iwwerhaapt net ginn. Hei steet en dann als Strofverschäerfung. Wat hätt Der dann elo gär? Gëtt et eng? Gëtt et keng?

Menger Meenung no gëtt et Rassen, et gëtt der! Well et ass zum Beispill an der Medezinn ganz wichteg, well Persoune mat schwaarzer Hautfaarf hu geneetesch Dispositioune, wou Medikamenter mussen anescht erfuerscht gi wéi bei Wäissen. Et gëtt einfach Ënnerscheeder tëschent de Mënschen, mee ideologesch gëtt dann heiansdo gesot: „Et gëtt iwwerhaapt keng Rassen." Dat ass falsch! Mee ech wëll Iech dat just als Beispill nenne fir ze soen, wéi konfus déi Debatt heiansdo ass. Da gëtt gesot aus ideologesche Grënn enges Daags: „Et ass dat!", an den Dag drop: „Et ass dat anert!"

Nee, hei gi mer ewech, hei gi mer ewech vun der Égalité des citoyens devant la loi an dat ass eng ganz, ganz geféierlech Entwécklung! An et ass nach eppes aneres: D'Victimme ginn anescht klasséiert. Natierlech, eng Victimm gëtt indemniséiert, dat steet ausser a Fro, mee d'Protection de la victime ass eppes aneres. Et gëtt Leit, déi si méi geschützt duerch dëst Gesetz wéi anerer.

Mir hätte gär, datt all Mënsch an der Gesellschaft virum Gesetz d'selwecht geschützt ass, datt kee mengt, e wier manner geschützt wéi deen aneren, vläicht well et en ale wäisse Mann ass vu Lëtzebuerg an net déi immigréiert schwaarz Fra oder esou, déi vläicht hei besonnesch soll geschützt ginn.

Et ass eng Fro! Fir eis ass all Mënsch d'nämmlecht a mir bestinn och drop, datt all Mënsch d'nämmlecht behandelt gëtt. Dat ass eigentlech déi grouss Errungenschaft gewiescht vun eisem Rechtswiesen an deene leschte Joerhonnerten an dat gëtt mat esou ideologesche Gesetzer wéi deem hei lues a lues a Fro gestallt!

Ech wëll ophale mat enger leschter Consideratioun, well et ass eng „pente glissante" wéi mer dat an der Physik nennen, et geet ëmmer weider, wann ee bis op deen dote geféierleche Wee geet. Kuckt emol, wat hei elo nach recommandéiert gouf vun der Mënscherechtskommissioun zu Lëtzebuerg, dat geet deenen emol net méi duer, déi Krittären, déi hei zréckbehale ginn! Elo sollen nach als Mobill oder als Circonstance aggravante gerechent ginn: d'„caractéristiques génétiques", ...

*(Interruption par la présidence)*

Ech halen direkt op, Här President.

... „la fortune", „l'origine sociale" – wat dat och ëmmer soll sinn –, „la naissance", „l'ascendance",

„l'expression de genre" – ass dat eppes anescht wéi „l'appartenance de genre" oder „changement de genre"? Keng Anung! –, „ou encore la langue".

Also, wa mer dat heite maachen, ass dat e Verloscht fir eise Rechtsstaat, et ass kee Gewënn, a mir ginn op deen ideologesche Wee, deen hei ugezeechent ass, net mat!

Ech soen Iech Merci.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Och merci dem Här Rapporter fir de Rapport. Jo leider ass et eng Realitéit, dass et nach ëmmer Diskriminatiounen an eiser Gesellschaft gëtt an dës wäit verbreet sinn.

An enger Etüd vum CEFIS a vum LISER iwwer Diskriminatioune vun zejoert hu beispillsweis méi wéi een Drëttel vun den Awunner an Awunnerinnen, déi als vulnerabel betruecht ginn, uginn, datt si bei der Sich no Aarbecht, enger Wunneng oder op der Aarbechtsplaz Erfarunge mat Diskriminéierunge gemaach hunn. Een Drëttel, dat ass schonn erschreckend!

Och de Centre pour l'égalité de traitement hieft a sengem aktuelle Rapport d'activité ervir, datt si ëmmer méi Dossieren traitéieren. Ech huelen dës Zuele ganz eescht, well ech prinzipiell der Meenung sinn, datt et wichteg ass, fir d'éischt ze lauschteren, wat déi Concernéiert dann och ze soen hunn. An hei héiert een eeben däitlech, datt nach ëmmer Barriären existéieren, déi derzou bäidroen, datt tatsächlech d'Gläichbehandlung vu jiddwerengem nach laang keng Realitéit – och net hei zu Lëtzebuerg – ass.

Här President, den Droit pénal, also d'Äntwert vun der Gesellschaft op verschidde Verstéiss géint d'gesellschaftlecht Zesummeliewe bitt kloer eng Méiglechkeet, fir Diskriminéierungen entgéintzetrieden. Eng Persoun, déi enger aner Persoun wéinst enger bestëmmter Charakteristik Schued zoufüügt, muss deemno verhältnisméisseg bestrooft ginn. Dofir begréisse mir dëse Projet och.

Eventuell nach e puer Wierder fir ze ënnersträichen, datt déi verschidden Avisen, déi jo generell dëse Projet ganz positiv gesinn, oft am gläichen Otemzuch betounen, datt et beispillsweis immens schwéier ass, Diskriminatiounen nozeweisen, datt et wichteg ass, iwwer ausräichend konkreet Donnéeën ze verfügen, fir déi aktuell Situatioun besser ze erfaassen, wéi eeben och am Moment dat de Fall ass.

Mee ech denken, mir sinn eis hei all bewosst, dass de gewënschten Objektif vun enger Gesellschaft deen ass, eng Gesellschaft ouni Diskriminéierungen ze erreechen.

Eis Fro zum Beispill iwwert de Feminicide virun e puer Méint war och esou geduecht. Et ass jo ze begréissen, wa strofrechtlech all Strofen, déi noutwendeg sinn, en place gesat ginn, mee et ass eeben eng aner Saach, ee Begrëff an déi gefouert Diskussioune mat anzebauen, fir eeben op e grave gesellschaftleche Problem hinzeweisen an him déi noutwendeg Visibilitéit ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Generell gesinn, also op all méiglech potenziell Diskriminatioune bezunn, denken ech, datt grad dëst e weidert wichtegt Element ass, fir dat gewënschtent Objektiv ze erreechen. Also ech wëll dorobber eraus, datt mir Problemer kloer benenne mussen an esou weider sensibiliséieren a Preventiounsaarbecht leeschten. Geneesou ass et wichteg, weider effektiv Zougäng fir déi Leit ze schafen, déi Diskriminatiounen erlieft hunn. Laut dem erwäänte Rapport soen nämlech aktuell zwee Drëttel vun de concernéierte Leit, datt si keng Plainte deposéieren.

Dat gesot, stëmme mir dëse Projet de loi natierlech mat.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dëst Gesetz ass e gudde Schrëtt géint den Haass generell an et weist, dass an eiser Gesellschaft hei am Land den Haass keng Chance a keng Plaz huet. Duerfir wäerte mir Piraten och haut dëst Gesetz matstëmmen an ech soen dem Charles Margue Merci fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. Et ass u sech, och wann et net bewosst geschitt ass, dee richtegen Dag, fir dëst Gesetz ze stëmmen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Um Beispill vun de Frae weist sech – d'Fraen, déi ëmmerhin d'Hallschent vun der Mënschheet ausmaachen –, datt mer nach ëmmer net an enger egalitärer Gesellschaft liewen. Et gëtt ëmmer nees Fraen, déi harceléiert, vergewaltegt, ëmbruecht ginn, well se Frae sinn!

An och wa mer zu Lëtzebuerg zënter gëschter op d'mannst an der Theorie wëssen, datt d'Frae méi solle verdénge wéi d'Männer, sou sinn d'Fraen och hei nach ëmmer net preservéiert, wéinst hirem Genre Affer vun enger Strofdot ze ginn, loin de là!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | An, wéi gesot, d'Frae sinn d'Hallschent vun eiser Populatioun an dat selwecht gëllt ëmsou méi fir Minoritéiten an eiser Gesellschaft.

An ech sinn effektiv d'accord mat der Ausso, dass virum Gesetz jiddweree soll d'selwecht sinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | An eebe grad dowéinst, eebe grad, well jiddweree soll d'selwecht behandelt ginn, ass et extreem wichteg, dass mer et net toleréieren, wann ee wéinst sengem Aneschtsinn anescht behandelt gëtt, wann ee wéinst sengem Aneschtsinn Affer vun enger Infraktioun gëtt, wann ee wéinst sengem Aneschtsinn geschloe gëtt, insultéiert gëtt, ëmbruecht gëtt! Et ass genau dat, wat net ze toleréieren ass, an et ass genau dat, wat den Hatecrime ausmécht! A souguer, Här Kartheiser, wann Dir géift Affer vun enger Strofdot sinn, well Der e Mann sidd, och Dir kéint da vun dësem Gesetz profitéieren, well och dat gëtt et!

*(Interruption)*

Dat heescht, et ass net fir ze soen: „Et geet hei ëm Fraen, et geet ëm Leit, déi eng aner Hautfaarf hunn, et geet ëm Minoritéiten." Et geet ëm jiddwereen! Et ka jiddwerengem geschéien, well jiddweree kann e Merkmal hunn, wat engem anere géint de Stréch geet. A wat net acceptabel ass, dat ass, dass ee wéinst deem Merkmal, wéinst där Relioun, wéinst där Zugehöregkeet zu enger Partei, wéinst sengem Genre, wéinst deem Mënsch, deen ee vläicht gären huet, wéinst, wéi a sech seng sexuell Identitéit ass, dass ee grad dowéinst Affer vun enger Infraktioun gëtt! Dat ass dat, wou mer hei soen, dass et inacceptabel ass, net méi an net manner!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Dat heescht, deen Text hei erfëllt dräi Missiounen.

Déi Éischt ass eng pedagogesch. Jo, et ass extreem wichteg, dass mer ëmmer erëm drop opmierksam maachen, dass et net ze toleréieren ass, dass een en anere Mënsch schlecht behandelt wéinst senger Relioun, wéinst sengem Genre, wéinst senge sexuelle Virléiften. Dat ass net akzeptabel. Et ass wichteg, dass mer dat ëmmer erëm ënnersträichen an dass mer och dovunner fortkommen.

Mir hu schrecklech Zäiten erlieft am Zweete Weltkrich, wou Mënsche wéinst hirer Relioun ëmbruecht gi sinn, en masse ëmbruecht gi sinn. A mir sinn nach ëmmer net doriwwer ewech. Wann ee gesäit, wéi verschidde Politikerinnen a Politiker zu Lëtzebuerg traitéiert ginn, well se soi-disant déi falsch Relioun hunn, dann hu mer nach ëmmer e Problem, wat dat doten ubelaangt. Wa mer gesinn, dass zu Lëtzebuerg och nach ëmmer Fraen ëmbruecht ginn, well se eng Fra sinn, dann hu mer nach ëmmer e Problem, wat dat doten ubelaangt. A mir kennen alleguerte Fäll vu Leit, déi aggresséiert gi sinn, déi ugegraff gi sinn, just wéinst deene Merkmaler, wéi se an eisem Code pénal schonn opgelëscht sinn. An hei geet et drëm ze ënnersträichen, dass et net ka sinn, datt et wéinst deene Merkmaler ass, datt een ugegraff gëtt op iergendeng Aart a Weis.

An d'Fro vun de Kontraventiounen ass ugeschwat ginn. Dat war eng Demande a villen Avisen, dass mer déi géife mat eranhuelen, well et eebe grad och vläicht e bësse manner schlëmm – laut eisem Strofgesetzbuch – Infraktioune gëtt, déi maachen, dass een ugegraff gëtt wéinst engem vun deene Merkmaler.

Et ass awer och eng juristesch. Et gëtt ënnerstrach, dat gëtt dem Riichter d'Méiglechkeet fir ze soen, wann esou e Fall virläit, datt d'Strof kann erhéicht ginn. Den Här Margue huet et a sengem Rapport gesot. Et läit natierlech an der Appreciatioun vum Riichter, dëst Strofmooss ze determinéieren. Mee en huet méi eng breet Marge de manoeuvre, wann esou eng Circonstance aggravante virläit.

An dann eng lescht, déi ech op alle Fall net ignoréiere kann an net ignoréiere wëll, dat ass déi international. Mir hunn eng europäesch Kaderdecisioun virleien, déi seet, dass mer mussen den Hatecrime an eisem Strofgesetzbuch och virgesi fir all Zorte vun Infraktiounen. Mir hu Recommandatioune vun der ECRI, déi eis dat selwecht seet. An ech fannen, dass et eng Flicht ass fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat demokratesch Valeuren héichhält, e Land wéi Lëtzebuerg, deem et dräms geet, d'Fräiheet vum Eenzelnen ze schützen. An et ass dat, wat mer duerch e Gesetz wéi dat heite maachen: dass mer grad och hei eng Virreiderroll spillen an och do konform sinn zu eisen internationalen Obligatiounen.

A vläicht nach eng Zuel fir ze weisen, dass mer hei net am loftleere Raum diskutéieren. 2021 gouf et 198 Affäre wéinst Incitation à la haine zu Lëtzebuerg. Dat heescht, den Haass wéinst deene verschiddenen Elementer, déi hei opgezielt gi sinn, wéinst Rassismus, wéinst Xenophobie, wéinst Sexismus, deen Haass, dee gëtt et leider och hei a mir mussen all zesummen alles dru setzen, dass mer deen Haass bekämpfen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8032. Den Text steet am Document parlementaire 8032[14].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8032 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8032 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Tess Burton), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 8. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet du bilan de Esch2022 : Capitale européenne de la culture

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Bilan vun Esch2022, déi d'politesch Sensibilitéit ADR ugefrot huet. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Fred Keup als Vertrieder vun der ADR-Sensibilitéit. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Esch war elo Europäesch Kulturhaaptstad. Wat bleift fir Esch? Wat bleift fir de Minett? Dat ass déi grouss Fro elo, wou d'Fest eriwwer ass, déi mir eis stelle sollen.

Ech wäert dann hei an der Chamber elo eng Partie Punkten opzielen, fir esou eng Bewäertung ofzeginn.

Fir unzefänken, ech wëll elo net agoen op dee ganze Kuddelmuddel, deen am Virfeld war, op dat, wat an de Jore virun 2022 geschitt ass: dass zum Beispill et am Virfeld vun der Bewerbung vun Esch scho Sträit iwwer Finanzen a Personal gouf, dass déi béid virgesinne Koordinatore vun Esch2022 hiren Hutt hu missen huelen – do steet Esch iwwregens net eleng do, well dat hate mer schonn 1995 an och 2007, dat schéngt also allgemeng schwiereg ze sinn –, dass vun iwwer 1.000 agereechten Dossieren der 132 zréckbehale goufen, wat zu vill Kritick gefouert huet, ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei wannechgelift. Fir bilateral Reunioune steet d'Salle des pas perdus Iech zur Verfügung. Här Keup, Dir kënnt weiderfueren!

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President.

... dass manner privat Sponsore fonnt goufen, wéi dat virgesi war. A firwat iwwerhaapt privat Sponsoren? Alles dat war sécherlech net glécklech an huet och kee gudde Start zougelooss. Vläicht waren och d'Erwaardungen e bëssen ze grouss.

Schlussendlech war natierlech och déi ganz Coronasituatioun net glécklech fir dee ganze Projet. An ech muss éierlech soen, dass ech zu engem gewëssene Moment och dru gezweifelt hunn, dass Esch2022 effektiv kéint 2022 stattfannen.

D'Konditioune waren also sécherlech net déi bescht, an onofhängeg vum Gesamtresultat wëll ech awer hei den Acteure mäi Respekt ausschwätze fir hir Aarbecht an dofir, de Projet duerchgezunn ze hunn.

Wéi ech déi éischte Kéier héieren hunn, dass Esch seng Kandidatur géif stellen, fir d'Europahaaptstad an der Kultur ze ginn, du hunn ech mir eng grondsätzlech Fro gestallt. Firwat Esch? Firwat Esch Kulturhaaptstad vun Europa? Eng kleng Stad, 35.000 Awunner, an deemno och logescherweis eng ageschränkte Kultur a Konscht.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

An et gi jo awer och Dausende vun anere Stied an Europa, déi eng vill méi laang Geschicht a vill méi eng grouss Kultur opweisen an Europa. Mir brauchen net wäit kucken ze goen, hei iwwert d'Grenz, net wäit, Tréier, Speyer, Mainz, Worms et cetera. An ech soen dat absolutt net, fir Esch schlecht ze rieden. Meng Boma ass selwer vun Esch an ech hunn do ganz vill Zäit verbruecht, an Esch louch mer ëmmer ganz staark um Häerz. Mee d'Kandidatur huet mech dach awer op den éischte Bléck gewonnert.

Op den zweete Bléck seet ee sech dann awer: Jo, ok, firwat net? Esch huet nämlech een immens identitéitsstëftende Punkt, an dat ass d'Industriekultur. A jo, et ass immens wichteg, grad fir eng Stad, déi eng Identitéit huet, wéi Esch eeben eng huet als Industriestad, fir déi ze erhalen.

An esou sollt dann och, dat war d'Iddi, am Kader vun Esch2022 mat Hëllef vun der industrieller Geschicht och e grenziwwerschreidend Zesummegehéieregkeetsgefill geschaaft ginn nom Motto: „Mir sinn zesummen houfreg op eis gemeinsam Industriegeschicht!"

Mee wat geschitt? An der ganzer Regioun verschwënnt déi wäertvoll Industriekultur lues a lues. A grad kuerz virun Esch2022 goufen d'Keeseminnen op Terres Rouges ofgerappt. En immense Verloscht, well d'Keeseminne sinn en Zeie vun der kultureller a sozialer Geschicht vum Minett.

Hätt een do net grad och am Virfeld vun Esch als Kulturhaaptstad méi op dësen industrielle Patrimoine misse pochen? Wou ass do d'Kulturbewosstsinn? Wou ass d'Kulturbewosstsinn, wann am Neiduerf déi ronn Bréck ofgerappt gëtt kuerz virun Esch2022? Wéi eng Awunnerin sot: „Fir eng Kandidatur fir Esch2022 ass Geld do, awer fir eis Industriekultur ze erhalen net." D'Bréck war e Symbol vun der Geschicht vun der Regioun vun der Stolindustrie, vun der Aarbecht vun eisen Elteren a Grousselteren.

Ech weess, et gëtt och aner Beispiller, méi positiver, mee dass dat hei esou knapps virun 2022 geschitt ass, hannerléisst awer e ganz batteren Nogeschmaach an et war sécherlech schonn e ganz falscht Zeechen un d'Awunner, un déi Escher, déi ee jo awer wollt mat an de Projet abezéien. An do brauch ee sech also schonn net ze wonneren, wann d'Leit sech deelweis ofwende vum Projet.

En anere Punkt ass den Numm, dee sécherlech speziell gewielt war. „Remix", dat ass den engleschen Titel, de Motto. Dobäi konnte sech awer déi meescht näischt richteg dorënner virstellen. Wat huet Esch2022 mat deem Titel „Remix" ze dinn? Passt dat? Wier et net awer besser gewiescht, een Titel, ee Motto ze wielen, dee vun Ufank un eng grouss Partie vun der Bevëlkerung ugesprach hätt? Wann Der d'Leit gäre matzitt, da musst Der d'Sprooch schwätze vun de Leit!

Et gëtt och positiv Säiten, an déi wëll ech och hei ënnersträichen. Esch2022 huet zu enger ganzer Partie neie Raimlechkeete fir Kultur gefouert. Nei Ausstellungsraim sinn entstanen, d'Bridderhaus, de Kino Ariston, d'Konschthal an nach anerer. Allerdéngs, wéi ginn dës Gebailechkeeten elo, wou et eriwwer ass, weider benotzt? Ech ka mech erënneren, dass bei der Honnertjoerfeier 2006 zu Esch eng Partie Pavillonen opgeriicht gi sinn, déi awer duerno einfach viru sech hi vegetéiert sinn an déi net méi benotzt goufen. Mir wëllen esou eng Situatioun vermeiden, wéi mer se och kenne vu Fussballweltmeeschterschaften, wou déi sougenannte „wäiss Elefanten" entstinn, Stadionen, déi duerno kee méi brauch.

Och flott waren eng ganz Rei Eventer. Ech betounen hei ganz kloer „Eventer", déi et net souwisou soss scho géif ginn. Besonnesch déi Leit, déi sech fir Konscht a Kultur interesséieren, sinn natierlech voll op hir Käschte komm. Fir si perséinlech war et sécher eng groussaarteg Affär. Allerdéngs ass ee grossen Deel vun der Bevëlkerung eeben net onbedéngt staark konscht- a kulturinteresséiert. Leider, muss ee soen.

Déi Verantwortlech schwätze vun engem grousse Erfolleg. D'Bierger soen éischter, dass dat Ganzt un hinne laanscht gaangen ass. An an de Medien huet et Kritick gereent an et reent och nach ëmmer Kritick.

D'Leit um Terrain, d'Awunner, soen: „Wéineg Informatioun, wéineg agebonnen. Et huet een näischt gemierkt." Haaptsächlech Jonker hu sech iwwerhaapt net ugeschwat gefillt. Een däitschen Tourist sot: „Jemand, der da hingekommen ist und nicht wusste, dass Esch gerade Kulturhauptstadt ist, hätte das nicht gemerkt." Eng brittesch Dageszeitung, bon, wat déi da schreift, mee déi huet geschriwwe vu „most boring Capital of Culture", bon.

D'Gastronomen hu gesot, dass et eng organisatoresch Katastroph gewiescht wär, dass se absolutt net profitéiert hätten. An dann huet och d'Konzentratioun op de Belval Froen opgeworf, esou dass vill Leit soen: „Ass et net éischter Belval2022 gewiescht amplaz Esch2022?" Hei kënnt natierlech och e méi strukturelle Problem zum Virschäin, an dat ass deen, datt et eigentlech keng richteg Verbindung vun Esch zum Belval gëtt. Elo hu mer zwar eng gëlle Vëlosbréck, mee ob dat déi Situatioun laang verbessert, dat bezweifelen ech.

D'Escher Geschäftsleit sinn enttäuscht. Esch2022 hat laut hinne keng Auswierkungen op d'Escher Geschäftswelt, eng Geschäftswelt, déi leider net méi dat ass, wat se emol war, wou 100 eidel Lokaler stinn. Fir d'Kulturhaaptstad sollt elo vill geplangt ginn. Dat ass net geschitt. Si sinn enttäuscht.

Här President, déi gréisste Veranstaltung, dat gréisstten Event bei deem Ganzen, dat war d'Péitenger Kavalkad mat iwwer 20.000 Leit. Méi wéi bei der Eröffnung! An déi Péitenger Kavalkad, déi ass souwisou all Joer, 2022 an och dëst Joer, 2023. Iwwregens, den 19. Mäerz dëst Joer ass d'Kavalkad, traditionell op Halleffaaschten. Gitt dohinner! Et ass derwäert!

Soss huet sech den Zoustroum u Leit, u Visiteuren dach awer a Grenze gehalen, an dat bei iwwer 2.000 Events, 170 Concerten, 30 Festivaller, 500 Opféierungen. D'Gemeng Esch schwätzt vun am Ganzen 119.000 Visiteuren an der Gemeng Esch. Déi Zuele gi contestéiert an et gëtt vu Kritiker aus der Zeen gesot, dat wier ze héich gegraff. Mee soe mer emol, et wier esou, da wëll ech awer eng Vergläichszuel hei nennen.

Zum Verglach, um Site vun der Regierung fënnt een iwwer Lëtzebuerg als Kulturhaaptstad 2007: „Avec plus de 550 projets, dont 140 transfrontaliers, et plus de 3.000 manifestations distinctes, le programme de Luxembourg2007 a fait preuve d'un niveau quantitatif et qualitatif exceptionnel. Avec plus de 3,3 millions de visiteurs [...].“ Dat war 2007. 3,3 Milliounen! Wat de Robert Garcia an d'Nancy Braun deemools fäerdegbruecht hunn, fir Millioune Leit unzezéien, dat ass ganz grouss gewiescht.

1995, wéi d'Stad Lëtzebuerg déi éischte Kéier Kulturhaaptstad war, konnten 1,2 Millioune Visiteure gezielt ginn, 1,2 Milliounen! Dat war de Claude Frisoni, deen deemools mat wéinege Mëttele vill geschaaft huet.

Zu Esch soen dann déi Verantwortlech: „C'est un succès par rapport au nombre de visiteurs, soit plus de 119.000 pour les projets de notre ville“, quitte dass an anere Gemengen eeben och Leit waren. Mee et kënnt bei Wäitem net un déi Zuelen erun. A wann ee bedenkt, dass Lëtzebuerg haut 650.000 Awunner huet, bon, pardon, da soen d'Zuelen awer, dass et net esou vill Leit waren!

Zuele soen och näischt iwwert d'Qualitéit aus, dat ass an der Rei. Mee et weist awer, dass iwwert déi souwisou kulturinteresséiert Leit eraus dat hei net gëeegent war, fir dee grousse Publikum ze erreechen. An déi Zuelen, déi léien net. Hei gouf d'Zil ganz kloer net erreecht.

E weidert Zil vun der Europäescher Kommissioun ass, den Image vun der Stad ze verbesseren. An do gëtt et dann eng Ëmfro vun der ILReS. An d'Fro war: Wéi ass den Image vun der Stad Esch? An dës Fro ass gestallt ginn am ganze Land, also un d'Awunner vu Lëtzebuerg. An d'Äntwert war eng Kéier 2021 an eng Kéier 2023. 2021, also virum Kulturjoer, hu 27 % gesot, dass Esch e gudden oder zimmlech gudden Image hätt, an 2023, nom Kulturjoer, waren et 30 %. Dat heescht, et ass e Plus vun 3 %. Ech hätt léiwer, et wier méi. Déck ass dat net.

Här President, ech kommen zum Schluss. Bleift also d'Fro: Wat bleift fir Esch? Wat bleift fir de Minett? An d'Analys ass kloer an däitlech.

Et ass eng verpasste Chance fir d'Minettmetropol! Esch2022 war am grousse Ganzen eppes fir Insider. Et ass ni fäerdegbruecht ginn, d'Awunner, déi breet Mass mat anzebezéien. Et ass och verpasst ginn, Esch anstänneg opzewäerten, an dat wier d'Geleeënheet gewiescht. Esch verbesseren, d'Bevëlkerung vun Esch zesummekréien, de Kommunitarismus briechen, d'Sécherheet an d'Propretéit verbesseren, déi stierwend Geschäftswelt zu Esch opzewäerten. Alles dat ass verpasst ginn. Schued!

Mir hätten eis erwaart, dass Esch méi géif profitéieren an och de Minett. Dat ass net geschitt. Esch2022, do war méi dran!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

An d'Wuert huet elo den Här Georges Mischo.

***Débat***

**M. Georges Mischo** (CSV) | Merci, Här President. Ech kéint mech am Fong elo heihinner stellen a fënnef Minutte laang de Kapp rëselen. Mee dat wier elo net onbedéngt ubruecht, an den Esch- an de Südbashing, dorobber ginn ech dann och elo net an.

Ech mengen, an enger Heure d'actualité mat engem Bilan 2022 mat siwe Froen ass et am Fong geholl esou fréi am Joer no der Clôture vum 22. Dezember 2022 ganz schwéier, iwwerhaapt en definitive Bilan ze zéien. Mee den Här Keup huet dat jo elo scho gemaach op seng Aart a Weis, wéi mer e jo kennen.

*(Interruption par M. Fred Keup)*

Ech mengen, déi Gemengen, déi hunn net eréischt zanter 2022 zesummegeschafft, se ware gewinnt zesummenzeschaffen an hunn dat och op eng ganz engagéiert Aart a Weis gemaach. De Projet vun enger Europäescher Kulturhaaptstad, wéi soss, den Här Keup huet dat warscheinlech net verstanen, ass ëmmer eng Stad plus dann eeben dës Kéier 18 aner Gemengen, déi derbäi waren, 11, also 10 nach aus dem Lëtzebuerger Land an 8 aus dem franséische Grenzgebitt.

De PRO-SUD an de GECT Alzette-Belval konnte scho souwisou op eng jorelaang Zesummenaarbecht virdrun opbauen. Ganz vill Projeten hunn och a verschiddene Gemenge stattfonnt, wéi zum Beispill „E roude Fuedem duerch de roude Buedem“ oder och de Minett Trail mat deene verschiddene Kabaisercher. Och deen neie kulturellen Zentrum Arche zu Villerupt a Frankräich baut op grenziwwerschreidend Kollaboratiounen op. D'Zesummenaarbecht war exzellent an déi eenzel Kulturservicer hu sech nach besser kennegeléiert an och tipptopp zesummegeschafft. Voilà.

Mir hunn déi eenzel Zuelen nach net, well d'Porteur-de-projeten, déi Der virdru schonn erwäänt hutt – och déi Zuel war falsch, mee dat wonnert mech och net –, hunn nämlech bis Enn Mäerz Zäit, hir Schlussrapporten ofzeginn. Eréischt duerno mussen déi och nach alleguerten evaluéiert ginn.

D'lescht Woch hu mer eng éischt Zwëschenevaluatioun presentéiert kritt. Dorauser geet ervir, dass ongeféier e Véierel vun der Lëtzebuerger Populatioun bei mindestens engem Event vun Esch2022 matgemaach huet. An der Regioun Süden waren et 40 % an um Territoire Esch2022 hunn 43 % bei minimum engem kulturellen Evenement am Kader vun Esch2022 deelgeholl.

Déi gréissten Notorietéit hate wuelgemierkt dësen éischte Resultater no d'Open-Air-Concerten um Belval, d'Kulturnuechten, d'Ouvertureszeremonie am Februar, d'Kavalkad, wéi schonn erwäänt, zu Péiteng, awer och den European Youth Festival zu Déifferdeng, de Festial USINA22 zu Diddeleng an de Festival du feu zu Käerjeng, déi verschidden digital Ausstellungen um Belval an de Literaturfestival zu Beetebuerg.

De wirtschaftlechen an den touristeschen Impakt vun esou engem Projet wéi Esch2022 kann een eréischt an der Moyenne dräi bis véier Joer duerno genee evaluéieren. Awer och hei hu mer éischt Zuelen, déi soen, dass 43 % vum Public net um Territoire vun Esch2022 liewen an 30 % net zu Lëtzebuerg. Een Drëttel vun de Spectateure waren also op d'mannst auslännesch Touristen.

Och wann een den Impakt, wéi gesot, eréischt no e puer Joer genee moosse kann, esou wësse mer awer vun de Responsabelen aus dem Horeca-Secteur eeben, dass d'Hoteller an der Regioun dëst Joer vill ausgebucht waren an direkt erëm den Niveau vu virun der Pandemie haten.

Et däerf een nämlech net vergiessen, dass d'Ouverture am Februar 2022 nach zum Schluss vun de Covidrestriktioune stattfonnt huet. An Esch2022 huet sécher derzou bäigedroen, dësem Secteur erëm direkt en Opschwong ze ginn.

De Projet Kulturhaaptstad ass keng Finalitéit, mee e Mëttel, fir méi héich Ziler ze erreechen. Dës Zieler sinn am KEP, dem nationale Kulturentwécklungsplang, awer och am Escher Kulturentwécklungsplang festgehalen. Natierlech hunn déi nei kulturell Institutiounen a Sitte schonn direkt e positiven Impakt gehat, fir déi Ziler ze erreechen. Och hu se schonn, obwuel se zum Deel eréischt zanter engem Joer oder manner laang op sinn, eng gewëssen Notorietéit erreecht. Elo geet et drëm, déi nei Haiser och ze perenniséieren, wéi zum Beispill eng Konschthal zu Esch, wéi ee Ciné Ariston oder e Bridderhaus. Ganz kloer ass awer, dass se alleguerten derzou bäidroen, déi kulturell Offer nach méi divers a räichhalteg am Süden ze maachen.

Op d'Fro: Huet sech den Image vun Esch an der Südregioun am Ausland verännert? Ganz eendeiteg: Jo! D'Resultater vun deenen éischten Etüde soen, dass iwwer zwee Drëttel vun de Befroten elo méi eng positiv Impressioun vun dem Territoire hunn a wëllen zréckkommen. Bei de Befroten, déi net am Minett liewen, ob Esch an ob de Minett e positiven Image hunn, ass et eng Hausse vu 15 %.

Dobäi kënnt nach, dass op internationalem Niveau den Territoire Esch2022 an Honnerten an Dausenden Artikele mentionéiert ginn ass. Ouni d'Kulturhaaptstad hätte vill Leit am Ausland warscheinlech iwwerhaapt net gewosst, dass et de Minett gëtt! Den Territoire vun Esch2022 ass net nëmmen op déi national, mee och op déi international Kulturlandkaart komm.

Benevollen: Ech mengen, d'Benevollen, do schwätzen d'Zuelen eng ganz kloer Sprooch. D'Erfarung mat de Benevolle war exzellent op deenen zwou Säiten. Mir krute ganz vill Messagë vu Leit, déi sech engagéiert hunn als Fräiwëlleger. Mir krute käipweis Messagë vu Benevollen, déi eis nëmme Merci gesot hunn. Mir soen hinnen och op dëser Plaz e grousse Merci, well d'Benevolle spillen eng kruzial Roll an engem Projet wéi enger Europäescher Kulturhaaptstad. Si sinn dacks selwer Ambassadeure vun den Evenementer, gläichzäiteg awer och eng wichteg Stäip bei der Ëmsetzung. Op logisteschem Niveau hu se zum Beispill am Accueil gehollef oder bei de Surveillancë vun Ausstellungen.

Ech wëll nach op dëser Plaz vun der Geleeënheet profitéieren, op déi lescht Bilanskonferenz vun Esch2022, den 23. Mee dëst Joer – Iech Här Keup, virun allem – ze invitéieren an der Presidentin vun der Kulturkommissioun proposéieren ech, d'Nancy Braun an de Jacques Maquet, le moment venu, an d'Kommissioun ze invitéieren, fir do och e Bilan ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Léif alleguer, Esch2022, dat war eng riseg an ustrengend Organisatioun, déi vill Ressourcen an e sëllege Leit a Beweegung gesat huet. Jo, et war e Mammutevent, dat eng laang Virbereedungszäit virausgesat huet.

Chapeau a Respekt allen, déi dat méiglech gemaach hunn an déi duerchgehalen hunn.

Um Enn muss ee sech froen: Wat huet dëst Event der Regioun an dem Land konkreet bruecht? Wat bleift dovunner iwwreg? Hat dat Ganzt en nohaltegen Impakt, besonnesch fir d'Kulturzeen am Süden? Konnten all d'Schichte vun der Bevëlkerung mobiliséiert ginn? Oder huet dësen Event éischter awer nëmmen e gewëssene Milieu erreecht? Alles dat si Froen, déi ee sech stelle muss, wann een de Bilan vun Esch2022 zéie wëllt.

Ech erënnere mech nach ganz gutt un d'Kulturjoer 1995, wéi Lëtzebuerg Europäesch Haaptstad vun der Kultur war. Deemools stounge mer déi éischte Kéier op der Tribün vun der europäescher Kulturlandschaft. D'Scheinwerfer waren op eist Land geriicht.

Et war net nëmmen e Joer mat ville Concerten, Ausstellungen an anere Manifestatiounen. Et war och de Startschoss fir eng Rei vun neie kulturellen Infrastrukturen, déi an de Joren duerno entstane sinn, denke mer nëmmen un de Musée d'art moderne Grand-Duc Jean, ronderëm deem seng Architektur et méintelaang kontrovers Diskussioune gouf, oder un d'Philharmonie.

1995 war net ëmsoss, well et e Kulturjoer war, dat eiser Kulturzeen eng nei Dynamik ginn huet. Zeg Acteure sinn a Beweegung geroden an eis kulturell Attraktivitéit ass gestäerkt ginn.

2007 si mer nees Kulturhaaptstad ginn, dëst am Kontext vun der Groussregioun. An esou war et och evident, datt Esch2022 e grenziwwerschreidende Projet huet misse sinn. Dat louch jo op der Hand, wann een als Stad no bei enger Landesgrenz läit.

Elo heescht et eeben, de Bilan ze zéien an ze préiwen, wat Esch2022 wierklech bruecht huet. Et geet ëm d'Ierfschaft, den Impakt vun dësem Event. Elo scho kann ee soen, datt nei kulturell Plazen an Infrastrukturen entstane sinn. Dir kennt Der eng Rëtsch. Dat geet vun der Möllerei op Esch-Belval iwwert de Musée vun der Aarbecht zu Keel-Téiteng, de Lommelshaff zu Déifferdeng bis hin zum Bridderhaus zu Esch.

An all Gemeng sinn historesch Gebaier genotzt ginn, fir se an den Déngscht vum Kultur- an Naturtourismus ze stellen. De Visiteure sollt och déi ganz Diversitéit vun de Minettlandschafte virun Ae gefouert ginn. A renomméierte Medien hunn 240 Journaliste Reportagen an 62 Länner bruecht.

Iwwerhaapt ass et Esch2022 gelongen, fir déi interkommunal an international Zesummenaarbecht ze privilegéieren, fir datt ee vun deem anere léiere kann. Och dat ass et, wat eng Capitale européenne de la culture ausmécht.

Och wann een, wéi dat vu menge Virriedner gesot ginn ass, an den nächste Méint eréischt e Bilan vun Esch2022 zéie kann, muss een dat op eng konstruktiv-kritesch Manéier maachen a sech froen, firwat verschidden héichkaräteg Eventer vläicht net dee Public ugezunn hunn, deen ee sech erwaart hat. War dat just e Problem vu Kommunikatioun? Et muss ee sech och froen, wéi een déi kulturell an touristesch Dynamik, déi lassgetréppelt ginn ass, um Lafenden hält. Wéi kann een derfir suergen, datt déi nei kulturell Plazen, déi am Kader vun Esch2022 entstane sinn, hir eegen Dynamik behalen a mat Liewen erfëllt bleiwen?

Wéi muss d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen an den interesséierte Partner laangfristeg ofgeséchert ginn, fir datt déi regional a grenziwwerschreidend Dimensioun vun Esch2022 erhale bleift an dat kulturellt Liewen op lokalem Plang sech an ee Ganzt aschreift?

Wéi kann een déi kulturell Eegenaart vun der Südregioun esou visibel maachen, datt d'Regioun vu baussen als eng Eenheet an der Diversitéit erkannt an empfonnt gëtt?

Wat fir eng Roll wäert de Kulturministère an all deem spillen? A wat wäert säi spezifesche Bäitrag an Zukunft sinn, fir datt d'Ustrengungen an d'Innovatioune vun Esch2022 weider Friichten droen?

Alles dat si Froen, déi derwäert sinn, behandelt ze ginn, fir datt déi gelonge Konzepter vun Esch2022 net verpuffen, mee sech villméi an eng Logik aschreiwen, déi dauerhaft, dauerhaft an d'Zukunft eragedroe gëtt.

Ech soen Iech Merci, an als Éisleker freeën ech mech dëst Joer op Esch2023, Rendez-vous deemnächst bei der Madamm Hansen an der Gemeng, deemnächst also zu Esch-Sauer, zu Eschduerf an zu Heischent.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | De Minett gëtt ëmmer méi grouss. An d'Madamm Asselborn-Bintz huet direkt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, fir unzefänke war ech mer net ganz sécher, ob ech dem Deputéierte Fred Keup an der ADR Merci soll soe fir dës Heure d'actualité, well ech mer net sécher sinn, ob déi Froen, déi hei elo thematiséiert gi sinn, och wierklech an eng Heure d'actualité passen.

*(Interruption)*

Wär et net besser gewiescht, an dat ass jo och elo scho proposéiert ginn, d'Responsabel vun Esch2022 an eng Kulturkommissioun ze invitéieren an dann do all d'Froen ze stellen, déi engem wichteg sinn an déi och berechtegt sinn, amplaz elo hei, kommt, ech soen, eng Stilübung draus ze maachen? Well wa mer éierlech sinn, ass d'Zäit hei net ginn, fir all Är Froen am Detail ze diskutéieren, wann een dann och weess, dass d'Madamm Ministesch, déi iwwregens net am Verwaltungsrot vun Esch2022 war, nëmmen eng Véierelstonn huet fir ze äntwerten, a mir alleguerten nëmme fënnef Minutten hunn.

En plus fannen ech et dann effektiv och net onbedéngt un den Deputéierten, hei elo op all dës Froen ze äntwerten. Mee Dir hutt Iech jo selwer schonn op ganz vill Froe geäntwert. Dofir froen ech mech, wat dës Heure d'actualité soll, mee soit.

*(Interruption)*

Ech notze meng Zäit dann awer ...

*(Interruption)*

Dir hutt d'Recht, fir alles ze soen, wat Der wëllt, mee ech notze meng Zäit elo, fir e puer Messagë lasszeginn, déi mir, als Member vun enger Gemeng, déi am Projet aktiv mat involvéiert war, an och als Member vun der LSAP-Fraktioun wichteg sinn.

An eisem Walprogramm stoung, dass mir d'Europäesch Kulturhaaptstad voll ënnerstëtze wéilten, an dat hu mer och gemaach, iwwerall an och besonnesch an deene Gemengen, wou mir aktiv waren an nach sinn.

E Bemoll war leider am Ufank, dass déi éischt Responsabel ausgewiesselt gi sinn. An ech wëll och elo guer net op Detailer agoen, mee dat huet dem Projet am Ufank e bësse geschuet. Duerno si mer awer gutt weidergefuer.

Ech war als Kulturschäffe vun der Gemeng Suessem vun Ufank u bei praktesch all de Reunioune mat de Partnergemengen derbäi a konnt mer dann och e Bild iwwert déi eenzel Aktivitéite maachen a weess och, wéi schwiereg et war, jiddereen un en Dësch ze kréien an och jidderee mat an d'Boot ze kréien.

Eelef PRO-SUD-Gemengen an aacht franséisch Gemengen aus der Communauté de Communes Pays Haut Val d'Alzette hu missen un engem Strang zéien, an et ass e Konzept gesicht ginn, wat jo och vun der Europäescher Kommissioun huet missen akzeptéiert ginn. Dat ass a war eng grouss Envergure, a vill Intervenanten um Projet waren do aktiv. An dat ass jo engersäits immens interessant, mee ass awer och eng ganz grouss Erausfuerderung.

A fir elo, knapps dräi Méint nom Ofschloss vun Esch2022, en definitive Bilan ze hunn, dat schéngt mer effektiv verfréit. Et gëtt jo awer schonns eenzel kleng Etüden, déi an Zesummenaarbecht mat ILReS gemaach gi sinn, an ech mengen, se sinn och den 23. Februar der Press virgestallt ginn.

Fir meng Partei a fir mech war et wichteg, dass esou e Projet vun enger Kulturhaaptstad eng Valorisatioun fir eng Regioun sollt duerstellen. An dat hu mer och a ganz konkreete Projeten erreecht. Ech denken do ënner anerem un eis Kabaisercher an de PRO-SUD-Gemengen an awer och un d'Minett-Unesco-Biosphär an all eenzel Projeten an de Gemengen, déi sech wierklech all immens Méi gemaach hunn an och Budgeten dofir zur Verfügung gestallt hunn.

Méi wéi 160 Projeten an 2.000 kulturell Manifestatioune stoungen am Fokus ronderëm d'Identitéit, d'sozial Entwécklung an d'Nohaltegkeet.

Mir hunn als Gemengen d'Jalone gesat fir d'Zukunft. D'Visibilitéit vun deem Ganzen ass awer vläicht net grad esou gelongen, wéi mer eis dat virgestallt hunn. Dat huet awer och zum Deel mam Numm vun der Kulturhaaptstad ze dinn, et ass ugeklongen. Et war eng Premiss vun der Europäescher Kommissioun, dass et den Numm vun enger Stad huet misse sinn. An domat war d'Kommunikatioun, fir deenen anere Partnergemengen eng eebebürteg Visibilitéit ze ginn, net einfach. An dat war effektiv eng reell Erausfuerderung. A mir gesinn, den Här Keup huet nëmme vun Esch geschwat an net vun deenen anere Gemengen. Mee dat ass awer net schlëmm.

Wat ech awer ganz sécher ka soen: ...

*(Interruption)*

... Eis Gemengen – vun der Regioun huet en heiansdo derbäi gesot, dat ass richteg –, hu ganz aktiv zesummegeschafft an eis Servicer, déi sech ëm de Projet Esch2022 gekëmmert hunn an och nach këmmeren, si wierklech zu engem Team zesummegewuess. Si hu sech reegelméisseg gesinn an ausgetosch. An dat wäert ganz sécher an Zukunft net anescht sinn.

D'Gemengen hunn och kulturell Projeten an Infrastrukturen an d'Liewe geruff, déi sécherlech wäerten nohalteg nach erhale bleiwen. Et sinn der schonn e puer genannt ginn. Ech denken dann do och nach Musée MUAR zu Keel, de Spektrum zu Rëmeleng an och do d'Haus Hamus, de Vewa an de Festival USINA zu Diddeleng, zu Beetebuerg de Ris, deen op d'Rees geet, de Lommelshaff zu Déifferdeng, de Projet Augenschmaus zu Monnerech, d'Konschthal an d'Bridderhaus zu Esch, d'Arche zu Thionville (veuillez lire: d'Arche zu Villerupt), dat ass alles scho genannt ginn, awer och de Pavillon vun der Source Belval an der Gemeng Suessem an nach anerer, déi ech elo net nennen, mee et sinn der nach vill méi.

Ech weess elo net, Här Keup, ob Dir perséinlech oder och Är Kolleegen aus Ärer Partei schonns an deene verschiddene Gemenge luusse waart.

**M. Fred Keup** (ADR) | Dach.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Wann net, géif ech Iech et gären uroden, well do ass geliefte Kultur um Terrain, bei de Gemengen a bei de Leit. An dat ass fir mech e groussen Deel vum Projet Kulturhaaptstad.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | An dat ass och net mat Suen opzewäerten. De Gewënn aus enger Europäescher Kulturhaaptstad ass net eleng monetär ze moossen, mee et ass ganz sécher awer d'gemeinsaamt Bewosstsinn am Sënn vum Austausch, der Solidaritéit, dem Dialog a fir eng europäesch Citoyennetéit ze stäerken, wat eis als Sozialisten och ganz wichteg ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och der Madamm Asselborn. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Esch2022, Kulturhaaptstad oder besser Kulturregioun 2022. Vill Onsécherheeten hunn déi fënnef Joer virun 2022 gepräägt, an der Organisatioun, mat enger weltwäiter Pandemie, vis-à-vis vun engem neie Konzept, wat vläicht déi klassesch Form vun enger Kulturhaaptstad sprengt, nei definéiert, ëmmodeléiert. Keng einfach Ausgangspositioun, fir d'Joer 2022 unzefänken an déi sëllegen Eventer, Ausstellungen, Fester, Muséeën, Programmer opzeschlësselen a si de Biergerinnen a Bierger vun der Minettregioun selwer, dem Lëtzebuerger Land, der Groussregioun an dem Rescht vun Europa ze vermëttelen.

Et ass nach e bësselche fréi fir e finale Bilan, et gouf vu menge Virriedner/inne scho gesot. De finale Rapport mat de Projete gëtt eréischt am Mee fäerdeggestallt. An dann ass och e gudde Moment, fir eis als Kulturkommissioun domadder ze befaassen. Ech huelen d'Invitatioun ganz gären un an da maache mer och esou an der logescher Suite, wéi mer dat bis elo gemaach hunn, e reegelméissege Suivi mat de Verantwortleche vun Esch2022.

Trotzdeem kann een och haut aus der Siicht vu menger Fraktioun schonn eng Rei Punkte festhalen. Eng éischt Konklusioun, notamment baséierend op der TNS ILReS-Etüd, déi gemooss huet, wéi een Impakt Esch2022 op d'Regioun hat, wéi ee Bewosstsinn d'Bewunner aus der Regioun, aus dem Land an aus der Groussregioun fir d'Kulturinstitutiounen, d'Evenementer an de Programm am Kader vun Esch2022 entwéckelt hunn.

D'Äntwert op d'Fro, wat d'Kulturjoer eisem Land, eiser Kulturzeen, der Südregioun bruecht huet, jo, dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wäert een net 2022 erkennen. Dat wäert een och nach net 2023 erkennen, mee an deene kommende Joren. Et ass nämlech d'Durabilitéit, op déi et ukënnt. Wat gouf lassgetréppelt? Wéi eng nei Kooperatioune sinn entstanen? Wéi eng Lieue goufen erschloss a geschaaft? Wéi ee Raum gouf erméiglecht, fir nei Initiativen am Tourismus, der Konscht, der Nohaltegkeet, dem gesellschaftleche Zesummeliewen an der Färderung vum Benevolat?

1995 an 2007 ware réckbléckend erfollegräich Kulturjoer. Si hu Spueren hannerlooss. Si hunn Institutioune geschaaft, Weiche goufe gestalt, vun deenen haut nach d'Kulturwelt profitéiert.

Wéi een Impakt 2022 op d'Regioun, op d'Land huet, wäerte mer an deenen nächste Joren erfueren. Deementspriechend wär et och ze kuerz gegraff, fir eng Evaluatioun eleng op Basis vun de Besucherzuelen ze maachen. Et wär ze vill banal, just ze kucken, wéi vill Leit op wéi engem Evenement, op wéi engem Concert beispillsweis present waren. Den Impakt vun Esch2022 gesäit een a ganz aneren Aspekter, wéi beim strukturéierten Zesummeschaffe vun den Acteuren aus der Kultur, vu grenziwwerschreidende Projeten, déi nei Siichtweisen erméiglecht hunn, bei enger neier Siichtbarkeet vun der Kultur an der Regioun.

Dat heescht natierlech net, dass ee keng Zuele soll kucken. An den éischten Zuelen, déi eis elo virleien, gouf nämlech och däitlech, dass de Reseau an d'Zesummenaarbecht vun den deelhuelende Südgemenge ganz kloer gestäerkt gouf an d'Kulturliewen aus der Regioun intensivéiert gouf. Dat soen notamment 62 % vun de Leit am Ëmfroekatalog. An nach méi, nämlech 70 % soen, dass Esch2022 de Bewunner vun der Regioun en Zougang zu neie Kulturtyppen erlaabt huet.

Ee Punkt, op deen ech hei op dëser Plaz wëll besonnesch agoen an deen och den Organisateure vun Esch2022 um Häerz läit, ass d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht. Esch2022 huet sech eeben net just am Süde vun eisem Land ofgespillt, mee och am Norde vu Frankräich. An deene Gemengen, wou vill Mënsche liewen, déi en direkte Lien op Lëtzebuerg hunn, déi hei schaffen, hei akafen, wou mir emol ganz séier bei engem Autopedester op déi aner Säit tréppelen oder Famill a Frënn besiche ginn. Dës regional an transfrontalière Zesummenaarbecht gouf wärend Esch2022 wéi an engem Reagenzglas, engem Labo, erméiglecht an erprouft, an dat mat Succès, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

Elo geet et drëms, dës Zesummenaarbecht ze stäerken a se och iwwer 2022 eraus weiderzeféieren. Kultur dierf net un enger Landesgrenz ophalen. Si bitt Méiglechkeeten, fir d'Groussregioun méi no beieneenzebréngen, an dat huet Esch2022 ganz sécher fäerdegbruecht.

De Süde vum Land ass multikulti. De Süde vum Land ass industriell. De Süde vum Land ass europäesch. De Süde vum Land ass eng Plaz vun der Kultur. Dat soen net nëmmen ech haut op dëser Tribün. Dat soen iwwer 70 % vun de Mënschen an der TNS ILReS-Ëmfro, aus där ech grad schonn Zuele genannt hunn. An dat schwätzt fir sech.

Esch2022 ass net eriwwer. D'Zil war an ass, d'Regioun nohalteg ze stäerken an ze veränneren. An dorop moosse mer de Succès vun Esch2022. Et gouf villes lassgetréppelt, Potenzial an Impakt hu sech elo schonn ugedeit.

Mir ass wichteg als Konklusioun vun haut, dass d'Efforten, d'Synergien, d'Dynamiken net hei ophalen, dass d'Vernetzung weidergeet an d'Kultur mat all hire Facetten duerch d'Kulturhaaptstad weider dynamiséiert gouf a gëtt.

An deem Sënn: Esch2022 geet elo iwwer an Esch2023, -2024, -2025. Merci all deenen, déi dat heite méiglech gemaach hunn. An eng ganz Rei sinn der heibannen an dësem Raum. An Iech alleguerten och merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, jo mir sollen hei de Bilan vun der Europäescher Kulturhaaptstad Esch2022 zéien, en Evenement, dat Jore Preparatioun verlaangt huet an dat nach net ganz ofgeschloss ass.

Dat Eenzegt, wat ee mat Sécherheet hei ka soen, ass, dass Esch2022 en zimmlech schwierege Start hat. Am Moment hu mer awer nach net genuch Fakte fir esou eng schwiereg Aufgab wéi déi vun der Evaluatioun. Natierlech huet jiddwereen vun eis Andréck a Ressentien, mee domat eleng kënne mer elo nach kee Bilan zéien.

Enn Februar awer gouf schonn déi éischt Étude d'impact présentéiert. Am Kader vun der Organisatioun vun der Europäescher Kulturhaaptstad verflicht ee sech jo derzou, esou eng Etüd ze publizéieren. Dës Étude d'impact huet sech mat de Leit beschäftegt, déi op d'Ausstellungen, d'Evenementer, d'Theaterstécker an esou weider, déi am Kader vun Esch2022 gelaf sinn, gaange sinn.

Do muss ee soen, dass de Bilan relativ positiv ausgefall ass. Deene meeschte Leit huet immens gefall, wat se gesinn hunn, an zwar net nëmmen déi vill kulturell Evenementer, mee och d'Plaze selwer. Jo, de Süden ass net esou schlëmm, wéi oft behaapt gëtt. Et ass och wichteg, dass et e positiven Echo gëtt. Dat soen och meng Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Minett.

Mee méi wichteg ass, dass Esch2022 laut dëser Studie och Leit fir d'Kultur konnt gewannen, dat heescht, et goufe vläicht nei Publicken erschloss, den Accès op d'Kultur gouf eventuell doduerch vereinfacht a geférdert, och wann een elo net genau weess, wéi eng Publicken dat sinn. Mee méi dozou nach duerno.

D'Étude d'impact ass just den Ufank vun enger laanger Evaluatiounsphas. Am Mee sollen och d'Informatioune vun de Porteur-de-projeten ausgewäert ginn. Do muss also gekuckt ginn, wéi déi Leit, déi d'Kulturhaaptstad mat Contenu gefëllt hunn, dat Ganzt bewäerten an dat ass net manner wichteg. Mir hunn natierlech och am Virfeld vun dëser Heure d'actualité mat Leit, mat Acteuren, geschwat a musse soen, dass dëse Bilan net ëmmer immens positiv, also éischter mitigéiert ausfält, mee och hei beweege mer eis leider am Beräich vun den Appreciatioune vun eenzelne Leit.

Net, dass hir Doleancen net wichteg sinn, mee erlaabt dat eis, e Bilan dorauser ze zéien? Mir mengen éischter net. Dofir solle mer eis och hidden, hei Conclusiounen ze zéien, menge mir. Ee ganze Rapport vun Esch2022 gëtt dann Enn des Joers presentéiert. Esou Mammutprojete schreiwe sech jo an eng laang Dauer an. Ech mengen, dass een dozou net vill ka soe knapp dräi Méint nom Schluss.

Här President, elo ass Esch2022 knapp dräi Méint eriwwer, wéi scho gesot, d'ASBL awer steet nach ëmmer, well dat Ganzt jo nach muss ofgeschloss ginn. Ech di mech schwéier, also, Konklusiounen ze zéien, och wat d'Auswierkungen op den Tourismus sinn, an eventuell souguer d'wirtschaftlech Erträg fir d'Regioun ze analyséieren, well eigentlech fänkt dee wichtegsten Deel elo eréischt un, an zwar resüméiert een dat mat der einfacher Fro: Wat bleift?

Et ass d'Fro no der Nohaltegkeet vun esou engem Projet, déi hei muss gestallt ginn, menge mir. Wann näischt iwwregbleift vun deem ganzen Evenement, da kann een trotz positiver Étude d'impact vun engem Echec schwätzen. Elo sinn d'Gemenge gefuerdert, sech déi Projeten, bei denen ugeduecht war, weidergefouert ze ginn, dann och wierklech unzëeegnen. A ville Gemenge stiechen d'kulturell Servicer awer nach an de Kannerschung. Hoffentlech dréit dann Esch2022 derzou bäi, dass d'Kultur och an deene Gemenge sech nohalteg implantéiert.

Wat déi Nohaltegkeet ugeet, krut ech awer och do éischter beonrouegend Echoen. Net all Projet, dee geduecht war, fir sech um Territoire ze implantéieren, géif weidergefouert ginn. Dat ass ze bedaueren, do gëllt et ze kucken, u wat dat läit.

Déi Nohaltegkeet soll hei keen eidele Slogan sinn, well si ass eng Konditioun, fir selwer Kulturhaaptstad ze ginn. Et ass nämlech esou, wéi een der Regioun a senge Gemenge kann déngen.

Ech krut och gesot, dass et eng gewësse Kulturmiddegkeet géif ginn, well dat Ganzt en enormen Opwand wier, notamment fir méi kleng Gemengen. Wéi kann een deem entgéintwierken? Wéi kënnen d'Gemengen eventuell ënnert d'Äerm gegraff kréien? Déi Fro stelle mir eis.

Mee wéi et weidergeet, dat musse mer an deenen nächste Méint gesinn an da soll och nach eng Kéier doriwwer debattéiert ginn. Wann all d'Fakten um Dësch leien, kann een eng kloer Kritick formuléieren. Dat ass schéin a gutt, grouss Partyen ze schmäissen an d'Korke knallen ze loossen a sech géigesäiteg op d'Schëlleren ze klappen. Wann awer näischt Gräifbares um Terrain bleift, dann ass et eigentlech fir näischt! An dat däerf net geschéien, well soss verléiert een erëm dee Public, soss wäert d'Kultur ni richteg Fouss faassen an där Regioun, ausser op deene Plazen, wou se scho gutt verankert ass, an dat ka jo eigentlech och net d'Zil sinn!

Dat ass an eisen Aen dee wichtegste Punkt. Bleift eppes a kënnt et de Leit um Terrain zegutt? D'Kultur soll jo net just fir déi Happy Few sinn, déi sech souwisou an den Theateren a Galerien am Land wéi doheem spieren, mee Kultur soll eng emanzipatoresch Kraaft sinn an als solch muss haaptsächlech op déi Leit gekuckt ginn, déi net de Privileeg haten, eng grouss kulturell Offer souzesoen „an d'Wéi geluecht ze kréien". Do ass et schued, dass net méi genau gekuckt gëtt, wéi eng verschidde Publicken erreecht goufen.

Et wär virun allem schued, wa mer dës Occasioun, Esch2022, verpasst hätten, mat enger Regioun, an där vun Ufank un d'Aarbechter an d'Aarbechterinne probéiert hunn, sech ze emanzipéieren, eeben och duerch d'Kultur. Fir eis als Lénk ass dat u sech de Kär vun der Saach.

Här President, mir sinn der Meenung, dass dat Ganzt eng wichteg Debatt ass an et elo, wéi gesot, am Moment nach ze fréi ass, fir wierklech e Bilan ze zéien.

Ech hunn hei elo méi Froe gestallt, wéi wierklech Äntwerte ginn. Wa sech déi beonrouegend Echoen, déi ech awer kritt hunn, als wouer erweisen, dann ass et kloer, dass et eng verpasste Chance war.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Mee ech kann dat awer haut nach net esou kloer soen, well mer nach net den néidege Recul an d'Donnéeën hunn, fir dat esou ze soen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. An als leschte Riedner steet den honorabelen Här Marc Goergen scho prett. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech zéien och e relativ positive Bilan vun Esch2022, vun der ganzer Regioun. Dat däerf een an den Diskussiounen net vergiessen. Ech hunn zwar keng Äntwerte matbruecht op déi Froen an der Heure d'actualité, well dat wär e bësse Kaffisazlieserei, wat an der Ufro stoung, wann ech do misst mer iergendzwousch elo hei eraussuckelen, wat d'Äntwerte sinn.

Dofir ginn ech op eng méi generell Aart a Weis duerch Esch2022, wat ech natierlech och perséinlech als een, deen am Süde lieft, materlieft hunn. An et däerf ee bei deem Ganzen ni vergiessen ze kucken, dass mer awer an enger Pandemie waren an et am Ufank ganz vill Fragezeiche gi sinn. A mir hate jo och an de Chamberskommissiounen, wou mer d'Projete presentéiert kritt hunn, wou dann hannert all Projet awer e Risefragezeiche war, wéi een dat iwwerhaapt kéint esou duerchzéien. Et däerf ee bei all de Kriticken net vergiessen, a wéi enger Situatioun dass een deemools war.

58 % vun de Leit, déi do waren, déi dohinner komm sinn, hu jo och erausfonnt, dass de Süde méi interessant ass, wéi geduecht. Dat war jo da schonn emol eng ganz positiv Publicitéit an ech kann de Leit soen: Och wa se weiderhin an de Süde kommen, wäerte se erausfannen, dass e méi interessant ass, wéi se geduecht hunn.

Esch2022 war och kee Projet, fir eleng Esch kennenzeléieren, mee d'ganz Regioun. Alleguerten d'Gemengen, déi am Ufank iwwer PRO-SUD sech eens waren, de Projet eranzeginn ... An dat war och en eemolegt Konzept, ech mengen, dat ass och europawäit eigentlech schonn emol eng Aart Pilotprojet, well esou Konzepter sinn et och do net ginn. Wärend et soss éischter e puer Stied sinn, hu mer hei den Exercice gemaach, dass et direkt e puer Gemenge waren.

A jo, do ass och net ze verheemlechen, dass et heiansdo an der Kommunikatioun oder Koordinatioun geklemmt huet tëscht de Gemengen, tëscht den Organisateuren, mee dat huet een dann awer heiansdo mat feine Wierder erëm riichtgebéit. A mir hunn och vu verschiddene Gemengeréit jo héiere virun Esch2022, ier d'Projete lancéiert gi sinn, dass den Informatiounsfloss net ëmmer esou war, wéi gewënscht. Bei engem Exercice, fir deen esou vill eenzel Leit sech mussen zesummesetzen, vum PRO-SUD bis zu de Gemengeréit, bis zu de Service-culturellen, bis zu de Kommiteeën, kann dat eeben emol virkommen.

Iwwert d'Events kann een diskutéieren a se waren och net alleguerten no mengem Geschmaach. Mee dat ass eebe Kultur: Kultur ass villfälteg. Kultur ass och net moossbar un den Zuschauer. Ech si frou, dass hei erwäänt ginn ass, dass d'Péitenger Kavalkad 20.000 – ech hat zwar gemengt, et wären 30.000 – Visiteuren hat. Elo kann een nach ëmmer driwwer diskutéieren, ob eng Kavalkad zu der Kultur gehéiert. An ech sinn e Fan vun der Fuesend, och als eeëmolege Prënz, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... mee trotzdeem sinn ech nach ëmmer net iwwerzeegt, dass d'Kavalkad wierklech ...

**M. André Bauler** (DP) | De Péitenger Wand bléist ëmmer.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, de Péitenger Wand, genau, Här Bauler.

... dass eng Kavalkad zur Kultur gehéiert – ech hunn et awer trotzdeem akzeptéiert, och wann Esch2022 elo net onbedéngt den Ausléiser war, fir dass eng Kavalkad sollt stattfannen. Et war déi 65., just fir et ze soen, an dëst Joer wäert déi 66. sinn. Ech sinn awer frou, dass Esch 2022 iwwerregional Reklamm derfir gemaach huet. An et muss een och soen: Mir haten zu Péiteng och europäesch Veräiner invitéiert. Mir haten deem Ganzen e bëssen en anere Péitenger Wand ginn, wéi dat soss déi aner Joren ass.

Et ass zwar ee vun deene Projeten, déi am bekanntste waren, mee deen net onbedéngt eis Kultur am gréisste gestäerkt huet. An dat ass de Punkt, op deen ech erauswollt. Et si ganz vill kleng flott Projete gewiescht, quer duerch d'Regiounen, déi warscheinlech kulturell vill méi interessant a vill méi héichwäerteg ware wéi déi grouss Eventer, déi herno zréckbehale gi sinn a wou vläicht déi meeschte Fotoen op Social Media circuléiert sinn.

Ech ka mech och net méi un 1995 erënneren, et deet mer leed. Ech kann dofir kee Verglach zéien, wéi et deemools war. Ech hunn eeben elo ...

**M. André Bauler** (DP) | Dat war schéin!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et war schéin, jo. Et deet mer leed, Här Bauler, ech ka mech do net méi ... Do war ech ze jonk.

**M. André Bauler** (DP) | De Jacques Santer war Staatsminister.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also ass ... Jo.

*(Brouhaha et interruptions)*

Iwwert de Käschtepunkt kann een diskutéieren. Do komme jo elo nach déi eenzel Bilanen. Mee do ass et och, wéi a villen Diskussioune ronderëm d'Kultur: Wat dierf d'Kultur kaschten? An do huet och jidderee seng Interpretatioun an och seng Meenung dozou. An esou ass et och bei enger Kulturhaaptstad. Fir déi eng war et ze vill, fir déi aner war et net genuch.

D'Fro, déi elo bleift, an dat muss een am Bilan ofwaarden: Wat ass d'Nohaltegkeet? Wat wäert herno an deenen eenzelne Gemenge bleiwen? Wann et just Projete waren, déi op ee Joer waren, dann hu mer net gutt geschafft. Wann et Projete waren, déi awer nohalteg iwwert déi nächst Jore wäerten zur kultureller Entwécklung vum Süde bäidroen, dann huet jidderee fir Esch2022 gutt geschafft.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | Jo, bon, et ass elo e puermol ugeklongen: Fir wierklech e ganz chiffréierte Bilan vun Esch2022 ze zéien, ass vläicht e bësse prematuréiert. Mir kréien nach d'Geleeënheet, da mat de Responsabele vun der ASBL doriwwer ze schwätzen. Et ass absolutt normal, dass déi Zuelen nach net virleien. Et sinn esou vill Evenementer gewiescht, esou vill Acteuren impliziéiert gewiescht, jiddweree gëtt seng Rapporten eran. An, wéi et schonn ugeklongen ass, am Mee soll dann op enger Pressekonferenz do de Bilan gezu ginn, dee mer jo dann och nach eng Kéier kënnen en bonne et due forme an der Kommissioun diskutéieren.

Ech halen awer elo net op! Och wann natierlech vill vun Iech gären op d'Manifestatioun ronderëm den internationale Fraendag wëlle goen, ass et awer de Moment, fir vläicht e bëssen de Bilan méi generell ze maachen oder ze erklären, wat de Sënn an Zweck vun där Kulturhaaptstad ass a wat een awer elo scho ka gesinn, onofhängeg vu genaue Visiteurszuelen, wat et bruecht huet.

Well dee Constat, ze soen, et hätt näischt bruecht, oder vläicht ze probéieren, dat ënnerschwelleg an de Raum ze stellen, deen deelen ech absolutt net! Ech si souwisou der Meenung, dass, wann een an d'Kultur investéiert, dat ëmmer eppes bréngt. An ech hat och e bësse Problemer, déi Theorien ze verstoen, déi opgestallt gi sinn. Op där enger Säit wieren et just Leit, déi kulturell interesséiert sinn, déi begeeschtert gewiescht wieren a mir hätten awer net genuch Leit, déi kulturell interesséiert sinn. An awer: 1995 an 2007, do wier awer alles super gewiescht, well do wieren awer esou vill Leit derbäi gewiescht.

Bon, d'Kohärenz ass da vläicht eng aner Geschicht. Ech deele jiddefalls net déi Aschätzung, dass mer hei am Land – oder am Süde vum Land – net vill Leit

hätten oder genuch Leit hätten, déi kulturell interesséiert sinn!

A wa mer dat net hätten, da wier et un eis alleguerten heibannen, alles drun ze setzen, dass mer d'Leit un d'Kultur erubréngen, dass mer d'Leit begeeschtere fir d'Kultur. Dat geschitt op villen Niveauen. Dat geschitt natierlech virun allem am jonken Alter, well wann een am jonken Alter déi Schwellen iwwerschreit, fir sech fir d'Kultur ze interesséieren, dann ass dat och vill méi einfach am Erwuessenenalter. Mee et kann een och am Erwuessenenalter nach Mënsche fir d'Kultur beweegen a passionéieren, déi dat vläicht virdrun net waren.

An och do huet esou eng Manifestatioun wéi eng Kulturhaaptstad eng immens wichteg Roll ze spillen. Si huet och ugesat grad op deene Punkte mat deem Motto vum „Remix", fir souwuel bei Jonke ganz vill Aktivitéiten ze maachen, wéi awer och ze probéieren, ëmmer erëm nei Populatiounen ze touchéieren oder Populatiounen ze touchéieren, déi sech vläicht e bësse méi schwéier dinn, fir grad a kulturell Institutiounen ze goen. Dat war ee vun den dreiwende Momenter an dëser Kulturhaaptstad. An ech menge schonn, dass dat souwuel der ASBL wéi och deene sëllege Gemenge ganz gutt gelongen ass, sief dat elo op Kavalkaden, déi d'ailleurs och kënnen ënnert de Patrimoine immatériel falen, oder bei awer méi spezifesch kulturellen Evenementer, wéi et der extreem vill gouf.

Vläicht als Rappell: Wat ass de Sënn an Zweck vun enger Kulturhaaptstad? Et gëtt der eigentlech zwee: Dat eent ass, d'Diversitéit vun de Kulturen an Europa ze erhalen an ze promouvéieren an awer och ze weisen, dass mer een Europa sinn, dass mer enger Kultur entstamen, awer och ze weisen, wat eis Ënnerscheeder ausmaachen. An do huet zum Beispill och déi Zesummenaarbecht mat Frankräich – déi contrairement zu 2007 dës Kéier exzellent fonctionéiert huet! –, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | ... eng ganz wichteg Roll gespillt, mat villen Interconnectiounen, mat enger neier Institutioun, déi déisäit der Grenz entstanen ass, a mat och souguer engem Ofschlossowend, deen op deenen zwou Säite vun der Grenz stattfonnt huet.

Deen zweeten ass – an dat Wuert „Nohaltegkeet" ass extreem oft ugeklongen haut de Mëtten – dat vun der Nohaltegkeet: Wat bleift? Wat maache mer? Wat hu mer erreecht mat deem, woufir mer eis do agesat hunn? An dat ass, d'Entwécklung vun de Stied de fërderen, déi eeben déi Europäesch Kulturhaaptstad duerstellen.

An dat ass effektiv eng ganz wichteg Fro, well, bon, d'Fro ass gestallt ginn: Wat huet dat kascht? Wat kascht dat? Ech mengen, Dir wësst, wat et kascht huet, well et sinn ëffentlech Budgeten. De Lëtzebuerger Staat huet ganz exakt 40.664.848 Euro investéiert gehat, 40.108.000 Euro vum Kulturministère, vum Nohaltegkeetsministère 307.239 Euro a vum Wirtschaftsministère, Tourisme 249.609 Euro.

All déi Suen, déi hei reng elo vum Staat investéiert gi sinn, plus all déi Suen, déi vun de Gemengen investéiert gi sinn, dat soll jo och eppes Durabeles duerstellen. An hei sinn awer schonn e puer Elementer, déi sech erausschielen, déi weisen, dass dat och wierklech eppes Durabeles bruecht huet.

Fir d'éischt emol, e bësse méi en einfache Gedanken, mee: d'Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen. E wichtege Facteur: Et si Gemengen, déi elo nach méi no beienee komm sinn, déi kulturell awer net nëmmen invitéiert ginn zesummenzeschaffen, déi zesumme Projete realiséiert hunn. Et sinn der schonn e puer genannt ginn. Ech nennen der nach e puer: „1.001 Tonnen", „Landscapes", de Minett Trail – ass natierlech elo e puermol schonn zitéiert ginn –, „discovARminett", d'„Kenns du de Minett?"-Spill, „E roude Fuedem duerch de roude Buedem" an esou weider.

Et ass e Stammdësch organiséiert ginn, wou all éischten Dënschden am Mount déi verschidde Serviceculturellen an déi vun der Kommunikatioun aus de Gemengen zesummekomm sinn, sech echangéiert hunn. Dat ass schonn en extreem wichtege Punkt: D'Kultur bréngt net nëmmen d'Mënschen zesummen, d'Kultur bréngt och d'Gemengen zesummen. An ech hoffen, dass och déi Zesummenaarbecht bestoe bleift iwwert dëst Kulturjoer eraus.

Dann awer natierlech dee Punkt vun den Infrastrukturen: Et waren 23 verschidde Sitten, déi an de Genoss komm sinn, kulturell Manifestatiounen am Kader vun Esch2022 ze empfänken. Hei gëtt et Beispiller vun neien Affektatiounen oder reaffektéierte Lieuen. Déi eenzel Gemengeresponsabel hunn elo déi genannt bei hinnen an der Gemeng. Ech maachen eng Kéier en Iwwerschlag, well et awer weist, wat hei alles gemaach ginn ass, an dat zum Deel an extreem kuerzer Zäit an op eng virbildlech Aart a Weis: den Ariston, d'Konschthal, d'Bridderhaus, d'Bâtiment4 zu Esch, de FerroForum, d'Metzeschmelz Esch-Schëffleng, Vewa Diddeleng, MUAR Keel-Téiteng, Spektrum Rëmeleng, de Lommelshaff Déifferdeng.

Da si bestoend Lieue benotzt ginn, d'desakraliséiert Kierch Sainte-Barbe zu Lasauvage, d'desakraliséiert Kapell vun Ottange, d'desakraliséiert Kierch vu Belval-Metzerlach, an nei Sitten oder reaffektéiert Lieuen, d'Kulturhaus Centre culturel Hunchereng, de Pavillon Source Bel-Val an natierlech d'Arche zu Villerupt.

Alles dat si Lieuen, déi och zum gréissten Deel natierlech wäerte weider fir d'Kultur do sinn a fir kulturell Zwecker kënne genotzt ginn. Och dat ass eppes, wat extreem wichteg ass, well mir brauche Plazen, wou mer Kultur erliewen a wou d'Leit kënne beieneekommen, fir zesumme Kultur ze liewen.

Och vu staatlecher Säit gëtt et Infrastrukturen, déi an d'Rei gesat ginn, och hei am Sënn vun der Nohaltegkeet näischt Neies, wat gebaut ginn ass, mee Saachen, déi schonn do waren, Gebailechkeeten, déi do waren, wou och den Industriepatrimoine erhale ginn ass an nees a Stand gesat ginn ass.

D'Möllerei zum Beispill: D'Gebai gouf komplett restauréiert an enger Rekordzäit, soudatt niewent de Manifestatioune vun Esch2022 och de Circuit fir Visitte vum Héichuewen A verlängert gouf, wat essentiel ass fir e komplett Verstoe vun der industrieller Installatioun. Et ass iergendwéi ee Moment ugeklongen, wéi wann elo hei géif den Industriepatrimoine op där enger Säit géint eng Kulturhaaptstad op där anerer Säit ausgespillt ginn, eppes, wat ech wierklech net ka confirméieren, well et ass hei extreem vill an den Industriepatrimoine investéiert ginn a verschiddene Gemengen, mee och op nationalem Niveau! An ech kommen herno bei de Konventiounen och nach drop zréck, och méi strukturell bei deenen, déi den Industriepatrimoine ënnerstëtzen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | D'Massenoire, dësen Hall war virun Esch2022 amenagéiert ginn an de Fonds Belval wäert d'Massenoire elo nees fir hir eegen Zwecker brauchen. D'Fondatioun Héichuewen C, do ass eng Bün mat Reamenagementer, och déi wäert weiderhi fir kulturell Open-Air-Zwecker bestoe bleiwen. D'Plancher des coulées vum Héichuewen A, och dës wäert de Fonds Belval kënne weiderhi fir Manifestatioune benotzen.

D'Hall des poches à fontes, dës Plaz gouf jo wärend der Kulturhaaptstad souwuel vun der ASBL Esch2022 wéi och vum Fonds Belval als Receptioun a Billeterie genotzt, kënnt erëm zréck an hir ursprünglech Notzung. De Pavillon Skip ass weiderhin och do, och dee gëtt weider genotzt.

An da kommen ech op den IK-CNCI, den Headquarter vun Esch2022, dee wäert an de Pavillon hikommen, wou d'Administratioun vun Esch2022 ënnerbruecht war, also och do eng nei Plaz fannen nieft där neier Konventioun, déi se och mat eis ofgeschloss hunn.

Dann eeben zum Contenu, well et ass jo net just de Contenant, deen zielt, et ass och alles ronderëm. Mir hu strukturell Konventioune mat der frEsch ASBL vun Esch a mat Spektrum vu Rëmeleng virgesinn, fir Projeten ze ënnerstëtzen. Et wäerte sécherlech nach neier nokommen.

Mee ronderëm déi ganz Dynamik vun der Kulturhaaptstad huet sech awer och aneres entwéckelt: eng ganz Rëtsch vun Associatiounen, déi extreem vill derfir gemaach hunn, fir d'Kultur ze fërderen an där Kulturhaaptstad, an dat ass eppes, wat mir extreem wichteg war, dass mer och déi Dynamik vun den eenzelnen Associatiounen, déi extreem vill elo gemaach hunn, dass mer dat och géife weider ënnerstëtzen. Do sinn eng ganz Rëtsch vun deene Kënschtlerkollektiver, deenen hir Konventiounen entweeder bäikomm sinn oder zolidd erhéicht gi sinn, ILL, Maskénada, Richtung22, FerroForum oder de K-Kollektiv (veuillez lire: den DKollektiv). D'Detailer hat ech och do schonn an enger Question parlementaire – ech mengen, vun der Madamm Bernard – geliwwert.

Dann den IK-CNCI – Stéchwuert „Industriekultur": Och hei hu mer massiv d'Konventioun an d'Luucht gesat, well et eebe grad extreem wichteg ass, dass mer den Industriepatrimoine, deen awer d'Identitéit vum Süde mat ausmécht, mat definéiert, dass mer déi Leit, déi sech scho säit Joren dofir asetzen ...

Ech hu matgehollef, dass d'Associatioun soll gegrënnt ginn, an elo gëtt se zolidd ënnerstëtzt, dass och déi Leit, déi rekrutéiert gi sinn iwwert déi lescht puer Joer, kënne gehale ginn an dass doduerch déi vill Aarbecht an och déi Vernetzung tëscht deenen eenzelnen Industriepatrimoinë kann esou weidergefuer gi mat där selwechter Dynamik. Sachant en plus, dass mer jo vill geschützte Sitten hunn, dass zum Beispill de Projet Esch-Schëffleng jo och een ass, dee virbildlech ass um Niveau vun engem denkmalschützeresche Point de vue, an dass mer och soss ganz vill flott industriell Sitten hunn, déi och dem Public zougänglech sinn a wou de CNCI eng ganz gutt Aarbecht mécht.

Dann nach e Punkt vläicht zum Tourismus. Och do ass dat natierlech eppes, wou een och sécherlech kann un Zuelen, déi mer da wäerten no an no kréien ... Ech constatéieren, dass et Zoulaf hat, déi ganz Regioun, mee et ass och do villes, wat wäert iwwregbleiwen. Soudass ech och do net ka verstoen, dass een dat a Fro stellt.

Well dee Projet, deen ech wierklech formidabel fannen a wou ech net weess, ob et deen esou nach op ville Plaze gëtt, vum Minett Trail, mat deene geniale Kabaisercher, déi et elo duerch de ganze Minett gëtt, wou Architekte sech exzellent Projeten ausgeduecht hunn, wou besteeënd Infrastrukturen nei genotzt ginn, fir do eng Nuecht ze iwwernuechten. Dat ass och eng formidabel nei Attraktioun, wou souwuel de besteeënde Patrimoine, d'Architektur an déi wonnerschéin Natur, déi et och ze kucken an ze bewonnere gëtt am Minett, alles ënner een Hutt komm ass. Genausou wéi och de Minett Cycle, also de Véloscircuit, deen och an deem Kontext entstanen ass.

Och hei wäerten dann Zuele kommen am Laf vum Joer 2023. Ech si sécher, dass mer nach wäerten d'Occasioun hunn, mat deenen zoustännegen Instanzen en long et en large doriwwer ze schwätzen.

Am Resümmee: Wat et elo zueleméisseg ausmécht, déi Kulturhaaptstad, ass warscheinlech ze fréi, fir haut ze soen. Dat, wat wichteg ass, dat ass, dass mer konsequent hei zu Lëtzebuerg an d'Kultur investéiert hunn an och weider investéieren, dass déi Dynamik, déi entstanen ass am Süden, an deene ville Gemengen, dass déi bestoebleift, sief et um Niveau vun de Gemengen, mee och um Niveau vun deene sëllege Kënschtler a Kollektiven, déi sech weider developpéiert hunn, an dass mer och ëmmer méi nach déi Sensibilitéit fir deen Industriepatrimoine kréien, dee mer am Süden hunn – net nëmmen am Süden, et gëtt och anerer hei am Land –, an dass mer dovu profitéieren, fir déi Synergien ze schafen, fir déi Visibilitéit vum Minett no vir ze bréngen a fir weider an där flotter Dynamik ze schaffen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Kulturministesch Sam Tanson. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 9. 8166 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'Ombudsman et au Conseil national de la justice

Dee leschte Punkt um Ordre du jour ass den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8166 iwwert den Ombudsman an de Conseil national de la justice. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Ännerungsvirschlag, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Et ass keen Debat.

**M. Fernand Etgen,** Président | An et ass keen Debat, seet de Rapporter mer, soudatt mer duerno direkt kënnen zum Vott kommen.

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Voilà.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Rapporter.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee leschte Punkt ass ëmmer deen ondankbaren dann.

*(Interruption)*

Mee, wéi gesot, ech maachen et kuerz.

**M. André Bauler** (DP) | De Leschten ass ...

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Et ass awer wichteg. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren – elo schonn, Här Bauler.

Et gëtt eng weider Ännerung am Chambersreglement. Den 21. Dezember d'lescht Joer, kuerz viru Chrëschtdag, stoung ech méi oft virun Iech hei a mir hunn eng ganz Rei Texter iwwert d'Stäerkung vun der Justiz gestëmmt. D'Verfassungsreform, d'Kapitel Justiz, d'Gesetz iwwert d'Référendaires de justice an och d'Gesetz vum nationale Justizrot hu mer du geschaaft, de CNJ.

Abee, do steet dran, dass de CNJ sech aus 9 Membres effectifs an 9 Membres suppléants zesummesetzt; dovunner 6 Magistraten, 1 Vertrieder vun den Affekoten, 1 fréieren oder en amtéierte Bâtonnier an – an! – 2 Vertrieder vun der Zivillgesellschaft, déi mir Chamber nennen.

*(Interruption)*

Also, fir dës zwee Vertrieder, déi vun der Chamber genannt solle ginn, brauche mer elo eng Prozedur. An et gëtt e gewëssenen Zäitdrock, well déi néng Membere mussen designéiert sinn, fir dass déi Organisatioun vum nationale Justizrot kann ufänke mam Rekrutement vum Generalsekretär a sengem weidere Personal, fir dass se institutiouns-, funktiounsfäeg ass deen Dag, wou – den 2. Juli (veuillez lire: den 1. Juli) – d'Verfassung a Kraaft trëtt.

De Barreau huet seng Vertrieder gewielt, an d'Magistraten och – ass mer gëschter gesot ginn. A mir gesi mat dësem Reglement d'Prozedur vir, fir eiser Aufgab nozekommen.

Erlaabt mer awer, wéi ech et och an der Kommissioun gesot hunn, e puer Wuert, fir d'Wichtegkeet ze ënnersträiche vun der Designatioun vun de Persounen, déi d'Chamber an dësen neie Gremium schéckt. Et ass eng nei Instanz, déi mer schafen. An do ass et wichteg, dass vun Ufank un d'Qualitéit vun de Memberen an deem Gremium héich ass, genausou wéi hir Honorabilitéit. D'Glafwierdegkeet, d'Reputatioun vum CNJ ass direkt ofhängeg vu senger Besetzung ...

*(Interruption)*

... an, ech géif soen, vu senger éischter Besetzung. De CNJ brauch eng inkontestabel Unerkennung bei der Magistratur a bei der Bevëlkerung, fir seng Missioune kënnen ze erfëllen.

*(Interruption)*

Folglech brauche mir als Chamber eng gutt Prozedur, fir d'Vertrieder vun der Zivillgesellschaft ze designéieren.

Mir designéieren also 4 Leit: 2 Effectifs an 2 Membres suppléants – 4 Persounen. Do ware mer eis eens an der Kommissiounssitzung: Déi solle virun allem kompetent sinn, an och solle mer oppassen, dass se verschidden a komplementar sinn an hirem Profill: hir Positioun an der Gesellschaft, Alter, Genre, Ausbildung. An et wär och gutt, wann de Membre effectif an de Membre suppléant an enger gewëssener Zesummenaarbecht kéinte fonctionéieren, also e Binom wären, wou d'Chimie géif stëmmen.

Wat hu mir elo virgesinn als Prozedur? Den 1. Mäerz huet de President vun der Reglementskommissioun Roy Reding dës Propositioun deposéiert. Den 28. Februar hat d'Commission jointe Règlement an Institutioun en éischten Echange zum Theema op Basis vun engem Draft, deen d'Mataarbechter vun der Reglementskommissioun virgeluecht hunn. Merci vun dëser Plaz och un de Benoît Reiter a seng Ekipp fir déi schnell an déi effikass Aarbecht. Den 3. Mäerz ass dunn de Rapporter genannt ginn an de Rapport och ugeholl ginn, soudass mer an den normalen Delaie sinn, fir dass mer elo nach kënnen driwwer ofstëmmen.

De Kalenner ass follgenden – dee beschreift déi eenzel Etappen och –: Den Appel à candidatures geet vun haut, 8. Mäerz, un. Dee geet eraus. Dräi Woche si geplangt, dass d'Kandidature kënnen eragereecht ginn; dat heescht bis den 29. Mäerz. Da préift d'Conférence des Présidents d'Recevabilitéit vun de Kandidaturen Enn Mäerz; den 30. Mäerz ass do virgesinn. An duerno ginn d'Kandidaten ageluede, fir en individuellt Gespréich an der Woch vum 17. op den 21. Abrëll. A mir kënnen da fréistens an der Plenière vum 25. Abrëll zum Vott goen, fir eis Vertrieder vun der Zivillgesellschaft ze bestëmmen.

D'Kandidate mussen hire CV eraschécken, hir Biografie also, eng Lettre de motivation a preziséieren, ob se kandidéieren, ob se wëllen Effectif oder Suppleant ginn, respektiv dat een oder dat anert, jee nodeem. Si sollen dat an hirer Kandidatur preziséieren. Weider kënne se Pièecen an hiren Dossier maachen, déi hir Qualifikatioun beleeën. A si mussen natierlech och beleeën, dass se eligibel sinn, esou wéi d'Gesetz et virgesäit.

Entweeder reechen d'Persounen hir Kandidatur selwer direkt eran. Oder et gëtt awer och en zweete Wee – an do kréie mer nach Informatiounen iwwert d'Sekretariat vun der Chamber –: dass all Deputéierte kann eng oder méi Persoune proposéieren. Mee wann en dat mécht, da muss en awer och eng Pièce hunn, wou déi proposéiert Persoun sech och averstanen erkläert, an och déi aner Pièecen, wéi wa se selwer d'Initiativ hëlt, muss dobäileeën.

D'Persounen, deenen hir Kandidatur, wéi gesot, als recevabel deklaréiert gëtt, ginn dann opgrond vun hirem Dossier gehéiert vun der Conférence des Présidents, verstäerkt mat de Presidente vun de Kommissiounen aus der Justiz, den Institutiounen a vum Règlement.

Zur Prozedur vum Vott hu mer an der Kommissioun festgehalen, dass fir all Posten och e getrennte Walgang organiséiert gëtt, also zweemol fir Membres effectifs an zweemol fir Suppleants. Domat kënne mer opgrond vum Resultat no all Walgang och feststellen, wie gewielt ass, an assuréieren, dass mer déi Diversitéit an déi Komplementaritéit och erakréien ënnert deene véier Vertrieder.

De Vott ass geheim, d'Procuratioun ass net méiglech an et ass och eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert. Och wann et nëmmen eng Kandidatur gëtt, muss eng qualifizéiert Majoritéit erreecht ginn. Wann am éischten Tour kee Kandidat dës Majoritéit huet, gëtt e Ballotage gemaach zwëscht deenen zwee Beschtplazéierten. Dës nei Dispositiounen an eisem Reglement trieden direkt no eisem Vott a Kraaft.

Nieft den Dispositiounen zu de Vertrieder am nationale Justizrot, huele mer awer och nach Ännerungen un zum Ombudsman, eng Suite vun der Verfassungsännerung. Mir schwätzen eebe vum „Ombudsman" an net méi vum „Médiateur". A mir preziséieren och d'Walprozedur, d'qualifizéiert Majoritéit. A mir stëmmen esou oft, bis mer déi fir e Kandidat erreecht hunn.

Voilà, dat wier et. De schrëftleche Rapport gouf an der Kommissioun den 3. Mäerz unanime ugeholl. An, wéi gesot, mir kënnen direkt zum Vott iwwergoen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Charles Margue.

An hien huet et gesot: Mir kommen dann elo direkt zur Ofstëmmung vum Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8166. Den Text steet am Document parlementaire 8166[1].

***Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8166***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Ännerungsvirschlag ass bei 58 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert,*

*MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Tess Burton), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

De Rapporteur huet et gesot, an dofir wëll ech nach follgend Kommunikatioun maachen:

Mir hunn den Ännerungvirschlag vum Chambersreglement 8166 elo grad ugeholl, an dësen ass dann och elo direkt a Kraaft getrueden.

Sou wéi dat elo am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech folgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen:

Esou wéi et festgehalen ass am éischten an zweeten Artikel vum Gesetz vum 23. Januar 2023 iwwert d'Organisatioun vum Conseil national de la justice an am Artikel 127bis vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, zwee effektiv Memberen an zwee Suppleante fir de Conseil national de la justice ze bezeechnen.

Interessente kënnen hir Kandidatur per Bréif un de Chamberspresident riichten, an dat bis spéitstens den 29. Mäerz 2023. Den Datum vum Poststempel ass maassgeebend.

Mat der Kandidatur sinn e Liewenslaf, e Motivatiounsbréif, d'Informatioun, ob d'Kandidatur fir e Posten als Membre effectif an/oder suppléant ass, sou wéi déi néideg Pabeieren anzereechen, déi beleeën, dass d'Qualifikatiounen an d'Konditiounen aus dem Gesetz erfëllt sinn, dat heescht, et muss een:

1. d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn;
2. am Besëtz vun den zivillen a politesche Rechter sinn;
3. all Garantie vun Eéierbarkeet erweisen;
4. an eng Perséinlechkeet sinn, déi ausserhalb vun der Magistratur ass a qualifizéiert ass opgrond vun hirer Formatioun an hirer professionneller Erfarung.

*(Brouhaha)*

Här Roth, hutt Dir eppes bäizefügen?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass alles gutt.

**M. Fernand Etgen,** Président | A ok.

*(Hilarité)*

Da sinn ech berouegt.

Et ass ze bemierken, datt dëse Posten inkompatibel mat follgende Mandater ass:

1. Member vun der Chamber, vun der Regierung a vum Staatsrot;
2. Buergermeeschter, Schäffen a Gemengeconseiller;
3. Member vum Europaparlament, vun der Europäescher Kommissioun a vum Europäesche Rechnungshaff;
4. a mat folgende Magistrater:
a. Riichter bei der Cour de justice de l'Union européenne, beim Tribunal de l'Union européenne, bei der Cour européenne des droits de l'homme a bei der Cour pénale internationale;
b. Membere vum Collège vum Parquet européen an d'Procureurs européens délégués; a
c. Membere vum Tribunal disciplinaire des magistrats a vun der Cour disciplinaire des magistrats.

*(Brouhaha)*

Ech erënneren Iech drun, datt all Deputéierten d'Recht huet, innerhalb vun der festgesater Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass och eng Pièce bäizeleeën, déi d'Averständnis vum Kandidat beweist.

Dës Kommunikatioun gëtt och als Avis officiel an der Press veräffentlecht.

Mir sinn domat um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 8.30 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.17 heures.)*

# Questions au Gouvernement

## Sommaire


| Objet | Nº | Auteur | Page |
|---|---|---|---|
| Foire de l'étudiant 2022 | 7049 | Jessie Thill, Djuna Bernard | 83 |
| Création de l'euro numérique | 7058 | Mars Di Bartolomeo | 83 |
| Risques de santé liés aux tests PCR | 7061 | Fred Keup | 83 |
| Cotisations non payées | 7220 | Sven Clement | 84 |
| Règle dite « 80/80/90 » | 7252 | Dan Kersch | 84 |
| Capacité maximale d'un bus | 7279 | Jeff Engelen | 85 |
| Travail intérimaire transfrontalier | 7316 | Cécile Hemmen | 85 |
| Zone d'activités Grand Bis à Rodange | 7318 | Marc Goergen | 86 |
| Contrats de bail emphytéotique | 7325 | Elisabeth Margue, Marc Lies | 86 |
| Autorisation d'exercer | 7328 | Sven Clement | 87 |
| Rénovation du parc d'Echternach | 7337 | Max Hengel, Octavie Modert, Léon Gloden | 87 |
| Implication du Luxembourg au Projet important d'intérêt européen commun (PIIEC) dans le secteur de la santé | 7342 | Marc Hansen, Charles Margue | 87 |
| Extension du « Atert-Lycée » | 7345 | André Bauler | 88 |
| Maisons de naissance | 7349 | Josée Lorsché, Marc Hansen | 88 |
| Projet « Schlasskéier » à Wiltz | 7354 | Martine Hansen | 89 |
| Criminalité dans les hôpitaux | 7356 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen | 89 |
| Projet « Schlasskéier » à Wiltz | 7368 | André Bauler, Carole Hartmann | 89 |
| Commémoration du combattant de la résistance Raymond Petit | 7371 | Fred Keup | 89 |
| Lien entre immigration illégale et délinquance | 7373 | Fred Keup | 90 |
| Rôle des CFL en tant que prestataire du Fonds du rail | 7376 | Marc Goergen | 90 |
| La Seconde Guerre mondiale dans les programmes scolaires | 7381 | Francine Closener | 90 |
| Accès au Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) | 7382 | Nathalie Oberweis | 91 |
| Pratique du sport | 7387 | Nancy Arendt épouse Kemp | 91 |
| Gestion locative sociale | 7388 | Marc Lies, Martine Hansen | 93 |
| Réserve sanitaire | 7391 | Josée Lorsché, Marc Hansen | 93 |
| Gardes d'enfants | 7392 | Francine Closener | 93 |
| Bioéthanol | 7413 | Jeff Engelen, Fred Keup | 94 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Site de l'ancienne brasserie Diekirch | 7415 | Myriam Cecchetti | 94 |
| Produits d'hygiène féminine gratuits | 7430 | Nancy Arendt épouse Kemp | 95 |
| Chasse aux sangliers | 7431 | Marc Goergen | 95 |
| Impact de la hausse des taux d'intérêt sur les actes notariés | 7432 | Marc Goergen | 96 |
| Ouettes d'Égypte | 7436 | Fred Keup | 96 |
| Évaluation des centres de compétences | 7437 | Martine Hansen | 96 |
| Formation des forces de sécurité intérieure | 7439 | Martine Hansen, Léon Gloden | 97 |
| Inclusion des engrais dans le mécanisme d'ajustement carbone aux frontières de l'Union européenne | 7441 | Jeff Engelen | 97 |
| Campagne d'information et de sensibilisation au sujet du sexisme | 7442 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen | 97 |
| Mendicité organisée | 7443 | Fernand Kartheiser | 98 |
| Conditions de dépôt des listes de candidats pour les élections de la Chambre des Députés du 8 octobre 2023 | 8120 urgente | Dan Biancalana | 98 |
| Composition des commissions consultatives communales | 8138 urgente | Marc Goergen | 99 |


**Foire de l'étudiant 2022** | Question **7049** (24/10/2022) de **Mme Jessie Thill** | **Mme Djuna Bernard** (déi gréng)

Depuis de nombreuses années, la Foire de l'étudiant est l'événement de référence au Luxembourg pour les élèves et étudiants qui souhaitent s'informer sur les études supérieures et sur les différentes associations des jeunes. En toute logique, l'événement constitue aussi une opportunité importante pour ces dernières de se présenter et d'échanger de vive voix avec les jeunes.

L'édition 2022 de la foire les 27 et 28 octobre marquera, dans une certaine mesure, un retour à la normale après deux ans de crise pandémique aiguë. Il nous revient que le Jugendrot (CGJL) a été invité à y participer en présentiel seulement après en avoir fait la demande expresse. Toujours selon nos informations et contrairement aux éditions prépandémiques, la trentaine d'associations membres du Jugendrot, représentant les secteurs socio-éducatif, politique, syndical et du scoutisme, n'auront plus la possibilité de se présenter individuellement aux jeunes dans un contexte présentiel.

Même dans l'hypothèse où ces associations puissent participer individuellement en tant qu'exposants « virtuels » à la plateforme digitale de la foire, il est à craindre qu'elles n'auront pas la même visibilité ni la qualité des échanges que par le passé. De même, les jeunes participant uniquement à l'événement présentiel et qui voudront s'informer sur les différentes associations risqueront eux-aussi de rester sur leur faim.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer que le Jugendrot et ses associations membres ne disposeront que du seul stand du Jugendrot pour participer à la partie présentielle de la Foire de l'étudiant 2022 ? Dans l'affirmative, pourquoi une présence individuelle comme lors des éditions passées a-t-elle été exclue ?

2) Monsieur le Ministre envisage-t-il, en vue des éditions futures de la Foire de l'étudiant, de redonner la possibilité à ces associations de se présenter individuellement aux jeunes ?

3) Dans l'hypothèse où l'intention serait de limiter le cercle des exposants à la Foire de l'étudiant aux seuls acteurs de l'enseignement supérieur dans un sens strict, Monsieur le Ministre envisage-t-il de mettre à disposition des associations susmentionnées d'autres moyens pour promouvoir leurs activités et pour échanger de vive voix avec les jeunes ?

**Réponse** (22/11/2022) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Pour répondre aux questions soulevées par les honorables Députées et pour de plus amples explications sur le concept de la Foire de l'étudiant 2022, je me permets de renvoyer à ma réponse à la question parlementaire n° 6676.

Ainsi, conformément à l'objectif primaire de la foire consistant à informer les futurs étudiants sur les différentes possibilités d'études supérieures, l'édition 2022 de la Foire de l'étudiant s'est concentrée sur les acteurs actifs dans le domaine de l'enseignement supérieur, à savoir sur les universités et autres institutions d'enseignement supérieur, d'une part, et sur les associations et cercles étudiants, d'autre part.

Toutefois, le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a offert au Jugendrot en tant qu'organisation faîtière de nombreuses associations de jeunesse l'opportunité d'organiser un stand en présentiel pendant les deux journées de la foire au campus universitaire de Belval. Les organisations membres qui l'auraient souhaité auraient pu se relayer sur ce stand.

Le concept adopté pour la foire de cette année est évidemment évolutif et sera, en fonction des expériences futures, certainement ajusté au fil des années. Actuellement, une analyse quantitative et qualitative de l'événement est en cours. Dans ce contexte, des enquêtes de satisfaction seront réalisées dans les prochaines semaines auprès des exposants, d'une part, et des lycées et des élèves, d'autre part.

Une décision concernant le concept de la prochaine Foire de l'étudiant sera prise sur base de cette analyse au courant du premier trimestre 2023. L'objectif de cette décision sera de définir, à moyen terme, un modèle durable pour la Foire de l'étudiant, qui réponde à toutes les exigences d'une information moderne, efficace et précise de nos futurs étudiants.

**Création de l'euro numérique** | Question **7058** (25/10/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

La Banque centrale européenne étudie actuellement le projet de création de l'euro numérique. Ce projet a été lancé suite à l'utilisation décroissante du « cash » c'est-à-dire des billets physiques libellés en euros et pour contrer des initiatives privées du style bitcoin ou autres.

J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre des Finances :

– Quel est l'état d'avancement actuel de ce projet et quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois face à ce projet ?

– Quels sont les risques et quelles sont les potentialités de ce projet ?

– Quelle est l'attitude du secteur bancaire face au dit projet ?

**Réponse** (30/11/2022) de **Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

L'honorable Député s'interroge sur le projet de création de l'euro numérique et l'état d'avancement de ce projet.

La Banque centrale européenne (BCE) étudie actuellement la possibilité d'introduire un euro dit numérique. La phase d'étude au niveau de la BCE a commencé en octobre 2021 et durera jusqu'en octobre 2023. Pendant cette phase de deux ans, un large éventail de questions politiques, juridiques et techniques en rapport avec l'introduction éventuelle d'un euro numérique est examiné par la BCE et la Commission européenne. Il s'agit de questions touchant à la conception de l'euro numérique, sa distribution et son impact sur le secteur financier et la stabilité financière, ainsi que des aspects liés aux règles de lutte contre le blanchiment d'argent et à la protection des données. Au terme de la phase d'étude, il sera décidé s'il convient d'entamer la mise en place d'un euro numérique.

Le Ministère des Finances suit ces travaux exploratoires qui sont en cours autour de l'introduction éventuelle d'un euro numérique et est régulièrement informé par le biais de l'Eurogroupe et des groupes de travail au niveau technique.

L'émission d'un euro numérique qui existerait en parallèle à l'argent en espèces est généralement accueillie de manière favorable par le secteur financier, car le projet est susceptible de favoriser l'innovation et la concurrence dans le marché des paiements ainsi que de renforcer le rôle de l'euro sur la scène internationale et de soutenir l'autonomie stratégique ouverte de l'UE.

**Risques de santé liés aux tests PCR** | Question **7061** (25/10/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Eng onofhängeg éisträichesch Etude koum zur Conclusioun, datt verschidden Zousazmaterialien, vun Antigeen- a PCR-Tester op de Covid-19, déi wärend de leschten zwee Joer och hei am Land groussflächeg agesat goufen, sou notamment d'Flëssegkeet, déi a véier Isonormtester op d'Haut- an Aeverdréiglechkeet iwwerpréift gouf, eng Rei gëfteg Stoffer, ënner anerem Natriumazid opweisen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister hir allgemeng Positioun zu dësen Erkenntnesser elaboréieren?

2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, duerch wéi eng national Institutioun déi eenzel Tester, déi zu Lëtzebuerg zougelooss goufen, op hir gesondheetlech Verdréiglechkeet getest an zertifiéiert goufen?

**Réponse** (05/12/2022) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

D'Fro vum honorabelen Deputéierte präziséiert net, op wat fir eng Etude hien sech hei genau berifft. Eng Recherche an der Base de données vun der National Library of Medicine, déi d'Referenz fir wëssenschaftlech Publikatiounen am Beräich Biomedezinn duerstellt, weist, dass et 4.330 Publikatiounen iwwert diagnostesch Tester fir de Covid-19 säit dem Ufank vun der Pandemie gëtt. D'Äntwert op dës parlamentaresch Fro ass dofir och méi allgemeng gehalen.

Wat d'Präsenz vun toxesche Substanzen an de verschiddene Materialie fir Antigeentester oder PCR-Tester betrëfft, kann ee soen, dass all dës Tester natierlech op cheemesch Substanzen a Reaktiounen zeréckgräifen. Verschiddener dovu kënnen toxesch fir de Mënsch sinn, besonnesch, wann et sech ëm staark Konzentratiounen handelt. Esou Substanze sinn z. B. néideg fir den Echantillon, nodeem de Prelevement gemaach gouf, ze konservéieren, bis den Test am Laboratoire ausgeféiert gëtt. Bei normaler Handhabung vum Test kommen dës Substanzen, déi a klenge Quantitéite present sinn, net mam mënschleche Kierper a Kontakt.

Esou gi ganz kleng Quantitéite vun Natriumazid zum Beispill an den Tube gemaach wou den Echantillon konservéiert gëtt, fir eng Degradatioun duerch Bakterien ze verhënneren. Dës Quantitéit vun Natriumazid ass extrem kleng, an huet bei dëser Quantitéit keng direkt toxesch Wierkung. An nach emol muss präziséiert ginn, dass bei enger normaler Benotzung vum Test nëmmen de prelevéierten Echantillon mat der Substanz a Kontakt kënnt, an net de Patient, d'Persoun, déi de Prelevement mécht, oder de Laborant.

Et ass d'Responsabilitéit vum Produzent alles ze maachen, fir dass een Test sécher an zouverlässeg ass, der Reglementatioun entsprécht, an dass e Benotzer all néideg Informatioune kritt fir den Test sécher auszeféieren.

Bei Selbsttester fir Covid-19-Antigeen ass et esou, dass een „organisme notifié", dat heescht eng Organisatioun, déi d'Applikatioun vun de reglementaresche Konditiounen duerch de Fabrikant ka kontrolléieren (z. B. an Däitschland den TÜV), muss den Test certifiéieren. An deem Fall huet de Marquage CE op der Verpackung vum Test eng zousätzlech 4-stelleg Nummer. Produkter mat engem CE-Marquage kënnen da fräi am EU-Bannemaart verkaaft ginn.

An enger Ufanksphas vun der Pandemie gouf et dës certifiéiert Autotester nach net, an d'Lëscht vun den autoriséierten Tester zu Lëtzebuerg gouf bis Enn 2021 duerch Arrêté ministériel festgeluecht op Basis vun Evaluatiounen duerch de Paul Ehrlich Institut an Däitschland, an enger Derogatioun duerch de Bundesinstitut für Arzneimittel und Medizinprodukte (BfArM). Säit 2022 gëtt et awer um europäesche Marché eng ganz Rei certifiéiert Tester, déi och zu Lëtzebuerg benotzt ginn.

**Cotisations non payées** | Question **7220** (22/11/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Laut Artikel 428 vum Code de la sécurité sociale muss all Decompte un de CCSS innerhalb vun 10 Deeg bezuelt ginn. Dëst onofhängeg dovunner, ob déi betraffe Persoun mat der Rechnung averstanen ass oder net. De CCSS kann awer mat der betraffener Persoun och ee Plang opstellen, wéi d'Scholde sollte bezuelt ginn. Am Fall vun engem feelende Paiement kann een Huissier engagéiert ginn, wat dann erëm zu zousätzleche Fraise fir déi Betraffe féiert. Dës Fraise mussen d'Leit och da bezuelen, wann sech erausstellt, dass den Decompte vun dem CCSS net korrekt war.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Zesummenaarbecht tëscht CCSS an ACD misst weider ausgebaut ginn, fir falsch Decompten, esou wäit et geet, ze verhënneren?

2. Ass de Minister der Meenung, dass am Fall vun engem Zweiwel un der Richtegkeet vum Decompte net emol sollt d'Positioun vun der ACD ofgewaart ginn, ier ee Huissier engagéiert gëtt?

3. Wéi eng Responsabilitéit iwwerhëlt de CCSS am Fall, wou den Dossier vun enger Persoun zu Onrecht un Huissiere weidergeleet gouf an dës Persoun eng Rechnung fir d'Servicer vum Huissier kritt?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale

Betreffend d'Sozialcotisatioune gëtt et en Ënnerscheed an der Deklaratioun tëschen engem Employeur an enger Persoun, déi fir sech selwer schafft (Selbstännegen). Den Employeur muss all Mount d'Salairë beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) deklaréieren. D'Sozialversécherungsbäiträg ginn dann op Basis vun deenen Deklaratioune gerechent. Dës Donnéeë stinn dem Employeur selwer zur Verfügung, deen d'Sozialversécherungsbäiträg direkt vum Salaire ofrechent.

E Selbstännegen huet dës Flicht net. D'Donnéeë vum Revenu kritt de CCSS vun der Steierverwaltung, dëst op Basis vum Artikel 427 vum Code vun der sozialer Sécherheet (CSS). Allerdéngs kann e Selbstännege säi Revenu selwer beim CCSS ugonn, fir datt d'Sozialversécherungsbäiträg op dee Revenu gerechent ginn, bis datt den definitive Revenu virläit. Dëst ass wichteg, wann de Revenu net iwwer d'Jore konstant ass, mee vu Joer ze Joer variéiert. Doduerch kënnen dann d'Sozialversécherungsbäiträg och méi zäitno ugepasst ginn.

Betreffend d'Bezuelen an de Recouvrement vun de Scholden ass ze bemierken, datt et keen direkte Lien gëtt tëscht dem Decompte vum CCSS op Basis vun enger Deklaratioun vun der Steierverwaltung (ACD) an dem Recouvrement vun de Scholden duerch e Geriichtsvollzéier.

Den Artikel 427 Alinea 1 vum CSS gesäit vir:

« [...] Les indications nécessaires pour la constatation et la fixation des activités non salariées même exercées à titre accessoire sont fournies par l'Administration des contributions directes, [...]. À défaut de ces données le Centre procède d'office aux estimations nécessaires à l'établissement de la cotisation. Il en est de même en cas de contestation relative à l'assiette cotisable, sous réserve de redressement éventuel. »

Dës Situatioun weist, datt d'Verrechnung vun de Sozialversécherungsbäiträg (baséierend op enger initialer Estimatioun oder enger Adaptatiounsdemande, déi de Versécherte proposéiert huet) no der Kommunikatioun vum aktuellen Akommes vun der ACD iwwerpréift ka ginn.

Wat d'Transmissioun vun den Donnéeë vun der ACD un de CCSS ugeet, ass ervirzehiewen, datt déi zwou Verwaltungen e reegelméissegen Echange hunn an dësen Echange och kontinuéierlech verbessere wëllen.

Wat de Revenu selwer ubelaangt, ka just d'Steierverwaltung d'Donnéeën upassen, de CCSS ka just bestëmmen, ob déi Revenue sozialversécherungsflichteg sinn oder net. Wann d'Steierverwaltung den deklaréierte Montant korrigéiert, mécht de CCSS dann déi retroaktiv Berechnung op Basis vun den Deklaratioune vun der Steierverwaltung.

Wann den Assuré net averstanen ass mam Decompte, muss en säi Solde regléieren, sou wéi et am Artikel 428 Alinea 1 virgesinn ass.

Dësen Artikel gesäit vir, datt de Paiement muss gemaach ginn, och wann een e contestéiert. Am Kader vun enger selbstänneger Aktivitéit ass de contestéierte Montant deen, dee vun der ACD kommunizéiert gëtt, an net d'Rechnung vum CCSS.

An deem Fall ass der concernéierter Persoun geroden, d'ACD ze kontaktéieren, fir datt se, wann néideg, kann de Montant vum Revenu, deen dem CCSS matgedeelt gouf, ajustéieren. Wann d'ACD der Meenung ass, datt d'Contestatioun, déi d'Persoun eragereecht huet, begrënnt ass, mécht se eng Rektifikatioun. Duerno kann dann de Betrag, deen dem CCSS ursprénglech matgedeelt gouf, ugepasst ginn an dee Montant, deen ze vill bezuelt ginn ass, gëtt dann un déi betraffe Persoun remboursséiert.

De CCSS fänkt eréischt un, d'Scholden anzedreiwen, wann den Debiteur sech net mellt a seng Schold net zeréckbezilt an dat och nëmmen no enger Verspéidung vu 6 Mensualitéiten. Am Fall wou de Geriichtsvollzéier schonn abezu gouf an dëst op e Feeler vum CCSS geschitt ass, zitt de CCSS de Geriichtsvollzéier zeréck an iwwerhëlt och déi ganz Käschten.

**Règle dite « 80/80/90 »** | Question **7252** (29/11/2022) de **M. Dan Kersch** (LSAP)

La loi du 15 décembre 2019[1] a mis en œuvre une grande partie de l'avenant à l'accord salarial du 5 décembre 2016, datant du 15 juin 2018. Cette loi a consacré le retour aux modalités de stage applicables avant les réformes de 2015 en abolissant la règle dite « 80/80/90 » et en réduisant la durée du stage au sein de la fonction publique de trois à deux ans. Pour les agents de l'État admis au stage après le 30 septembre 2015 et avant l'entrée en vigueur de la loi prémentionnée du 15 décembre 2019, les dispositions transitoires de cette même loi prévoient que leur nomination est considérée comme étant survenue un an plus tôt que la nomination effective avec l'application des avancements en échelon et en grade et, s'il y a lieu, des accessoires de traitement correspondants.

Dans ce contexte, je souhaite poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Fonction publique :

– Quel est le nombre, respectivement le pourcentage des agents de l'État admis au stage après le 30 septembre 2015 et avant l'entrée en vigueur de la loi prémentionnée du 15 décembre 2019 tombant sous le champ d'application des dispositions transitoires ?

– Monsieur le Ministre a-t-il pu identifier des cas d'agents de l'État admis au stage après le 30 septembre 2015 et avant l'entrée en vigueur de la loi prémentionnée du 15 décembre 2019 qui n'ont pas pu profiter pleinement des dispositions transitoires ?

– Quelle est l'évolution du nombre d'agents de l'État recrutés avant les réformes de 2015, après ces réformes et depuis l'entrée en vigueur de la loi du 15 décembre 2019 ?

**Réponse** (10/01/2023) de **M. Marc Hansen,** Ministre délégué à la Digitalisation

Le nombre d'agents admis respectivement au stage ou en période d'initiation entre le 1er octobre 2015 et le 31 décembre 2018 est de 5.937 agents.

[1] Loi du 15 décembre 2019 portant modification : 1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ; 3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ; 5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Je ne suis pas au courant que des agents de l'État n'aient pu profiter pleinement des mesures transitoires, à savoir que leur nomination soit considérée comme étant survenue un an plus tôt que la nomination effective avec l'application des avancements en échelon et en grade et, s'il y a lieu, des accessoires de traitement correspondants.

En ce qui concerne l'évolution des effectifs au sein de la fonction publique depuis fin 2011[2], celle-ci est renseignée par le tableau ci-dessous :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

**Capacité maximale d'un bus** | Question **7279** (02/12/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Besonnesch zu Stousszäiten hu Bierger dacks den Androck, datt Bussen op Basis vun der virgeschriwwener Maximalzuel vu Sëtz- a Stéiplazen iwwerfëllt sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister elaboréieren, ob an op wéi eng Manéier d'Passagéier an engem Bus gezielt ginn an ob de Chauffer iwwert seng Bordinformatik automatesch matgedeelt kritt, wann déi maximal zoulässeg Kapazitéit erreecht ass, oder ob hien dëst no Gefill muss aschätzen?

2. Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi eng Prozedur de Chauffer muss anhalen, wann déi maximal zoulässeg Kapazitéit vu sengem Bus erreecht ass a preziséieren, ob dëst och bedeit, weidere Passagéier den Accès ze refuséieren?

3. Kann den Här Minister matdeelen, ewéi eng Persoune respektiv Institutiounen haftbar sinn, wann en RGTR-Bus verongléckt, deem seng maximal zoulässeg Kapazitéit u Passagéier iwwerschratt gouf?

**Réponse** (10/01/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Ech profitéiere vun dëser Fro fir ze rappeléieren, dass an de Bussen automatesch Zielere sinn. Passagéier ginn automatesch mat Sensoren iwwert den Diere gezielt. Den 18. November 2022 war ech an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro N° 7025 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen op d'automatesch Zieleren an d'Unzuel dovunner an de Bussen agaang.

De Chauffer kritt d'Unzuel vun de Passagéier vun de Sensoren am Bus net ugewisen. Et wier theoreetesch awer méiglech, bei engem Upgrade vum aktuelle System zukünfteg esou eng Informatioun uweisen ze loossen.

An der Praxis huet et sech erwisen, dass déi maximal Kapazitéit net iwwerschratt gëtt.

ad 2. Am Fall wou de Bus op engem Busarrêt d'Leit net all kéint ophuelen, informéiert de Chauffer d'Leetstell vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport. Dëst bedeit och, dass vereenzelt Passagéier net kéinte matgeholl ginn.

Dispositiounen dozou gëtt et esouwuel am « règlement grand-ducal du 3 septembre 1980 ayant pour objet de régler la police et d'assurer la sécurité des services de transports réguliers de personnes par route » och virgesäit (Artikel 14, Punkt 1: « Il est défendu de monter dans un autobus lorsque le personnel signale que celui-ci est complet », wéi och am Code de la route (Artikel 158, Punkt 2: « Il est interdit aux conducteurs d'autobus et de tramways de laisser ou de faire monter plus de voyageurs que le véhicule ne comporte de places assises et de places debout »).

D'Leetstell entscheet dann, ob kann eng Verstäerkung agesat ginn a gëtt dem Chauffer déi néideg Instruktiounen.

ad 3. Bei der Homologatioun vun de Gefierer laut den Dispositioune vum Code de la route gëtt, mat Berécksiichtegung vun der maximaler autoriséierter Masse, festgeluecht, wéi vill Sëtz- a Stéiplazen e Gefier maximal dierf hunn.

Laut Referenz 158-06 aus dem Katalog vun den Avertissements taxés, Annex A, ass eng Strof vu 74 € virgesinn, wann de Chauffer méi Leit an de Bus léisst wéi erlaabt („Fait pour un conducteur d'autobus ou de tramway de laisser ou de faire monter plus de voyageurs que le véhicule ne comporte de places assises et de places debout"). Dës Sanktioun kann zum Beispill vun der Police géint de Chauffer applizéiert ginn.

Des Weidere läit d'Kompetenz beim Geriicht, fir am Fall vun Accidenter déi néideg Responsabilitéiten a Scholdfroen ze klären.

**Travail intérimaire transfrontalier** | Question **7316** (05/12/2022) de **Mme Cécile Hemmen** (LSAP)

Le travail intérimaire est très sensible à la conjoncture économique. Pour les entreprises, le recours à l'intérim permet de réagir de manière flexible et économique à des évolutions imprévues et de réduire l'impact des fluctuations économiques sur leur activité. Pour les salariés, le travail intérimaire peut être l'occasion d'acquérir des expériences professionnelles ou d'établir un contact avec des employeurs en vue d'une potentielle embauche. Il y a un grand nombre d'entreprises de travail intérimaire implantées sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg. À cet égard, il m'est revenu qu'une partie de la main d'œuvre de ces entreprises est détachée à l'étranger.

Dans ce contexte, je souhaite poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer qu'un nombre important de salariés engagés auprès d'entreprises de travail intérimaire implantées au Grand-Duché sont détachés à l'étranger ?

Lorsqu'un détachement du Luxembourg vers un autre État membre de l'Union européenne est effectué, une demande est faite auprès du Centre commun de la sécurité sociale.

2) Messieurs les Ministres peuvent-ils me renseigner sur l'évolution du nombre de détachements transfrontaliers au cours des trois dernières années ?

Compte tenu de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996, le pays d'accueil ne peut priver un salarié durant son détachement des conditions de rémunération plus favorables qui découlent de l'application de la loi du pays sur le territoire duquel il travaille habituellement ou sur le territoire duquel il a été engagé.

3) Dans ce contexte, est-ce que les conditions de la directive sont respectées ?

4) Le secteur du travail intérimaire au Luxembourg est-il touché par des pratiques frauduleuses ?

En effet, il serait intéressant de savoir si les pays voisins ont constaté de telles infractions sur leur territoire. À cet égard, il convient de mentionner que lorsqu'une entreprise établie au Luxembourg est sanctionnée à l'étranger par une autorité compétente, cette dernière peut adresser à l'ITM une demande d'exécution d'une sanction ou amende administrative pécuniaire en vue de son exécution au Grand-Duché de Luxembourg.

5) Dans ce contexte, j'aimerais savoir quel est le nombre de telles demandes reçues au cours des trois dernières années.

**Réponse** (10/01/2023) de **M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale

ad 1) et 2) En ce qui concerne le détachement à l'étranger de salariés affiliés au Luxembourg, les chiffres suivants ont pu être observés sur la période 2026-2021 :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Pour toutes les années observées, plus de 99 % de ces détachements se font vers l'Allemagne, la Belgique et la France.

En ce qui concerne le détachement de salariés de l'étranger vers le Luxembourg, c'est l'Inspection du travail et des mines (ITM) qui est compétente.

En effet, conformément aux dispositions des articles L. 142-2 et L. 142-3 du Code du travail, l'entreprise, dont le siège est établi hors du territoire du Grand-Duché de Luxembourg et qui, dans le cadre d'une prestation de services transnationale détache temporairement un salarié sur le territoire national, est tenue, dès le commencement des travaux sur le territoire luxembourgeois, sans préjudice de la possibilité d'une déclaration antérieure décidée par l'entreprise détachante, d'en informer l'ITM en lui communiquant, sur la plateforme électronique destinée à cet effet, les éléments repris aux mêmes articles et indispensables à l'obtention du badge social ainsi qu'au contrôle légal à effectuer par l'ITM.

ad 3) et 4) Les dispositions de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services (ci-après « la directive 96/71/CE ») ont été transposées en droit national par la loi du 20 décembre 2002 portant transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services et dont les dispositions figurent actuellement aux articles L. 141-1 et suivants du Code du travail.

Les dispositions de la directive 96/71/CE prévoient notamment que les règles impératives de protection minimale en vigueur dans le pays d'accueil ne doivent pas empêcher l'application des conditions de travail et d'emploi plus favorables aux travailleurs.

L'article L. 141-4 du Code du travail dispose que : « Les dispositions du présent chapitre ne font pas obstacle à l'application de conditions de travail et d'emploi plus favorables dans le chef des salariés détachés de ou vers le Luxembourg. »

À noter également que la directive 96/71/CE ne déroge pas aux dispositions du règlement (CE) n° 593/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 sur la loi applicable aux obligations contractuelles au règlement Rome I (ou précédemment à la Convention de Rome), mais offre une protection supplémentaire au travailleur, qui peut invoquer la loi de l'État membre d'accueil si elle lui est plus favorable que la loi de son lieu de travail habituel.

L'article 8, paragraphe 2, du règlement Rome I dispose que le pays dans lequel le travail est habituellement accompli n'est pas réputé changer lorsque le travailleur accomplit son travail de façon temporaire dans un autre pays. Cette disposition couvre les cas de détachement temporaire de travailleurs en ce sens que la loi

[2] Les chiffres correspondent à chaque fois au 31 décembre de l'année en question.

applicable à ces contrats reste en principe la loi du pays où le travail est habituellement accompli, indépendamment de l'affectation temporaire. Cependant, la directive 96/71/CE concernant le détachement de travailleurs établit certaines lois de police dans le domaine des contrats de travail. À noter que les règles nationales qui mettent en œuvre ces lois de police dans le pays où le travailleur est détaché prévalent sur les dispositions légales du pays où le travail est habituellement accompli lorsque lesdites règles nationales sont plus favorables au travailleur.

L'ITM est compétente pour vérifier si les dispositions en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail sont respectées par les entreprises qui sont établies au Luxembourg et pour les salariés qui sont détachés sur le territoire luxembourgeois par les entreprises qui sont établies à l'étranger.

Pour les salariés des entreprises qui sont établies au Luxembourg qui sont détachés temporairement à l'étranger, l'ITM peut vérifier si les dispositions légales et conventionnelles en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail applicables au Luxembourg sont respectées.

Les autorités étrangères sont compétentes pour vérifier si leurs dispositions nationales en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail sont respectées par les entreprises qui sont établies au Luxembourg pour la durée du détachement sur leur territoire national.

L'ITM n'a pas connaissance de plaintes de la part de salariés qui sont occupés par des entreprises qui sont établies au Luxembourg et qui concernent la durée de leur détachement à l'étranger.

Aussi, l'ITM ne dispose pas des données du Centre commun de la sécurité sociale concernant les salariés qui sont détachés du Luxembourg vers l'étranger, étant donné qu'une base légale pour une telle transmission de données n'existe pas.

ad 5) L'article L. 144-5 du Code du travail prévoit qu'une autorité compétente à l'étranger peut adresser à l'ITM une demande d'exécution d'une sanction ou amende administrative pécuniaire infligée à une entreprise établie au Luxembourg en raison du non-respect des dispositions en matière de détachement de salariés à l'étranger et en vue de son exécution au Luxembourg.

À noter qu'à l'heure actuelle aucune demande de la sorte à l'encontre d'une entreprise de travail intérimaire établie au Luxembourg n'a été adressée à l'ITM par une autorité compétente à l'étranger.

**Zone d'activités Grand Bis à Rodange** | Question **7318** (05/12/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Zu Rodange läit hannert den Tankstelle bei der Grenz nach eng grouss fräi Fläch vun 13 Hektar, déi als Zone d'activités Grand Bis klasséiert ass. De Péitenger Gemengerot hat viru ganz laanger Zäit ee PAP fir déi Zon ausgeschafft an et gëtt nëmmen nach drop gewaart, fir dës Wirtschaftszon endlech kënnen ze erschléissen. All dës Terraine gehéieren dem Staat, mee zënter Joren ass awer nach kee Fortschrëtt ze gesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Kultur a Wirtschaft dës Froe stellen:

1. Wéini gouf et dee leschte Kontakt tëschent de Verwaltunge vum Staat an der Péitenger Gemengeverwaltung betreffend d'Zone d'activités Grand Bis?

2. Wat ass den aktuelle Stand vun der Aktivitéitszon Grand Bis? Firwat dauert et esou laang, fir hei endlech mam Bauen unzefänken?

3. Wéini rechent d'Regierung domadder, dass déi éischte Baggere rullen?

4. Bis wéini soll d'Aktivitéitszon fäerdeggestallt ginn?

5. Mengt d'Regierung, dass den Dossier méi schnell géing virukommen, wann een d'Terrainen der Gemeng géing iwwerloossen, fir de Projet ze realiséieren? Falls nee, firwat net?

**Réponse** (10/01/2023) de **M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie

D'Ëmsetze vun der Zone d'activités „Au Grand Bis" ass keng Fro vum Besëtz vun den Terrainen, mee vu legislativen, reglementareschen an technesche Begeebenheeten. De Staat huet dem Gemengesyndikat SIKOR, dee fir d'Entwécklung an d'Gestioun vun der regionaler Aktivitéitszon „Au Grand Bis" zoustänneg ass, d'Terrainen am Mäerz 2021 iwwert en Droit de superficie zur Verfügung gestallt.

Entspriechend dem ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 8. Mäerz 2017 iwwer de Contenu vum PAG vun enger Gemeng, läit d'Gestioun vun de regionalen Aktivitéitszonen an der Kompetenz vu Gemengesyndikater. Dem Staat seng Roll bei regionalen Aktivitéitszonen ass reng ënnerstëtzend.

De leschte Kontakt vum Wirtschaftsministère mat der Péitenger Gemengeverwaltung an dem Syndikat SIKOR war am Juli 2021 an huet d'Devise fir d'Infrastrukturaarbechten an d'Kompenséierungsmesurë betraff, déi hu missen aktualiséiert ginn. De Wirtschaftsministère ass am November 2022 iwwert déi nei aktualiséiert Devisen informéiert ginn. Dem leschte Wëssensstand vum Wirtschaftsministère no hu verschidden Etudë missen aktualiséiert ginn, ënnert anerem duerch d'Dekontaminatioun vum Site, déi néideg ass.

Den aktuelle Stand vun de Prozeduren erméiglecht et de Moment net, en Zäitpunkt oder Delai unzeginn, wéini d'Zon soll amenagéiert a fäerdeggestallt ginn.

**Contrats de bail emphytéotique** | Question **7325** (06/12/2022) de **Mme Elisabeth Margue** | **M. Marc Lies** (CSV)

Depuis de nombreuses années les promoteurs publics tels que le Fonds du logement ou la Société d'habitations à bon marché (SNHBM) procèdent à des ventes de logements sous forme d'emphytéose. Les modalités et les conditions de ces baux emphytéotiques sont fixées aux termes d'un contrat et prévoient généralement un droit de préemption au profit du promoteur public pour le cas où l'acheteur du logement souhaiterait revendre celui-ci.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Concernant les conditions prévues aux termes des contrats de bail emphytéotique :

– Est-ce que le Fonds du logement et la SNHBM appliquent les mêmes conditions concernant l'emphytéose ?
– Est-ce que tous les contrats conclus par les promoteurs publics au cours des dernières années contiennent les mêmes dispositions concernant l'emphytéose ?
– Sinon, est-ce que de nouvelles conditions sont fixées pour chaque projet ? Est-ce que les conditions ont évolué avec le temps ?
– Quelles sont les dispositions « types » de ces contrats ?
– Est-ce que ces contrats prévoient des dispositions permettant de fixer le prix de vente au cas où le promoteur public exercerait son droit de préemption ?

2) Concernant l'exercice du droit de préemption par les promoteurs publics :

– Combien de fois est-ce que les promoteurs publics ont été notifiés d'une vente soumise au droit de préemption au cours des cinq dernières années ?
– Combien de fois les promoteurs publics ont-ils exercé leur droit de préemption au cours des cinq dernières années ?
– À quelles conditions les logements ont-ils été rachetés ? Pour le cas où le promoteur public n'exerce pas son droit de préemption, la vente à un tiers au prix de marché est-elle possible ?
– Combien de temps les promoteurs publics nécessitent-ils avant de procéder à la mise en vente d'un bien racheté ?

**Réponse** (10/01/2023) de **M. Henri Kox,** Ministre du Logement

ad 1) Le Fonds du logement et la SNHBM appliquent un droit d'emphytéose de 99 ans sur les logements vendus par leurs soins. Ce droit prend cours à la date de signature de l'acte. La redevance annuelle est de 27 € N.I. 100 des prix à la consommation en 1948 pour un appartement, et 50 € N.I. 100 des prix à la consommation en 1948 pour une maison unifamiliale, conformément à la législation en vigueur.

Les conditions relatives au droit d'emphytéose fixées dans les actes de vente n'ont pas changé quant à leur principe au cours des dernières années.

Pour ce qui est du droit de préemption (« droit de rachat »), ce régime applicable depuis de nombreuses années aux logements abordables mis en vente par le Fonds du logement et la SNHBM, est plus amplement décrit dans deux circulaires adressées à l'ensemble des promoteurs publics. Il s'agit de la circulaire 2021/01 du 19 février 2021 et de la circulaire 2022/01 du 14 mars 2022 disponibles sous le lien suivant :

Circulaires – Logement.lu – Ministère du Logement – Luxembourg (public.lu)

Ces circulaires proposent également un modèle de clause relative au droit de rachat des promoteurs publics à insérer dans les actes authentiques de vente successifs. Cette clause type a été établie sur base des expériences du Fonds du logement et de la SNHBM, de sorte qu'elle tient compte des réalités du terrain. Elle permet également de déterminer le prix de rachat.

Au-delà de cette clause type et des principes retenus dans les conventions relatives aux participations étatiques pour la réalisation de logements abordables, les promoteurs publics sont libres de faire formuler leurs actes de vente de façon à répondre au mieux à leurs besoins spécifiques et à ceux de leurs acquéreurs, dans le respect des dispositions relatives aux aides à la pierre contenues dans la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.

ad 2) Toutes les ventes de logements abordables effectuées par le Fonds du logement et la SNHBM au cours des cinq dernières années ont prévu le droit de rachat.

La SNHBM et le Fonds du logement ont exercé pendant cette période leur droit de rachat, pour chaque bien où celui-ci est applicable. En somme, ce droit a été exercé dans 68 cas, à chaque fois selon les conditions déterminées dans l'acte de vente.

Nombre de rachats exercés par le SNHBM et le FdL entre 2018 et 2022 :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Au cas où le promoteur public ou son ayant-droit n'exercent pas le droit de rachat, le propriétaire peut vendre son logement sur le marché libre (au prix de marché).

La durée moyenne pour la remise en vente au cours des années 2018-2022 était de 335,64 jours dans le cas de la SNHBM. Cette durée moyenne relativement élevée fait suite à l'année particulière de 2020. Sans l'année 2020, la moyenne est de 270 jours calendaires. En effet, en 2020, en raison du Covid, les ventes n'étaient matériellement pas possibles sur plusieurs mois étant donné que les visites des biens n'étaient pas permises.

Il y a lieu de noter que cette durée moyenne couvre tout le processus, c'est-à-dire qu'il commence par la signature de l'acte de rachat, la recherche de clients, les visites, la compilation des dossiers et du prêt, et se termine avec la signature de l'acte de revente. Les candidats acquéreurs ont ainsi deux mois pour remettre le dossier de candidature complet comprenant notamment un accord bancaire, une lettre d'accord de la prime d'acquisition délivrée par le Service des aides au logement et un certificat de non-propriété. L'acte d'acquisition est signé après attribution du logement conformément aux procédures internes du promoteur public et une visite des lieux.

**Autorisation d'exercer** | Question **7328** (06/12/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

D'ofgeännert Gesetz vum 26. Mäerz 1992 gesäit vir, dass Persounen a verschiddene Gesondheetsberuffer fir d'éischt mussen eng Autorisation d'exercer ufroen, ier si hir Aarbecht hei am Land kënnen ophuelen. Dëst gëllt, ënnert anerem, fir Aide-soignanten, Infirmieren/ ièren an Hiewanen. Ween ouni esou eng Autorisatioun schafft, kann zu Prisongsstrofe verurteelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Wéi laang huet et an der Moyenne an deene leschte 5 Joer beim Santésministère gedauert, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren?
Wat war d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus Lëtzebuerg?
Wat d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus dem Ausland?

2. Op déi lescht 5 Joer gekuckt, wéi laang hunn d'Persounen am éischten an am leschte Quintil misse waarden, bis hir Demande d'autorisation d'exercer vum Santésministère traitéiert gouf?

3. Wat war an deene vergaangene 5 Joer déi längste Waardezäit, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren?
Wat war an deene vergaangene 5 Joer déi kierzte Waardezäit, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren?

4. Wéi vill Prozent vun den Demandë ginn ofgeleent? Wat ass heifir den heefegste Grond?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Délais de traitement sollte verkierzt ginn?
Wa jo, wéi eng Méiglechkeete gëtt et, fir dëst ze erreechen?
Wann nee, firwat net?

**Réponse** (10/01/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1. Virop sief ënnerstrach, datt de Gesondheetsministère keen Ënnerscheed zwëschent engem lëtzebuergeschen oder auslänneschen Diplom mécht, woubäi ze bemierken ass, datt den Aide-soignant mat auslänneschem Diplom als éischt eng Unerkennung vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend brauch.

All Demandë gi chronologesch traitéiert. An der Reegel ginn d'Demandes d'autorisation d'exercer, fir déi all néideg Pièce virleien, innerhalb vun 10 Schaffdeeg traitéiert.

ad 2. De Gesondheetsministère huet keng Statistiken, wat d'Dauer vum Traitement vun enger Demande betrëfft.

An der Reegel ginn d'Demandes d'autorisation d'exercer, déi komplett sinn, innerhalb vun 10 Schaffdeeg traitéiert. Den Délai de traitement hänkt natierlech och vun der Unzuel un Demanden, déi grad virleien, of.

ad 3. D'Waardezäite si ganz oft dorop zeréckzeféieren, datt de Gesondheetsberuffler, deen eng Demande stellt, en onkompletten Dossier eraginn huet an doropshi vum Gesondheetsministère gefrot gëtt, déi feelend Pièce nozereechen. Doweinster ass et net méiglech, eng duerchschnëttlech Waardezäit unzeginn, vu datt dës haaptsächlech dovunner ofhänkt, ob en Dossier komplett ass oder net. Déi kierzte Waardezäit, fir eng Autorisatioun auszestelle wann den Dossier vu virera komplett war, war 1 Dag, an der Moyenne läit d'Waardezäit awer wéi uewen ugi bei 10 Schaffdeeg.

ad 4. Déi allerwéinegst Demandë kréien e Refus. Den heefegste Grond ass, datt d'Leit keng Unerkennung vum auslänneschen Diplom kréien oder d'Conditions d'honorabilité net erfëllen.

ad 5. Den Délai de traitement ka verkierzt ginn, andeems den Demandeur säin Dossier iwwer de Site MyGuichet ereechteet. Dëst erméiglecht ee schnellen an direkten Transfert un de kompetente Service an et erlaabt et och feelend Pièce méi schnell nozereechen, iwwert den normale Postwee méi laang brauch.

**Rénovation du parc d'Echternach** | Question **7337** (07/12/2022) de **M. Max Hengel** | **Mme Octavie Modert** | **M. Léon Gloden** (CSV)

Den Iechternacher Park gouf bei Iwwerschwemmungen am Juli 2021 staark beschiedegt a misst dréngend renovéiert ginn. Allerdéngs dierf deen duerch d'Héichwaasser entstanene Schued net behuewe ginn opgrond vun enger historescher Etüd, déi vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) duerchgefouert gëtt.

D'Madamm Kulturministesch hat informéiert, datt d'Gemeng Iechternach am Oktober 2022 déi final Resultater vun dëser Etüd sollt presentéiert kréien.

D'Resultater wieren der Gemeng Iechternach bis dato awer nach net virgeluecht ginn.

An deem Kontext wéilte mir follgend Froen un d'Regierung stellen:

– Kann d'Regierung matdeelen, aus wéi engem Grond den Delai vun Oktober 2022 fir d'Presentatioun vun de Resultater vun der historescher Etüd net agehale ginn ass?

– Sinn d'Resultater vun de concernéierte Servicer schonn analyséiert ginn, resp. wou ass ee mat der Analys drun?

– Wéini plangt d'Regierung der Gemeng Iechternach d'Resultater virzeleeën, fir datt déi néideg Renovatiounsaarbechten am Iechternacher Park kënne stattfannen an d'Sécherheet vun de Leit esou assuréiert ka ginn?

**Réponse** (11/01/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture

Den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA huet zwee Experte mat enger Etude iwwert d'Geschicht an d'Entwécklung vum Iechternacher Park beoptraagt. Ufanks November louchen d'Dokumenter vun den Experte vir a goufe vu menge Servicer analyséiert. Am Dezember 2022 krut ech d'Etude mat de Conclusioune presentéiert, an den Deel iwwert d'Geschicht vum Park gouf un d'Iechternacher Gemeng weidergeleet. Ufanks Januar kuckt den INPA an d'Naturverwaltung mat den Experten iwwert déi ganz Etude, sou datt nach virum Fréijoer éischt Moossnamen am Park kënne realiséiert ginn.

**Implication du Luxembourg au Projet important d'intérêt européen commun (PIIEC) dans le secteur de la santé** | Question **7342** (08/12/2022) de **M. Marc Hansen** | **M. Charles Margue** (déi gréng)

Dans l'optique de soutenir l'innovation et d'améliorer la qualité et l'accès aux soins des patients européens, le Conseil de l'Union européenne a introduit un PIIEC dans le secteur de la santé. Celui-ci vise à renforcer la résilience de l'industrie médicale et pharmaceutique européenne. Il s'agit notamment de remédier aux faiblesses qui sont apparues lors de la pandémie de Covid-19, comme la fragilité des chaînes d'approvisionnement et les pénuries de produits de santé, qui en ont résulté. En outre, ce projet, s'il est mené à bien, réduira la dépendance sanitaire de l'Union européenne et renforcera son autonomie stratégique par rapport aux pays exportateurs majeurs.

Vu l'implication du Luxembourg dans ce projet transnational, dans lequel plusieurs pays européens investissent de manière coordonnée, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé et Monsieur le Ministre de l'Économie :

1) Dans quels domaines cibles (recherche, innovation ou développement) l'État luxembourgeois a-t-il prévu de s'impliquer ?

2) Plus précisément, le Gouvernement envisage-t-il l'implantation d'un site de production de médicaments au Luxembourg ?

3) Quel est le budget que le Luxembourg va allouer à long terme (pluriannuel) au PIIEC de la santé ?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

Le 3 mars 2022, le Luxembourg, représenté par le Ministre de l'Économie, a en effet signé avec 15 autres États membres un manifeste pour un Projet important d'intérêt européen commun (PIIEC) dans le secteur de la santé afin de soutenir l'innovation et, ainsi, améliorer la qualité et l'accès aux soins des patients européens.

Pour rappel, les PIIEC sont développés par des États membres et par leurs entreprises afin de mener à bien des projets communs de recherche, développement et innovation, ou d'industrialisation d'innovations dans un domaine donné. La participation d'une masse critique d'entreprises est un prérequis indispensable pour atteindre l'impact attendu d'un tel programme.

Pour la Commission européenne un PIIEC se justifie uniquement si des défaillances du marché et des défis sociétaux particuliers génèrent des risques technologiques et financiers trop élevés pour une entreprise ou un État seuls et nécessitent donc un financement public transnational pour le développement et l'industrialisation d'innovations adressant les enjeux identifiés.

Le PIIEC « santé » prévoit l'organisation de projets en deux vagues thématiques :

1) le domaine pharmaceutique, y inclus le développement de technologies et de procédés de production innovants et plus verts pour la fabrication d'ingrédients pharmaceutiques actifs et de médicaments ; l'innovation dans des thématiques stratégiques telles que la lutte contre la résistance aux antibiotiques, le développement de traitements contre les maladies rares et le développement des thérapies géniques et cellulaires ;

2) le domaine des dispositifs médicaux, des technologies médicales (Medtech) et de la santé numérique au sens large.

C'est par intérêt pour cette deuxième vague thématique de projets annoncée dans le domaine Medtech, santé numérique et dispositifs médicaux, que le Luxembourg s'est positionné dans cette initiative. Ce domaine correspond, voire est complémentaire aux activités d'entreprises du secteur des technologies de la santé déjà établies au Luxembourg.

La première vague thématique de projets dans le cadre du PIIEC « santé » est en cours de prénotification auprès de la Commission européenne, afin d'obtenir son approbation. Au terme d'un processus complexe et long de 6 à 9 mois, la Direction générale de la concurrence de la Commission européenne valide l'éligibilité d'un projet PIIEC dans ses dimensions économiques, techniques, financières, transfrontalières, et sous l'angle des règles en matière d'aides d'État.

Pour les thèmes relevant de la deuxième vague prévue, le constat a été fait lors des réunions de travail préalables que les déficiences du marché identifiées étaient une conséquence du cadre réglementaire conditionnant la mise sur le marché des dispositifs médicaux, et ne pouvaient donc pas être résolues directement par des développements technologiques dans le cadre du PIIEC. Les travaux liés à l'élaboration des projets de la seconde vague et l'identification des déficiences du marché correspondantes ont donc été reportés au mois de février 2023.

Si les discussions évoluent favorablement dans le cadre des travaux liés à la seconde vague de projets PIIEC « santé » envisagée en 2023, le Ministère de l'Économie soumettra des projets au processus de notification de la Direction générale de la concurrence de la Commission européenne. Sous réserve de leur approbation, le Luxembourg cofinancera alors les projets de 3 à 4 entreprises participantes luxembourgeoises en faisant appel au Fonds de l'innovation. À l'heure actuelle, il n'est pas possible d'évaluer le budget de ces projets qui ne sont pas encore concrets.

Indépendamment de ce PIIEC, le Ministère de l'Économie reste attentif à toutes les opportunités d'éventuelles implantations de sites de production de médicaments au Luxembourg. Par exemple, la société japonaise JCR Pharmaceuticals implantera au Luxembourg son Hub européen pour la distribution et surtout pour le conditionnement secondaire (emballage et étiquetage) de lots cliniques et de lots commerciaux de médicaments ciblant les maladies rares. À noter que le conditionnement secondaire constitue la dernière étape du processus de fabrication de médicaments et doit ainsi répondre aux principes et lignes directrices de bonnes pratiques de fabrication de médicaments, afin d'assurer la conformité de ces médicaments aux exigences réglementaires.

L'attractivité du Luxembourg pour des entreprises impliquées dans la production d'ingrédients pharmaceutiques actifs composant les médicaments, donc dans la première étape du processus de production de médicaments, sera notamment impactée par les informations et le conseil que pourra fournir la future Agence luxembourgeoise du médicament et des produits de santé aux entreprises concernées afin de les aider à se conformer aux exigences réglementaires applicables à leurs activités et à leurs produits.

Le Luxembourg Clinical and Translational Research Center (LCTR), récemment fondé par le CHL (Centre hospitalier de Luxembourg) et le LIH (Luxembourg Institute of Health), contribuera également à cette attractivité en apportant l'expertise en recherche clinique translationnelle indispensable pour l'évaluation clinique de candidats médicaments.

**Extension du « Atert-Lycée »** | Question **7345** (08/12/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Selon mes informations le Lycée à Redange (ALR) semble toucher à ses capacités d'accueil (salles de classes, espace de restauration, ...), si bien qu'une extension de ses bâtiments s'imposerait vers la fin de cette décennie.

Voilà pourquoi je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Comment la population scolaire du « Atert-Lycée » a-t-elle évolué depuis 2015 ?

2) Est-il vrai que le nombre d'élèves en provenance du canton de Mersch va croissant ces derniers temps ?

3) Un programme d'extension du « Atert-Lycée » a-t-il déjà été élaboré ensemble avec l'Administration des bâtiments publics ? Dans l'affirmative, quels en sont les éléments saillants ?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Le tableau reproduit ci-dessous retrace l'évolution du nombre total d'élèves, de même que le nombre d'élèves en provenance du canton de Mersch, inscrits à l'Atert-Lycée (ALR) depuis 2015.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 2) Il est renvoyé à la réponse donnée à la question numéro 1.

ad 3) Aucun projet d'extension n'a été élaboré jusqu'à présent. Or, l'évolution du nombre d'élèves est étroitement analysée et suivie par les services du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. En fonction de cette analyse, des projets d'extension seront discutés et, le cas échéant, développés avec les différents acteurs concernés.

**Maisons de naissance** | Question **7349** (09/12/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **M. Marc Hansen** (déi gréng)

Un article de presse publié en date du 8 décembre 2022[3] note que le Ministère de la Santé ait décidé, après inspection de la maison de naissance de Bertrange qui a été ouverte sans autorisation de la part du Ministère de la Santé, qu'aucun accouchement ne puisse y être pratiqué tant qu'il n'existe pas de cadre légal pour ce type d'accouchement. En attendant, de tels centres ne peuvent proposer que des soins pré- et postnataux. En prenant cette décision, Madame la Ministre s'est basée sur un avis du Conseil supérieur des professions de santé.

Lors d'une interview radiophonique diffusée le 8 décembre 2022[4 5], Madame la Ministre a déclaré qu'elle souhaiterait réunir les acteurs concernés afin de créer un cadre légal pour les maisons de naissance, sachant que déjà en juillet 2022, elle s'est entretenue avec l'ASBL « Gebuertshaus Lëtzebuerg » qui s'engage quant à elle pour la création d'un cadre légal pour les maisons de naissance.

Au vu de ces faits, nous souhaitons poser les questions suivantes à Madame la Ministre :

1) Quels sont les arguments qui justifient qu'un accouchement dans une maison de naissance n'est pas un accouchement à domicile ? Quelle est la définition exacte d'un accouchement à domicile et quels sont les critères qui différencient ce dernier d'un accouchement dans une maison de naissance ?

2) Madame la Ministre est-elle en possession d'autres avis que celui du Conseil supérieur des professions de santé sur lesquels elle a pu se baser pour prendre la décision de fermer la maison de naissance à Bertrange ? Dans l'affirmative, sont-ils publics ?

3) Outre l'ASBL « Gebuertshaus Lëtzebuerg », quels autres interlocuteurs Madame la Ministre a-t-elle vus ? Quels sont, le cas échéant, les résultats de ces entretiens ?

4) Est-il en l'occurrence prévu que les maisons de naissance doivent être installées dans un certain périmètre d'une maternité existante afin de garantir que celles-ci puissent être accessibles le plus rapidement possible en cas d'urgence ?

5) Compte tenu de l'actualité du dossier et de l'urgence qui en découle, dans quel délai Madame la Ministre envisage-t-elle de créer une base légale permettant les naissances dans les maisons de naissance ?

6) Madame la Ministre peut-elle confirmer que, depuis septembre, 40 naissances ont eu lieu à la maison de naissance de Bertrange ? Par quelles données précises sont-elles déclarées ? Lors de la déclaration de naissance, a-t-il été indiqué que les enfants en question sont nés dans une maison de naissance ?

**Réponse** (10/01/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1) Les accouchements se font en principe en milieu hospitalier. C'est en effet le service d'obstétrique d'un hôpital qui est chargé du diagnostic, du suivi et du traitement de la femme et de l'enfant notamment lors de l'accouchement, et qui assure le suivi postnatal immédiat de la mère et de l'enfant, par l'intervention coordonnée des professionnels concernés. Un tel service offre à la patientèle une prise en charge pluridisciplinaire et est en lien direct et fonctionnel avec un service de soins intensifs pour adultes établi sur le même site et avec un service de néonatologie intensive, situé ou non sur le même site. À ce dernier égard, il y a lieu de préciser qu'en l'absence d'un service de néonatologie intensive sur place, les critères et les modalités de transfert des nouveau-nés in utero vers une autre maternité et ex utero vers le service national de néonatologie intensive font l'objet de conventions et sont portés à la connaissance du public.

Ceci dit, l'accouchement à domicile est possible au Luxembourg et en vertu du règlement grand-ducal du 22 novembre 2019 déterminant le statut, les attributions et les règles de l'exercice de la profession de santé de sage-femme, les sages-femmes sont habilitées à effectuer, sous certaines conditions, des accouchements en milieu extrahospitalier, donc également à domicile, dans le respect bien évidemment des dispositions légales et réglementaires applicables.

ad 2) Après avoir été informée de l'existence d'une structure extrahospitalière au sein de laquelle des accouchements sont pratiqués, j'ai demandé à la Direction de la santé de procéder à une inspection des lieux.

Sur base des déficiences consignées dans le rapport de la Direction de la santé, j'ai demandé aux sages-femmes identifiées comme pratiquant des accouchements extrahospitaliers de me faire part de leurs observations conformément à l'article 20bis, paragraphe 2 de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé. Conformément à cette même disposition, j'ai également sollicité l'avis du conseil supérieur de certaines professions de santé.

---

[3] RTL.lu: Am Gebuertshaus zu Bartreng dierfe keng Kanner méi op d'Welt kommen. 8.12.2022

[4] 100komma7: Gebuertshaus: Paulette Lenert wëllt Acteuren zesummebréngen. 8.12.2022

[5] 100komma7: Entrevue tëscht Santé an ASBL Gebuertshaus: Konstruktiv Gespréicher. 25.7.2022

ad 3) Après une première entrevue avec des représentants de l'association sans but lucratif « Gebuertshaus Lëtzebuerg ASBL », j'ai décidé d'instituer un groupe de travail auquel toutes les parties prenantes ont été invitées. Ce groupe de travail est plus particulièrement chargé d'identifier les enjeux, les éventuels avantages, inconvénients ou risques associés aux accouchements extrahospitaliers dans l'optique bien évidemment d'une prise en charge optimale de la patientèle. La première réunion de ce groupe aura lieu au cours du mois de janvier 2023.

ad 4) Ces réflexions seront à mener au sein du groupe de travail précité.

ad 5) Le calendrier sera défini en tenant compte de l'avancement des travaux du groupe de travail précité.

ad 6) Les seules informations à ma disposition sont celles relatées dans le rapport de la Direction de la santé précité et qui fait état de deux accouchements entre l'ouverture de cette structure en septembre 2022 et le 20 octobre 2022, date de l'inspection des lieux par la Direction de la santé.

Je ne peux donc ni confirmer, ni infirmer le chiffre avancé par les honorables Députés.

**Projet « Schlasskéier » à Wiltz** | Question **7354** (09/12/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7111 geet ervir, datt am Kader vum Projet „Schlasskéier" zu Wolz eventuell eng Annex vum Centre Hospitalier du Nord kéint realiséiert ginn. De Sujet ass och viru Kuerzem am Gemengerot vun der Gemeng Wolz thematiséiert ginn. An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

– Ëm wat genee geet et beim Projet „Schlasskéier" zu Wolz?

– Wou ass dëse Projet drun?

**Projet « Schlasskéier » à Wiltz** | Question **7368** (13/12/2022) de **M. André Bauler** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

An hirer gemeinsamer Äntwert op eis parlamentaresch Fro Nr. 7111 vum 3. November 2022 hunn d'Madamm Gesondheetsministesch an den Här Minister fir sozial Sécherheet e Projet mam Numm „Schlasskéier" no bei der Clinique Saint Joseph zu Wolz an d'Gespréich bruecht.

An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet follgend Froe stellen:

– Soll dëse Projet eng Maison médicale oder e Centre médical hebergéieren?

– Ginn déi raimlech Kapazitéite vun der Jousefsklinick net méi duer, fir verschidde Servicer unzebidden?

– Wat fir eng Leit respektiv wéi vill Leit sollen an dëser Struktur spéider schaffen a wéi gesäit d'Kooperatioun mat der Klinick aus?

– Vu datt zënter längerer Zäit keen Noutdéngscht méi zu Wolz an den Owes- an Nuetsstonnen ugebuede gëtt, wier et dofir net sënnvoll, fir déi eidel stoend Raimlechkeeten an der Klinick ze notzen, dat fir medezinnesch Déngschter, déi soss an enger Maison médicale offréiert ginn?

**Réponse** (17/01/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 6221 beschriwwen, ass am Kader vun den Iwwerleeunge vum CHdN zu der Installatioun vun engem IRM-Apparat um Site Wolz gekuckt ginn, ob eng Installatioun an der Klinick St. Joseph oder an engem eventuellen zukünftege Projet am Kader vun engem Centre médical „Schlasskéier" soll realiséiert ginn. Dës Iwwerleeunge sinn am Kader vun der Optimisatioun vun der Prise en charge vun de Patienten um Site St. Joseph gemaach ginn.

Weider Detailer zum Projet „Schlasskéier" leien dem Gesondheetsministère zu dësem Zäitpunkt net vir. D'Bedreiwe vun engem Centre médical ass onofhängeg vum Spidol. Sollten awer Spidolsaktivitéiten do realiséiert ginn, géif dat mam CHdN organiséiert ginn.

Dem Gesondheetsministère ass Enn Dezember 2022 eng Demande vum CHdN an een Dossier fir eng Autorisatioun an Installatioun vun engem IRM-Apparat an der Klinick St. Joseph virgeluecht ginn. No Analys vum Dossier wäert dës Demande der Commission permanente pour le secteur hospitalier fir Avis virgeluecht ginn.

Fir d'Fro zu den Noutdéngschtservicer verweise mir op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro Nr. 5786.

**Criminalité dans les hôpitaux** | Question **7356** (09/12/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

An de Spideeler vum Land sinn an der Lescht Patienten an hiren Zëmmere beklaut ginn, ee Fall geet laut engem Artikel am „Tageblatt" vum 5. Dezember op den 23. November zeréck, wou sech eng onbekannte Persoun Zougang zu engem Spidolszëmmer vun der Klinick um Kierchbierg verschaf huet an d'Wäertsaache vun engem 86-järege Patient geklaut huet, deen dee Moment am Zëmmer war. Esou Fäll wären, der Police no, keng Seelenheet, heescht et nach an deem Artikel. En aneren akute Problem an de Spideeler vum Land betrëfft d'Gewalt géint d'Gesondheetspersonal. Esou sollen am Joer 2021 ronn 80 Prozent vun deene Beschäftegte betraff gewiescht sinn. 94 Prozent vum Personal wiere verbal aggresséiert ginn, a 70 Prozent esouguer kierperlech.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt et méi heefeg zu Vollen an de Spidolszëmmere kënnt? Wa jo, wéi soll dorobber reagéiert ginn?

2. Ass der Regierung bekannt, dass d'Gewalt géint d'Gesondheetspersonal zougeholl huet? Wa jo, wat gëtt dogéint ënnerholl?

3. D'Patientenopkommes an den Urgencë vun de Spideeler ass bannent e puer Joer ëm 40 % an d'Luucht gaangen. Wéinst den doduerch verlängerte Waardezäite kënnt et méi heefeg zu Aggressioune géint d'Dokteren a Fleegepersonal. Ass d'Regierung net der Meenung, dass deem Problem séier entgéintgesteiert muss ginn?

**Réponse** (10/01/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1. De Gesondheetsministère huet keng Informatiounen zu erhéichten Zuele vu Vollen an de Spideeler. Mat Installatioune vu Kameraen a sensibele Beräicher vum Spidol an dem Asaz vu Gardiennagepersonal probéieren d'Spideeler, potentiell Täter vu Vollen ofzehalen.

ad 2. De Gesondheetsministère huet keng iwwergräifend Informatiounen zu erhéichten Zuele vun Aggressiounen an de Spideeler. Et ass awer gewosst, dass d'Aggressivitéit an der Gesellschaft ee Phänomeen ass, dee leider net am Spidol kann evitéiert ginn. Notamment d'Urgencë vun de Spideeler si betraff an et gëtt vun de Spidolsdirektiounen ee konsequente Suivi vun eventuellen Aggressioune gemaach. Zur Sécherheet vum Personal hëlleft den Asaz vu Gardiennagepersonal, potentiell Aggressiounen ze evitéieren.

ad 3. D'Waardezäiten an den Urgencë sinn an deene leschte Méint an d'Luucht gaang bedéngt duerch déi grouss Unzuel vu Patienten an den Urgencen. Allerdéngs gëtt den „Tri de gravité" vun de Patiente séier duerchgefouert. Deementspriechend ginn déi Patienten, déi eng séier Prise en charge benéidegen, ëmmer prioritär ënnersicht.

D'Patienten, fir déi eng normal Consultatioun duergeet, mussen deementspriechend waarden, bis d'Patiente mat engem méi schlëmme Krankheetsbild traitéiert goufen.

Et sief drop higewisen, dass eng Verbesserung vum Accès zu der Médecine primaire duerch d'Erméiglechung vu Cabinets de groupe vu Generalisten an och de Reamenagement vun de Maison-médicalle solle sécherstellen, dass d'Patienten nëmmen an Noutfäll an d'Urgencë vun de Spideeler ginn. An de Spideeler am Zentrum vum Land ass zënter dem 1.6.21 eng parallell Dagesgarde 7.00–17.00 Auer en place gesat ginn.

**Commémoration du combattant de la résistance Raymond Petit** | Question **7371** (13/12/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

De Lëtzebuerger Resistenzler Raymond Petit, Matbegrënner vun der Widderstandsbeweegung „Lëtzebuerger Patriote Liga", ass 1942 zu Bäerdref bei enger Schéisserei mat der Gestapo ëm d'Liewe komm. Seng Verdéngschter fir d'Lëtzebuerger Resistenz, fir eis Heemecht a géint déi däitsch Besatzung am Zweete Weltkrich si sou remarkabel, datt eigentlech jiddereen hei am Land säin Numm kenne misst. Trotzdeem wëssen déi meescht Leit hei am Land net Bescheed iwwer dës grouss Perséinlechkeet vun eiser Geschicht.

An deem Zesummenhank hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Gëtt et am Schoulministère Iwwerleeungen, fir d'Schüler am Geschichtsunterrecht méi iwwer de Raymond Petit an aner Perséinlechkeeten aus der Resistenz ze informéieren? Wann nee, wéi eng Grënn schwätze géint dës Initiativ?

2. Wéi schätzt d'Regierung den Aktualitéitswäert vun der „Lëtzebuerger Patriote Liga" an allgemeng der Lëtzebuerger Resistenz am Zweete Weltkrich fir eis Schoulen an?

3. Kann d'Regierung preziséieren, wéi oft an de leschten zéng Joer Lëtzebuerger Resistenz- bezéiungsweis Zwangsrekrutéiertenorganisatiounen a Lëtzebuerger Schoulen ageluede goufen, fir iwwer d'Schicksal vun de Lëtzebuerger am Zweete Weltkrich opzeklären?

4. Gesäit d'Regierung eventuell vir, eng ëffentlech Staatsplaz oder Strooss oder ee Gebai zugonschte vun eisem grousse Resistenzler ze benennen oder ëmzebenennen?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. An der Geschichtsschreiwung, awer och am Geschichtsunterrecht, sief et am schouleschen oder am universitäre Beräich, ass et haut duerchaus üblech, ee Sujet mat Hëllef vun Eenzelbiographien ze beliichten, respektiv dës an en allgemenge Kontext ze setzen.

Mat „50 Faces – 50 Stories" steet de Lëtzebuerger Schoulen een Tool zur Verfügung, mat deem am Kader vum Geschichtsunterrecht, awer och an allen anere concernéierte Fächer, den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg aus enger biographescher Perspektiv kann thematiséiert ginn (cf. https://zpb.lu/

pedagogical_cpt/50faces/ oder https://www.50faces.lu/). Et geet drëms, de Jonke vun haut déi verschidden Handlungsméiglechkeeten a Verhalensweise virun Aen ze féieren, déi am Kontext vu Krich an totalitärer Diktatur virstellbar sinn. Ënnert de 50 Biographië fënnt een Täter an Affer, Zaldoten an Zivilisten, Kanner an Erwuessener, Collaborateuren an och Persounen, déi – wéi de Raymond Petit – Widderstand geleescht hunn.

D'Léierbox „50 Faces – 50 Stories" gouf zesumme vum Musée national d'histoire militaire, dem Musée national de la Résistance et des droits humains an dem Zentrum fir politesch Bildung developpéiert. Si gëtt den Enseignanten aus dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire am Kader vun der Formation continue als Tool fir d'Vermëttlung vun historesch-politeschem Wësse virgestallt.

ad 2. D'Geschicht vu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich steet um Programm vum Geschichtsunterrecht, souwuel am Enseignement fondamental wéi am Enseignement secondaire; et ass wuel dat Theema iwwert eist Land, wat am meeschte verdéift gëtt.

Dobäi ginn all Aspekter vun der däitscher Besatzung vun den Enseignanten thematiséiert, sief dat d'Resistenz, d'Collaboratioun, d'Zwangsrekrutéierung, d'Deportatioun, d'Epuratioun a sou weider.

D'Lycéeën organiséiere reegelméisseg Schülervisitten a Konzentratiounslager, Zäitzeie kommen a Schoulklassen, Schülerinnen a Schüler huelen u Gedenkzeremonien deel, gi Filmer mat hiren Enseignantë kucken an engagéieren sech op vill aner Manéiere fir Demokratie a Meenungsfräiheet.

ad 3. Den Tableau hei drënner weist d'Zuel vun den Interventioune vu Resistenzler, Affer vun der Shoah an Zwangsrekrutéierten a Lëtzebuerger Schoulen am Laf vun de leschten zéng Joer.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 4. Och wann et de Moment kee konkreete Projet dofir gëtt, ass et duerchaus denkbar, eng ëffentlech Plaz, eng Strooss oder e Gebai nom Raymond Petit ze benennen. An deem Kontext sief nach bemierkt, datt am Iechternacher Kolléisch eng Gedenktafel un de Raymond Petit erënnert.

**Lien entre immigration illégale et délinquance** | Question **7373** (13/12/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Am Kader vun engem Mord un engem zwielef Joer ale Meedche sot de franséische President Emmanuel Macron aus, datt „e groussen Deel vun de Strofdoten a Frankräich vu Leit géif gemaach ginn, déi an enger irregulärer Situatioun a Frankräich wieren". Weider huet hien annoncéiert, hei zukünfteg vill méi streng duerchgräifen ze wëllen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung d'Situatioun zu Lëtzebuerg änlech wéi déi Beschreiwung vum President Macron fir Frankräich, an deem Sënn, datt een net méi käint iwwersinn, dass e groussen Deel vun de Strofdote vu Leit géif gemaach ginn, déi an enger irregulärer Situatioun wieren?

2. Wéi gesäit d'Regierung d'Ukënnegung vum President Macron, dass seng Regierung elo wëlles hätt, méi streng géint déi illegal Immigratioun virzegoen am Lëtzebuerger Kontext? Ka si sech och esou Moossname fir Lëtzebuerg virstellen?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Persounen an irregulärer Situatioun am Joer 2021 zu Lëtzebuerg festgeholl goufen?

**Réponse** (13/01/2023) de **M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes | **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. De Lien tëscht der irregulärer Situatioun vun enger Persoun an enger Strofdot ass keen ausschlaggeebend Element am Kader vun de Poursuitten duerch d'Justizautoritéiten, dofir ass dës Donnée net Bestanddeel vum informatesche JUCHA-System, deen d'Dossiere geréiert.

ad 2. D'Lëtzebuerger Regierung kommentéiert keng Aussoe vun aneren europäesche Staats- a Regierungscheffen.

Am Lëtzebuerger Kontext sief op de Projet de loi 7954 verwisen, dee punktuell Verbesserungen am Beräich Ausreesflicht virgesäit.

ad 3. D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net, eng Recherche unhand vun dësem spezifesche Krittär ze maachen.

**Rôle des CFL en tant que prestataire du Fonds du rail** | Question **7376** (14/12/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

De Fonds du rail gouf mam Gesetz vum 10. Mee 1995 an d'Liewe geruff an iwwert dëse Fong ginn Infrastrukturprojete finanzéiert, déi dem Eisebunnsnetz hei am Land zeguttkommen.

Verschidde Projeten, déi vum Fong bezuelt ginn, ginn direkt vun de CFL als Prestataire realiséiert. D'CFL facturéieren op dëse Projeten, sou wéi et bei Bauprojeten üblech ass, d'Käschte fir d'Entwécklung, d'Planung an d'Realiséierung, woubäi verschidde Posten, wéi d'Architekturkäschten oder d'Ingenieurkäschte bezuelt ginn, déi in-house ufalen.

Doriwwer eraus verrechnen d'CFL an dëse Fäll och eng Kommissioun, déi, wéi et an der Baubranche oft üblech ass, um Baupräis festgemaach ass. Dëst féiert awer a verschiddene Fäll dozou, dass Projeten, déi méi deier gi wéi ufanks geplangt, och zu méi héije Kommissioune féieren, woubäi letzen Endes och d'CFL dru matverdéngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wéi héich sinn d'Kommissiounen, déi d'CFL am Duerchschnëtt fir Bauteprojete beim Fonds du rail froen? Wat ass de Medianwäert?

2. Wéi vill Projete beim Fonds du rail goufen zënter 1995 vun de CFL als Prestataire realiséiert?

3. A wéi ville Fäll huet de Budget vu Projeten, déi vun de CFL realiséiert goufen, missen erhéicht ginn, well d'Käschten an d'Luucht gaange sinn, bezéiungsweis d'Käschte falsch geplangt goufen?

4. Wéi vill Projete goufe vun anere Firmen ewéi de CFL realiséiert a wie waren déi 5 gréisste Prestatairen (opgelëscht no Ausgaben)?

5. Existéieren Infrastrukturprojete beim Fonds du rail, déi an der Chamber gestëmmt goufen an déi bis haut nach net ugefaangen oder realiséiert goufen? Wa jo, wéi eng Projete sinn dëst a firwat stinn dës Projeten nach op?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur gëtt op Basis vum geännerte Gesetz vum 6. Juni 2019 „loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire" a vum Gestiounskontrakt, deen duerch de Règlement grand-ducal vum 6. November 2009 a Kraaft gesat gouf „règlement grand-ducal du 6 novembre 2009 portant approbation du contrat de gestion de l'infrastructure ferroviaire et de la convention relative à la gestion administrative des immeubles dépendant de l'infrastructure ferroviaire signés le 7 mai 2009 entre l'État et la Société nationale des CFL" ausgefouert.

Déi national Lëtzebuerger Eisebunnsgesellschaft (CFL) ass mat dëser Gestioun beoptraagt.

De Gestiounskontrakt bestëmmt d'Missioune vum Gestionnaire vun der Infrastruktur an och d'Modalitéite vun deem senger Remuneratioun.

Zanter 1995 sinn d'CFL mat der Gestioun vun den Eisebunnsanlage beoptraagt. All Investitiounsprojeten an all Aarbechte betreffend den Ënnerhalt vun der Eisebunnsinfrastruktur si vun der genannter Gesellschaft als Prestataire realiséiert ginn.

An deene rare Fäll, wou de Budget vun engem Projet huet mussen erhéicht ginn, ass d'Chamber domadder befaasst ginn iwwer e Projet de loi oder doriwwer am Kader vum Staatsbudget informéiert ginn.

All Projete goufe vun de CFL, als Gestionnaire vun der Eisebunnsinfrastruktur, realiséiert. Dobäi gräifen d'CFL bei der Ëmsetzung vu Projeten oft op extern Betriber zréck. Den Zouschlag vun Aarbechten a Prestatioune geschitt entspriechend de Reegelen, wéi se am Gesetz betreffend ëffentlech Ausschreiwunge virgesi sinn.

D'Chamber gëtt reegelméisseg iwwer de Stand vun den Eisebunnsinfrastrukturprojeten informéiert.

**La Seconde Guerre mondiale dans les programmes scolaires** | Question **7381** (15/12/2022) de **Mme Francine Closener** (LSAP)

Mam Laf vun der Zäit kënnen ëmmer manner Zäitzeie vum Zweete Weltkrich vun hiren Erliefnisser erzielen. D'Situatioun vun der lëtzebuergescher Bevëlkerung, d'Zwangsrekrutéierungen, d'Resistenzbeweegung an d'Geschicht vun eenzele Friddenskämpfer, wéi dem Raymond Petit, sinn a bleiwen e wichtege Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Geschicht. Den Unterrecht an der Schoul, a besonnesch de Geschichtsunterrecht, spillen eng wichteg Roll, fir d'Lëtzebuerger Resistenzbeweegungen am kollektive Gediechtnes ze verankeren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gär follgend Froe stellen:

– Awéiwäit gëtt d'Situatioun vun der lëtzebuergescher Populatioun wärend dem Zweete Weltkrich aktuell am Schoulunterrecht thematiséiert? Awéiwäit gëtt der lëtzebuergescher Resistenzbeweegung am Schoulunterrecht Rechnung gedroen?

– Gedenkt d'Regierung, an Zukunft d'Resistenzbeweegung an d'Geschicht vu bedeitende Resistenzler, wéi dem Raymond Petit, an Zukunft méi am Schoulunterrecht ze fërderen?

– Ënnerstëtzt d'Regierung d'Organisatioun vu Visitten op Gedenkplazen aus dem Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg an am Ausland fir Jonker am Enseignement secondaire?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Ech verweisen hei op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7371, déi sech mat deem selwechte Sujet befaasst.

Ergänzend wëll ech nach follgend Remarken zu de Visitte bäidroen: Visitten op Gedenkplazen aus dem Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg an am Ausland ginn am Kader vun der Autonomie vun de Lycéeën organiséiert; dës Initiative gi selbstverständlech vun der Regierung encouragéiert.

Ech wëll am Kontext vun de Visitten och op eng nei Offer opmierksam maachen, nämlech de Bildungszentrum vu Fünfbrunnen. Lëtzebuerg huet elo eng Plaz, déi enk mat der Geschicht vum Zweete Weltkrich verbonnen ass an et Schoulklassen, Jonken an Erwuessenen erlaabt, op ee Lieu de mémoire ze goen an sech do mat Theemen aus der Vergaangenheet an aus der Géigewaart ze befaassen. Den Theemespektrum vun den Aktivitéiten, déi zesumme vum Service national de la jeunesse (SNJ) an dem Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) do ugebuede ginn, ass ganz breet: Krich, Diktatur, Rassismus (Antisemitismus) bis hin zu verschiddenste Forme vu Mënschefeindlechkeet kënnen thematiséiert ginn. Eng Équipe pédagogique ass op der Plaz, fir Gruppen ze empfänken an ze encadréieren. Méi Informatioune fënnt een op www.cinqfontaines.lu respektiv op www.zpb.lu.

Et gëtt natierlech eng Rei aner Plazen, déi kënnen opgesicht ginn, zum Beispill de Musée national d'histoire militaire zu Dikrech oder de Musée national de la Résistance et des droits humains zu Esch-Uelzecht, déi allen zwee eng qualitativ héichwäerteg pedagogesch Offer fir Schoulen hunn.

Zousätzlech kann een Acteuren aus der Zivillgesellschaft ernimmen, déi och Offeren hunn, an notamment op Lieux de mémoire am Ausland fueren, an dëst zënter Joerzéngten. Stellvertriedend géif ech hei nennen:

– D'Amicale Mauthausen, déi eemol am Joer an dat fréiert KZ vu Mauthausen an Éisträich fiert. Zu Mauthausen ware vill Lëtzebuerger wéinst hirem Widderstand géint d'NS-Diktatur inhaftéiert.

– D'Associatioun Témoins de la 2e génération, déi all Joer eng Rees an dat fréiert KZ a Vernichtungslager vun Auschwitz-Birkenau organiséiert fir Schülerinnen a Schüler aus de Lycéeën. (cf. www.temoins.lu).

**Accès au Registre des bénéficiaires effectifs (RBE)** | Question **7382** (15/12/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

Suite à l'arrêt dans les affaires jointes C-37/20 et C-601/20 rendu par la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE) le 22 novembre 2022, l'accès en consultation via Internet au site du Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) a été immédiatement suspendu. Le 6 décembre 2022, le Ministère de la Justice a annoncé par voie de communiqué que l'accès au RBE a pu être rétabli pour un certain nombre de professionnels et que l'accès aux représentants de la presse serait rétabli dans les jours suivants. L'accès des journalistes nationaux serait par ailleurs géré par le Conseil de presse luxembourgeois dans le cadre d'une convention avec le LBR. Selon le même communiqué, « l'accès sera également rétabli dans une étape ultérieure pour les autres acteurs ayant un intérêt légitime et présentant un lien avec la lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme ». Finalement, le Ministère de la Justice a également informé que des discussions sont menées au niveau européen pour mettre le texte de la directive en question en conformité avec la jurisprudence de la CJUE.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

1) Pouvez-vous confirmer que l'accès des journalistes nationaux au RBE a bien été rétabli ? Quelles sont les modalités inscrites dans la convention entre le Conseil de presse luxembourgeois et le LBR à cet égard ?

2) Est-ce que l'accès des journalistes étrangers au RBE a bien été rétabli ? Dans la négative, pouvez-vous m'en donner les raisons ? Dans l'affirmative, pouvez-vous me détailler les modalités de cet accès pour les journalistes étrangers ?

3) Est-ce que l'accès des « autres acteurs ayant un intérêt légitime » au RBE a bien été rétabli ? Dans la négative, pouvez-vous m'en donner les raisons ? Dans l'affirmative, pouvez-vous me détailler les modalités de cet accès et me dire si une différenciation est faite entre acteurs nationaux et acteurs étrangers ?

4) Pouvez-vous me préciser sur quels critères se base la qualification de « acteur ayant un intérêt légitime » ? Si une définition de cette notion n'a pas encore été arrêtée, pouvez-vous me faire état des discussions actuelles à ce sujet ? Quelle est votre appréciation politique de cette notion ?

5) Est-ce que vous considérez que les membres de la Chambre des Députés ont un intérêt légitime et sont donc qualifiés à bénéficier d'un accès au RBE ?

6) Quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois dans les négociations européennes ayant pour objet une mise en conformité de la législation anti-blanchiment avec l'arrêt susmentionné ?

**Réponse** (17/01/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

ad 1) Le Conseil de presse dispose d'un accès au RBE depuis le 20 décembre 2022 et gère les accès des journalistes nationaux. Une convention conclue entre le gestionnaire du RBE, le Luxembourg Business Registers, et le Conseil de presse règle certains détails techniques tels que la création d'un compte client auprès du LBR ou encore le type de méthode d'authentification utilisé. Pour le reste, seule la détention d'une carte de presse valable est un prérequis à la consultation des informations.

ad 2) L'accès des journalistes étrangers au RBE n'est pas assuré. La question de l'accès et des modalités de cet accès est actuellement encore à l'étude.

ad 3) L'accès des autres acteurs ayant un intérêt légitime n'a pas encore été rétabli, les efforts s'étant d'abord concentrés pour rétablir l'accès des professionnels visés à l'article 2 de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme qui en font la demande auprès de LBR et celui de la presse nationale, ce qui a été fait à partir du 16 décembre 2022 (accès des professionnels) et du 20 décembre 2022 (journalistes nationaux). La question de la détermination et des modalités d'accès des autres acteurs est actuellement à l'étude, sachant que la notion n'est actuellement définie que dans le cadre du paragraphe 74 de l'arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE) du 22 novembre 2022.

ad 4) L'intérêt légitime était la base juridique en vigueur pour accéder aux registres des bénéficiaires effectifs au niveau européen sous la 4e directive anti-blanchiment[6], mais force est de constater que la directive est silencieuse quant à la définition à donner à cette notion, laissant le soin à chaque État membre d'en fixer les contours. La 5e directive[7] ayant été publiée peu de temps après, ouvrant l'accès général au public, la notion d'intérêt légitime n'a donc pas vraiment eu le temps de se développer juridiquement. Les critères proposés dans l'arrêt de la CJUE semblent être un bon point de départ pour cerner cette notion.

ad 5) Comme indiqué ci-dessus, la notion des autres acteurs ayant un intérêt légitime est actuellement à l'étude.

ad 6) Le texte de la 6e directive est encore en cours de discussion au Conseil de l'Union européenne et le Gouvernement soutient les efforts de la Présidence et de la Commission européenne en vue d'une mise en conformité rapide de la législation anti-blanchiment avec l'arrêt précité.

[6] Directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme

[7] Directive (UE) 2018/843 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive (UE) 2015/849 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme

**Pratique du sport** | Question **7387** (15/12/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Laut der WHO soll all Erwuessenen op d'mannst 2,5 bis 5 Stonne Sport pro Woch maachen. D'Kanner solle mindestens 1 Stonn Sport pro Dag maachen. D'sportlech Aktivitéiten hunn e signifikanten, positiven Afloss op déi mental a physesch Gesondheet vun de Kanner an hëllefe präventiv, Krankheete wéi Kriibs, Diabetes oder kardiovaskuläre Krankheeten entgéintzewierken. Och kann de Sport eebe verhënneren, dass sech d'Iwwergewiicht bei de Kanner entwéckelt. An der QP N° 5098 huet d'Ministesch geäntwert, dass den Taux vun de Kanner mat Iwwergewiicht nëmme ganz liicht vun 2019 op 2020 geklommen ass, an dee vun der Adipositas zum Deel méi staark geklommen ass (bei de Kanner am Secondaire).

An Däitschland hunn déi 2 Ministere vum Sport an der Gesondheet kierzlech e Plang virgestallt, fir dass no der Coronapandemie rëm méi Kanner sportlech Aktivitéite maachen. Zu Lëtzebuerg hate mir jo de Plan de relance 1.0 an de Plan de relance 2.0, fir de Lëtzebuerger Sport an der Pandemie ze ënnerstëtzen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Här Minister fir Sport an d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Wéi vill Stonne Sport maachen d'Kanner an der Moyenne pro Woch zu Lëtzebuerg?

2. Wéi vill Stonne Sport maachen d'Erwuessen an der Moyenne pro Woch zu Lëtzebuerg?

3. Wou leie mer mat dëse Statistiken am europäesche Vergläich?

4. Wéi huet sech dat duerchschnëttlecht Gewiicht vun de Kanner wärend der Covidpandemie entwéckelt? Wéi gesäit et zu Lëtzebuerg mat der Fettleiwegkeet aus, esouwuel bei de Kanner ewéi bei den Erwuessenen?

5. Huet déi Zuel wärend an no der Pandemie zougeholl?

6. Wa jo, wéi wëllen d'Ministeren dësen Trend stoppen?

7. Kann de Minister schonn e Bilan zéien, wat de Plan de relance 2.0 ugeet?

8. Wat war den Impakt vun den zwee Plan-de-Relancen, notamment op d'Gesondheet vun de Kanner?

9. Plangt d'Regierung e weidere Plan de Relance, zum Beispill änlech dem dätsche Modell, fir déi Zäit no der Coronapandemie?

**Réponse** (18/01/2023) de **M. Georges Engel,** Ministre des Sports | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1. Aus enger gesondheetlecher Perspektiv ass et net onbedéngt d'Unzuel u Sportstonnen, mee éischter d'Frequenz an d'Dauer vu moderater oder intensiver kierperlecher Beweegung par rapport zu de Recommandatioune vun der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO), déi moossgeebend sinn.

D'Donnéeë vun 2018 aus der Etude Health Behaviour in School-aged Children (HBSC) weisen, dass insgesamt 35,2 % vun de Jugendlechen (12–18 Joer) op d'mannst 4 Mol an der Woch kierperlech aktiv sinn (47,3 % bei Jongen an 23,3 % bei de Meedercher)[8].

Op d'Fro „Wie häufig treibst du normalerweise in deiner Freizeit Sport, so dass du dabei außer Atem kommst oder schwitzt?", ass Follgendes geäntwert ginn:

*(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Op d'Fro: „An wie vielen der vergangenen 7 Tage warst du mindestens für 60 Minuten pro Tag körperlich aktiv? Zähle bitte die gesamte Zeit zusammen, die du pro Tag körperlich aktiv warst", ass Follgendes geäntwert ginn:

*(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 2. D'Donnéeë vun der European Health Interview Survey (EHIS) vun 2019 weisen, dass 40,8 % vun de Residenten zu Lëtzebuerg iwwert 18 Joer op d'mannst 150 Minutten Ausdaueraktivitéite pro Woch maachen. Nëmme 26,5 % maache Muskelopbautraining op d'mannst 2 Mol an der Woch. D'WHO recommandéiert fir Erwuessener op d'mannst 150 Minutten Ausdauer an op d'mannst 2 mol pro Woch Muskelopbau.

ad. 3. D'Eurostat-Donnéeë vun 2017 weisen, dass Lëtzebuerg vergläichbar ass mat der europäescher Moyenne vun der physescher Aktivitéit ausserhalb vun der Aarbechtszäit.[9]

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 4. D'Gewiicht bei Kanner ass mat Virsiicht ze betruechten, well den normale Wuesstem zu der natierlecher Gewiichtsteigerung bäidréit. Konkreet Donnéeën zum Gewiicht bei de Kanner wärend der Pandemie huet de Gesondheetsministère aktuell keng. D'HBSC-Etude fir 2022 ass gemaach ginn, allerdéngs sinn d'Donnéeën nach net ausgewäert ginn.

Et kann ee partiell Ziffere ginn: Am Enseignement fondamental hunn, vun 32.576 Kanner tëschent 4 an 12 Joer, déi vun der Médecine scolaire 2021/2022 ënnersicht gi sinn, 4,77 % e BMI, deen eng Obesitéit uweist (par rapport zu 2018/2019 4,62 % bei 27.855 Kanner, déi ënnersicht goufen). Fir den Enseignement secondaire fir d'Joren 2021/2022 waren 12 % vun 11.701 Schüler an der Obesitéit (par rapport zu 2018/2019 mat 5,25 % vu 16.231 Schüler).

An Amerika ass erausfonnt ginn, dass 19,3 % vun de Jugendlechen (2–19 Joer) virun der Pandemie am Joer 2019 fettleiweg waren, an ee Joer méi spéit dës Zuel op 22,4 % geklommen ass.[10]

An England ass den Taux vu Fettleiwegkeet bei 4–5-Järege vun 9,9 % fir d'Joer 2019 op 14,4 % fir d'Joer 2020 geklommen.[11]

An England ass den Taux vu Fettleiwegkeet bei 10–11-Järege vun 21 % am Joer 2019 op 25,5 % am Joer 2020 geklommen.[12]

Eng Etude huet allgemeng erausfonnt, dass a verschiddene Länner d'Fettleiwegkeet bei de Kanner zougeholl huet. Et kann een deemno dovun ausgoen, dass dëst och zu Lëtzebuerg de Fall ass[13], mee zu dësem Zäitpunkt gëtt et nach keng aktuell Donnéeë fir Lëtzebuerg, déi dëst beleeën.

Virun der Pandemie huet een zu Lëtzebuerg an a ganz Europa en allgemengen Trend no uewe vun der Fettleiwegkeet kënne feststellen.[14]

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Etude HBSC 2014: 12,1 % vun de Kanner waren iwwergewiichteg, 2,8 % ware fettleiweg.
Etude HBSC 2018: 14,8 % vun de Kanner waren iwwergewiichteg, 4,1 % ware fettleiweg; 1 vu 5 Kanner war iwwergewiichteg oder fettleiweg.
EHIS 2014: 32,3 % vun den Erwuessene waren iwwergewiichteg, 15,6 % ware fettleiweg (47,9 % BMI > 25)
EHIS 2019: 31,9 % vun den Erwuessene waren iwwergewiichteg, 16,5 % ware fettleiweg (48,4 % BMI > 25) (7)

ad 5. Mir verweisen op déi viregt Äntwerten.

ad 6. D'Gesondheetsdirektioun ass amgaangen, e Programm fir d'Preventioun vun der Fettleiwegkeet an dem Diabetes Typ 2 duerch Promotioun vun der physescher Aktivitéit zesummenzestellen. Zesumme mat de Partnere soll dëse Programm 2023 ulafen, dee spezifesch Aktioune virgesäit, déi sech souwuel u Kanner wéi och un Erwuessener riichten. Ausserdeem cibléiert dëse Programm och d'Gesondheetsberuffler, fir si speziell op d'Gewiichtszounam an déi physesch Aktivitéit vun Erwuessenen a Kanner ze sensibiliséieren.

ad 7. De Sportsministère hat am Plan de relance 2.0 eng Rëtsch vu Mesuren innerhalb vun 8 Punkten ënnerdeelt:

– Beim Punkt 1, also deem vun den Aides spécifiques forfaitaires pour les clubs de sport affiliés et régissant un sport de compétition ass ee Montant vun 1.397.190 Euro ausbezuelt ginn.
– Am Punkt 2 goung et ëm d'Participation aux frais d'inscription aux compétitions européennes. Hei gouf just fir d'Joer 2021 ee Montant vu 75.920 Euro ausbezuelt.
– Beim Punkt 3, „Go to Sports" goufen insgesamt 4.888 Bongen honoréiert. Dës Bongen am Wäert vu 50 € si gläichzestelle fir nei Lizenze bei Kanner a Jugendlecher ënner 16 Joer.
– Da gouf et nach ënnert dem Punkt 5 eng Participation aux frais de formations liées au digital, wou ee Veräi bis zu 500 Euro ka bäigeluecht kréien. Heifir koume ganzer 7 Demanden eran.
– De Punkt 7 war d'Participation au financement d'infrastructures sportives en plein air promouvant l'activité physique et le sport loisir. Hei goufe bis op den haitegen Dag insgesamt 27 Projeten a 24 verschiddene Gemengen ëmgesat. Déi Gesamtausgab heifir ass 796.390 Euro. Dës verdeelt sech op 87.050 Euro fir d'Joer 2021, 134.340 Euro fir d'Joer 2022 a 581.000 Euro fir d'Joer 2023, déi schonn engagéiert gi sinn.
– Fir d'Sensibiliséierungscampagne „Du bass de Veräin. Gëff Bénévole." goufen nieft de verschiddene Videoen, déi iwwert sozial Medien diffuséiert gi sinn, och 685 Affichen a 450 Banneren an de verschiddene Sportsinfrastrukturen opgehaangen, an dëst, fir d'Wichtegkeet vu der Thematik ze visualiséieren.

An dësem Kontext kann een och nach derbäifügen, datt de Sportsministère am Kader vum Plan de relance 2.0 eng Promotiouns- a Sensibiliséierungscampagne mam Numm „The Move" fir déi fënnef gréisste Mannschaftssportaarten (FLF, FLH, FLBB, FLVB, FLTT) lancéiert hat. Dës Campagne, déi jo virun allem fir d'Kanner a Jonker ugeduecht war, ass iwwert déi hautdesdaags gängeg sozial Medie gelaf.

ad 8. Wat dës zwee Plan-de-relancen um Terrain bruecht hunn, kann een aus dem Eurobarometer 525 enthuelen, deen am September 2022 publizéiert ginn ass. An dësem Eurobarometer ass sech ënnert anerem mat Sport a Beweegung beschäftegt ginn, an aus dësem geet ervir, datt Lëtzebuerg am europäesche Verglach an der éischter Hallschent vun den EU-Länner bzw. och iwwert dem EU-Duerchschnëtt ass.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Hei gëtt et vu Lëtzebuerger Säit follgend Feststellungen:

1. Deemno maache 45 % (+5) vun de Leit zu Lëtzebuerg 1 bis 3 Mol an der Woch Sport (déi europäesch Moyenne ass 44 %).
2. 25 % vun den Awunner (+1) maachen dëst esouguer 4 bis 7 Mol an der Woch (déi europäesch Moyenne ass bei 23 %).
3. 30 % (-5) maache kee Sport (europäesch Moyenne 33 %).

Ze erwänen ass, dass an der éischter Feststellung ee Gewënn vu 5 % ze verzeechnen ass par rapport zum Dezember 2017. Wat d'Rubrick vun den Aktiivsten ugeet, ass et ee Plus vun 1 % a bei den Netaktiven ee Réckgang vu 5 %.

Dëst ass alles an allem e positiven Trend, an dat trotz der Covid-19-Pandemie. Ze berücksichtegen ass awer, dass mir keng Date vun 2020 hunn an deemno kee klassesche Verglach vu Pre- a Post-Covid-19-Pandemie hunn.

Aus dëser Studie ginn awer och nach follgend Feststellunge betreffend d'Dauer vum Sport ervir:

Wärend der Covid-19-Pandemie hunn zu Lëtzebuerg
– 13 % opgehalen, Sport ze maachen (europäesch Moyenne ass 18 %);
– 42 % weider Sport gemaach, awer manner wéi virdrun (europäesch Moyenne ass 34 %);
– 29 % weider Sport gemaach op dem selwechte Level wéi virdrun (europäesch Moyenne ass 34 %);
– 14 % weider Sport gemaach, an dëst esouguer méi wéi virun der Covid-19-Pandemie (europäesch Moyenne ass 9 %).

Eng weider interessant Ausso ass awer och nach, datt 6 % vun de Leit zu Lëtzebuerg uginn, fir méi Sport no der Covid-19-Pandemie wëllen ze maachen. Déi europäesch Moyenne ass 7 %. Des Weideren ass ze soen, dass den Eurobarometer hei keen Ënnerscheed tëscht den Alterstranchë mécht, mee just en Duerchschnëtt publizéiert huet.

8 HBSC Luxembourg – Homepage of the project "Health Behaviour in School-aged Children" Country Team Luxembourg [Internet]. [cited 2022 Dec 20]. Available from: https://hbsc.uni.lu/

9 How much exercise do you do in a week? – Products Eurostat News – Eurostat [Internet]. [cited 2022 Dec 20]. Available from: https://ec.europa.eu/eurostat/web/products-eurostat-news/-/ddn-20190328-1

10 Lange SJ, Kompaniyets L, Freedman DS, Kraus EM, Porter R, Blanck HM, et al. Longitudinal Trends in Body Mass Index Before and During the COVID-19 Pandemic Among Persons Aged 2–19 Years — United States, 2018–2020. MMWR Morb Mortal Wkly Rep. 2021 Sep 17; 70(37): 1278–83

11 Childhood obesity in England soars during pandemic | Obesity | The Guardian [Internet]. [cited 2022 Dec 20]. Available from: https://www.theguardian.com/society/2021/nov/16/childhood-obesity-in-england-soared-during-pandemic

12 Childhood obesity in England soars during pandemic | Obesity | The Guardian [Internet]. [cited 2022 Dec 20]. Available from: https://www.theguardian.com/society/2021/nov/16/childhood-obesity-in-england-soared-during-pandemic

13 Stavridou A, Kapsali E, Panagouli E, Thirios A, Polychronis K, Bacopoulou F, et al. Obesity in Children and Adolescents during COVID-19 Pandemic. Child (Basel, Switzerland). 2021 Feb; 8(2)

14 Maladies non transmissibles Luxembourg 2018 profil du pays [Internet]. [cited 2022 Dec 21]. Available from: https://www.who.int/fr/publications/m/item/noncommunicable-diseases-lux-country-profile-2018

ad 9. De Sportsministère huet jo bekanntlech am Januar 2021 säi Konzept „LTAD – Lëtzebuerg lieft Sport" lancéiert. Hei geet et dorëms, fir bei de Bierger eng liewenslaang Begeeschterung fir de Sport an d'Beweegung ze entfachen an esou Lëtzebuerg mëttelfristeg zu engem Sportland ze maachen.

Et gëllt elo, fir dës Philosophie mam Leitmotiv „Lëtzebuerg lieft Sport" an all senge Facetten op den Terrain ze bréngen. Schliisslech geet d'Bedeitung vu Sport a Beweegung fir d'Allgemengheet wäit iwwert déi reng kierperlech Aktivitéit eraus, well si huet Schnëttstelle mat Theeme wéi Bildung, Jugend, Senioren, Fräizäit, Integratioun a Gesondheet.

De Sport schléit Brécken tëschent Mënsche vun ënnerschiddlecher sozialer a kultureller Hierkonft an hëlleft, Virurteeler ofzebauen, Minoritéiten ze integréieren a Wäerter ze vermëttelen.

Den Ament gi Verdéiwungen heizou op villen Eebene gemaach. Sou sinn ettlech Federatiounen amgaangen, d'„LTAD – Lëtzebuerg lieft Sport"-Philosophie op hir Sportaart erofzebriechen. An dësem Kontext muss een erwänen, datt dowéinst och am Budget pluriannuel déi néideg Mëttele virgesi sinn, fir eng besser Personalentwécklung bei de Federatiounen ze erméiglechen. Sou wëlle mir d'Federatiounen ënnerstëtzen, fir ee Chargé de formation anzestellen. Dësen ass dann den Uspriechpartner beim Ausschaffe vun de Formatioune souwéi och de Vertrieder an der Programmkommissioun.

Ee weidere Punkt aus dem Regierungsprogramm ass, datt aus der ENEPS, also der École nationale de l'éducation physique et des sports, den INAPS, den Institut national de l'activité physique et des sports gëtt. Dëse Projet de loi ass jo bekanntlech um Instanzewee. Et geet hei dorëms, datt dëst Institut niewent dem Volet vun der Formatioun vun de Cadres techniques an administratifs vun de verschiddene Sportsaktivitéiten zu engem Kompetenzzentrum fir Sport a Beweegung gëtt.

Een aneren Hiewel huet de Sportministère sech ginn duerch d'Ënnerstëtzung vun de Gemenge beim Astelle vun engem lokale Sportkoordinator. Bei dëser Funktioun geet et dorëms, fir an enger Gemeng eng Persoun als Facilitateur a Bindeglied tëschent allen Acteuren aus dem Beweegungs- a Sportsberäich ze sinn. Dat geet vun der Maison relais iwwert d'Sportveräiner, d'LASEP, bis zum Senioresport.

De lokale Sportkoordinator soll als Motor an Dréischeif fir d'Fërderung vun der Beweegung an dem Sport innerhalb vu senger Gemeng wierken.

Nieft all deene Mesurë preparéiert sech de Sportminister awer och, e weidere Plan de relance ze definéieren am Fall wou deen néideg wär. Dës Eventualitéit géif dann och mat allen implizéierten Acteuren diskutéiert ginn.

**Gestion locative sociale** | Question **7388** (15/12/2022) de **M. Marc Lies** | **Mme Martine Hansen** (CSV)

D'Gestion locative sociale ass en Instrument, fir den iwwerhëtzte Locatiounsmaart ze entlaaschten. D'Zil ass et, eidel Privatwunnenge fir Leit mat klengem Akommes ënnert dem Marchéspräis ze verlounen. Dëst Locatiounssegment muss verstäerkt vum Staat ënnerstëtzt ginn, esou datt nach méi Wunnengen aus dem Leerstand nees an d'Locatioun kommen.

Wat de Locatiounskontrakt an den Ënnerhalt vun dëse Wunnenge betrëfft, déi iwwert d'Gestion locative sociale vun der AIS verlount ginn, géife mir gäre follgend Froen un den Här Wunnengsbauminister stellen:

– Bezilt de Locataire eng Kautioun, fir all eventueller Degradatioun vun der Wunneng kënnen entgéintzewierken?

– Gëtt et eng Statistik iwwert e mëttlere Käschtepunkt, wat d'Remise en état vun dëse Wunnengen ugeet?

– Wéi vill Härtefäll vun enger gréisserer Degradatioun sinn dem Ministère bekannt?

**Réponse** (10/01/2023) de **M. Henri Kox,** Ministre du Logement

Aktuell sinn 39 Organisme mat eisem Ministère konventionéiert, fir eng Gestion locative sociale (GLS) ëmzesetzen. Dorënner falen 9 Offices sociaux, verschidde Gemenge respektiv Gemengesyndikater an iwwer 20 ASBLen a Fondatiounen. Insgesamt geréieren dës Acteuren iwwer 1.000 Wunnengen no de Reegele vun der GLS.

D'GLS gëtt iwwert den Artikel 66-3 vum Gesetz iwwert d'Wunnengshëllefe vum 25. Februar 1979 gereegelt. De Wunnengsbauministère hëlleft dësen Organisme bei der Ëmsetzung vun der GLS mat engem Subsid, deen ausschliisslech no verlounter Wunneng, pro Mount a gegeebenefalls – bei Wunngemeinschaften – no der Zuel vun de Mietverträg ausbezuelt gëtt. Fir dës Wunnengen ass de Loyer, deen dem private Proprietär vun der Wunneng ka bezuelt ginn, per Konventioun plafonéiert.

Doriwwer eraus ass et den eenzelen Organismen iwwerlooss, wéi si am Detail hir sozial Mietverwaltung ëmsetzen a wéi eng Oplagen d'Bewunner vun de Wunnengen hunn. De Standardvertrag, dee mat de Bewunner geschloss gëtt, gesäit e Forfait als Garantie fir eventuell Schied vir. Dës Klausel ass awer net obligatoresch.

Deementspriechend ass dem Ministère och keng Statistik bekannt iwwert e mëttlere Käschtepunkt, wat d'Remise en état vun eng GLS-Wunneng ugeet.

Am Fall vun de Wunnenge vun engem ëffentleche Promoteur läit dëse Käschtepunkt an der Moyenne bei ronn 20.000 Euro. Allerdéngs ass do ze bedenken, datt dës Wunnengen iwwer länger Zäite verlount sinn an deemno eng Remise en état opgrond vun der Ofnotzung ka méi deier ginn. Schied un der Wunneng, déi duerch eng net ugepassten Notzung entstinn, mussen an der Reegel zwar vum Locataire gedroe ginn, sinn an dëser Statistik awer mat berécksiichtegt.

**Réserve sanitaire** | Question **7391** (19/12/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **M. Marc Hansen** (déi gréng)

Selon les informations à notre disposition, les contrats des personnes engagées dans la réserve sanitaire viendront à échéance en date du 31 décembre 2022.

Étant donné que la constitution de cette réserve sanitaire constitue un pilier central en matière de réactivité en cas de crise sanitaire voire d'une crise d'une autre nature qui nécessiterait l'activation d'urgence d'un pool important de personnes disposant d'une expérience dans les professions médicales et de santé, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé :

1) Est-ce que tous les contrats des personnes engagées dans la réserve sanitaire viendront à échéance en date du 31 décembre 2022 ?

2) Les contrats étant en principe renouvelables, cette option est-elle envisagée par Madame la Ministre ?
– Dans l'affirmative quels sont les critères qui guident, le cas échéant, le choix des contrats à renouveler ?

3) Dans la négative, la fin des contrats en question signifie-t-elle également la fin de la réserve sanitaire, du moins dans sa forme « activée » ?

4) Un registre des personnes actuellement inscrites dans la réserve sanitaire restera-t-il à disposition du Ministère de la Santé, afin de permettre une réactivation rapide des professionnels en cas de besoin ?
– Le ministère devra-t-il pour cela demander à toutes les personnes concernées si elles souhaitent continuer à être inscrites dans ce registre de la réserve sanitaire en attente ?

5) Dans l'affirmative, est-ce qu'un appel à candidatures sera lancé périodiquement afin d'actualiser régulièrement le registre ?

**Réponse** (10/01/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1) Les contrats des personnes engagées viennent effectivement à échéance en fin d'année. Le renouvellement de ces contrats se fait selon les dispositions fixées par le Code du travail ainsi que les critères cités ci-dessous.

ad 2) Les contrats à durée déterminée sont renouvelables selon les dispositions du Code du travail, à savoir une option de deux renouvellements et un maximum de 24 mois. Pour les contrats respectant ces dispositions, le renouvellement des contrats est envisagé.

– Il existe trois catégories de critères :

1) Critère légal : Au vu de la durée de l'activation de la réserve sanitaire au-delà de 24 mois, la plupart des contrats à durée déterminée n'ont plus pu être renouvelés en raison des dispositions du Code du travail.
2) Critère opérationnel : La Cellule de crise nationale a retenu un nombre de lignes de vaccination à garantir en 2023 si bien que le Ministère de la Santé a initié la recherche de personnel en fonction des besoins.
3) Critère de compétences et disponibilité : Il s'agit de voir si le personnel répond aux compétences requises pour les postes à pourvoir et si le nombre d'heures que les personnes engagées sont prêtes à travailler est compatible avec la planification des lignes de vaccination.

ad 3) Compte tenu des lignes de vaccination à garantir, il n'est actuellement pas prévu de mettre en veille la réserve sanitaire.

ad 4) Le rapport de l'OCDE sur la gestion de la crise au Luxembourg a souligné l'importance de la réserve sanitaire durant la crise et a fortement suggéré de pérenniser la réserve sanitaire à l'avenir, sous quelque forme que ce soit.

Un projet dans ce sens est actuellement déjà en cours.

– Comme détaillé ci-dessus, les modalités quant à la pérennisation de la réserve sanitaire n'ont pas encore été arrêtées, mais il s'agit là effectivement d'une des options envisagées.

ad 5) cf. réponse ci-dessus.

**Gardes d'enfants** | Question **7392** (19/12/2022) de **Mme Francine Closener** (LSAP)

Engem rezenten Artikel an der geschriwwener Press no huet déi gratis Kannerbetreiung en direkten Impakt op d'Aarbecht vun den Dageselteren. Mat der Aféierung vum Bildungsoptrag am Joer 2017, an dernieft der Aféierung vun der gratis Kannerbetreiung an de Maison-relaisen, huet d'Attraktivitéit vun den Dageseltere considerabel ofgeholl. Hir Zuel ass déi lescht Jore staark zeréckgaangen. Dëst Joer gi manner wéi 5 % vu Kanner mat enger Prise en charge am Kader vum Chèque-service accueil vun Dageseltere betreit.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gär follgend Froe stellen:

1. Wat fir eng Roll sollen Dageselteren an Zukunft an der Ausféierung vun der nationaler nonformaler Bildung spillen?

2. Wéini ass déi ugekënnegt Käschtenanalys vum Accueil bei den Dageselteren ofgeschloss?

3. Huet den Här Minister vir, op Basis vun dëser Analys, de Plaffong vun der maximaler staatlecher Participatioun eropzesetzen? Wa jo, wier deen Ament d'Zil, eng gratis Betreiung bei Dageseltere mat enger adequater Remuneratioun vun den Dageselteren anzeféieren?

4. Wéi stellt sech den Här Minister am Fall vun enger gratis Betreiung eng adequat Remuneratioun vun den Dageseltere vir?

5. Wëll den Här Minister de Statut vun den Dageselteren anescht reegelen? Wa jo, wéi eng Piste kommen duerfir a Fro?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. D'Regierung verflicht sech am Regierungsprogramm, fir all Forme vu Betreiung ze fërderen. Dageseltere sinn eng wichteg Offer an der Landschaft vun der Kannerbetreiung a sinn a bleiwen e wichtegen Acteur vun der nonformaler Bildung zu Lëtzebuerg.

Et läit der Regierung um Häerz, d'Diversitéit vun der Offer a besonnesch och d'Struktur vun den Dageseltere bäizebehalen an och auszebauen, fir esou op d'Besoine vun de Kanner an hiren Elteren anzegoen.

ad 2. Fir d'Diversitéit ze erhalen a fir den Accueil en famille ze valoriséieren, gouf zesumme mat de betraffenen Acteuren (Agence Dageselteren a Vertrieder vun Dageselteren) en ëmfaassenden Analys- a Reflexiounsprozess gefouert. Dës Analys ass ofgeschloss.

ad 3. a 4. Fir d'Attraktivitéit vun der Funktioun vun den Dageselteren ze erhéijen, gouf en entspriechende Gesetzestext ausgeschafft, deen deemnächst dem Regierungsrot virgeluecht gëtt.

Wat d'Gratuitéit vun der Betreiung vun de Schoulkanner wärend der Schoulzäit ubelaangt, esou ass ze bemierken, datt dës Gratuitéit, déi zanter der Rentrée 2022/23 a Kraaft ass, och fir Dageseltere gëllt. Wärend de Gratisstonnen iwwerhëlt de Staat den Deel vun den Eltere bis zu engem Plaffong vun 3,75 Euro pro Kand pro Stonn. Gëtt dëse Plaffong iergendwann eropgesat, da geet dem Staat seng Participatioun och erop.

ad 5. Am Kader vum Concertatiouns- an Analysprozess, dee gemaach ginn ass, sinn d'Froen iwwert de Statut vun den Dageseltere breet diskutéiert ginn, an no Alternativen zu dem aktuelle Statut vum Independant gesicht ginn. Allerdéngs werft d'Ausübung vun der Aktivitéit als Salarié eng ganz Rei vun aarbechtsrechtleche Froen op, déi bis elo nach net geléist konnte ginn. D'Regierung fokusséiert sech dofir aktuell op eng Valoriséierung vun de Missioune vun den Dageselteren ënnert dem aktuelle Statut.

**Bioéthanol** | Question **7413** (22/12/2022) de **M. Jeff Engelen** | **M. Fred Keup** (ADR)

Zënter dem Joer 2019 enthält de Bensinn op de Lëtzebuerger Tankstellen en Undeel vun 10 Prozent u Bio-Ethanol. Och den Diesel ka mat Bio-Ethanol versat sinn. Fir d'Hierstelle vu Bio-Ethanol mussen awer landwirtschaftlech Fläche genotzt ginn.

Dëst ass am Kontext vun den Diskussiounen, datt Lëtzebuerg am Kader vun internationale Krise méi onofhängeg soll ginn, wat d'Produktioun vu Liewensmëttel ugeet, awer net onproblematesch, well d'Produktioun vu Liewensmëttel jo och flächenintensiv ass.

An deem Zesummenhang hätte mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn zu Lëtzebuerg scho landwirtschaftlech brauchbar Fläche genotzt, fir Bio-Ethanol hierzestellen? Wa jo, wéi vill Prozent vun de landwirtschaftlech brauchbare Fläche gi fir d'Hierstelle vu Bio-Ethanol genotzt?

2. Am Fall wou de Bio-Ethanol, deen zu Lëtzebuerg op den Tankstellen ugebuede gëtt, zumindest zum Deel och aus anere Länner – sief dat europäesch Länner oder weltwäit – kënnt: Aus wéi enge Länner kënnt de Bio-Ethanol, deen eisem Kraaftstoff bäigemëscht ass? Wéi vill Prozent vun de landwirtschaftlech benotzbare Fläche ginn – opgeschlësselt no deene jeeweilege Länner – fir d'Hierstelle vu Bio-Ethanol gebraucht?

3. Kann d'Regierung ausschléissen, datt an deene jeeweilege Länner d'Notze vu landwirtschaftleche Fläche fir d'Hierstelle vu Bio-Ethanol net an engem ongesonde Mooss mat dem Notze vu landwirtschaftleche Fläche fir d'Hierstelle vu Liewensmëttel konkurréiert – well jo d'Ernierung vun der Bevëlkerung Prioritéit huet? Kann d'Regierung dëst fir all eenzelt Land, wat Bio-Ethanol produzéiert, deen och an d'Lëtzebuerger Versuergungskette kënnt, ausschléissen?

4. Kann d'Regierung ausschléissen, datt et an deene jeeweilege Länner zu kengem Zäitpunkt zu enger disproportionéierter Deierecht vu Liewensmëttel duerch d'Hierstelle vu Bio-Ethanol kënnt, déi d'Ernierung vun der Bevëlkerung, besonnesch, wat déi Äermst an der Bevëlkerung ugeet, a Gefor bréngt? Kann d'Regierung dëst fir all eenzelt Land, wat Bio-Ethanol produzéiert, deen och an d'Lëtzebuerger Versuergungskette kënnt, ausschléissen?

**Réponse** (06/02/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6504 vum 19. Juli 2022 vun den honorabelen Deputéierte Gusty Graas a Max Hahn geet ervir, dass 1,7 % vun de landwirtschaftlech brauchbare Fläche fir Energiekulture genotzt ginn a laut dem Service d'économie rurale awer keng Fläche fir den Ubau vu Bio-Ethanol fir den Transportsecteur.

ad 2. Am Joer 2021 goufen deem zu Lëtzebuerg verkaafte Bensinn 33 Millioune Liter Bio-Ethanol bäigemëscht. D'Hierkonftslänner vun der Matière première, aus deem dësen hiergestallt gouf, sinn an der follgender Tabell opgelëscht:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

D'Zuele sinn no de gängege Standarden opgeronnt ginn an erginn doweinst liicht méi wéi 100 %.

ad 3. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6090 vum 22. Abrëll 2022 vun den honorabelen Deputéierten iwwert Biokraaftstoffer ass déi Thematik beliicht ginn. D'Direktiv 2018/2001/UE gesäit vir, dass Biokraaftstoffer aus der sougenannter éischter Generatioun, déi am Weesentleche fir den Zweck vun der Energieproduktioun op Agrarland ugebaut ginn, maximal 7 % vum Endenergieverbrauch am Stroossen- a Schinneverkéier däerfen ausmaachen.

D'Regierung huet schonns am Dezember 2019 iwwert d'Accisëgesetz festgehalen, dass den Undeel vun deene Biokraaftstoffer net méi wéi 5 % däerf ausmaachen, dat ass also däitlech méi niddereg wéi den Undeel, dee vun der Direktiv virgesinn ass.

Wéi den Tableau uewendriwwer weist, kënnt den Haaptundeel vum Bio-Ethanol aus der Europäescher Unioun, a fir dass de Bio-Ethanol kann ugerechent ginn, muss een d'Nohaltegkeetskrittären, déi an der Direktiv 2018/2001/UE definéiert sinn, erfëllen.

ad 4. D'Biokraaftstoffer, déi hei zu Lëtzebuerg am Transportsecteur an den Ëmlaf kommen, mussen d'Nohaltegkeetskrittäre vun der europäescher Direktiv 2018/2001/UE anhalen, déi och an d'nationaalt Recht ëmgesat sinn. Zuelen, dass et zu enger disproportionéierter Deierecht komm ass duerch d'Hierstelle vu Bio-Ethanol op Agrarflächen, leien eis keng vir, och net fir déi eenzel Länner, wou de Bio-Ethanol hierkënnt.

**Site de l'ancienne brasserie Diekirch** | Question **7415** (22/12/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

En réponse à la question parlementaire n° 5743, Madame la Ministre de la Culture a indiqué que la décision de lever la protection nationale a été prise notamment en raison d'une pollution du sol :

„An der Bewäertung vum Bureau, deen d'Géigendetüd fir de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) gemaach huet, gouf dorop higewisen, datt et hisiichtlech Buedembelaaschtung keng zwéngend Noutwennegkeet gëtt, déi een Ofrappe vun de betreffende Gebaier erfuerdert. D'Buedembelaaschtunge leien haaptsächlech ëm d'Gebaier ronderëm.

Den Ausschlag, déi national Protektioun opzehiewen, huet awer eng aner Verknaschtung am Ënnergrond ginn.

Effektiv ass, am Géigesaz zum Buedem, d'Situatioun am Grondwaasser extreem schlëmm. Esou goufen an engem Betribspëtz, dee sech an de Gebaier befënnt, extreem héich Belaaschtunge mat Phenol an Ammonium nogewisen. Déi entspriechend Sanéierungswäerter sinn 900-fach (Phenol) an esouguer 3.500-fach (Ammonium) iwwerschratt ginn.“

En réponse à la question parlementaire n° 6215, Madame la Ministre de l'Environnement a indiqué que les travaux de nettoyage du puits 1 ont abouti à des résultats satisfaisants :

« D'autres analyses ont également été réalisées les 25/02/2022 et 24/03/2022 au cours des travaux de nettoyage du puits 1 et après la finalisation de ces travaux. Les résultats de ces dernières analyses ont permis de constater qu'une fois le puits 1 nettoyé (enlèvement de différents déchets, de câbles rouillés et de boues polluées), la valeur de l'indice phénol est inférieure à la limite de détection. La teneur en ammonium a également fortement diminué et est de 0,25 mg/l. »

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture :

1) Comme geoportail.lu ne semble pas fournir d'informations sur l'emplacement du puits, est-il possible d'obtenir des informations sur son emplacement exact ?

2) Quel est l'impact du fait que le nettoyage du puits 1 a abouti à de meilleurs résultats sur les bâtiments concernés et sur la question de la levée de la protection nationale ?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Le puits dénommé « Puits 1 » se trouve au niveau du bâtiment dénommé « Salle des machines ». L'emplacement approximatif correspond aux coordonnées LUREF suivantes : 78998 E/103535 N.

Plusieurs immeubles de la brasserie de Diekirch ont été inscrits à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux par arrêté ministériel en date du 17 octobre 2011.

En ce qui concerne les bâtiments plus modernes datant des années 1930, la protection a été abrogée en juin 2021. Cette décision fut prise suite à différentes analyses du sous-sol ayant soulevé une très grande pollution des eaux souterraines et à la demande conséquente du propriétaire du site de voir lever la protection, voire la nécessité de garder ces bâtiments.

À l'époque, sous l'égide de l'ancienne loi de 1983 relative aux sites et monuments abrogée entre-temps, le Ministre de la Culture avait un court délai pour répondre à cette requête fondée par les analyses disponibles. Au cas d'un maintien d'une protection nationale, cette protection aurait dû être confirmée par une procédure de classement en tant que monument national.

À ce stade, les rapports actuellement disponibles ne fournissent pas de conclusions définitives. Suite au nettoyage entre autres du puits 1 début 2022 et le constat de la présence de déchets multiples et de boues dans ledit puits, un contrôle régulier des eaux souterraines a été imposé sur une année hydrologique afin d'évaluer l'impact du nettoyage du puits sur les eaux souterraines. La première campagne de prélèvement a eu lieu en octobre 2022. Les conclusions définitives relatives à d'éventuelles mesures d'assainissement à mettre en place au niveau des eaux souterraines ne pourront être formulées qu'à la fin du monitoring, c'est-à-dire en octobre prochain. Ce n'est qu'en connaissant le type d'éventuelles mesures d'assainissement à mettre en œuvre au niveau des eaux souterraines, que la question de la démolition des bâtiments ou du maintien des bâtiments peut être clarifiée.

À part le volet « pollution dans les eaux », il y a lieu de préciser qu'en 2019, les analyses réalisées sur des échantillons prélevés au niveau des éléments de construction ont montré la présence à des teneurs élevées de pollutions de type hydrocarbures (huiles hydrauliques et mazout) entre autres dans les éléments de construction du bâtiment dénommé « Salles des machines ». Un assainissement de ces pollutions dans le cadre de la démolition des bâtiments en question a été imposé.

**Produits d'hygiène féminine gratuits** | Question **7430** (29/12/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

An der Conclusioun vum Débat public vum 6. Oktober 2021 zur Petitioun 1865 war festgehale ginn, datt sollte gratis Hygiènesartikele fir Fraen a Meedercher an de Schoulen zur Verfügung gestallt ginn. Doriwwer eraus hat d'Regierung eng Sensibiliséierungscampagne ugekënnegt fir méi Versteesdemech a Respekt op der Aarbecht an an der Schoul fir d'Fraen an d'Meedercher, wann si hir Reegel hunn. An deem Zesummenhang géing ech gär follgend Froen un den Här Bildungsminister an un den Här Aarbechtsminister stellen:

1. Ass d'Conclusioun vum Debat public ëmgesat ginn?
– Wa jo, stinn an alle Schoulen – am Secondaire an am Fondamental – gratis Hygiènesartikelen zur Verfügung?
– Wéi vill Apparater sinn am Ganzen installéiert ginn?
– Wann nee, wéini gedenkt d'Regierung, d'Conclusioun vum Debat ëmzesetzen?

2. Wéini leeft déi ugekënnegt Sensibiliséierungscampagne un a wéi wäert se ausgesinn?

**Réponse** (07/02/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. D'Conclusioune vum ëffentlechen Debat vum 6. Oktober 2021 zur Petitioun Nr. 1865 sinn aktuell an der Ëmsetzung. D'Installatioun vun den Distributeure fir gratis Menstruatiounsartikelen an de Lycéeën ass amgaangen, eng Sensibiliséierungscampagne iwwert d'Menstruatioun ass an der Planung a gëtt am Mäerz 2023 lancéiert. Fir méi detailléiert Informatiounen zu der Installatioun vun den Distributeuren an de Lycéeën, referéiere mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5350.

D'Schülerinne vum Lycée kënnen sech un de SePAS wenden, fir gratis Menstruatiounsartikelen ze kréien. Zousätzlech dozou ginn an all de Lycéeën Apparater installéiert, fir d'Verdeelung ze vereinfachen an ze favoriséieren. D'Dotatioun 2023 vun de Lycéeën ass erhéicht ginn, fir datt all Lycée sech bis zu 5 Apparater kann uneegnen.

Wat d'Mise à disposition vun Apparater fir Hygiènesartikelen an den ëffentleche Grondschoulen ubelaangt, esou fält dëst ënnert d'Equipementer vum Schoulgebai, déi laut de legalen Dispositiounen der Verantwortung vun de Gemengen ënnerleien[15].

128 Apparater si bis elo an de Lycéeën installéiert ginn. Weider Apparater sinn amgaangen, bestallt an installéiert ze ginn, sou datt an all Lycée Apparater de Schülerinnen zur Verfügung stinn.

ad 2. Eng Sensibiliséierungscampagne zum Theema vun der Menstruatioun ass an der Virbereedung a wäert vum Mäerz 2023 bis zum 28. Mee 2023, dem Weltdag vun der menstrualer Hygiène, lafen. D'Ëmsetzung vun der Campagne ass virgesinn an all den ëffentlechen edukative Strukture wéi Lycéeën an och Jugendhaiser.

Et ginn Affichen opgehaangen a Postkaarte verdeelt mat Informatiounen zu der Menstruatioun nom Prinzipp vun „Eng Fro – Eng Äntwert" souwéi Stickere mat Slogane fir déi Jonk, fir den Tabu ronderëm d'Menstruatioun ze briechen. Op all Postkaart kënnt ee QR-Code drop, dee verlinkt ass mat der Plattform fir Léiermaterial www.heydoo.lu, wou zousätzlech Informatioune fir Enseignanten zur Verfügung gestallt ginn. All Mount wäerten no an no, iwwer den digitale Wee, véier Froe publizéiert gi mat véier Äntwerten.

De Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, de Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an d'UEL gesi sech och fir ze iwwerleeën, wéi een d'Sensibiliséierungscampagne am beschte ka gestalten.

[15] Artikele 35 an 58 vun der Loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

**Chasse aux sangliers** | Question **7431** (02/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Zënter Joren héiert een ëmmer erëm, dass et eng Iwwerpopulatioun u Wëllschwäi géif ginn. Verschidden Acteure maachen d'Politick dofir verantwortlech, well d'Reegelen, wéi eng Juegd dierf ofgehale ginn, ze strikt wieren. Wann een d'Ofschlosszuelen aus de leschte Joren awer kuckt, gesäit een, dass Joer fir Joer méi Wëllschwäin erschoss ginn. Deemno kann een net pauschal soen, dass d'Reegelen, déi och fir ee gewëssene Schutz vun der Natur a vum Déier solle suergen, der Juegd géifen am Wee stoen. D'Wëllschwäipopulatioun huet och vun enger intensiver Landwirtschaft an engem doucë Klima wéinst der Äerderwäermung profitéiert.

Och d'Andrénge vum Mënsch an de Liewensraum vun den Déieren huet dofir gesuergt, dass Populatiounen ënner méi Iwwerliewensstress geroden, wat och een Impakt op de Reproduktiounsrhythmus vun de Wëllschwäin huet. Do muss een sech och d'Fro stellen, ob d'Juegd an hirer aktueller Form nach ugepasst ass, fir d'Wëllschwäinpopulatiounen an de Gréff ze kréien. Klappjuegten oder, wéi se elo genannt ginn, Beweegungsjuegten, bréngen mat sech, dass de Mënsch op den Territoire vun den Déieren andréngt an d'Déieren am Bësch an eng temporär Panik versetzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. An de järleche Berichter vum Ëmweltministère fënnt een ëmmer nëmmen d'Ofschlosszuelen, mee net d'Bestandszuele vun de Wëllschwäipopulatiounen erëm.
Firwat ginn op deene Plazen, op deenen „ze vill" Wëllschwäi sinn, keng Zielunge virgeholl?
– Ab wéi vill Unitéite sinn op enger Plaz „ze vill" Wëllschwäin?
– Firwat gëtt kee Plang opgestallt, dee quantifizéiert duerleet, wéi vill Wëllschwäin op enger Plaz liewen a wéi vill Wëllschwäin de Ministère op dëser Plaz wéilt hunn (Ist-Soll-Analys)?

2. Am RTL-Interview vum 28. Dezember schwätzt de Conseiller vum Ëmweltministère dovunner, dass de Bien-être animal primordial ass an een do wéilt Verbesserunge maachen, zum Beispill fir d'Zuel vun de blesséierten Déieren ze reduzéieren.
Gëtt et Zuelen doriwwer, wéi vill Déiere falsch ugeschoss gi sinn? Falls jo, kann d'Ministesch mir d'Zuele vun de vergaangenen 3 Joer virleeën?
– Falls nee, wéi wëll d'Ministesch dofir suergen, fir dass manner Déiere falsch ugeschoss ginn, wann een net bemoosse kann, wéi vill der falsch ugeschoss ginn?

3. Firwat mengt d'Ministesch, dass d'Notze vun Nuetssiichtgeräter fir eng Verbesserung wäert suergen?

4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass méi Klappjuegten a Beweegungsjuegte mussen ofgehale ginn, fir d'Wëllschwäipopulatiounen ze reduzéieren?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Zielung vu Wëlldéieren ass zum engen oft net machbar, zum anere géifen d'Resultater an dësem Fall wéineg aussoen. D'Wëllschwäin hale sech net permanent op enger Plaz op, mee wandere vill, sou dass och d'Kenntnis iwwert déi genee Unzuel vu Wëllschwäin op enger bestëmmter Plaz zu enger bestëmmter Zäit am Beräich vum Management vun dëser Aart net vu Virdeel wier.

– Ze vill Wëllschwäi sinn op enger Plaz an deem Moment, wou hiren Impakt negativ ass, spréch wou si Schied u Buedem a Planzen, u landwirtschaftlechen a forstwirtschaftleche Kulturen oder souguer a Privatgäert maachen. Eng kleng Populatioun op enger sensibeler Plaz ka ganz vill Schued uriichten, eng gréisser Populatioun op enger anerer Plaz manner, an de Schued hänkt och vill dovunner of, wéi laang e Familljeverband (Rott) sech op enger Plaz ophält.

– Aus den uewe genannte Grënn ass et net sënnvoll, dëst ze maachen. Vu dass awer gewosst ass, dass d'Populatioun vun de Wëllschwäi kontinuéierlech wiisst (cf. Bulletin technique de l'Administration de la nature et des forêts en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse) an d'Problematik, déi domat hiergeet, sech verschäerft, sollt een ustriewen, d'Populatioun landeswäit ze reduzéieren.

ad 2. Et leie keng Zuelen iwwert d'Unzuel vun ugeschossenen Déiere vir, also vun Déieren, déi duerch ee Schoss just blesséiert gi sinn.

– All Déier, wat muss leiden, well et net direkt déidlech getraff gouf, ass eent ze vill. All Jeeër ass bestrieft, dass et guer net zu esou Fäll kënnt. Eng nach besser Aus- a Fortbildung, d'Erlabe vun der noutwenneger Technik an eng verstäerkte Sensibilisatioun sollen hëllefen, d'Unzuel vun esou Situatiounen nach weider ze verréngeren.

ad 3. Zum engen ass et duerch den Asaz vun Nuechtziltechnik méiglech, ee bessere Schoss an der Dämmerung ofzeginn, am Sënn vun der Präzisioun. Dëst kann zu manner blesséierten Déiere féieren, wat jo am Sënn vum Déiereschutz ass.

Zum aneren ass et méiglech, dass de Jeeër iwwerhaapt bei manner gudde Liichtverhältnisser op d'Juegd ka goen, a sou den Ofschossplang besser kann erfëllen.

ad 4. Den aktuelle Wëssensstand ass deen, dass zu Lëtzebuerg d'Beweegungsjuegd dat effektiivste Mëttel ass, fir Wëllschwäin ze bejoen.

Aktuell gëtt am Kader vun engem Aarbechtsgrupp ee Gestiounsplang fir d'Wëllschwäin ausgeschafft, dee verschidde Méiglechkeeten ënnert d'Lupp hëlt.

**Impact de la hausse des taux d'intérêt sur les actes notariés** | Question **7432** (02/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Aktuell gesäit et duerno aus, als géif de Lëtzebuerger Wunnmarché an eng nei Logementskris stierzen. Déi kumulativ an explosiv Präishaussen um Wunnmarché aus deene leschte Joren zesumme mat der restriktiver monetärer Politick vun der Europäescher Zentralbank hunn dofir suergt, dass manner Suen an de Wunnmarché fléissen an dowéinst gëtt elo manner kaf a gebaut. Bei den Zuele vum Statec gesäit een zum Beispill ee Réckgang bei de Baugeneemegunge vu ronn 30 %.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Justiz, Wirtschaft a Finanzen dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ventë vu Wunngebaier an Terraine sinn d'leschtJoer bei den Notairen enregistréiert ginn, opgelëscht pro Mount?
Wéi hunn déi Zuelen sech am Verglach zu de Méint vum Virjoer entwéckelt?

2. Wéi vill Immobiliekreditter goufen d'leschtJoer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zu de Virjoren entwéckelt?

3. Wat ass d'Duerchschnëttsdauer vun den Immobiliekreditter, déi d'leschtJoer opgeholl goufen?
Wéi huet sech dës Zuel par rapport zu de Virjoren entwéckelt?

4. Wéi vill Immobiliekreditter mat fixem Zënssaz iwwert déi gesamt Dauer vum Kreditt goufen d'leschtJoer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

5. Wéi vill Immobiliekreditter mat variabelem Zënssaz goufen d'leschtJoer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

6. Wéi vill Immobiliekreditter mat fixem Zënssaz, mee op eng limitéiert Zäit (Taux fixe révisable) goufen d'leschtJoer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

**Réponse** (07/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | **Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

ad 1. Et gëtt keng Statistiken iwwer d'Ventë vu Wunngebaier an Terrainen, déi bei den Notairen enregistréiert gi sinn.

ad 2. bis 6. D'Zuele vum Enregistrement, deen ënnert der Tutelle vun der Finanzministesch steet, weisen, dass 2022 27,77 % manner Akte vu Verkeef vun Terrainen enregistréiert gi sinn ewéi 2021. Dat selwecht ass wouer fir d'Verkeef vu Wunngebaier, wou 2022 d'Zuel vun den Akten, déi enregistréiert gi sinn, ëm 14 % erofgaangen ass.

Hei sinn déi detailléiert Statistiken:

*(tableaux et graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

D'Statistiken zu den Immobiliekreditter an den Zënssätz sinn op dem Site vun der Zentralbank ze fannen. Esou fënnt een am Tableau 11.09 Crédits immobiliers consentis par les établissements de crédit pour des immeubles situés au Luxembourg (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/11_etablissements_credit/11_09_Tableau.xls) d'Zuel vun den Immobiliekreditter, déi vun de Banke pro Trimester vergi goufen. Fir 2015 waren et insgesamt 21.160, 2016 21.947, 2017 20.637, 2018 24.668, 2019 26.359, 2020 25.598, 2021 insgesamt 22.259, a fir déi dräi éischt Trimester vun 2022 13.584 Prêten.

Wat d'Duerchschnëttsdauer ugeet, fënnt een am Tableau 11.07 Crédits octroyés par les établissements de crédit aux ménages et ISBLM de la zone euro – par types et durées initiales (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/11_etablissements_credit/11_07_Tableau.xlsx) d'Gesamtvolumme vun Immobiliekreditter a Millioune Euro pro Dauer, déi bis Enn Dezember 2022 aktiv waren:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

D'Zentralbank, déi hir Daten no de Virgabe vun der Europäescher Zentralbank erhieft, féiert keng Statistiken zu den Immobiliekreditter opgeschlësselt no fixem oder variabelem Zënssaz. Am Tableau 03.01 Taux d'intérêt appliqués par les banques luxembourgeoises aux dépôts et crédits en euros des résidents de la zone euro (https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/03_marche_capitaux_interets/03_01_Tableau.xlsx) fënnt een awer den Duerchschnëttstaux, deen sech op d'Immobiliekreditter an hir Dauer applizéiert.

**Ouettes d'Égypte** | Question **7436** (03/01/2023) de **M. Fred Keup** (ADR)

An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro huet d'Madamm Ëmweltminister rezent matgedeelt, datt d'Nilgänsen als net heemesch an invasiv Déierenaart effektiv substanzielle Schued uriichten. D'Dynamik vun där invasiver Vullenaart wier ganz grouss, esou d'Madamm Ëmweltminister. Trotzdeem ginn d'Bauere bis dato nach net entschiedegt, wa Schied optrieden an obwuel d'Nilgänse kee Schutzstatut duerch d'Naturschutzgesetz genéissen, däerfen si awer net gejot ginn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister:

1. Firwat bleift d'Regierung bei hirer Positioun, de Bauere keng Entschiedegungen auszebezuele bei Schied, déi d'Nilgänsen uriichten, obwuel si jo selwer ze verstoe gëtt, datt dës Vullenaart invasiv ass an och substanzielle Schued uriicht?

2. Firwat ass d'Juegd op Nilgänse verbueden, obwuel dës als net eenheemesch Déierenaart kee Schutzstatut duerch d'Naturschutzgesetz genéissen? Gedenkt d'Regierung déi gesetzlech Dispositiounen esou ëmzeänneren, datt d'Juegd op Nilgänsen an Zukunft zoulässeg ass?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 7216 erkläert gouf, gëtt et keng legal Basis fir Entschiedegunge fir Schued, deen duerch d'Nilgäns entsteet, auszebezuelen.

ad 2. Déi regulär Juegd op d'Nilgänsen ass verbueden, well d'Nilgäns net als bejobar Aart an der Annex vun dem Juegdgesetz vum 25. Mee 2011 figuréiert.

Et ass virgesinn, eng Analys vun den aktuelle Mesuren aus dem Gestiounsplang vun der Nilgäns ze maachen. Wann d'Conclusioun ass, dass den Aktiounsplang revidéiert soll ginn, da ginn nei Mesurë proposéiert. Déi Mesurë ginn dann an eng Consultation publique, wou all Bierger an all Biergerin konkreet Propositioune kann eraginn. Duerno gëtt den Aktiounsplang dann eventuell ugepasst an et ginn (falls ubruecht) legislativ Upassunge gemaach.

**Évaluation des centres de compétences** | Question **7437** (03/01/2023) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Mëtt September 2022 war opsäite vum Ministère gesot ginn, d'Evaluatioun vun de Kompetenzzentre wier „en cours de finalisation".

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

– Ass d'Evaluatioun vun de Kompetenzzentren an der Tëschenzäit ofgeschloss?
Wa jo:
• Wien huet déi Evaluatioun duerchgefouert an op Basis vu wéi enge Krittären?
• Wat genau ass evaluéiert ginn?
• Wéi eng Conclusioune gi gezunn?
• Wéini a wiem ginn déi Conclusioune presentéiert?
Wann net:
• Firwat ass déi Evaluatioun nach net ofgeschloss?
• Wéini ass mam Ofschloss dovun ze rechnen?

**Réponse** (07/02/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Evaluatioun vum Dispositif de la prise en charge des élèves à besoins spécifiques ass an der Tëschenzäit ofgeschloss. D'Evaluatioun besteet insgesamt aus dräi verschiddene Voleten.

De Volet vun der Evaluatioun vun de Kompetenzzentre gouf vun Exigo SA, enger Société de conseil, déi eng zolidd Expertis an der Realisatioun vu Projeten an diverse Secteuren zu Lëtzebuerg huet, duerchgefouert.

Exigo hat dobäi den Optrag, all Kompetenzzenter souwéi d'Agence pour la transition vers une vie autonome op déi follgend Critèren hin ze analyséieren:

– Implementatioun vun de Kompetenzzentren
– Prozesser a Fonctionnement

– Finanzen (Planification budgétaire)
– Gestioun vun de Ressourcen
– Intern an extern Kommunikatioun

Déi aner zwee Voleten, notamment d'Evaluatioun vum Dispositif an senger Gesamtheet a méi spezifesch d'Evaluatioun vun der Commission nationale d'inclusion (CNI), goufe vum Service de la scolarisation des élèves à besoins spécifiques realiséiert.

D'CNI ass dobäi no follgende Critèren analyséiert ginn:

– Implementatioun nom Gesetz vun 2018 (Loi du 20 juillet 2018 portant création de centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire)
– Collaboratioun
– Kommunikatioun
– Intern Prozesser an Delaien

D'Evaluatioun vum Dispositif an senger Gesamtheet huet déi follgend Critèren an de Bléck geholl:

– Collaboratioun tëschent de verschiddene Komponente vum Dispositif
– Kommunikatioun a Comprehensioun vum Fonctionnement vum neien Dispositif

D'Conclusioune goufen de Membere vun der zouständeger Chamberskommissioun den 23. Januar 2023, an den 2. Februar 2023 och enger interesséierter Ëffentlechkeet, presentéiert.

De Rapport „Le dispositif de prise en charge des élèves à besoins spécifiques au Grand-Duché de Luxembourg – Rapport d'évaluation 2022" mat Detailer zur Methodik wéi och de Conclusioune vun der Evaluatioun ass jidderengem zougänglech a kann ënnert follgendem Link erofgeluede ginn: https://men.public.lu/fr/publications/eleves-besoins-specifiques/informations-generales/rapp-eval-2022.html.

**Formation des forces de sécurité intérieure** | Question **7439** (04/01/2023) de **Mme Martine Hansen** | **M. Léon Gloden** (CSV)

Am Saarland soll eng nei Formatiounsoffer duerch d'Schafe vun enger sougenannter „Fachoberschule" jonk Leit motivéieren, eng Ausbildung bei der Police ze maachen.

De Personalmanktem ass och bei der Lëtzebuerger Police e Problem. Och hei am Land musse méi jonk Leit fir d'Police-Beruffer ausgebilt ginn. An deem Kontext sief drun erënnert, dass d'CSV schonn e puermol d'Aféierung vun engem entspriechenden Optiounsfach am Enseignement secondaire proposéiert huet, fir d'Schüler iwwer dee Wee fir d'Sécherheetsberuffer ze sensibiliséieren.

Virun dësem Hannergrond wéilte mir follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet riichten:

– Ass der Regierung dat beschriwwent Konzept aus Däitschland bekannt?
• Wa jo, ënner wéi enger Form kéint esou e Konzept zu Lëtzebuerg implementéiert ginn?

– Féiert d'Regierung aktuell Iwwerleeungen, fir jonk Leit fréizäiteg a Richtung Police-Ausbildung ze guidéieren?
• Wa jo, a wéi eng Richtung ginn dës Iwwerleeunge konkreet?
• Wann net, firwat net?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

De Sujet, dee vun den Auteure vun der parlamentarescher Fro opgeworf gëtt, ass effektiv net nei. Den 19. Mee 2020, am Kontext vum Débat de consultation iwwert d'Reform vun der Police grand-ducale, huet den honorabelen Deputéierte Léon Gloden eng Motion deposéiert, déi d'Regierung invitéiert „à étudier la possibilité d'introduire une section respectivement division ‚sécuritaire' dans l'offre scolaire de l'enseignement secondaire".

Doropshin ass en Aarbechtsgrupp zesummegesat ginn aus Vertrieder vum Ministère de la Sécurité intérieure, der Police grand-ducale, dem Ministère de l'Intérieur, dem CGDIS, dem Ministère des Affaires étrangères, der Lëtzebuerger Arméi, dem Ministère de la Justice, der Administration pénitentiaire an dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

An dräi Aarbechtssëtzungen (30. Mäerz, 3. Juni a 17. September 2021) hunn déi uewe genannten Acteuren hir jeeweileg Besoinen duergestallt an déi verschidde Carrièren an hir Zougangscritèrë matenee verglach. Dobäi hunn si festgestallt, datt d'Aféierung vun enger schoulescher Offer, déi op d'Carrièren am Beräich vun der Securitéit géif virbereeden, net opportun wier, dëst an der Haaptsaach, well déi spezifesch Kompetenze fir déi verschidde Carrièren ze vill ënnerschiddlech sinn.

Dëst gëllt och, wann een sech op d'Carrièrë vun der Police beschränkt, déi den honorabelen Deputéierten als „Police-Beruffer" bezeechent: Kompetenzen, déi fir all Carrière nëtzlech sinn, sief et am Beräich vun de Sproochen, der Mathematik oder der Éducation civique, ginn an der Schoul souwisou vermëttelt.

Et ass zeréckbehale ginn, datt déi gefroten Ziler duerch d'Offer vun der Formation continue, der Upassung vun de Rekrutementsprozeduren an duerch speziell intern Formatioune respektiv Stagë kéinten erreecht ginn. De Rapport vun dësem Aarbechtsgrupp gouf der Chamber presentéiert.

D'Regierung féiert deemno keng Iwwerleeungen, fir eng Ausbildung am Beräich vun de „Police-Beruffer" anzeféieren. Dëst heescht awer net, datt déi jonk Leit net géife fir dës Beruffer sensibiliséiert ginn: Et sief an dësem Kontext op d'Orientatioun opmierksam gemaach, déi deene Jonken ëmmer erëm am Verlaf vun hirer schoulescher Ausbildung offréiert gëtt. Police an Arméi mat hire verschiddene Carrièrë spillen hei eng wichteg Roll a sinn och bei enger ganzer Rei vu Manifestatioune selwer present.

Wat d'Sécherheetsberuffer betrëfft, sou gëtt am Beräich vun der Formation professionnelle aktuell en „DAP-Gardiennage" ausgeschafft. Eng Équipe curriculaire ass mat de konkreeten Aarbechten dofir befaasst.

**Inclusion des engrais dans le mécanisme d'ajustement carbone aux frontières de l'Union européenne** | Question **7441** (04/01/2023) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Et ass gewosst, datt d'Präisser fir Düngemëttel den Ament historesch héich sinn. Elo plangt d'EU-Kommissioun nach zousätzlech, datt d'Düngemëttel an dee geplangten $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus mat abezu solle ginn. Bei de Bauereverbänn COPA an de ländleche Genossenschaften (Cogeca) – zu deem och déi Lëtzebuerger Centrale paysanne gehéiert – ass dëst Virgoen op haart Kritick gestouss.

Deemno géif d'Abezéie vun den Düngemëttel an den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus dozou féieren, datt d'Präisser fir Düngemëttel nach zousätzlech an d'Luucht ginn. Dëst géif och d'Käschte vun der landwirtschaftlecher Produktioun an Europa weider an d'Luucht dreiwen a gläichzäiteg géif d'Gefor bestoen, datt d'Notze vun importéierte Liewensmëttel méi attraktiv a méi wettbewerbsfäeg kéint ginn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi stellt sech d'Lëtzebuerger Regierung zu dem Virschlag, d'Düngemëttel an den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus mat anzebezéien?

2. Fäert d'Regierung deen Abléck net och, datt et zu deenen uewe genannte Konsequenzen och fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft komme kéint?

**Réponse** (07/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

ad 1. Den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus huet als Zil, den $CO_2$-Präis vun importéierte Wueren un de Präis vun den $CO_2$-Zertifikater unzegläichen. Et geet drëm, géint onfair Konkurrenz virzegoen tëscht engersäits Wueren, déi an der EU produzéiert ginn a fir déi $CO_2$-Zertifikater musse virgeluecht ginn, anerersäits Wueren, déi an Drëttlänner produzéiert ginn ouni equivalent Reegelen, wat de Klimaschutz ubelaangt. Genee wéi bei anere Secteuren, déi schonn zënter Laangem vum europäeschen Emissiounshandelssystem couvréiert sinn, an déi enger weltwäiter Konkurrenz ausgesat sinn, ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt d'Abezéie vun den Düngemëttel an den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus berechtegt ass: Bei der Hierstellung vun Düngemëttel entsti grouss Quantitéiten un Emissiounen duerch cheemesch Prozesser an et gëtt vill Energie gebraucht. Dowéinst erlaabt dëse System et och, eng Transitioun Richtung erneierbar Energien an Drëttlänner unzestoussen.

ad 2. Den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus suergt un éischter Stell, um europäesche Marché, fir e faire Wettbewerb tëscht europäeschen a net europäeschen Düngemëttelhiersteller. Wann den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus a Kraaft trëtt, wäerten déi éischt Jore keng Taxen erhuewe ginn, an duerno ginn Taxen och nëmme graduell agefouert. À court terme, huet den $CO_2$-Grenzausgläichsmechanismus also keng Auswierkungen op de Präis vun den Importer vun Düngemëttel.

**Campagne d'information et de sensibilisation au sujet du sexisme** | Question **7442** (05/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

Den 23. November huet d'Madamm Gläichstellungsminister eng Campagne géint Sexismus gestart („Sexismus: Erkenn et. Schwätz et un. Stopp et!"), déi dräi Méint lafe soll, woubäi am Ganze siwe Spotten an de Medie gewise ginn. Doriwwer eraus si Broschüren an de Lycéeën a Gemengen ausgedeelt ginn. Dobäi fält engem neutrale Beobachter séier op, datt dës Campagne sech relativ eesäiteg op Sexismus géint Frae fokusséiert. Datt et och Sexismus géint Männer gëtt, ass mëttlerweil kee Geheimnis méi, obschonns, wéi et schonns 2013 an engem „Welt"-Artikel geheescht huet, kaum een driwwer schwätzt.

Den däitsche Werberat beurteelt Sexismus an Diskriminéierung a Bezuch op béid Geschlechter unhand vun deene selwechte Verhalensreegelen a Krittären a weist drop hin, datt et an der Publicitéit nieft

Sexismus géint Fraen och vill Motiver gëtt, déi ganz kloer d'Männer erofmaachen (https://www.werberat.de/mannerdiskriminierung).

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Madamm Gläichstellungsminister:

1. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill vun deene siwe Spotten, déi am Kader vun der Sexismuscampagne gewise ginn, bzw. wéi vill vun den ausgedeelte Broschüren och Sexismus géint Männer thematiséieren?

2. Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt Sexismus géint Männer e Randphenomeen an eiser Gesellschaft ass? Wa jo, mat wéi engen Argumenter ënnermauert d'Madamm Minister dës Behaaptung?

**Réponse** (18/01/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes

D'Froe vun den honorabelen Deputéierte Jeff Engelen a Fernand Kartheiser betreffen déi rezent Campagne vum Gläichstellungsministère zum Theema Sexismus an eiser Gesellschaft. Fir d'éischt ass ze bemierken, datt d'Campagne sech aus 3 Deeler zesummesetzt, nämlech

– siwen audiovisuell Clippen, déi souwuel op der Tëlee, am Kino an op soziale Medie gewise ginn,
– eng Broschür mat Basisinformatiounen zum Theema Sexismus, déi hirersäits de Renvoi mécht op d'Kärstéck vun der Campagne, nämlech
– den Internetsite mat kloren Definitiounen zum Theema Sexismus an Informatiounen zu deene Liewensberäicher, wou Sexismus virkënnt, souwéi eng Oplëschtung vun Hëllefsservicer, wou ee sech ka riichten, wann ee vu Sexismus betraff ass.

Sexismus betrëfft majoritär Fraen a Meedercher, awer och Jongen a Männer kënne betraff sinn. Den Internetsite mécht direkt op der éischter Säit dozou eng kloer Ausso: « Qui est concerné ? Le sexisme affecte principalement les femmes. Cela peut également affecter les hommes et les garçons quand ils ne se conforment pas à des rôles de genre stéréotypés. L'impact négatif du sexisme peut être plus grave pour certaines femmes et certains hommes en raison de leur origine ethnique, âge, handicap, origine sociale, religion, identité de genre, orientation sexuelle ou d'autres facteurs. »

Ee vun de Clippen iwwert d'Privatsphär geet ganz kloer op Sexismus bei Männer an, andeems besonnesch drop higewise gëtt, datt Männer an der Kannererzéiung am Stot sexistesche Bemierkungen ausgesat kënne sinn.

Et ass wichteg ervirzehiewen, datt déi Facettë vum Alldagssexismus, déi sech géint Jongen a Männer riichten, aktiv ze bekämpfe sinn.

D'Aussoen um Internetsite an de Clip iwwert de Sexismus an der Privatsphär setzen do e kloren Akzent, datt et och gëllt, de Sexismus bei de Jongen a Männer ze bekämpfen.

Ech wëll och drop hiweisen, dat d'Theema Sexismus bei Jongen a Männer schonn dacks an de Fokus vun der Aarbecht vum Gläichstellungsministère geréckelt ginn ass. Als ee vu ville Beispiller si besonnesch d'Clippen zum Theema „Men and Care" fir den Internationalen Dag vun de Männer den 19. November ervirzehiewen, déi ganz kloer géint de Sexismus bei Jongen a Männer an der Beruffswelt, der Kannererzéiung an der Famill oder och nach am Beräich vun der Stigmatisatioun vu Männer, déi u psychesche Krankheete leiden, sensibiliséieren. Aner Beispiller betreffen den Ausbildungsberäich wéi z. B. de Projet www.madak.lu, dee sech fir Destigmatisatioun vu Männer an de soziale Beruffer, an do besonnesch an der nonformaler Kannerbetreiung, asetzt.

**Mendicité organisée** | Question **7443** (05/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

De Code pénal a Gemengereglementer géinge Méiglechkeete bidden, fir géint déi organiséiert Heescherei zu Lëtzebuerg virzegoen. Dee Phenomeen gräift nees ëm sech, a scho laang sinn net nëmmen déi gréissten Uertschafte betraff. An och d'Methode gi méi rabiat, huet nach viru Kuerzem d'Madamm Buergermeeschter vun der Haaptstad festgehalen. Et bleift net méi beim Hand-ophalen, d'Leit ginn ugeschwat, an, wann dat näischt déngt a si schwaach genuch sinn, verbal aggresséiert.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt déi organiséiert Heescherei zu Lëtzebuerg zouhëlt a méi aggressiv gëtt?

2. Weess d'Regierung, wéi eng Uertschafte betraff sinn a wéi eng am meeschten?

3. Sinn d'Police oder de Parquet mat Plaintë vu Leit befaasst ginn, déi sech vun Heescherte belästegt oder bedreet gefillt hu respektiv och vläicht kierperlech belästegt goufen?

4. Ass eng Verschäerfung a Reformuléierung vun de Gesetzer geplangt, fir besonnesch déi organiséiert Heescherei an de Grëff ze kréien?

5. Huet d'Regierung zënter den éischten Unzeechen, datt reegelrecht Banden organiséiert optrieden, fir hei ze heeschen, wéi och d'Madamm Buergermeeschter vu Lëtzebuerg confirméiert, eppes ënnerholl, fir déi gesetzlech Dispositiounen unzepassen an der Police méi Mëttelen ze ginn, fir dogéint virzegoen?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. De follgenden Tableau enthält fir d'Joren 2019–2022 d'Unzuel vu Faite vun Heescherei, wou d'Police Protokoll erstallt huet, woubäi muss präziséiert ginn, dass d'Statistike fir d'Joer 2022 nach net komplett ofgeschloss sinn.

Et sief bemierkt, dass déi Protokollen sech op d'Artikelen 382-1 an 342 vum Code pénal baséieren, déi verschidde Forme vu Heescherei ënner Strof stellen, awer net méi d'„mendicité simple".

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 2. Bedéngt duerch déi kleng Unzuel vu Faiten, woubäi an de Joren 2020 an 2021 de Maximum vu Faiten, déi an där selwechter Uertschaft festgestallt goufen, just bei 5 läit, ass et statistesch-relevant net erauszezéien, wat fir Uertschafte besonnesch vum Phenomeen vun der Heescherei betraff wieren.

ad 3. D'Datebanke vun der Police an de Justizautoritéiten erlaben et net, automatiséiert erauszefannen, ob am Kader vun der Heescherei och eng Plainte wéinst Belästegung, Bedroung oder kierperlecher Gewalt virläit respektiv ëmgedréint.

ad 4. a 5. Tëscht der organiséierter Heescherei an dem Mënschenhandel existéiert en enke Lien, dofir ass säit 2014 d'Heescherei ënner verschiddene Konditiounen als eng Form vu Mënschenhandel am Code pénal unerkannt.

Säit 2020 leeft de Plan de recutement extraordinaire, dee virgesäit, op 3 Joer 600 Polizisten an 240 Zivilisten ze rekrutéieren, esou datt d'Personal vun der Police a kierzester Zäit ëm bal 30 % klëmmt an eng méi grouss Visibilitéit a méi staark Präsens vun der Police um Terrain op laang Siicht erméiglecht ginn.

Et sief awer betount, dass all d'Beräicher vun der Police gestäerkt ginn an dëse massive Rekrutement net als Äntwert op eng spezifesch Problematik ze gesinn ass.

**Conditions de dépôt des listes de candidats pour les élections de la Chambre des Députés du 8 octobre 2023** | Question urgente **8120** (03/07/2023) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Dans l'édition du samedi/dimanche de plusieurs journaux nationaux, j'ai constaté une divergence entre les conditions de dépôt des listes de candidats de la circonscription électorale du Sud et de celle du Nord pour les élections de la Chambre des Députés du 8 octobre 2023. En effet, l'annonce de la circonscription électorale du Nord comprend des conditions non comprises au sein de celle du Sud. Entre autres, qu'il faut que les noms et prénoms des candidats correspondent à ceux figurant au nom entier du Registre national des personnes physiques (RNPP).

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre d'État :

– Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur la raison derrière les divergences de conditions de dépôt constatées ?

– Supposons que ces divergences n'aient pas été voulues, quelles sont les conditions qui doivent être remplies afin de déposer une liste pour les élections législatives dans une circonscription électorale ?

– Après les annonces concernant le dépôt des listes de candidats de la circonscription électorale du Nord et du Sud du pays, quand est-ce que celles relatives au centre et à l'est vont paraître dans les journaux ?

– Est-ce que la parution des annonces est le produit d'une approche nationale coordonnée de publication ou non ?

**Réponse** (04/07/2023) de **M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État

Les questions soulevées par l'honorable Député touchent aux conditions relatives au dépôt des listes de candidats dans les quatre circonscriptions électorales en vue des élections législatives du 8 octobre 2023 et plus particulièrement aux exigences légales en matière de noms et prénoms des candidats sur les listes.

La loi électorale confie aux partis politiques ou aux groupements de candidats la mission de déposer les listes de leurs candidats respectifs dans chacune des quatre circonscriptions. L'article 135 de la loi électorale se réfère aux seuls noms et prénoms des candidats sans contenir une quelconque référence à la concordance de ces noms et prénoms avec les inscriptions figurant au Registre national des personnes physiques (RNPP). L'absence de tout lien avec le RNPP est voulue par le législateur puisqu'en matière électorale il est fortement ancré dans la tradition démocratique que les personnes qui se portent candidats pour une élection utilisent leurs noms et prénoms d'usage par lesquels ils sont connus par et du grand public et grâce auxquels les électeurs peuvent faire le lien avec leur personne au moment des élections. Les photos des visages de tous les candidats qui figurent ensemble avec ces mêmes noms et prénoms sur les affiches électorales apposées dans chaque commune sont une illustration supplémentaire de cette tradition et assurent qu'il n'y ait aucun doute sur la personne du candidat à l'élection.

Afin d'avertir les partis politiques ou les groupements de candidats suffisamment en avance sur les délais pour le dépôt des candidatures, l'article 136, alinéa 2 de

**PRIORITAIRE**
**BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256

No stamp required
Ne pas affranchir

RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
ENVOI-RÉPONSE 1001256
L - 3208 BETTEMBOURG

la loi électorale prévoit que les présidents du bureau principal de la circonscription électorale publient un avis y relatif dans les journaux au plus moins soixante-cinq jours (date qui correspond ainsi au 4 août 2023) avant la date des élections. Ce faisant, la loi électorale octroie aux présidents une certaine marge de manœuvre là où une telle marge est défendable par rapport à la date exacte de la publication des avis respectifs pour prendre dûment en compte les degrés de préparation variés du personnel affecté aux opérations électorales qui doit faire face à l'accomplissement des nombreuses formalités. Cette autonomie explique qu'en dehors de la communication du calendrier électoral aucune démarche de coordination n'ait eu lieu sur ces aspects au niveau national.

Nonobstant le fait que législateur n'ait pas doté le Ministre d'État d'un rôle particulier en matière de conditions de dépôt des listes électorales, le Ministère d'État suggérera aux quatre présidents du bureau principal des circonscriptions électorales de se concerter ensemble à ce sujet afin de veiller à une application uniforme des règles au niveau de chaque circonscription.

**Composition des commissions consultatives communales** | Question urgente **8138** (11/07/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Den Artikel 15 vum Gemengegesetz hält betreffend d'consultativ Kommissioune Follgendes fest:

« Le conseil communal peut constituer des commissions consultatives dont la composition, le fonctionnement et les attributions sont fixés par règlement d'ordre intérieur. Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil. »

Et ass mir aus enger Gemeng hei am Land zougedroe ginn, dass verschidde Parteien a Gruppementer net an alle consultative Kommissioune kënne vertruede sinn. An dëser Gemeng sinn d'Vertrieder aus den Oppositiounsparteie gezwongen, fir sech d'Sëtz ënnerteen opzedeelen. Deemno ass net all Grupp an de Kommissioune representéiert.

Déi besote Gemeng interpretéiert d'Gemengegesetz esou, dass d'Sëtz an de Kommissioune proportional zu de Sëtz am Gemengerot definéiert ginn an deemno net all Partei oder Gruppement an all Kommissioun misst vertruede sinn.

An den nächste Woche gi vill Gemengeréit vereedegt an d'consultativ Kommissiounen zesummegestallt. Et wier dofir wichteg, dass hei an alle Gemengen déi selwecht Reegelen ugewannt ginn an Onkloerheeten aus dem Wee geraumt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi interpretéiert d'Inneministesch de Wuertlaut vum Artikel 15 vum Gemengegesetz? Muss all Partei oder Grupp, déi am Gemengerot vertruede sinn, an alle consultative Kommissioune vertruede sinn oder net?

2. Wäert d'Inneministesch zu dëser Thematik eng Circulaire un d'Gemengen erausschécken?

**Réponse** (11/07/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

Den honorabelen Deputéierten informéiert sech iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 15 vum modifizéierte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 iwwert d'Zesummesetzung vun de konsultative Kommissioune vum Gemengerot an de Gemengen, déi nom Proporzsystem wielen. Mir war bis haut net bekannt, dass et Interpretatiounsschwieregkeete bei deem Artikel soll ginn. Et gi scho laang zwee Systemer applizéiert, déi alle béid konform zum Gesetz sinn. Ech zitéieren dofir en Extrait aus dem Cours „Loi communale" vum Inneministère zu deem Theema:

« L'organisation, le fonctionnement et les attributions des commissions consultatives sont fixés par règlement d'ordre intérieur. Celui-ci ne peut toutefois déroger au principe qui veut que dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats soit représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil :

– L'application pure et simple à chaque commission de la règle de trois avec attribution d'un membre au moins à chaque groupement paraît être la méthode la plus démocratique, parce qu'elle garantit la présence de chaque groupement dans chacune des commissions constituées. Cette méthode est aussi la plus conforme aux intérêts communaux, parce qu'elle permet à la majorité et à l'opposition de collaborer au sein des commissions consultatives pour le bien des communes. Cette collaboration ne porte en rien atteinte au droit de la majorité des élus de prendre au conseil communal les décisions qu'elle juge opportunes et utiles.

– Il est également satisfait à la prescription légale dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle lorsque la représentation dans les commissions des différents groupements qui ont des élus au conseil communal se fait comme suit : Le nombre total des sièges dans toutes les commissions est additionné et une répartition globale proportionnelle au nombre des élus de chaque groupement est faite. Les membres des groupements auxquels il n'est pas attribué un siège dans chaque commission choisissent les commissions dont ils veulent faire partie en fonction de leurs options et priorités. »

Well et an de vergaangene Jore keng Schwieregkeete bei der Applikatioun vum Artikel 15 vum Gemengegesetz gi sinn, gesinn ech keng Noutwendegkeet, fir eng Circulaire zu deem Theema un d'Gemengen ze schécken.

# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

**Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis**

- per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt
- iwwert eisen Internetsite www.chd.lu
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

**Ech abonéiere mech:**

◯ fir déi gedréckte Versioun*   ◯ fir déi elektronesch Versioun op follgend E-Mails-Adress: ______

**Ech desabonéiere mech:**

◯ vun der gedréckter Versioun*   ◯ vun der elektronescher Versioun op follgend E-Mails-Adress: ______

*Déi follgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: ______ Virnumm: ______

Societéit/Administratioun: ______

Adress: ______ Boîte postale: ______

Code postal: ______ Uertschaft: ______ Land: ______

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donneeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.
Fir méi Informatioune kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu |

PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/799